CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen


| Actualité parlementaire | Nouvelles lois | Séances publiques n$^{os}$ 37 à 39 | Questions au Gouvernement |
|---|---|---|---|
| p. 03-04 | p. 05-07 | p. 07-81 | p. 82-99 |







## Sommaire

Actualité parlementaire .................. p. 03-04

Nouvelles lois ................................ p. 05-07

Séances ........................................ p. 07-81

37e séance du jeudi 9 mars 2023 p. 07-28

38e séance du jeudi 9 mars 2023 p. 28-61

39e séance du mardi 21 mars 2023 p. 61-81

Questions au Gouvernement ........... p. 82-99

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966-1

**Concept et layout :**
brain&more
agence en communication,
Luxembourg

**Impression :**
Imprimerie Heintz
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**
26/07/2023

PRINTED IN LUXEMBOURG

EU Ecolabel www.ecolabel.eu

FSC www.fsc.org

# Offizieller Besuch des deutschen Bundespräsidenten

Schreibt künstliche Intelligenz unsere nächste Verfassung? Mit welchen Herausforderungen und Gefahren muss sich unsere Gesellschaft befassen? Diese und andere Fragen zum Rechtsstaat haben 35 Vertreter von Luxemburger Jugendorganisationen am 10. Juli 2023 im Plenarsaal des Parlaments mit gleich zwei europäischen Staatschefs und dem Parlamentspräsidenten, Herrn Fernand Etgen, diskutiert.

## Jugendvertreter beim Austausch mit Bundespräsident Steinmeier und Großherzog Henri im Plenarsaal

Der offizielle Besuch des deutschen Bundespräsidenten, Herrn Frank-Walter Steinmeier, und seiner Ehegattin, Frau Elke Büdenbender, stand im Zeichen des Austauschs mit der Jugend. Dazu hatten sich im Plenarsaal der Abgeordnetenkammer neben Großherzog Henri und Großherzogin Maria Teresa auch in Deutschland bekannte Luxemburger eingefunden. So tauschten sie Schauspielerin Vicky Krieps, Schriftsteller Guy Helminger und Moderator und Wissenschaftsjournalist Ranga Yogeshwar mit den jungen Leuten aus Luxemburg über Fragen des Rechtsstaats und der Verfassung aus.

„Angenommen, die Verfassung ist so etwas wie das Betriebssystem eines Staates, welches Update braucht dieses dann?“, fragte Moderator Ranga Yogeshwar in den Plenarsaal der Abgeordnetenkammer. In diesem Zusammenhang wurde auch erörtert, wie eine aktive Beteiligung an diesem Update aussehen könnte.



*Wissenschaftsjournalist Ranga Yogeshwar moderierte den Austausch zwischen den Anwesenden im Plenarsaal.*

Demnach erkundigten sich die Vertreter der Jugendorganisationen beim deutschen Bundespräsidenten nach den Möglichkeiten eines Referendums für Verfassungsfragen in Deutschland. Sie interessierten sich ebenfalls für die Frage, ob sich in Deutschland nicht nach luxemburgischem Vorbild auch das Leitbild der europäischen Integration ins Grundgesetz schreiben ließe.

## Künstliche Intelligenz – Segen oder Fluch für die Demokratie?

Weitere zentrale Themen der Debatte waren der Einfluss sozialer Netzwerke auf die politische Debatte sowie der Umgang mit Fake News und der Gebrauch von Maschinen im öffentlichen Diskurs. Vor allem beschäftigte die Anwesenden aber, wie eine nächste Verfassungsreform aussehen könnte, wenn sie durch den Einsatz von künstlicher Intelligenz verfasst werden würde.

Der deutsche Bundespräsident unterstrich im Allgemeinen die Notwendigkeit einer breiten Debatte über Nutzen und Risiken von künstlicher Intelligenz und begrüßte, dass die schnellen Fortschritte von ChatGPT diese bereits ausgelöst hätten. „Wir können bei allem Potenzial nicht auf Regulierung verzichten“, betonte er und erklärte, dass die Politik der technologischen Entwicklung zwar hinterherhinke, diese aber schnellstmöglich Antworten geben müsse. Frau Elke Büdenbender, Richterin von Beruf, unterstrich, dass sie derzeit als Juristin keiner KI vertrauen würde, und veranschaulichte dies am Beispiel von Asylverfahren. „Der Mensch ist keine Maschine, er ist nicht perfekt. Aber in asylpolitischen Fragen geht es auch nicht um Perfektion, es geht um das Menschliche, um das persönliche Erleben des Einzelnen.“



*Mit dem Großherzog diskutierten die Vertreter der Jugendorganisationen über Generationengerechtigkeit und Klimawandel, mit der Großherzogin über die Integration von Menschen verschiedenster Herkunft in die Luxemburger Gesellschaft.*



*Im Rahmen des offiziellen Besuchs in Luxemburg tauschte sich der Bundespräsident auch inoffiziell mit den Mitgliedern des Chamberbureau aus.*



*Der Besuch des deutschen Bundespräsidenten stand im Zeichen der Feierlichkeiten zu 175 Jahren Luxemburger Verfassung und Abgeordnetenkammer. Parlamentspräsident Fernand Etgen überreichte diesem symbolisch eine Spezialmünze, welche die Luxemburgische Zentralbank in diesem Jahr anlässlich des 175. Geburtstags der Abgeordnetenkammer hat prägen lassen.*



*Herr Frank-Walter Steinmeier und Frau Elke Büdenbender besuchten ebenfalls die Ausstellung „1848 – Revolutioun zu Lëtzebuerg“, die das Parlament zusammen mit dem Nationalarchiv ausgearbeitet hat (Anm. d. Red.: Weitere Informationen zu der Ausstellung in der kommenden Ausgabe).*

Séance plénière du Conseil parlementaire interrégional

# La Grande Région se réunit à Mayence

Depuis le début de l'année, la Rhénanie-Palatinat assume la présidence du Conseil parlementaire interrégional (CPI) de la Grande Région. Celle-ci comprend la Rhénanie-Palatinat, la Sarre, la Lorraine dans la région française du Grand Est, le Luxembourg, la Fédération Wallonie-Bruxelles, la Wallonie et la Communauté germanophone de Belgique. Les représentants de ces régions se sont réunis le 30 juin 2023 pour la première fois sous présidence rhénane-palatine au Landtag de la Rhénanie-Palatinat.

Le Président du Landtag, M. Hendrik Hering, a accueilli les membres du CPI dans la salle plénière de l'historique « Deutschhaus », tout en mettant en évidence la mission importante qui incombe au CPI, à savoir de rendre la Grande Région plus attrayante pour les citoyens. Le Président a souligné que face à la situation de guerre persistante en Europe de l'Est, « il est particulièrement important de se serrer les coudes en tant qu'espace frontalier européen étroitement lié et de faire preuve d'une grande solidarité et d'un soutien persistant envers l'Ukraine. C'est ainsi seulement que la communauté de paix et de valeurs et la démocratie en Europe pourront être défendues ».

### Sensibilisation à l'antisémitisme

Dans le cadre de sa présidence de deux ans, le Landtag de Rhénanie-Palatinat s'est fixé comme objectif de renforcer la culture du souvenir et la commémoration commune d'événements historiques et politiques. « Se pencher sur le passé est la condition essentielle pour une démocratie qui fonctionne au présent, non seulement en tant que régime politique abstrait, mais aussi en tant que mode de vie moderne et quotidien », a souligné M. Hering. À l'occasion de la réunion à Mayence, le Professeur Awi Blumenfeld, Directeur de l'Institut de religion juive de la Haute école pédagogique de l'église de Vienne/Krems, s'est exprimé sur le thème « La sensibilisation à l'antisémitisme : Dialogue et connaissances. Prévention plutôt que lutte contre les dommages ».

### Adoption de deux recommandations

Lors de la séance plénière, les membres du CPI ont adopté une recommandation sur le thème « Perspectives pour une éducation commune à la démocratie dans la Grande Région », donc sur la culture de la mémoire transfrontalière. Le CPI recommande entre autres de développer le domaine de l'éducation politique pour les jeunes de la Grande Région. Pour ce faire, il convient selon lui d'accélérer les échanges transfrontaliers sur les nouvelles méthodes de travail de mémoire ainsi que la mise en réseau dans la Grande Région. En outre, le CPI recommande d'orienter de manière transfrontalière le champ de recherche sur l'histoire vécue en commun dans la Grande Région.

Une deuxième recommandation adoptée à Mayence porte sur la « décarbonisation des bâtiments d'habitation dans la Grande Région ». Il s'agit en l'occurrence du marché du logement transfrontalier dans la Grande Région, et notamment des questions relatives à l'efficacité énergétique des bâtiments.

Les deux recommandations seront transmises aux différents pouvoirs exécutifs de la Grande Région.


© Landtag RLP

*Les membres du CPI se sont réunis au « Deutschhaus », le Landtag de la Rhénanie-Palatinat. La Chambre des Députés était représentée par M. Charles Margue (3e rangée, 4e à gauche).*

# Les jeunes ont présenté leurs doléances aux députés



Les députés de plusieurs commissions parlementaires se sont penchés sur cinq résolutions qui leur ont été présentées par le Parlement des jeunes le 3 juillet 2023 à l'occasion d'un « Hearing » à la Chambre des Députés. Celles-ci ont trait à l'État de droit dans l'Union européenne, au développement de l'économie européenne, au « Recycling in Luxemburg », au « Schulcurriculum » et à l'inclusion des enfants à besoins spécifiques.

Les députés reçoivent le Parlement des jeunes tous les ans pour une audition en salle plénière. Il s'agit d'une plateforme où chaque jeune âgé entre 14 et 24 ans, domicilié au Luxembourg ou fréquentant un établissement scolaire luxembourgeois, a l'occasion de discuter et de débattre avec d'autres jeunes sur des sujets qui les intéressent et qui touchent à leur quotidien.

## Cadre légal pour l'aviation étatique

**7680 – Projet de loi portant modification de :**

**1° la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'aviation civile ;**

**2° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne**

Le projet de loi se compose de seulement deux articles et vise, d'une part, à instaurer la compétence de la DAC et à compléter ses missions en matière d'aviation étatique et, d'autre part, à préciser la loi de base de l'aviation afin de donner un fondement légal complet à l'aviation étatique au Luxembourg qui englobe notamment les activités aériennes de l'Armée luxembourgeoise et de la Police grand-ducale.

Plus particulièrement, un cadre légal est créé pour l'aviation étatique qui comprend les activités aériennes des aéronefs d'État, c'est-à-dire des aéronefs militaires et des autres aéronefs appartenant à l'État ou mis à sa disposition et affectés exclusivement à des missions d'intérêt public.

Pour l'instant, les dispositions spécifiques pour les aéronefs d'État, voire les aéronefs militaires, font défaut et ces appareils doivent se conformer au cadre réglementaire existant pour l'aviation civile. Ce cadre réglementaire est cependant trop restrictif et ne permet pas l'accomplissement de toutes les missions militaires prévues.

Suite à l'acquisition d'un avion de transport militaire A400M exploité au profit de l'Armée luxembourgeoise et de l'Armée belge, de la participation au programme MRTT « Multi Role Tanker Transport » ensemble avec 5 autres nations, d'hélicoptères de type Airbus H145M, ainsi que de drones militaires de différents types, il s'est avéré nécessaire de définir la compétence en matière de l'aviation étatique pour encadrer ces aéronefs d'État.

Avec l'entrée en vigueur du présent projet de loi, l'ensemble de la matière liée à l'aviation militaire se trouvera sous la compétence du ministre ayant les Transports aériens dans ses attributions, prenant avis auprès du ministre ayant la Défense dans ses attributions.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 15/10/2020

Rapportrice : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics (Présidente : Mme Chantal Gary) :

| | |
|---|---|
| 19/01/2023 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 26/01/2023 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| 23/02/2023 | Présentation et adoption d'un projet de rapport complémentaire |

Vote en séance publique : 09/03/2023

Loi du 1er avril 2023

Mémorial A : 2023, n° 202, page 1

## Harcèlement moral au travail

**7864 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail**

Le présent projet de loi vise à mettre en place un dispositif légal spécifique sur le harcèlement moral en matière de droit du travail. Il existe un vide juridique au Luxembourg alors que bon nombre d'États membres de l'Union européenne, dont notamment les trois pays voisins du Grand-Duché, ont mis en place un dispositif légal spécifique sur le harcèlement moral en matière de droit du travail. Le seul dispositif couvrant actuellement le harcèlement moral est la convention du 25 juin 2009 relative au harcèlement et à la violence au travail signée entre les syndicats OGB-L et LCGB, d'une part, et l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL), d'autre part.

Le projet de loi oblige l'employeur et le salarié ainsi que tout client ou fournisseur de l'entreprise de s'abstenir de tout harcèlement moral.

Le dispositif que le projet de loi vise à introduire est calqué en grande partie sur celui existant en matière de harcèlement sexuel. Il est prévu d'introduire une procédure spéciale d'intervention de l'Inspection du travail et des mines (ITM) qui n'existe toutefois pas pour le harcèlement sexuel. Le rôle de l'ITM dans le contrôle de l'application effective des dispositions du projet de loi est clarifié. Par ailleurs, la délégation du personnel peut saisir l'ITM. Il lui revient également un rôle important dans la prévention et dans la lutte contre le harcèlement moral. Finalement, le projet de loi prévoit des sanctions aussi bien administratives que pénales.

Au cours des travaux parlementaires, la définition du harcèlement moral initialement proposée a été remplacée par celle en vigueur dans le secteur public, qui, par son caractère général, permet de prendre en compte les différentes formes que peut revêtir le harcèlement moral au travail.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 23/07/2021

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale (Président : M. Dan Kersch) :

| | |
|---|---|
| 30/09/2021 | Présentation du projet de loi |
| 10/10/2022 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen des avis du Conseil d'État et des chambres professionnelles |
| 08/12/2022 | Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 23/02/2023 | Examen des avis complémentaires du Conseil d'État et des chambres professionnelles |
| 02/03/2023 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique : 09/03/2023

Loi du 29 mars 2023

Mémorial A : 2023, n° 187, page 1

## Technologie des registres distribués

**8055 – Projet de loi portant :**

**1° modification de :**

**a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;**

**b) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;**

**c) la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers ;**

**2° mise en œuvre du règlement (UE) 2022/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2022 sur un régime pilote pour les infrastructures de marché reposant sur la technologie des registres distribués, et modifiant les règlements (UE) 600/2014 et (UE) 909/2014 et la directive 2014/65/UE**

La loi en projet sous rubrique a pour objet principal la mise en œuvre du règlement (UE) 2022/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2022 sur un régime pilote pour les infrastructures de marché reposant sur la technologie des registres distribués, et modifiant les règlements (UE) 600/2014 et (UE) 909/2014 et la directive 2014/65/UE (ci-après « règlement (UE) 2022/858 »). Par ailleurs, il apporte une clarification utile à la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière visant à reconnaître explicitement la possibilité de recourir à la technologie des registres distribués (DLT) en matière de garanties financières.

Le règlement (UE) 2022/858 introduit un régime pilote qui permet aux autorités compétentes nationales d'exempter temporairement les infrastructures de marché DLT de certaines exigences imposées par la législation existante aux infrastructures de marché traditionnelles. Le régime pilote est ainsi conçu pour éviter que ces exigences n'empêchent les exploitants de telles infrastructures de concevoir des solutions pour la négociation et le règlement des transactions sur des crypto-actifs assimilés à des instruments financiers, sans pour autant affaiblir les exigences et les garanties existantes qui s'appliquent aux infrastructures de marché traditionnelles. Dans ce contexte, le règlement (UE) 2022/858 modifie la définition d'instruments financiers figurant dans la directive 2014/65/UE[1] afin d'inclure les instruments financiers émis au moyen de la technologie des registres distribués. Cette modification implique l'adaptation par la loi en projet de la définition de la notion d'instruments financiers dans les deux lois qui ont contribué à la transposition de la directive précitée, à savoir les lois modifiées du 5 avril 1993 relative au secteur financier et du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers.

De surcroît, la loi en projet apporte une modification ciblée à la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière afin de reconnaître explicitement la possibilité de recourir à la technologie DLT en matière de garanties financières. La clarification opérée s'inscrit dès lors dans la continuité des lois du 1er mars 2019 et du 22 janvier 2021 relatives à la technologie blockchain (dites « lois Blockchain I et II ») et vise à permettre aux acteurs concernés de saisir, en toute sécurité juridique, les opportunités offertes par les technologies innovantes, telles que la technologie DLT.

[1] Directive 2014/65/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 concernant les marchés d'instruments financiers et modifiant la directive 2002/92/CE et la directive 2011/61/UE

Dépôt par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 27/07/2022
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget
(Président : M. André Bauler) :
19/09/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
20/02/2023 Examen de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/03/2023
Loi du 15 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 147, page 1

## Organisation militaire

**8057 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire**

Le projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire en supprimant notamment les dispositions déterminant l'effectif légal pour les différentes carrières du personnel de l'Armée luxembourgeoise, ceci pour éviter des adaptations futures des effectifs légaux dans la loi précitée du 23 juillet 1952 en cas d'évolution des besoins en personnel. L'effectif légal constitue un maximum qui ne peut pas être dépassé lors de la création de nouveaux postes.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 28/07/2022
Rapportrice : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense
(Présidente : Mme Stéphanie Empain) :
10/11/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
06/12/2022 Adoption de deux amendements parlementaires
23/02/2023 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile
(Président : M. Yves Cruchten) :
10/11/2022 Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

Vote en séance publique : 09/03/2023
Loi du 22 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 163, page 1

## Règles de concurrence

**8137 – Projet de loi portant modification de la loi du 30 novembre 2022 relative à la concurrence**

Le présent dispositif modifie la loi du 30 novembre 2022 relative à la concurrence qui a transposé en droit national la directive (UE) 2019/1 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 visant à doter les autorités de concurrence des États membres des moyens de mettre en œuvre plus efficacement les règles de concurrence et à garantir le bon fonctionnement du marché intérieur.

Lors de ladite transposition, les articles 15, paragraphe 2, et 31, paragraphe 3, ont été omis. Pour le Gouvernement, ces dispositions ne doivent pas nécessairement être transposées en droit national, étant donné qu'il s'agit ici d'obligations qui incombent à l'État membre et qui peuvent être interprétées comme ayant un effet direct.

Or, afin d'écarter toute marge d'interprétation et pour éviter une éventuelle saisine de la Cour de justice de l'Union européenne, il est proposé de compléter la loi précitée du 30 novembre 2022 par ces deux dispositions. La Commission européenne saura ainsi clôturer la procédure d'infraction en cours sans qu'elle n'ait à se prononcer par la voie officielle sur la nécessité ou non de transposer en droit national les paragraphes dont question.

Il est profité de ce projet de loi pour permettre à l'Autorité de concurrence de recourir également à la dénomination « Autorité de la concurrence du Grand-Duché de Luxembourg » et pour éliminer un doublon qui se trouve actuellement au niveau de l'article 69.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 25/01/2023
Rapportrice : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace
(Présidente : Mme Francine Closener) :
09/02/2023 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
02/03/2023 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/03/2023
Loi du 17 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 145, page 1

## Régime d'aides aux entreprises

**8145 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine**

Le présent projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine.

Plus précisément, le projet de loi prévoit principalement l'augmentation du plafond maximal de l'aide aux entreprises couvrant une partie des surcoûts du gaz naturel et de l'électricité de 500.000 à 2 millions d'euros afin de sauvegarder des conditions de concurrence équitable (« level playing field ») entre les entreprises luxembourgeoises et les entreprises concurrentes établies dans d'autres États membres de l'Union européenne. Il s'agit d'épuiser ainsi la marge consentie aux États membres dans la section 2.1 de l'encadrement temporaire de crise dans sa version actuellement en vigueur. Pour rappel, cette aide est accordée aux requérantes dont les achats de produits énergétiques et d'électricité atteignent au moins 2 pour cent de leur chiffre d'affaires ou de leur valeur de production pendant le mois considéré de la période éligible.

En outre, il est profité de ce projet de loi pour effectuer des modifications d'ordre technique.

Le projet prévoit une entrée en vigueur rétroactive au 1er janvier 2023.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 31/01/2023
Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »
(Président : M. Gilles Baum) :
03/03/2023 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
06/03/2023 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/03/2023
Loi du 17 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 146, page 1

## Loi électorale

**8146 – Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003**

Le projet de loi 8146 vise à modifier la loi électorale modifiée du 18 février 2003 en vue d'assurer que les ressortissants de pays tiers qui sont en possession d'une carte de légitimation puissent exercer leur droit de vote aux élections communales.

Avec l'entrée en vigueur de la loi du 22 juillet 2022 portant modification : 1° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ; 2° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les

médias électroniques, fut adoptée la suppression de la « condition de résidence de 5 ans ». Dans un souci de clarifier les conditions que les résidents non luxembourgeois devraient désormais remplir pour pouvoir voter, ou afin de se porter candidat au Luxembourg, il fut précisé dans le texte du projet de loi n °7877 que ces résidents devraient être en possession d'une carte ou d'un titre de séjour au Luxembourg.

Cependant, il a été relevé par la suite qu'il y a au Luxembourg des ressortissants de pays tiers qui ne disposent pas d'une carte ou d'un titre de séjour. Par conséquent, ils seraient privés de leur droit de vote actif et passif aux élections communales à cause des modifications apportées à la loi du 18 février 2003. À titre d'exemple, les fonctionnaires des institutions de l'Union européenne, ressortissants de pays tiers, ou différents agents des institutions européennes et des organisations internationales seraient notamment impactés, alors qu'ils disposent d'une carte de légitimation et se trouvent de manière tout à fait licite au Luxembourg.

Afin de remédier à cette exclusion non anticipée et non souhaitée par les auteurs du projet de loi n° 7877, le texte sous projet propose de compléter la disposition et d'y d'inclure la « carte de légitimation » comme document d'identification pour les ressortissants de pays tiers.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 03/02/2023
Rapporteur : M. Guy Arendt

---

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle (Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

06/03/2023 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

14/03/2023 Présentation et adoption d'un projet de rapport

---

Vote en séance publique : 21/03/2023
Loi du 29 mars 2023
Mémorial A : 2023, n° 180, page 1

# 37e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | Mme Lydia Mutsch, Doyenne en rang

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** **p. 08**
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Changement de composition d'une commission parlementaire** **p. 08**
   M. Fernand Etgen, Président
3. **8137 – Projet de loi portant modification de la loi du 30 novembre 2022 relative à la concurrence** **p. 08**
   Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Lydia Mutsch
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8137 et dispense du second vote constitutionnel
   M. Fernand Etgen, Président (intervention de M. Sven Clement)
4. **8042 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux questions de confiance, aux motions de confiance, aux motions de censure et aux motions de méfiance** **p. 08**
   Rapport de la Commission du Règlement : M. Roy Reding
   Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Guy Arendt | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Josée Lorsché | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement
   Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8042
5. **8127 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'autonomie fonctionnelle et à l'organisation matérielle et financière de la Chambre des Députés** **p. 10**
   Rapport de la Commission du Règlement : M. Roy Reding
   Discussion générale : M. Léon Gloden | M. André Bauler | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Josée Lorsché | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Mars Di Bartolomeo (parole pour fait personnel) (intervention de M. Sven Clement) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)
   Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8127
6. **8145 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine** **p. 12**
   Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum
   Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement
   Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8145 et dispense du second vote constitutionnel
7. **Interpellation de Mme Carole Hartmann au sujet de la revalorisation du statut de l'indépendant** **p. 14**
   Exposé : Mme Carole Hartmann (intervention de M. Laurent Mosar) (dépôt de la motion 1)
   Débat : M. Laurent Mosar | M. Dan Kersch | Mme Semiray Ahmedova | M. Roy Reding | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de Mme Simone Asselborn-Bintz) | M. Marc Spautz
   Prises de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale (intervention de Mme Octavie Modert)
   Motion 1 : M. Laurent Mosar | M. Roy Reding | Mme Carole Hartmann
   Vote sur la motion 1 (adoptée)


Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Franz Fayot, M. Claude Haagen et M. Georges Engel, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 08.32 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

## 2. Changement de composition d'une commission parlementaire

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission des Finances et du Budget ugeet, proposéiert d'DP-Fraktioun, datt den Här Gilles Baum den Här Max Hahn ersetzt.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

*(Négation)*

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat déser Ännerung averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. 8137 – Projet de loi portant modification de la loi du 30 novembre 2022 relative à la concurrence

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Moien ass de Projet de loi 8137, eng Ofännerung vum Konkurrenzgesetz. Op Propositioun vun der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporter ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif direkt d'Wuert ginn un d'Madamm Rapportrice vun désem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace***

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'lescht Joer, kënnt Der Iech vläicht nach erënneren, am November hu mer heibannen d'Gesetz iwwert d'Konkurrenz gestëmmt. Domat ass eng EU-Direktiv ëmgesat ginn, déi engersäits geduecht war, fir de Konkurrenzautoritéite vun de Memberstaaten d'Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir dass méi effektiv Konkurrenzreegele kënnen ëmgesat ginn, an anerersäits de gudde Fonctionnement vum Bannemaart ze garantéieren.

Mat désem Projet de loi solle weider Detailer ergänzt a korrigéiert ginn. Fir net vum Europäesche Geriichtshaff saiséiert ze ginn, wat bedeitend finanziell Konsequenze fir Lëtzebuerg hätt, wäert dëse Projet der Europäescher Kommissioun et erméiglechen, déi lafend Prozedur ofzeschléissen.

De Gesetzesprojet hëlt eng Duplikatioun aus dem bestoenden Text eraus an integréiert den Artikel 15 aus der EU-Direktiv, wouduerch de maximale Montant vun den Amendë preziséiert gëtt. An engems gëtt der zoustänneger Autoritéit mam Unhuele vun désem Projet erlaabt, sech offiziell Autorité de la concurrence du Grand-Duché de Luxembourg nennen ze kënnen.

Deen eenzegen Avis, deen der Kommissioun virläit, ass dee vum Staatsrot, dee sengersäits, ofgesi vun enger legistescher Observatioun, näischt ze beanstanden huet.

Fir méi Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport, ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun a bieden Iech, wann Der domadder d'accord sidd, fir direkt zum Vott iwwerzegoen, a soe Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Lydia Mutsch.

*(Brouhaha général)*

Mir kommen da lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8137. Den Text steet am Document parlementaire 8137[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8137 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration.

*(Interruptions)*

Et muss ee sech, wann ee wëllt ofstëmmen, op sengem Posten aloggen, soss geet dat net. Mir droen deem da Rechnung bei deenen, déi et signaléieren.

De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl. Mir kucken awer genau, wivill Jo-Stëmmen et sinn opgrond vun de Presenzen.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8137 est adopté par 53 voix pour.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mmes Elisabeth Margue, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par Mme Carole Hartmann) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Deen zweete Punkt um Ordre du jour vun déser Sitzung ass de Projet de loi 8145, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Bäihëllefe fir d'Betriber, déi vun der Energiepräiserhéijung betraff sinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporter vun désem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

*(Interruption)*

Dee war virdrun awer do ...

*(Interruptions)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wann den Här Reding schonn do ass, kéinte mer jo d'Reglementer soss huelen.

## 4. 8042 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux questions de confiance, aux motions de confiance, aux motions de censure et aux motions de méfiance

**M. Fernand Etgen,** Président | Dann huele mer deen nächste Punkt vum Ordre du jour, den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8042 iwwert d'Vertrauensfroen a -motiounen esouwéi d'Zensur- a Mësstrauensmotiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert zu désem Ännerungsvirschlag huet elo den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**M. Roy Reding** (ADR), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, wat mer haut hei ofstëmmen, ass d'Mise en musique vun engem vun deene vläicht wichtegsten Deeler vun där neier Constitutioun: D'Stäerkung vum Rôle vum Parlament, d'Stäerkung vun der Kontrollfunktioun a vun der Sanktiounsméiglechkeet duerch d'Parlament.

Mir sinn eis parteiiwwergräifend eens ... An deem Kontext kann ech soen, datt mer eng virbildlech Kollegialitéit an Zesummenaarbecht an der Reglementskommissioun hunn, a mir waren eis parteiiwwergräifend eens, datt dat heiten e ganz, ganz wichtege Punkt ass, deen de Pouvoir vum éischte Pouvoir hei am Land stäerkt.

An dat ass eppes, wat ëmmer erëm vergiess gëtt, dobaussen an och a gewëssenen Institutiounen, datt mir, d'Chamber, déi sinn, déi d'Regierung kontrolléiert, questionnéiert an och, wann et muss sinn, sanktionéiert, an net ëmgedréit.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR), rapporteur | Parteiiwwergräifend, well all Partei, déi haut an enger Oppositioun ass, ka muer an enger Regierungskoalitioun sinn, an ëmgedréit. An duerfir ass et wichteg, datt mer dat heiten als Institutioun gesinn, als e Pouvoir, dee mir als éischte Pouvoir hei am Land, als Institutioun hunn.

Am Weesentleche geet et do drëm, datt déi Artikelen, déi mir an der Revisioun vun der Constitutioun virgesinn hunn, datt et eng Motion de confiance, de censure ka ginn, datt mer do am Reglement festleeën, wéi dat funktionéiert. Mee mir hunn nach eppes dropgesat, eppes derbäigesat, wat net virgesi war vun der Constitutioun, an dat ass, datt och all Deputéierten zu all Moment kann eng Motion de méfiance géint een oder méi Ministeren deposéieren.

D'Basis vun deem Pouvoir ass also reglementaire an net constitutionnel, mee duerfir awer och net manner reell.

De Premierminister stellt ëmmer, wann en de Programme gouvernemental virstellt, d'Question de confiance. Et ass eigentlech normal. Eng Koalitioun huet sech fonnt, de Programm vun där Koalitioun gëtt virgestallt an da muss eng Majoritéit hei an der Chamber soen: Dat doten ass eppes, dat kënne mer ënnerstëtzen. Also bedéngt déi Confiance d'Majoritéit vun de Membere vun der Chamber.

Ech hu gëschter op Chamber TV eppes Falsches gesot. Ech hu gesot, d'Procuratioun wär net méiglech.

D'Procuratioun ass méiglech. Dat heescht, et ass en normale Vott wéi ëmmer an et ass d'Majoritéit, egal ob en présentiel oder par procuration, déi decidéiert.

Da kann de Premierminister bei all Gesetz soen: „Ech verbannen dat dote Gesetz mat der Question de confiance." Dat ass eppes, wat mer am Ausland ëfters gesinn, wat mir hei net kannt hunn. Dat ass e Gesetz, dat vläicht e bësselche méi ëmstridden ass, wou ee sech vläicht senger Majoritéit net onbedéngt ka sécher sinn. Ech weess, datt och heiansdo Membere vun enger Majoritéit kënne Bauchwéi hu mat dësem oder deem Gesetz. A wann do eng Rebellioun wier, eng vläicht ganz justifizéiert Rebellioun, da kann de Premierminister soen: „Ma ech knäppen d'Bestoe vu menger Koalitioun, vu menger Majoritéit un d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz."

Ëmmer wann eng Déclaration gouvernementale gemaach gëtt – dat ass deen drëtte Punkt, déi drëtt Méiglechkeet –, kann de Premierminister d'Question de confiance och stellen, ënnert deene selwechte Reegelen.

An da komme mer zu eisem Pouvoir. Fënnef Deputéiert heibanne kënnen eng Motion de censure areechen, „pour engager la responsabilité du Gouvernement". Wann ee bis eng Kéier ënnerschriwwen huet, kann ee seng Ënnerschrëft och net méi zréckzéien an et kann och keng zousätzlech Ënnerschrëft méi derbäigefüügt ginn.

Da kann, wéi ech virdru gesot hunn – zousätzlech zu deem, wat d'Constitutioun virgesinn huet –, all Deputéierten zu all Moment eng Motion de méfiance géint een oder méi Membere vun der Regierung deposéieren.

D'Riedezäit ass ganz grousszügeg ausgeluecht. Ech mengen, dat dote si jo Saachen, mat deenen een net liichtfankeg ëmgeet. Kee vun eis kéim op d'Iddi, eng Motion de censure oder eng Motion de méfiance ze deposéieren, wann en net gutt Ursaachen huet, an et muss ee jo dann och Zäit genuch hunn, déi gutt Ursaachen hei duerzeleeën. An duerfir ass do d'Riedezäit vum Auteur oder den Auteure 15 Minutten, dann all Groupe politique an och technique 10 Minutten, d'selwecht wéi d'Sensibilité-politiquen, an dann huet och d'Regierung 15 Minutten Zäit, fir ze äntweren oder fir Stellung ze huelen.

Déi fënnef Deputéiert, déi eng Motion de censure deposéiert hunn, déi hunn d'Recht, se zréckzezéien. Do kann ee sech jo Fäll virstellen, wou eng Regierung alenkt an iergendengem Punkt a seet: „Ok, da maache mer dat elo anescht, wéi mer dat virgesinn haten", an datt dann d'Chamber seet: „D'accord, dann zéie mer dat doten zréck." Déi fënnef Auteure kënnen dat decidéieren.

Voilà, dat ass u sech den technesche Volet vun dëser Ännerung. Wéi gesot, dee politesche geet vill méi wäit. E stäerkt d'Roll vun eisem Haus, e stäerkt eis Roll als Institutioun. An nach eng Kéier: Ech si ganz houfreg, wéi kollegial mer zesummeschaffen an der Reglementskommissioun. An och eis Mataarbechter an där Kommissioun maachen eng absolutt bemierkenswäert Aarbecht.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Roy Reding.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass elo hei schonn ënnerstrach ginn, et handelt sech ëm souzesoen d'Ëmsetzung vun engem weesentlechen Deel vun der iwwerschaffter Verfassung.

Ech hat et gesot, wéi mer iwwert déi verschidde Kapitelen hei diskutéiert hunn an ofgestëmmt hunn: De groussen Atout vun där iwwerschaffter Verfassung ass et, datt et ganz kloer Reegele gëtt, wann eng Kéier an enger Institutioun e Sandkär am Getriebe ass. Dir erënnert Iech, wéi ech hei gesot hunn: 2013, wéi et hei zur Regierungskris komm ass, war déi Prozedur am Fong net kloer gereegelt. An ech hat enges laachende Mondes gesot, am Fong misst d'CSV nach an der Regierung sinn, well dat, wat deemools de Premier gemaach huet, war net esou an der Verfassung an an den Texter virgesinn. Duerfir éischte Punkt: Ganz kloer, wichteg, egal wat fir eng Institutioun et betrëfft, mir hu prezis Reegelen. Wann eppes net richteg leeft, da wësse mer, wat fir eng Reegelen ëmzesetze sinn, wat fir eng Prozeduren ëmzesetze sinn, wien declenchéiert a wien d'Decisiounen hëlt.

Den zweete Punkt, an dat ass och ugeklongen, dat ass och eng weesentlech Verbesserung oder och Kloerstellung vun där neier Verfassung, dat ass d'Stäerkung vum Parlament am institutionelle Getriebe. D'Parlament kontrolléiert d'Regierung. Mir hunn hei an deenen Aarbechten iwwert d'Verfassung laang doriwwer geschwat. Mir hunn eis un anere Verfassungen inspiréiert. Och hei ass et erëm ganz kloer: Mir hu kloer Reegele fixéiert. Jiddweree kennt d'Spillreegelen dorenavant. An duerfir ginn ech och den Accord vu menger CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Gloden. Da wier et un där honorabeler Madamm Simone Beissel.

*(Interruption)*

**M. Guy Arendt** (DP) | Ech ersetzen. Merci, Här President.

**M. Fernand Etgen,** Président | A, den Här Guy Arendt mécht dat. Här Arendt, wannechgelift.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Ech géif direkt wëllen dem Roy Reding Merci soe fir säi Rapport, dee wierklech ganz extensiv war.

Ech ka mech eigentlech nëmmen deem uschléissen, wat hie gesot huet, wat de Léon Gloden gesot huet: Et ass eng Stäerkung vum Parlament vis-à-vis vun der Regierung. Mir hunn eng besser Kontrollméiglechkeet. Dorëms geet et hei an deem Text. An ech géif och do den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Arendt. An da wier et um honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, fir d'éischt e Merci dem President-Rapporter an der Reglementskommissioun, och fir déi exzellent Zesummenaarbecht mat der Institutiounskommissioun.

Nodeem mer déi véier Kapitele vun der revidéierter Verfassung am Dezember gestëmmt hunn – Verfassung, nei Verfassung oder fundamental revidéiert Verfassung, ech loossen Iech d'Wiel –, wäert se den 1. Juli a Kraaft trieden.

Mir hunn an deene leschte Méint a Wochen alles gemaach, fir dass eis net nach eng Kéier dat selwecht passéiert wéi elo virun e puer Méint, wéi mer entdeckt hunn, dass weesentlech Ausféierungsbestëmmunge vun där jëtzeger Verfassung och no 175 Joer nach net a Kraaft si respektiv nach net ausgeschafft sinn. Mir wëllen, dass, wann déi revidéiert Verfassung a Kraaft trëtt, och d'Ausféierungsbestëmmunge prett sinn.

An dofir si mer och ganz gutt ënnerwee zënter, wéi gesot, deene leschte Wochen a Méint a mer hunn déi meeschten, wann den Dag vun haut eriwwer ass, déi meeschten Adaptatioune vun eisem Reglement an dréchenen Dicher. An ech soen och de Kolleegen aus der Regierung Merci, dass d'Gesetzesprojeten, déi fälleg sinn, fir d'Ausféierung vun der revidéierter Verfassung esou gutt ewéi méiglech ze organiséieren, quasi alleguer deponéiert sinn. Ech mengen, et gëtt nach eng Ausnam, mee déi ass och eminent.

Also: De Sënn vun deenen Ännerungen, déi mer haut de Moien an och gëschter diskutéiert hunn an och mat grousser Majoritéit decidéiert hu respektiv hoffentlech decidéiere wäerten, ass et, eis net nëmmen ze erlaben, eng nei Verfassung um Pabeier ze stëmmen, mee se och ausféierbar ze maachen an allen Detailer, et sief dann, et fält eis nach en Detail an, wou mer dat eent oder dat anert am Reglement musse preziséieren. Mee et ass eis elo zu dësem Zäitpunkt jiddefalls näischt agefall, wat elo essentiel wär.

Ech brauch zum Text net méi vill bäizedroen. Duerch d'Kapitel betreffend d'Chamber geet et wéi e roude Fuedem, dass mer dës Institutioun mat deenen neie Verfassungstexter stäerken. Et gëtt eng ganz Rei Dispositiounen an der neier Verfassung, wou d'Chamber hir Pouvoire preziséiert an ausdeent. Do wäerte mer herno nach kënnen drop zréckkommen. An dat ass och gutt fir déi éischt Institutioun an dësem Land.

Am Numm vu menger Fraktioun, der LSAP-Fraktioun, wëll ech dann nach just den Accord ginn zu dëser Reglementsännerung an nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Zesummenaarbecht zwëschent Institutiounskommissioun a Reglementskommissioun exemplaresch war a jiddweree matugepaakt huet, fir dat beschtméiglecht Resultat fir dës Institutioun erauszekréien.

Also merci all deene Bedeelegten. An ech bieden Iech, dëst Reglement, dës Reglementsännerung mat ganz grousser Majoritéit ze stëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wéilt och mat engem Merci un den Här Roy Reding ufänken, och fir déi gutt a kollegial Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

Dës Modifikatioun vum Reglement ass am Fong jo, wéi et scho gesot ginn ass, eng logesch a gutt Konsequenz vun der Verfassungsreform, déi jo ënner anerem d'Zil hat, de Pouvoir vum éischte Pouvoir ze stäerken. Dat bréngt mer heimat fäerdeg. D'Motion de censure an d'Motion de méfiance gi gereegelt.

An allen Hisiichte schafe mer och gereegelt Verhältnisser, wat da Regierungskrisen ugeet, a mer wäerte Situatioune wéi déi vun 2013 mat dëser Reglementsännerung verhënneren. Dat ass ganz wichteg. Och do brauche mer eng Sécherheet, op déi mer eis kënne verloossen, a mer däerfen net mat Situatioune konfrontéiert ginn, wou kee méi an nach aus weess. Ech ka mech gutt erënneren, wéi mer hei souzen. Dat war alles anescht wéi lëschteg. Heimat wësse mer op d'mannst, wéi d'Reegele sinn.

Ech wéilt awer dann och nach e Merci lassginn un d'Cellule scientifique an all déi Beroderinnen a Beroder, déi eis hei zur Säit stoungen. Et ass eng ganz

komplex Matière gewiescht. An dofir – déi sinn elo nach net ernimmt ginn: Ech mengen, och si hunn e Merci verdéngt. Dat sinn ëmmer ganz gutt elaboréiert Notten, déi eis weiderbréngen, déi eis och wierklech Detailer nach méi no bréngen, och Leit, déi net Juriste sinn, kommen hei mat. An dat ass eis ganz wichteg. Dofir och hinnen e grousse Merci. An domat ginn ech och den Accord.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Och e grousse Merci un de Rapporter. An och vu menger Säit géif ech gäre felicitéiere fir déi exzellent Zesummenaarbecht an deenen zwou Kommissiounen an och der Chamber felicitéieren an och de Mataarbechter fir dës wierklech exzellent Aarbecht an d'Resultat, dat mer dann och haut stëmmen. An natierlech droe mir et och mat.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Verfassungsreform huet d'Chamber gestäerkt. Wichteg Kontrollmechanismen, déi et am Ausland zanter Joren, voire Joerzéngte gëtt, hunn endlech och de Wee an d'lëtzebuergesch Verfassung fonnt. An ech freeë mech, datt mer dofir haut och eist Chambersreglement un déi nei Realitéit upassen.

Et war sécher ville Leit dobausse guer net bewosst, datt d'Lëtzebuerger Verfassung bis viru Kuerzem – aktuell nach bis den 1. Juli – weeder de Mësstrauensvott nach d'Vertrauensfro wierklech kannt huet, obwuel dës Outilen am Ausland e selbstverständlechen Deel vun der Demokratie sinn an et quasi no all neier Regierungsbildung dozou gehéiert huet, eng Motioun ze stëmmen heibannen, déi der Regierung d'Vertrauen ausschwätzt. Mee dat war keng Vertrauensfro.

Ëmsou méi wichteg ass et, datt mer haut, nodeems mer d'Verfassungstexter gestëmmt hunn, och endlech eist Chambersreglement upassen an d'Question de confiance, d'Motion de censure, d'Motion de méfiance an d'Motion de confiance an eisen Text ophuelen.

Déi lescht Joren hu gewisen, datt mir Deputéiert eis Aufgabe ganz eescht huelen a wierklech aktiv eiser Kontrollfonctioun nokommen, op alle Fall, wat d'Oppositioun ugeet.

D'Parlament kontrolléiert d'Regierung, an dat hu mer gemaach, an dat souguer wann dat bedeit, datt mer eist Recht op Kontroll hu misse viru Geriichter akloen. An enger Demokratie kann d'Regierung hanner zouenen Dieren net maachen, wat se wëll, ouni déi vum Vollek gewielte Vertrieder/inne matanzebannen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | D'Parlament muss d'Regierungsaarbecht evaluéiere kënnen an am Fall vu gréissere Verfeelungen och d'Méiglechkeet hunn, engem Regierungsmember oder der ganzer Regierung d'Vertrauen ze entzéien.

Dofir freeën ech mech, datt haut mat dëser Reglementsännerung d'Motion de censure an d'Motion de méfiance endlech hir Plaz am Chambersreglement fannen.

Mee genausou wichteg wéi d'Mësstrauensvotten ass awer och de Vertrauensvott. Andeems mer haut och festhalen, wéi d'Chamber der Regierung d'Vertrauen ausschwätze kann, maache mer de Wee op fir Votten, bei deenen och d'Membere vun de Regierungsparteie mol kéinte fir eng Propos vun der Oppositioun oder géint e Projet vun der Regierung stëmmen, ouni datt dat direkt als Fall vun der Regierung muss verstane ginn, wa gläichzäiteg nach emol d'Vertraue vun der Chamber un d'Regierung ausgeschwat gëtt.

Ob a wéi heefeg et zu sou engem Moment an der Chamber wäert kommen, bleift ofzewaarden. Wie weess, ob dës oder eng kommend Koalitioun dofir iergendwann eng Kéier de Courage wäert hunn. Mee ëmmerhi ginn d'Texter et elo hier. An dat ass e wichtege Schratt no vir.

Här President, d'Piraten hunn d'Verfassungsreform ënnerstëtzt, nodeems sech eng Majoritéit vun hire Memberen an enger Urwal fir d'Ännerungen ausgeschwat huet. An dofir ënnerstëtze mer natierlech haut d'Upassunge vum Chambersreglement.

Ech ginn domat den Accord vun de Piraten an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer zum Vott kommen, wëll ech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënne matofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de modification vum Chambersreglement 8042. Den Text steet am Document parlementaire 8042[1].

***Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8042***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 5. 8127 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'autonomie fonctionnelle et à l'organisation matérielle et financière de la Chambre des Députés

Da komme mer zu der nächster Ännerung vum Chambersreglement, dat ass d'Ännerung Nummer 8127 iwwert déi funktionell Autonomie an déi materiell a finanziell Organisatioun vun der Chamber. A Rapporter ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**M. Roy Reding** (ADR), auteur-rapporteur | Jo. Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, dat heiten ass elo e politesch wäit manner spannenden Text, en huet awer seng Bedeitung.

Déi zukünfteg Verfassung gesäit vir, datt de Règlement vun der Chamber, an net d'Gesetz, déi materiell an déi finanziell Organisatioun vun der Chamber virgesäit. Alt nees eng Kéier eng Stäerkung vun eiser Institutioun, vun eisem Haus. Mir sinn hei Maître à bord.

Elo gëtt et awer eng ganz Partie Legislatiounen, déi virgesinn – zum Beispill an der Comptabilité de l'État oder de Marché-publicken oder aneren –, datt gewëssen Institutioune mussen Accorde ginn an esou weider. Et ass elo guer keen Zweifel, datt mir eis als éischte Pouvoir am Land an als de Gesetzgeeber och wëllen un déi Gesetzer halen. Mee mir kënnen natierlech net zouloossen, datt de Grand-Duc oder de Gouvernement a scho guer net iergendee Minister do kéint matschwätzen.

An duerfir confiéiere mer den Ensembel vun deenen Attributiounen, deen deene virgenannten Institutiounen normalerweis zoukënnt, elo eisem Bureau. Mir als Chamber hunn d'Personnalité juridique de l'État. Mir sinn also total materiell a fonctionnel onofhängeg.

Et ass dann och de Bureau, deen all Finanzfroen an all Organisatiounsfroe reegelt, ausser natierlech dem Ordre du jour, dat bleift d'Kompetenz vun der Conférence des Présidents.

Eise Secrétaire général ass dann deen, deen déi Fonctiounen exercéiert, déi an de Gesetzer dem Chef d'administration zoukommen.

Déi finanziell Gestioun vun der Chamber gëtt also vun der Administration parlementaire gemaach an dat ënnert der Direktioun vun eisem Generalsekretär, der Surveillance an och der Responsabilitéit vun eisem Bureau.

Voilà, dësen Text gouf den 22. Dezember 2022 deposéiert. Dir gesitt, wéi schnell datt mer geschafft hunn an der Ëmsetzung vun der zukünfteger Constitutioun. E gouf an eis Reglementskommissioun verwisen den 12. Januar. Do hu mer ... Den 31. Januar gouf ech do als Rapporteur genannt an à l'unanimité hu mer dëse Projet de rapport ugeholl an eiser Sëtzung vum 20. Februar 2023. An ech bieden Iech elo, dat selwecht och hei am Plenum ze maachen, a bréngen, just fir komplett ze sinn, selbstverständlechen och den Accord vun der ADR.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Roy Reding.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Och hei dem Rapporteur merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass en technesche Punkt, deen awer wichteg ass och hei, fir d'Autonomie vun eiser Chamber ze

stäerken. Et geet ... An déi Diskussioun geet am Fong zréck op en Urteel vu viru puer Joer, wou mer eebe probéiert hunn, kohärent ze sinn an eiser Approche, och an der Verfassung, am Kader vun der Stäerkung vun der Chamber. Natierlech ënnerläit d'Chamber de Gesetzer, wéi all aner Institutioun, wéi all anere Bierger, mee mir mussen eng Autonomie kréien, fir eis finanziell kënnen ze organiséieren, well soss wiere mer jo ofhängeg vun der Regierung. An dat wier am Fong géint de Prinzipp vun der Séparation des pouvoirs.

An duerfir ginn ech den Accord vu menger CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här André Bauler.

**M. André Bauler** (DP) | Jo. Merci, Här President. Ech soen och mengersäits dem Rapporteur Merci fir säi prezise Bericht. En huet dat alles gutt erkläert, soudatt ech wierklech net muss an d'Detailer agoen.

Et ass effektiv gutt a richteg, datt mer hei de Bureau vun der Chamber, dee jo déi juristesch Perséinlechkeet vum Staat an eng funktionell Autonomie huet, datt mer hei dem Bureau also all déi Attributioune ginn, déi a verschiddene Gesetzgeebunge soss dem Regierungsrot oder verschiddene Ministeren zoufalen. Änleches gëllt hei fir de Generalsekretär vun der Chamber.

Mir schafen also domadder kloer Verhältnisser am Entscheedungsprozess vum Parlament, enger Institutioun, déi gewësse Legislatiounen – an de Rapporter huet et virdru gesot – wéi d'Marché-publics-Gesetz oder d'Kontabilitéitsgesetz vum Staat gradesou respektéiere muss eebe wéi d'Regierung selwer.

An domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Bauler. An dann ass et elo um honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, déi Aussoe vun eisem Rapporter, deem ech Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Institutiounskommissioun, wëll ech nuancéieren, well ech der Meenung sinn, dass dat hei en extreem wichtegen, essentiellen Text ass, dee seng Wichtegkeet huet fir eist Haus. Well deen Text, sou wéi d'Verfassung et wëllt, d'Recht vun der Chamber an hiert Reglement a Bëton kleet. An ech kommen herno nach kuerz drop zréck.

Eis Verfassung, sou wéi se vum 1. Juli u wäert a Kraaft sinn, gesäit eng Rei Dispositioune vir, déi, an dat ass e puermol hei ënnerstrach ginn an dat ass och esou, d'Chamber an hire Rechter wäert stäerken. Den Artikel 68 ass ee fir eis extreem wichtegen Artikel. An dofir erlaabt mer, fir en eng Kéier kuerz ze zitéieren: „La Chambre des Députés détermine par son Règlement le mode suivant lequel elle exerce ses attributions ainsi que son organisation matérielle et financière, y compris le statut de ses fonctionnaires. Le Règlement de la Chambre des Députés détermine les mesures d'exécution des lois qui concernent son organisation."

Dat schéngt eis normal ze sinn, well den Ufank vum éischte Saz bis bei Attribution steet scho säit 1868 an eiser Verfassung. E Parlament muss d'Aart a Weis, wéi et politesch fonctionéiert, aleng kënne bestëmmen. Fir eis ass dat haut eng Evidenz, mee et war net ëmmer esou zu Lëtzebuerg. An eiser éischter Verfassung vun 1841, der sougenannter „Ständeverfassung", stoung, dass d'Reglement vun der Assemblée des États huet misse vum Roi Grand-Duc sanctionéiert ginn. D'Ständeversammlung huet laang misse mam Wëllem II verhandelen, ënner anerem fir kënnen duerchzesetzen, fir dass de Compte rendu vun de parlamentareschen Aarbechte géif gemaach a publizéiert ginn.

Am Kader vun der éischter fräiheetlecher Constitutioun vun 1848 krut d'Chamber de Pouvoir, fir sech selwer ze organiséieren, krut deen awer erëm eng Kéier kuerz duerno ewechgeholl vum Roi Grand-Duc an huet dunn erëm eng Kéier missen derfir kämpfen, fir dass déi Annulatioun erëm eng Kéier annuléiert géif.

Elo kann ee soen: „Ok, et ass alles an der Rei, lo si mer Meeschter an eisem eegenen Haus!" Mir waren ëmmer iwwerzeegt do dervun, dass dat esou ass, bis dass e Geriichtsurteel d'Basis, d'Fundament vun eisem Reglement a Fro gestallt huet an eng ganz Rei vun Decisiounen oder Ännerungen, déi mer iwwer Reglement konnte maachen, an Zukunft hätt missen iwwer e Gesetz gemaach ginn.

Mir hu ganz laang doriwwer diskutéiert, an d'Diskussioune sinn eng Kéier an déi eng Richtung gaangen, ob mer als éischt Institutioun géife souzesoen ënnert den Droit commun falen, oder ob d'Meenung sech géif duerchsetzen, dass eist Reglement eng Equipollence mat engem Gesetz huet, well et jo hei muss diskutéiert ginn, decidéiert ginn, publizéiert ginn. An déi Meenung huet sech an der leschter Ligne droite duerchgesat.

Dat ass ganz gutt esou. D'Fonctionnementslogik vun der Chamber bleift eigentlech d'selwecht wéi virdrun: De Bureau ass zoustänneg fir d'administrativ a finanziell Gestioun vun der Chamber. Et gëtt kloer an den Text vum Reglement ageschriwwen, wéi Gesetzer, déi de Gesamtstaat betreffen, Marchés publics an esou weider, an der Chamber applizéiert ginn. De Bureau kritt all d'Kompetenzen, déi soss vu Grand-Duc, Regierung oder Minister exercéiert ginn. De Secrétaire général kritt d'Kompetenzen, déi am Allgemengen e Verwaltungschef huet.

Ech wëll nach op ee Passage am Exposé des motifs vum Rapport hiweisen: D'Chamber kann an Zukunft op eng juristesch ofgeséchert Aart a Weis, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... d'Personnalité juridique, selwer Marchéë maachen a Kontrakter ofschléissen, well si an deem Fall d'juristesch Personalitéit huet. Et kann och net aneschters ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... sinn, well, d'Chamber war an ass déi éischt Institutioun an eisem demokratesche Rechtsstaat. Mir schreiwen haut e kuerzen Text an eist Reglement an, mee et ass e grousse Schratt fir d'Stäerkung vum Parlament.

An domat soen ech Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci dem President fir seng Indulgence.

**M. Fernand Etgen,** Président | Jo, déi war grouss.

*(Hilarité)*

An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President, ech maachen et méi kuerz. Ech wéilt dem Här Reding Merci soen, eng zweete Kéier, fir säi gudden an ausféierleche Rapport, wou alles gesot ass. Natierlech ass et net just wichteg, dass mer dem éischte Pouvoir méi Pouvoir ginn, mer mussen dem éischte Pouvoir och méi Autonomie ginn, mer musse kënnen autonom funktionéieren. Hei ginn déi Reegelen definéiert. An dofir gi mer natierlech den Accord a mer freeën eis dann op déi nächst Sëtzungen, wou et bestëmmt gradesou kollegial erofgeet wéi an der Vergaangenheet.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo. Merci. Och nach eng Kéier vu mir merci un de Rapporter, och nach eng Kéier Felicitatiounen un déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun an och Felicitatiounen un d'ganz Chamber fir dës gewonnen Autonomie. A voilà, domat soen ech nach eng Kéier Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen et kuerz, fir dem honorabele Mars Di Bartolomeo seng Zäit erëm anzefänken. Mat der Verfassungsreform, hunn ech virdru gesot, huet d'Chamber Autonomie kritt iwwer eng ganz Rëtsch Saachen, ënner anerem hir materiell a finanziell Ausstattung. Kompetenzen, déi virun der Verfassungsreform nach deelweis bei der Regierung an deelweis beim Grand-Duc louchen, wat esou an enger Gewaltentrennung awer e bësse speziell war. Mir kréien elo eng kloer garantéiert Onofhängegkeet als Institutioun.

Dat kléngt am éischten Ament no engem klenge formelle Schrëtt, ass a Realitéit awer e wichtege Schrëtt fir d'Stäerkung vun der Demokratie a vun der Vertriedung vun de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger heibannen.

Mir Piraten ënnerstëtzen dofir natierlech dësen Text, andeems mer d'Ännerungen, souwuel vun der Verfassungsreform wéi och vum Reglement, mat unhuelen. Wa mir d'Chamber stäerken, stäerke mer eis Demokratie.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement. An da freet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert fir Fait personnel.

*(Interruption)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, net fir Fait personnel, mee ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Är Riedezäit ass eriwwer.

*(Interruptions)*

Wann et net Fait personnel ass, da kënnt Der d'Wuert net kréien.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President, Här President, ech wollt eng Erklärung, ech wollt eng Erklärung ...

**Plusieurs voix** | Nee.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här, Här, Här, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... jo, dann ass et Fait personnel. Fait personnel.

**M. Fernand Etgen,** Président | Fait personnel, jo. Da muss et och ee Fait personnel sinn.

*(Interruption)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo. Jo. Här President, gëschter si mer informéiert ginn, d'Madamm Beissel an ech, dass de Rapporter de Moien net kéint do sinn an dofir hu mer eis preparéiert, fir de Rapport ze maachen. Als Rapporter hätte mer normalerweis zéng Minutte gehat, mir hunn dat a ganz grousser Kollegialitéit gemaach a mer waren dofir angeneem iwwerrascht, dass de Moien de Rapporter awer do war an dofir froen ech Indulgence, dass meng Ausféierungen e bësse méi laang waren, well ech geduecht hat, ech géif hei als Rapporter optrieden. Also, wannechgelift e bëssen Indulgence. Et kënnt och net méi vir!

**M. Fernand Etgen,** Président | Mir huelen Akt vun den Aussoe vum Här Mars Di Bartolomeo. Den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Ech muss mech bei de Kolleege Mars Di Bartolomeo a Simone Beissel offensichtlech entschëllegen, well ech hat si gëschter gebieden, am Fall, wou den Här Reding haut de Moien net kéint kommen, de Rapport ze maachen. Den Här Reding huet e Stierffall an der Famill an ech war mer gëschter net sécher, ob den Här Reding haut kéint do sinn. Den Här Reding ass awer komm, trotz där schwiereger Situatioun, an där en am Abléck ass. Ech begréissen, datt hien hei ass an ech wëll mech bei Iech entschëllegen, well ech Iech ëm eppes gebieden hat, wat elo awer net agetratt ass.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Akzeptéiert! Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8127. Den Text steet am Document parlementaire 8127[1].

***Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8127***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir komme bei de Vote par procuration.

Den Ännerungsvirschlag ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8127 est adoptée à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 6. 8145 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Den zweete Punkt vum Ordre du jour vun dëser Sitzung ass de Projet de loi 8145, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Bäihëllefe fir d'Betriber, déi vun der Energiepräiserhéijung betraff sinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »***

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert Här President, an entschëllegt d'Verspéidung, ech mengen, ech sinn net deen Eenzegen, deen de Moien net wierklech gutt an d'Stad komm ass, an dat obschonns et haut net geschneit huet.

Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi, deen ech Iech haut virstellen – et ass e Projet de loi, deen Der zum Deel scho kennt –, gëtt de Plaffong vun den aktuellen Hëllefe fir d'Méikäschte bei Gas a Stroum bei de Betriber erhéicht. Am Kader vum Ukrain-Krich a vun de steigenden Energiekäschten ass fir d'alleréischte Kéier de 15. Juli 2022 eng Rëtsch där Hëllefe fir Entreprisen agefouert ginn, an dat nom éischten Accord Tripartite.

Am November d'lescht Joer, nom zweeten Tripartitt-Accord, hu mir dat Gesetz ausgeweit, d'Aiden ausgeweit an hunn och derfir gesuergt, dass nach méi Betriber dovunner kënne profitéieren, an och d'Montante vun den Hëllefe goufen dunn eropgesat.

Déi Hëllefe ginn erméiglecht duerch den Encadrement temporaire de crise vun der Europäescher Kommissioun, en Encadrement, deen iwwregens den 28. Oktober d'lescht Joer verlängert ginn ass bis den 31. Dezember vun dësem Joer.

Am Gesetz, dat mer am Dezember d'lescht Joer gestëmmt haten, ware véier verschidden Hëllefe virgesinn, déi momentan alleguer nach weiderlafen. Haut schwätze mer awer iwwert déi drëtt Hëllef, bestëmmt duerch den Artikel 4bis, déi mat dësem Projet soll verännert ginn. Si betrëfft d'Betriber, bei deenen d'Energiekäschten op d'mannst 2 % vum Chiffre d'affaires oder vun der Valeur de production ausmaachen, gekuckt op dee Mount, wou d'Demande och eragereecht gouf.

Ab enger Hausse vun 80 % vun de Stroum- oder Gaspräisser am Verglach zu 2021 kann eng Subventioun, eng Hëllef, vu bis zu 70 % vun de Méikäschten iwwert der Hausse vun 80 % ugefrot ginn.

Bei dëser Hëllef gëtt elo mat dësem Gesetz de Maximalbetrag an d'Luucht geschrauft, an zwar vu 500.000 Euro op 2 Milliounen Euro pro Entreprisëgrupp.

Wéi den Encadrement temporaire de crise vun der EU et virgesäit, dierfen d'Staatshëllefen ënner kengen Ëmstänn de Plaffong vun deenen zwou Milliounen iwwerschreiden.

Wichteg ass och, nach eng Kéier ze soen, dass déi nei Hëllef, déi am Gesetz vun haut virläit, esou beschriwwen ass wéi och déi viregt Hëllefen, dass si dem Accord vun der Europäescher Kommissioun ënnerläit.

D'Zil ass et, fir déi komplett Marge, op déi sech d'EU-Memberstaate gëeenegt hunn, aus der Sektioun 2.1 vum Encadrement temporaire de crise auszeschëpfen an natierlech och derfir ze suergen, dass eng fair Konkurrenz ass tëschent de Lëtzebuerger Betriber an deene Betriber aus aneren EU-Memberstaaten.

D'Zil ass et natierlech, de Betriber, déi vun der Erhéijung vun den Energiekäschte betraff sinn, ënnert d'Ärem ze gräifen, hir Kompetitivitéit ze garantéieren, hinne Previsibilitéit ze ginn an natierlech och géint d'Inflatioun virzegoen.

Ech wëll nach op de Käschtepunkt vun dëser Mesür a vun dësem neie Gesetz agoen. Mam Solidaritéitspak 2.0 war e Mesürepak entstane vu ronn 1,1 Milliard. An do war e Budget vun 375 Millioune virgesi fir dës Aiden. Dee geplangte Budget bleift dee selwechten. Et däerf een natierlech net vergiessen, dass déi reell Ausgaben dervun ofhänken, wéi d'Energiepräisser an dësem Joer, an den nächste Wochen a Méint, wäerten evoluéieren. An dat ass, wéi mer alleguerte wëssen, ganz schwéier anzeschätzen.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drop agoen, wellech aner Hëllefe fir d'Betriber am Gesetz, dat mir modifizéieren, virgesi sinn. Bei der éischter Hëllef, do geet et drëms, en Deel vun de Stroum- a Gaskäschten ze kompenséiere vu Betriber, déi ganz vill Energie verbrauchen. Dat selwecht gëllt och fir Heiz- an Ofkillungsméikäschten, mat der Konditioun, dass dës aus Naturgas oder Elektrizitéit, aus Stroum natierlech, produzéiert ginn.

Déi zweet Aide, déi betrëfft Betriber, déi an der Konstruktioun täteg sinn, déi Liewensmëttel produzéieren an awer och de Wuerentransport bedreiwen.

Déi drëtt Aide ass déi, déi ëmgeännert gëtt mat deem Projet, dee mer de Moie stëmmen. An déi véiert Hëllef ass fir d'Produzente vun Hëtzt a vu Biogas an och Bedreiwer vun Hëtztreseauen.

Ech géif dann och ganz kuerz op d'Avisen agoen, déi zu dësem Projet virleien.

D'Chambre des Salariés huet hiren Avis ginn. Si bedauert awer, dass déi finanziell Hëllefen net u sozial Krittäre gekoppelt sinn.

D'Chambre des Métiers huet och hiren Accord ginn a begréisst d'Erhiewung vum Plaffong vun den Aidë fir d'Betriber mat héijen Energiekäschten.

D'Chambre de Commerce erënnert drun, dass den Encadrement temporaire et erlaabt, d'Betribshëllefe bis Dezember 2023 auszebezuelen. An dat gëtt jo och elo duerch de Solidaritéitspak 3.0 an dat zukünftegt entspriechend Gesetz gereegelt.

An de Staatsrot huet säin Avis ginn, do war keng Opposition formelle dran.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech alleguerte Merci fir Äert Nolauschteren. An ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetz.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Gilles Baum.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grousse Merci dem Gilles Baum fir säin ausféierleche Rapport. Et geet hei drëm, wéi hien ënnerstrach huet,

dass mer de Plaffong vu 500.000 op 2 Milliounen an d'Luucht setzen, wat eng gutt Saach ass. Ob déi herno gebraucht ginn, dat ass eng aner Fro. Mee dat brauch ech Iech heibannen net ze soen. Mir wëssen allegueren net, wéi d'Evolutioun vun den Energiepräisser weidergeet. Mee et ass wichteg fir eis Ekonomie, dass mer deene Betriber Garantië ginn, dass si Previsiounen hunn, dass si wëssen, wat do ka geschéien. Dat ass wichteg fir d'Betriber, mee et ass och wichteg fir déi Leit, déi do schaffen. Fir dass d'Gefor net besteet vu Chômage, Chômage partiel, ass et wichteg, dass esou eng Aide kënnt. An dofir kann d'CSV selbstverständlech dësem Projet d'Zoustëmmung ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Spautz. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci villmools, Här President. Och e grousse Merci un de Gilles Baum, eise President vun der Kommissioun, deem ech nach eng Kéier Merci soe fir seng gutt a kollegial Zesummenaarbecht an där spezieller Kommissioun, an dass mer do gutt virukommen. Ech schléisse mech och de Wierder vum Marc Spautz un, dass dat Gesetz hei wichteg ass fir d'Entreprisen a fir alleguerten déi Leit, déi an den Entreprisë schaffen. Dofir kritt selbstverständlech dat dote Gesetz och déi voll Ënnerstëtzung vun der LSAP.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Cruchten. An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Jo, och mir als Gréng fannen et natierlech wichteg, d'Betriber, déi mat héijen Energiekäschte konfrontéiert sinn, ze ënnerstëtzen. Dat maache mer mat dësem Projet de loi. Mir ënnerstëtzen hir Aktivitéiten, mir schützen awer och hir Existenz an domat d'Aarbechtsplazen an eisem Land. Dat ass e ganz wichtege Punkt.

Nawell bleift et fir eis wichteg, dass och op deem Niveau weiderhin an d'Energietransitioun investéiert gëtt, an do brauchen d'Betriber och eng Ënnerstëtzung. An an deem Sënn wäerte mer och an déi Richtung dee Prozess weiderdreiwen, fir dass mer déi Betriber esou kënnen opstellen, datt se manner energieintensiv kënne produzéieren a méi onofhängeg vu fossillen Energië ginn. Dat muss och en Zil bleiwen, dat mer net aus den Aen däerfe verléieren.

Dat gesot, wéilt ech dem Gilles Baum e grousse Merci ausdrécken, dem President vun eiser Tripartitt-Kommissioun an dem Rapporter vu ganz ville Gesetzer, ënner anerem deem, dat mer elo stëmmen an dat och eisen Accord kritt.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci, Här President. Ech wéilt ufänke mat engem grousse Merci un den Här Baum fir säi Rapport. Ech mengen, de Verkéier, dat ass absolutt ze verstoen, Här Baum. Mir haten alleguer Problemer, dat ass wierklech e grousse Problem.

Wat elo d'Gesetz ugeet, muss ee soen, et ass natierlech eng Verlagerung vun den Effete vun der Inflatioun vun de Betriber op de Staat. Et ass dat, wat mer hei maachen. Et ass richteg, datt mer dat maachen, mee mir mussen alleguer wëssen, datt mer dat net ganz laangfristeg packen, einfach aus de Grënn vum Staatsbudget. Et ass also wichteg, datt mer eis wierklech Gedanke maachen, wéi mer et fäerdegbréngen, an der Zukunft eise Betriber nees bëlleg Energie, zouverlässeg Energie, steierbar Energie ze ginn, well mer eeben net op éiweg deen heite System kënne viruféieren. Mir packen dat eng bestëmmten Zäit, mee mir sinn elo schonn, mat all deenen Tripartitt-Moossnamen, déi mer geholl hunn ... Bon, dat ass net alles fir d'Betriber, dat ass och fir d'Privatleit, mee mat deenen, déi och elo bei der Tripartitt, drëtt Ausgab, gemaach goufen, wäerte mer geschwënn – dat wier interessant, wann d'Regierung eis dat kéint soen, wat de Finanzvolumen ausmécht – an d'Gréisstenuerdnung vun ongeféier 3 Milliarden Euro kommen, oder vläicht nach méi, ech weess et net, an da musse mer kucken, mee d'Regierung kann eis dat vläicht soen, oder se soll et vläicht rechnen. Ech gesinn den Här Minister Fayot, ech ginn him dat vläicht mat, fir dann ze kucken, wat eigentlech elo de Finanzvolumen am Ganzen ass.

Dat ass also dat Éischt. Et ass e Problem, mir kënnen et elo maachen, mir kënnen et net ëmmer maachen.

Dat Zweet ass, mir musse kucken, datt mer och ganz ofhängeg si vum Ausland. Mir maachen hei vill, mir maachen dat solidaresch hei am Land, wéi mer dat gewinnt sinn a schwéieren Zäiten. Dat ass och ganz gutt esou, mee mir sinn net Meeschter vun deem, wat hei geschitt. Et ass esou, datt mer och am Ausland eng ganz Rei Entwécklungen hunn, wou d'Hëllefe vläicht net ëmmer gradesou sinn, wa se net am europäesche Kader gereegelt sinn, wéi dat hei ka gemaach ginn. An d'Ofhängegkeet vum Ausland ka Repercussiounen hunn op déi Lëtzebuerger Entreprisen. Mir haten där Fäll schonn. Dat wäert eventuell zouhuelen, desto méi laang déi Kris dauert. Dat fragiliséiert eis och, dat heescht, et ass eng Diskussioun, déi ee muss an engem méi grousse Kontext féieren, fir eng Energiestabilitéit an Europa erëm kënnen ze retabléieren.

Mir mussen da weider diskutéieren, ech hoffen, datt mer dat geschwënn an der Chamber och kënne maachen, fir eis mat den Effete Sënn, Notzen a Käschte vun der Sanktiounspolitick ausenanerzesetzen. D'Energie ass natierlech dee wichtegsten Deel dovunner, awer net deen Eenzegen. D'Finanzplaz an anerer, do sinn nach eng ganz Rei aner Aspekter dovunner, déi eng Kéier musse beliicht ginn, och rechtlech Aspekter. A mir mussen och kucken, datt mer, wa mer esou eng Diskussioun féieren, dat mat enger gewësser Distanz maachen an déi Distanz och bei eis fannen, fir eis kritesch mat deene Saachen ausenanerzesetzen an ze probéieren, an d'Zukunft ze projezéieren, wéi et mat eiser Ekonomie an deenen nächste Jore soll a ka virugoen.

Mir hunn eng Rei Phenomeener an Europa, wou mer eng Delokalisatioun scho gesi vun europäeschen Industrien a Richtung USA an anere Standuerter. Dat sinn alles Evolutiounen, déi mer musse gesinn an déi eis dann och Suerge maachen.

Dat hei ass e Gesetz, dat mir eeben elo an dësen Ëmstänn am Geescht vun der Tripartitt zesummen unhuelen. Dat ass eng ganz gutt Saach. Mee wéi gesot, et ass nëmmen een Element an enger ganz komplizéierter Situatioun.

Als ADR stëmme mer dat awer selbstverständlech mat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Als Alleréischt wollt ech et maache wéi den Här Baum, den honorabelen Deputéierten Här Baum. Ech wëll mech och entschëllege fir de Mueren, datt ech ze spéit komm sinn. D'Zich haten iwwer 20 Minutte Verspéidung an ech stoung scho mam Bus am Stau, do hunn ech deen Zuch virdrun net kritt. Ech huelen ëmmer meeschtens deen Zuch virdrun, fir pünktlech hei ze sinn. Duerfir entschëllegen ech mech, datt ech beim éischte Vott och net derbäi war. Et louch net a menger Muecht, et war den ëffentlechen Transport.

An da wëll ech awer och dem Rapporter e grousse Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dëse Projet de loi reit sech wierklech an eng ganz Rëtsch vu Projet-de-loien an, déi d'Aidë betreffen.

Interessant ass awer bei dësem Projet de loi, datt elo endlech am Exposé des motifs emol Kloertext steet, datt et an éischter Linn net dréms geet, deenen Entreprisen onbedéngt ze hëllefen, déi a Schwieregkeete sinn, mee et geet ëm d'Kompetitivitéit. Ech mengen, ech hat dat och schonn déi leschte Kéier bei den Aidë gesot, datt et haaptsächlech doréms geet. An do hu mer eeben e Problem, datt mir eebe Gott sei Dank zu deene Länner gehéieren, déi dat och kënne maache fir eis Entreprisen, mee datt mer an Europa, wierklech an der europäescher Zon, do e Gap kréien, datt mer awer och Länner hunn, déi dat doten net kënne maachen. Dat heescht, innerhalb vun Europa schiedege mir eis eigentlech iergendwéi selwer. Bon, den Här Kartheiser ass och schonn drop agaangen, datt dat e Riseproblem ass.

Mee bon, ceci dit, et ass och elo net dowéinst, wou mir eis enthalen. Mir enthalen eis eeben och erëm bei dësen Aiden, well, genau wéi d'CSL et geschriwwen huet, keng Géigeleeschtungen am soziale Beräich dra sinn, keng Mesüre virgesi sinn, keng sozial Géigeleeschtunge virgesi sinn.

Voilà, merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Piraten begréissen d'Upassung vun dëse Plaffongen. Mir haten an der Kommissioun e kuerzen Echange nach driwwer, wat dat kascht. Mir sinn do gewuer ginn, datt bei ganz ville Betriber glécklecherweis de Seuil nach guer net erreecht gouf, datt et hei awer éischter och en vue vun der Verlängerung vum Gesetz néideg gëtt, déi Seuilen nach eng Kéier an d'Luucht ze setzen, well soss, wann een dat natierlech iwwert d'Zäit cumuléiert, déi dat Gesetz hei a Kraaft bleift, mer dann iergendwann eng Kéier kéinte Problemer kréien.

Deementspriechend ass dat hei fir eis ganz kloer eng Mesür, déi och an d'Zukunft kuckt, déi dat éischter previsibel mécht, wéi datt se elo retroaktiv hei probéiert, nach eppes ze retten. Et gesäit esou aus, als géif et de Betriber däitlech besser goen, wéi mer am Ufank gefaart haten, wéi mer dat Gesetz hei op den Instanzewee bruecht hunn. Ech mengen, dat ass dat, wou mer haut sollte frou driwwer sinn, net doriwwer, datt mer d'Gesetz nach eng Kéier verlängere mussen, datt mer Plaffonge mussen upassen, mee u sech sollte mer frou driwwer sinn, datt et eise Betriber däitlech besser geet, wéi mer hätte kënne fäerten, wéi dat Gesetz hei initial op den Instanzewee koum. An dat freet eis. An dofir wäerte mer dat Gesetz hei och matstëmmen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie | Jo merci, Här President. Merci dem Rapporter fir säi gudden a ganz komplette Rapport an och merci deenen aneren Orateure fir d'Kontributioun zu dëser Diskussioun. An ech freeë mech iwwert dee breeden Zousproch zu dësem Projet de loi.

Jo, et ass hei eng weider Upassung vun eiser Legislatioun un den europäesche Kader an un de Spillraum, deen en och bitt, fir am Endeffekt hei, änlech wéi scho wärend der Covid-19-Kris, eiser Ekonomie ze hëllefen, iwwert déi Krisephas, eng hoffentlech kuerzfristeg Krisephas, ewechzekommen doduerch, dass mer déi Aiden, déi den europäesche Kader erlaabt, an am Kader vun dem Temporary Crisis and Transition Framework, u sech och esou zäitno wéi méiglech upassen.

Dat musse mer natierlech allkéiers duerch e Gesetz maachen. Dat ass net grad e Facteur vu grousser Agilitéit. Dat hu mer der Europäescher Kommissioun och schonn e puermol gesot, dass mer allkéiers erëm mussen e Gesetz maachen, dat dann och meeschtens relativ kuerzfristeg ausgeluecht ass, dat heescht, wou mer dann allkéiers erëm mussen Adaptatioune maachen. Mee et ass effektiv esou, dass mer dat ëmmer erëm maachen, wéi gesot, fir deen europäesche Kader esou vill wéi méiglech auszeschëpfen a fir eisen Entreprisen et ze erlaben, och esou breet wéi méiglech heirobber zréckzegräifen.

Et ass effektiv eng Situatioun, fir haaptsächlech deenen energieintensive Betriber ze hëllefen, iwwert déi schwéier Passe hei ewechzekommen. Et ass richteg, dass mer op europäeschem Niveau e Problem hu mat Distorsioun vun der Konkurrenz, dee Level-Playingfield, deen net fir all d'Länner d'selwecht ass, well net all d'Länner effektiv déi selwecht finanziell Marge de manoeuvre hunn. Verschiddener kënne Saache maachen, anerer kënnen dat manner. Verschidde Länner hunn Energieproduktioun, wou se och kënnen, an dat wësse mer och alleguerten, iwwer aner Weeër hir Entreprisë subventionéieren. Och dat kreéiert Distorsiounen am europäesche Marché, an eisem Marché intérieur, an dat ass keng glécklech Situatioun.

Et ass trotzdeem awer elo esou zurzäit, an dat huet och natierlech mat der Evolutioun vun der Energiepräisser ze dinn, dass mir, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg e Kader hunn, mat deem mer eisen Entreprisen, mengen ech, am breede Sënn an alle Secteuren awer relativ gutt a cibléiert kënnen hëllefen, spezifesch fir d'Situatioun vun der Energiedeierecht, vun den Energiepräisser. Mir wëssen natierlech, dass et nach eng ganz Rei aner Problemer gëtt. Dozou gehéiert d'Penurie vu Mataarbechter. Dat ass eng Situatioun, déi mer iwwerall an Europa an och bal iwwerall an der Welt hunn. Derbäi kënnt natierlech nach wie vor d'Knappheet vun enger Partie Matière-premièren, vun enger Partie halleffäerdege Produkter, vu Semiconducteuren. Och dat ass natierlech nach ëmmer eppes, wat der Ekonomie an och insbesonnesch der Industrie am breede Sënn weider ze schafe mécht.

Trotzdeem mengen ech, dass mer hei, wéi gesot, eppes maachen, wat wichteg ass. Ech géif och gär soen, fir vläicht op déi Kritick vun der Chambre des Salariés anzegoen, dass mer derbäi sinn, am Wirtschaftsministère un eisen Aiden ze schaffen, fir méi cibléiert eng Partie Conditionnalitéiten eranzebréngen, fir justement d'Entreprisen ze incitéieren, fir op de Wee ze goe vun där Transitioun, vun der digitaler, nohalteger Transitioun. Och do, mengen ech, kann een eis Aiden nach besser u sech kalibréieren, fir och d'Entreprisen op dee Wee ze bréngen. Dat ass scho ganz vill de Fall. Dat hu mer och scho mat eisen Neistartaidë gemaach wärend dem Covid-19, wou mer jo ganz spezifesch a mat méi Intensitéit déi Betriber encouragéiert hunn, déi op Circularitéit gesat hunn, déi déi digital nohalteg Transitioun an hiren Investissementer, an hire Prozesser wollte weiderbréngen. An dat maache mer elo op nach eng méi cibléiert Aart a Weis. Do si mer amgaang, drun ze schaffen.

Dofir, mengen ech, dat hei ass erëm eng Kéier eng weider Adaptatioun. Mir wëssen, dass mer an enger Transitioun dra sinn. Mir wëssen, dass eis Ekonomie, eis ganz Gesellschaft amgaang ass, sech ze änneren, fir eeben och déi Challengen unzegoen, déi mer hunn am Klimawandel, an der Adaptatioun un eng méi nohalteg Gesellschaft. An dat hei gehéiert nach wie vor och do derzou. Mee hei geet et un éischter Stell elo mol drëm, fir déi Kris ze iwwerbrécken, an där mer dra sinn.

Dofir merci fir déi grouss Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8145. Den Text steet am Document parlementaire 8145[5].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8145 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Interpellation de Mme Carole Hartmann au sujet de la revalorisation du statut de l'indépendant

Fir ofzeschléisse fir de Moie komme mer elo zur Interpellatioun vun der Madamm Carole Hartmann iwwert d'Revaloriséierung vum Fräiberufflerstatut. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Dan Kersch, d'Madamm Semiray Ahmedova, den Här Roy Reding, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Sven Clement an den Här Marc Spautz. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Carole Hartmann** (DP), interpellatrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, laut enger Statistik vun der Banque mondiale waren 2019 8,7 % vun de schaffende Leit hei zu Lëtzebuerg Independanten. A Frankräich waren et dat selwecht Joer ëmmerhin 12,1 %, an der Belsch 14,2 %, an Holland 16,6 % an a Portugal souguer 16,9 %. Do ass bei eis hei zu Lëtzebuerg am Verglach mat den aneren europäesche Länner nach Sputt no uewen.

U wat läit et, dass mer net esou vill Selbstänneger hei zu Lëtzebuerg hunn? Et feelt eis generell un Independantsgeescht.

„Kuck, dass de beim Staat ënnerkënns, da gëss de gutt bezuelt an du hues eng sécher Plaz!" Dëse Saz gëtt esou munche Jonken nogeluecht. D'Opfaassung ass leider oft déi, dass a sengem eegene Betrib schaffen Onsécherheet a Stress bedeit. Independanten erliewen och haart Zäiten. Et brauch ee just un d'Restaurateuren oder d'Hotellieren ze denken, déi quasi permanent disponibel musse sinn.

Ech gesinn dat awer och a mengem eegenen Ëmfeld als liberal Affekotin. Et sinn der net méi schrecklech vill vu menger Promotioun, déi nach um Barreau ageschriwwe sinn. Eng Rei sinn der an der Magistratur, bei enger Verwaltung oder hu Salariésposten, zum Beispill am Banken- oder Assurancësecteur. Dat si méi gereegelt Aarbechtsplazen a si ginn engem méi Sécherheet.

Ob Salarié oder Independant, eppes hu se awer all gemeinsam. Se schaffen a cotiséieren an eise Sozialsystem. A genau do wëll ech bei dëser Interpellatioun zum Statutt vum Independant usetzen a mech un den Aarbechtsminister wenden, well et gëtt an eisem System leider eng ganz Rei Differenze beim Traitement vu Salariéen an Independanten. Hei ass et d'Verantwortung vun der Politick, Verännerungen unzestoussen. E bessere soziale Schutz, e méi moderne legale Kader an d'Revaloriséierung vum Independant allgemeng sinn do d'Haaptpunkten, déi ech uschwätze wëll.

Zanter der leschter Legislaturperiod huet d'Dräierkoalitioun scho wichteg Rechter op d'Independanten ausgeweit. Niewent dem Zougang zur zousätzlecher Renteversécherung huet sech virun allem am Familljeministère ënnert der Leedung vum Corinne Cahen villes gedoen. D'Independantë krute genee wéi d'Salariéen den Accès op de Congé parental, de Congé pour raisons familiales an de REVIS.

Och déi zéng Deeg Pappecongé, déi fir d'Salariéen 2018 agefouert goufen, solle mat der Ëmsetzung vun der europäescher Work-Life-Balance-Direktiv endlech och fir d'Independanten zougänglech ginn. Eng Fuerderung aus dem Walprogramm 2018 vun der Demokratescher Partei, déi och hire Wee an de Koalitiounsprogramm vun der Regierung fonnt huet, gëtt esou ëmgesat.

Här President, Dir kënnt Iech sécherlech un d'Diskussiounen ëm e Revenu de remplacement fir Independantë wärend der Pandemie erënneren. Wéi d'Betriber hir Aktivitéit hu missen astellen an d'Salariéen an de Chômage partiel geschéckt goufen, haten d'Independantë kee Recht op Chômage partiel an domadder och keen Akommes.

Fir Independantë gëtt et weeder de Chômage partiel nach e Mindestloun. Doraus resultéiert och, datt den Aarmutsrisiko fir Independantë méi héich ass wéi fir Salariéen, wéi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers an hirer Propositioun zu der Revalorisatioun vun dem Independantsstatutt schreiwen.

Wärend Salariéen an de Chômage partiel geschéckt konnte ginn an esou 80 % vun hirem Salaire weider ausbezuelt kruten, haten d'Independanten dës Méiglechkeet net. Betriber, déi zu besonnesch betraffene Secteure gehéieren, wéi zum Beispill den Tourismus, den Horeca oder de Secteur vum Evenementiel, hu praktesch kee Revenu generéiert, an dat iwwer Méint.

Et sinn du Gott sei Dank awer divers Aidë fir Independantë vun der Regierung decidéiert an iwwert de Mëttelstandsministère vum Lex Delles ausbezuelt ginn. Och wann dës Aiden de Patronen an hire Betriber sécherlech gehollef hunn, esou waren dës Aiden awer laang nach net gläichzesetze mat den Hëllefen, déi de Salariéen zeguttkomm sinn.

Firwat eigentlech net och Chômage partiel fir Selbstänneger? Wann e Betrib opgrond vun externe Facteure seng Aktivitéiten astelle muss an d'Salariéen a Kuerzaarbecht geschéckt ginn, da misst et dach och erlaabt sinn, datt den Independant Chômage partiel ufroe kann. Wéi fir d'Salariéë kéint een d'Limitt vun de Prestatioune bei 250 % vum net qualifizéierte Mindestloun leeën. Par contre kann een d'Reduktioun vun den Aarbechtszäiten, anescht wéi bei de Salariéen, fir Independanten net als Konditioun festleeën.

E Betrib, deen inaktiv ass, hält net op ze existéieren an de Patron muss sech weider ëm seng Entreprise këmmeren. E schafft also weider, mee generéiert kee Revenu. Genee dat misst als Konditioun geholl ginn: de Revenu, an net de Facteur Zäit.

Nodeems ech meng Demande fir dës Interpellatioun agereecht hunn, huet den Aarbechtsminister d'lescht Joer annoncéiert, dass e Gesetzesprojet ausgeschafft géif ginn, fir den Accès zum Chômage partiel fir Independanten opzemaachen. Meng Fraktioun begréisst dës Initiativ ausdrécklech.

Här Minister, Dir kënnt eis sécherlech soen, wou genee dësen Text den Ament drun ass an ob mer nach domadder rechne kënnen, an dëser Legislaturperiod en Text deposéiert ze kréien, voire ob nach ee gestëmmt gëtt. Dat wier op alle Fall e wichtegt Signal un d'Independanten, datt mir hir Situatioun an hir Suergen eescht huelen an aus vergaangene Krise léieren.

Kolleeginnen a Kolleegen, Inegalitéiten tëschent Salariéen an Independantë gëtt et och beim Chômage complet. Als Salarié muss een an den zwielef Méint virun der Aschreiwung bei der ADEM wärend minimum 26 Wochen en Aarbechtskontrakt gehat hunn. E Salarié am Chômage kann niewebäi och e professionelle Revenu hunn, soulaang dëst Akommes net méi wéi 10 % vun de Chômageindemnitéiten entsprécht. Gëtt dës Limitt iwwerschratt, da gëtt deen Deel vum Revenu, deen driwwer läit, vun der Indemnitéit ofgezunn.

Hei gëlle fir den Independant aner Reegelen. Virun der Aschreiwung bei der ADEM muss ee minimum zwee Joer als Independant oder Salarié sozialverséchert gewiescht sinn. D'Perioden, déi een als Salarié sozialverséchert war, dierfen, fir op déi zwee Joer do zréckzekommen, nëmme cumuléiert ginn, wann ee minimum sechs Méint virun der Demande d'indemnisation als Independant geschafft huet.

Ausserdeem gräifen d'Sanktioune bei engem Selbstännege méi séier. Wann hien ophale muss mat schaffen a just virdru seng Cotisatiounen net méi bezuelt huet, vläicht well en et finanziell einfach net méi gepackt huet, da gëtt seng Indemnitéit, jee nodeem, op 80 oder 85 % vum Mindestloun begrenzt, egal wéi héich säin Akommes war an egal wéi vill Joren e virdru seng Cotisatiounen ëmmer korrekt bezuelt huet.

Dës Reegel, déi à la base Abuse verhënnere soll, provozéiert haaptsächlech, datt Independanten, déi souwisou scho finanziell Schwieregkeeten haten, nach méi staark betraff ginn. Beim Cumul vun engem Revenu professionnel an enger Indemnité de chômage kënnen d'Travailleurs intellectuels indépendants genee wéi d'Salariéen en Equivalent vun 10 % vun der Chômageindemnitéit derbäiverdéngen. Fir Commerçanten oder Handwierker, déi nach enger selbstänneger Aktivitéit wëllen nogoen, geet dat awer zum Beispill net. Déi kréien an esou engem Fall systematesch hir Chômageindemnitéit refuséiert oder zréckgezunn.

E weidere Punkt, dee vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers kritiséiert gëtt an et den Independanten extreem schwéier mécht, de Chômage ze kréien, ass de Fait, dass d'ADEM als Preuve, fir de Chômage ze accordéieren, net nëmmen eng Cessation de l'activité, mee eng Cessation de la société, also en fait eng Faillite verlaangt.

Dat geet immens wäit an ass och u sech net esou vun eisem Code du travail virgesinn, wou kloer vun enger Cessation de l'activité geschwat gëtt.

E Betrib oder eng Societéit kann emol duerch eng schwéier Zäit goen, mee d'Faillite als Konditioun ze froen, fir de Chômage ze kréien, geet an eisen Aen ze wäit. Dem Independant gëtt et esou nëmme méi schwéier gemaach, fir seng Aktivitéit duerno nees opzehuelen, well en nees bei null ufänke muss.

Ech wëll op dëser Plaz op e konkreet Beispill vun engem Affekot agoen, dee vu Mëtt Mäerz bis Enn Mee 2020 de Chômage gefrot huet. Hie krut de Chômage vun der Commission spéciale de réexamen refuséiert, well hie sech net um Barreau ausgedroen hat an esou aus der Siicht vun der Commission spéciale keng Cessation de l'activité noweise konnt.

Am Dezember krut den Affekot, gradewéi an éischter Instanz, virum Conseil supérieur de la sécurité sociale awer Recht, datt hien de Chômage misst ausbezuelt kréien. Dëst Urteel ass domat begrënnt ginn, dass den Affekot net fräiwëlleg opgehalen huet mat schaffen, mee seng Etüd him gekënnegt huet. Dass hie keng eege Clientèle hat, déi him e weidert Akommes abruecht huet, dass hie sech vum Centre commun de la sécurité sociale als Independant desaffiliéiert hat, dass hien nogewisen huet, dass e kee Revenu méi hat an dass hien iwwer keng eegen adequat Infrastruktur verfüügt huet, déi him et erlaabt hätt, als Affekot ze schaffen, an dass hien och bewisen huet, Efforte gemaach ze hunn, fir proaktiv no enger neier Aktivitéit ze sichen.

Als Konklusioun vun dëser Affär ass et fir eis als DP wichteg, dass weeder d'Desaffiliatioun vum Barreau nach d'Faillite vun enger Firma dierfen d'Konditioun sinn, fir dass en Independant och Chômage kritt. Domadder provozéiere mir just, datt den Independant méi laang am Chômage bleift an a finanziell Schwieregkeete geréit, well e seng Aktivitéit manner séier nees ophuele kann.

Et gëtt deemno beim Chômage souwuel an den Texter wéi och an der Praxis ënnerschiddlech Reegele fir Salariéen an Independanten. De Koalitiounsaccord gesäit vir, datt de Chômage fir Independanten iwwerpréift soll ginn an déi selwecht Rechter fir jidderee gëlle sollen, egal ob Salarié oder Independant.

An enger Aarbechtskommissioun hat Dir, Här Minister, an dësem Kontext gesot, dass d'Reflexiounen um Niveau vun der Regierung zum Chômage vun den Independantë souguer méi wäit géife goe wéi eng Proposition de loi, déi parallell agereecht gouf, mee dass Dir Iech awer eng Rei Garde-fouen am System géift wënschen, notamment dass eng reell Activité indépendante misst nogewise ginn. Vläicht kënnt Dir eis zu dësem Punkt schonn dat eent oder anert méi soen.

Eng Iwwerleeung dozou nach vun eiser Säit. Et kéint een och virgesinn, dass en Independant bei enger Demande, fir de Chômage ze kréien, zum Beispill eng Déclaration sur l'honneur areeche géif, fir dem Risiko vun eventuell abusive Verhalen entgéintzewierken.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen ëfters iwwert d'Prozedur vum Reklassement vu Salariéen. Fir Selbstänneger gëtt et kee System vu Reclassement professionnel. Genee wéi e Salarié kann awer och en Independant aus gesondheetleche Grënn an de Fall kommen, datt e senger Aktivitéit net méi nogoe kann. Als Selbstännegen huet een d'Méiglechkeet, entweeder zäitweis eng Rehabilitatioun an Usproch ze huelen an ze hoffen, datt de gesondheetlechen Zoustand sech nees esou wäit verbessert, dass een der Aktivitéit nees kann nogoen, oder eng aner, méi adaptéiert Aarbechtsplaz ze sichen.

Mee well een als Independant vun der Prozedur vum Reklassement ausgeschloss ass, gi fir d'Rehabilitatioun oder eventuell Ëm- oder Weiderbildunge keng Fraisen iwwerholl, an dat, obwuel den Independant wéi de Salarié an de Sozialsystem cotiséiert an Urecht op déi selwecht sozial Leeschtunge misst hunn, net méi an an net manner.

D'DP ass der Meenung, dass op d'mannst analyséiert misst ginn, ob esou eng Procédure de Reclassement externe fir Independantë kéint agesat ginn. En Independant huet an der Reegel kee fixe Salaire, deen een als Basis fir d'Berechnung vun der Indemnitéit kéint huelen. Dës misst deemno op enger Estimatioun baséieren. Ass de reelle Revenu dann do, kéint se awer nei gerechent ginn an eventuell Iwwerschëss beim Ausbezuele vun der Indemnitéit kéinten zréckbezuelt ginn. À discuter!

Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu scho gesot, dass en Independant vun de selwechte soziale Leeschtunge misst profitéiere kënne wéi e Salarié. E cotiséiert schliisslech geneesou wéi e Salarié. E cotiséiert souguer duebel, well e souwuel d'Part patronale wéi och d'Part salariale bezilt.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers fuerderen dowéinst, datt all cotiséierten Euro och Zougang zu de selwechte Rechter garantéiert. Dat ass haut nach net de Fall. Huele mir als Beispill d'Reegelen zur Cumuléierung vun der virgezunnener Alterspensioun an engem professionelle Revenu. Wärend d'Konditioune fir d'Attributioun vun der Pensioun fir Salariéen an Independanten identesch sinn, leet de Code de la sécurité sociale awer ënnerschiddlech Anticumulreegele fest.

Geet een an der Prépension vieillesse enger Activité salariée no, da gëlle follgend Reegelen: Wann de professionelle Revenu, op d'Joer gekuckt, manner wéi en Drëttel vum soziale Mindestloun ausmécht, dann huet dat keen Afloss op d'Prepensioun. Bei engem aktuellen onqualifizéierte Mindestloun vun 2.447,07 Euro, muss de professionelle Revenu fir de Salarié an

deem Fall ënner 815,69 Euro leien. Gëtt dës Limitt iwwerschratt, da gëtt d'Prepensioun vum Salarié reduzéiert, wa se zesumme mam professionelle Revenu d'Moyenne vun de fënnef héchste Salairë wärend der Versécherungskarriär depasséiert. Sollt de Revenu dës fënnef héchst Salairen, op ee Joer gekuckt, eleng depasséieren, da gëtt d'Prépension de vieillesse dem Salarié refuséiert oder zréckgezunn.

Geet een awer wärend der Prepensioun enger selbstänneger Aktivitéit no, da gëllen aner Reegelen. D'Limitt vun engem Drëttel vum Mindestloun fir de professionelle Revenu bleift déi selwecht. Mee gëtt déi Limitt och nëmme minimal iwwerschratt, da verléiert een direkt d'Recht op seng virgezunnen Alterspensioun. Et gëtt hei also kee Spillraum, net wéi bei enger Activité salariée, wou d'Prepensioun ënner gewëssene Limitte fir d'éischt emol reduzéiert gëtt.

Ma aus wéi engem Grond gëtt bei der Preventioun net jidderee gläich behandelt, onofhängeg dovunner, ob een niewebäi ënnert dem Statutt vum Salarié oder ënnert dem Statutt vum Independant schafft. Gëtt et do novollzéibar Argumenter?

Dës ongläich Reegele maachen näischt anescht wéi de Leit Steng an de Wee leeën. Dat gesäit een zumools um Beispill vun den Handwierker. Verschidden Handwierker wëlle sech an der Prepensioun weider fir hire Secteur engagéieren, Jonker ausbilden, fir hir Expertise esou och weiderzeginn. Natierlech ass et awer och nëmme richteg, datt si fir dësen Engagement, deen eiser ganzer Wirtschaft zegutt kënnt, finanziell entschiedegt ginn.

Ech wëll hei och kuerz op ee konkreete Fall agoen, dee mir beschriwwe gouf an d'Problematik gutt duerstellt. Et geet ëm en Handwierker, dee riskéiert, seng Prepensioun ganz ze verléieren, well säi Revenu aus enger selbstänneger Aktivitéit 259 Euro iwwert der Limitt louch. Ass dat wierklech gerecht, wann e Salarié an der selwechter Situatioun just eng Reduktioun vu senger Prepensioun riskéiert? D'Äntwert ass kloer: Nee!

D'Penurie bei den Handwierker, och bei de Formateuren, ass eis alleguerte bekannt an en eeschte Problem. Wier et do net ubruecht, déi Leit, déi bereet sinn, sech fir d'Handwierk ze engagéieren, ze valoriséieren, egal ob een a senger Prepensioun als Salarié oder als Independant schaffe wëll? Déi selwecht Anticumulreegele sollte fir jidderee gëllen.

Här President, wéi d'Diskussiounen ëm de Revenu de remplacement wärend der Pandemie opkomm sinn, hat den deemolegen Aarbechtsminister eng Iwwerleeung opgeworf, fir d'Mutualité des employeurs auszebauen oder eng nei ze schafen, wou géif dra cotiséiert ginn.

Mech géif, Här Minister, Är Vue als neie Ressortminister op dës Mutualité des employeurs interesséieren. Virdrun awer e puer Iwwerleeungen zu dëser Mutualité des employeurs. Als Independant ass een à la base selwer responsabel, fir sech fir de Krankheetsfall ze versécheren. D'CNS spréngt finanziell eréischt um Enn vum Mount, wou 77 Deeg Incapacité de travail laanscht sinn, an. Wann ee virdru finanziell ënnerstëtzt wëll ginn, da muss ee bei der Mutualité des employeurs affiliéiert sinn.

D'Affiliatioun bei dëser Mutualitéit gëtt de Moment op enger fräiwëlleger Basis gemaach. Aktuell si ronn zwee Drëttel vun den Independanten do affiliéiert. Well domat een Drëttel vun den Independanten am Krankheetsfall net ofgeséchert ass, gëtt et Diskussiounen, de System ze adaptéieren an zum Beispill eng obligatoresch Affiliatioun bei der Mutualitéit festzeleeën. Ënner anerem wier d'UEL en faveur vun esou enger Iddi.

D'Fro, déi ee sech virop stelle muss, ass, firwat net all Independant fir de Krankheetsfall verséchert ass. Et schéngt e Mangel un Informatioune bei den Independanten ze ginn. Si kennen d'Avantagë vun enger Affiliatioun oft net a Jonker denken och net drun, datt si esou eng Versécherung eng Kéier brauche kéinten. Ech wosst dat éierlecherweis am Ufank och net.

Virun allem am Ufank, wa si sech an d'Selbstännegkeet lancéieren, wëlle si hir Suen och vläicht léiwer an den Opbau vun hirer Aktivitéit oder hirem Betrib stiechen. Fir grad jonk Independanten ze schützen, kéinte mir eis als Demokratesch Partei virstellen, en Opt-out-System bei der Affiliatioun an der Mutualité des employeurs virzegesinn. Dat heescht, dass een d'office géif affiliéiert ginn a sech aktiv misst desaffiliéieren, wann ee sech op eegene Risiko net versécheren oder léiwer anescht ofséchere wëll.

Wat haalt Dir, Här Minister, vun esou engem Opt-out-System bei der Affiliatioun vun den Independanten an der Mutualité des employeurs, engem System, dee schonn a verschiddenen anere Beräicher agesat gëtt, wéi zum Beispill an der Santé beim DSP oder bei der Organspend?

Kolleeginnen a Kolleegen, de Kader, an deem verschidden Independanten evoluéieren, ass och net ëmmer zäitgeméiss. Ech denken dobäi un de Statutt vun dem Conjoint aidant, dee misst reforméiert a moderniséiert ginn. E kënnt haaptsächlech bei Independanten zum Asaz, déi en nom propre schaffen a wou de Liewenspartner bei der Gestioun oder Administratioun vun enger Familljenentreprise aktiv ass. Dëse gëtt dann als Conjoint aidant iwwert den Independant mataffiliéiert.

Zu 99 % handelt et sech iwwregens bei de Conjointaidanten ëm Fraen. Si gi mam aktuelle System awer defavoriséiert, well hir Pensiounen extreem niddreg ausfalen. Dat kënnt zustan, well de Conjoint aidant just op engem Revenu cotiséieren dierf, deen net méi wéi zweemol de soziale Mindestloun ausmécht, all Surplus geet op den Haaptassuré, also den Independant, dee bis d'Héicht vu fënnefmol de Mindestloun cotiséieren dierf. Dobäi sollt et fir de Conjoint méiglech sinn, genee wéi den Haaptassuré, op e Revenu bis zu fënnefmol de Mindestloun ze cotiséieren a sech esou eng méi héich Pensioun ze sécheren. Dat wier och am Sënn vun enger méi grousser Geschlechtergerechtegkeet, well jo haaptsächlech Fraen ënnert dësem Statutt schaffen.

D'Handels- a Beruffskummere plädéiere fir en nach méi flexibele Modell, wou den Independant an de Conjoint aidant de Choix tëschent verschiddene Plaffonge fir Cotisatiounen hätten. Wann d'Entreprise méi Ëmsaz generéiert, géif de Conjoint op engem méi héije Revenu cotiséieren. Wann den Ëmsaz méi niddreg ausfält, géif een och op engem méi niddrege Revenu cotiséieren. Dat wier virun allem hëllefräich, wann e Betrib opgrond vun externe Facteuren a finanziell Schwieregkeete geréit.

Här President, bei der Gläichstellung vun den Independanten hei am Land gëllt et, esou munches ze reforméieren. Esou steet am Koalitiounsaccord ënnert dem Kapitel vun der Modernisatioun vum Droit du travail: „Le statut de l'indépendant avec toutes ses nuances est insuffisamment pris en compte par notre droit du travail en ce qui concerne un certain nombre de droits [...]. Il s'agit de passer en revue certaines lacunes et d'y remédier le cas échéant."

Och de Conseil économique et social souwéi d'OECD an hirem Pandemierapport hunn dorobber higewisen, datt Lëtzebuerg nach Efforten ze maachen huet, fir d'Situatioun vun den Independanten ze verbesseren. D'Chamber huet beim Debat iwwert den OECD-Rapport dann och eng Motioun gestëmmt, wou dës Fuerderung nach eng Kéier un d'Regierung geriicht gouf.

Fir d'Demokratesch Partei muss eis Politick dofir esou ausgeluecht sinn, dass déi bestoend Lacunnen esou séier wéi méiglech ofgebaut a mer esou a Richtung vun engem Statut unique ginn, wou Independanten a Salariéen an engem gläiche gesetzleche Kader evoluéieren.

Duerch d'Ugläichung vun de Regimmer wäerte mir e méi favorabele Kader schafen an doduerjer de Jonken nees méi Loscht maachen, dëse Wee anzeschloen, sech ze lancéieren, eng Firma ze grënnen, Projeten ëmzesetzen a sech als Independant ze entfalen.

Hei gesi mir als DP follgend Usätz: Scho bei de Basiscotisatioune kéint een Adaptatioune virhuelen. Esou kéint een eng progressiv Staffelung vun de Cotisatioune festleeën, eng Referenzperiod oder eng Karenzzäit vun dräi Méint aféieren, fir de Start an d'Selbstännegkeet ze vereinfachen. Aktuell cotiséiert all Independant op der Héicht vum soziale Mindestloun.

Wie sech selbstänneg mécht, generéiert am Ufank awer oft keen oder e klenge Revenu, ënnert dem Mindestloun oft, well vill an den Opbau vun dem Betrib oder enger eegener Aktivitéit investéiert muss ginn. D'Basiscotisatioune falen da proportionell méi staark an d'Gewiicht. E Salarié am Temps partiel huet och d'Méiglechkeet, op d'Stonnen ze cotiséieren, déi hie geschafft huet. En Independant cotiséiert och an deem Fall ëmmer op de Mindestloun. D'Upassung un den Temps partiel sollt och an deem Fall méiglech ginn.

Och den Droit d'établissement muss iwwerschafft ginn. Déi aktuell Ufuerderunge si veraalt an entspriechen net den haitegen Aarbechtsëmstänn. Hei sinn ech frou, dass de Mëttelstandsminister Lex Delles eng gréisser Reform vum Droit d'établissement op den Instanzewee bruecht huet. Hei gëtt den Accès zu verschiddene Beruffer vereinfacht. Et geet awer och generell drëms, den Esprit d'entreprise virun allem bei Jonken ze stimuléieren, dës besser ze schützen, wa se eng Aktivitéit vun engem aneren iwwerhuelen, esou Reprise-d'entreprisen ze vereinfachen an och eng zweet Chance ze ginn, wann et bei engem éischte Lancement net geklappt hat.

Fir d'Selbstännegkeet ze fërderen, kéint een och finanziell Ureizer schafen. D'Fédération des travailleurs intellectuels indépendants proposéiert zum Beispill eng Primm, wann ee sech déi éischte Kéier als Independant etabléiert. Iwwert d'Héicht vun esou enger Primm misst een natierlech diskutéieren. Véier Generalisten, déi sech an engem Cabinet de groupe zesummeschléissen, kënnen zum Beispill och vun enger Prime unique vun 10.000 Euro profitéieren. Eng Primm fir Independantë kéint ee vläicht bei 2.500 Euro usetzen.

Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gläichbehandlung an e méi modernen a favorabele Kader géifen de Statutt vum Independant méi interessant maachen. Doriwwer eraus musse mir dëse Statutt als reell Alternativ zum Salariat an der Gesellschaft fërderen. Wéi uganks mat Beispiller ënnermauert, ass Lëtzebuerg am EU-Verglach oft hannebäi, wann et ëm den Entrepreneuriat geet.

2004 hat d'Juncker-Polfer-Regierung en Aktiounsplang op d'Bee gestallt mam Numm „Entrepreneurship au Grand-Duché de Luxembourg – Entreprendre pour réussir". An deem Kader hat de Comité national pour la promotion de l'esprit d'entreprise, deen et haut leider net méi gëtt, d'Sensibiliséierungscampagne „Trau Dech!" lancéiert. No bal 20 Joer ass et vläicht nees un der Zäit, eng nei Campagne auszeschaffen.

Virun allem musse mir awer um Bild vum Independant an der Gesellschaft schaffen, well dat Bild entsprécht sielen der Realitéit. Déi mannsten Independantë fueren en décke Ferrari, wunnen an enger riseger Villa ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP), interpellatrice | ... oder verbréngen d'Majoritéit vum Joer op hirer privater Yacht. Tatsächlech verdénge vill Salariéë bedeitend méi wéi esou munchen Independant. Den Aarmutsrisiko bei den Independanten ass leider héich, wat duerch d'Pandemie nach verstäerkt gouf. Dovunner gëtt awer bei den Aarmutsdebatten net oft genuch geschwat.

D'Patrone vun de sëllege klenge Betriber uechtert d'Land, déi oft vergiess ginn: Si si meeschtens net déi mat de breede Schëlleren. Niewent dem eegene Prêt oder Loyer fir d'Wunneng musse si nach de Loyer vum Betrib bezuelen, d'Fraisen, déi ufalen, d'Salairë vun den Aarbechter. An déi gi fir d'éischt ausbezuelt. De Patron selwer kritt eppes, wann nach eppes iwwreg ass. D'Prioritéit ass, de Betrib um Lafen ze halen. Dat kascht Suen a vill Zäit, oft méi wéi 40 Stonnen d'Woch. Mee well et engem selwer gehéiert, mécht ee sech och gären déi Méi. Eppes wuessen ze gesinn, dat ee mat sengen eegenen Hänn opgebaut huet, mécht houfreg an zefridden.

Mee wann een onnéideg Steng an de Wee geluecht kritt, déi et schwéier maachen, alles um Lafen ze halen an nach selwer vun der Aarbecht liewen ze kënnen, da geréit ee séier a Verzweiflung. Da freet ee sech, firwat ee sech dat undeet an ob dat alles nach Sënn mécht, fir sech déi Méi ze maachen.

Här President, d'Selbstännegkeet ass eppes ganz Besonnesches. Se gëtt gebuer aus enger grousser Leidenschaft fir eng Iddi an nom Wonsch no der Fräiheet, säin eegene Chef ze sinn, a sengen eegene Konditiounen ze schaffen. D'Selbstännegkeet verlaangt vill Risikobereetschaft, vill Courage a Wëllensstäerkt. Independantë sinn e wichtege Pilier vun eiser Wirtschaft. Si dreiwen d'Innovatioun weider a schafen Aarbechtsplazen. Si sinn net nëmmen Deel vum Mëttelstand, de Mëttelstand gëtt aus hiren Initiativen eraus gebuer. An dat mussen eist Aarbechtsrecht an eis Sozialversécherung och erëmspigelen.

An dësem Sënn wäert ech Iech, Här President, och eng Motioun areechen, déi d'Regierung opfuerdert, déi néideg rechtlech Adaptatioune virzehuelen an d'Entrepreneuriat konsequent weider ze férderen. D'Sécherheet, d'Gerechtegkeet an d'Unerkennung fir all Independantë muss Realitéit ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– réaffirmant que l'entrepreneuriat est un des principaux moteurs de l'innovation et de la création d'emplois et contribue ainsi de manière significative au développement de l'économie nationale ;*

*– considérant que les travailleurs indépendants ont un statut différent de celui des salariés, ce qui peut entraîner une inégalité de traitement en termes de protection sociale et de droits ;*

*– rappelant que l'accord de coalition 20180-2023 a constaté que « l'indépendant avec toutes ses nuances est insuffisamment pris en compte par notre droit du travail en ce qui concerne un certain nombre de droits (chômage, protection et sécurité sociale, etc.) » ;*

*– considérant les récents efforts déployés par le Gouvernement afin d'accorder aux travailleurs indépendants l'accès aux mêmes droits qu'aux travailleurs salariés, dont notamment :*

*• l'accès au congé parental,*
*• l'accès au congé pour raisons familiales,*
*• l'accès au revenu d'inclusion d'emploi (REVIS),*
*• la mise en place du régime complémentaire de pension pour indépendants (RCPi) ;*

*– saluant les initiatives du Gouvernement favorisant le développement de l'entrepreneuriat, dont notamment :*

*• le lancement du « House of Entrepreneurship » en 2016,*
*• l'introduction d'une nouvelle section N « Entrepreneuriat, finance et marketing » dans l'enseignement secondaire ;*

*– notant que plusieurs acteurs, dont le Conseil économique et social (CES) et l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE), ont signalé que les travailleurs indépendants sont actuellement traités de manière inégale dans le droit luxembourgeois ;*

*– considérant que l'inégalité de traitement entre les travailleurs indépendants et les salariés peut avoir un impact négatif sur la qualité de vie et l'engagement professionnel des travailleurs indépendants ainsi que sur leur capacité à contribuer à l'économie nationale ;*

*– rappelant que, lors du débat sur les leçons à tirer de la pandémie du Covid-19, la Chambre des Députés a adopté une motion invitant le Gouvernement à :*

*• examiner les pistes en faveur d'un soutien récurrent, comparable au chômage partiel, à destination des travailleurs indépendants,*
*• prévoir un dispositif de crise permettant de mieux soutenir les travailleurs indépendants en cas de fermeture des écoles, de maladie ou de mise en quarantaine,*
*• revoir les conditions d'ouverture du droit au chômage en temps de crise sanitaire de sorte à en faciliter l'accès pour des personnes ayant eu des carrières professionnelles courtes ou interrompues, notamment les jeunes et les intérimaires, ainsi que les indépendants,*

*invite le Gouvernement à*

*– poursuivre, de manière générale, ses efforts pour réduire l'inégalité de traitement entre les travailleurs indépendants et les salariés ;*

*– aligner davantage les deux régimes en révisant, tel qu'indiqué dans l'accord de coalition 2018-2023, les« législations qui diffèrent selon que la personne travaille dans le cadre d'un contrat de travail ou de façon indépendante » ;*

*– accorder notamment aux travailleurs indépendants l'accès aux mêmes droits qu'aux travailleurs salariés, en ce qui concerne entre autres :*

*• le cumul d'un revenu avec une pension de vieillesse anticipée,*
*• le chômage complet ;*

*– analyser la possibilité d'introduire une procédure de Reclassement externe pour travailleurs indépendants ;*

*– analyser le statut du conjoint aidant et le cas échéant adapter le cadre légal du conjoint aidant ;*

*– moderniser le droit d'établissement ;*

*– analyser la possibilité de prévoir un système d'« opt out » en ce qui concerne la procédure d'affiliation des travailleurs indépendants à la Mutualité des employeurs, voire analyser la possibilité de l'introduction d'une affiliation obligatoire à la Mutualité des employeurs ;*

*– lancer une campagne de sensibilisation avec l'objectif d'améliorer l'image du travailleur indépendant et de promouvoir l'entrepreneuriat au sein de la société.*

*(s.) Carole Hartmann, Semiray Ahmedova, Dan Kersch.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hartmann.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, mäin éischte Merci geet natierlech un eis Interpellantin, d'Madamm Hartmann, fir d'Initiativ geholl ze hunn, eng Initiativ zu deem wichtege Sujet do ze lancéieren. An ech muss iwwregens soen, an dat kënnt mer selte vir, dass ech quasiment déi ganz Ried, déi d'Madamm Hartmann hei gehalen huet, kéint ënnerschreiwen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... well ech quasiment mat deenen allermeeschte Punkten d'accord sinn, déi se hei virbruecht huet, wat mir dann och erlaabt, meng Ried e bësselche méi kuerz ze halen, well ech och déi Developpementer iwwert déi sozial Ongläichheeten, esou wéi d'Madamm Hartmann se hei duergestallt huet, 100%eg kann deelen.

Ech sinn och frou, datt zwee Ministeren de Moien hei sinn, hätt mer allerdéngs och gewënscht, datt de Mëttelstandsminister de Moien hei wier, well et geet schlussendlech ëm déi Selbstänneg, ëm d'Independanten, fir déi hien a sech zoustänneg ass. An ech hunn och mat ganz vill Opmierksamkeet hei eng Rei vu Propositioune vun der Madamm Hartmann matkritt, déi sech direkt un de Mëttelstandsminister riichten. Ech selwer wäert och déi eng oder aner Propositioun do maachen. Duerfir fannen ech eigentlech, datt d'Ekipp vun der Regierung onkomplett ass, well den Här Delles feelt.

Erlaabt mer awer, fir direkt och e puer Zuelen ze soen. D'Madamm Hartmann huet Verschiddener gesot, ech géif vläicht e puer anerer soen. Ech mengen zwar, datt mer Allenzwee déi Zuelen aus deene selwechte Rapporten huelen. Mir hunn op Enn vum Joer 2020 am ganzen eppes iwwer 24.000 Independanten hei am Land gezielt. Dovunner sinn der eppes iwwer 21.000, déi effektiv ganzdaags selbstänneg sinn, an dann hu mer der awer och nach 3.058, déi eigentlech just selbstänneg à titre accessoire sinn.

Dann en anere Chiffer, deen ech eigentlech och ganz interessant fannen. Bei deene 24.000 Independanten hu mer der 14.000, déi ganz eleng selbstänneg sinn, also ganz eleng schaffen. Mir hunn der awer och 10.000, déi Salariéen hunn, fir och ze soen, datt de Statutt vum Independant ee wichtegen ass, well en och Aarbechtsplazen an eisem Land schaaft an e schaaft der och relativ vill.

Ech wëll och direkt soen, datt mir begréissen, wat an de leschte Méint a Joren un Héllefen och fir d'Independanten am Kontext vun der Covidkris bezuelt ginn ass. Dat ass substanziell, dat war och wichteg, well ouni déi Covidhëllefen hätte ganz vill, besonnesch Selbstänneger, et warscheinlech net gepackt. Mir begréissen och, an dat huet d'Madamm Hartmann och virdrun ënnerstrach, déi Mesüren, déi geholl gi sinn, fir och den Independanten ze erméiglechen, Congé parental ze huelen. Och dat si fir eis Moossnamen, déi an déi richteg Richtung gaange sinn.

Ech muss awer och direkt hei soen, datt et vläicht d'Independantë sinn, déi et am schwéiersten haten an der Covidkris, well och do en Deel vun den Independanten, an net dee mannst groussen Deel, nämlech dee vum Horeca-Secteur, natierlech ganz besonnesch betraff war vun där Kris. An ech muss Iech och elo erëm soen, datt et an der Energiekris virun allem d'Independantë sinn, déi dorënner leiden, well se ganz oft och iwwerproportionell ofhängeg sinn (veuillez lire: betraff sinn) vun héijen Energiekäschten an dat och manner kënne verschaffe wéi vläicht

anerer. Duerfir begréisse mer och, datt am Kader vun der Tripartitt déi Moossname vun den Energiekäschten elo nach eng Kéier verlängert gi sinn.

Et ass awer och esou – wann ee ganz vill Rapporte liest –, datt d'Situatioun vu ganz, ganz villen Independantë guer net einfach ass. An zum Deel ass d'Prekaritéit, an där verschidden Independantë sinn, souguer deelweis méi héich wéi d'Prekaritéit, an där ganz vill Salariéë sech befannen. Dat heescht, mir mussen einfach wëssen, mir hunn et hei wierklech mat enger Kategorie vu Leit ze dinn, déi et net einfach huet an déi ganz besonnesch an deene leschte Joren, awer och am Moment nach leit, an et dierf ee wierklech och fir déi dote Kategorie den Aarmutsrisiko net ënnerschätzen. An do ass wierklech och eng Rei Independanten, déi a ganz, ganz schwierege Situatioune sinn.

Ech muss Iech soen, datt et natierlech fir d'Alleréischt eng Rei vu sozialen Ongläichheete gëtt zwëschent den Independanten an de Salariéen. A wéi gesot, d'Madamm Hartmann huet se opgezielt.

Do, wou ech awer e bësselchen erstaunt sinn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, muss ech awer och soen, dat ass, datt hei e Fuerderungskatalog komm ass vun der Madamm Hartmann, wéi gesot, deen ech, an och meng Fraktioun, an deenen allermeeschte Punkte ka suivéieren. Ech stellen awer fest, datt et déi Ongläichheeten net eréischt säit gëschter an haut gëtt. Ech kommen och op eng herno ze schwätzen.

Déi Ongläichheete gëtt et scho säit Joren. An ech sinn awer e bësselchen erstaunt, datt elo op eemol, siwen, aacht Méint virun de Chamberwalen, hei d'Majoritéit erwächt, mat engem ganze Fuerderungskatalog kënnt, souguer eng Motioun, déi ech zwar nach net gesinn hunn, hei deposéiert. Mee, Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen vun der Majoritéit, firwat hutt Der dat doten net scho längstens ugepaakt? Déi Problemer, déi d'Madamm Hartmann hei exzellent geschildert huet, déi hätt Der scho kënne säit Joren ëmsetzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Iwwregens och Madamm Hartmann, Äre Minister hätt och scho kënne verschidde ...

**Une voix** | Richteg!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... vun deene ganz gudde Propositiounen, déi Der do gemaach hutt, ëmsetzen. Ech gesinn och hei den Här Haagen an den Här Engel. Mir schwätzen elo iwwer eppes, dat hätt scho kënne säit Joren ëmgesat ginn. An ech wëll elo net soen, datt „am Abend wird der Faule fleißig", et muss ee sech trotzdeem awer d'Fro stellen, firwat hei d'Madamm Hartmann siwe Méint virun de Wale muss mat enger Interpellatioun kommen, fir datt endlech d'Majoritéit sech bewosst gëtt, datt mer e Problem um Niveau vun den Independanten hei an deem Land hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Et ass wéi mam Platzverweis, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et ass wéi mat ganz villem aneren, woubäi, Madamm Hartmann, ech Iech ganz staark appreciéieren. Dir wësst dat. Dir hutt virdrun awer eppes gesot, dat huet mech e bësselchen awer gestéiert. Dir hutt gesot, dank Ärer Interpellatioun wär d'Regierung erwächt, hunn ech esou plus ou moins interpretéiert.

Ech wëll Iech awer elo soen, Dir hätt awer kënne korrekterweis soen, datt d'CSV, d'Madamm Modert notamment scho virun engem oder zwee Joer hei eng Motioun ofginn hat, wou quasiment dat selwecht gefuerdert ginn ass, wat Dir hei haut gefuerdert hutt. Déi Motioun ass awer niddergeschmettert gi vun enger Majoritéit. Duerfir sinn ech awer e bësselchen erstaunt, wann dat, wat d'Madamm Modert virun engem oder zwee Joer proposéiert huet a wat Iech net gutt genuch war, dann elo op eemol an Ärer Motioun an an Ärer Ried erëmkënnt.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, an och Madamm Hartmann, mäi Kolleeg, de Marc Spautz, an ech, mir hu scho viru ganz laanger Zäit zwou Proposition-deloien deposéiert, wou mer genau dat froen, genau dat froen, wat Dir elo hei developpéiert hutt. Korrekterweis hätt Der dann awer och vläicht kënnen op déi Proposition-de-loien hiweisen. Wann also d'Regierung elo bougéiert, a mir si frou natierlech, datt d'Regierung endlech bougéiert, mengen ech, ass et awer och ganz e bësselchen de Meritt vun enger CSV, datt mer do e bësselche virukommen.

Fir awer elo op déi eenzel Mesüren anzegoen: Dir hutt se, wéi gesot, geschildert, ech ginn also elo nach eng Kéier méi schnell doduerch. Do geet et fir d'éischt natierlech ëm déi Antikumullbestëmmunge bei de Pensiounsreegelungen. Dir hutt dat ganz gutt geschildert. Ech brauch also net méi dodrop anzegoen. Op deem Punkt hunn eebe ganz genau den Här Spautz an ech eng Proposition de loi gemaach, déi iwwregens, léif Kolleeginnen a Kolleegen, positiv vum Staatsrot aviséiert ginn ass. Déi Proposition de loi, léif Kolleeginnen a Kolleegen, kann haut hei ofgestëmmt ginn. Wann den Här Haagen eis elo de Feu vert gëtt, da schreiwen den Här Spautz oder ech nach schnell e Rapport an da kënne mer dat nach dës Woch oder d'nächst Woch ofstëmmen. Et feelt also just, léif Kolleegen, hei u politeschem Wëllen, fir dat ze maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Zweete Punkt, wat déi ganz Chômage-Ongerechtegkeete betrëfft: Och dat ass hei exzellent duergestallt ginn. Och do, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hunn den Här Spautz an ech eng Proposition de loi gemaach, déi zum Deel zumindest déi Problematik do opgräift. Och do wär et relativ einfach, fir hei e Gesetzestext draus ze maachen. Mir bräichte just de politesche Wëllen.

Dann ass hei déi Thematik, déi och wichteg ass am Kontext vum Statutt vun den Independanten, nämlech de Conjoint aidant. Och do gëtt et substanziell Ongerechtegkeeten. Do géife mir zum Beispill proposéieren, datt, wat de cotisabele Plaffong betrëfft, deen am Moment just bei zweemol dem soziale qualifizéierte Mindestloun läit, een dat emol kéint bis op fënnefmol de Mindestloun héijen, well dat och eng fundamental Ongerechtegkeet ass.

Da gëtt et natierlech och alleguerten déi Ongerechtegkeeten, wat déi verschidde Chômagë betrëfft. Wéi gesot, et ass virdru schonn ugeschnidde ginn, och de Chômage intempérie. En anere wichtege Punkt, op deen ech och nach wéilt agoen, dat ass de Reklassement. Och do gëtt et Inegalitéiten zwëschent dem Statutt vum Salarié an deem vum Independant. Och do, mengen ech, wär et wichteg, wann endlech eppes géif geschéien.

Léiwen Aarbechtsminister, léiwe Sécurité-sociales-Minister, ech mengen, hei ass also schonn och vun der Oppositioun, déi jo ëmmer reprochéiert kritt, si géif keng konkreet Propositioune maachen, scho ganz vill gutt Viraarbecht geleescht ginn. Et ass Iech also elo fräigestallt, vläicht och déi gutt Viraarbecht mat a Consideratioun ze zéien, fir datt mer endlech och an deem Dossier virukommen.

Ech wollt dann awer nach op eenzel aner Punkten agoen, déi net nëmmen dee ganze soziale Volet concernéieren. An do ass och ee ganz wichtege Punkt vun der Madamm Hartmann ugeschwat ginn. Dat ass dee vun der Iwwerdroung vun Entreprisen. Dat ass eppes, wat fir d'Independantë spillt, net nëmme fir d'Independanten. Ech wäert do och am Kader vu menger Interpellatioun zu der Zukunft vun der lëtzebuergescher Wirtschaft eng Rei konkreet Propose maachen. Duerfir brauch ech haut am Detail net dodrop anzegoen.

Et ass allerdéngs wichteg, wa mer wierklech wëllen de Beruff vum Independant méi attraktiv maachen, datt mer do notamment um steierlechen Niveau deene Leit entgéintkommen, déi hire Betrib entweeder an der Famill wëlle viruverierwe respektiv en eventuell och un eng Drëttpersoun wäerte wëlle cedéieren. Well Dir wësst, wéi dat am Moment ass: Et si ganz vill Leit, déi einfach mat hirem Betrib ophalen, well et steierlech esou oninteressant ass, dee Betrib iwwerhaapt virunzeginn. An do geet eis eigentlech och en immense Fong vun Entreprisë verluer. An duerfir mengen ech, datt et wierklech och wichteg wier, datt op deem Punkt eppes geschitt.

Dir hutt d'Autorisation de faire le commerce ugeschwat. Och do, mengen ech, misste mer et endlech fäerdegbréngen, datt Leit, déi dann eng Kéier an hirem Liewen eng Faillite provozéiert hunn – a jiddweree soll och eng Kéier d'Recht hunn, eng Kéier net ze reusséieren –, net vu vireran ni méi kënnen eng Handelsgeneemegung kréien. Do weess ech, datt den Här Delles ugekënnegt huet, datt dat soll geännert ginn. Et wär allerdéngs ganz wichteg, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann dat méiglechst schnell géif geschéien.

Dann en drëtte Punkt, dat ass deen, datt et awer haut nach äusserst schwiereg ass, fir iwwerhaapt och als Independant sech kënnen ze etabléieren, fir iwwerhaapt och do all d'Autorisatiounen ze kréien. An do maachen ech och nach op en anere Punkt opmierksam, dee mer schonn e puermol diskutéiert hunn, datt et och ëmmer méi schwéier gëtt fir Independanten, iwwerhaapt Bankkonten opgemaach ze kréien. Och dat ass eng eenzeg Katastroph. Mat verschiddene Kolleege ware mer virun e puer Deeg bei der CSSF. A souguer d'CSSF huet eis selwer confirméiert, datt dat am Moment e risege Problem wier, datt eenzel Leit iwwerhaapt emol kee Kont méi kënnen opgemaach kréien. Och dat ass fir Independanten extreem wichteg. An och do géif ech Iech bieden, datt endlech eppes geschitt. Dat sinn, wéi gesot, éischter elo Propositiounen, déi aner Ministere concernéiere wéi déi zwee, déi hei sëtzen. Mee trotzdeem wär dat awer wichteg.

Ech wëll just am Numm vun der CSV-Fraktioun hei ganz kloer soen, datt fir eis d'Independanten e ganz wichtegen Deel vun der lëtzebuergescher Wirtschaft duerstellen. Mir brauche méi wéi jee Independanten. Mir brauche se am Handwierk. Mir brauche se am Commerce. Mir brauche se bei de Prestatairede-servicen. Mir brauche se am Horeca-Beräich. Mir brauche se op der Finanzplaz. Och do si ganz vill Independanten. A mir brauche se an de Startuppen. An Dir wësst, wéi wichteg datt Startuppe sinn. An duerfir, an och dat huet d'Madamm Hartmann virdru gesot an och dat kann ech hei ënnerstëtzen, geet et och drëm, wat fir e Message a wat fir eng Signaler mir deene jonke Leit ginn.

Wa mir gären hätten, a mir brauchen déi jonk Leit, datt se sech sollen als Selbstänneger, als Independanten engagéieren, da musse mir hinnen awer e Minimum vu sozialer Ofsécherung ginn. Mir mussen d'Liewen net schwéier maachen, wa se wëllen e Betrib grënnen. An duerfir plädéiere mir wierklech och derfir, datt do vum Message, dee mer ginn, datt och

de Beruff, de Statutt vum Independant wierklech och méi positiv duergestallt gëtt.

Gëschter hate mer de Fraendag. Ech kann Iech soen, datt mer och onbedéngt nach méi Frae brauche bei den Independanten. An ech kann Iech soen, ech kennen e puer Fraen, déi selwer zum Beispill Startuppen opgemaach hunn, déi immense Succès hunn, déi dat super maachen. Duerfir: Independantë sinn net nëmme Männer, et sinn och Fraen, et si jonk Leit, et si manner jonk Leit. Mir brauche se alleguerten, fir datt dee Wirtschaftstanduert och weider leeft.

Dann hunn ech gesot: De Message oder déi Messagen, déi mer no bausse ginn, sinn och wichteg. An och do huet d'Madamm Hartmann eppes gesot, wat ech mat zwou Hänn natierlech kann ënnersträichen, wat mech och an deene leschte Méint a Jore schrecklech gestéiert huet: D'Independante si wierklech keng, déi an der Majoritéit am Geld schwammen an déi mam Ferrari duerch d'Géigend fueren. Déi meeschten Independantë sinn der, déi sech ploen, déi moies opstinn, déi keng Vakanzen huelen, déi einfach kucken, datt hire Betrib an domadder d'lëtzebuergesch Wirtschaft fonctionéiert.

An da muss ech Iech och soen, léif Regierungsvertrieder: Ech kann och net akzeptéieren, datt hei gesot gëtt, et wäre keng Suen do, fir zum Beispill all déi sozial Mesüren ëmzesetzen. Kommt mer wannechgelift net domadder!

An da kommen ech einfach op e Punkt, dee mech awer e bësselche stéiert. Ech sti jo bestëmmt hei net am Verdacht, een ze sinn, dee géint d'Groussindustrie oder géint de Finanzsecteur steet. Ech muss Iech awer trotzdeem soen, wéi ech de Moien op RTL d'Pushe gekuckt hunn, hunn ech gelies, datt d'ArcelorMittal e Benefiss vun 13 Milliarden an deem Land gemaach huet. E Grupp, 13 Milliarden. Ech si frou fir d'ArcelorMittal, datt se esou e Benefiss gemaach hunn. Ech muss Iech awer op där anerer Säit soen, datt wann de Staat elo dohinnergeet an e keeft enger ArcelorMittal d'Hallschecht vun deem Gebai fir dee verréckte Präis vun 275 Milliarden of, dann, léif Regierung, sot eis nëmmen net, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... et wäre keng Sue méi do, fir d'Independanten ze ënnerstëtzen. Mir wäerten op jidde Fall als CSV weider 100%eg hannert den Independantë stoen a mir wäerten eis och net ginn, bis d'Proposition-de-loie vum Kolleeg Marc Spautz a vu mir endlech hei an der Chamber wäerten diskutéiert ginn an doriwwer ofgestëmmt wäert ginn.

Ech soen Iech e grousse Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Mosar. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Ech kommen natierlech net derlaanscht, kuerz op dat anzegoen, wat mäi Virriedner elo gesot huet.

Ech mengen, et misst een awer preziséieren, dass et falsch ass, hei esou ze maachen, wéi wann an deene leschte fënnef Joer näischt fir d'Independanten hei am Land gemaach gi wär.

Et gouf ganz grouss Progrèse beim Congé parental. Et gouf ganz grouss Progrèse beim Congé pour raisons familiales. An och beim REVIS si ganz grouss Verbesserunge gemaach ginn, déi den Independanten direkt zeguttkommen.

Dat nämmlecht zielt fir de Régime complémentaire de pension vun den Independanten, dee geschafe gouf. An Dir wësst och alleguerten, dass e weidere Projet de loi um Instanzewee ass, wou de Congé de paternité vun zéng Deeg och op d'Independanten ausgeweit gëtt. Ech mengen, dass dat alles Schrëtt sinn, déi am Sënn si vun deem, wat elo meng Virriedner hei gesot hunn. An et sollt een net esou maachen, wéi wann et dat net géif ginn.

D'Carole Hartmann huet an hirer Interpellatioun, fir déi ech iwwregens Merci soen, d'Situatioun vun den Independante ganz gutt beschriwwen. A si huet och de Pabeier vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers vum Summer 2022 erwäänt, an och déi jeeweileg Fuerderungen, déi do gestallt gi sinn. Si huet, mengen ech, och gesot, dass et an der Tëschenzäit 28.000 Persounen hei zu Lëtzebuerg sinn, déi als Independant ugemellt sinn. A mat hire Coassuréë mécht dat wäit iwwer 46.000 Leit aus.

A wann een dann och nach weess, dass eng ganz Rei vun deenen Independanten och nach aner Leit beschäftegen, da weess een, wéi grouss d'Roll vun den Independanten an der Lëtzebuerger Ekonomie ass. An ech mengen, et ass keen, deen dat och géif an iergendenger Form bestreiden.

Et fält awer op, dass bei der Bezeechnung vum Independant natierlech ganz vill Situatioune couvréiert ginn, déi ënner Independant falen – souwuel de klenge Coiffer oder d'Estheticienne oder de Bäcker an Elektriker, wéi och den Dokter, den Affekot oder den Architekt, mee awer och Leit, déi e Mandat an enger ganz grousser kommerzieller Boîte hunn, déi Gerant, CEO oder Administrateur délégué vu grousse kommerzielle Boîtë sinn.

A leider, an och dat däerf een net vergiessen, sinn der och ganz vill derbäi, déi als sougenannt „Faux Independantë" gëllen – also Leit, déi u sech alles matbréngen, fir als Salarié agestuuft ze ginn, mee déi awer aus iergendengem Grond an den Independantsstatutt gedrängt gi sinn an domadder och all Schutz vum Lëtzebuerger Droit du travail verléieren; wat ee reelle Problem ass. A Beispiller vu Firme mat iwwer 1.000 Leit, wou iwwer een Drëttel vun de Leit am Independantsstatutt sinn, gëtt et leider och hei zu Lëtzebuerg.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers schwätze vun der Prekaritéit vun den Independanten. An et ass net falsch – an dat hu mer och bei der Pandemie gesinn –, dass sécher eng ganz gutt grouss Partie vun Independante vun där Prekaritéit bedrot waren. A si fuerderen – an dat ass och nëmmen normal – eng adequat sozial Ofsécherung fir déi Leit.

Fir d'Sozialisten – an och dat soll hei kloer gesot ginn – gëtt et iwwerhaapt keen Zweifel, dass et net den Aarbechtsstatutt ass, deen doriwwer soll diskutéieren (veuillez lire: decidéieren), ob eng Persoun, déi riskéiert, an de sozialen Abseits ze geroden, op déi op déi eng oder aner Aart a Weis vum Staat gehollef kritt, mee dass et aleng hir sozial a wirtschaftlech Situatioun ass, déi dat soll determinéieren. Et soll keen am Reen an och keen um Rand vun der Gesellschaft aleng gelooss ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Déi zwou Beruffskummere bezéie sech op d'Konventioun Nummer 102 vun der internationaler Aarbechtsorganisatioun OIT, wou eng Rei vu soziale Minimumriske sollen ofgeséchert ginn; ënner anerem de Chômage, den Alter, d'Aarbechtsaccidenter, d'Beruffskrankheet, d'Maternité, d'Invaliditéit, den Doud an déi familiär Chargen.

Bei de jäerlechen OIT-Treffen – an et sinn eng Rei Leit heibannen, déi dat ganz genau wëssen –, déi zu Genf stattfannen, huele vu Lëtzebuerger Säit traditionell souwuel Regierungsvertrieder wéi och Patronats- a Gewerkschaftsvertrieder deel. Dat ass och vläicht de Grond, firwat dass mer hei zu Lëtzebuerg, géif ech soen, de Groussdeel oder bal komplett alleguerten déi Beräicher ofdecken, déi an der OIT-Konventioun festgehale ginn. Zumindest besteet d'Méiglechkeet, fir et ze maachen. Do ass eng gewëssen Nuance dran. An ech kommen duerno nach dorobber zréck.

Dat ännert awer näischt drun, an och dat bestreit, mengen ech, keen, dass Verbesserungspotenzial besteet an dass och eenzel vun deene Fuerderungen, déi vun deenen zwou Chambere gemaach ginn, ganz seriö mussen analyséiert ginn.

Den éischte Punkt: d'Pension anticipée no enger zousätzlecher berufflecher Aktivitéit. Haut gëtt et do effektiv zwou ënnerschiddlech Bestëmmungen, ob et eng Activité salariée ass oder eng Activité non salariée; wann een iwwer engem gewëssene Plaffong läit, wéi et da gehandhaabt gëtt.

Dat ass an eisen Aen net gutt. An eisen Ae sollten déi Anticumulreegelen do fir jiddwereen d'nämmlecht sinn, egal wéi de Statutt ass. A wa meng Informatioune richteg sinn, Här Minister, sidd Der och konkreet amgaangen, dorunner ze schaffen. A vläicht kréie mer jo do nach zousätzlech Explikatiounen.

Déi zweet Propos geet iwwert de Conjoint aidant a säi Statutt, wou eng ronn 1.000 Persoune haut betraff sinn, hunn ech mer soe gelooss. De Conjoint oder de gepacste Partner vun engem Independant kann also ënnert dem Statutt vum Conjoint aidant ugemellt ginn. An der Landwirtschaft geet et souguer nach e bësse méi wäit, wat d'Familljememberen ugeet. An dee Statutt, an dat ass ganz wichteg, gëtt dann och d'Méiglechkeet, dass déi betraffe Persoun iwwert den Haaptassuré an der Mutualitéit kann affiliéiert ginn. De Conjoint aidant huet also och, an dat ass ze diskutéieren, d'Méiglechkeet, eng Dispense de l'assurance obligatoire ze froen.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers froen elo, de maximale Cotisatiounsseuil ze adaptéieren an d'Division du revenu ofzeschafen. Dat ass eng ganz spezifesch Fro, déi eng méi genau Analys brauch.

Fir d'LSAP ass et awer wichteg, dass prinzipiell jiddwereе sollt esou gutt wéi méiglech géint déi sozial Risike verséchert sinn an, esou wéi ech et uganks schonn ugeschwat hunn, och soll ofgeséchert bleiwen. Wann een also eppes ännert un iergendengem System, och un deem vum Conjoint aidant, muss déi Premiss erfëllt bleiwen.

An eigentlech – an och dat sollt een net vergiessen an der ganzer Diskussioun –, eigentlech ass et bedenklech, dass – wéi ech et virdru schonn ugedeit hunn – de Conjoint aidant d'Méiglechkeet huet, fir eng Dispens vun der obligatorescher Affiliatioun ze froen, well déi Persoun am Fall vu Krankheet oder och anere Problemer absolutt keng Couverture sociale huet: kee Krankegeld, kee Congé de maternité, keng Couverture am Aarbechtsaccident. An dat ass ganz einfach net gutt.

Dann, wat d'Propos ugeet, d'Mutualitéit vun den Employeure weider ze promouvéieren, do kann ech nëmme soen, Här President, dass ech dat ka mat zwou Hänn ënnerschreiwen. D'Mutualitéit fonctionéiert no engem Solidarmodell. Si ass wierklech eng gutt Saach. Si ass iwwregens geschafe gi bei Geleeënheet vun der Schafung vum Statut unique, praktesch als Ausgläich fir d'Betriber fir Käschten, déi fir d'Betriber anerweiteg entstane sinn. Dat ass och de Grond, firwat dass de Staat sech finanziell un der Mutualitéit bedeelegt.

D'Nuance, déi Der virdru matkritt hat, wou ech gesot hunn, dass d'Independanten zumindest d'Méiglechkeet hunn, sech ze schützen, läit eebe genau do: bei där Mutualitéit, well – an och dat hat ech schonn ugedeit – d'Independanten also d'Méiglechkeet hunn, fir sech do ze affiliéieren. Si kréien dann och déi nämmlecht Prestatioune wéi Salariéen am Krankheetsfall. Als Rappel: D'Mutualitéit iwwerhëlt jo 80 % vum Salaire wärend der Zäit vun der Lohnfortzahlung; also deene ronn dräi Méint, éier d'CNS d'Käschten iwwerhëlt.

A wann ech soen „d'Méiglechkeet besteet", heescht dat am Ëmkéierschluss, dass keng Obligatioun besteet, fir sech ze versécheren. Ech ka ganz gutt novollzéien, firwat dass déi zwou Chamberen net kloer gefuerdert hunn, dass een u sech misst d'Obligatioun, fir sech ze affiliéieren, aféieren, well et effektiv eng Rei vu Beruffer gëtt, déi sech mat Hänn a mat Féiss dogéint wieren, déi awer vun deenen zwou Chambere vertruede ginn.

Ech weess awer aus villen Eenzelgespréicher mat Vertrieder vum Patronat, dass se am Fong am léifsten hätten, et géif déi Obligatioun ginn, an da kéint een op déi Aart a Weis ganz vill Problemer änneren. Éischtens wier dat a mengen Aen am Interêt vu jiddwer Eenzelnem, deen do géif affiliéiert ginn. An zweetens wär et awer och am Sënn vun engem Solidarbündnis vun de Betriber, deen natierlech nëmme ka fonctionéieren, wann eng grouss Zuel respektiv jiddweree matmécht. Mengen Informatiounen no ass jo och d'Majoritéit vun den Independanten an der Mutualitéit ageschriwwen. An et ass nëmmen eng Minoritéit, déi dat refuséiert.

An deem Fall, wou een dat hätt, eng 100 %-Affiliatioun, kéint een natierlech och driwwer nodenken, d'Aktivitéitsfeld vun där Mutualitéit auszeweiten op aner sozial Ofsécherungen, wou mer Problemer hunn, fir d'Independantë mat de Salariéë gläichzestellen.

Ech wëll och hei soen, dass d'Regierung wärend der Pandemie ganz kloer eng Propositioun an déi dote Richtung gemaach huet, d'Regierung sech souguer bereeterklärt huet, dass am Fall, wou ee géif eng Eenegung fannen, fir dat ze maachen, se och hire finanzielle Beitrag géif drastesch an d'Luucht setze par rapport zu deem, wat haut de Fall ass. Leider ass et net dozou komm. Mee ech mengen, dass et ni ze spéit ass, eppes, wat an enger Krisesituatioun verworf ginn ass, nach eng Kéier op de Leescht ze huelen a sech dee Gedanken nach eng Kéier méi genau unzekucken.

Dat setzt natierlech viraus, dass de Solidaritéitsgedanken ënnert de Betriber, och tëschent de Secteure vun der Lëtzebuerger Ekonomie, muss gestäerkt ginn, well souwäit ech informéiert war, waren et ganz bestëmmt Secteuren, déi net den direkten Notzen erkannt hu vun enger obligatorescher Affiliatioun an déi net bereet waren, Käschten ze iwwerhuelen, wou déi eng méi géife profitéiere wéi déi aner.

Gutt, loosse mer et emol dobäi! D'Iddi steet am Raum. D'Offer vun der Regierung war do. Ech hoffen, dass déi ganz Diskussioun net bis à l'infini net méi kéint gefouert ginn.

Loosst mech nach e puer Wierder zum Chômage partiel soen a vläicht dat Wichtegst am Ufank: Am Géigendeel zum Chômage, deen een als individuell Persoun ufreet, ass de Chômage partiel en Instrument, dat net deen Eenzelne kritt, mee dat de Betrib kritt opgrond vun enger Decisioun vum Comité de conjoncture. An dee Comité de conjoncture hëlt déi Decisioun net, ouni ze kucken, wéi d'Situatioun am gesamte Secteur ass, fir net Situatioune vu Concurrence déloyale ze schafen. Dat ass och ee vun den Haaptgrënn, firwat a mengen Aen de Chômage partiel net de richtege Wee ass, fir Leit am Fall vun enger Fermeture administrative, wéi mer se am Kader vun der Pandemie haten, ze entschiedegen, mee dass een aner Weeër muss sichen.

D'Regierung huet der jo och bekanntlech fonnt, an den Här Mosar hat et virdru selwer gesot: Iwwert de Wee vun den Aiden, déi iwwert de Mëttelstandsministère ausbezuelt ginn, hu mer d'Méiglechkeet fonnt, déi Leit ze indemniséiere fir hire Verdéngschtausfall. Mee ech sinn awer total bei him fir ze soen, dass mer do musse méi laangfristeg Weeër fanne mat klore Krittären, an dat kéint zum Beispill iwwert déi Mutualitéit geschéien, déi ech virdrun ernimmt hunn.

Da war nach eng Fuerderung do, fir beim Chômage complet u sech déi nämmlecht Situatioun ze schafe fir Independanten, wéi se och fir d'Salariéë besteet. Et ass haaptsächlech ëm déi Fro gaangen, dass e Salarié no engem Joer schaffen an engem Betrib d'Recht huet, indemniséiert ze ginn, wärend et bei engem Independant zwee Joer sinn. Ech gesinn och net an, firwat deen Ënnerscheed misst weider bestoen. An dofir mengen ech och, datt een do kuerzfristeg kéint eppes maachen. A mengen Informatiounen no ass den Aarbechtsminister och amgaangen, un esou engem Projet ze schaffen, respektiv hie kéint dann och duerno nach eng Kéier seng Positioun zu där doter Fro soen.

Da bleift nach eng ganz wichteg Fro ze klären, dat ass déi vum Reclassement professionnel. Dat ass, dass d'Salariéen d'Méiglechkeet hunn, entweeder iwwert de Reclassement externe oder iwwert de Reclassement interne reklasséiert ze ginn. Dat ass eng ganz kompliz éiert Prozedur, déi och beim Salarié vill Problemer schaaft. Ech wëll dat hei net ënnerschloen. Dat wëssen och alleguerten déi Leit, déi do e bëssen an deem Domän dra sinn.

Et bleift awer, dass, wann een dat wëll ausdeenen op den Independant, natierlech eng ganz Rei vu weidere Froe muss gekläert ginn. Éischtens: Wat ass de geneeën Aarbechtspensum vun deem Independant? Wie leet dat fest, wann et ëm 20 % gekierzt gëtt am Fall vun engem Reclassement interne? Ech mengen net, dass dat am Interêt ass vum Independant. Dee kuckt net onbedéngt, wivill Stonnen e schafft, mee deem säin Haaptzil ass et, säi Betrib iwwert d'Ronnen ze kréien. Da bleift eng ganz Rei vu Froen op, déi misste gekläert ginn, wann een esou eppes wéilt erreechen.

Ech bleiwen also der Meenung, dass een hei net soll ze vill fréi schéissen, och net ze vill fréi vun Traitement inégal schwätzen, well dat, mengen ech, hei dee falschen Term ass. Wéi gesot, wann et dann also net zum Reclassement interne kënnt, aus deene Problemer, déi ech virdru gesot hunn, bleift just nach den externe Reklassement. Mee och do stellt sech eng Rei Froen. Wann en Independant extern reklasséiert gëtt, wéi gëtt da seng Indemnité compensatoire berechent? A wat geschitt da mat sengem Betrib? Bleift de Betrib weider bestoen? A wien iwwerhëlt an deem Fall d'Verantwortung fir dee Betrib et cetera? Also, et bleift, wéi gesot, eng ganz Rei Froen, déi hei misste gekläert ginn, éier een op esou e Wee kéint goen.

Ech wëll awer och soen, dass mir eis als LSAP där Diskussioun absolutt net wëlle verschléissen. Mee wat awer fir eis wichteg ass, wann een nei Rechter schaaft fir eng gewësse Kategorie vu Leit – an dësem Fall schwätze mer vun Independanten –, muss een natierlech kucken – an dat zielt fir alleguerten déi Beräicher, vun deenen ech elo grad geschwat hunn –, dass ee keng nei Inegalitéite schaaft par rapport zu de Salariéen, déi mer actuellement hunn. Ech mengen, och doriwwer géif heibannen allgemeng e Konsens bestoen.

Dat gesot, Här President, géif ech der Madamm Hartmann nach eng Kéier Merci soe fir hir Initiativ an hoffen, dass mer an eisem konstruktiven Dialog hei weiderfueren, fir herno gutt Léisunge fir jiddwereen ze fannen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kersch. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Kreativitéit, Passioun, Innovatioun, Autonomie an Onofhängegkeet sinn zäitgeméiss Wäerter, déi mer wierklech mussen héichhalen. Zu Lëtzebuerg si laut Statec ongeféier 30.000 Independanten aktiv a sämtleche Beräicher, a sämtleche Secteuren an eiser Wirtschaft. Als Verglach: Mir hunn allgemeng 458.000 Salariéen, wouvunner 20 % am Secteur public schaffen. An domadder hu mir méi Independantë wéi Leit, déi am Secteur public schaffen.

Och wa fir déi meescht Leit engem Beruff nozegoen heescht, Salarié oder Fonctionnaire ze sinn, sou gëtt et awer och nach genuch Matbiergerinnen a Matbierger, déi gären Independant sinn, hiren eegene Chef sinn an och anere Leit eng Aarbecht ubidden.

Hannert dem Begrëff verstoppe sech awer ganz ënnerschiddlech Realitéiten. Et sinn natierlech déi klassesch liberal Beruffer, wéi schonn oft zitéiert gouf, Architekten, Dokteren, mee et gëtt natierlech Independanten och am Beräich vun der Vente an de spezialiséierte Servicer.

Fir déi eng ass Independant ze sinn eng super Reussite, mee fir déi aner ass et net ëmmer esou einfach. Meeschtens muss een awer och breet Schëlleren hunn a vill Courage hunn, fir sech ze lancéieren a säin eegene Business kënnen opzemaachen. An oft muss ee sech och am Alldag nei erfannen.

Et gëtt awer och Fäll, wou d'Leit einfach kee Choix hunn a si mussen Independant ginn. Ech schwätzen hei aus Erfarung, well mengem Papp ass et esou gaangen. Säi Betrib huet zougemaach – pour la petite histoire –, ironescherweis fir am Ausland ze exportéieren, well et méi bëlleg war. „Ausland" huet Bulgarie geheescht. An hie war op eemol am Chômage. No e puer Méint hat e leider keng Aarbecht fonnt. Et war bestëmmt säin Alter an d'Sprooch war natierlech net déi allerperfektst. En huet sech dann entscheet, onofhängeg ze sinn. A wien huet do matgehollef? Natierlech och meng Mamm.

An dofir wëll ech wierklech déi Iwwerleeung vum Conjoint aidant, déi och d'Madamm Hartmann virdru gemaach huet, ënnerstëtzen. Et ass immens wichteg, well haut ass et esou, datt effektiv meng Mamm als Fra net dee selwechte Pouvoir – also a puncto Salaire, a puncto Versécherung – huet wéi mäi Papp. Gëschter war Weltfraendag an dofir ass et nach eng Kéier hei op dëser Plaz wichteg ze betounen, datt, andeems mer dee Statut opwäerten, natierlech ënner anerem och Frae wäerte besser bewäert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Et gëtt nach Fäll, wou d'Leit, déi um Pabeier Independant sinn, eigentlech ënner e Salariésstatut falen an och an deem Sënn engem Patron ënnerstinn. Da kéint ee sech sécherlech déi Fro stellen, ob dëse Statut „entre deux" gewollt ass oder ob déi Leit fräiwëlleg gezwonge ginn, dëse Statut ze hunn. Dëse leschte Phenomeen riskéiert zouzehuele mat der sougenannter Plattformaarbecht. Stéchwuert ass hei natierlech Uber a Co. Hei geet déi technologesch Innovatioun mat engem sozialeRéckschrëtt Hand an Hand.

Als déi gréng si mir der Meenung, dass een dëse Phenomeen vun der Scheinselbstännegkeet vu Plattforme mat engem klore Kader muss bekämpfen a stäerken an esou jidderengem, deen an deem Secteur täteg ass, déi selwecht Rechter ubidde muss.

Mir wëllen haut awer net iwwert déi méiglech Abuse schwätzen, mee doriwwer, wéi een de Statut als Independant ka verbesseren an opwäerten.

Et geet hei net just dorëm, d'Liewe vun deene Leit, déi als Independant schaffen, ze verbesseren. Et geet méi allgemeng drëms, dëse Wee méi attraktiv ze maachen an esou eis Wirtschaft och méi staark an innovativ a kreativ ze gestalten.

De Friedrich Nietzsche huet gesot: „Peu de gens sont faits pour l'indépendance, c'est le privilège des puissants." Dat dierf net sinn. De Wee an d'Independance sollt net deene virbehale sinn, déi déi finanziell Mëttelen hunn, fir dat iwwerhaapt kënnen ze droen. Et sollt net eng Fro vun der Puissance sinn, mee vun der Attraktivitéit a vun de Ramebedingungen, déi deene Leit erméiglechen, sech als Independant ze entfalen, sech e prospèret Liewe kënnen ze leeschten an domadder natierlech och zu eiser Lëtzebuerger Ekonomie e positiven „Touch" souzesoe bäizedroen.

A mengem fréiere Liewen als Architekt wollt ech mech schonn ëmmer onofhängeg maachen, mee ech muss Iech soen, ech krut vu ville Leit dovun ofgeroden: „Ze riskant, keng Sécherheet, a wann s de net genuch Clienten hues, a wann s de eng Kéier bis krank bass, an du als Fra wëlls bestëmmt iergendwéini eng Kéier Kanner hunn!" An derbäi kënnt dat, wat fir mech ausschlaggeebend war: Ech hu missen natierlech zum Schluss vum Mount en héije Loyer bezuelen.

All dës Krittären hunn eeben dat gemaach, wat et war. Ech sinn net selbstänneg ginn. An do muss ee soen: Den aktuelle Kader ass einfach dissuasiv. An awer muss ee soen: Am Verglach mat anere Länner si mir an der EU net esou schlecht. Am europäesche Verglach huet Lëtzebuerg schonn en zimmlech inklusive soziale System. D'Cotisatioune fir Independantë sinn zwar nach ëmmer ganz héich fir dat, wat hannendrun erauskënnt, mee mir hunn awer eng Sécurité sociale a mir hunn awer trotzdeem e Chômage. Dat soll awer net verhënneren, datt mir hei nach nobesseren an déi eng oder déi aner Saach nach besser maachen an dat Ganzt upasse kënnen.

D'Regierung ass sech hei och eens, an dat ass am Koalitiounsaccord festgehale ginn, datt de Statut vum Independant muss opgewäert ginn. Zum Beispill huet d'Regierung de Pappecongé ausgeweit och fir Independanten.

Meng Kolleegin, d'Chantal Gary, an de François Benoy haten och dozou 2021 am September eng QP gemaach, wou se nogehaakt hunn, wou de ganzen Text dru wier, wou da schlussendlech Ufank 2022 dat Ganzt op den Instanzewee gaangen ass.

Als Gréng ass et eis och wichteg, nach emol drun ze erënneren, datt mir d'Independanten och ënnerstëtzt hu wärend der Pandemie. Vläicht eng kleng Klamer op: Ganz am Ufank ass zwar verpasst ginn, déi mat u Bord ze huelen, mee den Tir ass zimmlech séier rektifizéiert ginn. Am Ganze goufe 34 Milliounen Euro vun der Regierung mobiliséiert, fir geziilt d'Independanten ze ënnerstëtzen.

Just e puer Stéchwierder: Aide forfaitaire vun 2.500 Euro, dat ware 6 Milliounen am Joer 2020. Aide forfaitaire supplementaire zwëschent 3.000 a 4.000 Euro, dat ware ganzer 13 Milliounen am Joer 2020. An dann hate mer, och ganz interessant, déi Aide-directe-mensuellen, déi 1.250 Euro fir d'Salariéen en poste an 250 Euro fir Leit, déi am Chômage waren.

Wa mer elo awer no vir kucken, dann ass et fir eis Gréng kloer, datt trotz liichte Fortschrëtter, zum Beispill eebe beim Pappecongé, nach eng Rei Baustellen opbleiwen. E weidere Sujet, deen zum Beispill ëmmer nees thematiséiert gëtt, ass deen, deen och am Koalitiounsaccord festgehale gouf, dee mam zousätzleche Chômage fir Independanten. D'Allocations de chômage gi beim Independant eigentlech genau d'selwecht behandelt wéi beim Salarié, nämlech 80 % vum Revenu. Mee den Hoke bei der Saach ass ganz oft beim Independant: Kuerz ier en de Bilan leet, huet e meeschtens vill manner verdéngt. Do ass et esou, datt een dee Moment 80 % vun engem Mindestloun ka kréien.

Dat ass natierlech interessant, mee et muss ee sech vläicht déi Fro stellen, ob een net soll déi Period erweideren a méi wäit no hanne kucken, well déi Leit hunn natierlech sécherlech zu enger gewësser Zäit méi verdéngt wéi dat, wat hinnen dee Moment zousteet. D'Leit solle motivéiert ginn a mir mussen hinnen déi néideg Sécherheet dofir ubidden.

Fir eis war et schonn ëmmer wichteg, de Statut vum Independant ze ënnerstëtzen an esou och déi Jonk oder och manner Jonk ze encouragéieren, sech fir weider Beruffer a Beruffsméiglechkeeten ze interesséieren. Et wier och wichteg, de Startuppen an den éischte Joren no der Grënnung eng finanziell Ënnerstëtzung unzebidden an deemno wéi och eng adequat Berodung a Betreiung, e bëssen nom Modell vum Technoport, deen u sech e gutt Virbild oder eng Best Practice an deem Sënn kéint sinn.

Mir sinn an enger multipler Kris, déi fir eis Entreprisen net einfach ass. Och d'Independantë waren a si mat de Konsequenze vun der Pandemie konfrontéiert, wou d'Liwwerketten ënnerbrach waren, ënner anerem vläicht och nach ëmmer zum Deel, a wou bei der Reprise d'Präisser bis zu 30 % geklomme sinn. Dofir ass et wichteg, elo ze handelen an de Statut vum Selbstännegen opzewäerten an esou den Entrepreneuriatsgeescht no der Kris ze stäerken. A firwat net einfach de Statut vun engem Selbstännegen an de Statut vun engem Salarié einfach ..., deen zesummen ..., déi Zesummenaarbecht vereinfachen?

Dës Méiglechkeet ass fir vill Leit immens sympathesch, mee wann een op dee Wee wëll goen, ass et leider wierklech de „parcours du combattant". Dofir ass et och an deem Kontext – dat, wat d'Madamm Hartmann virdru gesot huet – immens wichteg, datt mer dat Ganzt sollen natierlech moderniséieren an den Droit d'établissement vereinfachen. Dëse Statut kéint vereinfacht ginn an e bessere Kader geschafe ginn. An dee Moment ass et natierlech wichteg, eng Sensibilisatioun ze maachen an eng Promotioun vun deem Statut vum Independant. Dat géif ville Leit déi Decisioun zum onofhängege Statut vereinfachen an esou sécher zu enger besserer Kreativitéit a Kompetitivitéit vun eisem Land bäidroen.

Ech schwätzen hei zum Beispill vun Hobbybetriber, wou ee muss kënnen iergendwéini eng Kéier, wann een dat natierlech wëll, vu sengem Hobbybetrib liewen oder vläicht – firwat net? – dësen Zwëschestatut kréien, soulaang engem säi Business oder seng Entreprise leeft, bis een eebe kann op sengen zwee Bee stoen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng dynamesch Ekonomie brauch Independanten, déi Loscht hunn, sech ze lancéieren an ze engagéieren, a Loscht hunn, och natierlech de Risiko anzegoen. Kommt, mir suerge mat engem bessere Kader derfir, datt an Zukunft nach méi Leit dat maachen! Domadder suerge mir natierlech souguer fir den Entrepreneuriatsgeescht an d'Innovatioun, déi en neie Schwong an natierlech eng nei Energie fir eis Betriber wäerte bréngen. Et ass immens wichteg fir d'Ekonomie, well eng divers Ekonomie ass och eng Ekonomie, déi ganz resilient ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Ech kommen zum Schluss vu menger Ried, mee virdru wollt ech awer e puer Froe stellen. Dir kënnt drop äntweren, wann Der Zuelen hutt. A wann net, ass et vläicht fir eng aner Kéier. Mee gëschter war de Weltfraendag, wou ech mäin Discours geschriwwen hunn, an ech hu mech einfach gefrot: Hutt Dir eng Idee vum Pourcentage, wivill Frae sech dann an d'Selbstännegkeet esou lancéieren?

Dann ass et eis natierlech och wichteg, wéi ech virdru gesot hunn, datt déi Jonk encouragéiert ginn, sech an d'Selbstännegkeet ze lancéieren. Mee elo ass et esou, datt nom Covid vill Keessen eidel sinn. Dofir feelt Geld, fir sech ze investéieren an natierlech fir sech kënnen opzebauen. Fir Aiden ze kréien, brauch een awer ganz oft e positive Bilan. Mee e jonke Betrib kann dat ganz oft net virweisen. Do bräicht een also vläicht fir Startuppen aner Krittären. Dat wier och e Punkt, deen d'Independanten, also den Independantëstatut, kéint opwäerten a méi attraktiv maachen.

Da sinn ech beim Bausecteur. An de Bausecteur, deem geet et am Moment net esou super. Et feelt u Main-d'oeuvre. Et sinn nach aner Problemer do. Mee do vläicht meng Fro un Iech: Hutt Dir vläicht scho Strategien, wéi een do dem Secteur kann hëllefen, vläicht mat Formatiounen, oder vläicht aner Weeër, wéi ee kann dat Ganzt natierlech och méi attraktiv maachen, fir dee Secteur ze stäerken? Well ouni dee Secteur, mengen ech, gesäit eis Zukunft net esou rosa aus.

An dann zum Schluss: Et ass immens wichteg, och fir eis Gréng, datt eis Betriber begleet ginn an d'Energietransitioun, fir dass si de Wee och zu der Dekarbonisatioun kënne fannen, ouni eventuell ze vill investéieren ze mussen. D'Energietransitioun soll keng Barriär sinn, fir de Statut vum Independant unzehuelen.

Domadder wier ech um Schluss. Ech wëll natierlech der Madamm Carole Hartmann e grousse Merci soe fir dës interessant a wichteg Interpellatioun. An ech halen awer op mat enger Citatioun, déi mir immens um Häerz läit.

**Une voix** | Vum Nietzsche?

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Nee, déi ass net vum Nietzsche dës Kéier.

*(Hilarité)*

„Unabhängigkeit im Denken ist das erste Kennzeichen der Freiheit. Ohne sie bleibst du ein Sklave der Umstände." Also, dat ass eng Iwwerleeung, déi ech hunn, an déi deelen ech och mam Vivekananda.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Ahmedova. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dem Carole Hartmann wierklech felicitéieren. Et muss ee Mutt hunn, als Majoritéitsdeputéiert d'Regierung ze interpelléieren. Mir waren all interpelléiert vun der Nonaktioun vun dëser Regierung, déi säit 2013 besteet, wat d'Independanten ugeet. An et ass Zäit ginn, dat emol eng Kéier ze soen.

An ech gi méi wäit wéi de Kolleeg Laury Mosar, dee gesot huet, e kéint bal alles ënnerschreiwen. Ech

kann alles ënnerschreiwen, wat Der gesot hutt, all eenzel Mesür, déi Dir gefuerdert hutt, fannen ech richteg a gutt an et liicht mer net an, firwat ee soll Zäit verléieren.

Dir hutt vläicht ee Feeler gemaach: Dir sidd zréckgaangen op d'Regierungsdeklaratioun 2018. Mee ech wollt Iech déi vun 2013 virliesen. Et ass nëmmen een eenzege Saz, dofir brauch ech och net vill Riedezäit. 2013 ass gesot ginn, ee Saz op der Säit 54: „Afin de promouvoir l'entrepreneuriat, le Gouvernement créera un statut d'indépendant qui lui offre des droits sociaux équivalents à ceux des salariés." War dat eng kloer Ausso? Muss een do nach eppes derbäifügen? A wann dat doten déi kloer Ausso war vun der Gambia 1 2013, da froen ech mech 2023, firwat Dir elo musst Är eege Regierung interpelléieren.

D'Madamm Ahmedova huet geschwat vun der Scheinselbständigkeit. Ech schwätzen hei just nach vu Scheinheiligkeit. Sechs Méint virun de Walen déi doten Thematik elo opzebréngen no där Inaktioun, ass e staarkt Stéck!

Wou Der Recht hat, war, wou Der zitéiert hat vun 2018 aus dem Regierungsprogramm. Och dee kann ee jo noliesen, et ass esou schéin, säitdeem et Internet gëtt. Do waren dräi Sätz dran, an dee wichtegste Saz war: „En ce qui concerne le statut de l'indépendant, l'application de certaines législations, qui diffèrent selon que la personne travaille dans le cadre d'un contrat de travail ou de façon indépendante, sera revue."

Do gesäit ee schonn d'Nuancen. 2013 war et nach: „Mir maachen déi selwecht Rechter fir Leit, déi d'selwecht cotiséieren", et ass oft genuch hei gesot ginn, „an am Fall vum Independant souguer duebel", och dat ass richteg gesot ginn. Do heescht et 2018 nëmmen nach „certaines législations".

An elo héiere mer dann: „Jo, de Pappecongé fir d'Independanten, dee gëtt dann elo op dee selwechten Niveau gesat wéi dee vun de Salariéen." Et deet mer Leed, dat ass eng ganz, ganz traureg Ausbeut no deenen doten Déclaration-de-princippen! An ech denken, d'Independanten dobaussen alleguer verstinn d'Scheinheilegkeet a wäerten a sechs Méint wëssen, wat se ze maachen hunn!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Reding. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, eise Sozialsystem souwéi och déi grouss Prinzippien dovun, déi d'Aarbechtswelt zu Lëtzebuerg wéi och an deene meeschten europäesche Länner bestëmmen, stamen aus der Nokrichszäit, aus de sougenannten 30 „goldene Joren", also aus de 50er-, 60er- a 70er-Joren.

Dës Period war entre autres doduerch bestëmmt, dass déi ganz grouss Majoritéit vun de schaffende Leit an engem Salariatsverhältnis geschafft huet, oft als Aarbechter/in a groussen, oft industrielle Betriber, wou d'Kollektiv déi entscheedend Eenheet war.

Zu dëser Zäit goufen d'sozial Rechter erkämpft an ausgebaut, an dat nom Prinzipp vun der kollektiver Ofsécherung vun de Risiken, wéi Alter, Krankheet oder Chômage.

*(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)*

Independantë gouf et och deemools, mee a Beruffer a Beräicher, déi een als „klassesch" bezeechne kann: vum Bauer iwwert den/déi Handwierker/in, d'Coifferen/Coiffeusen, bis hin zu den Affekot/innen oder den Dokteren/Dokteschen.

No dëser Zäit, also um Enn vun de 70er-Joer, ass de Statutt vum Independant awer verstäerkt entdeckt ginn. De Chômage ass deemools geklommen an d'Äntwert a ville Länner war et, d'Entrepreneuriat ze encouragéieren, fir nei Betriber an Aarbechtsplazen ze schafen.

Säitdeem huet eis Gesellschaft immens vill Entwécklunge matgemaach, an esou och d'Wirtschaft an d'Aarbechtswelt. D'Flexibiliséierung vun den Aarbechtsrelatiounen, verstäerkt och duerch d'Digitaliséierung, nei Gestiounsforme vun de Betriber, Outsourcing a Privatiséierung an esou weider, huet déi bestoend Institutiounen a Gesetzer vun eisem Sozialstaat no an no ënner Drock gesat.

Et ass fir eis kloer, datt eis sozial Sécherungssystemer an d'Organisatioun vun der Aarbecht mat dëse Realitéite musse Schrëtt halen, mee dat awer net egal wéi. Well dës Entwécklunge sinn net all positiv ze bewäerten – am Géigendeel!

Här President, als Éischt emol muss ee soen, datt d'Entrepreneuriat a verschiddene Formen Anzuch gehalen huet an d'Welt vum Salariat. Dat weist sech engersäits duerch eng wuessend Prekariséierung vum Salariat iwwer befrist Kontrakter an Interimsverträg, mee och iwwer Beschäftegungsmesüren, an deenen d'Leit net als Salarié consideréiert ginn. Derbäi kënnt de Verfall vun der Kafkraaft bei de Paie vu ville Salariéen an defavoriséierte Secteuren.

Et weist sech anerersäits och doduerch, dass op der Aarbecht selwer d'Organisatioun sech verännert huet. D'Gestion par projets ass iwwerall agefouert ginn. Et ass näischt méi op Dauer gemënzt, mee alles ass passager. Dës ëmmer méi managerial Approche an der Aarbechtswelt huet och derzou gefouert, jo souguer och derzou bäigedroen, dass ëmmer méi sougenannt Independanten an engem Salariatsëmfeld schaffen, zum Beispill op engem Projet als Freelance. Ganz oft hänken déi Leit direkt a bestänneg vun engem oder zwee Betriber a Patronen of, wat sou wäit geet, dass se hir Congéen do mam Patron ofkläre mussen.

An eisen Ae sinn dat falsch Independantë respektiv sinn et juristesch gesi Salariéen, well do e Lien de subordination besteet an et och eng ekonomesch Ofhängegkeet gëtt vun deem Betrib.

Eng ganz Partie Independantë missten also als Salariéen ëmklasséiert ginn, wouduerch se dann och eventuell an de Genoss vun engem Kollektivvertrag géife kommen. Mee fir de Patron gëtt dat natierlech méi deier, dofir geschitt dat a ville Fäll net.

Dat extreemst Beispill vun de falschen Independantë fanne mir säit Joren am Beräich vun den digitale Plattformen. Eng Partie Länner, dorënner Spuenien, hunn hei scho legiferéiert, fir derfir ze suergen, dass dës Aarbechter och als Salariéen agestuuft ginn, well se juristesch gesinn och d'Krittäre vum salariéierten Aarbechtsverhältnis erfëllen.

Zu Lëtzebuerg si mer nach net op deem Punkt. Den Aarbechtsminister schafft säit engem Joer äerdeg un engem Gesetz. Mir waarden dann emol of. Iwwregens hu mir hei och eng Proposition de loi mat der Nummer 8001 de 4. Mee 2022 deposéiert, an zwar an Zesummenaarbecht mat der CSL. Op alle Fall weisen dës Plattformen, där et och zu Lëtzebuerg eng Partie gëtt, dass Selbstännegkeet oft keng ass, dass se kee fräie Choix muss sinn an dass se déi betraffe Leit an eng immens prekär Lag bréngen kann.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | A wat och hei erëm gëllt: De Patron – an dësem Fall d'Plattform – gräift drop zréck, fir sech laanscht d'Aarbechtsrecht a sozial Cotisatiounen ze drécken.

Här President, et gëtt natierlech net just Deriven, an dat wëlle mir hei och net vermëttelen. Mee et gëtt iwwerall schwaarz Schof a mir mengen, dass et wichteg ass, dorobber opmierksam ze maachen. Mir wëllen net, dass esou prekär an deelweis an eisen Aen illegal Aarbechtsrelatiounen iwwer eng Hannerdier definitiv normaliséiert ginn.

De Statut vum Independant ass doriwwer eraus haut net méi esou interessant, wéi en dat vläicht emol war. Meng Virriedner a -riednerinne si ganz gutt dorobber agaangen.

D'Politick huet an de leschte Joerzéngte maassgeeblech derzou bäigedroen, dëst mat futtizemaachen. Als klengen Ee-Mann- oder Eng-Fra-Betrib kann een haut net méi esou einfach iwwerliewen a wann, da riskéiert een, finanziell keng grouss Spréng méi kënnen ze maachen. Dat ass e Resultat vun enger ekonomescher Entwécklung, an déi mécht de Status vum Salarié natierlech méi attraktiv. Wiem wëll een dat scho verdenken?

Op alle Fall bréngt et do net vill, punktuell a scheinbar Ongerechtegkeeten am Aarbechtsrecht oder der Sécurité sociale ze kritiséieren, well do läit de Problem net aleng. Wie lancéiert sech haut nach mat engem Bicherbuttek, wann d'Bicher haut bequeem op Amazon bestallt an heem op d'Dier geliwwert ginn? Wie mécht e Brëllebuttek op als Optiker/in, wa grouss international Chaîne Präisser ubidden, déi net ze schloe sinn? Wien – ausser vläicht den Edward Scissorhands – kann e Coiffersalon opmaachen, wann de Loyer vum Lokal de finanzielle Kader komplett sprengt?

Eng ganz Partie Independanten huet en immens schwéiere Stand. D'Zuelen, déi d'Handels- an d'Beruffskummeren an hirer Nott presentéieren, weisen dat och aus. Et sinn nämlech d'Independantë mat Dispense, also déi, déi net genuch Revenu hu fir ze cotiséieren, déi zueleméisseg am stäerksten zouhuelen. D'Prekariséierung vun dëse Leit ass also un Zuelen ofzeliesen. Dës Prekariséierung betrëfft awer net just si, mee wuessend Deeler vun de schaffende Leit, wéi d'Zuele vun de Working Poor ëmmer erëm däitlech maachen. Et ass net just e Statutt, dee prekär ass oder gëtt, et ass d'Aarbecht allgemeng, déi prekariséiert gëtt, egal ob se vun engem Independant oder engem Salarié verriicht gëtt.

Här President, fir eis heescht dat e puer Saachen: Jiddwerengem seng Aarbecht muss anstänneg bezuelt ginn a mat dëser Aarbecht muss eng ëmfänglech sozial Ofsécherung verbonne sinn, déi solidaresch a kollektiv finanzéiert gëtt. Leit, déi sech selbstänneg maache wëllen an eng kleng Firma grënne wëllen, sollen dat maache kënnen a mussen onbedéngt och ënnerstëtzt ginn derbäi. Dat dierf awer net op Käschte goe vu bestoenden Aarbechtsplazen an engem Salariatsverhältnis. Eng zolidd Ofsécherung géint d'Risike vum Liewen, déi all Mënsch treffe kënnen, muss dobäi natierlech och gräifen.

Mee doriwwer eraus mussen awer och wirtschaftlech wéi urbanistesch – Stéchwuert: den Accès zu de Lokaler – Mesüren op nationalem souwéi och lokalem Niveau kommen, déi d'Nohaltegkeet vu klenge Betriber a Selbstännegkeet och méiglech maachen.

Mir ginn haut an déi komplett aner Richtung. Wa mir wëllen, dass kleng Geschäfter iwwerliewen a floréiere kënnen, da musse mir eis dat och eppes kaschte loossen, zum Beispill, andeems verstäerkt Geschäftsfläche vun de Gemenge gelount ginn, fir se Independanten zur Verfügung ze stellen, anstatt dass dës Wucherloyeren um fräie Marché iwwerlooss bleiwen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Verschidde Gemenge ginn entre-temps op dee Wee, mee dat muss ausgebaut ginn. An natierlech muss eise soziale System weider evoluéieren, esou wéi en dat ëmmer gemaach huet.

Mir mengen zum Beispill, dass et méi Passerelle brauch fir Leit, déi sech selbstänneg maache wëllen, aus engem Salariatsverhältnis eraus oder och ëmgedréint. Do spillt d'Formation continue eng ganz grouss Roll, mee och d'Ofsécherung an d'Finanzéierung an der Transitiounsphas. Mir mengen, datt eis sozial Sécherungssystemer méi staark déi ëmmer méi mouvementéiert Biografië vun de Leit mussen en compte huelen, zum Beispill iwwert de Wee vun enger Année sabbatique, wéi se an der Belsch schonn existéiert. Esou kéinte Leit, déi ophale wëllen als Salarié, wärend engem Joer weider e Revenu bezéien opgrond vun hirer Cotisatioun an der Sécurité sociale, fir sech op den Entrepreneuriat ze konzentréieren, an dat ouni finanziell an d'Laberenten ze kommen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Well oft mussen déi Leit awer wierklech eng Formatioun matmaachen an déi dauert och ganz oft e Joer an dat ass alles net esou einfach.

Mir mengen also, datt fir d'sozial Ofsécherung vun der Zukunft d'sozial Rechter méi staark un d'Persoun musse gebonne ginn an net méi esou staark un d'Aarbechtsplaz respektiv de Statutt vum Mënsch, dee schafft. D'Rechter mussen also méi portabel ginn, wéi se dat aktuell sinn. Fir eis bedeit dat, dass mir eng Auswäitung an eng Verdéiwung vun der Sécurité sociale brauchen, also eng Stäerkung vum Sozialstaat.

Der Madamm Hartmann nach e grousse Merci fir dës Interpellatioun, déi ganz, ganz interessant ass, an och fir d'Resolutioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Lydia Mutsch,** Présidente de séance | Merci, Madamm Cecchetti. Den nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Elo muss ech meng Ried hei schonn änneren a soen: „Merci, Madamm Presidentin." Dat ass ganz schéin, Iech emol eng Kéier am Réck sëtzen ze hunn! Ech hoffen, datt Der änlech fei sidd, wéi de President ëmmer mat eis.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här Clement, zweifelt Dir dorun?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech hu guer keen Doute, Madamm Asselborn-Bintz!

**Une voix** | D'Madamm Mutsch ass awer sécherlech fein.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt wëll ech enger anerer Madamm Merci soen, nämlech der Madamm Hartmann fir d'Ufroe vun dëser Interpellatioun.

Wéi jiddereen heibanne weess, sinn ech selwer Independant an ech kennen dofir d'Problemer, mat deenen d'Leit all Dag, all Mount confrontéiert sinn, vum Ufank vun der Aktivitéit un an och wärend der Aktivitéit.

Dat fänkt u mat der Autorisation d'établissement, déi an den Ae vun de Piraten dréngend misst un d'digitaalt Zäitalter ugepasst ginn. Mir Piraten stinn zur Iddi vun engem Guichet unique, datt all d'Informatiounen, déi een als Independant muss uginn a brauch, interoperabel ginn, datt déi ganz Prozedur also esou wäit et geet automatiséiert gëtt. Well eleng eng Autorisatioun unzefroen, ass den éischte Schrëtt, fir als Independant ze starten – an deen éischte Schrëtt ass, jee nodeem, a wéi enger Aktivitéit een ënnerwee ass, schonns komplizéiert, guer net ze schwätze vun deene Schrëtt, déi duerno kommen: Affiliatioun beim CCSS, Umelle bei der TVA, et j'en passe.

Desto méi schwéier mir dës éischt Schrëtt maachen, ëmsou manner Leit wäerte sech selbstänneg maachen an eis Lëtzebuerger Ekonomie mat neie Betriber, mat neien Aktivitéite beräicheren.

Dee Moment, wou een dann Independant ass, si mir Piraten der Meenung, datt ee – Stand haut – net genuch ofgeséchert ass. Hei kënnt virun allem den CCSS an d'Spill. D'Prozedure vun dem CCSS sinn dach net ëmmer ganz transparent. D'Leit kënnen oft net novollzéien, firwat se mussen déi Avancë bezuelen, op wat fir enger Basis hir Base cotisable festgeluecht ginn ass, well dat gëtt oft net erkläert.

Et kritt een eemol d'Joer e Bréif, wou dann eng Assiette annuelle dropsteet, déi een dann och zwar ännere kann, erëm per Bréif – do froen ech mech och, firwat dat net digital geet –, a wann ee probéiert, d'Zesummesetzung erauszefanne vun deenen Assiette-cotisablen, déi scho festgesat sinn, da steet just do mat enger Foussnout, datt dat vun der Steierverwaltung esou kommunizéiert gouf. Et weess een awer net, wann een d'Steierverwaltung freet, wat dat da mécht. Da seet d'Steierverwaltung: „A jo, ma dat ass dat, wat hei deklaréiert ass, wat hei am System steet." Wa Feeler geschéien, weess keen, wie fir de Feeler responsabel ass. An ech kommen nach op esou e Feeler zréck.

Mir sinn der Meenung, datt hei en éischte Schrëtt ass, datt den CCSS den Independantë kloer a senger Kommunikatioun erkläert, wéi hir Base cotisable gerechent gëtt – an zwar all Mount mat all Cotisatiounsrechnung! Et géif ee Feld méi op deem Cotisatiounsziedel ausmaachen, dee souwisou, mengen ech, nach aus dem Zäitalter virum Internet kënnt, deen d'ADR haut jo hei entdeckt huet. Mee ech mengen, deen Ziedel ass dach e bëssen optimiséierungsfäeg.

*(Interruption)*

Wann dann och Recalcullen op deenen Ziedele stattfannen, wann déi méi wéi eng gewëssen Unzuel vu Méint iwwerschreiden, wat reegelméisseg ka virkommen, da gëtt einfach dee leschte Recalcul zesummegefaasst, da steet do net: „Dëse Mount ass esou recalculéiert ginn", mee da steet einfach drop: „Jo, d'Méint x bis y, dat mécht eng Zomm."

Also, ech muss Iech ganz éierlech soen, wa mer wëllen de Leit erklären, woufir se hir Cotisatioune bezuelen, musse se och wëssen, wéi déi Cotisatioune sech zesummesetzen, an ech fäerten, datt mer hei ganz vill Independanten heiansdo zur Verzweiflung bréngen, wa se net verstinn, firwat se dann elo mussen nobezuelen, well et ass meeschtens zu hiren Ongonschten, wéi de Recalcul geschitt!

An da kommen natierlech ëmmer déi Fäll – an do wollt ech drop erauskommen –, datt d'Leit deelweis Avancë gefrot ginn oder Recalculle gefrot ginn, déi u sech net gescholt sinn. An dat ass net dem CCSS säi Feeler – also net direkt. Si stelle just den Ziedel aus, komplett automatesch op Basis vun deem, wat d'Steierverwaltung hinne seet, an d'Steierverwaltung seet hinnen dat, wat deklaréiert gëtt – heiansdo awer och zweemol! Also, eis si Fäll bekannt vun Independanten, deenen hire Joressalaire wéinst iergendengem informatesche Feeler bei der Steierverwaltung duebel imputéiert gouf. A wat ass d'Resultat? Den CCSS mécht e Recalcul op d'ganzt Joer a behaapt einfach emol, Dir hätt duebel esou vill verdéngt wéi Der a Wierklechkeet verdéngt hutt!

Wann ee weess, datt d'Cotisation-socialle ronn 25 % vum Joresakommes ausmaache fir en Independant, an op eemol de Salaire oder de Revenu als duebel esou héich consideréiert gëtt, da kënnt Der Iech virstellen, datt dat ganz séier e ganz, ganz décke Batz vum Akommes gëtt, wann ee 50 % vun engem Joresrevenu muss un den CCSS iwwerweisen; iwwregens dann och meeschtens innerhalb vu ganz secken Delaien, esou datt no zéng Deeg dann och scho kann déi betreffend Persoun ganz frëndlech vun engem Huissier – soe mer et emol esou – gebiede ginn, déi Suen ze bezuelen, an all dat wéinst informatesche Feeler, wou sech dann op eemol kee Mënsch méi fir zoustänneg hält!

A jo, da rifft een un, et rifft ee bei dem CCSS un, et rifft ee bei der Steierverwaltung un an déi verweisen alleguerten dann op ... Deen ee weist op deen aneren an et geet net wierklech weider. Da gëtt gesot: „Dir kënnt jo Är Assiette cotisable ännere fir d'Joer." Dofir muss een dann e Bréif ufroen, da kritt een e Bréif geschéckt, dee Bréif muss een ausfëllen, dee Bréif muss een zréckschécken, dee muss encodéiert ginn – also, ëm Gottes Wëllen, dat dauert heiansdo dann awer schonn emol eng gutt Woch. An der Zwëschenzäit ass de Huissier dann natierlech do.

Bei der Steierverwaltung esou e Feeler ze rectifiéieren – an ech weess, d'Madamm Finanzministesch sëtzt net hei –, ass nach méi komplex. An et ass guer net dem CCSS säi Feeler. Am Fong misst een awer vläicht, wann esou Feeler, déi manifest sinn, duergeluecht ginn ..., da sollt een do eng gewësse Kulanz gëlle loossen!

Mir Piraten sinn dann och der Meenung – an da bleiwen ech weider bei de Cotisation-sociallen –, datt d'Cotisatioun méi flexibel muss gestalt ginn. Haut si mer an der Situatioun, datt ee mindestens um Niveau vum Salaire social minimum muss bezuelen, cotiséieren. Et kann een op en Drëttel dovunner goen, sous condition, datt een dat beweist, mee do derzwëschent gëtt et kee Choix. Et kann een net soen: „Ech hunn dat éischt Joer nëmme fir d'Hallschent, ech hu vläicht fir 75 %, mee 100 % vun de Cotisatiounen, dat geet net! Ech hunn nach net genuch Clienten, fir dat ze maachen!" An da gëtt ee penaliséiert, andeem ee gesot kritt: „Du muss automatesch fir en Drëttel bezuelen!", mee ech kann net soen, ... Ech hu keng Marge de manoeuvre an deem binäre System!

An ech mengen, datt een hei eng gewësse Flexibiliséierung zwëschent engem Drëttel vum Mindestloun an engem ganze Mindestloun awer misst de Leit zumindest an deenen éischte Jore ginn, well verschidden Independantë liewen am Ufank vun hirer Karriär als Independant vu Reserven a wëllen esou vill wéi méiglech an hire Betrib oder an hir Aktivitéit stiechen. A wa se sech also hei keng 25 % iwwerweise kënne vum Mindestloun, da gi se automatesch penaliséiert. Hei sollt also e flexibele Regimm geschaaft ginn an dann dozou vläicht och d'Propos, all Mount online kënne seng Cotisatioun unzepassen.

Oder – soyons fous –, datt ee ka méi cotiséieren, méi iwwerweisen. Et freet een en Drëttel un, mee wann ee méi iwwerweist, datt dat da richteg imputéiert gëtt, anstatt datt een dann e Kreditt kritt, sou datt mer u sech och kënnen evitéieren, datt um Enn vum Joer ... An, nee, kommt, si mer éierlech: Et ass net um Enn vum Joer, wou de Recalcul kënnt. De Recalcul kënnt zwee, dräi Joer méi spéit, wann dann d'Steierverwaltung endlech d'Steiererklärung traitéiert huet, da kritt den CCSS zwee Joer méi spéit dann endlech d'Donnéeë vun der Steierverwaltung, vläicht och eréischt dräi

Joer méi spéit, an da gëtt e Recalcul gemaach vu Joren, wou een u sech mental komplett domadder ofgeschloss huet!

Ech mengen, datt mer hei kengem Independant hëllefen, an ech hu virdru gesot, déi Contraintes de corps, déi do deelweis exekutéiert ginn, sinn awer e bësse sec, wou deelweis sech d'Leit däers och net bewosst sinn. A jo, ech si mer bewosst, et soll een net soen ... Mir soen ëmmer: „Nul n'est censé ignorer la loi." Mir kéinten u sech dovunner ausgoen, datt all Independant perfekt informéiert ass, datt all Independant seng Gesetzer liest. Mir wëssen awer och, datt dat net ëmmer de Fall ass.

Firwat kënnt den Dekont net och op de MyGuichet stoen? Dat weess ech net. Et kann een dat uklicken, mee et fonctionéiert manifestement net. Meng CNS-Ofrechnung kënnt do un, den Dekont vun dem CCSS kënnt net do un.

En anere wichtege Punkt ass dann de Congé parental, dee jo elo geschaaft gëtt. Dat ass eng gutt a wichteg Etapp. Ech fannen et awer e bësse problematesch, datt mer, anescht wéi bei den normale Salariéen, de Leit soen: „Dir musst en d'office Vollzäit huelen!"

Wann een dann Independant ass, wann een amgaangen ass, eng Aktivitéit opzebauen, a wann een dann och nach wëllt eng Famill grënnen an et wëllt ee fir seng Kanner do sinn, da kritt ee gesot: „Entweeder du häls deng Aktivitéit elo op" ..., grad an der Jugend, well si mer éierlech, déi meescht Eltere sinn awer nach éischter um Ufank vun hirer Karriär wéi um Enn vun hirer Karriär! „Hal deng Aktivitéit elo op, fir dee Congé parental ze huelen oder huel en net!" Dat ass e Choix, wou ganz vill Independantë ganz éierlech da soen: „Ma dann huelen ech en net. Ech arrangéiere mech, well ech ka mer net erlaben, meng Aktivitéit opzehalen."

Mir gesinn och net den Interêt vun engem Vollzäit-Congé-parental fir Patrone vun enger Firma. Hei muss eng Gläichberechtegung bestoen tëscht de Salariéen an den Independanten.

An da ganz kuerz nach zur Mutualitéit, Madamm Presidentin, an da sinn ech fäerdeg: Bei der Mutualitéit si mer och éischter fir en Opt-out, voire fir e System vun enger Karenzzäit, well haut – an och do gi Frae benodeelegt, méi wéi d'Männer – ass et esou: Et muss een innerhalb vun deenen éischten dräi Méint no der Aktivitéit decidéieren, sech ze affiliéieren – oder et kann ee sech eréischt zum 1. Januar vum Joer drop affiliéieren. Mir géifen eis wënschen, wann et scho keen Opt-out gëtt, datt een da wéinstens eng Karenzzäit vun dräi Méint hätt.

A ganz zum Schluss wär et dach eng ganz verréckt Iddi, wann de Staat géif Kontrakter, déi e mat Independantë mécht als Freelancen, déi vläicht géif d'nämmlecht indexéieren, wéi en och Salairen indexéiert. Well hei sti keng grouss Firmen hannendrun, déi sech den Index einfach esou leeschte kënnen, mee de Staat misst hei seng Verantwortung iwwerhuelen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**Mme Lydia Mutsch,** Présidente de séance | Merci, Här Clement. Deen nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grousse Merci un d'Madamm Hartmann, déi deen Debat hei lancéiert huet, déi Interpellatioun vun haut, wou et nämlech wichteg ass, och iwwert de Statutt an iwwert d'Situatioun vun den Independanten ze schwätzen.

De Kolleeg Laury Mosar huet et scho gesot, mir haten och d'Motioun vun der Madamm Modert, et ass schonn e bësse méi laang hier. Mir haten och d'Heure d'actualité vum Félix Eischen iwwert d'Situatioun, wat d'Restauratiounsbetriber ubelaangt, wou mer och eng Debatt doriwwer haten, wat ee beim Covid gemierkt huet, iwwert déi Problemer, déi do entstane sinn.

Ech erënneren un déi Proposition-de-loien, op déi mäi Kolleeg Laury Mosar scho virdrun agaange war, déi mer gemaach hunn a wou mer elo gespaant sinn, wat den Här Minister eis seet, wéini déi dann endlech kommen.

Wa mer dann awer schwätzen iwwert d'Selbstännegkeet, ass et och ëmmer eng Geschicht vun Definitioun. Mir hunn haut de Moien hei Beispiller héiere vum selbstännegen Affekot, et gëtt selbstänneg Dokteren, et gëtt selbstänneg Handwierker, et gëtt selbstänneg Leit, déi a Servicebetriber schaffen oder am Commerce, an allkéiers ass d'Viraussetzung, emol fir d'éischt de Courage ze hunn, sech selbstänneg ze maachen. Dat ass emol eng, dat ass den Dénominateur commun – mee duerno sinn d'Konditiounen awer grondverschidden!

Beim Handwierker, deemno wat e mécht an deemno wat e wëll maachen, diskutéiere mer dann och nach iwwert d'Meeschterprüfung. Bei deenen aneren ass et den Droit d'établissement. Et war schonn ee Kolleeg, deen dat och ënnerstrach huet. An dann – an dat hu mer och gemierkt wärend der Pandemie, an den Här Arendt an d'Madamm Beissel kënne sech drun erënneren, well si ware Rapporter bei deene Gesetzer, wéi mer do Hëllefe ginn hunn – hänkt et och nach dervun of, wat fir een NACE-Code s de hues. Well mir hu festgestallt, dass Leit, déi Coach waren an eppes betreit hunn ..., déi eng hunn Hëllefe kritt, well se am NACE-Code esou waren, an déi aner hu keng kritt, well se an engem aneren NACE-Code waren, well do eng aner Definitioun komm ass.

An do stelle mer da fest, dass net nëmmen déi zwee Ministeren, déi hei sëtzen, an de Minister vun der Classe moyenne, deen deemools déi Projete bruecht huet, do mat dra falen, mee do fält dann nach e véierte Ministère mat dran, nämlech deen, deen d'NACE-Codë vergëtt. An och dat spillt, deemno wat Der maacht.

An deem heite Fall ass et ëm déi Hëllefe gaangen, déi s de konnts kréie wärend der Pandemie. Do si Fitnesszenteren – ech ginn elo e Beispill, dat ech deemools och an der Kommissioun bruecht hat –: Zwee Leit, déi maachen déi selwecht Aktivitéit, och nach an där selwechter Gemeng, mee si hunn zwee verschidden NACE-Coden, an deen ee konnt Hëllefe kréien an deen aneren net. An deen huet gesot: „Ech hu mech jo net fir en NACE-Code beworben. Ech hunn eng Autorisatioun gefrot an ech hunn en NACE-Code zougestallt kritt. An herno ..." Et war ëm och, op Lëtzebuergesch gesot, wärend 20 Joer egal, well et huet en net interesséiert, well et huet jo näischt geännert, mee elo, wéi et ëm d'Hëllefe gaangen ass, war dat op eemol de Fall. Also musse mer och do kucken, wéi mer do déi eenzel Leit op déi eenzel Plazen asetzen.

An da kommen ech op dat zréck, wat ech gesot hat vum Handwierk – an den Här Minister Haagen, dee kennt de Fall ganz gutt, well ech hu mech schonn e puermol mat ëm doriwwer ënnerhalen: Dann ass do e Mann, deen eng Decisioun geholl huet nom Lëtzebuerger Recht vun der Sécurité sociale, an en ass an d'Pensioun gaangen, mee en ass awer net an d'Alterspensioun gaangen, mee en ass an d'Pension anticipée gaangen, déi e konnt huelen, well e méi wéi 40 Versécherungsjoren huet.

E wollt sech awer nach matabréngen a seng Beruffschamber huet gesot: „Ma mir brauche Leit wéi dech. Et feele lénks a riets qualifizéiert Leit. Déi Leit an de Betriber, déi mer hunn, déi schaffe léiwer am Betrib. Mir brauchen awer Leit, fir Meeschterprüfungscoursen ze halen. Mir brauche Leit, fir Weiderbildungscoursen ze halen." An do hu se mat deem Mann en Ofkommes fonnt, dass dee Mann dann déi Coursë géif hale kommen.

An op eemol war de Mann iwwerrascht. Do huet en e Bréif kritt an an deem Bréif stoung dran, dass en elo keng Pensioun méi géif kréien, well en nämlech ze vill niewelaanscht verdéngt huet. An da gi mer séier kucken an de Code des assurances sociales – an dat weess de Minister besser wéi ech –, do steet dra bei engem Salarié, da kriss de dat eent gekierzt an dat anert geet erop, fir dass den Equivalent bleift. An do steet dra beim Independant, dass et da fäerdeg ass.

An do, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech hunn elo hei vun engem Beispill geschwat, op dat mer eis och deemools baséiert hunn an eiser Proposition de loi mat deene Modeller, wou mer do och virgaange sinn, mee där dote Geschichten hutt Der alleguerten héieren déi lescht Wochen a Méint, well vun do un, dass den Austausch elektronesch geet vun der Steierverwaltung bei d'Sécurité sociale, fir et dann elo mol esou auszedrécken, ass dat do e bësse méi séier gaangen. An domadder komme ganz vill Leit, déi béis erwächt sinn!

An Dir hutt der jo och ..., déi eng oder déi aner vun Iech hu jo och Kolleege bei sech am Gemengerot sëtzen, déi déi selwecht Iwwerraschung erlieft hunn, zwar dat nach net als Independant, mee dann ass et dorëm gaangen, wat se als bei den interkommunale Syndikater verdéngt hunn.

An do, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, do musse mer usetzen! Mir wëlle jo eppes méi attraktiv maachen. Mir wëlle jo Attraktivitéit kréie fir d'Handwierk, fir den Independant allgemeng, elo net nëmmen den Independant am Handwierk, mee och déi aner, dass mer do gären hätten, dass méi Leit de Courage hunn, sech nidderzeloossen.

An all déi Leit, Travailleurs indépendants intellectuels, déi elo mol nach driwwer nodenken, sech selbstänneg ze maachen, an déi alles matkritt hunn, wat déi lescht dräi Joer lass war, wat mer jo alleguerten net wollten – kee vun eis wollt dat, wat mer duerch de Covid erlieft hunn an och elo mat den Energiepräisser –, wäerte sech dräimol iwwerleeën, ob se nach Interêt hunn, e Betrib ze grënnen, duerno eventuell, deemno wéi d'Expansioun ass, aus deem Betrib eng Gesellschaft ze maachen, weider Aarbechtsplazen ze maachen, well si kënne sech dat alles net méi leeschten!

An dofir ass et net nëmme wichteg, dass mer haut driwwer schwätzen, mee dass mer och do verschidden Ännerunge maachen, Ännerunge maachen an der Sécurité sociale, verschidden Ännerunge maachen am Aarbechtsrecht, mee dass mer och, wat ech schonn am Virfeld erwäänt hunn, bei den NACE-Codë kucken, wat do alles muss geschéien, fir dass et och méiglech ass, dass déi Leit, déi wëllen Independant ginn, déi nach wëlle sech investéieren ... op dee Punkt, dass se awer net schonn allkéiers mussen Angscht hunn, wann dann nëmmen iergendeppes geschitt.

Well dann iwwerleeë se sech: „Ma da brauch ech mech iwwerhaapt net méi selbstänneg ze maachen. Dann hunn ech och besser, ech ginn enger anerer Tätegkeet no." An dat wier e falscht Signal, a grad zu Lëtzebuerg. Et ass haut de Moien hei vu Kolleegen

ënnerstrach ginn, ob et Startuppe sinn oder ob et Betriber sinn, déi sech nidderloossen: Mir brauche Leit, mir brauche Leit, déi de Courage hunn, dat ze maachen!

An d'Buergermeeschteren heibannen, déi wëssen dat jo alleguerten, well, ech mengen, et geet kee méi, bei deem net Büros- oder Geschäftsfläch eidel steet, well se d'Dier agerannt kréien, fir kënnen e Büro opzemaachen. Ech weess, dass et bei den Industriezonen e bëssen aneschters ass. Do kréien d'Buergermeeschteren d'Dieren agerannt, fir Terrainen ze kréien. Mee wann et ëm Geschäftsfläche geet, déi an den Uertschafte sinn, dann ass den Interêt an d'Begeeschterung, dohinner ze goen, dach awer méi kleng.

An och dat zitt an alles dat mat eran, wa mer soen: „Mir brauchen Attraktivitéit." Mir brauchen Attraktivitéit, fir dass d'Leit de Courage hunn, Independant ze ginn, mir brauchen Attraktivitéit, fir dass eis jonk Leit och Interêt hunn, e Beruff ze léieren, mat deem se herno kënne selbstänneg ginn, a mir brauchen och d'Méiglechkeet fir déi Leit, d'Travailleurs indépendants intellectuels, déi sech wëllen nidderloossen, dass och déi d'Garantien hunn, dass se wëssen, dass se herno kënne vun den Hëllefe profitéieren, déi et gëtt.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Well et ass jo keen, dee sech selbstänneg mécht ... dach, et ass wéi iwwerall, et ass wéi iwwerall, et gëtt ëmmer e puer schwaarz Schof. Här Engel, dat do ass elo net fein, dass Der elo esou laacht! Mee et gëtt ëmmer e puer Stéck, déi sech net un d'Reegelen halen, ob dat elo ... Wann 1 % sech net drun hält, däerf een net 99 % strofen!

An dofir mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer da Barriären abauen, fir dat kënnen ze kontrolléieren, dass keng Leit wëlle vun der Situatioun profitéieren, mee fir se alleguerten an een Däppen ze geheien an ze soen, déi kéimen alleguerte souwisou nëmmen dohinner, well se scheinselbstänneg sinn, a well se hei, a well se do ...! Ech wëll bei der Scheinselbstännegkeet och soen: Do sinn der och vill, déi wiere léiwer Salarié an deem Betrib, an déi sinn net frou, dass se an d'Scheinselbstännegkeet erakommen!

An déi Kolleegen, déi scho méi laang hei sëtzen, kënne sech erënneren, do waren hei eng Kéier vill Debatten driwwer, wat virun allem am Transportsecteur de Fall war, wou do ganz vill Scheinselbstännegkeet war.

Dofir nach eng Kéier mäin Appell, nach eng Kéier merci un d'Madamm Hartmann an dann och mäin Appell un déi zwee Ministeren, déi hei sinn, déi eis jo och elo wäerten op de Groussdeel vun de Froen äntweren, dass se och de Message un hir zwee Kolleege mathuelen, deen een, dee sech méi ëm d'NACE-Codë bekëmmert, an deen aneren ëm d'Hëllefe fir d'Betriber, dass mer musse kucken, dat all gemeinsam unzegoen, well et nëmme méiglech ass, wa mer deen Dossier gemeinsam ugänn, ob dat d'Majoritéit oder och d'Oppositioun ass, mee dass mer dat maachen am Interêt vum Standuert Lëtzebuerg an dass mer och domadder méi Leit encouragéieren, an d'Selbstännegkeet eranzegoen, wat wichteg ass fir eist Land a wat wichteg ass fir eis Ekonomie!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Spautz.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

***Prises de position du Gouvernement***

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu menger Säit och e grousse Merci un d'Carole Hartmann, dofir, dës Interpellatioun hei ugefrot ze hunn.

A fir et vläicht richteg ze soen, d'Madamm Hartmann ... Ech ka mech nach drun erënneren: Ech war Fraktiounspresident, wéi déi Demande do scho gemaach ginn ass. Dat ass elo keng Torschlusspanik, dass elo hei ganz séier muss déi Demande ugefrot ginn, fir dass mer, esou wéi et hei e puermol gesot gouf, elo nach hei kuerz virun de Wale géifen iwwert d'Independantë schwätzen. Déi ass de 6. August 2021 ugefrot ginn, also, dat ass elo net eréischt gëschter, wou déi ugefrot ginn ass! Ech wëll dat just richtegerweis hei soen.

Et gëtt der och, déi soen, datt engem Sozialist d'Independanten net wichteg wieren. An dat ass net esou! Eis Gesellschaft, déi ass ganz villschichteg, besteet aus villen Zännrieder an den Independant ass sécherlech eent vun deenen Zännrieder, gradesou wéi och de Salarié, de Beamten, de Pensionnaire, d'Kanner, d'Persoun, déi doheem ass an déi sech ëm d'Famill këmmert, an esou weider an esou fort.

A wann eent vun deene villen Zännrieder net méi dréint, da bleift d'Auer ganz gäre stoen – an dat wëlle mer net, léif Deputéiert! Mir sëtzen nämlech alleguerten an engem Boot. An d'Independanten, déi si wichteg fir eis Gesellschaft a mir brauche se och, gradesou wéi och d'Salariéë wichteg sinn. All Betrib ka sech och nëmmen entwéckelen duerch a mat senge Salariéen an all Betrib kann iwwerhaapt emol eréischt entstoen, wann een Independant do ass, deen e wëll grënnen!

Et besteet also e komplexe Lien tëschent Independant a Salarié, an de Code du travail reegelt d'Relatioun tëschent den Independanten an de Salariéen am Kader vun der Aarbechtsrelatioun.

An och wa mir d'Independantë wichteg sinn – se si mer ganz wichteg! –, sinn ech net de Minister vun den Independanten. Ech sinn den Aarbechtsminister – an ech wollt dat hei och eng Kéier kloerstellen! Ech wäert natierlech hei och nëmmen op déi Froe kënnen äntweren, déi dann och mäi Ressort betreffen. De Claude Haagen wäert dann op d'Froe vun der Sécurité sociale agoen. An dann déi aner Froen, déi huele mer da gäre mat bei eis Kolleegen an der Regierung. Ech si sécher, datt se alleguerten en oppent Ouer hu fir alleguerten déi Froen, déi hei och gestallt goufen.

Ech wollt duerfir och der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers Merci soe fir dee Pabeier, dee se gemaach hunn am Juli 2021. Opgrond vun deem Pabeier huet dann och d'Madamm Hartmann déi Interpellatioun hei ugefrot. Do goung et haaptsächlech ëm sechs Froen, déi mer hei och traitéieren, mee et geet awer och nach ëm eng ganz Rei vun anere Sujeten.

Den Independant huet, wéi meng Virriedner et scho gesot hunn, och haut schonn Accès zu Chômage. D'Erklärung ass hei einfach, well den Independant dee Moment, wou en an de Chômage kënnt, säi Statutt dann och wiesselt. Hien ass dann u sech net méi direkt Independant, well e muss, wéi alleguer déi aner Chômeuren, och disponibel si fir den Aarbechtsmaart a gëtt da souzesoe gläichgestallt mat de Salariéen.

Ausserdeem gëtt de Chômage iwwert de Fonds pour l'emploi finanzéiert, e Fong, dee vu mengem Ministère geréiert gëtt. Wat de Chômage ugeet, stellt sech awer d'Fro, ob d'Période de stage fir Independanten net ka vun zwee Joer op ee Joer erofgesat ginn, wéi dat bei de Salariéen de Fall ass. D'Fro ass hei direkt ganz am Ufank gestallt ginn.

Hei wëll ech just vläicht eng Kéier kuerz den Exposé des motifs rappeléieren, dee vum Projet de loi 5611, – wa mer haut bei 8000 sinn, da wësst Der, dass dat schonn eng Zäitchen hier ass –, deen ass aus dem Joer 2006. Dee Projet de loi, deen huet d'Stageperiode vun den Independanten deemools vu fënnef Joer op zwee Joer erofgesat, an do steet am Text: „En matière de chômage des indépendants, il est proposé de mettre en place certaines garanties permettant d'éviter des abus constatés en relation avec le montant des revenus déclarés (prise en compte exclusive des revenus pour lesquels des cotisations sociales ont effectivement été versées au cours des deux derniers exercices cotisables). En contrepartie, la période de stage en vue de pouvoir bénéficier d'indemnités de chômage est ramenée de cinq à deux ans."

Voilà, domadder ass dann hei am Text nach eng Kéier gesot ginn, firwat dat deemools, 2006, dann och gemaach ginn ass. An haut ass dann d'Fro, ob se eeben net kéint vun zwee op ee Joer ..., d'selwecht wéi et haut bei de Salariéen ass. Also, ech wëll mech där Diskussioun do iwwerhaapt net verschléissen an ech wäert herno och nach eng Kéier op déi dote Fro zréckkommen.

Wat de Chômage partiel fir Independanten ugeet, jo, do sinn ech awer méi enger differenzéierter Meenung. De Chômage partiel, deen ass eng Mesür, déi wierkt, wann d'Salariéen net kënne schaffen, dëst aus konjunkturellen oder strukturelle Grënn, dëst wéinst engem Cas de force majeure oder wéinst engem Lien de dépendance économique. Dir wësst, dass de Comité de conjoncture, deen eemol de Mount stattfënnt a wou u sech eng kleng Tripartitt allkéiers ass, well deen och tripartitär zesummegesat ass, iwwert déi Froen do diskutéiert an decidéiert – oder nee, net diskutéiert, mee proposéiert, an de Regierungsrot dat dann decidéiert.

Oft sinn awer – zum Gléck an de meeschte Fäll –, wann e Betrib Chômage partiel ugefrot huet, net alleguerten d'Salariéë betraff. Et si just déi Salariéë betraff, déi hir Aarbecht dann dee Moment net kënnen ausüben.

Den Independant, de Patron, deen huet awer, wa säi Betrib am Chômage partiel ass – an d'Wuert seet et jo: „partiel" –, bal ëmmer nach ganz vill Aarbecht. Hie muss säi Betrib organiséieren oder nei organiséieren, e muss Kontakt mat senge Clienten a mat senge Fournisseuren halen, e muss seng Ekipp geréieren an e muss, an e muss, an e muss, an, an, an. En huet nach ganz vill Aarbecht, léif Deputéiert, duerfir, wann e Betrib am Chômage partiel ass, da schafft den Independant also ganz vill an ass deemno net disponibel fir den Aarbechtsmaart oder fir e Prêt temporaire de main-d'oeuvre. Dat misst en dann awer sinn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt Kuerzaarbecht eigentlech eng Mesür ass, déi de Maintien dans l'emploi soll garantéieren a Kënnegunge soll evitéieren, an oft derfir geduecht ass, wann herno eng Reprise ass, dass een dann och kann direkt erëm ufänken.

Ech gesinn och net, wéi de Comité de conjoncture hei soll iwwert de Chômage partiel vun engem Independant kënne statuéieren, well praktesch ass et jo fir meng Servicer ganz schwéier ze kontrolléieren, wivill Stonnen en Independant dann elo net konnt schaffen, an opgrond vun dësen Informatiounen ze berechnen, wat d'Indemnitéit da fir den Independant soll sinn.

An elo d'Limitte vun deenen 1.022 Stonnen net spillen ze loossen – Dir wësst, datt et do eng Limitt gëtt vum Chômage partiel –, dat wär sécherlech och falsch,

well dat géif jo dann u sech engem Chômage partiel illimité gläichkommen, ...

*(Interruption)*

... wat jo dann net richteg ass. Dat gëtt et a verschiddene Fäll. Dir wësst, dass do e Gesetz ka spillen, mee da muss eng Réunion tripartitaire zesummekommen. Dat ass erëm eng ganz speziell Situatioun.

An Dir gesitt och, dass dat u sech eng grouss Komplexitéit ass, an Dir verstitt och, datt den Outil vum Chômage partiel hei net adaptéiert ass an net geduecht ass fir den Independant. Well mir hunn – ech wëll et ech hei nach eng Kéier kloer soen – verschidde Statutten, an déi sinn eeben net d'selwecht. An déi sinn och pour cause net d'selwecht! Wann een da Chômage partiel hei géif kréien, da misst een disponibel si fir den Aarbechtsmaart. Dat ass hei an dësem Fall net méiglech an et bleift nach vill ze di fir de Chef vun enger Entreprise. Duerfir ass dat net dee richtegen Outil!

Nëmmen eng Klammer op: De Chômage partiel ass opgemaach gi fir alleguer d'Betriber am Kader vun der Covidkris, wat och eng grouss Hëllef fir d'Betriber an och eng grouss Hëllef fir d'Independanten, fir d'Patrone vun deene Betriber war. Et sinn Dausenden Aarbechtsplazen, déi konnte gerett ginn, a vill Betriber, deene konnt hei gehollef ginn, fir duerno och erëm kënnen direkt eng Reprise ze maachen, well et ass net fir näischt, dass mer déi mannsten, déi klengsten Inflatioun an Europa hunn. Dat war och doduerjer, dass mer konnte relativ séier erëm mat der Relance ufänken, wou et eis erëm e bësse besser gaangen ass a wou mer och nach ëmmer d'Leit haten, déi dann och konnten an de Betriber schaffen an déi och woussten, wéi et an de Betriber géif goen.

Wann ech mech nach richteg un déi Zäit, wéi den Dan Kersch Aarbechtsminister war, erënneren, huet den deemolege Minister och d'Iddi vun enger Mutuelle do an d'Spill bruecht. U sech war déi Mutuelle eng ganz gutt Iddi. Leider ass se net zur Realisatioun komm.

D'Madamm Hartmann huet mech gefrot, wat ech vun där Iddi halen. Ech hunn déi Iddi gutt fonnt, ech hunn déi Iddi déizäit als Fraktiounspresident och matënnerstëtzt an ech fannen, dass och déi Iddien, déi elo hei am Raum leien an déi och am Kader vun där Resolutioun, déi elo um Dësch läit, oder vun der Motioun, déi um Dësch läit, fir vun enger Obligatioun ze schwätzen oder fir emol d'Analys ze maache vun enger Obligatioun – an de Claude Haagen wäert sécherlech duerno nach dorobber agoen – oder fir vun engem Opt-out ze schwätzen, sécherlech an déi richteg a vu mir prekoniséiert Richtung och wäert goen.

An eppes ass och sécher: Et muss ee méi sensibiliséieren, et muss ee méi informéieren, et muss ee méi den Independant drop hiweisen, dass et déi dote Méiglechkeete gëtt an datt déi och eng Sécherheet fir hie bedeiten an datt se och do sinn, datt dat Mesüre sinn, déi kënnen hëllefen, wann en an enger Situatioun ass, an där en dat dann och brauch.

D'Madamm Hartmann huet do gesot, datt ech vun engem Projet geschwat hätt, fir de Chômage partiel dann och opzemaachen. Dat ass net esou! Ech hunn et virdrun och erkläert, firwat de Chômage partiel net déi richteg Mesür ass, mee well an der Covidkris d'Regierung awer eng Fermeture administrative decidéiert huet, also vun uewen erof decidéiert huet, dass een a verschiddene Secteuren net méi kéint schaffen, an dat virun allem fir eng Rei vu klenge Patrone wéi d'Coifferen, wéi d'Caféen, a j'en passe, vu villen aneren, datt déi net méi konnten an net méi hunn dierfe schaffen, hunn ech decidéiert, e Gesetzesprojet an d'Prozedur ze ginn, deen eebe grad op déi dote Problematik dann och reagéiert.

Ech sinn amgaangen, do d'Avisen eranzekréien. Et geet hei net ëm de Chômage partiel, mee et geet ëm de Chômage tout court. Ech sinn hei amgaangen, déi Avisen eranzekréien an dann ze kucken, wéi mer am beschten dee Projet de loi do esou ficeléieren, datt en och déi Resultater bréngt, déi mer gären hätten.

Dat huet dann och als Zil, datt de Kriticke vun der OECD soll Rechnung gedroe ginn, déi grad eeben op deen Ëmstand do hiweisen, dass och hei bei den Independantë misste Mesüre geholl ginn.

Wat elo de Reklassement ugeet, do mengen ech wierklech, dass dat e ganz wichtegt Instrument ass, dat mer do hunn, mee dass et hei wierklech – also dee Mechanismus, dee mer elo hunn – net adaptéiert ass fir den Independant.

Et ass virdrun och scho gesot ginn: Wann en Independant sollt inapt fir säi Posten als Independant deklaréiert ginn, da kéint et jo sinn, datt d'Commission mixte de Patron a sengem eegene Betrib géif reklasséieren. Dat wier dann eventuell mat enger Réduction du temps de travail verbonnen. An den Independant, dee misst dann e Posten iwwerhuelen, dee seng medezinnesch Restriktioune géif dann och respektéieren. Dir gesitt, dat wär jo eng onméiglech Situatioun, déi net géif goen! An den Dan Kersch ass virdrun och in extenso op dee Sujet do agaangen. Nach méi absurd wär et dann och, wann en dann extern géif reklasséiert ginn. Well wie wär da Patron vun där Entreprise? Dat wär jo einfach net concevabel an duerfir ass dat net dee richtege Moyen.

Ausserdeem gëtt am Reklassement och d'Stellungnam vum Patron a vum Salarié betreffend de Reklassement gefrot. Beim Reklassement vum Independant, vum Patron, misst an deem Fall dann och den Avis vum Salarié an der Delegatioun gefrot ginn. Dir gesitt, dat ass hei net déi richteg Prozedur, fir dat ze maachen.

Wann ech dann elo dat liesen, wat d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers froen, sou ass dëst en anert Instrument wéi de Reklassement, esou géif ech dat emol interpretéieren. An ech mengen och net, datt de Code du travail duerfir déi richteg Plaz ass, dat richtegt Instrument, fir dat an deem Kader ze reegelen. Ech verschléisse mech awer net där Diskussioun, déi een do sollt féieren, fir eventuell och hei Verbesserungen anzeféieren.

Ech mengen, als Schlussfollgerung kann ee feststellen, datt de Statutt vum Independant en anere Statutt ass wéi dee vum Salarié. Et kann een net all Rechter a Flichten eent zu eent vun deem engen op deen aneren transferéieren. Dat ass eeben net méiglech.

Deen een, de Salarié, deen huet Contrainten, wat de Salaire, wat d'Aarbechtsstonnen ugeet, wat d'Disponibilitéiten ugeet. Do gëtt och d'Kontroll gemaach vun der ITM. Jo, beim Independant ass dat net de Fall. Den Independant ass säin eegene Chef, wat de Salarié nun emol net ass. An duerfir kann een déi Statutten direkt eent zu eent och net esou matenee vergläichen.

De Salarié, deen huet op vill Decisiounen a sengem Betrib och keen Afloss a muss trotzdeem mat de Konsequenze liewen. Déi Konsequenzen, déi kënnen esou wäit goen, datt de Salarié keen Akommes méi huet, an duerfir justifizéiert sech och, firwat hie muss géint verschidde Risikoen dann och ofgeséchert sinn.

Allerdéngs weist ënner anerem och ... An ech sinn do wierklech net mat deene Kriticken hei d'accord, dass wierklech näischt fir d'Independantë gemaach ginn ass, dass mer ... Mir hunn eppes beim Congé pour raisons familiales gemaach, beim REVIS, beim Régime complémentaire de pension pour indépendant. Et ass net esou, dass d'Regierung elo eréischt erwächt ass! Mir hunn och eppes beim Pappecongé gemaach, deen elo fir d'Independanten opgemaach gëtt.

An ech kommen haut de Moie vun enger Reunioun, wou et ëm ganz vill Ressources-humaines-Servicer gaangen ass an deenen eenzele Betriber. Déi hunn eis alleguerten do Merci gesot fir déi vill Hëllefen, déi wärend der Kris gemaach gi sinn, soudass mer wierklech hei net elo eréischt d'Independanten entdeckt hunn, mee och wärend all deene Joren do vill Verbesserunge gemaach hunn. Mee et ass richteg: Et ass nach villes ze maachen!

Vläicht nach ee Wuert och zu der Plattformaarbecht, déi d'Madamm Cecchetti ugeschwat huet. Dir wësst, datt ech do amgaang sinn, e Gesetz ze maachen. Dat Gesetz – oder deen Avant-projet de loi, loosse mer et esou soen – hu mer am Comité permanent du travail et de l'emploi mat de Sozialpartner diskutéiert. Déi sinn och amgaangen, hir Avisen do eranzeginn, an ech wäert do an – allez – a kierzter Zäit, esou séier, wéi et da méiglech ass, och e Gesetz deposéieren. Voilà!

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. An d'Relève fir d'Regierung iwwerhëlt elo de Sécurité-sociales-Minister Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och un d'Madamm Hartmann fir dës Interpellatioun, déi – an dat wäert Der mierken, wann ech mat mengem Discours fäerdeg sinn – jo am Fong och hei iwwert déi verschidde Propositiounen oppen Dieren arennt, well mer schonn amgaang sinn, verschidden Dossieren iwwert d'Sécurité sociale am Kader vun den Independanten och op de Leescht ze huelen.

D'Independanten, dat brauch ech heibanne kengem ze soen, dat ass ugeklongen, sinn e wichtege Pilier vun eiser Ekonomie. Dofir ass et och wichteg, datt mer déi Upassung ... an och doriwwer diskutéieren, wéi mer dee Statutt och festegen, op wat fir eng Aart a Weis och ëmmer. Ech denken, dat ass op jidde Fall wichteg fir e Land wéi Lëtzebuerg.

Nach ass et awer esou, datt actuellement och Independanten a Salariéë verschidde sinn. Dat heescht, mir hu verschidde spezifesch Bestëmmunge souwuel bei den Independantë wéi bei de Salariéen, déi aus verschiddenen Ursaachen entstane sinn, heiansdo op Wonsch vun den Independanten, heiansdo duerch Gesetzgeebung, déi dorobber komm ass.

Fir mäin Deel vun der Sécu wëll ech drop agoen – an ech mengen, dat ass och ugeklongen –, datt mer, wa mer Lëtzebuerg am internationale Kontext kucken, awer eng gutt sozial Ofsécherung hu fir alleguerten d'Leit hei zu Lëtzebuerg, Salariéen oder Independanten. Dat wollt ech awer eng Kéier soen an do solle mer och stolz sinn. Datt mer déi och ëmmer weider solle pousséieren, schéngt mer och evident ze sinn.

Wann ee gesäit, wat um europäeschen Niveau virläit, da gesäit ee jo och um EU-Conseil, notamment iwwert den Nicolas Schmit, datt och do Ustrengunge sinn, fir d'Independantë sozial weider ofzesécheren, fir dat och ze pousséieren, dass net iwwerall do, wou eng obligatoresch Affiliatioun ass ..., bon, mee ech kommen nach drop ze schwätzen. Mir hunn och Länner, wou guer keng Affiliatioun ass a wou och keng sozial Ofsécherung ass an ech denken, dat ass engem modernen Europa och net méi würdeg. Dat solle mer awer och an deen heite Kontext setzen.

A mengen Aen huet d'Sécurité sociale zënter Joren hir Hausaufgabe gemaach, probéiert, Adaptatiounen ze maachen, dat natierlech mat deene verschiddene Beruffer a Beruffsstänn, Beruffsorganisatiounen, déi do concernéiert sinn. Déi punktuell Ënnerscheeder, déi bestinn, déi sinn – wéi gesot net, well iergendee wëll Independantë penaliséieren, mee dat huet verschidde Grënn – souwuel technescher Natur wéi historescher Natur. An datt een déi vun Zäit zu Zäit op de Leescht hëlt, schéngt mer och evident ze sinn, fir dat unzepassen an op jidde Fall emol ze iwwerpréiwen.

Ech wollt am Ufank e puer Remarke maachen, déi genereller Natur sinn. Ech denken, et wier net gutt, wa mer géifen duerjerneegeheien – dat ass vu verschiddene Virriedner ugeschwat ginn –, wat finanziell Hëllefe bedeiten a wat Cotisatioune bedeiten.

Ech si kee Frënd dervun, op de Cotisatiounen ze spillen, fir finanziell Hëllefen ze ginn, egal ob fir Salariéen oder Independanten oder Entreprisen. Dofir hu mer aner Mechanismen, déi do wäerte spillen, an déi solle mer ausnotzen an déi solle mer och pousséieren, wa finanziell Contraintë sinn, fir dat ze maachen. Op de Cotisatiounen do ze spillen, ass e geféierlecht Theema, well da maache mer op eemol eng Sécurité sociale à la carte, an ech denken, dat wär net de richtege Wee.

Wat den Här Clement … Bon, en ass elo grad net hei, mee d'Digitalisatioun ass ugeschwat ginn, ech wëll dat och eng Kéier kuerz erwänen. Natierlech huet ee besser, et mécht een et digital. De Centre commun vun der Sécurité sociale an dee ganze Ministère vun der Sécurité sociale ass amgaang, d'Digitalisatioun ze pousséieren, an dat wäerte mer och weiderhi maachen.

Nach ass et esou, datt de Mechanismus vun den Échanges automatiques, dat heescht d'Zesummespill – wou jo jiddwereen hei frou war, datt mer et endlech kritt hunn – tëschent de Finanzen an der Sécurité sociale, elo spillt an datt déi Informatiounen, an dat ass den Zweck vum Échange automatique, well soss hätte mer en net gebraucht, direkt applikabel gemaach ginn. An dat ass jo och e bëssen déi Diskussioun, Här Mosar an Här Spautz, op déi mer kommen, well den Här Mosar driwwer geschwat huet, iwwert d'Proposition de loi, déi mer jo dann hunn, déi mer kucke par rapport zu der Pension de vieillesse anticipée.

Ech hunn natierlech Är Proposition de loi gelies an ech hunn natierlech och den Avis vum Staatsrot gelies a mir hunn natierlech jo och schonn an der Kommissioun doriwwer geschwat, dat wësst Der, an et ass natierlech kee schlechte Wëllen – Dir wësst dat och – vun dëser Regierung, dat net an déi richteg Richtung ze dreiwen. Ech hunn dat schonn an e puer Kommissiounssitzunge gesot. Et ass notamment esou, datt mer op eng Question préjudicielle gewaart hunn. Déi sollt – an dat ass elo kee Reproche un iergendeen – am Dezember kommen, elo si mer Mäerz an ech sinn e relativ ongedëllege Mënsch, dat wësst Der, an dofir wäerte mer dat an d'Kommissioun elo huelen an dat och diskutéieren.

Et spillt och net, datt mer einfach zwee, dräi Sätz – an dat ass och elo net, fir Är Proposition de loi negativ ze betruechten – am Artikel 230 vum Code vun der Sécurité sociale änneren. Et huet nach Repercussiounen dorop an et huet och Repercussiounen – dat wëll ech och eng Kéier soen, ier ech dann op déi dräi Haaptfroen äntweren iwwert den Échange automatique – par rapport zu den Independanten, Steiererklärungen, wéini se gemaach ginn, wéini mer se kréien iwwert d'Sécurité sociale. Dat ass e bëssen de Problem, deen den Här Clement och ugeschwat huet mat der Assiette cotisable.

Wann natierlech d'Montanten esou definéiert ginn an den Independant muss herno ze vill nobezuelen, ass en net frou. Dofir ass dat och eng Upassung, déi ee muss kucken. Beim Salarié hu mer dat net, do hu mer et mensuellement, do kënnt Der et maachen. Also, et ass schonn e bëssen tricky, mee ech si confiant, datt mer dat alleguerten zesummen hikréien. Dat hunn ech jo och an der Kommissioun gesot, datt do de Wëlle vun dëser Regierung ass, op déi doten Upassung op jidde Fall ze goen.

Wéini et an d'Kommissioun geet … De President vun der Kommissioun, den Här Kersch, wäert dat elo eng Kéier op den Ordre du jour huelen. Mir sinn an der Finalisatioun vum Avis. Den Avis vum Staatsrot ass do an da maache mer dat relativ kuerzfristeg. An da sinn ech och confiant, datt mer an dëser Legislaturperiod dat Gesetz op jidde Fall nach kënnen deposéieren.

Dat Ganzt ass par rapport zum Anticumul vun de Pensiounen dat, wat den Här Spautz zum Schluss hei ugeschwat huet, datt dann e Fall do ass – et si méi Fäll do –, wou gesot ginn ass, datt dann den Independantë bei der Pension de vieillesse anticipée d'Pensioun géif gestrach ginn. Dat ass fir mech e System, deen ass net tolerabel! An ech si bei Iech an dat hunn ech jo och schonn an der Kommissioun selwer gesot, mir kënnen elo soen, et ass eng Iddi vun eis alleguerten, dat hunn ech am léifsten, well ech denken, et wier net gutt, wa mer mat deem heiten Dossier Parteipolitick géife maachen, datt mer dat upassen an datt mer dat, wat op där enger Säit ze vill ass, einfach op där anerer Säit ewechhuelen, fir datt mer déi Egalitéit kréien.

Op jidde Fall kann et net sinn, datt een d'ganz Pensioun verléiert iwwert iergendee Mechanismus, well een do participéiert huet. Bei 65 Joer spillt et net méi, wëll ech och soen, do ass et fort, do spillt et net méi, also si mer an där heiter Situatioun, dat musse mer berengegen. Dat wäert och berengegt ginn!

Op d'Remark par rapport zu de Gemengevertrieder wëll ech hei net agoen, mee am Regierungsrot ass virun zwou, dräi Wochen do eng Propositioun eragaang. Et ass also um Instanzewee, wäert aviséiert gi vum Staatsrot. Och dat ass jo eppes, wat a menge perséinlechen Aen net kann als Remuneratioun ugekuckt gi vun enger Activité professionnelle, well fir mech ass et eng Indemnitéit an do huet een e Mandat communal oder iergendeen anere politesche Mandat, datt et esou ugekuckt gëtt, mee dat just als kleng Introduktioun.

Déi technesch Schwieregkeeten an déi Retarde bei den Informatiounen …

*(Signal sonore d'un portable, hilarité et brouhaha)*

**Une voix** | Do maache mer eng Petitioun!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci fir dee musikaleschen Intermezzo!

*(Hilarité)*

Här Haagen, Dir kënnt weiderfueren.

**M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale | Dat wäert ech och maachen, Här President. Ech war frou, datt et net mäin Handy war!

*(Hilarité)*

Bon, déi technesch Schwieregkeeten, ech sinn op déi elo kuerz agaangen. Ech wëll och elo net weider op d'Proposition de loi agoen. Ech hunn Iech jo dat elo gesot. Ech mengen, mir hunn dat och am Konsens diskutéiert, och an der Kommissioun, datt mer géife waarden, bis eeben déi Question préjudicielle do wier. Bon, ech denken, datt mer dann déi Decisioun zesummen huelen, fir elo einfach den Dossier weider ze pousséieren, an dann eeben, datt mer do eng Solutioun fannen. Ech denken, datt mer dat an deenen nächste Wochen och hikréien.

De Conjoint aidant ass och ugeschwat gi vun der Madamm Hartmann. Éischtens ass et fir mech en Term …, ech denken, mir wiere gutt beroden, dat emol direkt ze änneren, deen Term. Deen Term gefält mir iwwerhaapt net, dat emol dowéinst. Bon, dat ass elo …

**Mme Octavie Modert** (CSV) | En ass iwwerholl!

**M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale | En ass iwwerholl, Madamm Modert, do hutt Der Recht. Do hutt Der Recht, mee bon, da musse mer en aneren Term fannen, mee ech mengen, dat ass dee mannste Problem.

Ech wëll just soen, datt – an ech benotzen den Term awer dann nach weider – ech net wëll de System vum Conjoint aidant a Fro stellen. Ech hunn och net héieren, datt hei een en a Fro gestallt huet. Et muss awer och esou sinn, datt de Conjoint dann och primär den Independant ënnerstëtzt. Ech mengen, dat ass nach ëmmer … Ech hunn elo net vun iergendengem hei héieren, datt dat de Contraire soll sinn. Dat soll och d'Haaptorientatioun sinn.

An natierlech huet och den Aidant eng wichteg Contributioun par rapport zu engem Independant ze leeschten. Dat ass och jo historesch gewuess, vun do un, datt den Term och esou, „Conjoint aidant", opgestallt ginn ass. Dat ass schonn eng länger Zäit.

Ech hu mech natierlech och mat där Thematik auserneegesat an eis Iwwerleeung um Ministère ass, d'Méiglechkeet ze ginn … Mir musse jo och oppassen, datt mer den Independant, wa mer op fënnefmol den SSM sinn, net op eemol Diskussioune kréien, datt vläicht ee Conjoint aidant wëll eropgoen an domat den Independant selwer muss erofgoen. Dat Zesummespill muss weider klappen.

Ech sinn net favorabel. Ech gesinn et skeptesch, wann den Independant selwer de Seuil géif fixéiere par rapport zum Conjoint aidant. Dat gesinn ech net als favorabel un, soudatt meng Propos och do ass, fir deen Dossier opzemaachen a par rapport …, wéi beim Independant op fënnefmol den SSM ze goen. Dann hu mer eng Egalitéit an dat ass dann nach ëmmer eng Decisioun vis-à-vis vum Independant a vum Conjoint aidant. Dat, schéngt mer, kënne mer och an der Kommissioun diskutéieren. Dat schéngt mer och a priori elo – ouni an d'Detailer wëllen ze goen – de richtege Wee ze sinn.

Mir sollen eis och do op Zuele baséieren, déi mer hunn, d'Realitéit – momentan si mer bei 2021 –, wivill Leit eeben och als Conjoint do sinn. Wat ass de Seuil, dee se hunn? Wou ass d'Problematik? Virdrun ass d'Participatioun par rapport zum Mindestloun ugeschwat ginn. Ech hunn elo net, Madamm Ahmedmova, d'Zuele bei de Conjoints aidants. A wat de Sexe ass, dat heescht männlech, weiblech, esou hat ech Är Fro verstanen, ech weess awer net, ob ech se richteg verstan hat. Ech hunn dat och net bei mer. Ech ginn Iech awer déi Zuele ganz gär, soubal ee mer se ginn huet. Da ginn ech Iech déi weider.

Och do, beim Conjoint aidant, musse mer oppassen, datt mer net eng Sécu à la carte schafen. Ech mengen, dat wier och de falsche Wee.

Zur Affiliatioun an der Mutualité des employeurs: Aktuell ass se fräiwëlleg. Et ass awer net, well de Ministère sech drop behaapt, datt se soll fräiwëlleg sinn … oder d'Sécurité sociale oder dës Regierung. Et ass, well verschidde schaffend Beruffer dat net wëllen. Bon, wann den Accord do ass, fir datt dat gemaach gëtt, hu mir iwwerhaapt kee Problem, dat

unzewenden. Ech hat do och schonn e puer Rendez-vouse mat de Beruffskummeren, fir doriwwer ze schwätzen.

Et ass natierlech esou, datt een déi Kommunikatioun ëmmer nach ka verbesseren, et ass awer och mat de Beruffskummeren zesummen, déi concernéiert sinn, wou mer dat solle maachen. Dat wäerte mer och maachen.

An der Motioun ass jo och eng Propos, géint déi ech perséinlech weider näischt hunn. Ech kann Iech just d'Zuele soen. Am Oktober 2022 waren eng ronn 15.000 Independantë bei der Mutualitéit ugemellt, woubäi eng gutt 30.000 Independanten affiliéiert ware beim Centre commun vun der Sécurité sociale, ouni eng Dispens ze hunn. Dat heescht, do hu mer och nach Leit natierlech, déi och kënnen eng Dispens froen. Ech mengen, den Här Kersch ass op déi Thematik a senger Ried agaang. Dofir – wéi gesot, och do stinn d'Dieren op – solle mer och zesummen an der Kommissioun diskutéieren. An esou, wéi ech déi verschidde Virriedner hei héieren hunn, ass dat jo och, géif ech soen, e politesche Konsens, datt mer alleguerte kënnen an déi Richtung goen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Minister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

***Motion 1***

Mir musse just nach iwwert d'Motioun ofstëmmen, déi vun der Madamm Hartmann deponéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Laurent Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci fir d'Wuert. Mir hunn eis déi Motioun ugekuckt. Ech kann och direkt soen, datt mer déi Motioun wäerte stëmmen, well, wéi ech och schonn a menger Interventioun gesot hunn, ganz vill Punkten do dra sinn, déi mir scho laang fuerderen. Ech brauch net méi op déi ganz Diskussioun vun de Proposition-de-loie vum Kolleeg Marc Spautz a vu mir anzegoen.

Ech wollt allerdéngs eng Bemierkung maachen: Hei steet och dran, datt den Droit d'établissement misst moderniséiert ginn, eng Iddi, déi mir natierlech ganz sympathesch ass. Op där anerer Säit wär ech awer net onfrou gewiescht, do e puer Präzisiounen ze kréien, wéi deen Droit d'établissement da soll reforméiert ginn. An ech hunn och do virdrun a menger Ried gesot, do gëtt et notamment déi Thematik vun enger zweeter Chance. Dat kënnt elo hei net dra vir.

Ech fannen och, datt déi ganz Prozedur, fir iwwerhaapt hei eng Geneemegung ze kréien, och fir d'Gesellschaften, vill ze laang dauert. Ech hunn och virdru gesot, déi Thematik, déi mer hu mat de Problemer, fir Konten opzemaachen, alles dat géif natierlech eng Diskussioun remportéieren.

An nach eng Kéier, Här President, ech bedauere wierklech, datt deen zoustännege Minister fir d'Independanten eigentlech haut hei net present ass, d'autant plus, wou d'Madamm Hartmann hei eng Rei vu Propositiounen och an hirer Motioun dran huet.

Dat gesot, wäerte mir dës Motioun awer stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Mosar. Den Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Och mir kënnen déi Motioun matdroen. Mir bedaueren allerdéngs, datt se op ville Punkten einfach e bësse vag bleift, et ass mer e bësselche vill „analyser“, „le cas échéant“, „la possibilité“ dran, lauter Saachen, déi der klorer Ausso vum Regierungsprogramm vun 2013 widdersprechen. Ech fannen, do hätt ee kënne méi affirmativ sinn. Ceci étant ass alles, wat an déi richteg Richtung geet, eng gutt Saach, an duerfir droe mer déi Motioun hei mat als ADR.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Reding. Den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP), interpellatrice | Jo, merci, Här President. Ech wollt just op dat reagéieren, wat den Här Mosar och gesot huet – merci als Alleréischt och fir déi Ënnerstëtzung da fir déi ganz Motioun –, wat den Droit d'établissement ugeet.

Dir kënnt dat vläicht net wëssen, Här Mosar, Dir sidd net an där Kommissioun vun de Classe-moyennen derbäi, mee do ass entre-temps e Gesetzesprojet um Instanzewee, deen och genau déi dote Modernisatioun soll bréngen a wou och déi Saachen, déi ech ugeschwat hunn, Objet si vun deem Projet de loi vun dem Minister vun de Classes moyennes. Dat heescht, ... Dofir sinn ech och elo hei net an den Detail gaangen, well do ass e Projet de loi och um Instanzewee. Ech hat awer a mengen Erklärungen déi wichtegst Piliere vun deem Projet de loi genannt.

An dann hutt Der gesot, dass et oft laang brauch fir en Independant, fir sech ze etabléieren. Ech ginn Iech do Recht. Do muss een awer eng Ënnerscheedung maachen, wat elo d'Prozedur eleng um Niveau vun de Ministèren ugeet, well ech mengen, dass mer do ganz, ganz vill Efforte gemaach hunn, notamment och wärend der ganzer Pandemieszäit, fir déi Delaien esou kuerz wéi méiglech ze kréien, an dass do och d'Delaien net exzessiv laang sinn, fir och d'Autorisatioune vum Ministère ze kréien.

Mee, Dir hutt ganz Recht, et ass net nëmmen d'Autorisatioun vum Minister, déi ee brauch, fir sech ze etabléieren, mee et muss natierlech och nach eng ganz Rei aner Saachen do consideréiert ginn. Duerfir ass et scho richteg, dass et do heiansdo laang dauert, bis ee sech dann en fin de compte etabléiert huet, an dass een natierlech dat am Ganze muss kucken an och do Efforte muss maachen, dass dat den Independantë méi einfach gemaach gëtt.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci un d'Madamm Hartmann.

Dann, mengen ech, kënne mer elo zum Vott iwwert d'Motioun kommen. Kënne mer de Vott à main levée maachen?

*(Assentiment)*

***Vote sur la motion 1***

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

Iech all e gudden Appetitt!

*(La séance publique est levée à 12.02 heures.)*

# 38e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 29
   M. Fernand Etgen, Président
2. **7864 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail** p. 29
   Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch (dépôt de la motion 1)
   Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | M. Dan Kersch | Mme Djuna Bernard | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement
   Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 7864 et dispense du second vote constitutionnel
   Vote sur la motion 1 (adoptée)
3. **Question élargie n° 182 de M. Jeff Engelen au sujet de l'avenir des bureaux de la SNCA à Marnach** p. 34
   M. Jeff Engelen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
4. **7680 – Projet de loi portant modification de :**
   **1° la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'aviation civile ;**

2° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne p. 36

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary

Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre François Bausch) | M. le Ministre François Bausch

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7680 et dispense du second vote constitutionnel

5. **8057 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire** p. 38

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain

Discussion générale : M. Jean-Marie Halsdorf | M. Gusty Graas | Mme Lydia Mutsch | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Marc Goergen, M. Dan Kersch, M. Claude Lamberty, M. Gilles Baum et M. François Bausch, Ministre de la Défense) | M. Gusty Graas (parole pour fait personnel) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Gusty Graas et Mme Nancy Arendt épouse Kemp) | M. Gusty Graas | M. Fernand Kartheiser | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Défense (interventions de M. Gilles Baum et M. Fernand Kartheiser) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre François Bausch)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8057 et dispense du second vote constitutionnel

6. **8055 – Projet de loi portant :**
**1° modification de :**
**a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;**
**b) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;**
**c) la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers ;**
**2° mise en œuvre du règlement (UE) 2022/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2022 sur un régime pilote pour les infrastructures de marché reposant sur la technologie des registres distribués, et modifiant les règlements (UE) n° 600/2014 et (UE) n° 909/2014 et la directive 2014/65/UE** p. 45

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. André Bauler | M. Dan Biancalana | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement (intervention de M. André Bauler)

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8055 et dispense du second vote constitutionnel

7. **Question élargie n° 184 de Mme Martine Hansen au sujet du robot conversationnel ChatGPT** p. 46

Mme Martine Hansen | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

8. **Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des structures d'accueil et du bien-être des enfants accueillis** p. 48

Exposé : Mme Martine Hansen

Débat : M. Claude Lamberty | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (interventions de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, et M. Gilles Baum)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Martine Hansen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch | M. Fred Keup (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch

9. **Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'avenir du recrutement des détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental (Quereinsteiger)** p. 54

Exposé : Mme Francine Closener

Débat : Mme Martine Hansen | M. Claude Lamberty | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, M. Georges Engel et Mme Yuriko Backes, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

## 2. 7864 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail

Mir fänken d'Sëtzung vun de Mëtten u mam Projet de loi 7864, enger Ofännerung vum Aarbechtsgesetz, déi d'Aféierung vun der Protektioun géint Mobbing soll erméiglechen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale***

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Géigesaz zu deene meeschte Länner an der Europäescher Unioun gëtt et zu Lëtzebuerg e Vide juridique, wat de gesetzlechen Encadrement vum Harcèlement moral ugeet. Déi eenzeg Reegelung, déi mer actuellement hunn iwwert de Mobbing, ass d'Konventioun vum 25. Juni – lauschtert gutt no! – 2009 tëschent de Sozialpartner UEL, OGB-L an LCGB.

*(Interruption)*

Dobäi ass Lëtzebuerg, dem Avis vun der Chambre des Salariés no, dat Land an Europa, dat deen zweethéchste Mobbingtaux huet. E seriöe Problem also.

Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, dat d'Schafung vun engem gesetzlechen Dispositif an der Lutte géint de Mobbing virgesäit, wéi et schonn zanter Jore vu villen Aarbechtsrechtler, ënner anerem och vun der Mobbing ASBL, gefrot ginn ass a wéi et och am Koalitiounsaccord a Regierungsprogramm festgehale gi war.

Dësen Dispositif orientéiert sech zum Deel un deem aktuelle gesetzleche Kader iwwert den Harcèlement sexuel. Allerdéngs, an dat ass wichteg, gëtt et ee groussen Ënnerscheed: Weeder d'Regierung nach d'Chamberskommissioun sinn hei op de Wee gaange vun engem Renversement vun der Charge de la preuve, wou also deen, deen en Harcèlement virgeworf kritt, seng Onschold misst beweisen.

De Gesetzesprojet definéiert, wat ënner Harcèlement moral ze verstoen ass, an hält fest, wéi an engem Fall vu Mobbing virzegoen ass. Fir de Mobbingbegrëff ze bestëmmen, gëtt déi an der Fonction publique schonns besteeënd Formule applizéiert an déi Definitioun vum Harcèlement moral iwwerholl. Dës Definitioun deckt an der Tat eng Rei vu verschiddene Forme vu Mobbing op der Aarbecht of.

De Gesetzesprojet preziséiert dann och d'Obligatiounen, déi vun de Salariéen a vun de Patrone musse respektéiert ginn. D'Salariéen an d'Patrone mussen ausdrécklech vum Mobbing ofgesinn! Soubal e Patron vun engem Mobbingfall gewuer gëtt, muss hien direkt derfir suergen, dass dat ënnerbonne gëtt. Dat gëllt net nëmme fir de Fall, wou de Mobbing vun anere Salariéen ausgeet, mee och, wa Clienten oder Fournisseuren d'Salariéë géifen harceléieren.

Des Weidere sinn d'Patronen obligéiert, preventiv Moossname festzeleeën. Och d'Personaldelegatioun wäert eng wichteg Roll an der Preventioun an an der Lutte géint de Mobbing kréien.

Am Fall, wou de Mobbing net ophält, kann de Salarié respektiv d'Personaldelegatioun mam Averständnis vum Salarié d'ITM saiséieren. A wa sech dann net un d'Bestëmmunge vun der ITM gehale gëtt, wäert

d'ITM dann à même kënne sinn, fir Strofe géint de Patron auszeschwätzen.

An dësem Zesummenhang ass et wichteg, gemobbte Salariéen an Zeie vu Mobbing géint eventuell méiglech Vergeltung ze schützen. De Gesetzesprojet gesäit dowéinst vir, dass e Salarié, dee gäre weider a sengem Betrib schafft, e Kënnegungsschutz kritt. Wann de Salarié par contre gären de Betrib verléisst, well en d'Situatioun net méi aushält, da kann hien dat maachen a ka vum Patron eng Entschiedegung froen an och – an dat ass wichteg – gegeebenefalls direkt Chômageentschiedegungen ufroen.

De Projet de loi ass den 23. Juli 2021 vum deemolegen Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Beruffschamberen hiren Avis ofginn.

Den éischten Avis ass den 9. September 2021 vum Centre pour l'égalité de traitement komm. D'Auteuren hunn eng Rei vu Kriticke gemaach, mee awer och hiren Accord zum Gesetzesprojet ginn. En zweeten Avis ass vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics komm, de 7. Oktober 2021. Och dës Chamber huet hiren Accord zum Gesetzesprojet ginn.

Den 19. Oktober 2021 huet dunn d'Chambre des Salariés hiren Avis publizéiert. Si schwätzt hiren Desaccord zum initiale Gesetzesprojet aus. D'Beruffschamber begréisst zwar engersäits, dass den Harcèlement moral soll seng Plaz am Code du travail fannen an dass duerch dëse Gesetzesprojet verschidde Schwaachstelle vum interprofessionellen Accord vum 25. Juni 2009 solle behuewe ginn, beispillsweis wat d'Roll vun der ITM ugeet an datt den Accord keng Sanktioune virgesinn hat am Fall, wou e Patron sech net géif un d'Reegelen halen.

Eng weider Schwaachstell, déi duerch de Gesetzesprojet soll behuewe ginn, concernéiert d'Recoursméiglechkeete vum Salarié. D'Konventioun vum 25. Juni 2009 huet beispillsweis net virgesinn, datt e juristesche Recours kann ageleet ginn, wann e Patron Abus bedreift bei der Opléisung vun engem Aarbechtskontrakt an enger Diskussioun iwwert den Harcèlement.

Et gëtt awer och eng Rei Kritickpunkte vun dëser Beruffschamber. D'CSL kritiséiert ënner anerem d'Feele vum Renversement vun der Beweislaascht zugonschte vum Affer. Si fuerdert och, der Personaldelegatioun nach méi eng wichteg Roll ze ginn, wéi et actuellement virgesinn ass. Ausserdeem ass si der Usiicht, dass de Gesetzesprojet ze niddreg Strofe virgesäit, besonnesch fir déi grouss Patronen.

De 4. Februar 2022 hunn d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers zesummen en Avis erausbruecht. Déi zwou Beruffschambere fuerderen, de Gesetzesprojet zréckzezéien, a kritiséieren, dass de Gesetzesprojet net mat de Sozialpartner ofgeschwat gi wier. Si argumentéiere weider, datt den Accord interprofessionnel vum 25. Juni 2009 de Mobbing scho reegele géif a vu kengem vun de Sozialpartner bis elo opgekënnegt gouf.

Déi zwou Beruffschamberen erkenne keng juristesch Begrënnung, wisou sech de Gesetzesprojet op verschiddene Plaze vum Accord interprofessionnel vun 2009 géif ënnerscheeden. Si fäerten och, datt et kéint zu enger Insécurité juridique kommen, wa bis deen heite Geseztesprojet an den Accord interprofessionnel zesumme koexistéiere géifen.

De Staatsrot huet dunn den 10. Mee 2022 säin Avis ginn. A sengem Avis huet de Staatsrot eng Rei vun Opposition-formellë formuléiert.

D'Kommissioun huet den 10. Oktober 2022 de Gesetzesprojet presentéiert kritt. An där Sëtzung goufen och d'Avise vun de Chambres professionnelles a vum Staatsrot examinéiert. An där Sëtzung gouf ech och als Rapporteur vum Gesetzesprojet designéiert an et gouf en neien Intitulé vum Gesetzesprojet ugeholl.

Opgrond vum Avis vum Staatsrot goufen den 8. Dezember 2022 eng Rei vu parlamentareschen Amendementer an der Kommissioun ugeholl. Sou gouf beispillsweis déi ursprünglech am Gesetzesprojet genannt Definitioun vum Harcèlement moral duerch déi, déi schonn haut an der Fonction publique besteet, ersat.

Hei ass d'Kommissioun dem Uleies vum Staatsrot zwar nokomm fir ze verhënneren, dass am Privatsecteur eng aner Definitioun géif applizéiert gi wéi an der Fonction publique. Allerdéngs muss ee soen, dass dat ouni grouss Begeeschterung – fir et emol diplomatesch auszedrécken – geschitt ass an een allgemeng dervun ausgaangen ass, dass déi ursprünglech Definitioun méi komplett gewiescht wär.

D'Kommissioun – an ech mengen, ech kann dat hei esou soen – bleift der Meenung, dass et net vu Muttwëll wier, déi elo zréckbehalen Definitioun an enger spéiderer Versioun ze iwwerschaffen an eng méi genau Definitioun fir de Privatsecteur an d'Fonction publique auszeschaffen.

An deem Sënn, Här President, erlaben ech mer och, eng Motioun ze presentéieren, oder Iech se ze iwwerginn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que le harcèlement moral est un problème de société qui a des conséquences graves sur la santé mentale et physique des personnes victimes de harcèlement et leur entourage ;*

*– considérant l'accord-cadre autonome portant sur le harcèlement et la violence au travail, signé en 2007 par les partenaires sociaux bénéficiant de la représentativité interprofessionnelle au niveau européen ;*

*– considérant l'accord interprofessionnel portant sur le harcèlement et la violence au travail conclu en 2009 entre les partenaires sociaux luxembourgeois ;*

*– considérant que l'accord de coalition de 2018-2023 prévoit l'adoption d'une loi portant sur le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail,*

*invite le Gouvernement*

*– à mener une évaluation de la loi portant sur le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail deux ans après son entrée en vigueur afin de déterminer son efficacité et identifier les lacunes éventuelles qui doivent être comblées.*

*(s.) Dan Kersch, Carole Hartmann, Charles Margue.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | An där gëtt genau gefrot, fir zwee Joer no der Entrée en vigueur vun dësem Gesetz – wann d'Chamber dann haut hiren Assentiment gëtt – dann eng Kéier ze kucken, wou mer ukomm sinn an ob een eventuell misst nobesseren.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Den amendéierten Text gesäit ënner anerem och vir, dass och de presuméierte Mobbingauteur ka vun der ITM gehéiert ginn. Dat ass wierklech eng absolutt sënnvoll Korrektur, déi opgrond vum Avis vum Staatsrot agefloss ass, virun allem wann ee weess, dass fir de presuméierten Auteur jo och Strofen ustinn.

A sengem Avis complémentaire vum 7. Februar 2023 huet de Staatsrot seng Opposition-formellen opgehuewen a gëtt säin Accord zum amendéierte Gesetzesprojet.

Zwee Deeg méi spéit, den 9. Februar 2023, huet och d'Chambre des Salariés en Avis complémentaire erausginn. D'Beruffskummer gëtt hiren Accord net zu alle parlementareschen Amendementer. Si begréisst awer den Amendement, dee virgesäit, dass och de presuméierte Mobbingtäter vun der ITM ka gehéiert ginn.

Den 10. Februar 2023 hunn d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sech an hirem Avis complémentaire och géint déi parlamentaresch Amendementer ausgeschwat an halen hir prinzipiell Ofleenung vum Gesetz oprecht.

Den 23. Februar goufen d'Avis-complémentairë vun de Beruffschamberen a vum Staatsrot an der Kommissioun analyséiert. D'Kommissioun huet de Rapport den 2. Mäerz vun dësem Joer analyséiert an och guttgeheescht.

Ech wéilt net schléissen, ouni ze soen, dass d'sozialistesch Fraktioun hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet gëtt, mee sech natierlech och nach virbehält, fir am Kader vun dem parlamentareschen Dag anzegräifen, jee nodeem wéi dee verleeft.

Villmools merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Rapporter Dan Kersch.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz ageschriwwen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grousse Merci un de Rapporter, dee säi Rapport elo grad virgedroen huet, an och betreffend säi schrëftleche Rapport, dee gemaach ginn ass an deen och d'Diskussiounen an der Kommissioun groussendeels zréckspigelt, esou wéi se gelaf sinn, wou mer och gutt Diskussiounen haten, wou mer net ëmmer alleguerten enger Meenung waren. Oder wou mer heiansdo souguer enger Meenung waren, mee wa mer dann driwwer ofgestëmmt hunn, wat d'Konklusioune sinn, da waren dat net ëmmer déi selwecht. Soe mer emol esou: De „Voir" an de „Juger" waren déi selwecht, mee beim „Agir" hate mer heiansdo aner Vuen an deem ganzen Dossier.

Ech wëll fir d'éischt drun erënneren, an et ass hei ënnerstrach ginn, de Rapporter huet et elo e puermol hei gesot, dass schonn 2009 hei zu Lëtzebuerg en Accord interprofessionnel gemaach ginn ass zwëschent den national representative Gewerkschaften OGB-L an LCGB an der UEL. A bei der Mobbing ASBL, zum Beispill, stoung ech nach mat enger anerer Kap deemools mat un der Wéi vun hirer Grënnung. An ech weess, dass och heibanne Leit sinn, déi haut nach aktiv an der Mobbing ASBL sinn a waren.

D'Mobbing ASBL huet an deene vergaangene Jore ganz vill Aarbecht geleescht an huet och ganz vill Initiative geholl. An ech erlabe mer, et esou ze soen: Beim fréieren Aarbechtsminister hu se och deemools eng Proposition de loi ausgeschafft gehat, en Text, dee si proposéiert hunn, dee soll kommen, wann et zu enger gesetzlecher Basis géif kommen. Well do ware mer eis alleguerten deemools eens: dass et wichteg wier, e Gesetz ze hunn, wat méi wäit géif goe wéi dat am Accord interprofessionnel. An dat huet och ni een a Fro gestallt.

De Problem, deen awer entstanen ass – an do huet de Rapporter schonn zum Deel drop higewisen, dass hei ganz vill Verbesserungen dra sinn am Verglach zu deem, wat am Accord interprofessionnel stoung –: Mee et gëtt awer dräi Punkten, wou et e bësselchen Diskussioune gëtt.

Een ass natierlech deen: Déi Definitioun, déi d'Patronat an d'Gewerkschaften zesumme fonnt hunn, wat Harcèlement moral wier a wéi déi ganz Definitioun géif lafen, ass eng aner wéi déi, déi elo zréckbehale ginn ass. De Rapporter ass drop agaangen, dass de Staatsrot do insistéiert huet, dass do déi selwecht géif geholl gi wéi an der Fonction publique an dass et net déi kéint sinn, déi d'Sozialpartner virdrun ..., net virdrun, mee säit 2009 plus ou moins, haten, dass déi net den Aval vun der héijer Kierperschaft Staatsrot kritt huet.

Eng zweet Diskussioun ass déi, wou mer och driwwer geschwat hunn ... Ech fannen dat jo ganz gutt, wa mer soen: „Mir hunn nëmmen nach ee System. Mir hunn nëmmen nach eng Definitioun." Ech gi jo dann dervun aus, dass dat och an deenen nächsten Avisen, déi wäerte kommen, och am Droit du travail a bei all deem ëmmer wäert heeschen, dass mer nëmmen nach ee System hei zu Lëtzebuerg hunn an dass et keen Ënnerscheed méi gëtt zwëschent Secteur public a Secteur privé. Mee do loossen ech mech, wéi och déi aner Leit an eiser Kommissioun, sécherlech gären iwwerraschen, ob dat dann och do esou wäert weidergoen.

Deen anere Punkt, wou mer Problemer gesinn, dat ass och dee bei der ITM. Bei der ITM, dat hunn de Minister an och de Rapporter eis deemools erkläert, do besteet d'Absicht, dass do Leit vun der Mobbing ASBL solle mat integréiert ginn. Mee déi Fro, déi mir eis stellen: Bis elo war dat eng ASBL, an Zukunft ass dat eng Institutioun, wou d'Leit hir Reklamatiounen eraginn; ass do d'Hemmschwell méi grouss oder ass do d'Hemmschwell méi kleng?

Dat wäerten eis déi nächst 18 oder 24 Méint weisen, wou mer da gesinn, ob d'Leit do dee selwechten, ech wëll net soe „Courage", mee dee selwechten Asaz weisen, fir sech kënnen ze mellen. Well et ass ëmmer méi einfach bei enger ASBL unzeruffen, wéi dass de direkt bei d'ITM gees, wat eng Institutioun ass. Dat ass eng Fro, déi weeder ech nach en aneren de Moment, mengen ech, ka beäntwerten, well et ass kee vun eis, deen d'Glaskugel huet, fir do kënnen ze kucken, ob dat zu enger Verbesserung féiert oder net. Mee dat ass op alle Fall eng Hemmschwell, wou mir dervun ausginn, dass vill Leit, oder net vill, mee dass en Deel vun de Leit wäerten Angscht hunn, fir sech do ze mellen, well se net wëssen, wat dat fir aner Repercussioune kann hunn.

An en anere Punkt, deen och nach ass: dass méi Matsproocherecht soll komme vun der Personaldelegatioun. Ech mengen, dat ass och nach eng Kéier ënnerstrach ginn am Bericht vun der Chambre des Salariés, dass et och do wichteg wier, dass d'Salariéen, d'Delegatioune vill méi Méiglechkeete sollten hunn. Och dat ass opgrond vun de verschiddenen Avisen net zréckbehale ginn, mee wou mer awer vläicht eng Kéier d'Méiglechkeet hunn – an de Rapporter huet et gesot, de Minister hat et och ugekënnegt –, dass een och nach ëmmer eng Kéier nobessere kéint.

Fir eis, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ass et awer esou, dass mir der Meenung sinn: Jo, et si Verbesserungen an deem Gesetz, mee gläichzäiteg feststellen, dass awer grouss Onzefriddenheet do ass, souwuel bei den ..., ech wëll net soen „Auteuren", dat wier elo e schlecht Beispill, well den Auteur war de Ministère, mee bei deenen, déi eng Proposition de loi deemools am Ministère eraginn hunn, dat waren d'Kolleeginnen an d'Kolleege vun der Mobbing ASBL, wéi och an deenen zwee Avisen. Wat awer de Rapporter ganz objektiv hei duergestallt huet: dass souwuel d'Chambre des Salariés wéi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers Problemer hu mat deem, wat do virläit.

An et ass fir déi Kolleegen aus der Kommissioun keng Iwwerraschung: Och d'CSV wäert an deem Punkt net géint d'Gesetz sinn, mee kann awer och dem Gesetz net d'Zoustëmmung ginn, well mir der Meenung sinn, dass do Onkloerheete sinn.

Wann ech elo e bëssen ... Nee, Här President, Dir hat gesot, et misst ee fei bleiwen. Soss hätt ech gesot: Virun allem d'juristesch Interpretatioun – mat deem, wat elo um Dësch läit – wäert eis déi nächst zwee Joer beschäftegen. Mee dann hu mer alt eng Aarbechtsbeschafungsmoossnam gemaach fir verschidde Leit, déi op den Droit du travail spezialiséiert sinn.

An domadder wëll ech Iech soen: D'CSV wäert dat Gesetz hei net stëmmen. Mir enthalen eis. Merci.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Spautz. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, virop e Merci un de Rapporteur, souwuel fir säi mëndleche wéi säi schrëftleche Rapport.

Mobbing ass ëmmer inakzeptabel, mee leider ass et keen Eenzelphenomeen. Ëmmer nees gi Mënsche schikanéiert, ausgegrenzt oder gedeemütegt. Den Impakt op d'Psych kann oft ganz grav sinn. De Risiko, an Depressiounen ze falen, ass och oft grouss. Op der Schaff leiden natierlech d'Wuelbefanne vun de Leit an dat ganzt Aarbechtsklima ënner esou enger Situatioun. Den Employeur huet net nëmmen d'Flicht, Mobbing op der Aarbechtsplaz mat alle Mëttelen ze ënnerbannen, hien huet och Interêt dorunner, fir e gudden internen Oflaf am Betrib ze garantéieren.

2009, an dat ass scho gesot ginn, hunn d'Sozialpartner zesummen en Accord interprofessionnel ausgeschafft, dee sech mam Mobbing a mat der Gewalt op der Aarbecht befaasst an iwwer e Règlement grand-ducal als allgemeng verflichtend erkläert gouf. Dësen Accord huet bis elo ganz gutt funktionéiert.

**Une voix** | Och am Gesetz!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | De Koalitiounsaccord gesäit awer vir, datt Mobbing op der Aarbecht iwwer e Gesetz gereegelt soll ginn, soudass dann och dëse Gesetzesprojet haut gestëmmt gëtt.

Trotzdeem wëll ech soen, dass een hei net hätt missen iwwer e Gesetz fueren an den Accord interprofessionnel hätt kënne weiderlafe loossen. Dëst ass e Punkt, deen och vun de Sozialpartner ugeschwat ginn ass. Doriwwer eraus huet souwuel d'Patronat wéi d'Salariat kritiséiert, dass se net vun Ufank u bei den Aarbechten un dësem Gesetzesprojet matagebonne waren a kee Sozialdialog am Virfeld stattfonnt huet.

2017 hat nach den deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit annoncéiert, datt e Mobbingsgesetz op Basis vu Consultatioune mat de Sozialpartner ausgeschafft géif ginn. Dës Consultatiounen hunn awer net stattfonnt. Dat ass ee Grond, firwat d'Sozialpartner mat dësem Gesetzestext, wéi en elo besteet, net zefridde sinn.

Wärend d'UEL, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers wëllen, datt den Text ganz zréckgezu gëtt, ass och d'Chambre des Salariés der Meenung, dass een op d'mannst weider misst dru schaffen.

Den Accord interprofessionnel gouf bis haut och net a Fro gestallt. Et gouf awer keng Analys gemaach, déi an d'Ausaarbechtung vum Gesetzestext hätt kënne mat afléissen. Dat ass schued.

Mat zwee Regimmen, een am Accord interprofessionnel an een am Gesetz, riskéiert et elo, zu juristeschen Onsécherheeten ze kommen, well verschidden Definitioune vum Harcèlement moral applikabel wäerte sinn. Meng Fraktioun hätt et virgezunn, d'Definitioun vum Accord interprofessionnel ze iwwerhuelen, déi sech um europäeschen Accord vun 2007 orientéiert an domat méi ëmfaassend applikabel wär.

Dat neit Gesetz gesäit och eng speziell Prozedur a Fäll vu Mobbing op der Aarbechtsplaz vir, déi vun der ITM wäert gemaach ginn. Hei hätt een, wéi souwuel vum Salariat wéi Patronat bemängelt, och en anere Wee kënne goen an eng Aart Ombudsman oder en externt, onofhängegt Mediatiounsorgan virgesinn oder och fir d'éischt emol iwwer eng intern Prozedur nodenken, éier eng ITM mat der Saach befaasst gëtt.

Béid Chamberen hunn och d'Fro opgeworf, ob d'ITM iwwerhaapt outiléiert ass, fir engersäits innerhalb vu 45 Deeg en Harcèlement moral ze deceléieren an anerersäits och adequat Mesüre virzeschloen. Och dat si pertinent Remarken.

Mobbing ass nämlech net ëmmer ganz einfach festzeleeën. D'Perceptioun, wat als Mobbing gëlt, ka ganz subjektiv sinn. An d'Gesetz bestëmmt net, wat mat engem Salarié geschitt, deen zwar Mobbing denoncéiert, obwuel kee Mobbing virläit. Den Text leet just fest, dass e Salarié keng Represaillë fäerte muss. Also och am Fall, wou en eventuell gelunn hätt? Dat ass eng Fro, déi ech opwerfen.

Den Accord interprofessionnel gesäit am Fall vu falschen Denonciatiounen eng Action disciplinaire vir, déi bis zur Kënnegung goe kann. De Gesetzesprojet gesäit dozou näischt vir. Dat féiert zu engem Ongläichgewiicht, well e Salarié, dee sech, aus wéi engem Grond och ëmmer, ongerecht behandelt fillt, dem Patron, dem Betrib an den Aarbechtskolleege mat esou enger Denonciatioun schuede kann.

Aus dësem Grond ass meng Fraktioun frou doriwwer, datt op d'mannst de Renversement de la charge de la preuve net an de Gesetzestext mat opgeholl ginn ass. Well wéi soll ee wannechgelift beweisen, datt kee Mobbing virläit?

De Gesetzestext leet fest, datt e Salarié, deen Affer vu Mobbing ass, den Aarbechtskontrakt ouni Preavis wéinst Motif grave kënnege kann, mat Entschiedegungen, déi den Employeur bezuele muss. Et ass awer net definéiert, ab wéini de Salarié kënnege kann. Muss de Salarié de Rapport vun der ITM ofwaarden? Oder kann en direkt kënnegen, soubal et seng Perceptioun ass, dass en Affer vu Mobbing ass?

Här President, Dir gesitt, dass dëst Gesetz nach eng ganz Rei Froen opléisst. Fir d'DP ass et dowéinst extreem wichteg, datt vun dësem Gesetz no zwee Joer eng Evaluatioun gemaach muss ginn, fir den Impakt op d'Betriber an op d'Salariéen ze analyséieren an eventuell Adaptatioune virzehuelen – an deem Fall mat direkter Implikatioun vun de Sozialpartner.

Fir de Moment ginn ech den Accord vun der DP a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard.

*(Interruption)*

Nee, den Här Dan Kersch ass nach ageschriwwen. Dann hunn ech dat virdrun awer richteg gesi gehat.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Richteg, Här President.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kersch, Dir hutt d'Wuert. Pardon.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, ech wousst, dass Der alles am Gréff hätt.

*(Interruption)*

Ech wëll hei d'Diskussioun mat Sécherheet, léif Kolleegen, net verlängeren. Ech hat virdru scho gesot, wéi ech Rapporter war, dass ech mer géif virbehalen, och am Numm vun der LSAP ze schwätzen.

Ech wéilt vläicht ganz am Ufank op dat agoen, wat den Här Spautz gesot huet. Déi Diskussioun, déi mer iwwert d'Definitioun vum Harcèlement moral haten, war net, dass mer an der ursprénglecher Fassung vum Projet eng Definitioun iwwerholl gehat hätten, déi tëschent de Sozialpartner ausgeschafft gi war, mee et war u sech praktesch textuellement d'Iwwerhuele vun enger Jurisprudenz aus engem Konflikt, deen et ëm d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht ginn ass an déi – an do ware mer eis, mengen ech, alleguerten eens – méi prezis gewiescht wier, wéi dat, wat mer haut an der Fonction publique hunn a wat mer elo an dat actuellement Gesetz ageschriwwen hunn.

Ech wëll awer virun allem och hei Positioun huele vis-à-vis vun deem, wat am Avis vun der Chambre de Commerce a Chambre des Métiers gesot ginn ass a wat leider hei och op der Tribün elo grad nach vun der Kolleegin Carole Hartmann widderholl ginn ass, obschonns dat schonn an der Kommissioun kloergestallt ginn ass.

Et ass absolutt net esou, dass hei keen Dialogue social iwwert dës Fro vum Harcèlement oder vum Aschreiwe vum Harcèlement moral an d'Lëtzebuerger Aarbechtsgesetzgeebung stattfonnt hätt! Souwuel mäi Virgänger Nicolas Schmit wéi och ech selwer, wéi ech nach déi Fonctioun vum Aarbechtsminister hat, hu ganz wuel bilateral Gespréicher iwwert dat Theema gefouert. Et huet sech allerdéngs erausgestallt, dass et en Désaccord fondamental gëtt, souwuel tëschent de Patronen an de Gewerkschaften, an haaptsächlech ëm déi Fro vum Ëmdréine vun der Charge de la preuve.

A wéi ech nach Aarbechtsminister war, kann ech mech erënneren, dass mer an enger Chamberskommissioun iwwert dat Theema geschwat hunn an d'Kommissioun unisono der Meenung war, dass een dat an dësem Fall hei net sollt maachen, well et en allgemenge Prinzipp ass vun der Lëtzebuerger Rechtssproochung, dass net deen, dee beschëllegt gëtt, muss seng Onschold beweisen, mee dass et ëmgedréint ass: dass deen, deen uklot, muss weisen, dass een anere schëlleg ass. Do ware mer eis also eens.

Et awer kloer, dass et doriwwer keen Accord géif ginn tëschent de Sozialpartner. Déi eng wollten dat eent an déi aner wollte genau de Contraire. An dofir ass och d'Decisioun geholl ginn, fir op de Wee ze goen, dass d'Regierung dat gemaach huet, wat am Accord de coalition steet a wat och am Regierungsprogramm steet, an dass se eesäiteg dann hir Decisioun geholl huet.

Dat ass awer wichteg hei ze soen: Et war kee schlechte Wëlle vun der Regierung, fir hei net d'Sozialpartner ze froen. Mee et war kloer, dass et net géif zu engem Accord an dëser Fro kommen. An et war genausou kloer, dass et net tragbar wär, weider déi Lacune am Lëtzebuerger Aarbechtsrecht oprechtzeerhalen.

Ech wéilt awer och soen, dass ech ganz gäre mat op de Wee gi fir ze soen, dass dëst Gesetz net perfekt ass. Dofir hu mer jo och déi Motioun hei presentéiert, fir ze soen: Kommt, mir maachen no zwee Joer eng Aschätzung, wat d'Auswierkungen dovunner sinn, a gegeebenefalls och nach eng Kéier nozebesseren.

Loosst mech och nach ee Wuert soen iwwert déi soidisant problematesch Situatioun, déi mer géife kréien duerch d'Koexistenz vun engem Accord interprofessionnel vun 2009 an elo enger gesetzlecher Reegelung.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass mer dat a ganz ville Beräicher haut schonn hunn! Mir sinn an enger Situatioun, wou mer zum Beispill – ech huelen d'Beispill: Reegelung vun den Aarbechtszäiten – e kloert Gesetz hunn, an trotzdeem ass et méiglech, iwwer interprofessionell Accorden dat Gesetz ze ergänzen. Et gëtt allerdéngs zwou Reegelen, déi anzehale sinn. Éischtens, d'Hiérarchie des normes – déi dierft jo deene mannsten heibannen e Friemwuert sinn –, wou kloer ass, dass d'Gesetz iwwer allen anere Reegelunge steet, et sief, d'Constitutioun géif eppes aneschters soen. Dat heescht also: Et däerf näischt ofgemaach ginn, wat géint d'Gesetz wär, well dat an deem Fall null und nichteg wär a vun de Geriichter och deementspriechend esou géif deklaréiert ginn.

Ech sinn awer bei Iech, dass ech soen, dass mat dësem Gesetz net all juristesch Froe gekläert sinn. Dat ass et iwwregens a ganz wéinege Beräicher vum Aarbechtsrecht an et sinn ëmmer erëm Geriichter, déi mussen tranchéieren. An ech widderhuelen dofir nach eng Kéier dat, wat ech virdrun hei gesot hunn: Déi Definitioun, déi mer ursprénglech geholl hunn, war jo opgrond vun enger Decisioun vun engem Aarbechtsgeriicht, déi ganz kloer definéiert huet, wat hirer Meenung no misst an engem Gesetz stoen.

Ech bedaueren nach eng Kéier, dass mer dat net konnten esou tel quel iwwerhuelen. Mee et bleift natierlech, dass eng Rei vu Froen opbleiwen, wou dann Diskussiounsbedarf besteet a wou dann natierlech ëmmer erëm d'Geriichter do sinn, fir dat ze klären. D'Aufgab vum Legislateur ass et, fir dat esou kleng wéi méiglech ze halen. Dat geléngt eis meeschtens, awer net ëmmer.

Summa summarum bleift, dass d'Regierung an de Legislateur mat dësem Projet eng grouss Lacune am Lëtzebuerger Aarbechtsrecht zoumaachen. A mir als LSAP sinn och net onhoufreg driwwer, dass mir un der Initiativ vun dëser Saach stinn.

Ech wëll awer net schléissen, ouni e grousse Merci – an den Här Spautz hat et virdru scho gesot – un alleguerten déi Leit, déi an deem Beräich vun der Bekämpfung vum Harcèlement moral op der Aarbechtsplaz grouss Déngschter geleescht hunn. An d'Mobbing ASBL, wat jo eng gewerkschaftlech Initiativ war, huet dorunner e groussen Undeel. Dofir e grousse Merci u si.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kersch. An da steet d'Madamm Djuna Bernard prett. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech fänke mat engem Merci un de President-Rapporter Dan Kersch u fir säi Rapport a wëll awer och direkt hannendrun och menge Virriedner Merci soen, déi scho ganz vill wichteg Consideratioune ronderëm d'Gesetz ervirgehuewen hunn.

Dass dëst Gesetz do ass an hoffentlech haut gestëmmt gëtt, ass fir d'alleréischt eng gutt Saach an d'Ëmsetzung vum Koalitiounsaccord. Mir schléissen heimat eng Lück vun enger Realitéit, déi leider op der Aarbecht present ass a wou trotz dem bestoenden Accord interprofessionnel eiser Meenung no e Besoin war, fir e legislative Kader en place ze setzen.

Mobbing am Aarbechtskontext: eng Realitéit, déi den Alldag zur Häll ka maachen an en immensen Impakt iwwert d'Aarbechtsqualitéit an d'Aarbechtszäit eraus kann hunn. Dëst si Situatiounen, déi kënnen an engem hierarchesche Lien entstoen oder ënner Kolleegen an engem Service. Och duerch Clienten a Fournisseure kann et zu Harcèlementsfäll kommen, mol méi ëffentlech, mol méi verstoppt, mee a sämtleche Fäll geet et hei ëm eng absolutt ondrobar Situatioun fir déi betraffe Persounen.

D'Gesetz, dat mer haut hei diskutéieren, gëtt also den Handlungskader vir, en Handlungskader, fir deen de Patron responsabel ass an deen op kee Fall dierf zum Detriment vum Harcèlementsopfer sinn. En Handlungskader, deen natierlech muss fir d'alleréischt preventiver Natur sinn, also e Kader bidden, deen en Harcèlement strukturell verhënnert. Dofir si Sensibiliséierungsaarbecht, Formatioun an Opklärung néideg.

Wann et dann trotzdeem geschitt, ass den Employeur verflicht, an aller Impartialitéit d'Faite schnell opzeklären an natierlech direkt dem Opfer déi néideg Hëllefstellungen zoukommen ze loossen, déi d'Persoun benéidegt. Unhand vun der Enquête vun de Faiten ass de Patron dann natierlech saiséiert, fir seng intern Prozeduren a strukturell Ofleef esou unzepassen, dass dëst net méi geschéie soll an dierf. Och weider Reevaluatioune sinn an dësem Gesetz virgesinn a sollen zesumme mat der Personaldelegatioun duerchgefouert ginn.

E weidere wichtegen Acteur, dee mat dësem Gesetz eng wichteg Missioun kritt, ass d'ITM. Si spréngt an, wann den Employeur keng strukturell Ännerunge virhëlt oder den Harcèlement sech widderhëlt. D'Personaldelegatioun kann och d'ITM saiséieren. Si héiert souwuel d'Victime wéi de presuméierten Auteur a stellt dann innerhalb vu 45 Deeg en Dossier mat Rapport op, deem senge Konklusiounen de Patron sous peine d'amende muss Rechnung droen. Och hir kënnt d'wichteg Missioun vun der Preventioun zou. Mir begréissen och hei, esou wéi vu verschiddene Virriedner gesot, d'Kooperatioun mat der Mobbing ASBL.

Nieft der Verantwortung a Missioun vum Patronat an der ITM kënnt de Personaldelegatioune mat dësem Gesetz och däitlech d'Aufgab zou, d'Salariéë viru méiglechen Harcèlementer ze schützen an dem Patron eventuell Preventiounsmesüren ze proposéieren. Des Weideren hëlt d'Personaldelegatioun eng wichteg Roll bei der Begleedung vum Affer an a kann och bei Gespréicher mam Employeur begleeden.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wärend den intensive Gespréicher an Diskussiounen an der Kommissioun hu mer eis et alleguerten net liicht gemaach an hu vill am Interêt vun der Saach diskutéiert. Notamment d'Definitioun gouf hannerfrot, wéi de Staatsrot et och ugereegt huet. Och d'Avise vun de Beruffskummere goufe laang a breet diskutéiert, deelweis kontrovers, par rapport zum Fong, mee och zu der Entsteeung an der Abannung am Virfeld vun dësem Gesetz.

Haut stëmme mer d'Harcèlementsgesetz, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a mir als gréng Fraktioun considéréieren dëst als e wichtege Meilesteen am Lëtzebuerger Aarbechtsrecht, e Meilesteen, deen den Ufank mécht a wuel an de kommende Joren nach weider modifizéiert wäert musse ginn. Et ass e Work in Progress, an net där mannster een.

Ech ginn domadder den Accord vun der grénger Fraktioun a begréissen awer och ausdrécklech d'Motioun ronderëm d'Evaluatioun vun dësem Gesetz, déi vum Här Rapporter deposéiert a vun eis matënnerschriwwe gouf.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, generell ass ze soen: Wat de Mobbingtaux ubelaangt, läit Lëtzebuerg op der zweeter Plaz am Ranking vun der EU. Ech mengen, dat beweist schonns, wéi wichteg esou e Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn, an deem Beräich ass, an datt mer dat och op de Wee ginn.

Et sinn allerdéngs e puer juristesch Onkloerheeten dran. Ech mengen, meng Virriedner hunn et bal alle véier gesot, duerfir wëll ech mech do net drop beschränken. Ech wëll och nach drop hiweisen, datt och, wa mer dat do elo verbesseren an zwee oder dräi Joer, datt dann nach sollten d'Personaldelegatiounen oder och d'Gewerkschaften an och anerer matagebonne ginn an der Bewäertung vun dësem Gesetz. Ech mengen, dat wär wichteg.

Wourop ech awer nach wëll hiweisen: Mir schwätzen ëmmer vu Personaldelegatioun an de Betriber. Mee ech wëll och drop hiweisen, datt eng ganz Rëtsch Betriber keng Personaldelegatioun hunn, well se einfach de Quorum vu 15 Persounen net erfëllen.

Ech mengen, dat gesot, wëll ech da soen, datt mir eis bei dësem Gesetz wäerten enthalen, awer bei der Motioun wäerte mer derfir stëmmen, well et mir immens wichteg ass, datt mer an deem Beräich aktiv ginn. An no zwee, dräi Joer wëlle mer dann eng Bewäertung maachen an da kucke mer, wat d'Gesetz bruecht huet oder net.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwe Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, als Alleréischt emol dem Rapporteur e grousse Merci fir säi mëndlechen a säi geschriwwene Rapport.

Fir déi betraffe Leit, déi op hirer Schaff ënner Mobbing leiden, féiert dat zu perséinlechen, gesondheetlechen an deemno wéi och zu existenzielle Problemer, well déi hir Aarbecht doduerjer ganz oft mussen opginn, well e weidert Schaffen an deene jeeweilegen Entreprisë ganz, ganz schwéier ass, nodeems een eng Mobbingaffär um Hals hat, voire oft iwwerhaapt net méi méiglech ass.

Déi wuessend Rivalitéit a Konkurrenz an der Wirtschaft, den Drock an de Stress op der Aarbecht droe sécher net derzou bäi, datt dëse Problem verschwënnt. Au contraire, e gëtt méi grouss. An ech mengen, mir hunn héieren, a wéi engem Ranking mir sinn. Ech mengen, mir sinn net stolz dorobber.

A well et sech hei wierklech ëm e gesamtgesellschaftleche Problem handelt, si mir wierklech der Meenung, datt d'Chamber legiferéiere muss. Och wann dat Gesetz elo net perfekt ass, mee et ass e gudden Ufank. An ech mengen, et soll een dorunner weiderschaffen am Laf vun der Zäit. An dofir: Mir stëmmen et op alle Fall emol mat.

Mir gesinn, wéi gesot – dat betrëfft zum Beispill och d'Fro, wat elo ee Problem ass, wou ee muss dru schaffen –, och d'Fro vum Renversement de la charge de la preuve, an dësem Fall, dass net d'Affer muss beleeën, dass et zu Mobbing koum, mee dass et den Täter oder d'Täterin misst sinn, déi beleeë muss, dass et net zu Mobbing koum; och wann ee sech do an der Kommissioun jo bal eens war. Well eigentlech ass et op enger Aarbechtsplaz, wou d'Hierarchien an d'Subordinatioun eng immens grouss Roll spillen oder eng zentral Fro sinn, awer trotzdeem dann net esou einfach, als Affer dat kënnen ze beweisen.

Mee och d'Aufgabe vun der ITM, dat hate mir och an der Kommissioun gesot, werfe weider Froen op. Ass d'ITM opgestallt, fir bei Mobbingfäll ze intervenéieren? Och wann d'Leit vun der Mobbing ASBL iwwerholl ginn, wat eng gutt Saach ass, well déi wierklech scho jorelaang Erfarung an deem dote Beräich hunn – ech mengen, dat ass ganz, ganz wichteg! –, mee et ass eeben déi Fro vun der Capacitéit vun der ITM. Mee dat betrëfft, mengen ech, net nëmmen dat heite Gesetz, dat betrëfft am grousse Ganzen, wéi si iwwerhaapt grosso modo opgestallt sinn.

D'Roll vun der Aarbechtsmedezinn, wéi se d'CSL zu Recht opgeworf huet, wat d'Preventioun an de Suivi vu Mobbing a Mobbingaffer ugeet, ass och ganz, ganz pertinent.

Mir wären och, genee wéi de Rapporteur et scho gesot huet, méi frou gewiescht mat der ursprünglecher Definitioun. Mee bon, mir konnte se net bäibehalen, mir hu se missen ëmänneren. Dann ass dat elo eeben esou.

Et bleiwen also, Dir hutt et héieren, vill Chantieren. Mee wéi gesot, mir gesinn dat hei wierklech als éischten, ganz, ganz wichtege Schrëtt. D'Madamm Bernard hat gesot, ... „E Meilenstein", war virdru vun enger vu menge Virriednerinne gesot ginn. An dat gesi mir och esou. Mir sinn och ganz frou, datt déi virgeluechte Motioun hei elo koum, an dat ass ganz wichteg, datt no zwee Joer eng Evaluatioun do proposéiert gëtt. Déi wäerte mir dann och matstëmmen a matdroen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Zuelen, wat d'mental Gesondheet ugeet, si generell net erfreelech a missten eis alleguerten zur Aktioun opruffen. No der Covidpandemie hu 37 % vun den Erwuessene bis 44 Joer uginn, datt hir mental Gesondheet wärend dëser Zäit gelidden hätt. En Aspekt vun der mentaler Gesondheet ass ganz kloer d'Aarbechtsëmfeld. Hei spillt de Mobbing ënner Aarbechtskolleeg/innen, mee och tëscht dem Chef oder der Cheffin an den Aarbechter/innen eng grouss Roll.

Mobbing ass och hei am Land e Problem. Eleng bei der Mobbing ASBL hu sech d'lescht Joer 657 Leit gemellt, fir Hëllef ze kréien. An dat sinn déi, déi sech getraut hunn, sech ze mellen, déi d'Reserven haten, déi d'Energie haten, sech ze mellen.

Mobbing presentéiert sech a ganz villen, jo, diverse Formen. Et kënnen direkt Ugrëff sinn, wou een an d'Gesiicht gesot kritt, datt een net erwënscht ass. Et kënnen och indirekt Ugrëff sinn, an deem Sënn, datt een isoléiert gëtt, all seng Tâchen ofgeholl kritt. Och dat ass Mobbing, wann een einfach wéi Loft behandelt gëtt.

A Mobbing ass och keng Privataffär, déi eis als Politick oder als Staat näischt ugeet. Well dee Moment, wou een Affer vu Mobbing ass, gëtt ee krank. Et gëtt ee krank gemaach. An déi Krankheet, déi kascht eis Ekonomie an déi kascht eis als Allgemengheet, einfach nëmmen, well een op der Aarbecht mengt, et misst ee säi Géintiwwer färdegmaachen. Dofir geet et eis alleguerten eppes un an dofir ass dat Gesetz u sech och wichteg: net well et um Terrain elo wäert d'Revolutioun bréngen, mee well mer heimat als Legislateur e klore Message schécken, e klore Message géint Mobbing!

Mir Piraten begréissen dofir, datt e Kader ausgeschafft ginn ass. D'Tatsaach, datt hei kee vun de Sozialpartner involvéiert war an d'Chambre des Salariés wéi d'Chambres de Commerce an des Métiers dëse Projet ofleenen, weist awer, datt hei u sech komplett laanscht den Terrain geschafft gouf, wat natierlech net ze akzeptéieren ass. Ëmmerhi sinn d'Patronat an d'Personalvertrieder déi, déi mam Phenomeen um Terrain ze kämpfen hunn. Dofir musse se méi agebonne ginn!

Dofir begréisse mer d'Iddi vun der Salariatskummer, datt Experte géifen engagéiert ginn, wann de Patron domat d'accord wier, fir dem Mobbing op der Aarbechtsplaz méi geziilt a virun allem neutral ze begéinen. Mir wieren och der Meenung, datt Vertrieder vun der Gewerkschaft bei de Gespréicher mat der betraffener Persoun dobäi sollte sinn, wann dat gewënscht ass. Mir denken, datt dat allemol besser ass, wéi wann d'Leit géifen direkt Affekote matbréngen, well soss hu mer nëmmen eppes mat deem Gesetz gemaach, eng Profession libérale gestäipt an net d'Leit, déi vum Mobbing betraff sinn.

Dofir géife mer eis wënschen, datt déi nächst Regierung sech hei mat de Leit vum Terrain nach eng Kéier un en Dësch géif setzen an dat Gesetz hei nach eng Kéier géif iwwerschaffen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass fir eis Piraten virun allem en Intentiounsgesetz, dat mer trotz eiser Kritick vun der Netabannung vun de Gewerkschaften an dem Patronat matstëmmen, net well mer iwwerzeegt sinn, datt dat heiten e brillant Gesetz ass, mee well de Message dohannert esou wichteg ass: Mobbing ass illegal. Mobbing ass ni ze akzeptéieren oder och ze justifiéieren!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, de Rapporteur ass schonn op den Inhalt vum Gesetz hei in extenso agaangen. A well en a senger fréierer Missioun als Minister d'Gesetz och selwer deposéiert huet, ass dëse Rapport natierlech dann och méi wéi komplett an ech wäert duerfir elo net nach eng Kéier op all Detail hei agoen.

Fir mech ass et awer wichteg, eng Kéier den Enjeu vun dësem Gesetz hei ze kadréieren. An ech wéilt dofir och direkt Merci soe fir déi gutt Diskussiounen, déi mer an der Chamberskommissioun haten. Déi ware ganz éierlech. Déi waren net poleemesch. Déi ware ganz konstruktiv an engem gudde Sënn, esou wéi dat u sech soll an esou Kommissiounen och sinn.

Den Harcèlement, och nach Mobbing genannt, zitt sech duerch eis ganz Gesellschaft. Schonn ab dem jéngsten Alter si Kanner dem sougenannte Mobbing ausgesat an d'Anonymitéit vum Internet, déi huet dem Mobbing och nach Héichkonjunktur bruecht. Leider mécht eis Aarbechtswelt do keng Ausnam.

Allerdéngs – an et ass e puermol hei gesot ginn an ech sinn och frou, dass mer do alleguerten dee selwechte Constat hunn – ass de Mobbing ganz einfach net akzeptabel. An dohier ass et och gutt, dass mer hei e Gesetz op den Instanzewee bruecht hunn. Mobbing mécht d'Leit krank. Mobbing ass fir vill psychescht a moralescht Leed verantwortlech. Mobbing zitt vill Familljen an e grousst, an e ganz grousst Leed. A jo, Mobbing kann esou wäit goen, datt Opfer hirem Liewen en Enn bereeden. Et muss ee sech dat emol virstellen!

Mobbing ass also absolutt keng Bagatell an et ass einfach net akzeptabel. Mir mussen alles maachen, fir de Mobbing ze stoppen. An Dir gesitt domadder och d'Wichtegkeet vun dësem Gesetz an och d'Wichtegkeet, dass mer ëffentlech doriwwer schwätzen an ëffentlech hei och an der Chamber doriwwer schwätzen.

D'OIT deelt dës Meenung, esou steet et am Preambule vun der Konventioun 190: „la violence et le harcèlement dans le monde du travail peuvent constituer une violation des droits humains ou une atteinte à ces droits, et que la violence et le harcèlement mettent en péril l'égalité des chances et sont inacceptables et incompatibles avec le travail décent".

Lëtzebuerg ass och eent vun den eenzege Länner an Europa, dat nach kee Gesetz, dat de Mobbing reegelt, huet. An och eis dräi Nopeschlänner, déi hunn esou e Gesetz. Et ass dann och kloer, wisou datt de Koalitiounsaccord virgesäit: „Un projet de loi sur la prévention du harcèlement moral sera déposé dans les meilleurs délais." An dat ass dann och mat dësem Gesetzesprojet hei geschitt.

D'Regierung gëtt dann dacks kritiséiert, an dat ass och e puermol hei scho gesot ginn, datt dat Gesetz net am Dialogue social am CPTE (ndlr: Comité permanent du travail et de l'emploi) diskutéiert gouf. Et ass elo schonn e puermol drop reagéiert ginn, ech wëll awer och drop reagéieren.

Éischtens gesäit de Koalitiounsaccord vir, dass mer e Gesetz deposéieren. Dat hu mer gemaach. Zweetens fënnt de Sozialdialog och net nëmmen am CPTE statt. An en huet jo och hei stattfonnt. Och bilateral Diskussioune mat den eenzele Sozialpartner sinn e Sozialdialog. A Sozialdialog heescht jo net onbedéngt, dass de muss en Accord fannen. E Sozialdialog heescht, dass de diskutéiers. Mee duerno muss d'Regierung natierlech hir Verantwortung huelen. An dat huet se hei och gemaach.

An effektiv gëtt et am Moment schonn en Accord interprofessionnel, dat ass och hei schonn e puermol gesot ginn, mee dëst Gesetz geet sécherlech méi wäit a gëtt och méi Prezisiounen. An aleng dat, dass et méi wäit geet an och méi Prezisioune gëtt, ass derwäert, dass mer haut hei e Gesetz stëmmen.

Den Accord interprofessionnel, dee seet ënner anerem: „Les parties signataires s'engagent à prevenir ces comportements au travail dans toutes leurs formes." An dësen Text, dee geet méi wäit. Nieft der Preventioun ginn de Patron, de Salarié an awer och de Fournisseur an och de Client obligéiert, de Mobbing ze ënnerloossen. An den Text, dee schléit siwe Mesüre vir, déi musse geholl ginn am Fall vu Mobbing. An natierlech kann all Patron do och méi wäit goen.

Éischtens, „la définition des moyens mis à la disposition des victimes" vun engem Harcèlement „pour obtenir de l'aide et la manière de s'adresser à la délégation du personnel qui est compétente en matière de prévention", éischtens gëtt dat kadréiert.

Zweetens muss eng séier Investigatioun gemaach ginn „en toute impartialité" vun eeben de Faite vum Harcèlement.

Drëttens, den Accueil, d'Hëllef an och den Appui vis-à-vis vun de Victimme vum Harcèlement muss gemaach ginn.

Véiertens muss awer och eng Sensibilisatioun gemaach gi vun de Salariéen a vun den Dirigeantë fir ze erklären, wat dann och Harcèlement moral ass an och wéi een domadder soll ëmgoen.

Fënneftens: dass déi Mesüren, déi Prise en charge an och d'Remise au travail vun engem Opfer vun Harcèlement moral, musse gereegelt ginn.

Déi sechst ass, dass d'Obligatioune vum Patron an der Preventioun musse festgehale ginn, an déi siwent, dass eng Informatioun an och eng Formatioun vun de Salariéë geschitt.

Aleng dat doten, dass dat kloer hei definéiert ass, ass derwäert, dass mer e Gesetz haut hei stëmmen.

An ausserdeem ginn de Patron an d'Personal och net aleng gelooss. D'ITM kritt eng kloer Roll an dëser Prozedur an dobäi wëll ech bemierken, datt d'ITM nach ëmmer de sougenannte Rout-Luuchte-Prinzipp huet. D'ITM ass e Partner hei fir d'Betriber, éischtens huet se de Rout-Luuchte-Prinzipp mat gréng: informéieren an hëllefen, orange: verwarnen, a rout: sanktionéieren. A mir wäerten d'ITM esou opstellen, datt se och dat dote kann am Kader vun dësem Mobbinggesetz uerdentlech maachen. Well souguer haut scho ka fir d'Santé an d'Sécurité au travail – an dat hei kann een och als Santé a Sécurité au travail consideréieren –, haut scho kann d'ITM befaasst gi mat dëse Problemer.

An et ass virdrun och gesot ginn: Mir sinn do an Diskussioune fir ze kucken, datt d'Mobbing ASBL, datt déi Leit do kënne bei der ITM integréiert ginn, fir dann och do hir Aarbecht, déi se bis elo ganz gutt gemaach hunn, kënne weiderzeféieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | An natierlech kann d'ITM och consultéiert gi betreffend d'Mise en place vu Mesüren, déi de Schutz géint de Mobbing solle garantéieren. D'ITM kann a soll iwwregens och consultéiert gi vun de Betriber, wa se Froe betreffend d'Santé an d'Securitéit hunn.

An den Dan Kersch huet et gesot: Et gëtt eng ganz Rei vu Verbesserungen an dësem Gesetz par rapport zum Accord interprofessionnel. An och wann d'Meenungen auserneeginn, jo, muss een awer och da seng Responsabilitéit als Regierung huelen, fir dann e Gesetz hei ze maachen.

Loosst mech och kuerz op de Reproche vun der Insécurité juridique hei agoen, well elo e Gesetz an en Accord interprofessionnel hei parallell existéieren.

De sougenannten ..., bon, et gëtt d'Hiérarchie des normes, et gëtt awer och de sougenannte Principe de faveur, deen et erlaabt, ze derogéiere par rapport zu enger Dispositioun vum Code du travail, an dëst en faveur vum Salarié. Zum Beispill ass dat jo och de Fall bei Contrat-individuellen oder Contrat-collectiffen. An och haut derogéieren eng ganz Rei vu Conventioncollectiven zum Code du travail. Dat selwecht kann natierlech och den Accord interprofessionnel maachen. Hei sinn u sech déi Konventioune Complementen, an duerfir ass et och wichteg, dass mer hei mat deem Gesetz vill méi wäit ginn, fir dass mer och e bessere Kader hunn.

Wat elo d'Definitioun vu Mobbing ugeet: Jo, et muss ee wëssen, deen Text, deen deposéiert ginn ass, deen hat eng aner Definitioun. Also war et och vum Legislateur gewollt, dass déi esou sollt sinn. Dir wësst awer och, dass mer hei dem Staatsrot nokomm sinn an deem seng Propositioun ugeholl hunn, fir dass mer keng Insécurité juridique hunn.

An ech fannen et och gutt, dass hei eng Motioun deposéiert gouf, fir dass mer an zwee Joer eng Evaluatioun maache solle vun dësem Gesetz.

Jo, dat Gesetz hei ass sécherlech net perfekt. Do ginn ech deenen alleguerte Recht, déi dat gesot hunn. Mee de gréisste Feind vum „Gutt", dat ass de „Besser". Dofir kommt, mir maachen hei emol eppes Guddes an dann duerno kucke mer!

Merci.

**Une voix** | Voilà!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7864. Den Text steet am Document parlementaire 7864[10].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7864 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7864 ass mat 33 Jo-Stëmmen a 25 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7864 est adopté par 34 voix pour et 25 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

***Motion 1***

Da komme mer nach zur Motioun, déi bei dësem Projet de loi deponéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Kënne mer iwwert dës Motioun par main levée ofstëmmen?

*(Assentiment)*

***Vote sur la motion 1***

Wien ass d'accord mat dëser Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

## 3. Question élargie n° 182 de M. Jeff Engelen au sujet de l'avenir des bureaux de la SNCA à Marnach

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 182 vum Här Jeff Engelen iwwert d'Zukunftsperspektiv vum SNCA-Büro zu Maarnech. Den Auteur huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze

stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'SNCA hat jorelaang hire Büro zu Wëlwerwolz. Elo zanter dem 9. Januar 2020 huet se hire Büro zu Maarnech. Elo soll si, wéi mir vu verschiddene Säiten zougedroe gouf, och hei hir Dieren zoumaachen a se gëtt transferéiert op de Fridhaff. An deem Kontext hätt ech e puer Froen.

Hei wier da meng éischt Fro: Ass ewell en Zäitrame virgesinn, fir dësen Transfert ze maachen op de Fridhaff? A wat sinn d'Grënn dofir?

Déi zweet Fro: No dësem Transfert op de Fridhaff, bleift dann nach eng Annex zu Maarnech, jo oder nee? Wann nee, da sollt ee bemierken, datt dëst net glécklech ass, speziell fir d'Bierger aus de Kantone Wolz a Clierf. An deem Fall missten zum Beispill d'Bierger aus dem Kanton Wolz zum groussen Deel, net all, duerch Ettelbréck fueren, an dat ass jo och dacks mat Stau verbonnen. An zweetens, fir de Clierfer Raum – dat sinn der jo net wéineg, wann ee bedenkt, datt mer hei eng Rei Transportfirmaen ugesidelt hunn –, déi mussen all nach zousätzlech iwwert d'N7 fuere bis op de Fridhaff. Mir wësse jo all, wat fir en Trafick datt mer hei hunn! An do kënnt jo nach dee jorelaange Chantier derbäi, bedéngt duerch d'Securisatiounsaarbechten.

Aus all dëse Grënn wär et menger Meenung no wichteg a sënnvoll, datt eng Annex zu Maarnech géif bleiwen. D'Leit aus dem ländleche Raum hunn déi lescht Jore scho munch Servicer an dëser Regierung gestrach kritt, wéi zum Beispill d'Reduzéierung vun de Bancomaten, d'Schléissung vun enger Rëtsch vu Bankfilialen a Postagenturen, dem Büro vum Enregistrement zu Clierf an esou weider.

Fir d'Leit aus dem ländleche Raum ass den Auto eng Liewensnoutwendegkeet. Aus all dësen Iwwerleeungen eraus wollt ech froen: Wéi ass der Regierung hir Meenung zu där Fro, fir eng Annex zu Maarnech ze loossen? Leider leien eis keng Donnéeë vir, wéi vill Clienten datt si zu Maarnech betreien. Mee aus dësen Donnéeën eraus misst ee jo villes novollzéie kënnen.

Ech soen Iech am Viraus Merci, Här Minister, fir Är Äntwert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Engelen. Den Här Mobilitéitsminister François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President, an och merci dem Här Engelen fir déi Fro. Et ass verständlech, datt ee sech déi dote Fro ka stellen. Ech wéilt vläicht fir d'éischt virausschécken, datt déi Beispiller, déi den Här Engelen opgezielt huet, wat am ländleche Raum alles verschwonnen ass, datt dat jo awer net grad vergläichbar ass mat deem, wat mer hei iwwerhaapt wëlle maachen. Ech mengen, e Bancomat oder Post oder esou Saachen, dat ass eppes, wat een am Alldagsgebrauch muss maachen. Et geet ee jo net all Dag säin Auto umellen an et mécht ee jo och net all Dag de Fürerschäin. Dat si Saachen, déi sporadesch gemaach ginn. Dat ass also schonn emol eng kleng Differenz. Also, et ass net wéi wa mer hei géifen iergendee Guichet ofschafen, wou ee commune Saache vum Bierger vum Alldag géif maachen.

Mee bon, soit. Ech verstinn awer Är Besuergnisser. An ech wëll vläicht fir d'éischt emol e bësselchen am Resümmee soen, wat iwwerhaapt de But ass vun där ganzer Reform vun der SNCA, déi mer gemaach hunn.

Ma de But ass, éischtens emol, datt mer de Service um Client wëlle verbesseren, generell verbesseren, méi adaptéiert un d'Besoinen. Mir wëllen awer och d'Performance vun der SNCA verbesseren a mir wëllen, datt d'SNCA méi eng grouss Flexibilitéit kritt, dat heescht, datt d'Leit net esou figéiert sinn op verschidde Stonnen. An natierlech wëlle mer kucken, datt mer eng Homogenisatioun vun de Sitte kréie vun der SNCA, dat heescht, datt mer op all de Sitten, wou mer sinn, och alles kënnen ubidden.

Dir wäert gesinn, wann ech elo op déi eenzel aginn, datt dat haut bei Wäitem net de Fall ass an zum Beispill zu Maarnech de loin net de Fall ass, soudatt een, och wann ee Maarnech – dat kann ee schonn emol virausschécken – géif halen, ganz sécher fir verschidde Saachen awer nach op en anere Site misst fueren. Also, dat ass net schrecklech effikass an et ass besser, mir maachen eppes Modernes, Seriöes op enger Plaz an natierlech am Norden, selbstverständlech, mee wou d'Leit kënnen hir Servicer all matenee maachen.

An dann hu mer natierlech och e Problem, datt déi meescht Strukturen, déi mer haut hunn, extreem vetuste sinn, an engem ganz schlechten Zoustand. An um Fridhaff gëtt eppes komplett Neies gebaut, modern, wéi et sech gehéiert, fir datt d'Leit uerdentlech Wartesäll an esou weider hunn, ech mengen alles, wat am Fong zu esou engem Service géif gehéieren.

Dann ass et och esou: Wa mer den Norde kucken, wéi och den Zentrum an de Süden, wou d'SNCA jo och nach eng Filial huet, dann hu mer versicht, e Site ze sichen, dee méiglechst nobäi läit, wou déi grouss Mass vun de Leit am Norden och wunnt. An dann ass nun emol awer trotzdeem ronderëm de Fridhaff. An awer hu mer natierlech donieft och opgepasst, datt se sech do befënnt, wou kee méi wéi 30, 35 Minutte brauch, fir dohinner ze kommen. An dat ass och hei beim Fridhaff herno ganz sécher garantéiert.

Mee vläicht awer der Rei no. Dir wësst, datt mer am Moment dräi Sitten am Land hu vun der SNCA: Dat si Sandweiler, Esch a Maarnech. Mee wa mer se e bëssen duerchhuelen ... Ech ginn elo net op déi am Zentrum an am Süden an, well déi interesséieren Iech jo elo manner. Ech ginn haaptsächlech op deen an, deen am Norden eeben ass; wann Der mer elo erlaabt, datt ech meng Säiten hei erëmfannen ...

Also, fir emol mam Site Maarnech unzefänken: Am Fong si mer um Site Maarnech éischtens emol a Locatioun. Dat ass schonn emol e groussen Nodeel. Et sinn 102 Meterkaree. Et ass e Loyer ze bezuele vun 2.500 Euro de Mount, wat net grad geschenkt ass. Et läit an där Shoppingmile do zu Maarnech, um éischte Stack iwwert dem Cactus. Mir bedéngen do de Moment eng 200, plus ou moins 200, privat a professionell Clienten den Dag. Dat heescht, dat ass ... Ok, 200 ass net näischt, mee et ass awer och elo net déi grouss Mass, zemools wann ech Iech herno soen, wat herno wäert um Fridhaff insgesamt kënnen traitéiert ginn a wat dat bedeit.

Et ginn Immatrikulatioune vun de Vehicullen do gemaach fir d'Clients privés a professionnels. Mir maache Receptioun a Remise vun Dokumenter, also administrativen Dokumenter wéi zum Beispill dem Fürerschäin, an dann de Contrôle de conformité fir privat a professionell Clienten.

D'Problematik ass, datt de Lokal net erweiderbar ass. Also, mir kënnen zum Beispill, wa mer do elo méi Servicer wëllen ubidden ... Dat geet net, et ass keng Plaz do. An et ass esou, datt d'Examens pratiques an théoriques vum Permis de conduire ganz schlecht do méiglech sinn. Dir hutt zum Beispill net genuch Méiglechkeete mat Pist an esou fir ze trainéieren an esou weider. A wéi gesot: Et ass e Lokal an der Locatioun.

Dann hu mer dee Site zu Angelduerf, dee wierklech an engem desolaten Zoustand ass. Dat si jo nëmme Container, déi mer dohinnergestallt hunn, déi si vetuste. Déi sinn an engem ganz schlechten Zoustand an entsprieche mat Sécherheet net deem, wat mer brauchen haut, fir all déi Servicer unzebidden.

A mir hunn nach de Site zu Dikrech. Zu Dikrech ass och vun de Büroen hier alles ze kleng. Et läit schlecht, et si keng Parkplazen do. Do kommen d'Leit jo gréisstendeels mat den Autoen dohinner. Et ass esou, datt mer och net alles kënne maachen. Mir kënnen nëmmen Examen an der Kategorie B maachen. Et si keng Parkingen do. Dat heescht, mir kënnen zum Beispill emol net déi Plagë fir d'Examen, déi mer hunn, zu honnert Prozent ausnotzen.

Dann de Site zu Wolz. Och de Site zu Wolz ass wierklech net glécklech, well en och ze kleng ass, well mer och net alles do kënne maachen: Examen pratique vum Permis de conduire nëmmen an der Kategorie B oder B a Voiture mat Remork nach, an F, Trakter. Dat heescht, mir si wierklech awer elo limitéiert. An och do hu mer de Problem, datt mer zum Beispill fir d'Examen déi Plagen, déi mer eigentlech zur Verfügung hätten, net zu honnert Prozent kënnen ausnotzen.

Et ass och esou, datt den Terrain an enger Zone inondable ass, an duerfir hu mer net vill Méiglechkeeten do, fir och Übungsfeld ronderëm kënnen ze schafen. Dat heescht, insgesamt läit et och, wéi gesot, net ganz glécklech.

De Site um Fridhaff, dat gëtt eppes ganz Neies, komplett modern. En Terrain vu 50,6 Ar, en administratiivt Gebai vu 700 Meterkaree, dat heescht, eng ganz aner Dimensioun wéi dat, wat mer op deene klenge Sitten de Moment hunn.

Et ass och esou, datt dann alles do ka gemaach ginn, d'Immatrikulatioun vun de Vehicullen, professionneller oder privé, de Contrôle de conformité kann do gemaach ginn, dann natierlech och d'Remise de documents administratifs, d'Fürerschäiner an esou weider, Examen théorique eemol pro Woch an och an der Praxis fir de Fürerschäin. An dann och d'Manövere fir d'Examen, déi kënnen all do gemaach ginn, well do eng extra Pist derbäigebaut gëtt, déi modern ass an déi deem entsprécht, wat mer brauchen.

Et ass och esou, datt mer ganz villes wäerten digitaliséieren. Dat heescht, mir gi jo ëmmer méi iwwer op d'Digitaliséierung, wann et drëms geet, Dokumenter unzefroen, zum Beispill, fir Gefierer online kënnen unzemellen. Do wäerte mer 2026 ganz fäerdeg sinn. Wann een dann zum Beispill e Gefier huet, dat nei ass, also en Auto, deen een nei keeft an deen net méi muss duerch Sandweiler goen, da kann een dee komplett online umellen. Et brauch ee sech emol guer net méi ze deplacéieren. Dat nämmlecht gëllt och fir de Certificat de conformité, dat wëlle mer an Zukunft esou ubidden, an natierlech och ganz vill aner Dokumenter. Dat heescht, mir wëlle versichen, esou vill wéi méiglech och online nach zousätzlech unzebidden niewent der Méiglechkeet, déi een natierlech ëmmer nach huet, dann op de Site ze goen.

Bon, Dir sot mer elo, ok, d'Leit missten, wa se vun uewen aus dem Éislek kommen, e bësse méi fueren, well se dann op de Fridhaff musse fueren. Mee mir hunn dat genau gekuckt. Ech hunn hei ..., ech ginn Iech dat ganzt Dokument hei och, ech deposéieren et och bei der Chamber, da kënnt Der dat a Rou eng Kéier alles ganz duerchkucken.

*(M. François Bausch montre un graphique.)*

Dir gesitt hei, mir hunn Analyse gemaach iwwert d'Couverture vum Grand-Duché: Wou sinn d'Leit a

wou ass de Site am beschten, datt mer e moderne Site kënne maximal an optimal ausnotzen am Éislek, also fir datt d'Leit awer net mussen ze wäit fueren? An Dir gesitt, datt dee Site vum Fridhaff, wann Der déi Analys do kuckt, duerfir net vun ongeféier dohinner gewielt ginn ass, niewent dem Fait, datt natierlech och do déi néideg Plaz ass, fir kënnen eppes Modernes a Grousses ze bauen.

Also wéi gesot, ech mengen, datt ënnert dem Stréch, wa mer hei fäerdeg sinn, wann dat bis alles gebaut ass, an dat soll zügeg gebaut ginn – ech hunn elo kee genauen Delai, wéini et fäerdeg ass –, dann natierlech déi aner Sitten am Éislek sollen zougemaach ginn, well een natierlech hei en ultramoderne Site huet, wou een alles ka maachen, niewent den Onlineméiglechkeeten, déi een huet. An ech mengen, datt dat am Interêt ass vun dem Consommateur, also vun de Leit, déi am Norde wunnen. Dat ass, wéi gesot, e Site, deen och einfach accessibel ass, wou Parkplazen do sinn, wou d'Leit ouni Schwieregkeete kënnen dohinnerkommen, soudatt ënnert dem Stréch déi Suerg, déi Der zu Recht vläicht hutt, menger Meenung no net begrënnt ass. Wann Der gesitt, wéi dat herno ausgesäit an der Praxis, da wäert dat ganz gutt fonctionéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Minister François Bausch.

## 4. 7680 – Projet de loi portant modification de :

### 1° la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'aviation civile ;

### 2° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Den drëtte Punkt um Ordre du jour vun dëser Sitzung ass de Projet de loi 7680 iwwert d'Aféierung vun enger ziviller Loftfaartdirektioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, wa mir d'Wierder „Loftfaart" oder „Fligerei" héieren, denke mir als Éischt ëmmer un déi klassesch kommerziell Fligerei oder alternativ och un d'Sportfligerei.

Lëtzebuerg huet awer och e wuessende Beräich vun der sougenannter Aviation étatique. Dir wësst, datt d'Lëtzebuerger Defense hir Fäegkeeten am Beräich vum Lofttransport a vun der Loftiwwerwaachung respektiv -opklärung an de leschte Joren däitlech ausgebaut huet. Lëtzebuerg verfüügt haut national, mee speziell och am Kontext vu multinationale Programmer, iwwer eng wuessend Zuel vu Fluchgeräter, vum Transportfliger A400M iwwer Helikopter bis zu verschiddene Modelle vun Opklärungsdronen. An derbäi kommen dann och nach d'Loftfaartaktivitéite vun der Lëtzebuerger Police.

Bis elo waren all dës staatlech an eeben deels och militäresch Fluchaktivitéiten awer de selwechte Reegelen ënnerworf wéi d'Aviation civile. Genee op dësem Punkt setzt elo dëse Gesetzesprojet un. Beim virleiende Projet de loi 7680 geet et ëm d'Upassung vum gesetzleche Kader fir d'Aviatioun.

An deem Sënn modifizéiere mir mat dësem Projet engersäits d'Fligerei vun 1948, fir dem relativ neie Beräich vun der staatlecher Loftfaart eng ëmfaassend a propper Base légale ze ginn. An anerersäits modifizéiere mer gläichzäiteg och d'Gesetz vun 1999 iwwert d'Direction de l'aviation civile, kuerz DAC, fir d'Kompetenze vun der DAC am Beräich vun der staatlecher Aviatioun festzehalen.

Mam Vott respektiv mam Akraafttriede vun den Dispositioune vun dësem Projet de loi wäerten dee ganze Beräich vun der Militäraviatioun, mee och generell all Fluchgeräter, déi dem Lëtzebuerger Staat gehéieren oder him am Kader vu Missioune vun ëffentlechem Interessi zur Verfügung gestallt ginn, an d'Kompetenz vum Transportminister falen, deen awer fir dës Fäll Récksprooch mam Defenseminister huele muss.

Dat heescht, datt am Prinzipp weiderhin d'Reegele vun der ziviller Loftfaart fir d'staatlech Fligerei gëllen, mee am militäresche Beräich den Defenseminister an e puer prezis encadréierte Fäll d'Méiglechkeet kritt, fir au cas par cas Derogatiounen zu de generelle Reegele kënnen ze ginn. An de Projet de loi zielt d'Konditioune fir esou Derogatiounen explizitt op.

Wat de finanziellen Impakt vun dësem Gesetzesprojet ugeet, bleift mer dann nach ze erwänen, datt d'DAC am Kader vun den neie Missiounen ëm zwee an en hallwe Vollzäitposte muss opgestockt ginn an datt dat deemno dann och säin Nidderschlag am Budget wäert fannen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Serge Wilmes** (CSV) | Merci villmools. „Riedner" ass vläicht e grousst Wuert. Ech ginn einfach den Accord vun der Fraktioun a soen der Madamm Gary Merci fir hire gudde Rapport.

*(Interruption et brouhaha)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Wilmes. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, merci, Här President. Ech géif dat selwecht maache wéi mäi Kolleeg, de Serge Wilmes. Ech géif der Rapportrice gäre villmools Merci soe fir hir zwee gutt Rapporten an och den Accord dann heimat ginn, net vun der CSV-Fraktioun, wéi mäi Virriedner dat gemaach huet, mee vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Hahn. An da wier et um Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Jo, hei schafe mer da Kloerheet duerch dat Gesetz an der Loftfaart. Da soen ech der Rapportrice, dem Chantal Gary, villmools Merci fir deen detailléierte Rapport a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Weber. Da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech hat elo mat mer gekämpft! Mee ech wollt aus Mënschlechkeet net, datt den Här Bausch géif heihinnerkommen an en hätt keng Froen ze beäntweren, well en allgemenge Konsens ass.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An aus puerem Matleed, Här Minister, kommen ech dann awer … Also ech wollt awer emol fir d'éischt der Madamm Gary Merci soe fir de Rapport. Mee et sinn awer och e puer Froen, mengen ech, déi mer eis musse stellen.

Mir hunn hei elo déi Aviation étatique an et muss ee soen, si kënnt ganz spéit, well mir hunn eigentlech eng Aviation étatique an deem Sënn, och eng militäresch, méi laang, well d'AWACS-Fligeren awer hei immatrikuléiert sinn.

Et ass och dat vläicht, well d'Madamm Gary hat … Ech war e bësse verwonnert, datt se geschwat hat vun der „Loftiwwerwaachung". U sech hu mer, souwäit ech dat gesinn, nëmmen d'AWACS-Fligeren, déi eng Loftiwwerwaachung maachen, well den A400M, dat ass net deem seng éischt Missioun, dem MRTT seng och net. Bon, bei den Helikopteren …, ech kommen och nach op déi ze schwätzen. An dat, wat mer u Loftiwwerwaachung bis elo gebraucht hunn, si mer léine gaangen, also lounen, besser gesot, am private Secteur. Dat heescht, et ass eigentlech keng Aviation étatique an deem Sënn, ausser den Här Minister géif mech do korrigéieren. Mee et ass awer gutt, datt mer déi Aviation étatique aféieren. Mir wäerten dat dowéinst och matstëmmen.

Awer et muss ee sech Froe stellen iwwert déi Mechanismen, déi awer geholl gi sinn. D'Kompetenz läit beim Transportminister an net beim Defenseminister. Am Abléck gesinn ech do net dee ganz grousse Problem, well wann den Transportminister Récksprooch mam Defenseminister hält an ëmgekéiert, mengen ech, ass et déi Kéier relativ séier geschitt. Mee et ass awer am Allgemengen eng Fro, ob dat wierklech déi optimal Andeelung ass. Et ass eng ganz schwéierfälleg Prozedur, mat Expertegremien, mat Derogatiounen, déi am Gesetz opgezielt sinn, an an engem Beräich wéi der Arméi, wou awer heiansdo Situatioune kommen, mat deenen een net gerechent huet, muss ee sech froen, ob dann esou eng prezis Opzielung absolutt dee beschte Wee ass.

Ech mengen, et war de Staatsrot, deen dat wollt. Dat muss ee respektéieren, mee ech weess net, ob dat elo dës Kéier déi bescht Iddi war. Also eis, mengen ech, hätt et besser geleeën, wa mer eng flexibel, eng ganz flexibel Dispositioun do gehat hätten a manner komplizéiert Prozeduren.

Dann ass och eng Saach, wou een awer net derlaanschtkënnt, eng Kéier driwwer ze schwätzen, wa mer iwwert d'Aviation étatique schwätzen: Dat ass déi Situatioun vun den Helikopteren. Mir hunn eppes, dat gëtt et warscheinlech op der ganzer Welt keng zweete Kéier: D'Arméi, fir bei der NATO besser dozestoen, keeft zwee Helikopteren. Dat si gutt Helikopteren, ech mengen, dat ass den 145 oder esou. Dat si gutt Helikopteren. Mee d'Arméi keeft se, benotzt se awer net, well d'Police se benotzt. Do soe mir: Majo, mir hätte gär, datt d'Police Helikopteren huet, mee da soll d'Police op hire Budget déi Helikoptere kafen, déi d'Police brauch. A wann d'Arméi Helikoptere brauch, soll dat op den Arméisbudget kaf ginn. Well dat ass jo gemaach ginn, fir bei der NATO besser dozestoen – et ass eng Form vu Fuddelen! Dat wëlle mer jo eigentlech iwwerhaapt net. Dat heescht, mir hätte gär, datt d'Policehelikopteren op de Policebudget kaf ginn an Arméihelikopteren op den Arméisbudget.

Mee do hält et nach net op mat de Verwonnerlechkeeten, souwäit mer dat gesinn. Dann hu mer déi Situatioun, souwäit ech weess, datt déi staatlech Helikopteren, déi Policehelikopteren, geflu gi vu Leit vun

der Air Rescue. Also, mir kafe Policehelikopteren op Käschte vum Budget vun der Arméi, bilden awer keng Piloten aus – ausser den Här Minister géif mer soen, datt dat an der Tëschenzäit redresséiert gi wär –, weeder Pilote bei der Police nach Helikopterpilote bei der Arméi, an huelen e Privaten, deen da mat deenen Helikoptere flitt. Erstaunlech!

Dann ass dat Nächst: Well mer dat bis elo net haten – a vläicht kréie mer elo déi Méiglechkeet iwwert déi Aviation étatique –, kann d'Polizei net mat Waffen do operéieren an deenen Helikopteren. Mir hunn also e Polizeihelikopter, dee vun der Arméi kaf gëtt, vun der Air Rescue geflu gëtt, mee wou déi Polizisten, déi drasëtzen, keng Waffen däerfen hunn an och net iwwerall däerfe landen. Wann also taktesch dann eng Situatioun ass, wou mer wëssen, et ass e Bankiwwerfall an der Uertschaft X, dann däerf de Polizeihelikopter am Prinzipp net an der Géigend vun X landen. Also huele mer eis och nach déi operationell Méiglechkeeten.

Ech mengen, ausser den Här Minister géif mech korrigéieren, dat ass ongeféier déi Beschreiwung vun där Situatioun, wéi se am Abléck hei zu Lëtzebuerg ass. Ech kéint Iech keen anert Land op der Welt nennen, wou e Polizeihelikopter vun der Arméi kaf gëtt, vun der Air Rescue geflu gëtt an net d'Méiglechkeet huet, Leit mat Waffe matzehuelen an do ze landen, wou et néideg ass.

Dat hei muss also e Progrès sinn, déi Aviation étatique. Et muss méiglech sinn, datt all déi komesch Arrangementer, déi do geholl goufen, ophéieren, datt mer eng operationell Méiglechkeet hunn an eng transparent, eng éierlech Léisung, fir déi Instrumenter anzesetzen, déi mer jo awer fir vill Sue kafen. Dat ass déi Sue wäert, do ass guer keen Zweifel. Mee si mussen awer esou agesat ginn, wéi se geduecht sinn. A vläicht ass dat hei iwwert déi nei Aviation étatique de Schlëssel dozou. Mir géifen eis et op jidde Fall wënschen!

An dat ass och déi Fro, déi mer Iech stellen, Här Minister. Wéi gesot, mir sinn net ganz zefridde mat deene komplizéierte Prozeduren, mee mäi Gott, et kann een dermat liewen! Mee sot eis, wéi an Zukunft déi Helikoptere kaf ginn, ob d'Arméi hir kritt, d'Police hir, wien dermat flitt, wat se däerfe maachen, fir datt mer emol déi Situatiounen, déi mer hei am Land hunn, redresséiert kréien!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Als Alleréischt emol der Rapportrice e grousse Merci fir hire mëndlechen an de schrëftleche Rapport. Also mir sinn net forcement géint eng Reegelung vun der Aviation étatique, mee vu datt dat hei awer ausschliisslech aus dem militäresche Bléckwénkel gekuckt gëtt, kënne mir leider deem Gesetz hei net zoustëmmen. Wéi Dir wësst, si mir géint déi militäresch Oprëschtung a mir waren och ënner anerem géint de Projet vum A400 a vun den MRT-Tankfliegeren. Also, mir kënne leider net matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. A mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Ech hunn elo duerch zwou Interventiounen ... Also, éischtens emol merci fir déi breet Zoustëmmung natierlech zu deem Projet. Mee ech hunn elo e bësse Schwieregkeeten, dat am Kapp ze sortéieren.

Ech kréien do gesot, de Policehelikopter, dee misst fir d'Arméi do sinn. Da gëtt dann och beluecht – wat och richteg ass –, datt dee Policehelikopter de Moment haaptsächlech vun der Police benotzt gëtt. An da gëtt op där anerer Säit gesot: „Mir stëmmen net mat, well et ass e militäreschen Oprüstungsprojet." Mir mussen eis awer eens ginn, wat et ass! Bon, ech versichen, dat elo e bësse kuerz ze erklären.

Ech muss Iech soen, Här Kartheiser, ech sinn iwwerhaapt net mat Iech averstanen. Mäi Virgänger huet dat heite jo initiéiert, an dat war eng ganz gutt Iddi, fir dat ze maachen! Well wa mer schonn den Effort de défense mussen eropschrauwen – dat ass meng Iwwerzeegung –, da solle mer et awer och esou maachen, datt mer national wierklech och eppes dovun hunn, datt et net nëmmen ... Soss kéinte mer och higoen an einfach soen: Mir huelen 2 % vum PIB a mir maachen e Scheck a mir iwwerweisen deen iergendwou an d'Ausland an e Fong oder wat weess ech, aus Solidaritéit an deem Bündnis, wou mer sinn, an da si mer fäerdeg.

Dat heescht, da wäre mir déi Eenzeg, déi dat géifen esou handhaben, well ech soen Iech: All déi aner Länner, déi hiren Effort de défense och eropschrauwen oder déi en op 2 % hunn, déi maachen och alleguer Saachen, fir datt se awer och national kënnen eppes dovun hunn, also dee berüümte Prinzipp vum Dual Use. An ech hunn et absolutt richteg fonnt an der leschter Legislaturperiod – ech war jo schlussendlech och an där Regierung –, datt den Étienne Schneider deemools déi heiten Decisioun geholl huet. Dat war eng richteg Decisioun, fir dat am Kader vum Effort de défense ze kafen an der Police déi Helikopteren zur Verfügung ze stellen. An ech soen Iech och, datt d'Regierung net drun denkt, dat ze änneren.

An et ass och net esou, wéi Der sot, datt deen Helikopter do vun der Arméi net ka genotzt ginn. Dat ass iwwerhaapt net wouer! Dat hu mer iwwregens och esou gemellt bei der NATO. Mir hu guer net gefuddelt, mir hunn dat genau esou gemellt. Mir hu gemellt, datt d'Arméi, wa se fir iergendeen Transport oder wat weess ech deen Helikopter brauch, deen och dann natierlech selbstverständlech kann notzen.

Mee et ass awer relativ kloer: Ech géif soen, zu 98 % gëtt e genotzt vun der Police. An duerfir verstinn ech och net, wou ee kann dergéint sinn, well dat ass awer en Instrument, wat d'Police hei kritt huet, wat awer net ohne ass an alldeegleechen Asäz, wa gréisser Manifestatioune sinn an esou weider. Et si Kameraen drop, Dir musst jo wëssen, dat sinn héich sophistiquéiert Kameraen do drop an dat ass fir d'Police e ganz wichtegt Instrument.

An duerfir ass och dat Argument, datt ee bis elo ..., well wann d'Gesetz elo geännert gëtt, da kënne mer dat och ännere mat der Waff am Helikopter. Mee bis elo war et awer och net onnëtz! Et muss een awer net maachen, wéi wann dat bis elo kee Sënn géif gemaach hunn. Well mat deem Helikopter do konnt d'Police bei Manifestatiounen oder deemno, wat stattfonnt huet, Beobachtunge maache vun uewen, si konnt och Poursuitte maachen an dann de Patrullen ënne wichteg Messagë ginn. Also, et muss een awer net elo maachen, wéi wann dat doten alles quasi wéi Schilda gewiescht wär, een also näischt hätt kënnen domadder ufänken.

Dat Gesetz hei ass natierlech e bësse komplex. An dat ass och laang iwwerluecht ginn, ier mer heizou komm sinn. Well et ass laang iwwerluecht ginn: Wéi maache mer et virun allem zum Beispill, fir deen Aviation-militaire-Deel do ze organiséieren? Well dat betrëfft jo elo net nëmmen déi Helikopteren, mir hu jo och nach aner Saachen, déi mer amgaange sinn do opzebauen.

An do ass ee Moment geduecht ginn: Solle mer net eng – entre guillemets – „DAC militaire" grënnen? Dat gëtt et am Ausland. Ech war awer do net ganz waarm dofir, well ech mer gesot hunn: Dat ass jo awer komplett verréckt, datt mir géifen zu Lëtzebuerg quasi eng zweet Administratioun donieft opbauen, déi awer iergendwou, zwar dann am militäresche Beräich, an déi nämmlecht Richtung Saache mécht, mat deem ganzen Opwand, deen dat da bedeit – well mir hu jo elo awer keng Airforce wéi d'Belsch oder déi Däitsch an esou weider, mir si jo awer bescheiden a limitéiert zu Lëtzebuerg –, an datt et duerfir besser wär, datt mer dat heiten integréieren an der DAC.

An natierlech hu mir an der Defense ... Den Här Mathieu, dee lauschtert bestëmmt elo hei mat. Niewebäi bemierkt, deen huet virdru bei der ANA geschafft, also dee weess, ëm wat et hei geet. Dat heescht, deen ass jo eriwwergeholl gi bei d'Defense an do schaffen entre-temps e puer Leit, déi spezialiséiert sinn am Aviatiounsberäich. Mee dat war natierlech alles wichteg, datt mer do Expertis och bei eis an der Defense hunn, well et hei zwar ëm Militär geet, mee natierlech gëtt et jo och e Lien zu deem Zivillen, an dat geet jo aus deem Text hei ervir.

Also ech mengen, datt mer hei en typesch uerdentlechen, gudde Lëtzebuerger Kompromiss gewielt hunn, fir dat esou ze strukturéieren, well mer hei net wëlle Waasserkäpp opblose mat risege Verwaltungen, verduebele quasi, fir eppes ze maachen, wat awer trotzdeem nach ëmmer Lëtzebuerger Bescheidenheet ass, also dat heescht, wat net déi Envergure huet, déi et am Ausland huet.

An zu de Piloten, déi drop fléien: Bon, Dir musst wëssen, Här Kartheiser, wann Der Pilote wëllt ausbilden ... Bon, dat kann een alles iwwerleeën! Dat ass eng Iwwerleeung derwäert, mee dat muss d'Police da kucken, well dat hei wier jo dann éischter spezifesch an deem heite Fall elo fir d'Police. Et ass awer net abweegeg, sech eng Kéier ze iwwerleeën, ob een net soll an esou eng Richtung goen. Dat ass awer net esou einfach, well et muss ee jo kucken, déi Leit och dann am Alldag awer soss ze beschäftegen, ze integréieren, well deen Helikopter, dee flitt jo net permanent ronderëm. Mee bon, dat ass eng Iwwerleeung wäert, op déi ee kann agoen.

Am Moment fonctionéiere mer awer relativ gutt esou, muss ech soen. Bis elo leeft dat relativ reibungslos. Duerfir fannen ech et awer, wéi gesot, nach ëmmer eng gutt Decisioun an duerfir sinn ech och frou, datt mer eng grouss Zoustëmmung kréien zu dësem Gesetz, well ech mengen, domadder erweidere mer déi Verwaltungen, déi et gëtt, ëm eng Rei Kompetenzen, déi dann natierlech an Zesummenaarbecht mat der Defense kënnen zum Deel herno an der Praxis ugewant ginn. An dat ass, mengen ech, och dee richtege Wee.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President, an och Iech, Här Minister, fir Är Erklärungen. Ech wëll awer och dorobber reagéieren. Dat Éischt ass zu deem, wat Der gesot hutt: ob mir och sollen national eppes dovunner hunn. Selbstverständlech!

Mir haten nach viru Kuerzem eng Pressekonferenz gemaach vun der ADR, ech kann Iech déi recommandéieren, ech kann Iech och de Link schécken.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, ech hunn dat gelies, mee ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech schécken Iech de Link, dann ...

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | ... doriwwer schwätze mer nach eng Kéier.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà, da gesitt Der, wéi mer doriwwer nodenken. Natierlech hätte mer gären, datt déi Depensen, déi mir an deem Beräich maachen, Lëtzebuerg esou vill wéi néideg an esou vill wéi méiglech kënnen hëllefen. Also, do si mer enger Meenung. An ech mengen och, datt mir eng ganz Rei Propositioune gemaach hunn, déi genau an déi Richtung ginn. A selbstverständlech sollen déi Helikopteren, déi mir kafen, och an éischter Hinsicht Lëtzebuerg zeguttkommen.

Awer wat mir gesot hunn, ass einfach aus budgetärer Transparenz an aus Éierlechkeet: Wat op Polizeikäschte kaf gëtt, dat soll der Polizei zeguttkommen, an der Arméi dat op Arméikäschten. Dat ass an eisen Aen eng ganz normal Saach vu budgetärer Disziplinn, vun Transparenz, vun Éierlechkeet.

An natierlech, Dir sot jo selwer: „E gëtt zu 90 %", ech hat Iech akustesch net héieren, 90 % oder 98 %, „vun der Police benotzt." Dann ass et e Policehelikopter! An dann, wësst Der, ech hunn ni gesot – ech denken dat net, wëll et net denken, an dat wär och falsch –, datt dat iergendwéi onnëtz gewiescht wär, wat mer bis elo domat gemaach hunn. Si hu kënnen eeben duerch Loftobservatioun ganz vill ganz gutt Kontributioune maachen, selbstverständlech! Mee et ass net esou voll ausgenotzt ginn, well einfach Limitte ware vun deem, wat se hunn däerfe maachen, wéi et hätt kënne benotzt ginn. An dat hoffe mer, datt dat elo ka redresséiert ginn, doduerch datt mer déi Aviation étatique aféieren.

Zu den Helikopteren, zu de Piloten, Dir sot do: „Jo, et ass eng gutt Lëtzebuerger Léisung." Ech soen Iech: Egal ob dat en Arméihelikopter ass oder e Policehelikopter, déi hunn déi Particularitéit, datt se allen zwee kënnen an Operatiounen agesat ginn, wou eventuell op dat Instrument geschoss gëtt. An der Arméi souwisou ... Dach, Dir hutt och, deemno wéi eng Kriminell Der verfollegt, an der staarker Kriminalitéit, wann Der se mat enger Camionnette verfollegt, da gëtt op d'Camionnette geschoss. Do si scho ganz schwéier Situatioune gewiescht an der Police. Wann Der se mam Helikopter verfollegt, kann op den Helikopter geschoss ginn. An dat ass nun eemol esou! An et mécht schonn en Ënnerscheed, ob Der en Zivilist als Pilot do drasëtzen hutt oder e Member vun der Force publique. Dat mécht en Ënnerscheed, statutaresch, ofsécherungsméisseg. A mir denken: Wann Der en Instrument hutt, wat der Police oder der Arméi zouzerechnen ass, allen zwou Administratioune maache geféierlech Missiounen, da setzt och Persounen dran, déi dee Statut hunn, deen deen Abléck ugepasst ass.

Mir kënnen eng Solution à la luxembourgeoise maachen. Ech soen Iech, dat ass keng gutt Léisung an esou engem Fall. Mir mussen dem operationellen an dem rechtleche Kader vun deenen Administratioune Rechnung droen an där Zort vu Missiounen, déi se maachen. Ech mengen, dat ass seriö Politick. Et ass dat, wat mir gären hätten.

Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här François Bausch.

**M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, ech wollt elo net méi op dee leschte Punkt agoen, mee ech wollt just nach op eppes agoen, wat ech virdru vergiess hat.

Den Henri Kox, dee wäert och elo e Finanzéierungsgesetz deposéieren. Dat ass nämlech fir d'Notzung vum Helikopter an der Zukunft, haaptsächlech Maintenancekäschten, well dat ass jo am ursprénglече Projet, wéi mer e kaf hunn, nëmme limitéiert dra gewiescht. A vu datt d'Police dat jo elo gréisstendeels notzt, wäert dat dann natierlech och am Budget bei der Police stoen. Also, mir sinn do scho voll transparent! Et ass iwwerhaapt näischt ze verstoppen do. An et ass och esou transparent an ech mengen, bei der NATO wësse se och, fir wat deen Helikopter do agesat gëtt.

Mee et ass awer esou, Här Kartheiser: Am Moment ass fir déi Missiounen, déi d'Arméi zum Beispill huet, kee gréissere Besoin do, wëll ech Iech soen, fir en eegenen Helikopter zousätzlech ze kafen. Well Dir wësst jo, a wéi eng Richtung mer d'Arméi ausgeriicht hunn, wann et ëm d'Iwwerwaachung geet: Do si mer ëmmer éischter spezialiséiert am Droneberäich.

Duerfir, Dir wäert gesinn, mir wäerten och an der nächster Zäit nach eng Kéier hei diskutéieren iwwert déi nei Lignes directrices. Iwwregens hat den Här Wiseler mer och nach eng Interpellatioun eraginn, iwwert déi wäerte mer och nach eng Kéier hei schwätzen. Dann hu mer genuch Zäit, fir am Detail iwwert dat doten alles ze diskutéieren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7680. Den Text steet am Document parlementaire 7680[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7680 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7680 ass mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 5. 8057 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 8057 iwwert d'Militärorganisatioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

***Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense***

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am aktuelle Gesetz zur Militärorganisatioun, dat mer och 2021 amendéiert haten, ass nach e Plaffong virgesi fir d'Effectiffe vun der Arméi. An aus verschiddene Grënn, an notamment well d'Arméi entre-temps bei dem zivill Personal dëse Plaffong bal erreecht huet, gi mer haut hin a suerge mat dësem Gesetz, wat mer elo stëmme wäerten, derfir, dass dës Plaffonge ganz opgehuewe ginn.

Als klengt Beispill: De Plan de recrutement vun der Arméi fir d'Joren 2020 bis 2024 huet am Fong virgesinn, dass 30 Militär kënne rekrutéiert ginn a 15 zivill Agenten. A Stand haut gesi mer awer, dass bei dem Rekrutement an der militärescher Karriär nach keng 20 Leit konnte rekrutéiert ginn, woubäi d'Zil beim zivill Personal mat iwwer 40 Neizougäng de loin konnt erfëllt ginn.

Dat mécht awer och, dass mer, wa mer déi Effectiffe kucken a mat deem vergläichen, wat d'Gesetz als Maximum virgesäit, eebe gesinn, dass beim zivill Personal, wou de Plaffong aktuell bei 240 Effectiffe läit, dës Zuel mat elo 239 Leit ausgeschëpft, quasi ausgeschëpft ass.

Mir maachen also de Constat, dass d'Zil vum Rekrutement vun 30 Militär net ganz realistesch war, dass dëst awer zum Deel doduerjer konnt ausgeglach ginn, dass dës Posten nei attribuéiert gi sinn an deemno op zivillt Personal konnten iwwerdroe ginn.

An dat ass eeben dann och d'Zil vum Gesetz. Et geet drëm, dës Plaffonge ganz opzehiewen. Just bei de Soldat-volontairë bleift de Plaffong vun 800 bestoen.

Dir wësst och, dass en neit Arméiskadergesetz an der Prozedur ass, wou och keng Plaffonge méi virgesi sinn. Vu dass dee Projet de loi – dat ass e groussen, schwéieren Text – schonn eng Zäitche beim Staatsrot läit an ee virausgesäit, dass dat vläicht nach e bësselche kann daueren, an hei awer elo Urgence besteet, ass decidéiert ginn, dëst méi klengt Gesetz op den Instanzewee ze bréngen, fir schnell eng Léisung parat ze hunn. An dee Projet de loi ass deemno och den 28. Juli 2022 deposéiert ginn.

Mir hunn Avisen erakritt vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an och vum SPAL, also vum Syndicat professionnel de l'Armée luxembourgeoise, dëst jeeweils de 17. Oktober 2022. D'CHFEP huet sech mam Text souwäit averstane gewisen, huet awer drop higewisen, dass de Fait, méi zivillt Personal anzestellen, net dierft op d'Käschte goe vun de Militaires de carrière.

De SPAL sengersäits geet an eng änlech Richtung, ass awer nach méi kloer a sengen Aussoen a seet, dass e mat dëser Propositioun net averstanen ass. Si sinn zwar frou, dass versicht gëtt, alles ze maachen, fir d'Personalproblemer an der Arméi ze léisen, mee an hiren Aen ass de Risiko awer ze héich, dass de Fait, ze vill zivillt Personal anzestellen, ze héich negativ Konsequenze kéint op déi militäresch Karriären hunn. Zum Beispill fäerte si, dass, wann all déi administrativ Posten an der Arméi vun Ziville géife besat ginn, da kaum nach Méiglechkeete géife bestoen, fir Alternativen ze fanne fir déijéineg Militär, déi, aus wéi enge Grënn och ëmmer, vläicht och physesch net méi fit genuch sinn, fir nach um Terrain ze schaffen, dass et dann eebe fir si an der Arméi schwéier ass, aner Alternativen ze fannen.

Fir si ass et wichteg, do de Rekrutement ze moderniséieren, fir och bei de Militärkarriäre méi attraktiv ze sinn. An ech wollt just drop hiweisen, dass mer dann do awer och nach eng Kéier driwwer wäerte schwätzen, wa mer nach eng Kéier iwwert den Text vum grousse Kadergesetz schwätzen.

De Conseil d'État huet säin Avis de 25. Oktober 2022 ofginn. Fir de Conseil d'État war d'Approche en gros korrekt, vu dass d'Regierung souwisou op d'Budgetsgesetz ugewisen ass, fir nei Posten ze schafen, deementspriechend och net, ech soen emol „iwwerdreiwe" kann, och wann een d'Seuilen alleguerten ophieft. Par contre gouf et awer eng Opposition formelle op de proposéierten Artikelen 3 a 4 vum neie Gesetz, well se net konform mat eiser Verfassung sinn. An de Conseil d'État huet deemno gefrot, dass e Plaffong fir d'Effectiffer vun de Soldat-volontairë misst am Text stoe bleiwen.

Den 10. November hu mer den Text eng éischte Kéier an der Kommissioun analyséiert, fir dann och de 6. Dezember an der Kommissioun déi néideg Amendementer unzehuelen, fir der Opposition formelle vum Conseil d'État nozekommen.

Den 23. Dezember 2022 huet de Conseil d'État säin Avis complémentaire eragereecht, wouno et nach eemol huet missen zu klenge Modifikatioune kommen. Ech erspueren Iech elo déi technesch Detailer dovunner. Dat kënnt Der awer alles gären a mengem schrëftleche Rapport noliesen. A mir hunn de Rapport vun dësem Projet de loi dunn den 23. Februar ugeholl.

Wéi gesot, et geet elo drëm, kuerzfristeg déi Plaffongen opzehiewen, fir eng gewësse Lacune an der Personaldecke vun der Arméi ze behiewen, en attendant also, dass dat grousst Kadergesetz kann a Kraaft trieden.

An an deem Sënn ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären oder léif Kolleeginnen a Kolleegen, effektiv stëmme mer haut e Gesetz, mat deem mer d'Organisation militaire e bëssen anescht maachen, wéi se bis elo war.

Ech wëll net op d'Detailer, wéi dat Gesetz entstanen ass, agoen. Ech mengen, eis Rapportrice, d'Madamm Empain, huet dat, dee schrëftlechen a mëndleche Rapport, wonnerbar gemaach. Ech wëll mech mat engem Punkt beschäftegen, dee mer Suerge mécht, Här Minister, dat sinn d'Avisen, déi mer kritt hu vum SPAL a vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

Well et ass jo esou, dass mer am Joer 2000 dervun ausgaange sinn, dass mer géife rekrutéieren an eiser Arméi, an zwar an deem Sënn, dass mer zweemol esou vill Militärleit géifen astelle wéi Ziviller. An déi Rechnung ass net opgaangen no zwee Joer. Duerfir ännere mer elo d'Gesetz. An duerfir kucke mer elo, méi no un d'Realitéit erunzekommen. An dass dat elo gemaach gëtt, fannen ech och richteg. Et muss ee kuerzfristeg reagéieren. Duerfir wäerte mer dat Gesetz och stëmmen, dat wéilt ech emol direkt virausschécken.

Mee wou ech mer Suerge maachen, ass, dass mer e Prinzipp hei aféieren, dee bis elo ni do war. Et ass eng Aart Paradigmewiessel. Bis dato war et nach ni esou an der Arméi, dass fir Plazen, fir déi bis elo ëmmer Militärleit agestallt gi sinn, elo zivill Leit agestallt ginn. Dat heescht, dat ass eng Aart Paradigmewiessel an dat wäert och Effeten hunn op d'Duerstellung vun der Arméi. An et wäert emol op d'mannst derzou féieren, dass de Ratio vun de Leit, déi militäresch sinn an déi zivill sinn, wäert änneren. Mëttel- bis laangfristeg wäerte mer do en anert Erscheinungsbild kréien an d'Arméi wäert dann och anescht attraktiv ginn – ech nennen dat emol esou. An do ass et wichteg, dass een do um Ball bleift an dat am A behält.

Well bis elo war et jo esou, dat ass jo an deenen Avisen opgeworf ginn: Wann zum Beispill e Militär méi eeler war an en hat net méi déi physesch Stäerkt, déi e virdrun hat, da konnt en Aarbechten, déi net esou usprochsvoll waren, duerno maachen. Mee déi Plaze gi jo elo mat zivilleLeit besat, soudass fir déi Leit, déi Militaires de carrière, déi méi eeler sinn a vläicht net méi esou staark, loosse mer soen, physesch Aufgabe kënnen unhuelen, do eng nei Formel muss entstoen.

Duerfir, mengen ech, misst een do oppassen, wéi dat evoluéiert. An duerfir misst ee parallell dozou onbedéngt d'Militärkarriär méi attraktiv gestalten. Dat ass jo och vun der Rapportrice elo gesot ginn. De Rekrutement, dee muss reforméiert ginn, dat ass noutwendeg, dat muss och schnell goen. Ëmsou méi, mengen ech, well mer elo an enger Situatioun sinn hei an Europa an an der EU, wou och d'Situatioun an Europa an an der EU anescht ginn ass. Ech mengen, d'Geforenzon an Europa ass anescht ginn, wéi se nach virun zéng Joer war. An doraus ergi sech dann och militäresch Obligatioune fir déi eenzel Länner.

Duerfir, mengen ech, misste mer kucken, esou séier wéi méiglech déi Reformen ze setzen, a mir missten och kucken, wa mer evoluéieren, dass mer do – ech ginn dervun aus, dass dat och gemaach gëtt – am Verglach zu eisen Nopeschlänner, der Belsch, Frankräich an Däitschland, déi Norméierungen, déi do gefrot sinn, dann och respektéieren.

Mir schaffe vill mat de Belsch zesummen. Ech ginn dervun aus, dass dat och ass. Ech weess och, dass eis Arméi anescht ausgeriicht ass wéi eng belsch, eng franséisch oder all déi aner an Europa, well mer e klengt Land sinn. Mee trotzdeem, déi Norméierung, déi ass wichteg, well d'Erausfuerderunge sinn ëmmer déi selwecht an d'Sécherheets... sinn och déi selwecht. Duerfir, mäi Soucis – oder der CSV hire Soucis – ass deen, dass séier reforméiert gëtt an dass gekuckt gëtt, esou séier wéi méiglech och iwwer e Monitoring ze kucken, wéi dat an der Arméi weidergeet.

Mir solle jo déi grouss Reform kréie vun der Organisation militaire, da wäerte mer nach eng Kéier hei doriwwer diskutéieren. Mee ech maache mer e bësse Suergen an ech hoffen, dass mer do d'Kéier kréien an dass mer eis Arméi kënne méi attraktiv maache par rapport zu anere Verwaltunge beim Staat, wéi zum Beispill d'Polizei, wéi zum Beispill déi Leit, déi am Prisong schaffen. Oder och am Generelle beim Staat, do ass am Fong geholl de Rekrutement vill méi ..., ech soen emol „vill méi sexy" vläicht wéi fir an d'Arméi, well e manner Ufuerderunge stellt.

Här Minister, ech weess, Dir probéiert, Äert Bescht ze maachen. Mir wäerten dat Bescht maachen a mir wäerten dat Gesetz hei stëmmen. An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Halsdorf. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, et ass evident, datt een – leider, muss ee soen – an dësen Zäiten ëmmer méi eng staark Arméi brauch, och Lëtzebuerg. Déi international Situatioun huet dat an deene leschte Méint méi wéi kloer ënnerstrach. Et kann een direkt e Lien zum Ukrain-Krich maachen an da weess een, datt an noer Zukunft eebe mussen, och wann een dat net gäre seet, méi staark Arméien opgebaut ginn. Et muss méi opgerüst ginn. An och e klengt Land wéi Lëtzebuerg huet do säi Rôle ze spillen. Och wa mir e bescheidenen Acteur sinn, sou heescht dat awer net, datt mer net mussen all eis Moyenen opbréngen, fir awer och an der gemeinsamer Verdeedegung e wichtege Rôle ze spillen.

Da si mer natierlech ganz séier och bei eisem Rôle um Niveau vun der NATO. Et gëtt eis – net zu Onrecht – munchmol reprochéiert, datt eise Beitrag, deen de Moment bei plus ou moins 0,7 % vun eisem PIB läit, jo awer relativ bescheiden ass. Jo, dat stëmmt och. Mir sollen also duerfir ganz vill Efforte maachen, fir datt mer och no bausse weisen, datt Lëtzebuerg bereet ass, säin Obulus an Zukunft ze leeschten.

Natierlech mierkt een elo, datt mer hei zu Lëtzebuerg awer gewësse Problemer hunn, wat d'Attraktivitéit vun der Arméi u sech ubelaangt. Mir spieren, datt leider net méi oft genuch virun allem jonk Leit bereet sinn, an d'Arméi ze goen. Dofir muss ee sech och Gedanke maachen: Wou leien d'Grënn? Firwat ass déi Attraktivitéit net grouss genuch? Obwuel een awer fairerweis hei muss soen, datt eng Rei Efforte gemaach gi sinn an och gemaach ginn, fir no baussen awer d'Attraktivitéit vun der Arméi duerzestellen. Ech erënneren hei un déi sëllegen Annoncen an der Press dobaussen. Ech erënneren un eisen Informatiounsbüro. Ech erënneren drun, datt awer och um Niveau vun de Schoulen ëmmer versicht gëtt, d'Arméi positiv duerzestellen.

Natierlech si mer dann och ganz séier beim Militärgesetz. Et ass e bëssen ze bedaueren, datt mer dat nach ëmmer net konnten hei stëmmen. Mir waarden natierlech op den Avis vum Conseil d'État. Do solle jo u sech zwou nei Karriären ageféiert ginn, B1 respektiv A2, wouvu mer eis och erhoffen, datt dann, wéi gesot, d'Attraktivitéit vun der Arméi wäert an d'Luucht goen.

Da muss ee sech natierlech awer och d'Fro stellen, an ech denken hei virun allem un d'Offizéieschkarriär, ob een net soll driwwer nodenken, ob déi net och muss opgemaach gi fir Netlëtzebuerger. Dat ass keen neie Sujet.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Här Kartheiser, et ass keen neie Sujet. A mir hunn iwwregens déi ënnescht Karriäre jo opgemaach. Da muss een eeben och awer de Courage hunn,

zumindest an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou 50 % vun den Awunner Netlëtzebuerger sinn, fir d'Fro ze stellen, ob net och an där Karriär awer kënnen Netlëtzebuerger rekrutéiert ginn. An déi Diskussioun soll een op alle Fall an aller Serenitéit féieren.

De Manko u Volontairë fir d'Karriär vum Militär ass, wéi gesot, e gréissere Problem. Dat hu mer jo och an deene leschte Jore gesinn. D'Statistik beweist et an doweinst si mer jo och haut um Punkt, dass mer mussen iwwert dat Gesetz hei iwwerhaapt diskutéieren. A mir mussen awer oppassen, datt mer e gudden Equiliber hierstellen zwëschent der Militärkarriär an der ziviller Karriär innerhalb vun der Arméi. An ech wëll och do kuerz op den Avis vum SPAL agoen a se zitéieren, do, wou se ënner anerem schreiwen: „Certains militaires qui ne possèdent plus la condition physique pour participer activement au terrain peuvent courir le risque d'être bloqués dans leur carrière si tous les postes administratifs et techniques sont occupés par des civils." Wéi gesot, och do musse mer versichen, datt mer e gudden Equiliber hierstellen.

Mir kënnen also, wéi gesot, dat awer novollzéien, datt eeben elo e Plaffong vun deenen 800 Leit festgehale gëtt. Dat gëtt eis u sech méi Transparenz, och méi einfach Méiglechkeeten, fir eeben an Zukunft kënnen ze rekrutéieren. Duerfir schéngt eis dat och eng ganz realistesch Approche ze sinn.

Ech wëll ofschléissend hei och nach eng Kéier betounen, datt et jiddefalls fir eis als Demokratesch Partei ganz wichteg ass, datt mer an Zukunft eng staark, eng effikass Arméi och hei zu Lëtzebuerg hunn, wuel wëssend, datt eise Rôle natierlech dobausse bescheiden ass. An awer hu mer déi Verflichtung, an doweinst, wéi gesot, sti mir och zu allen Initiativen, déi derzou bäidroen, d'Lëtzebuerger Arméi nach wie vor ze valoriséieren an och dobaussen duerzestellen, datt mer eise Rôle kënnen erfëllen. An an deem Sënn ginn ech selbstverständlech och den Accord vun der DP zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet ass also an de Kontext vun de Rekrutementer bei der Lëtzebuerger Arméi ze setzen. Effektiv war et net méiglech, de Rekrutéierungsplang, deen 2021 gestëmmt gi war, anzehalen, well d'Arméi, gradewéi vill aner Beräicher, mat engem Personalmangel konfrontéiert ass. Dëst Gesetz féiert dozou, datt de Rekrutementsplang net muss adaptéiert ginn. Mat der Flexibilitéit, déi eis dëst Gesetz gëtt, wäert et méi einfach sinn, fir d'Rekrutementer un déi aktuell Situatioun unzepassen an d'Bestriewunge fir eis Arméi weider ze attraktivéieren aktiv ze begleeden, well déi legal Limitte fir de Personalbestand an de verschiddene Karriäre also mat dësem Gesetz ofgeschaf ginn. Beim Entstoe vun neie Poste kéint den Effectif légal net iwwerschratt ginn, wat eng Aschränkung duerstelle géif.

Als LSAP begréisse mir déi méi grouss Flexibilitéit, déi mir mat dësem Projet de loi schafen. Falls sech d'Besoine vun der Arméi, wat d'Personal an de verschiddene Karriären ubelaangt, an Zukunft ännere sollten, muss d'Arméisgesetz net allkéiers erëm adaptéiert ginn.

Wat déi fräiwëlleg Zaldote betrëfft, gëtt e Contingent vun 800 festgehalen. Fir de Remarke vum Staatsrot Rechnung ze droen, sinn d'Offizéierkandidaten, déi fräiwëlleg Zaldoten an der Reconversioun an déi fräiwëlleg Sportszaldoten aus der Elittesektioun vun der Arméi an dësem Chiffer abegraff. Och dëst fënnt eis Zoustëmmung, dat ëmsou méi, well mir als Kommissioun och dem Staatsrot Satisfaktioun konnte ginn.

Aus all deene Grënn, Här President, ginn ech heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun, soen der Rapportrice fir hire gewinnt gudden an ausféierleche Rapport, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech, Merci, an Iech Merci fir d'Attentioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP) | An ech mengen, den Accord vun der LSAP-Fraktioun, deen hat ech scho ginn, well dat war och wichteg.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Mutsch. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Wa mer dat Gesetz hei liesen, dann ass dat Éischt, wat engem opfält, datt deen Text „museal" ass, fir et esou ze nennen. Deen ass iwwer Joren net méi ugepaakt ginn an en ass eng wonnerbar Lektür, wann ee sech wëll froen, wéi eng Verwaltung am Lëtzebuerger Staat déi ass, déi am meeschte vernoléissegt gouf vun der Regierung an deene leschte Joren. D'Äntwert ass: d'Lëtzebuerger Arméi. Fir déi nächst Quizemissioun kënnt Der Iech dat mierken. D'Lëtzebuerger Arméi ass déi Verwaltung, déi komplett vernoléissegt ginn ass, an net nëmmen ënnert der Gambia-Regierung, mee och scho virdrun, fir dat ganz kloer ze soen!

*(Interruption)*

An et ass elo esou – well ech wëll direkt op den Här Graas reagéieren –, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, majo! Well ech mengen: „à tout seigneur tout honneur".

Ech wëll direkt reagéieren, well wat hu mer hei? Nee, wat hu mer hei? Souguer an Europa hu mer eng Dispositioun, datt Funktioune beim Staat, déi souverän sinn, datt souverän Funktioune fir Ressortissants nationaux reservéiert sinn. Gambia huet dat Schrëtt fir Schrëtt ugefaangen auszehielegen: D'Attachés de justice, déi bei Decisioune kënne matwierken, dat ass eng Ausnam. Et gëtt där nach, wou mer mierken ... Bei der Police gëtt et esou Diskussiounen, och an der Defense gëtt et auslännesch Leit, déi do schaffen, déi alleguer e bëssen an deem Domän Schrëtt fir Schrëtt kommen. Et ass esou e bequeeme Wee!

Ech hu mech gefrot, wéi ech hei der DP nogelauschtert hunn: Wat hätte se da gär? Wëll d'DP eng Légion étrangère? Mee och an där franséischer Légion étrangère sinn d'Offizéier Fransousen! Dat muss een och soen. Hei sollen d'Offizéier elo ..., ech weess net. Oder wëllt Der privatiséieren? Ech hunn eng Iddi, Här Graas: De Wagner-Grupp, deen huet bestëmmt geschwënn Zäit, da kënnt Der privatiséieren.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Etgen,** Président | O, Här Kartheiser ...

*(Exclamations)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat ass awer richteg peinlech.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Do kënnt Dir jo dann d'Relatiounen hierstellen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kartheiser ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir kënnt jo dann d'Relatiounen hierstellen, do sidd Dir bestëmmt gutt inspiréiert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Zu dësen Zäiten esou Beispiller ze huelen! Nee, incroyable, incroyable, d'ADR!

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Kartheiser ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wëll hei kloer soen, datt mir als ADR ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat do ass e grave Faux pas, Här Kartheiser!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass guer kee Faux pas!

*(Brouhaha général)*

Ech wëll Iech eppes kloer soen, ...

*(Interruption)*

Jo, jo, jo. Ech wëll iech eppes kloer soen: Mat eis bleift d'Arméi eng souverän Funktioun vum Staat an et gëtt net ausgelagert un iergendwellech aner Iddien, datt elo Auslänner do sollen hikommen. Dat ass net de Wee!

De Wee, dat ass eppes ganz anescht. De Wee ass, fir d'Lëtzebuerger Arméi attraktiv ze maachen! An do hutt Dir selwer dozou bäigedroen an deene leschte Joren, datt se ëmmer manner attraktiv ginn ass. Hutt Dir net ...? Dir waart et dach, déi d'Virrechter vun den Zaldoten – wéi d'Prioritéitsrechter, d'Exklusivitéitsrechter – Schrëtt fir Schrëtt ofgeschaaft hunn. An natierlech melle sech da manner Leit an d'Arméi.

Wësst Der, mir hunn hei eng Motioun viru Kuerzem deposéiert. Mir hunn eng Motioun deposéiert, wou mer gesot hunn: Mir hätte gär, datt d'Zaldoten emol op d'mannst de Mindestloun verdéngen! An déi gëtt elo an d'Defensekommissioun verwisen, do wäerte mer nach kënnen driwwer schwätzen, Här Minister, well ...

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | ... haut dorobber, Här Kartheiser, well dat ass net wouer, wat Der riet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wat ass net wouer?

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dat ass falsch, wat an Ärer Motioun steet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee, da schwätze mer an der Kommissioun driwwer.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Jo, ech ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass nämlech guer net falsch.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Mir schwätzen hei driwwer, hei!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, jo.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Wann Dir et hei opwerft, wann Dir hei kënnt egal wat behaapten, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, jo.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | ... muss ech Iech och hei kënnen äntweren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, da kucke mer dat.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Kee Problem.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Da bréngt d'Ziffere mat, da kucke mer dat!

*(Coups de cloche de la présidence)*

Op jidde Fall, mir sinn der Meenung, si verdéngen emol net de Mindestloun. Mir hunn dat gekuckt, och mat der Gewerkschaft. Mir hunn déi lescht Ziffere geholl.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dir hutt dat net gekuckt! Mat der Gewerkschaft!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, jo. Mir hunn déi lescht Ziffere geholl, ier mer dat deposéiert hunn.

Mee maacht d'Arméi attraktiv, fir datt d'Leit kënne kommen, an da komme se och! Kuckt, datt se en interessanten Déngscht hunn, datt déi ganz Déngschtzäit sënnvoll ass, datt se sech wierklech do gutt fillen! Kuckt, datt d'Formatioun wärend der Militärzäit gutt gemaach gëtt! Well dann, wann d'Leit och wëssen, datt se, wa se sech an d'Arméi mellen, eng gutt Formatioun kënne kréien, mee da si se och interesséiert. Debouchéen, Formatioun, gutt bezuelt – dann hutt Der Leit, déi an d'Arméi kommen!

Dir hutt an deem Cadre supérieur – fir do nach eng Kéier drop zréckzekommen, wou den Här Graas proposéiert huet, Auslänner ze engagéieren – och do e gutt Beispill, wéi d'Arméi vernoléissegt ginn ass, well an allen aneren Administratioune vum Staat, an der Tëschenzäit och bei der Police, hu mer ewell eng A2- an eng B1-Karriär. Dat hu mer an der Arméi nach ëmmer net! Dat Gesetz ass ënnerwee, et ass wouer. Mee wéi laang ass dat schonn ënnerwee? Wéi laang ass dat an der Arméi net gemaach ginn, wou et an anere Verwaltungen ageféiert ginn ass? Mir hunn nach ëmmer keng A2-, mir hunn nach ëmmer keng B1-Karriär an dat decouragéiert och d'Leit.

An dat, wat d'Ënneroffizéieschgewerkschaft gesot huet an och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, ass absolutt richteg. Dir hutt iergendwéi ni eng Kéier an Ärem Liewen ... Als Militär kommt Der op e Punkt, wou Der net méi iwwerall kënnt matmaachen, well Der et gesondheetlech a physesch einfach net aushaalt. Jo, da mussen déi Leit eng aner Verwendung kréien am Kader vun der Arméi oder iergendwéi an enger Verwaltungsaufgab. An dat gëtt a Fro gezunn doduerch, datt Zivilisten dohinner kommen. An dat ass net de But vun der Arméi, well och déi militäresch Funktioun huet hir eege Spezifissitéiten, si huet hir eege Spezifissitéiten. Si hunn eng Disponibilitéit, déi d'Zivilisten net hunn. Si hunn e Code de déontologie an en Disziplinarrecht, dat d'Zivilisten net hunn, an déi musse kënnen agesat ginn. An dofir ass et och konzeptuell net richteg, eng ganz Rei militäresch Funktiounen duerch ziviller ze ersetzen.

Aus all deene Grënn ... Mir stëmmen dat hei mat, mee et ass e Gesetz, dat weist, wéi staark d'Lëtzebuerger Arméi vernoléissegt ginn ass an deene leschte Joren.

An nach eemol: Mir wäerten eis mat Hänn a mat Féiss dergéint wieren, datt déi souverän Funktioune beim Lëtzebuerger Staat Administratioun fir Administratioun ausgelagert ginn, datt ëmmer manner Leit Lëtzebuergesch schwätzen, och an deenen héije Funktioune beim Lëtzebuerger Staat. Mir wëssen, well mir hate mat enger ganzer Rei Administratiounen an deene leschten Deeg Kontakt, an de leschte Wochen an Deeg – do sinn der och derbäi, déi ënner Ärer Verantwortung sinn, Här Minister –, wou mer gesot kruten, datt verschidden intern Reuniounen a Lëtzebuerger Verwaltungen ewell op Franséisch oder op Englesch heiansdo geféiert ginn, ganz einfach, well déi Leit, déi do sinn, kee Lëtzebuergesch méi kënnen. Dat ass net eis Visioun vum Lëtzebuerger Staat!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet direkt un den Här Gusty Graas wéinst Fait personnel.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, net nëmme wéinst Fait personnel. Fir d'éischt muss ech emol soen, datt ech iwwerrascht sinn, datt e Mann wéi den Här Kartheiser, virun deem ech trotz senge munchmol dach schwéier novollzéibaren Aussoen, déi en ëmmer esou mécht, awer e gewëssene Respekt hunn, bei deem ech nach ëmmer der Meenung war, datt en eng gewësse Kultur huet, eng gewësse Bildung huet, awer hei eng Ausso mécht, déi net nozevollzéien ass, datt en hei op eemol eng Relatioun hierstellt, eng Ausso mécht, déi e Member vun enger, mengen ech, awer dach Partei, déi awer wierklech zu dësem Land scho ganz vill Positives bäidroen huet, a Relatioun setzt mat engem gewëssene Wagner-Grupp.

Ech géif Iech wierklech bieden, Här Kartheiser: Entschëllegt Iech fir dat, wat Der elo hei gesot hutt, well déi Ausso do, an ech mengen Dir hutt dat un der Reaktioun hei vun alle Bänke gemierkt, war méi wéi onglécklech. Ech wëll keen aneren Term gebrauchen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | Dat ass emol dat Éischt. Dat Zweet: Ech wëll Iech drop hiweisen, datt ufangs 2000 ... Dir kennt d'Militär vill besser wéi ech, dat ginn ech gären zou, mee Dir wësst, datt ufangs 2000 ënnert dem Verdeedegungsminister Charles Goerens deemools d'Militär opgemaach ginn ass, déi ënnescht Karriären, fir Netlëtzebuerger.

Ech soen awer ganz éierlech, wann ech haut op d'Promesse solennelle ginn an ech gesinn do Leit, wou ee schonn optesch gesäit, datt déi kee konkreete Lëtzebuerger Hannergrond hunn, da mécht dat mir Freed, da spigelt dat awer d'Lëtzebuerger Gesellschaft zréck!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | Wann do jonk Leit stinn, déi net esou ausgesi wéi Dir a wéi mir, vläicht awer vill méi schéi si wéi mir zwee, mee déi awer eng aner Hautfaarf hunn, déi och vläicht eng aner Sprooch, eng aner Langue maternelle hunn, an déi si bereet, sech fir d'Lëtzebuerger Arméi ze engagéieren, gesitt Dir dat als en Nodeel un? Ech net, a meng Partei mat Sécherheet och net!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | Dat spigelt wierklech ganz kloer erëm, fir wat dat Land hei steet. A wou gesitt Dir dann elo den Ënnerscheed zwëschent enger Carrière inférieure an enger Carrière supérieure. Firwat soll et net och do Leit ginn, déi bereet sinn, sech fir Lëtzebuerg anzesetzen, déi vläicht en anere Migratiounshannergrond hunn, vläicht eng aner Langue maternelle hunn, mee sech fir dat Land hei wëllen engagéieren? Mir sinn ee Land, mir sinn eng Natioun. An da spillt et dach keng Roll, wéi eng Hautfaarf datt ech hunn, wéi eng Langue maternelle datt ech hunn!

Dowéinst, wéi gesot, nach eng Kéier, Här Kartheiser: Dir enttäuscht mech! Wierklech, Dir enttäuscht mech an Ärer Positioun. A gleeft mer es, ech si stolz, awer enger Partei unzegehéieren – an ech mengen, och am Numm vun enger Regierung schwätzen ze kënnen –, déi do eng aner Attitüd huet, déi vill méi eng transparent, vill méi eng oppen Attitüd huet. An ech géif Iech bieden, endlech emol eng Kéier dovunner erofzekommen. Et géif Iech vläicht och net schlecht zu Gesiicht stoen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Graas. An d'Wuert geet zréck un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Den Här Graas huet vill gesot an ech wëll mat deem Wichtegsten ufänken, ganz direkt: Här Graas, dee Respekt, deen Dir mir weist, dee kann ech nëmme reciproque och Iech weisen. Och ech respektéieren Är Bildung, Äert Wëssen, an dofir ass den Dialog hei ëmsou méi begréissenswäert.

Sollt ech Iech schockéiert hu mat deem Beispill, wat ech fir d'Privatiséierung gewielt hunn – dat hunn ech extra geholl, well dat e bëssen absurd ass –, mee da wëll ech Iech effektiv ëm Entschëllegung bieden. Ech wollt Iech net schockéieren. Ech wollt awer illustréieren, zu wat dat ka féieren, wann op eemol Arméiaufgaben net méi souverän vun eise Leit gemaach ginn.

*(Interruption)*

Et ass eeben e Beispill gewiescht.

*(Interruption par M. Gilles Baum)*

A wéi gesot, ech wollt Iech net schockéieren. Jo, et ass ..., mee ech wëll dat elo net diskutéieren. Ech wollt op dem Här Wagner, pardon, dem Här Graas seng aner Froen agoen, ...

*(Interruptions)*

... dem Här Graas seng aner Froen agoen ...

**M. Gusty Graas** (DP) | Esou schlëmm wäert ech jo awer net sinn, datt Der mech elo nach mam Här Wagner hei vergläicht!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Dee souz emol op Ärem Stull, Här Graas.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Gelift? Nee, ech hu mech jo elo geiert. Ech mengen, ech wollt op dem Här Graas seng aner Kommentaren agoen. An ech hunn deen emotionalen Discours do natierlech héieren an ech hu mech un dat erënnert, wat mer deemools ..., well ech war bei ville vun deenen Diskussiounen derbäi, wéi fréier d'Arméi opgemaach ginn ass. An et ass wierklech eng ganz interessant Diskussioun.

De groussen Ënnerscheed ass deen, datt Ënneroffizéier an Offizéier Fonctionnairë sinn. En Homme de troupe ass kee Fonctionnaire. Dat war ëmmer dee legalen Ënnerscheed, dee gemaach ginn ass. Et ass och dat, wat bei aneren Administratiounen ass. Mat deem Argumentaire, deen Dir do hutt ... Ech hunn net vun Hautfaarf a Sprooch an esou weider ..., dach, vu Sprooch hunn ech geschwat, well et ass eng wichteg Verstännegungsbasis. Hautfaarf hutt Dir an d'Spill bruecht. Mee et geet einfach hei ëm e legale Prinzipp, nämlech datt Beamten – an Zaldote si keng Beamten – och no europäeschem Recht, wat d'Fonction souveraine ugeet, solle Staatsbierger vun deem Land sinn, dat eebe Memberstaat ass. An dat ass bei den Zaldote ganz anescht.

Bei den Zaldoten hu mer awer och e Problem. An dee Problem ass, datt déi Staaten, wou se hierkommen, am Prinzipp mussen domadder averstane sinn, well am internationale Recht ass et esou, datt een e Lien de loyauté huet géintiwwer deem Land, vun deem een d'Nationalitéit huet. Wann dann elo e Portugis oder en aneren, e Belsch, an der Lëtzebuerger Arméi déngt, dann ass dat e Problem am internationale Recht.

A mir haten deemools gesot, mir missten allkéiers den Accord froe vun deem Land, wou en hierkënnt. Dat huet sech zwar agebiergert, datt dat net gemaach gëtt, well déi Länner keng Oppositioun gesot hunn, mee am Prinzipp hätte se d'Recht dozou. Si hätten dat Recht fir ze soen: „En Nationalen, deen eis Nationalitéit huet, kann zum Beispill, wa Lëtzebuerg Peacekeeping mécht am Land X, wou mir besonnesch Interessien hunn ..., da wëlle mir net, datt eise Staatsbierger do matmécht." Vollkomme legal. Och dat ass e Problem.

Hu mer Lëtzebuerger, déi dat maachen, dann ass dee Problem natierlech net do an et wier einfach.

Wat mer elo gär hätten … Ech mengen, Dir haalt de Plädoyer fir d'Internationaliséierung vun der Arméi, ech sinn do vill méi virsiichteg. Mee ech mengen, wat mir eis eigentlech géife wënschen, dat wär, datt dee Patriotismus, datt mer deen esou héichhalen an datt mer de Leit esou attraktiv Konditioune bidden, datt d'Lëtzebuerger sech méi verstäerkt erëm an d'Lëtzebuerger Arméi mellen. Dat ass eigentlech den Objectif, dee mer solle verfollegen, amplaz eis Méiglechkeeten ze iwwerleeën, fir d'Arméi fir Auslänner ëmmer méi opzemaachen. Ech mengen, dat ass sécher net dee richtege Wee.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An d'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, ganz kuerz. Merci, Här President. Här Kartheiser, erlaabt mer, Iech awer ze soen: Dir maacht en Denkfeeler! Dir maacht en Denkfeeler an deem Sënn: Dir vergiesst, datt Lëtzebuerg agebonnen ass an eng international Communautéit. Mir sinn agebonnen an eng Europäesch Unioun vu 27 Memberstaaten a mir si virun allem agebonnen an eng NATO mat 30 Memberstaaten, hoffentlech muer mat 32. Da kënnt Der also net Äre Gedanke reng op d'lëtzebuergesch Situatioun konzentréieren. Mir sinn haut an enger ganzer internationaler Communautéit. An dann däerf een awer net esou – entschëllegt elo vläicht den Ausdrock – e bësselche méi limitéiert denken, andeem datt ee mengt, et dierften dann och nëmmen exklusiv Lëtzebuerger sech fir dat Land asetzen, wat u sech eng Aufgab huet, déi internationale Charakter huet. Also wou läit dann do de Problem? Erkläert mer dat awer!

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Kartheiser.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass esou, Dir Dammen an Dir Hären, wann …

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Graas huet den Här Kartheiser direkt ugeschwat gehat …

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà!

**M. Fernand Etgen,** Président | … an duerfir geet d'Wuert nach eng Kéier zréck un hien.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Esou ass dat am Parlament. Villmools merci, Här President.

*(Interruption)*

An et ass ganz einfach esou, datt den Denkfeeler, datt den Denkfeeler …

*(Interruption et brouhaha)*

Nee, nee, dat ass scho richteg esou. Mir haten dat och bei anere Saachen. An ech mengen, et ass wierklech e wichtegen Dialog, dee mer hei féieren, well den Här Graas huet erëm eng Kéier, wéi et bei him dacks de Fall ass, eppes Wichteges ugeschwat. En huet gesot, jo, Lëtzebuerg ass Member vun enger Rei vun internationalen Organisatiounen. A jo, selbstverständlech, besonnesch als klengt Land beweege mer eis an engem internationale Kontext.

Dat ännert awer näischt un der Rechtssituatioun. Well déi Rechtssituatioun, déi ech hei zitéiert hunn, ass déi selwecht an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, an anere Memberstaate vun der Europäescher Unioun. An do ass einfach dee Prinzipp vun der Souveränitéit beim Militär iwwerall etabléiert. Mir hunn hei …, mir si scho méi wäit gaange wéi an anere Länner, doduerch, datt mer bei den Hommes de troupe, also bei den Netbeamten an der Arméi, opgemaach hu fir aner EU-Bierger. Mir ginn also elo scho méi wäit wéi anerer. Mir hunn et awer net opgemaach fir zum Beispill all NATO-Staaten. Dat ass eppes, wat ech op jidde Fall net wéisst. En tierkesche Staatsbierger ka menger Meenung no net einfach hei an der Lëtzebuerger Arméi déngen, obschonn d'Tierkei an der NATO ass.

Do gëtt et einfach Grenzen. Mir haten dat, wann ech mech richteg erënneren, fir EU-Bierger opgemaach. An an der EU ass et jo effektiv esou, datt zënterhier a verschiddenen Traitéen och eng Dimensioun vu gemeinsamer Verdeedegung ageschriwwe ginn ass, quitte datt se sech nach net an deem Sënn op d'Zesummesetzung vun den Arméien deklinéiert. Op jidde Fall respektéieren ech Är politesch Intentioun, mee am Abléck stëmmt se net mat där rechtlecher iwwereneen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da fuere mer elo weider mat der Diskussioun iwwert dëse Projet de loi an da geet d'Wuert un den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. A schwieregen Zäiten, an dat gesi mer elo mam Ukrain-Konflikt, ass et wichteg, dass mer eng staark Arméi hunn an dass mer se och weiderhi stäerken. Et ass och richteg, dass eis Arméi méi Leit brauch, an et ass awer och leider richteg, dass déi a leschter Zäit gefeelt hunn.

Ech hat eng Question parlementaire gestallt am August d'lescht Joer, dat war d'6520, op déi de Minister mer geäntwert huet, dass bei de Karriärsmilitären am Moment 120 Leit géife feelen. Dat heescht, et muss esou oder esou eng politesch Reaktioun kommen, wa mer wëllen, dass eis Arméi och an Zukunft ka weiderhi fonctionéieren. Wëssend, dass en neit Gesetz ënnerwee ass – dat deelen ech och, dass et ze laang dauert an dass eis Arméi dat scho laang gebraucht hätt –, musse mer eis Gedanke maachen, wéi mer déi Arméi kënne méi attraktiv gestalten. Ob dat elo mat méi zivillem Personal ass, dat sief dohinnergestallt.

Ech hu mer déi eenzel Avisen, virun allem dee vum SPAL, och ugekuckt, wou de SPAL natierlech och zu Recht kritiséiert huet, dass e net gefrot gi war, obwuel dat awer rechtlech eigentlech hätt misse sinn, an duerno den Avis immens laang gedauert huet, bis en dann de Wee an d'Chamber fonnt huet. E werft och Froen op, déi berechtegt sinn. An ech rechnen der Madamm Empain dat och héich un, dass se am Detail nach eng Kéier op den Avis agaangen ass. Et huet eis awer trotzdeem elo net derzou beweegt fir ze soen: Mir stëmmen d'Gesetz net mat.

Mir wäerten d'Gesetz haut matstëmmen. Et ass net déi bescht Léisung. Et bleift fir eis nach ëmmer, dass een d'militäresch Karriäre muss ausbauen an dass déi musse méi attraktiv ginn, och fir d'Karriären duerno. An dat heiten ass elo eng Léisung, déi een aus der Situatioun eraus muss fannen. Et muss ee sech do och bewosst sinn, dass eis Arméi zesumme mam CGDIS, mat der Police, mat der Douane quasi eng Konkurrenzsituatioun huet, dass mer e bëssen an deene selwechte Filièren, dem selwechte Personal fëschen an dat et net onbedéngt méi einfach mécht, fir Leit ze fannen.

Eng Kritick awer och nach op aner Projeten herno, déi mer dës Woch a viru 14 Deeg presentéiert kruten – ech hat et och an der Kommissioun du scho gefrot –, dat ass zum Beispill den neien SES-Satellitt oder de Cloudcomputing, wou ech mech elo net iwwert de Projet selwer äusseren, mee wëll soen, dass do a sech och just eng Aart Outsourcing ass. Dat heescht, dat si Projeten, déi eist Militär zwar kritt, mee wou awer keen Zaldot agestallt gëtt, kee fir eis Arméi herno wäert agestallt ginn. Dat heescht, mir huelen do zwar – aus dem Kapp eraus – eng Kéier 200 an eng Kéier 250 Millioune an de Grapp, mee mir schafe keng Attraktivitéit, fir dass Leit bei d'Arméi ginn, well déi schaffen net do.

Dat heescht, et si Projeten, wou mer op enger Säit d'SES hunn an eng Privatfirma herno sech wäert drëm këmmeren. Dat ass eeben eng Fro, déi ee sech och eng Kéier politesch muss stellen, ob ee mat esou Projeten awer net d'Attraktivitéit vun eiser Arméi schwächt. Op där enger Säit: Mir hunn net genuch Leit, déi bei d'Arméi ginn. Op där anerer Säit: Wann d'Regierung seet, mir huele Privatfirmen, mir huelen Externer, déi fir eis Arméi schaffen, mécht dat se net esou attraktiv wéi et eigentlech misst sinn. An dat ass och warscheinlech dat, wat sech vill Jonker froen.

Dann nach e bësse méi aktuell: Mir haten déi Diskussioun jo ronderëm en Dokter an der Arméi, wou dee selwechte Problem erëm war. Dat war och erëm Outsourcing, en Externen, deen dohinnerkomm ass. An do muss een awer … Ech ginn elo net op den Dossier selwer an, mee ech ginn awer op dat an, wat mer an der Kommissioun duerno diskutéiert hunn, wéi et iwwerhaapt gestallt ass am Generellen ëm d'Medezinn, ëm d'Dokteren an der Arméi, ob mer do net missten emol e bëssen eng Reform maachen, well et si jo net genuch Dokteren, wéi mer gewuer gi sinn, déi an der Arméi täteg sinn. D'Arméi kënnt och do net no. Infirmiere sinn der do, Doktere sinn der net genuch do. A wéi mer dann domadder an Zukunft sollen ëmgoen, well fir eis Piraten ass et net esou, dass mer mussen op Externer oder sollten op Externer zréckgräifen.

Mir hu gesinn, dass dat schifgaangen ass. An do ginn ech dem Minister emol net d'Schold, well dat ass jo och bei de Kontrolldokteren op enger anerer Plaz mat där selwechter Persoun geschitt. Mee et muss ee sech awer eng Kéier iwwerleeën, wa mer eng Arméi hunn, déi gewëssen Aufgabe soll erfëllen, firwat mer do esou oft, sief et elo bei de Projeten, déi presentéiert ginn an déi deemnächst an d'Chamber wäerte kommen, sief et bei – wat fir mech eigentlech intern misst sinn – der Infirmerie, den Dokteren, op extern Leit zréckgräifen.

Ech hoffen, dëst Gesetz verbessert eppes un der Situatioun, well eis Arméi huet et eeben duerch d'Rekrutementsproblemer net einfach, mee mir brauchen aktuell eis Arméi. Mir gesinn an engem Konflikt, wéi wichteg et ass, dass e Land sech och weiderhi verteidege kann.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Verdeedegungsminister François Bausch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Merci, Här President, och fir d'Diskussioun a fir déi breet Zoustëmmung. Erlaabt mer vläicht, am Ufank zwou Saachen zum Här Kartheiser ze soen. Well ech mengen, datt den Här Kartheiser hei eppes, wat e gesot huet, sou liichtfankeg iwwerspillt huet, wat awer net esou liichtfankeg ze iwwerspillen ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Éischtens, Här Kartheiser, wëll ech Iech soen: Dir hutt gesot, Dir hätt esou e gudde Kontakt nach an d'Arméi eran an Dir géift wëssen … Dir kommt effektiv aus der Arméi, hutt sécherlech och Kenntnisser, wéi eng Arméi fonctionéiert. Dat wëll ech net bestreiden, mee ech géif Iech awer uroden, vläicht emol eng Kéier méi an

d'Arméi haut eranzelauschteren, fir genau ze wëssen, wat um Terrain wierklech geschitt, well ech mengen, datt Der verschidde Saachen, well Der ze laang fort sidd, net méi esou richteg matkritt.

Op alle Fall: Wat mech schockéiert huet, dat war dee Verglach mam Grupp Wagner.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dir hutt dat esou séier vum Terrain hei gewëscht. An ech wëll awer eng Kéier dorobber zréckkommen, fir datt et de Leit och dobaussen däitlech gëtt, wat dat ass, de Grupp Wagner.

Dat ass net einfach e Mercenairesgrupp, wat scho schlëmm genuch wär, wann et en einfache Mercenairesgrupp wär, a wann ee géif vergläichen oder hei engem ënnerstellen, e wéilt aus der Arméi eng Mercenairestrupp maachen. Mee de Grupp Wagner, dat ass eng kriminell Mäerderband, déi bewisenermoossen Neonazi- a faschistesch Hannergrënn huet – bewisenermoossen! –, an déi an enger Aart a Weis virgeet, mat enger krimineller Energie virgeet, bei där ee wierklech gehofft huet, ech op alle Fall gehofft hunn, datt am 21. Joerhonnert esou eppes net méi méiglech wär.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | An duerfir: Heibannen, heibannen nëmmen iergendwou eppes domadder ze vergläichen, mat deenen ze vergläichen, dat, fannen ech, ass einfach en No-Go. Dat dierf net sinn!

**M. Gilles Baum** (DP) | Très bien, Här Minister, très bien!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | An ech géif Iech wierklech bieden, opzestoen an ze soen, et géif Iech leeddoen, wat Der hei gesot hutt, well dat ass dat Eenzegt, wat elo ubruecht wär, fir Iech ze entschëllegen, datt dat Iech vläicht erausgerutscht ass.

An da géif ech Iech och uroden: Liest eng Kéier d'Geschicht no vun deem Grupp Wagner, wou deen hierkënnt. Do gëtt et ganz gutt Reportagen. Do gëtt et ënner anerem ee bei der BBC, dee kënnt Der roueg kucke goen, well do ass ze gesinn, wéi de Grupp Wagner a Libyen, a Syrien eng Bluttspuer hannerlooss huet, déi verréckt war. Do sinn Tablette fonnt ginn, haaptsächlech ass een Tablet fonnt ginn, dee vun der BBC ausgewäert ginn ass, an do hu se ganz genau erëmfonnt, wat d'Ideologie ass, déi hannert deem Grupp do stécht.

Ech géif Iech bieden, wannechgelift, huelt dat zréck a sot dat och ëffentlech! Dat wär dat Mannst, wat ech géif vun Iech verlaangen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dann zu deem, wat mer hei virleien hunn, wat eigentlech jo a sech e banale Projet ass. An et ass vu ville gesot ginn, et ass richteg: Am Fong ass dee Projet hei verstëbst. Et ass och e Projet, dee mer musse maachen, well mer leider an enger Transitiounsphas sinn, well mer dat neit Gesetz nach net hunn, dat neit Kadergesetz. Datt dat neit Kadergesetz nach net do ass, kënnt Der net dësem Minister virwerfen, well dëse Minister huet dat Kadergesetz hei … Am Juli sinn et genau zwee Joer hier, datt ech et deposéiert hunn. An ech hu leider nach ëmmer keen Avis vum Staatsrot.

An der Kommissioun wäerte mer et dann och nach eng Kéier am Detail virstellen. An dat neit Kadergesetz, dat soll precisement d'Arméi à même setzen, fir vill méi attraktiv ze gi wéi se haut ass, well mer éischtens nei Karriäre schafen, eng B1-Karriär, eng A2-Karriär. Mee net nëmmen dowéinst.

Insgesamt soll effektiv dat Gesetz ganz nei Viraussetzunge schafen a mir wäerten och, wann dat Gesetz dann elo endlech gestëmmt ass – an ech hoffen, datt et geschwë gestëmmt gëtt –, eng ganz breet Campagne maachen, eng modern Campagne, an där mer d'Arméi virstelle wëllen an an där mer och weise wëllen, wat déi lescht Jore geschitt ass. An dat ass vill, wat déi lescht Jore geschitt ass. Et ass quasi alles moderniséiert ginn an där Arméi, wat ze moderniséiere war, vun de Gebaier iwwert d'Gefierer, iwwer hir Gesetzer.

Dat heescht, Dir hutt, wann et fäerdeg ass, um Enn vun dëser Legislaturperiod – wann et esou opgeet, wéi ech mer et erhoffen, datt dat Gesetz nach gestëmmt gëtt – eng modern nei Arméi do stoen, déi ganz aner Outilen huet, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. An dat ass och gutt esou, well dat brauche mer effektiv aus villfältege Grënn, aus Grënn fir eis national Sécherheet, aus Grënn wéinst eisen internationalen Engagementer.

Ech sinn och iwwerzeegt, datt, wa mer dat neit Kadergesetz hunn, mat där Campagne, déi mer wëlle maachen, mer da genuch Leit wäerte fannen, déi bei d'Arméi wëlle kommen, well mir wëllen dat an der Duerstellung och aneschters maachen. Mir wëlle weisen, wat fir eng Profiller datt et haut an der Arméi gëtt, datt d'Arméi net nëmme méi eppes ass, wéi ee sech dat vläicht virgestallt huet virun 20, 30 Joer, mee datt een och mat héijen Ausbildungen dohi ka kommen, datt dat eng héich Plus-value ka sinn, wann een do schafft, datt et villfälteg ass, datt ee ka wiesselen, och d'Kategorië vun deem, wat ee mécht, ka wiesselen, datt et wierklech extreem ofwiesslungsräich ass.

An da wëll ech Iech och soen, datt déi Leit op alle Fall, déi sech haut bei d'Arméi mellen … Wann ech hei héieren, datt gesot gëtt …, do gëtt vu Bürosplaze geschwat. Wat richteg ass: Natierlech musse Méiglechkeete bestoen, datt, wann zemools Militaires de carrière ab engem gewëssene Moment net méi kënnen en normale Militärberuff ausüben, se da kënnen iergendwou op e Poste kommen, deen hirem Alter an och vläicht hirem Gesondheetszoustand entsprécht. Dat ass richteg. Mee ech soen Iech awer: Déi, déi sech melle bei d'Arméi, déi wëlle sech eebe grad mellen, fir am Asaz ze sinn, fir um Terrain ze sinn. Déi wëllen net um Büro sëtzen. Alleguer déi, déi do uewe sinn de Moment um Härebierg, do kann ech Iech soen, déi wëllen net an de Krich goen, mee awer an den Asaz kommen, déi wëllen eppes vun deem, wat se geléiert hunn, och um Terrain kënnen uwennen. An dat ass dat, wat ee muss wëssen.

A wann ech dann doriwwer schwätzen, wann ech soen: Mir wëllen d'Arméi moderniséieren, méi villfälteg maachen, nei Beräicher opbauen, wat mer amgaang sinn, ze maachen – de Cyberspace, den Espace an esou weider an esou fort –, jo, da brauche mer jo och Spezialiste fir déi Beräicher. A wann ech dann héieren, datt gesot gëtt: „Jo, elo gräife mer dann awer, fir dat iwwerhaapt emol ze lancéieren, op Leit vu baussen zréck", ma da soen ech Iech: Et ass jo schonn iwwerhaapt am Privatsecteur selwer schwéier, déi Spezialisten ze fannen, geschweig dann nach einfach esou bei der Arméi, mat deene Karriären, déi mer haut do hunn, mat deem, wat mer do bezuelen am Verhältnis zum Privatsecteur bei esou Spezialisatiounen.

Also dat ass alles vill méi komplizéiert. Mee do gëtt dru geschafft, well d'Zil ass ganz sécher, fir eng modern Arméi ze kréien, déi attraktiv ass, wou d'Beruffsbiller ganz villfälteg sinn, wou ee ka souguer nach eppes bäiléieren, wou een opgewäert ass a wou ganz kloer an de Viergergrond gestallt gëtt, datt déi Leit, déi do an där Arméi sinn, immens wichteg sinn an en immens wichtegen Déngscht leeschten un dësem Land. Dat soll d'Zilsetzung sinn an doru schaffe mer elo schonn eng Rei Joren. An ech sinn och gudder Déng, datt mer dat nach bis un d'Enn vun der Legislaturperiod hikréien.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Da wëll ech Iech awer soen, Här Kartheiser, och wa mer an der Kommissioun nach eng Kéier driwwer diskutéiere wëllen: Ech fannen et net korrekt, datt einfach falsch Saachen duergestallt ginn, wann duergestallt gëtt, wéi wann een an der Arméi ënnert dem Mindestloun géif bezuelt ginn. Ech soe just, wéi d'Zuele reell sinn:

De Mindestloun läit de Moment bei 2.387,40 Euro. Dat ass deen neien op den 1. Januar dëst Joer. Den normalen Zaldot, wann en ufänkt, huet e Solde mensuel vun 1.887 Euro. Da musst Der awer wëssen, Här Kartheiser, datt dee keng Krankekeess bezilt, keng Pensiounskeess bezilt. Dat heescht, am Fong alles dat, wat Dir oder jiddweree vun eis normalerweis vu sengem Salaire ofgehale kritt, kritt deen net ofgehalen. An dat ass am Fong en Avantage en nature. Dee musst Der beim Salaire awer decemment bäirechnen.

Wann Der deen derbäirechent, da sidd Der schonn iwwert dem Salaire social minimum, esou gutt beim ënneschten Zaldot, also wann en ufänkt, wéi och beim Premier soldat-chef. Also do geet et natierlech graduell erop, do leie mer natierlech a ganz anere Beräicher. Just fir Iech ze soen, wann Der de Solde brut ajusté kuckt, da leit Der beim normalen Zaldot bei 2.402 Euro a beim Premier soldat-chef leit Der bei 2.979 Euro.

An da muss ee wëssen: Da kommen do jo awer nach e puer Saachen derbäi! Da kënnt derbäi, datt se logé et nourri sinn. Ech wëll dat emol net hei arechnen, mee dat ass jo awer och eppes wäert! Da kënnt derbäi, datt se eng ganz Rei Primme kréien, d'Prime de démobilisation zum Beispill. Da kënnt derbäi, datt se, wa se an den Asaz ginn, zum Beispill an eng UDO-Missioun oder OMP-Missioun (ndlr: UDO – Unité de disponibilité opérationnelle au sein de l'armée luxembourgeoise; OMP – Opération de maintien de la paix des Nations Unies), nach eng Kéier Primmen dropgerechent kréien.

Wann Der an enger OMP-Missioun sidd, Här Kartheiser, da kritt deejéinegen nach eng Kéier 3.192 Euro bei säin normale Salaire derbäi, eleng well en an der Missioun ass. Dann huet deen e Salaire vun 3.192 plus …, kommt, mir huelen emol dee ganz ënneschten … Nee, dee ganz ënneschte kann ech net huelen, well deen ass jo nach an der Ausbildung. Bon, kommt, mir huelen de Soldat première classe: Dat sinn 2.500 Euro. Dann huet dee 5.600, 5.700 Euro. Dat ass dach awer méi wéi de Mindestloun! Do sidd Der awer mat mer d'accord? Oder net?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An Operatioun.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dat ass an Operatioun. Mee och am Normale läit e bei 2.500, an de Mindestloun, deen ugepasste vum Januar, ass bei 2.300. Also kommt, mir halen awer op, Saachen ze zielen, déi net sinn! A virun allem, wat bewierke mer domadder? Mee wa mer esou diskutéieren, da musse mer eis jo net wonneren, wa kee sech mellt! Wa mir selwer de Message no baussen ginn a permanent déi Arméi schlechtmaachen, se schlechtrieden a se méi schlecht maachen, wéi se wierklech ass, da brauche mer eis net ze wonneren. Dat misst dach d'Aufgab vun eis alleguer sinn, bei aller Kritick, déi ee ka

maachen un deem, wat d'Regierung mécht, datt mer wéinstens d'Saachen uerdentlech duerstellen, wéi se sinn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Här Verdeedegungsminister François Bausch. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**Une voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà! Ech sinn invitéiert gi vum Här Minister, fir no him ze schwätzen. Da maachen ech dat selbstverständlech gär.

Ech fänke vläicht u bei deem leschte Punkt iwwert d'Paie vun den Zaldoten. Jo, natierlech kann een dat esou rechnen: Wa se an Operatioun sinn, hu se 3.100 oder – wat weess ech? – nach méi. Mee si sinn an Operatioun an huelen e Risiko op sech, Här Minister, deen Dir an ech net all Dag lafen!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Hunn ech dat a Fro gestallt, Här Kartheiser?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An et ass nëmmen normal, Här Minister, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Äntwert!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... datt, wann een an esou engen Ëmstänn muss liewen, een dann dofir eng Kompensatioun kritt.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Här Kartheiser, äntwert mir op d'Fro!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass elo u mir, Här Minister. Ech hunn Iech nogelauschtert.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Ech hu jo gesot: Ech hunn déi emol net bäigerechent. Mee den normale Salaire läit bei 2.401 a se sinn iwwert dem Mindestloun!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, si si logé et nourri, mee si hunn och eng Flicht, fir kasernéiert ze sinn. Och dat muss ee soen. Majo, si si kasernéiert. Si kënnen net wunnen ...

*(Interruption par M. François Bausch)*

Jo, mee gutt. Ech mengen, et ass ëmmer ... Et muss een ëmmer all Aspekter ...

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Déi komme jo nach derbäi bei déi 2.400.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et muss een ëmmer all Aspekter vun der Diskussioun huelen, well wann een op enger bestëmmter Plaz muss sinn an et muss een um 10.00 Auer zum Beispill dobanne sinn oder et ass een an enger Astreinte an esou weider – dat net all Dag –, mee da kënnen dat Konditioune sinn, wou eeben eng gewësse finanziell Contrepartie muss och do sinn.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Här Kartheiser, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Den Zaldot, den Zaldot ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Hei, d'Wuert geet direkt zréck un den Här Minister, fir dat richtegzestellen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mee ...!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | ... sot mir elo mol, äntwert mir op d'Fro! All déi Primmen, alles wat Der elo opgezielt hutt, hunn ech net agerechent.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Wann ech Iech soen, datt den normale Salaire 2.401 ass an de Salaire social minimum 2.387 ass, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | ... ass 2.400 méi wéi 2.300, jo oder nee?!

**Une voix** | Jo, Här Minister!

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Merci!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech gesinn, Dir hutt e Fanklub.

Den Zaldot, firwat huet en d'Gratuité, firwat huet den Zaldot d'Gratuité médicale?

*(Interruption)*

Mee well e fir de Staat seng Gesondheet op d'Spill setzt. Och dat huet seng Ursaach. An dat huet en normale Mënsch an enger anerer Verwaltung eeben net, déi Risiken, déi e leeft. Dofir loosst eis dat och kucken. An de Loun ass eng Saach, an déi aner Avantagen, déi situatiouns- oder beruffsgebonne sinn, soll een anescht diskutéieren.

Elo zu där Saach mat Wagner. Ech wëll nach eng Kéier soen ...

*(Interruption)*

Jo, jo, mee lauschtert no! Ech wëll nach eng Kéier soen: Dat war eng Reaktioun, well do eeben déi Iddi koum, fir do dat méi opzemaache fir Auslänner. Ech gi gär zou, ech gi rosen. Ech hu mech beim Här Graas entschëllegt, ech wëll dat nach eng Kéier soen. Ech wëll Iech awer nach eng Kéier soen ...

**Une voix** | Nee, net nach eng Kéier!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee, nee, ech wëll nach eng Kéier ..., nee, déi Diskussioun soll seriö geféiert ginn. Mir sinn am Parlament an ech wëll elo net hei op den Niveau vu Maartgespréicher oder Gott weess wat kommen.

*(Interruption par M. Gusty Graas)*

Nee, kommt, mir kucken dat seriö! Mir kucken dat seriö. Ech si komplett mam Minister d'accord fir ze soen ... Also elo speziell, ech hunn dat jo als Beispill geholl vun enger Privatiséierung, dat war eeben an der Emotioun an esou weider. Ech hu mech dofir entschëllegt, ech soen dat nach eng Kéier, dat war net ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mee lauschtert, nee, lauschtert no, mat der Wagner-Grupp! Den Här Minister huet komplett Recht, wann e seet, et ass eng Bluttspuer an Afrika an esou weider an esou viru vu Mercenariat. Do si ganz seriö Saachen. An ech mengen, do si mer eis eens.

*(Brouhaha)*

Nee, ech wëll just soen ...

*(Interruption par M. Gilles Baum)*

Ma da lauschtert dach no! Wou si mer dann hei?

**M. Fernand Etgen,** Président | Also, Här Kartheiser, ech hat gëschter Moien hei gesot gehat, wann een eppes seet, da sollt een iwwerleeën, ier een eppes seet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, mee ech ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Hätt Dir dat gemaach, dann hätte mer déi do Diskussioun de Moment net.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee, et ass gutt, datt mer se hunn, well ech wëll eebe just ...

**Plusieurs voix** | Nee!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wëll Iech emol soen, Här Minister, datt ee muss en Ënnerscheed maachen, rechtlech, am Droit international, wou déi Leit agesat ginn. Et ass nämlech wouer, an Afrika: Mercenariat. Mee ech wëll Iech opmierksam maachen – well Dir sidd Verdeedegungsminister, dofir wëll ech Iech dat soen an den Diskussiounen – op d'Genfer Konventiounen: Kuckt den Artikel 47 an da kuckt Der d'Definitioun vu „mercenaire". Et ass nämlech ganz interessant, do sinn eng Rei Konditiounen opgezielt, déi ee muss all gläichzäiteg erfëllen, fir als Mercenaire consideréiert ze ginn. Dir sot, ech wier laang eraus aus dem Beruff. Ech mengen ech erënnere mech awer nach richteg.

De Punkt ass deen, dass de muss eng Nationalitéit hunn, déi net déi ass vun där Arméi, fir déi s de kämpfs oder vun deem Territoire, wou s de kämpfs. De Problem bei der Wagner-Grupp an deem Sënn ass, souwäit ech weess, mee Dir wësst dat vläicht besser, datt dat russesch Ressortissantë sinn, déi an enger privater Unitéit, awer fir d'russesch Arméi kämpfen. Dee Krittär vun der Nationalitéit ass an deem Sënn, wa se am Kader vun der russescher Arméi kämpfen, warscheinlech net erfëllt.

Et ass anescht, wa se am Ausland sinn. Dat heescht, et ass e Grupp, et ass eppes ganz ..., u sech eppes, wat ee schrecklech muss intrigéieren, datt do eng Privatiséierung vun der militärescher Gewalt stattfënnt. Mee ech mengen, reng rechtlech muss ee wuel warscheinlech ënnerscheeden. Mee dat ass eng Saach fir den Droit international public, fir dat ze kucken, wéi an a wéi enge Konditioune se kënnen als Mercenaire bezeechent ginn an a wéi engen net.

An där ganzer schrecklecher Situatioun an der Ukrain gëtt et awer ganz vill Mercenairen. Et gëtt der – ech weess et net –, op der russescher Säit gëtt et, wéi gesot, de Fall Wagner, dee privat ass, mee se hunn am Prinzipp déi russesch Nationalitéit, wat d'Situatioun rechtlech awer ännert. Op der ukrainescher Säit si ganz vill Leit, déi eeben an d'ukrainesch Arméi ginn, déi d'Nationalitéit net hunn, mee de Statutt an der ukrainescher Arméi kréien. Och dat muss een da rechtlech analyséieren.

Ech wollt Iech dat just soen, well wann een esou Diskussioune féiert, Här Minister, och am Kader vu Konferenzen, wou Dir sidd, well Dir do Lëtzebuerg vertriet, mengen ech, ass et ganz wichteg, datt ee sech um Buedem vun de Genfer Konventioune befënnt, wann een d'Argumentatioun féiert.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Här President, ech wëll dem Här Kartheiser soen: D'Beispill, dat ech zitéiert hunn, war net d'Ukrain, mee ech hu Libyen a Syrien zitéiert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech sinn d'accord.

**M. François Bausch,** Ministre de la Défense | Dat war net den Territoire vun der Ukrain.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech si jo domat d'accord. Ech hu jo gesot: An Afrika, do ass dee Fall anescht, mee an der Ukrain, do ass et erëm eng aner Fro.

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech mengen, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen,** Président | Mir kënnen elo zum Vott kommen iwwert de Projet de loi 8057. Den Text steet am Document parlementaire 8057[8].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8057 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8057 ass mat 57 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8057 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 6. 8055 – Projet de loi portant :

### 1° modification de :

### a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

### b) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;

### c) la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers ;

### 2° mise en œuvre du règlement (UE) 2022/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2022 sur un régime pilote pour les infrastructures de marché reposant sur la technologie des registres distribués, et modifiant les règlements (UE) n° 600/2014 et (UE) n° 909/2014 et la directive 2014/65/UE

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 8055 iwwert d'Ëmsetzung vun engem EU-Reglement am Finanzsecteur. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif alleguer, an de leschte Jore gouf et eng Hellewull un technologeschen Neierungen an digitalen Entwécklungen, besonnesch eeben och am Finanzberäich. Och Finanzinstrumenter baséiere sech also zouhuelend op nei Technologien.

Eng dovunner, déi ëmmer nees an den Neiegkeeten ass, also eis all och dierft dann e Begrëff sinn, ass d'Technologie vun de „verdeelte Regëster", op Franséisch „la technologie des registres distribués", op Englesch „distributed ledger technology", dowéinst déi generell Ofkierzung DLT.

Dës erlaabt et, kuerz gesot, fir Informatiounen iwwer betreffend Transaktiounen opgedeelt a synchroniséiert op verschiddene Plazen ze späicheren. Et gëtt also, an dat ass hei de sprangende Punkt, keng zentral Datebank. D'Informatioune ginn dezentraliséiert gespäichert. D'Informatioune si méi oder manner ëffentlech zougänglech. Kryptoaktiva sinn eng vun den Haaptuwendunge vun der DLT-Technologie am Finanzberäich. Esou ass d'Blockchain, op där de Bitcoin baséiert, zum Beispill eng Zort vun DLT-Technologie. Dës Definitioun ginn ech just als Erklärung. De Gesetzesprojet ass gréisstendeels technologieneutral verfaasst, fir eeben der Innovatioun net am Wee ze stoen.

Mam Gesetzesprojet, deen ech Iech also hei elo virstellen, gëtt op der enger Säit en europäescht Reglement vum 30. Mee 2022 iwwert DLT-Technologien zu Lëtzebuerg ëmgesat. Dat Reglement ass d'Resultat vun den Ustrengungen, déi um Niveau, um Plang vun der Europäescher Unioun ënnerholl ginn, fir technologesch Neierungen ze begleeden an ze fërderen, andeems en zolitte Kader geschaaft gëtt.

Konkreet gëtt duerch dat Reglement e Pilotregimm agefouert, deen et de jeeweilegen nationalen Autoritéiten erlaabt, fir zäitweileg DLT-Marchésinfrastrukture vu gewëssene Verflichtunge par rapport zu den traditionelle Marchésinfrastrukturen ze befreien. Et geet also hei drëms, Operatioune mat Finanzinstrumenter ze erlaben, déi op der DLT-Technologie fundéieren, baséieren, also eng Zort vu Kryptoaktiva sinn, ouni awer d'Ufuerderungen a Garantië vun der traditioneller Marchésinfrastruktur ze ënnerhielegen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Fir dat ze maachen, gouf d'Definitioun an enger fréierer Direktiv zu de Finanzinstrumentmarchéë vum 15. Mee 2014 ugepasst. Dowéinst mussen och zwee Lëtzebuerger Gesetzer ugepasst ginn. D'Lëscht vu Finanzinstrumenter gëtt also hei erweidert, fir d'Finanzproduiten, déi, wéi gesot, op der DLT-Technologie berouen, matanzeschléissen. Esou gëtt de Prinzipp vun der technologescher Neutralitéit respektéiert an d'juristesch Sécherheet gëtt gestäerkt.

Doriwwer eraus gesäit dëse Gesetzesprojet och eng Ännerung vum Gesetz vum 5. August 2005 zu de Finanzgarantiekontrakter vir. D'Méiglechkeet, fir an deem Beräich op d'DLT-Technologie zréckzegräifen, gëtt heimadder ausdrécklech am Lëtzebuerger Recht unerkannt. Hei si mer also kohärent zu der Logik vun de sougenannte Blockchain-I- a Blockchain-II-Gesetzer. Esouvill also zu de grousse Linne vun dësem Gesetzesprojet. Fir d'Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

D'Finanz- a Budgetskommissioun krut zwee Avisen eran, ee vum Staatsrot an ee vun der Handelskummer.

A sengem Avis schwätzt de Staatsrot vun enger virsiichteger Approche, déi d'Auteure vum Text am Artikel 2 vum Projet geholl hunn, wat déi punktuell Prezisioun am Gesetz zu de Finanzgarantiekontrakter betrëfft. Hei ginn nach Entwécklungen um europäesche Plang ofgewaart. Doriwwer eraus gëtt de Staatsrot awer ze bedenken, dass dee ganzen DLT-Beräich méi reglementéiert sollt ginn an net eenzel Aspekter dovunner. De Staatsrot huet soss weider keng Remarke gemaach.

D'Chambre de Commerce begréisst hirersäits de Gesetzesprojet an hirem Avis. D'Digitaliséierung an déi nei Technologië si fir si aus hirer Siicht eng Opportunitéit, eng Chance fir Lëtzebuerg. Eng appropriéiert, eng passend Legislatioun an deem Beräich dréit zu der Kompetitivitéit vun eisem Land an domadder och vun eiser Finanzplaz bäi. D'Chambre de Commerce huet just eng konkreet Remark gemaach, an zwar, dass den Uwendungsberäich vum europäeschen DLT-Pilotregimm, wéi en duerch d'Artikelen 1 an 3 vum Gesetzesprojet festgeluecht gëtt, sollt erweidert ginn. Et sollt ee sech hei net op Finanzinstrumenter begrenzen, déi iwwert d'DLT-Technologie erausginn, dat heescht, déi direkt op der Bockchain emettéiert ginn, mee och déi viséieren, déi dank dëser Technologie just representéiert ginn.

Als Rapporteur ginn ech awer ze bedenken, datt dëse Gesetzesprojet sech un den europäeschen Text muss halen. Fir Detailer verweisen ech op déi respektiv Avisen.

Ech soen dann och op dëser Plaz der Madamm Finanzministesch an hire kompetente Beamten, virun allem deem Beamten, deen hei zoustänneg war fir dëse Projet, en häerzleche Merci fir all déi Erklärungen, gradewéi dem Pitt Sietzen aus eiser Fraktioun. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet.

Da géif ech och säitens menger Fraktioun, der DP-Fraktioun, den Accord zu dësem Text, zu dësem Gesetzesprojet ginn. Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och dem Här Rapporter.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Mosar.

***Discussion générale***

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Merci, Här President. Merci eisem exzellente Président-rapporteur, dee mat senger gewinnter grousser Kompetenz eis déi wichtegst Elementer aus deem Projet de loi do virgedroen huet. En huet haaptsächlech och ënnerstrach, datt et hei ëm déi Kryptoassets geet. Mir hunn e puermol och schonn an der zoustänneger Kommissioun doriwwer geschwat. Dat ass eng Tendenz, déi sech och ëmmer méi an der Finanzwelt a bei de Banken duerchsetzt. Duerfir ass et wichteg, datt natierlech fir d'éischt um Niveau vun der Europäescher Unioun hei legiferéiert gëtt an datt mir och hei als Lëtzebuerg natierlech déi europäesch Reegelen esou schnell wéi méiglech bei eis ëmsetzen.

Dat geschitt mat dësem Gesetz. Dat ass also eng gutt Saach. An duerfir wäerte mir och eisen Accord dozou bréngen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Dann, jo, hat ech hei nach den Här Bauler stoen. Dat huet sech eriwwregt, mengen ech.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, merci, datt Der u mech denkt. Mee ech denken, ech hätt mech genuch erkläert.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Ech mengen och. Dir hat schonn den Accord vun der Fraktioun bruecht. Dann den Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wéilt dem Rapporter Merci soe fir säin exzellente

mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Dann d'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Mir schléissen eis de Mercien un a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Da ginn ech dovun aus, dass et den Här Kartheiser ass?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Och vun eiser Säit aus just de Merci un den Här Bauler. Ech mengen, hien huet wierklech alles gesot, a mir wäerten dat matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci. An als leschten den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci un de Rapporter André Bauler, deen dat heite wéi gewinnt ganz edukativ gemaach huet, soudatt, mengen ech, elo jiddweree weess, wéi en Distributed Ledger an alle méiglechen Amtssprooche vu Lëtzebuerg heescht.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Virun allem op Lëtzebuergesch.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Virun allem och op Lëtzebuergesch, als „Verdeelt-Regëster-Technologie", wann ech Iech gutt nogelauschtert hunn. Ech hu virdru mat der Finanzministesch kuerz driwwer geschwat. Et gëtt op Facebook am Moment esou e Video, wou et drëm geet: „Erklär DLT verschiddenen Alterstranchen."

*(Hilarité)*

Eemol fir kleng Kanner, eemol fir méi eeler Kanner, eemol fir Jugendlecher, eemol fir Erwuessener an eemol fir Pensionnairen. An allkéiers, wann dann ee gefrot gëtt ...

**Une voix** | Pensionnéen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Pensionnéen. Jiddwereen, dee gefrot gëtt, fir dat dann deene Leit, déi net méi am aktive Beruffsliewe stinn, ze erklären, jiddweree seet do riicht duerch: „Impossible! Onméiglech!" Dat ass net ze erklären. An ech mengen, dat ass e bëssen dat: Fir vill Leit ass DLT e bëssen esou Zauberei. Et weess keen esou wierklech, wat et ass. Dobäi ass et eng ganz banal Technologie, déi derfir suergt, datt mer eeben Datebanken net méi op engem Computer, mee op verschiddene Computeren hunn an dat redundant ass, soudatt, wann een ausfält, déi aner kënne weider iwwerhuelen, eppes, wat grad an Zäite vu Cyberattacke ganz sënnvoll ka sinn.

Dat heiten ass, wéi den Här Bauler dat richteg sot, eng Transpositioun an eng Upassung un europäescht Recht. An deementspriechend gi mir Piraten eisen Accord an ech hoffen, e bëssen zur Opklärung vun deem ganze Problem bäigedroen ze hunn.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. Domat ass den allgemengen Debat ofgeschloss. An d'Wuert huet d'Madamm Finanzministesch Yuriko „Bakes".

*(Hilarité)*

Yuriko, sorry!

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv ass op Facebook „How to explain DLT to your grandma", dat kann een effektiv kucken. An d'Äntwert ass: „Impossible!"

Vu mir aus wëll ech dann och dem Här Bauler e grousse Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport. Hien huet eeben erkläert, an dofir kann ech mech och ganz kuerz halen, datt et hei éischtens ëm d'Ëmsetze vun engem EU-Reglement geet, e „pilote project", deen der Marchésinfrastruktur den Handel mat Finanzinstrumenter, déi op der DLT, der Distributed Ledger Technology, baséieren, an d'Ofwécklung vun Transaktioune mat DLT-Finanzinstrumenter da méi einfach erméiglecht, éischtens. An zweetens, mir preziséieren dann am Gesetz vum 5. August 2005 zu de Finanzgarantiekontrakter eeben, dass d'DLT-Technologien och an deem Kader explizitt ënner lëtzebuergeschem Gesetz benotzt dierfe ginn.

Dat stäerkt also déi juristesch Sécherheet. Ech mengen, fir eng sophistiquéiert Finanzplaz ass et wichteg, den Trend zu enger méi genereller Uwendung vun innovativen Technologien net nëmmen ze begleeden, mee dat och proaktiv matzeféieren.

Dofir soen ech Iech alleguerten heibannen e ganz grousse Merci fir déi, mengen ech, eestëmmeg Zoustëmmung zu dësem Projet. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8055. Den Text steet am Document parlementaire 8055[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8055 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8055 ass mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Question élargie n° 184 de Mme Martine Hansen au sujet du robot conversationnel ChatGPT

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 184 vun der Madamm Martine Hansen iwwert den ChatGPT. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. Déi kënschtlech Intelligenz, speziell ChatGPT, deen zanter November gratis zougängeg ass, huet a leschter Zäit fir vill Diskussioune gesuergt. ChatGPT ass eeben e sougenannten „chatbot". Hie ka Gespréicher féieren, Froe beäntweren, andeems en op digital Datebanken zréckgräift. E kann Inhalter reproduzéieren, zesummefaassen, analyséieren, programméieren an esou weider.

D'Fro, déi sech fir eis stellt, ass: Wéi setzen ech kënschtlech Intelligenz sënnvoll am Unterrecht an? Ech hat déi Fro och un déi kënschtlech Intelligenz gestallt. Ech hat dräi Säiten Äntwerte kritt. Wéi gesot, wéi kann ee se asetzen?

An engem „Spiegel"-Artikel „Renaissance des Mündlichen" vum 4. Februar 2023 gëtt den ChatGPT mat engem E-Bike fir d'Gehier verglach. A si soen, et ass genausou wéi beim E-Bike, et kënnt een zwar séier a vläicht och méi wäit, mee et muss een awer fir d'éischt emol eng Kéier d'Vëlofuere léieren. A genausou ass et mat der kënschtlecher Intelligenz. Virkenntnisser souwuel beim Schüler, beim Student wéi och beim Enseignant sinn erfuerdert.

Wat fir eis als CSV kloer ass, dat ass éischtens: Mir sollen a kënne kënschtlech Intelligenz an der Schoul net einfach verbidden. D'Technik ass do a si wäert och net verschwannen. Dat ass bal esou wéi den Täscherechner, ech mengen, deen ass 1967 ageféiert ginn, Google oder allgemeng d'Internet-Sichmaschinne waren och an de 60er-Joren (veuillez lire: waren an den 90er-Joren). Well soss ass d'Schoul definitiv net méi glafwierdeg.

Den Här Jonas Meir, Lecteur op der Sorbonne, hält och Follgendes fest: „Il ne faut pas prendre ChatGPT comme une menace, mais comme une opportunité." Op där anerer Säit muss awer jiddwerengem kloer sinn, datt et sech hei ëm een Automatiséierungstool handelt an net ëm eng richteg Intelligenz.

Am „Handelsblatt" vum 8. Februar 2023 stoung: „KI kann alles berechnen, erfühlen kann sie nichts. Sie hat für alles eine Antwort und für nichts ein Gespür. Aber das macht den Unterschied." A genau duerfir, an dat ass mäin zweete Punkt, soen ech: Kreativitéit, kritescht Denken, kritesch Reflexioun, Kommunikatioun, léieren ze léieren, Teamfäegkeet, Verantwortungsbewosstsinn, dat si wichteg Kompetenzen, déi dës Toolen net kënnen. Hei ass de Mënsch am Virdeel. A genau dës Kompetenze ginn och am spéidere Liewen, am Beruff, gefuerdert a genau dës Kompetenze musse mer an der Schoul vill méi fërderen, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... well dat technologescht Wëssen, dat ännert esou séier, an duerfir muss och an der Schoul endlech ëmgeduecht ginn. Et gëtt nach vill ze vill mat der sougenannter „Triichtermethod" geléiert, wou mer probéieren, alles an de Kapp ze stiechen, anzetriichteren an dann erëm eng Kéier ofzefroen. A meeschtens ass et kuerz duerno fort.

Et huet nämlech och kee Wäert, bei der Usammlung vu Wëssen ze probéieren, mam Computer oder der kënschtlecher Intelligenz ze konkurréieren, well do zitt de Mënsch de Kierzeren. De Computer, déi kënschtlech Intelligenz, kann onendlech vill Wësse späicheren, vergësst net, gëtt net krank, brauch kee Congé a mécht am Prinzipp och kee Feeler, ausser e gëtt falsch gefiddert.

De Mënsch muss awer dofir seng Eegeschaften, seng Virdeeler notzen, a genau déi mussen an der Schoul geférdert ginn. An dofir soen ech – deen drëtte Punkt –: Mir brauchen endlech eng Offensiv, eng aner Aart a Weis fir ze léieren, awer och eng aner Aart a Weis fir ofzepréiwen, fir ze evaluéieren, fir ze bewäerten.

Här President, nodeem ech eis Positioun kloergemaach hunn, hunn ech nach fënnef Froen un den Här Minister.

Éischtens, ginn, a wa jo, wéi ginn d'Programmer a virun allem d'Methodik an der Schoul ugepasst? Wie mécht dat? Gëtt et schonns konkreet Opträg zum Beispill un d'Programmkommissiounen?

Zweetens, wéi ginn d'Enseignanten informéiert, sensibiliséiert a forméiert? Gëtt d'Enseignantsausbildung ugepasst? Wa jo, wéini a wéi?

Drëttens, ech hunn et scho gesot, mir brauchen eng aner Aart vun Evaluatioun vun de Studenten a Schüler. E klassescht Wëssenoffroe kann net méi d'Zukunft sinn. Ass virgesinn, d'Evaluatiounsmethoden unzepassen? A gëtt virun allem der Evaluatioun vun de Proffen, wéi si d'Schüler evaluéieren, méi Poids am Stage ginn? Well et gëtt am Prinzipp net méi gekuckt, wéi d'Enseignanten evaluéieren.

Véiertens, wéi sollen d'Schüler zu engem eetheschen a kriteschen Ëmgang mat der kënschtlecher Intelligenz erzu ginn? Wéi ginn d'Schüler informéiert a sensibiliséiert?

Fënneftens, an dat ass just eng ganz kuerzfristeg Fro, well ech wierklech mengen, datt, wann d'Evaluatiounsmethode geännert ginn, da brauche mer eis dofir keng Suerge méi ze maachen, mee kuerzfristeg: Wéi kann ee Plagiater verhënneren? Et gëtt zum Beispill Programmer, déi erkennen, ob eppes vun enger kënschtlecher Intelligenz geschriwwen ass oder vun engem Mënsch. Gëtt esou eppes och an der Schoul agesat?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Madamm Hansen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, kënschtlech Intelligenz ännert a bréngt Verännerungen an d'Gesellschaft eran a wäert natierlech och Verännerungen an d'Schoul erabréngen. An e puer vun deene Verännerunge goufe vum Martine Hansen och hei elo grad ugeschnidden. An ech denken, deene Verännerunge musse mer eis stellen, esou wéi hei d'Spriecherin vun der CSV-Fraktioun et gesot huet. Mir kënnen dat net verbidden. Et ass en Deel vun der Gesellschaft, et ass eng Realitéit, et verschwënnt och net méi. D'Technik wäert sech net zréckentwéckelen, si wäert eigentlech just no vir goen.

An deem Sënn, denken ech, musse mer déi Jonk sensibiliséieren, hinnen erklären, wou een dat kann notzen, wou een et gewënnbréngend kann asetzen, wat fir eng Ännerungen dat op eist alldeeglecht Liewe wäert hunn, op d'Gesellschaft wäert hunn an op d'Aarbechtswelt wäert hunn. Domadder, mengen ech, musse jo och jonk Leit sech haut ausenanersetzen.

Mee natierlech awer och op där anerer Säit, wat fir eng Risike bréngt dat dote mat sech? Wat geet vläicht verluer? A wat gëtt méi wichteg an Zukunft duerch déi doten technesch Revolutioun – sou, denken ech, kann een et betitelen –, déi wierklech net nëmmen hir gréisste Spuere wäert am Schoulbetrib hannerloossen, mee wou a breede Beräicher vun der Aarbechtswelt sech sécherlech villes wäert veränneren doduerjer?

Et gëtt natierlech och, an Dir hutt dat gesot, haut op jidde Fall Toolen, an déi wäerte sech warscheinlech gradesou schnell weiderentwéckelen, wéi dann och den ChatGPT sech weiderentwéckelt oder aner Outile sech weiderentwéckelen, woumat een erausfënnt, wat mat artifizieller Intelligenz produzéiert ginn ass. Jo.

Ech mengen, datt mer Reegele brauche fir ze soen, wou mer et kënnen asetzen, wou mer et net solle/kënnen asetzen, esou wéi iergendwann eng Kéier fir all eis Täscherechner respektiv dat, wat mer haut um Handy kënne rechnen, wat eis natierlech ganz vill hëlleft, och beim Léise vun enger ganzer Rei vu mathematesche Problemer. An d'Schoul huet missen dorobber reagéieren, andeems gesot ginn ass: „Fir déi doten Aufgab däerfs de deen huelen a fir déi doten Aufgab däerfs de deen net huelen!" Sou musse mer dat eigentlech och fir Outile wéi ChatGPT definéieren.

Ech mengen och, datt mer vläicht musse Reegelen definéieren, wou ech an enger anerer Aufgab eppes, wat mat Hëllef vun artifizieller Intelligenz produzéiert ginn ass, muss markéieren, datt et vun do kënnt, datt et net meng Produktioun ass. Esou wéi ech et bei anere misst zitéieren an d'Quellenangab och do assuréieren, misst ech dat eigentlech och hei assuréieren, wann ech vun artifizieller Intelligenz eppes – ënner Guillemeten – dann „zitéieren". Un änleche Reegele schafft momentan schonn d'Uni.lu. An ech mengen och, datt mer, wat d'Schoul ubelaangt, an déi Richtung do mussen nodenken.

Mir hunn eng Initiativ geholl fir e Webinaire, mat groussem Succès, well d'Umeldungen, déi spruddelen nëmmen esou eran, wou d'Enseignanten a Form vun engem Webinaire eng Weiderbildung kënne kréie fir erauszefannen: Wat ass dat doten? Wat fir eng Froe stelle sech an der Schoul? Wat fir eng Opportunitéite bidde sech awer och vläicht fir mäin Unterrecht, ënner anerem och, fir mäin Unterrecht aneschters ze gestalten?

Dat gréisste Potenzial eigentlech, fir d'Schoulhalen, fir d'Ënnerriichten ze revolutionéieren, dat sinn all déi digital Outilen, déi mer mëttlerweil och als Realitéit an eise Schoulen hunn, well een aneschters domadder ka schaffen, well een eng nei Methodik kann abezéien. An dofir ass dat jo och eppes, wat mer favoriséieren iwwer Weiderbildungen, iwwer spezialiséiert Enseignanten, déi dat als Kompetenz mat an d'Schoul eranhuelen, a wou mer net nëmme waarden, bis mer eng nei Generatioun quasi ausgebilt hunn, déi all Klasse besat huet, mee wou mer eigentlech probéieren, dat op breeder Front kënnen ëmzedenken.

Ech deelen déi Analys zu honnert Prozent, déi d'Martine Hansen hei gemaach huet, datt, wann technesch Outile méi Bedeitung kréien, mer als Mënsch vläicht net richteg géife reagéieren, wa mer géife kucken, deem nach ëmmer hannendrunzelafen. Jo, d'Maschinn kann dat a kann et warscheinlech vill besser, wéi mir et jee kënnen.

Ech menge schonn, datt mer eng Rei vu Kulturtechnike musse beherrschen als Mënsch och an Zukunft. Artifiziell Intelligenz wäert eis perfekt Texter schreiwen. Ech fannen et awer wichteg, datt mer selwer als Mënsch wëssen, wéi mer schreiwen an eis selwer kënnen ausdrécken. Wat ech wëll soen, dat ass, datt dat, wat de Mënsch ausmécht an dat, wat d'artifiziell Intelligenz net ka kopéieren, eebe grad d'Fäegkeete sinn, fir kreativ ze sinn, fir queeschzedenken, fir zesummen eppes ze maachen, och fir kritesch ze si par rapport zu mir selwer, par rapport zu aneren, an datt mer dat natierlech musse vermëttelen.

An hei ze behaapten, dat hätt keng Plaz an eise Schoulen! Dee géif ech dann awer emol invitéieren, emol erëm eng Kéier era kucken ze kommen, well dat ass awer eppes, wat ech op Schratt an Tratt haut och begéinen, ouni datt mer et vun uewen imposéiert hunn. Mee et ass a ganz ville Projeten, déi vun ënnen eropgewuess sinn, Projetspedagogik ënner anerem, wou dat dote geférdert gëtt, wou d'Teamaarbecht geférdert gëtt, Kreativitéit groussgeschriwwe gëtt. Alles dat si Sujeten, déi haut an eise Schoulen all Dag op der Dagesuerdnung sinn.

Also, déi Entwécklung ass brandnei an et gëllt elo net, fir eppes ze iwwerstierzen, mee et gëllt momentan virun allem, fir d'Enseignanten ze sensibiliséieren an ze kucken, wéi se dat an hire Cours kënnen abauen, wéi se et vläicht gewënnbréngend kënnen abauen, wéi se mat Risike kënnen ëmgoen a wéi se och souwuel Chancen a Risike kënnen un d'Schülerinnen an d'Schüler vermëttelen.

Jo, mir schaffen un engem neie Léierplang. An et wonnert mech awer e bëssen, datt déi Fro hei nach eng Kéier gestallt gëtt, well mir maachen dat zanter Joren a mir maachen dat och guer net verstoppt. Mir hu sämtlech Programmkommissiounen invitéiert, fir mat dorunner deelzehuelen, wat e breede consultative Prozess war, de Léierplang 2025, well en am Joer 2025 soll a Kraaft trieden. Dat ass näischt, wou en Aarbechtsgrupp hannert zouenen Dieren am Ministère dru schafft, mee wou mer ganz breet opgemaach hunn, fir ganz breet participativ ze kucken: Wat musse mer an eisem Plan d'études änneren?

Gewësse Saache musse mer adaptéieren. Wat mer souwisou schonn um Terrain geännert hunn: Mir hunn nei Schoulfächer agefouert. Och an dësem Domän hu mer nei Schoulfächer agefouert: Coding, do wëll ech drun erënneren, am Fondamental, fir op eng spilleresch Manéier mat algorithmesche Prinzippien, algorithmeschem Denken a Kontakt ze kommen. Duerno dräi Joer am Secondaire Digital Sciences, fir och do d'Grondlage vun der digitaler Welt gewuer ze ginn, wou artifiziell Intelligenz derzougehéiert, awer net nëmmen, a wou och e kritescht Denke par rapport zu neien Technologien, Informatiounstechnologië soll kënne vermëttelt ginn. Dat ass natierlech eng Basis. An déi Elementer si gesat fir an en neie Léierplang, mee et gëtt do nach vill méi dorunner unzeschléissen.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt dat doten e Sujet wäert bleiwen, well d'Technologie wäert weidergoen, d'Entwécklung wäert weidergoen. An d'Gesellschaft, mee och d'Schoul muss weider dorobber reagéieren. Mee ech denken, datt mer eigentlech gutt opgestallt sinn, fir et éischter als Chance ze gesinn, fir eis am Positive weiderzeentwéckelen, wéi datt et eis géif vun hannen iwwerrennen.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

## 8. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des structures d'accueil et du bien-être des enfants accueillis

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Betreiungsstrukture fir Kanner, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Martine Hansen als Vertriederin vun der CSV-Fraktioun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Nach eng Kéier villmools merci, Här President. Eis Kanner sinn definitiv dat Wichtegst, wat mer hunn. An d'Kanner erzéien, d'Kanner betreien, dat ass eng ganz wichteg Aufgab, keng einfach Aufgab, eng Aufgab mat enger grousser Verantwortung.

A genau dës Kannerbetreiung ass an der Lescht ëmmer Sujet, vill méi Sujet gewiescht bei ville besuergten Elteren, awer och bei ville besuergten Erzéier. A genau duerfir, well mir als CSV mengen, datt et un der Zäit ass, de System vun der Regierung, wou u sech just ee spezifesche Kannererzéiungsmodell ënnerstëtzt gëtt, ze hannerfroen, hu mir dës Aktualitéitsstonn ugefrot. Iwwregens den 21. Dezember, dat ass schonn eng Zäitchen hier!

Mir hunn och schonn 2019 an eisem Familljepackage – do haten de Marc Spautz, d'Françoise Hetto an de Serge Wilmes virun allem fir eis geschwat –, dee mer „Är Famill. Äert Liewen. Är Fräiheet." genannt haten, drop higewisen, datt d'Politick misst ëmdenken an déi fräi Wal vum Familljemodell respektéieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Si misst et den Elteren erlaben, ouni Drock hire Choix ze huele fir d'Wuel vum Kand.

D'Regierung vermëttelt awer doduerch, datt si nëmmen déi extern Kannerbetreiung ënnerstëtzt, de Message, datt d'Elteren hir Kanner am beschte solle betreie loossen, nom Motto: Gitt Är Kanner an d'Crèche, da ginn et staark Kanner. Do froe mir eis awer: Kënnen d'Elteren, kënnen d'Grousselteren dat net?

Am Film „Staark Kanner", dee gutt gemaach ass, heescht et: Ee gudden Encadrement vu Klengem un, domadder verbessere mer d'Zukunftschancë vun eise Kanner. Do soe mer: „Jo." Mee ass et ee gudden Encadrement, deen d'Kanner, déi all Dag vu moies bis owes an der Crèche sinn, gebuede kréie respektiv gebuede kënne kréien, mat deene Ramebedingungen, wéi se do sinn? Wéi gesäit et zum Beispill aus mat enger richteger Bindung? Déi ass extreem wichteg fir déi kleng Kanner.

D'Françoise Hetto hat schonns beim Vott zur gratis multilingualer Kannerbetreiung gesot, an ech zitéieren: „D'Kanner brauchen Zäit, fir ze spillen, [se brauche] Rou, [se brauche] Léift, [se brauchen] Opmierksamkeet, fir sech kënne weiderzeentwéckelen." Kënnen d'Betreiungsstrukturen op dës Besoine vun de Kanner nach agoen?

D'Madamm Cahen sot zum Beispill am Kader vum ëffentlechen Debat, deen hei war – den Debat huet geheescht: „Ënnerstëtzung fir d'Elteren, deenen hir Kanner net an eng Maison relais ginn" –, sënngeméiss, si wär frou, datt elo d'Iessen och gratis wär, well soss kréiche vill Kanner net anstänneg z'iessen. Dat ass a mengen Aen eng Frechheet fir d'Elteren, well d'Elteren hunn, mengen ech, alleguer eng Verantwortung a si wëssen, wéi eng Verantwortung datt se hunn!

*(Interruptions)*

Iwwregens war do als Konklusioun de 5. Mee – de 5. Mee war dat! – festgehale ginn, datt soll an enger Kommissioun weider iwwert dës Problematik diskutéiert ginn, wat bis elo, aacht Méint duerno, nach ëmmer net geschitt ass!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Regierung vermëttelt, ech hunn et schonns gesot, den Elteren de Message, datt d'Strukture besser no hire Kanner kucke wéi si selwer. An dat ass net gutt! Eltere sinn heescht nämlech, Verantwortung iwwerhuelen. An de Staat kann net dohinnergoen an dëst, ech soen elo mol „automatescht, ugebuerent, normaalt" Gefill vun den Elteren iergendwéi probéieren ofzeerzéien. Nee, d'Elteren hunn eng Verantwortung!

De Gilbert Pregno sot an engem „Wort"-Interview vum 2. Januar: „Kinderbetreuung bietet den Kindern viele Entfaltungsmöglichkeiten. Sie brauchen aber auch Bindungsfiguren, die ihnen Sicherheit geben." An dann iwwersprangen ech e puer Sätz: „Fühlen sie sich in den ersten beiden Lebensjahren verunsichert, kann dadurch Schaden entstehen, der nur schwer zu beheben ist. Ich sehe die Gefahr einer elternlosen Gesellschaft. Wir müssen ihre Rolle stärken und auch die nötigen Bedingungen [...] schaffen, wo der Stellenwert der Kindheit vorrangig ist."

Aner Artikelen an der Press hunn d'Situatioun aus der Siicht vun de Betreier duergestallt. Den 21. Dezember 2022, Titel: „Große Lüge der guten Kinderbetreuung". Oder: „Immer mehr Kinder leiden in der Betreuung", oder den 3. Oktober 2022: „Manche Kinder verbringen zu viel Zeit in der Maison relais".

An hei e puer Sätz, déi ech erausgepickt hunn: D'Unzuel vun de Kanner an de Betreiungsstrukturen an och d'Zäit, déi d'Kanner do verbréngen, steigt. „Vill kommen der moies schonns ganz fréi a bleiwe bis 18.00, 19.00 Auer" owes. Oder: Vill Kanner sinn och an der Vakanz zéng an och méi Stonnen an der Maison relais, „si hu bal kee Familljeliewe" méi. Oder: Den Undeel vu verhalensopfällege Kanner steigt, „Kanner, déi an hirer emotionaler Welt kee Gläichgewiicht hunn, déi dat entweeder duerch Aggressivitéit oder duerch eng déif Trauer a Verschlossenheet zum Ausdrock bréngen." Oder och nach: „Et gëtt ëmmer [méi] Elteren, déi denken, datt si déi ganz Verantwortung kënnen un d'Schoul an d'Maison relais ofginn."

A bei esou engen Aussoen, mengen ech awer, bei esou engen Entwécklungen, misste bei jiddwerengem d'Alarmklacke schellen. Et ass nämlech dee falsche Message ze soen, datt et besser fir d'Kanner ass an enger Struktur. „Gitt d'Kanner an eng Struktur, da ginn aus hinne staark Kanner." Jo, mee da misste mer awer zumindest derfir suergen, datt d'Ramebedingungen esou stëmmen, datt d'Leit kéinten op d'Besoine vun de Kanner agoen.

An ech soen: Och mäi Kand war an enger Betreiungsstruktur, awer net dee ganzen Dag, net vu moies 7.00 Auer bis owes 19.00 Auer! Ech hu wierklech probéiert, mech ze organiséieren. Ech hu mat den Eltere gekuckt, ech hu mat den Nopere gekuckt, datt déi och agesprонge sinn. An et war eng kleng Crèche, wou d'Personal net dacks gewiesselt huet, wou een nach konnt vun enger richteger Bindung schwätzen.

A jo, ech hunn dunn nach bezuelt dofir, an ech hunn och net vill bezuelt, well d'Bezuele war sozial gestaffelt. Op där anerer Säit hunn ech awer u sech gespuert doduerch, datt ech mech organiséiert hunn, datt ech gekuckt hunn, datt d'Kand och bei d'Bomi gaangen ass. Dat heescht, u sech ass deemools d'Betreiung vun de Kanner ausserhalb vun der Betreiungsstruktur, doheem, indirekt ënnerstëtzt ginn, wat awer elo am Moment de Contraire ass.

Fir eis ass et kloer: D'Wuel vum Kand muss am Mëttelpunkt stoen! A jo, mir wëssen, datt vill Eltere mussen zu zwee schaffe goen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Jo, mir wëssen och, datt et vill Monoparentalle gëtt. Ech mengen, hei steet eent. A mir wëssen och, datt vill Männer a Frae wëlle schaffe goen, fir eeben onofhängeg ze bleiwen.

A fir eis ass d'Positioun kloer: Éischtens, mir si fir de Choix vun den Elteren. Dofir däerf d'Politick net nëmmen ee Modell ënnerstëtzen. D'Eltere musse kënnen iwwert d'Erzéiung vun hire Kanner decidéieren, an net d'Politick. An duerfir muss och d'Leeschtung vun den Elteren, déi d'Kannerbetreiung selwer iwwerhuelen, honoréiert ginn. Si erfëllen an eisen Aen eng extreem wichteg Aufgab. Et léisst sech sécher driwwer diskutéieren, wéi déi Aufgab soll honoréiert ginn. Mee de Message muss kloer sinn, datt d'Kannerbetreiung doheem oder och vun der Bomi a vum Bopi extreem wäertvoll ass.

An dës Ënnerstëtzung wär am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet och immens wichteg fir all déi Leit, déi hir Kanner guer net kënnen an eng Betreiungsstruktur ginn, well se zum Beispill op Schichte schaffen. An ech denken hei emol nëmmen un d'Personal, wat an de Klinicke schafft. Also, mir hunn hinne vill geklappt wärend Corona. Dat geet awer net duer. Och hei si se awer elo vergiess ginn.

An zweetens, soe mer, muss d'Regierung derfir suergen, datt d'Betreiungsstrukturen och dat kënnen offréieren, wat u sech d'Regierung an den Här Minister verspriechen, an net, wéi den Här Nero an engem Artikel am „Wort" – an deen ass véierfache Papp an en huet zéng Joer Erfarung als Sozialpedagog an enger Betreiungsstruktur –, an engem „Lëtzebuerger Wort"-Artikel seet, eeben iwwert de Bildungsminister: „Weil er den Eltern Sand in die Augen streut und sie im Glauben lässt, ihre Kinder seien in der Betreuung bestens aufgehoben."

D'Betreiungsstrukturen, d'Educateuren, d'Personal hunn einfach net déi Zäit, déi se missten hunn, fir op déi tatsächlech Bedürfnisser vun de Kanner anzegoen. De Kanner hire Bedürfnisser muss awer kënne Rechnung gedroe ginn, an dat ass an eisen Ae méi wichteg wéi Franséisch léieren. Nach een anert Zitat, och aus dem „Wort": „So wie die Kinderbetreuung derzeit organiséiert ist, ist es unmöglich, den emotionalen Bedürfnissen der Kinder gerecht zu werden."

Fir eis ass et eebe kloer: Fir déi Kanner, déi an eng Betreiungsstruktur ginn, muss Qualitéit garantéiert sinn. Hei geet et ëm hir Zukunft an hei gehéiert och de Betreiungsschlëssel derzou. De Betreier muss genuch Zäit hunn, fir sech och kënnen op d'Kanner anzeloossen, fir eng Bindung kënnen opzestellen. Kanner wëllen emol op den Aarm geholl ginn oder wëlle getréischt ginn. Ech ka mech nach drun erënneren, heiansdo war dat moies en Drama, wann een d'Kand ofgouf a wann dann emol een aneren do stoung! Kanner wëlle getréischt ginn. An do muss Zäit sinn. Kannerbetreiung ass eebe méi wéi Surveillance, an dat geet schwéier, wann ee Betreier op sechs Kanner am Alter vun null bis zwee Joer do ass.

Stellt Iech wierklech eng Kéier vir, Dir hätt Sechslingen, a Sechslingen net nëmmen eng Stonn oder zwou Stonnen – well ech wier da scho liicht iwwerfuerdert –, mee dat och nach dee ganzen Dag iwwer. Dat ass weeder machbar fir de Betreier nach ass et gutt fir d'Kanner.

Am Ausland gesäit dat anescht aus. A Schweden zum Beispill ass et ee Betreier op dräi Kanner an deem Alter. Nieft der Upassung vum Betreiungsschlëssel mussen ënner anerem och, fir d'Qualitéit ze garantéieren, d'Qualitéitskontrollen an eisen Aen anescht

organiséiert ginn. Och de Montant, deen de Staat bezilt pro Stonn, pro Iessen, misst ugepasst ginn, an och de Subventionnement vun de Strukturen, deen d'Gemenge kréien. Hei ass d'Bäihëllef zanter 20 Joer net méi ugepasst ginn.

Ech hat fir déi dräi Saache scho Motioune gemaach. Déi waren alleguer hei refuséiert ginn. Dofir maachen ech se net méi nach eng Kéier.

Mee och d'Qualitéit vun der Educateursausbildung ass extreem wichteg. Déi Ausbildung, dat hat ech och schonn eng Kéier hei gesot, däerf net bradéiert ginn.

Drëttens, wann déi Qualitéit, déi gebraucht gëtt, net bezuelbar ass, wa se fir jiddwereë gratis ass, da muss och iwwert dee System nogeduecht ginn a vläicht emol erëm eng Kéier iwwer eng sozial Staffelung nogeduecht ginn. Beim Vott fir d'gratis Iessen hei hunn ech deemools gesot, mäi Kand bräicht kee gratis Iessen. An ech mengen, et sinn där Leit nach méi, heibannen an och dobaussen.

A véiertens, an deem Sënn, fir eeben net ze vill Suen einfach esou auszeginn, sollen och Abuse verhënnert ginn. An eisen Aen ass et net normal, datt een, deen e Congé parental ganz hëlt, deen och nach vläicht Congé familial huet, dann och nach d'Kanner dee ganzen Dag an eng Betreiungsstruktur gratis gëtt. Dat muss an Zukunft verhënnert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Här President, ech hunn nach fënnef Froen, dat geet elo ganz séier:

Gëtt et Etüden, wou den Undeel vu verhalensopfällege Kanner am Laf vun de Joren analyséiert ginn ass?

Zweetens, wat maacht Der am Allgemengen, fir op dës Hëllefriff aus dem Secteur an op d'Hëllefriff vun den Elteren ze reagéieren?

Drëttens, wat maacht Der, fir d'Qualitéit bei der Betreiung ze verbesseren? Wat maacht Der, fir datt d'Strukturen d'Moyene kréien, fir kënnen op d'Bedürfnisser vun de Kanner anzegoen?

Véiertens, hutt Der Iech och schonns Gedanke gemaach, firwat vill kleng Strukture Schwieregkeeten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen? Wat hutt Der wëlles, dogéint ze maachen?

A fënneftens, haalt Der un Ärer Politick fest, fir d'Betreiung an de Strukturen ze bevirdeelegen? Oder sidd Der och bereet, d'Elteren ze ënnerstëtzen, déi hir Kanner selwer betreien?

Fir eis ass et kloer: Et ass héich Zäit, datt hei d'Kéier geholl gëtt, an dat am Sënn vum Wuel vun de Kanner.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hansen.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty agedroen. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Claude Lamberty** (DP) | Merci, Här President. Och merci dem Martine Hansen, dass mer de Mëtten heiriwwer debattéieren. Ech entschëllege mech direkt, ech hunn nëmme fënnef Minutten. Ech mengen, schonn eleng zu deem Theema mat deene Froen, déi opgegraff gi sinn, kéint een de Rescht vum Owend diskutéieren. Mee voilà, ech probéieren, an deene fënnef Minutten op esou vill wéi méiglech anzegoen.

Iwwert déi lescht 20 Joer gouf et eng ganz Rei vun Adaptatiounen a Reformen am Ausbau vun de Betreiungsstrukturen hei am Land, ugefaange beim legale Kader fir Crèchen a Foyer-du-jouren ugefanks den 2000er-Joren, da mat der Aféierung vun de Chèques services am Joer 2009 bis hin zu 20 Stonne gratis Betreiung d'Woch am Kader vun der Éducation plurilingue 2017 oder dann och elo kierzlech der Gratuitéit vum Iessen.

Also, et ass eigentlech e steetege Prozess, eng Upassung u gesellschaftlech Entwécklungen. Am Kader vum Traité vu Lissabon goufe säit 2009 eng Rei vu Reformen ausgeschafft, fir eeben e quantitativen a qualitativen Ausbau u Betreiungsstrukturen hei am Land hinzekréien.

Déi Fro, déi sech deemools gestallt huet an och haut ëmmer erëm muss gestallt ginn: Wéi kréien ech déi gesellschaftlech Erausfuerderunge gemeeschtert? A wéi kann ech politesch op deen Defi awierken? Dat huet, wéi gesot, schonn ënnert der Virvirgängerregierung ugefaangen. An heibanne sëtze jo och nach Leit, déi 2009 Verantwortung gedroen hunn an deemools och schonn d'Zeeche vun der Zäit erkannt haten.

Déi Erausfuerderungen, déi waren deemools wéi haut: wirtschaftlech Erausfuerderungen, d'Opfänke vun Erausfuerderunge fir Famillje mat Migratiounshannergrond, Chancëgläichheet tëscht Mann a Fra garantéieren, de Fraen et awer och erméiglechen, Accès zur Aarbechtswelt ze hunn oder ze halen, d'Reagéieren op nei Familljekonstellatiounen – d'Beispill vun de Monoparentallen ass schonn ugeschwat ginn – an insgesamt, ech mengen, dat ass ganz wichteg, de Familljen an de Kanner eng héichwäerteg a qualitativ gutt Betreiungsoffer kënnen ubidden.

Ech menge behaapten ze kënnen, dass haut kee méi de Wäert vu Betreiungsstrukturen u sech a Fro ka stellen, dee sech seriö mam Theema wëllt auserneesetzen. Dat heescht awer zu kengem Moment, dass domat de Wäert vun der Mamm oder dem Papp zu hirem Kand a Fro gestallt ass. Mee dat heescht, dass qualitativ héichwäerteg Betreiungsstrukturen et de Familljen hei am Land erlaben, d'Erausfuerderungen, déi sech stellen, ze meeschteren, dat fir sech selwer, awer och am Sënn vun de Kanner.

Ech wëll och op kee Fall hei just e schwaarzwäisst Bild zeechnen. Et ass vill Gro an der Entwécklung, déi ee Kand a verschiddene Phase vu sengem Kandsinn duerchleeft.

Et schéngt mer awer immens wichteg ze soen, dass Studie beleeën, dass weeder de gewielte Betreiungsmodell nach eng Friembetreiung an enger Kannerstruktur en negativen Afloss op d'Bindungsverhale vun de Kanner hunn. Optimalerweis ass et souwisou e Mateneen, e Matenee vu Famill a Betreiungsstruktur als Partner. Geneesou wichteg ass et, mengen ech, ze soen, dass Kanner, déi an enger Betreiungsstruktur sinn, och ganz oft dovu profitéieren, ganz besonnesch an der sozialer Entwécklung.

Dat alles setzt natierlech viraus, dass an de Betreiungsstrukturen en adaptéiert Konzept ausgeschafft gouf, d'Qualitéit vum pedagogesche Personal héich ass a wa méiglech déi selwecht Bezuchspersoune fir d'Kanner an de Strukturen do sinn, also dass wéineg Wiessel beim Personal ass. Fir dass d'Kanner insgesamt positiv an hirer Entwécklung vun der Betreiungsstruktur profitéiere kënnen, muss d'Qualitéit héich an de Wiessel vun de Bezuchspersoune kleng bis optimalerweis inexistent sinn.

Jo, wéini ass dann elo de richtege Moment, fir e Kand an eng Betreiungsstruktur ze ginn? Dat ass natierlech individuell ëmmer erëm ënnerschiddlech a muss vun de betraffene Famillje festgeluecht ginn. Fakt ass awer, wa meng Erënnerung richteg ass, dass et esou ass, dass hei am Land déi meescht Kanner ënner engem Joer gréisstendeels doheem betreit ginn an dass de Prozentsaz vun de Kanner ënner engem Joer, déi an enger Betreiungsstruktur betreit ginn, säit Jore réckleefeg ass.

E Grond dofir ass ganz sécher d'Aféiere vum reforméierte Congé parental am Joer 2016, eng Reform, fir déi d'DP ëmmer agestanen ass an déi der DP och immens wichteg war an déi och voll bei de Leit dobaussen ageschloen huet, eng Reform, déi et insgesamt de Mammen, awer och ganz besonnesch de Pappen erlaabt, méi Zäit mat hire Kanner, mat hirer Famill ze verbréngen. An esou ass et och ze erklären, dass Kanner ënner engem Joer manner an enger Friembetreiung erëmzefanne sinn. Méi Zäit hu respektiv méi flexibel sinn ass fir d'Demokratesch Partei och e wichtegt Zil fir d'Zukunft.

E Schlësselwuert bei der Betreiung, an dat an alle Modeller, ob dat doheem ass, bei de Grousselteren, bei Dagesmammen, Dagespappen, an enger Struktur, et sinn ëmmer d'Qualitéit an d'Zäit, déi ee sech kann huelen, fir sech ëm e Kand ze këmmeren, déi wichteg sinn. D'Qualitéit vun der Interaktioun zum Beispill ass enorm wichteg fir d'Wuelbefannen an d'Bindungsverhale vun eise Kanner.

2022 gouf den éischte Kannerbericht veréffentlecht iwwert d'Wuelbefanne vun eise Kanner. Doraus just ganz e puer Informatiounen, an dat sinn da meng lescht, well meng fënnef Minutte sinn u sech ëm: Dräi Véierel vun de befrote Kanner hu gesot, dass si schéi Momenter an hirer Betreiungsstruktur erliewen an dass besonnesch d'Aktivitéiten dobaussen immens appreciéiert ginn an dass d'Atmosphär vun enger grousser Majoritéit vun de Kanner als gutt empfonnt gëtt.

Dat heescht awer och, dass dat Resultat soll Usporn si fir d'Politick fir weiderzemaachen, ze investéieren an d'Qualitéit vun de Strukturen a ganz besonnesch nach méi an e qualitativ héichwäertegen Ausseberäich.

Wéi gesot, ech géif nach ganz gäre weiderfueren, mee ech wëll awer net, dass den Här President muss seng Klack erausshuelen. Dofir merci fir d'Ufroe vun dësem wichtegen Debat, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Lamberty. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi nonformal Bildung ass en zentrale Pilier vun eisem nationalen Educatiounssystem. Et ass e soziale Fortschrëtt an eiser Gesellschaft, dass mer jiddwerengem d'Méiglechkeet ginn, fir säi Beruff an d'Famill beschtméiglech ënner een Hutt ze kréien. An dat ënnerstëtze mir als LSAP ausdrécklech.

An ech denken och ..., also ech weess, ech denken net, ech weess perséinlech, vu wat ech schwätzen, sinn ech dach eng Mamm, déi och weidergeschafft huet an och Kanner an der Crèche hat, an awer och eng Educatrice, an ausserdeem dann och nach eng Responsabel vun enger Gemeng, déi ganz vill Crèchen a Maison-relaisen huet.

Nieft der renger Betreiung vun eise Klengste spillen d'Maison-relaisen awer och eng wichteg Roll fir d'Entwécklung, d'Sozialisatioun, d'Integratioun an insgesamt d'Liewensqualitéit an de Bien-être vu ville Kanner. Dofir ass d'Qualitéit vun der Betreiung ausschlaggebend fir de positiven Impakt op d'Liewe vun de Kanner.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Mee wat mécht eng qualitativ héichwäerteg Betreiung eigentlech aus? Gutt forméiert Personal, genuch Personal, dat Zäit huet, op d'Besoine vun de Kanner anzegoen a se ze fërderen, fest Bezuchspersounen, gutt ausgestatt Raimlechkeeten, déi genuch Plaz bidden, an e strukturéierten Dagesoflaf, fir elo nëmmen déi ze nennen. Mam Wuesse vun den SEAe (ndlr: Services d'éducation et d'accueil) stelle sech fir mech awer och Froe betreffend den eventuelle Kaméidi, d'Gréisst vun de Kannergruppen an d'Organisatioun vum Mëttegiessen.

E staarke Staat huet den Optrag, déi dote Krittären ze erfëllen an duerch e gudden Encadrement vun de Kanner ausserhalb vun der Schoul fir méi Chancëgerechtegkeet ze suergen.

De Staat ass och verantwortlech derfir, dem Personal eng Ausbildung mat op de Wee ze ginn, déi et fir d'Erausfuerderungen an d'Uspréch vun der Kannerbetreiung vun haut virbereet. De Beruff vum Educateur muss attraktiv sinn, dat am Interêt vum Personal, vun den Elteren a virun allem vun de Kanner an de Jugendlechen, also allgemeng vu sengen Adressaten, wéi een dat am Milieu nennt. Attraktivitéit zeechent sech ënner anerem och aus duerch gutt Aarbechtskonditiounen an Aarbechtskontrakter. En zefriddene Salarié mécht selbstverständlech eng gutt Aarbecht, an dat ass grad an dësem Beräich enorm wichteg.

Ech ginn es net midd ze widderhuelen, dass ech et wichteg fannen, d'Participatioun vum Staat ze diskutéieren. Et kann net sinn, dass et Strukture gëtt, déi d'Personal an de Crèchen an SEAen net zu honnert Prozent astellen, well d'Strukturen, also d'Gemengen oder och aner Träger, dës Paien net integral vum Staat subventionéiert kréien. Do gi wäertvoll Ressourcen net optimal ausgenotzt.

**Une voix** | Ganz richteg!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Et bleift da leider dee Moment keng Zäit fir Preparatioun an Elterenaarbecht iwwreg, an déi ass awer dach esou wichteg.

A virun allem siche sech ganz vill Educateuren an Educatricen doduerch, dass si keng 40-Stonnen-Tâchë kréien, eng aner Aarbecht, dacks och an engem anere Beräich.

E weidere Facteur, un deem ee schrauwe kéint fir ze garantéieren, dass d'Personal genuch Zäit fir d'Kanner huet, an dat ass scho gesot ginn, ass de Personalschlëssel. Geet den aktuelle Personalschlëssel duer, fir eng héichwäerteg Kannerbetreiung ze assuréieren? Als LSAP fanne mer, dass een heiriwwer einfach emol kéint eng Diskussioun féieren, all dëst selbstverständlech ëmmer am Hibléck op de Bien-être vun eise Kanner an eeben och op d'Qualitéit vun der Betreiung.

Här President, mat der Aféierung vun der Gratuitéit vun der Kannerbetreiung, dem Iessen an de Strukturen an awer och der Hausaufgabenhëllef ass d'Offer vun de Maison-relaise méi attraktiv ginn. Hei wier et och interessant ze héieren an Zuelematerial ze kréie fir ze wëssen, wéi grouss den Impakt ass a wéi vill méi Familljen hir Kanner elo an eng Maison relais ageschriwwen hunn. En plus sinn am Februar d'Aschreiwunge fir d'Hausaufgabenhëllef nach eng Kéier opgemaach ginn, dat heescht, et kéint nach e Surplus sinn. Allgemeng géif ech et wichteg fannen, bei neie Mesüren an der Educatiounspolitick e geneeë Suivi ze féieren, fir d'Situatioun hei am Land besser ze verstoen.

Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi jee ass d'Bindung vun eise Kanner un hir Eltere primordial. Mir hu ganz vill Mesüren en place gesat, déi den Elteren et erlaaben, an den éischte Méint dës Bindung ze garantéieren, vum Congé de maternité iwwert de Congé parental, dee jo och ganz ënnerschiddlech ka geholl ginn.

Et dierf ee virun allem awer net vergiessen, dass déi ausserschoulesch Betreiung fir vill Leit essenziell ass, fir eeben och Famill a Beruff ënner een Hutt ze kréien. Verschidde Familljen, déi kee Choix hunn an net kënnen ophale mat schaffen, wann d'Kanner kleng sinn, a besonnesch och elengerzéiend Mammen a Pappen, sinn op d'Ganzdaagsbetreiung ugewisen a si däerfen och net culpabiliséiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Fir dës Elteren ass et och vun héchster Bedeitung ze wëssen, dass hir Kanner an der Maison relais net nëmme gutt opgehuewe sinn, mee och individuell gefërdert ginn.

Op där anerer Säit fannen ech et immens wäertvoll a wichteg, dass d'Kanner och Zäit mat hiren Eltere verbrénge sollen. Ech kann et och do net dacks genuch soen a betounen, wéi wichteg et ass, dass d'Elteren hir Kanner wärend hirem Congé légal, wa se dann net schaffen, selwer doheem betreien an esou vill wéi méiglech wäertvoll Zäit zesumme verbréngen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Mir mussen do Bremsen asetzen, dass d'Kanner net vu 7.00 Auer bis 19.00 Auer an de Strukture sinn, wärend hir Elteren dann net schaffen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Ech schwätze selbstverständlech hei net vu verschiddene soziale Mesüren, déi een awer och soll respektéieren.

Natierlech hunn d'Betreiungsstrukturen d'Méiglechkeet, dat do an hirem Règlement d'ordre d'intérieur virzegesinn. Mee perséinlech fannen ech, dass een och misst driwwer nodenken, ob et sënnvoll wär, do vläicht eng gesetzlech Reegelung anzeféieren, fir derfir ze suergen, dass d'Kanner eebe vill méi Zäit mat hiren Eltere kënne verbréngen, wann déi dann net schaffen.

Zum Schluss kommen ech dann nach gär op zwou gesellschaftlech Stellschrauwen ze schwätzen, déi sech direkt op d'Familljeliewen an d'Kannerbetreiung auswierke kënnen. Dat Éischt ass d'Aarbechtszäitverkierzung bei vollem Lounausgläich. Et ass evident, dass, wann d'Eltere manner schaffen, si dann och méi Zäit hunn, fir mat hire Kanner ze verbréngen. Zweetens, e Recht op Deelzäit mat engem Recht op e Retour an d'Vollzäit, woubäi dann de Staat d'Cotisatioune fir d'Pensiounskeess zum Deel kéint iwwerhuelen, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | ... wa béid Elteren d'Aarbechtszäit reduzéieren a sech zesummen ëm d'Kanner an de Stot këmmeren. Esou géif normaliséiert ginn, dass Männer a Fraen Deelzäit schaffe kënnen a responsabel si fir d'Kanner an de Stot. Mat esou Mesüre kéint een och encouragéieren, dass d'Kanner an d'Elteren eng gutt Bindung kënnen opbauen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Voilà, ech hunn et bal gepackt ënner fënnef Minutten, awer net grad. Mee ech sinn awer frou ...

**M. Fernand Etgen,** Président | Et sinn der sechs.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Ech weess, ech hu gesinn, et sinn der sechs, Här President, entschëllegt. Mee et ass wierklech e wichtegt Theema. An ech si frou, dass mer haut d'Geleeënheet kritt hunn, iwwert dëst wichtegt Theema ze schwätzen, an ech soen dem Martine Hansen och Merci dofir, well et geet jo awer schliisslech hei ëm d'Zukunft vun eise Kanner an domadder och ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Simone Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Och merci der Madamm Hansen, fir dësen extreem wichtege Sujet hei an d'Chamber bruecht ze hunn.

D'Wuelbefanne vun eise Kanner ass dat Wichtegst, wat mer hunn. De Gilbert Pregno sot mer virun enger Zäit e Saz, dee mer ni méi aus dem Kapp gaangen ass: „Kanner brauche souwuel Wuerzele wéi Flilleken, fir gutt opwuessen ze kënnen." D'Wuerzele sinn d'familiär Bezuchspersounen, d'Wäerteorientéierung an d'Bindungen am fréikandlechen Alter. D'Flilleke befäegen d'Kand, ze léieren a sech ze entwéckelen, sech Kompetenzen unzëeegnen an e verantwortungsbewossten a selbstbestëmmte Mënsch ze ginn.

Jo, e Kand brauch Bezuchspersounen an eng enk Bindung, an dat besonnesch an den éischte Liewensjoren. Dat soen eis d'Pedopsychologe ganz däitlech. Mir hunn e gutt ausgebaute Congé parental, mee, jo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och hei ass ëmmer nach Loft no uewen. Ech denken do un d'Méiglechkeet vum Ausbau respektiv un eng Flexibiliséierung vun dësem Congé parental.

Mee, léif alleguer, trotzdeem brauche sëllege Famillje Crèchen a Maison-relaisen, fir kënnen zu zwee – oder eeben och eleng, am Fall vun de Monoparentallen – schaffen ze goen.

Meng Mamm war elengerzéiend an ech war deemools scho fréi op d'Ënnerstëtzung vun enger Crèche an enger Maison relais ugewisen, an dat an enger Zäit, wéi et Crèchen nach net wéi Sand um Mier gouf a Maison relaisen nach wierklech zu enger Seltenheet gehéiert hunn.

Structures d'accueil sinn awer och méi wéi just Betreiungsplazen. Si sinn net nëmmen do fir opzepassen, wärenddeem d'Eltere schaffen. Hei gëtt nonformal Bildung vermëttelt – an ech schwätze vun de grad ugemierkte Flilleken, déi d'Kanner brauchen. Si brauche Kontakt ënnerteneen, si musse verschidde Sprooche léieren, sech beweegen, spilleresch léieren, brauche Kreativitéit, Participatioun, alles Fäegkeeten, déi se an der nonformaler Bildung op eng ganz wäertvoll Aart a Weis vermëttelt kréien.

An de Crèchen a Maison-relaise schaffen extreem devouéiert Leit. Erzéierinnen an Erzéier, Infirmier/-ièren en pédiatrie, Kichen- a Botzpersonal, déi alleguerten derfir suergen, dass eis kleng Biergerinnen a Bierger e Kader hunn, wou se sech wuelfillen, wou se léieren, spillen, sech beweegen, roue kënnen an och natierlech hir primär Besoinen erfëllt ginn. Ech weess, Dir alleguerte kennt se: Si sinn et, déi moies fréi d'Maison-relaisen opmaachen an duerno kucken, dass kee Kand mat eidelem Mo an d'Schoul muss goen. Si sinn et, déi sech vill Gedanke maachen ëm d'Wuel vun de Kanner an och nach vill Gespréicher mat Schoul, Elteren an anere Servicer féieren, fir dass et de Kanner gutt geet.

*(Interruption)*

Si sinn et, déi am Kader vum Bildungsrameprogramm déi verschidden Handlungsfelder mat Liewe fëllen,

déi d'Logbicher ausfëllen, déi nei Projeten a Konzepter ausschaffen.

D'Fro ass also: Wéi kënne mer si ënnerstëtzen an hirer wichteger Aarbecht mat deene Wichtegsten, déi mir hunn? Wat fuerdere si vun eis?

„Méi Zäit, fir mat de Kanner ze verbréngen, a manner Stress op der Aarbecht", dat ass eppes, wat ee ganz oft aus dem Secteur héiert. Dat bedeit fir eis och, dass ee muss driwwer nodenken, wéi een de Personalschlëssel kann iwwerschaffen, eebe grad esou, dass en Educateur oder eng Educatrice sech ëm manner Kanner gläichzäiteg këmmere muss, also méi Zäit fir en enken Encadrement vun de Kanner kann hunn, fir op hir individuell Besoine kënnen anzegoen. Besonnesch am Klengkandberäich läit Lëtzebuerg do am Verglach mam Ausland net ideal. An awer sti mer natierlech vis-à-vis vun enger Penurie vun den Erzéier virun enger ganz anerer grousser Problematik, op déi ech elo hei leider aus Zäitgrënn net kann agoen.

Stéchwuert Ausbildung vum Personal an eise Structures d'accueil: Jo, mir brauche gutt qualifizéiert Personal, Leit mat ënnerschiddleche Schwéierpunkten, eng gutt a stabill Grondausbildung, mee och déi néideg Praxiserfarung an der Grondausbildung an och doriwwer eraus. Ech denken dobäi u Supervisiounen, Formatiounen an Austausch mat Fachaarbechter aus dem Secteur.

Begréissenswäert ass dowéinster déi nei Opstellung vun der Formatiounsoffer fir dee ganze Secteur an och, dass d'Supervisiounsméiglechkeeten do matabegraff sinn. Ech mengen, dass dat ganz wichteg ass fir d'Leit am Secteur.

Infrastrukturen an Inklusioun, dat sinn déi lescht zwee Schwéierpunkten, op déi ech an dëser ze kuerzer Riedezäit wëll agoen. D'Qualitéit vum Programm kann nämlech nach esou gutt sinn, wann d'Raimlechkeeten net de Besoine vun de Kanner ugepasst sinn. Fir eis Gréng heescht dat: eng nohalteg Bauweis, Miwwelen a Spillsaachen aus Naturmaterialien, Abanne vun der Natur an de Programm dobaussen, Kaméidischutz, Réckzuchsméiglechkeeten an idealerweis och kleng Strukturen, besonnesch bei den entre-temps deelweis riseg grousse Gebaier vun de Maison-relaisen. E Kand, dat no an tëscht der Schoul och nach stonnelaang weider Hektik, Kaméidi a grousse Gruppen ausgesat ass, kritt sech net ausgerout an op seng Besoine besonnen.

Ophale wëll ech mat der Inklusioun. All Kand ass anescht an huet och spezifesch Besoinen. Op dës mussen eis Strukturen Äntwerte fannen an der Raum- a Gebaigestaltung, an zousätzlechem spezialiséierte Personal, mee och an engem ugepassten inklusive Programm, wou d'Kanner scho fréi léieren, dass een openeen oppasse soll, all Kand anescht ass an d'Gesellschaft voller Diversitéit ass. Do gëtt et vill flott Usätz – notamment inklusiv Crèchë wéi déi vu Beetebuerg –, mee erlaabt mer awer och unzemierken, dass eiser Meenung no hei och nach Loft no uewen ass an dës Initiative weider gefërdert an ausgebaut solle ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Bernard. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleegen, ech wëll och ufänken an der Madamm Hansen e grousse Merci soe fir dës Debatt, déi a mengen Aen och ganz, ganz wichteg ass: Wéi gesäit d'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg aus? Wéi wichteg sinn eis d'Kanner? Wéi wichteg sinn eis d'Familien hei an eiser Gesellschaft, an eisem Land, fir eis Politiker heibannen?

Kucke mer eis emol d'Situatioun un. Kanner a Famill zu Lëtzebuerg am Joer 2023: Eng Koppel kritt e Kand, d'Mamm ass beim Kand am Mammecongé, eng gutt Saach. Duerno hunn d'Elteren e Recht op Elterecongé, eng gutt a wichteg Saach, well grad fir déi ganz jonk Kanner ass et wichteg, doheem am gebuergene Familljekrees bei Mamm a Papp ze sinn a sech wuel ze befannen. Mee déi Zäit geet eriwwer an da mussen d'Elteren erëm voll schaffen, well de Prêt vum Haus muss ofbezuelt ginn, eventuell Loyer. Geld muss erakommen.

Wat maachen? D'Kand an d'Crèche bréngen, déi ass en plus jo gratis! An dem Minister säi Message ass jo kloer: Hie seet, dass d'Kanner besser an der Struktur si wéi doheem. Wat e Message un d'Elteren hei am Land! Ech kommen dorop zréck.

Jo, mir mussen déi Leit ënnerstëtzen, déi eng Crèche brauchen, déi Leit, déi dee Choix maachen – mee do muss awer d'Qualitéit och stëmmen! A gleeft net dat, wat Der am Minister sengen Hochglanzreklammebroschüre gesitt, wou alles esou super schéin duergestallt gëtt. Zënter zéng Joer héiere mer de Message: „Gitt Är Kanner of an d'Strukturen, da ginn et staark Kanner!" Mee dat stëmmt fir déi meescht Kanner net, an dat muss emol gesot ginn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Vill Kanner leiden emotional, wa se laang an der Betreiung sinn. An och wann d'Erzéier hir Aarbecht ganz gutt a gewëssenhaft maachen, si kënnen d'Elteren net ersetzen a si kënnen net esou op d'Bedierfnisser vun de Kanner agoen, wéi d'Kanner dat bräichten.

Well wéi gesäit et um Terrain aus? Zu Lëtzebuerg läit de Ratio vun Erzéier pro Kand bei engem Erzéier fir sechs Kanner ënner zwee Joer a bei engem Erzéier fir aacht Kanner am Alter tëschent zwee a véier Joer.

D'Wëssenschaft seet: bis zum Alter vun dräi Joer maximal dräi Kanner pro Erzéier. Mir si bei aacht! Kleng Kanner brauchen eng emotional Bindung. Si wëllen am Aarm gehale ginn, si wëlle getréischt ginn, wa se hir Eltere vermëssen. Wéi soll dat goen, wann an enger Crèche een Erzéier sech ëm sechs, aacht oder méi Kanner këmmere muss?

An der Crèche ass d'Kand dee ganzen Dag bei friemen, oft wiesselnde Persounen, déi dacks emol net seng Mammesprooch schwätzen, fort vu sengen Elteren. D'Eltere maachen dat och net gär. Si wëssen, dass d'Konditiounen net ideal sinn, net gutt fir d'Kand. Ma dacks hu si kee Choix. Wuelfillen, Gemittlechkeet, Harmonie, Gebuergenheet, dat fannen d'Kanner an dësem System ze wéineg. Lëtzebuerg ass 2023 kee kannerfrëndlecht Land, an dat ass ganz schued fir eis Gesellschaft!

An déi Politick vum Här Meisch, et deet mer leed, et ze soen, dat ass eng Politick, déi schwaach Kanner ervirbréngt! Awer et ass och net nëmmen den Här Meisch. Ech zitéieren Iech elo den Här Bettel viru véier Joer, wat deen um Radio 100,7 gesot huet. Hien huet gesot: „Mir hätten einfach gären, dass net de Choix ass." An en huet gesot: „Dass, och wann een d'Méiglechkeet huet, fir seng Kanner net an eng Kannerbetreiung ze ginn, dass een et awer mécht. A weider sot en: „Mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass, dass een hautdesdaags och eng Famill, och wa se d'Moyenen huet, incitéiert, fir hir Kanner an eng Kannerbetreiung ze ginn."

Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen dat inakzeptabel! Hei ass den Här Bettel kloer géint de Choix. Mir als ADR si fir de Choix. Den Här Bettel seet, d'Kanner sollen a Strukture goen. Mir soen, d'Kanner musse guer net a Strukture goen! Jo, si kënnen, awer si sinn och gutt doheem! A mir soen, da muss d'Regierung och fir gutt Strukture suergen, wou d'Kanner hire Bedürfnisser no gutt betreit ginn. Dat mécht de Ministère awer net!

Här President, d'Famill ass d'Basis vun der Gesellschaft an d'Kanner an d'Famill sollten am Zentrum vun eise Preoccupatioune stoen. D'Eltere missten de Choix hunn, ouni finanziell benodeelegt ze sinn.

Firwat maache mir dat Ganzt iwwerhaapt hei, wann et net fir eis Kanner ass? Firwat mécht dës Regierung eng Politick, wou se seet, dass Kanner besser an der Crèche si wéi doheem bei den Elteren? Firwat lauschtert dës Regierung der Wëssenschaft net no?

Dës Regierung mécht eng Politick, déi net d'Kanner an och net d'Famill an den Zentrum setzt, mee, einfach ausgedréckt, d'Wirtschaft! Jo, dat ass e politesche Choix, dee kann ee maachen. Mir fannen dee Choix net gutt. Mir fannen, dass Papp a Mamm och fir d'Kanner sollten do sinn an net nëmme fir d'Wirtschaft.

An all Famill gëtt doduerch iergendwa konfrontéiert mat der Fro: Verzichte mer elo op eis Kanner oder verzichte mer op Geld? Dat ass e Riseproblem fir d'Leit. An ech mengen, dat ass och engem Lëtzebuerger Land, engem entwéckelte Land, wéi mir et sinn, mat deenen Usprëch, net würdeg!

De Staat bezilt jo d'Crèchen: 260 Milliounen d'Joer. Dat sinn 1.500 Euro de Mount pro Kand. Sollt een net higoen an déi Zuelen huelen, fir och déi Elteren ze ënnerstëtzen, déi de Choix maachen, doheemzebleiwen, eventuell hallef Deeg, fir sech ëm hir eege Kanner ze këmmeren. Dat ass dat, wat mer virgeschloen haten, schonn 2018, dat sougenannt „ADR-Elteregeld". A mir fuerderen déi Gerechtegkeet och weider nach, an zwar, dass och déi Elteren, déi sech bereeterklären, hir Kanner doheem selwer ze versuergen, solle genau esou ënnerstëtzt gi wéi déi Elteren, déi hir Kanner an d'Crèche ginn!

An d'Regierung misst och déi néideg Konditioune schafen, fir déi richteg Ramebedingungen endlech an de Crèchen hierzestellen, an net dass sech een Erzéier ëm aacht Zweejäreger zur selwechter Zäit muss këmmeren!

Dir Dammen an Dir Hären, dat wier eng kannerfrëndlech a familljefrëndlech Politick – an dofir sti mir als ADR doudsécher!

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Keup. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, et ass eng komesch Zäit. D'Welt ausserhalb vum Familljekokon gëtt ëmmer méi komplizéiert an hostill. D'Problemer, mat deenen eis Gesellschaften ze kämpfen hunn, ginn ëmmer méi grouss, si gi méi wäit a si gi méi global: Klimakris, Inflatioun, Krich, Aarmut.

Wou kann ee sech dann nach a Sécherheet bréngen, wann de Staat de Leit deen néidege Schutz net méi ka bidden? An dësem Kontext ass et fir vill Leit ëmmer méi d'Famill, déi e wichtegen Zoufluchtsuert ass, de Repli an d'Familljeliewen, sech zréckzéien a seng kleng Famill, wou d'Welt nach an der Rei ass.

D'Frae konnte sech am Laf vun de 60er- a 70er-Joren ausserhalb vum Stot beweegen, an d'Schoul, op

d'Uni goen, e Beruff léieren, schaffe goen, e Kont opmaachen, sech emanzipéiere vis-à-vis vum Mann, deen als gudden ale Patriarch iwwert d'Famill regéiert huet. Bis haut hannerléisst dee patriarchaleschen a konservative Familljemodell seng Spuere vun der Ongläichheet tëschent Mann a Fra. Den Gender-Pension-Gap tëschent Fraen a Männer ass zu Lëtzebuerg méi héich wéi a kengem aneren europäesche Land. Fraen, déi hir beruffleche Karriär entweeder ënnerbrach, ofgebrach oder ni ugefaangen hunn, well se Kanner kruten a fir sech doheem ëm d'Kanner kënnen ze këmmeren, bezuelen haut am Pensiounsalter nach ëmmer e ganz héije Präis dofir.

Hausfra ginn ass haut fir vill Mammen net méi virstellbar, an awer spillt d'Patriarchat nach ëmmer mat, wann zu Lëtzebuerg nach ëmmer méi Fraen Deelzäit schaffe gi wéi Männer, nach ëmmer méi oft de vollen oder hallwe Congé parental huele wéi Männer, an dat majoritär aus deem engen ale Grond: fir sech kënnen ëm d'Famill an d'Kanner ze këmmeren.

Aus deem Grond kommen da Stëmme vu Mammen an och Pappen, déi sech fir en Homeschooling wëlle staarkmaachen, wou dach d'Schoulflicht eng erkämpfte progressiv Mesür war, déi am Kader vun der Demokratiséierung vun der Schoul derfir sollt suergen, dass méi Kanner d'Chance kënne kréien, sech aus hirer sozialer a Familljesituatioun eraus kënnen ze emanzipéieren. Och bréngen dës Stëmmen d'Elteregeld erëm an d'Debatt, vun deem mir geduecht haten, datt d'Emanzipatioun duerch d'Aarbecht an de Feminismus et definitiv begruewen hätten.

Här President, et ass effektiv eng komesch Zäit. Amplaz no vir ze goen, ass d'Tendenz, dass mer erëm zréckginn an d'Vergaangenheet, notamment wann et ëm Kanner a Famill geet. Eigentlech ass dat net erstaunlech, dat ass souguer historesch gewuess dank enger gradesou konservativer wéi neoliberaler Politick.

D'Leit schuften zu zwee 40 Stonnen an der Woch a gesinn hir Kanner kaum, den Trajet op d'Aarbecht a vun der Aarbecht emol net derbäigerechent. Dobausse gesäit ee lauter gestresst Elteren, déi d'Kanner nach séier mam Auto an d'Crèche oder d'Schoul wëlle bréngen, ier se da selwer schaffe kënne fueren. Soubal een den Zuch oder Bus wëll huelen, muss ee mat Verspéidung rechnen. Soubal ee mam Auto aus der Garage eraus ass, steet een am Stau.

Et ass also net verwonnerlech, datt déi, déi sech et leeschte kënnen, op den Teletravail ëmklammen. Och fir Elteren ass dat méi praktesch. Si brauche keen Trajet anzerechnen a wannen Zäit. Et gëtt déi Kategorie vu Leit, déi haut op engem Punkt ukomm sinn, wou et fir si net méi interessant a rentabel an emanzipatoresch ass, eraus schaffen ze goen. En plus hunn d'Leit esou vill Suen an hiert Haus gestach, fir dat si sech nach bis an de spéiden Alter ëm de Prêt wäerte musse këmmeren, dat heescht rembourséieren; da kann ee jo wéinstens vum Haus profitéieren, wann een doheembleift, respektiv vun doheem schaffen.

Et gëtt awer nieft deenen dote Leit och nach ganz, ganz vill aner Leit, nämlech déi Leit, déi sech et net kënne leeschten, net eraus schaffen ze goen, wou och 40 Stonnen Aarbecht d'Woch net duerginn, fir dovunner kënnen anstänneg ze liewen, déi sougenannt Working Poor. Alengerzéiend Eltere sinn zu Lëtzebuerg allgemeng dem Aarmutsrisiko ausgesat. Alengerzéiend Frae sinn am meeschte vun déser Aarmut betraff. Hir Situatioun wäert sech net mat engem Elteregeld oder Homeschooling verbesseren, au contraire, si sinn op kollektiv Betreiungsstrukturen ugewisen a si kënnen sech et nach manner leeschten, Deelzäit ze schaffen.

Här President, eis kollektiv Betreiungsstrukture stinn ëmmer méi an der Schosslinn. Geschwat gëtt vu Qualitéitsverloscht, Penurie u Personal, souguer Schlagzeilen an der Press berichte vu Kannermësshandlungen. Ee vun de Problemer vun dem Qualitéitsverloscht läit an eisen Ae ganz kloer an der Auslagerung vun der kollektiver Kannerbetreiung un d'Privatwirtschaft.

Mat de Chèques-service accueil alimentéiert de Staat e Crèchëbusiness, deen trotz Agrement keng Garantie vu Qualitéit ka bidden, well dat net säin Objectif ass. Den Objectif ass Rentabilitéit. Firwat géife soss grouss Entrepreneuren nieft Immobilieprojeten an anere Geschäfter nach op d'Iddi kommen, eng Crèche opzemaachen? Déi Leit maache gradesou gutt e Coiffeursalon op wéi eng Crèche. Sou kënne mir als Gesellschaft net mat eise Kanner, eiser Zukunft ëmgoen!

Här President, dat anert, wat eis stéiert, wat vill Elteren och stéiert, dat ass, datt d'Leit einfach ze vill Stonnen am Dag musse schaffen an ze vill laang Trajeten hunn, ze vill an ze laang, an dowéinst och net genuch Zäit hunn als Elteren, fir bei de Kanner ze sinn.

Kannerbetreiungsstrukture sollen eigentlech net dofir do sinn, fir eis Wirtschaft um Rullen ze halen; mee leider hu mir och an eisem Master, dem MAMACO, geléiert, datt, wann een een Euro an eng Betreiungsstruktur erastécht, hannen der dräi erauskommen.

Eltere ginn an d'Hamsterrad vum wirtschaftleche Produktivismus gehäit an hir Kanner gi scho vu Klengem un un dëse geckege Rhythmus gewinnt. Dofir insistéiere mir op Aarbechtszäitverkierzung! Eng 32-Stonne-Woch nieft all deenen anere Saache geet duer, fir dat ze produzéieren, wat mir brauchen. Jiddere gewënnt domadder Zäit, wäertvoll Liewenszäit, déi esou kann agesat ginn, wéi ee wëll. Qualitytime fir Elteren an hir Kanner! Alles anescht féiert zréck an d'Vergaangenheet – an do war nach laang net alles besser!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll als Éischt der CSV Merci soen, fir dës Heure d'actualité ugefrot ze hunn. Vill Eltere kéinten elo hei hir perséinlech Erfarungen an Anekdoten erzielen, an zum Deel gouf dat jo och haut scho gemaach. A wann Dir Iech wonnert, firwat meng Stëmm haut esou kléngt, wéi se kléngt, da läit dat dodrunner, datt mäi Meedchen och an d'Crèche geet an, wéi déi, déi Kanner an enger Crèche hunn oder haten, wëssen, alles Méigleches mat heembréngt an datt deementspriechend d'Stëmm méi wéi eng Kéier am Joer e bësse maltraitéiert kléngt.

Betreiung ass e ganz wichtegt Theema an dofir, mengen ech, ass et wichteg, datt mer haut eng Kéier driwwer schwätzen, well an der Press konnt een ëmmer nees Artikelen iwwert d'Structures d'accueil liesen, déi bei eis dach awer grouss Bedenken ervirruffen, Bedenken, wat d'Politick vun der aktueller Regierung an deem Beräich ugeet. An ech wëll ganz bewosst net de ganze Secteur schlechtmaachen, mee et sinn awer Problemer do an et muss elo séier gehandelt ginn, well – an dat däerf net ze kuerz kommen – et geet ëm d'Wuel vun de Kanner!

Wann een da liese muss, datt ëmmer méi Kanner verhalensopfälleg ginn a Problemer mat der mentaler Gesondheet hunn, dann ass et net méi fir ze schlofen. D'Kanner kräische vill, si midd, streide vill respektiv reagéieren aggressiv. Ronn 10 % vun de Kanner sollen haut verhalensopfälleg sinn – 10 %! Dat ass esou, wéi wann der sechs vun eis heibanne verhalensopfälleg wären.

*(Hilarité générale, interruptions et coups de cloche de la présidence)*

Datt vill Kanner ze vill Zäit a Strukture verbréngen, ass fir eis dann och keen Zeeche vun enger gudder Qualitéit, am Géigendeel! Vill Kanner hu keng Bezuchspersoun méi, si verbréngen dacks zéng bis zwielef Stonnen den Dag a Strukture mat wiesselndem Personal. Eng Bezuchspersoun ass awer grad an der Entwécklung vu klenge Kanner enorm wichteg, well eng gesond Bindung ass d'Basis fir déi spéider Bildung.

Schonn haut weise vill Kanner Verzögerunge bei hirer Entwécklung op. An ech schwätzen net nëmme vun deem, wat een an de Sportsveräiner gesäit, datt d'Kanner haut e Ball net méi fänken, geschweige da puche kënnen, mee tatsächlech ass dat an alle Beräicher vun der Bildung.

Bindungsexperte recommandéieren, datt op een Educateur maximal dräi Kanner ënner dräi Joer komme sollten. Kanner mat enger Behënnerung brauchen dacks eng Eent-zu-eent-Betreiung. Ënner sechs Méint géif e Kand laut Experten dann och guer net an eng Betreiungsstruktur gehéieren. Wéi kann et da sinn, datt mer awer Crèchen hunn, déi ab zwee Méint Kanner ophuelen? An och e Familljeliewen ass domat net méi existent.

Dat ass kee Virworf un d'Personal, well de momentane Personalschlëssel ass dann och erëm fir Experten eng eenzeg Katastroph. Si maachen alles dofir, d'Kanner beschtméiglech ze betreien. D'Resultat: vill Stress, Iwwerfuerderung, deelweis Verzweiflung, Burnout. D'Konsequenz: Krankeschäiner, well se einfach vill ze vill Kanner gläichzäiteg betreie mussen.

Wéi d'Martine Hansen virdru gesot huet: „Stellt Iech emol vir, Dir misst de ganzen Dag op Är sechs Kanner oppassen", hunn ech kuerz am Kapp iwwerluecht ... Et gëtt e Grond, firwat ech eemol Papp sinn an net sechsmol Papp sinn, an dat läit net nëmmen un der renger Fonctioun dovunner, mee einfach, well ech mer och net virstelle kéint fir mech perséinlech, op sechs Kanner de ganzen Dag opzepassen a fir déi sechs Kanner de ganzen Dag ze suergen.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Firwat esou fréi schonn opginn?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech hunn definitiv opginn. An ech kann Iech assuréieren, datt et keng sechs Kanner vu mir wäert ginn! Dat ass ...

*(Hilarité et interruptions)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Dir kuckt eréischt an d'Welt, Här Clement!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et ginn ëmmer méi Iwwerstonne gemaach an et géifen heiansdo souguer Congésdeeg gestrach ginn, fir datt de Service ka garantéiert ginn. Jo, mir hunn e Mangel u qualifizéiertem Personal, ...

Ok, ech muss dat mat de Kanner vläicht awer nach eng Kéier iwwerdenken.

... mee da muss ee Léisunge proposéieren, zum Beispill deene Leit, déi eng Alternativ géife wielen, wa se dofir eng gutt Ënnerstëtzung géife kréien an et sech domat leeschte kéinten, hir Kanner net an eng Betreiungsstruktur ze ginn, zum Beispill andeems een de Chèque-service accueil un d'Elteren ausbezuelt, déi hir Kanner wëllen doheem a kënnen doheem betreien.

Mir wëllen natierlech elo net zréck an d'Zäiten, wou d'Fra ganz opgehalen huet mat schaffen, fir doheem bei de Kanner ze bleiwen. Dofir fuerdere mer zum Beispill och rezent an engem Zeitungsartikel, datt mer de Congé de maternité postnatal fir d'Elterendeeler gläichsetzen, nämlech datt d'Männer deen nämmlechte Congé de maternité postnatal kréie wéi d'Fraen. Mee mir wëllen eng Alternativ fir déi Leit, déi bei enger gudder Ënnerstëtzung géife manner schaffen an dofir d'Kanner méi doheem géife betreien – y inclus a virun allem och d'Männer!

Dat ass natierlech net fir all Famill eng Léisung, mee et géif méi Leit de Choix loossen, fir méi Zäit fir hir Kanner ze hunn an trotzdeem finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

D'Fro, déi sech haut stellt, ass: Wéi laang loosse mir d'Kanner de Präis vun der aktueller Politick bezuelen? An all déi Problemer, déi ech genannt hunn, léise mir sécher net mat engem DAP Educatioun!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ee Virschlag emol direkt: Ech hunn elo hei wärend der Debatt decidéiert, datt mer reegelméisseg e Rapport wäerten iwwert dee ganze Secteur vun der Education en accueil publizéieren, well ech denken, datt et eng ganz Rei vu Mythe gëtt, déi heibannen de Mëtten zum Virschäin komm sinn iwwert dee Beräich an déi reegelméisseg och an der Press optauchen a sécherlech och dobausse monter weidergedroe ginn, déi awer esou der Realitéit net entspriechen. An ech gesi mech an der Onméiglechkeet, déi alleguerten ze entkräften an ze widderleeën an deene 14 an eng hallef Minutten, déi mir elo nach hei de Mëtteg bleiwen.

Een dovunner ass, datt d'Kanner net méi laang an zu vill méi an d'Betreiungsstrukture ginn (veuillez lire: datt d'Kanner méi laang an zu vill méi an d'Betreiungsstrukture géife goen), wéi dat elo x-mol de Mëtteg hei gesot ginn ass. Et ass och net esou, wéi x-mol de Mëtteg hei – wou virun allem vun enger Säit (ndlr: vun der Oppositiounssäit) bal net méi ze ënnerscheede war, wien da grad hei geschwat huet – gesot ginn ass, datt d'Regierung géif eng Politick maachen, wou d'Eltere quasi géifen dozou invitéiert ginn, fir d'Kanner méiglechst vill a méiglechst laang a méiglechst fréi an ech weess net, wat nach alles, an d'Betreiungsstrukturen ze ginn.

Huet dës oder déi lescht Regierung – mee et war vun der Kompositioun hier jo déi selwecht, et sinn déi, déi déi aner Säit (ndlr: déi op der Majoritéitssäit) sëtzen –, huet déi net grad mam Congé parental derzou bäigedroen, datt Dausende vu Mammen an och endlech Dausende vu Pappen zousätzlech de Congé parental konnten huelen, fir eebe grad ganz dacks an deenen éischte Méint, am Laf vum éischte Joer, d'Roll vu Mamm a Papp Vollzäit kënnen ze iwwerhuelen?!

An an de Statistike vun der Kannerbetreiung mierke mer dat jo, well d'Zuelen, de Prozentsaz vun deene Kanner ënnert engem Joer, déi an d'Crèche ginn, ass erofgaangen zanter 2017, zanter der Reform vum Congé parental, vun dee Moment 27 % op elo 24 %. Den Alter, an deem Kanner vun deene 24 %, déi ënnert engem Joer an eng Crèche ginn, dann eraginn an d'Crèche, ass ëm Wochen an der Moyenne eropgaangen, well eeben d'Elteren d'Méiglechkeet kritt hunn duerch déi Politick, déi dës Regierung am Beräich vum Congé parental gemaach huet, hir Verantwortung zu engem Deel selwer kënnen ze iwwerhuelen, an dee Choix och do gemaach hunn.

D'Stonnen – an ech vergläichen elo mol net mat 2017, mee mat 2012, well do war jo op d'mannst en Deel vun där doter Säit (ndlr: vun der Oppositiounssäit) responsabel fir déi dote Politick –, d'Stonnen, wärend deenen d'Kanner ënnert engem Joer an der Woch an der Crèche sinn, sinn erofgaangen, Dir Dammen an Dir Hären, vun 33 Stonnen an der Woch 2012 op elo 28 Stonnen an der Woch an der Moyenne. An dann heihinner ze kommen an een nom aneren einfach ze soen, mir géifen eng Politick maachen, datt quasi jidderee säi Kand muss an eng Crèche oder an eng Maison relais ginn, an d'Leit géife massiv dovunner Gebrauch maachen a wären irresponsabel, wa se dat géife maachen, a géifen zum Schued vun hire Kanner sech dozou dreiwe loossen – dat wonnert mech dach awer hei e bëssen!

An dofir, mengen ech, sollte mer awer kucken, datt mer mat de Féiss um Buedem bleiwen, datt mer eis op Fakte baséieren, datt mer kucken, wat dach wierklech d'Realitéit ass a wat dach awer e Mythos ass – oder politesch motivéiert Duerstellungen, fir eeben einfach nach op d'Käschte vun de Kanner sech e bësse besser kënnen ze profiléieren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | D'Duerchschnëttszäit, déi Kanner tëschent null a véier Joer an der Woch an der Crèche verbréngen, dat sinn 30 Stonnen. Hei gëtt awer bal nëmme vun deene 60 Stonne geschwat, déi maximal méiglech wären! Mee d'Duerchschnëttszäit sinn 30 Stonnen. A wann ech kucken – esou wéi dat och vun Eenzelnen hei gesot ginn ass, datt ee sech organiséiert, an der Koppel, vläicht och emol e bësse manner schafft, vläicht mat de Grousselteren, vläicht mat Frënn –, wéi een da kéint e gudde Mix tëschent Betreiung an eegener Verantwortung an anerer Betreiung organiséieren, dann ass ee schnell bei 30 Stonnen. Ma déi grouss Majoritéit, déi mécht dat! An déi solle sech dach och net ariede loossen, datt se hire Kanner eppes Schlechtes domadder maachen, wa se sënnvoll vun deem doten Instrument Gebrauch maachen!

Wann d'Kanner bis an der Schoul sinn, da gi se nach an der Moyenne 15 Stonnen d'Woch an d'Maison relais. Hei sinn der, déi soen, duerch déi Gratuitéit wär dat total exageréiert elo. An der Moyenne sinn et 15 Stonnen an et huet net – et huet net! – schlagaarteg geännert de leschte September, wéi mer d'Gratuitéit an och d'Iessen agefouert hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | 15 Stonnen an der Woch, 5 Schouldeeg an der Woch, dat sinn 3 Stonnen den Dag. Déi allermeescht sinn an der Mëttesstonn do, woubäi eng Mëttesstonn dach awer gären emol 2 Stonnen dauert, da bleift nach eng 1 Stonn Betreiung duerno an der Moyenne.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Da maachen ech mer éischter Suergen: Wat kënne mer nach sënnvoll vu Betreiung a vun Aktivitéite maache wärend där Stonn? A wéi kënne mer deem, deenen Uspréch, déi mer zum Beispill och an der Maison relais un d'Betreiung an un d'Educatioun stellen, wärend där Zäit gerecht ginn?

A wat sinn d'Usprééch vun der Maison relais, wéi mer se am Bildungsrahmenplan definéieren? D'Kreativitéit férderen, d'kritescht Denken, Participatioun, Sozialkompetenzen entwéckelen. An dann, wann hei vun der Interpellantin vun de Mëtteg dat net wouergehoII gëtt, datt mer dat als Haaptzil vun der Maison relais a vun all den SEAen am Land eigentlech definéiert hunn, zanter 2016, an datt mat vill Méi och dee Secteur sech op dee Wee do gemaach huet, fir dat ze developpéieren, wann dat total ignoréiert gëtt, awer virun enger Stonn, wéi et hei ëm ChatGPT gaangen ass, genau dat gefuerdert ginn ass vun der Bildung zu Lëtzebuerg, datt mer méi Kreativitéit misste fërderen, datt mer méi Participatioun misste fërderen, datt mer méi Sozialkompetenze misste fërderen, da froen ech mech awer nach eng Kéier: Wat motivéiert eigentlech esou eng Debatt wéi déi vun haut de Mëtten?

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mee ech wëll nach e bësse virgräifen op déi Publikatioun, op dee Rapport, deen ech Iech ugekënnegt hunn, well et gëtt awer nach munches ze soen, zum Beispill zum Betreiungsschlëssel. Jo, mir hunn e Betreiungsschlëssel. Mee kommt, mir kucken emol, wéi dee sech zesummesetzt!

Dee Betreiungsschlëssel, deen definéiert effektiv, an Eenzelner hunn dat zitéiert: een Educateur, eng Educatrice pro esou vill Kanner jee no Alterstranche. A konventionéierte Strukture finanzéiere mer awer och dat vollt Personal, och wann nëmme bis zu 75 % vun de Kanner do sinn an deene Stonnen. Dat heescht, doduerjer geet de reelle Betreiungsschlëssel jo emol eng Kéier däitlech an d'Luucht.

Dann erënnert Der Iech awer vläicht, datt mer hei Diskussiounen haten, datt mer nach zousätzlech Stonnen an de Crèchë ginn, fir déi multilingual Fréiférderung nach eng Kéier esou vill Prozent derbäi, datt mer zousätzlech Stonne gi fir d'Inklusiounspolitick. Doriwwer kann ee schwätzen, ob mer dat richteg maachen, ob et duergeet, ob mer en anere Wee solle goen, mee alles dat musse mer jo awer emol arechnen an de Betreiungsschlëssel, wa mer eng seriö, eng éierlech Debatt doriwwer hei wëlle féieren. Also kommt, mir kucken eng Kéier, wéi d'Realitéit ass, a mer beschäftegen eis wierklech mat de Saachen a mir loossen eis dach net vun allméiglleche Lieserbréiwer samschdes moies elo hei dreiwen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | D'Fuerschung ass hei zitéiert ginn. Ech kann Iech d'Fuerschung zitéieren. D'Fuerschung seet ganz kloer, datt eng gutt Betreiung – eng gutt Betreiung! – benefique ass fir all Kand an datt eng gutt Betreiung am meeschte benefique ass fir Kanner aus sozial schwaache Milieuen.

**Une voix** | Richteg!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | A wa mer da kucken, wat déi gréisst Erausfuerderung am Bildungsberäich hei zu Lëtzebuerg ass, wouzou ech och zu Recht – zu Recht! – hei am Haus vu villen Deputéierten ëmmer nees interpelléiert ginn, dann ass et déi sozial Schiflag an eisem Bildungswiesen. D'Wëssenschaft gëtt just eng Äntwert dorobber, nämlech: e gudden Encadrement méiglechst fréi. Dee kann an der Famill sinn, mee mir hu keng Garantie, datt en do stattfënnt. An do, wou ech d'Responsabilitéit hunn, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eeben och fir de Beräich vun de Services d'éducation et d'accueil, do hätt ech gär, datt eng gutt Qualitéit assuréiert gëtt, well dann huet et en enorme positiven Impakt – an ech hunn elo net

erëm jidderengem gesot, jidderee misst säi Kand dohinnerginn! –, dann huet et, reng wëssenschaftlech gekuckt a beluecht, en enorme positiven Impakt op d'Entwécklung vum Kand, wann d'Kand an eng gutt Betreiungsstruktur geet.

A wat hu mer gemaach, fir d'Qualitéit ze verbesseren? Ech sinn Enn 2013 Minister ginn, du louch e Règlement grand-ducal do vun der Virgängerin, der Familljeministesch Marie-Josée Jacobs, fir d'Reegelen ze änneren, wat zum Beispill d'Betreiungsstrukture vu Surfacë musse garantéieren a wivill Kanner do an engem Raum sinn. An ech hu gesot: „Dat do ass eng gutt Saach, dat doten, dat setze mer ëm."

Wéi dacks sinn ech – déi eng sinn nach hei am Raum, am Parlament, anerer schonn net méi – interpelléiert ginn an hu gesot kritt, dat wär net méiglech ëmzesetze vun de Gemengen, déi meeschtens dann dat och hu misse schëlleren. Do war et eigentlech zimmlech egal, wéi vill Kanner an engem Grupp sinn a wéi vill der wou zu wéi vill betreit ginn a vu wéi vill Fachpersonal. An dat war en éischte wichtege Schrëtt.

Mir hunn 2016 dat éischt Qualitéitsgesetz gemaach, wou mer dem nonformale Bildungsrahmenplan eng gesetzlech Kraaft ginn hunn, dee mer net am Ministère erfonnt hunn, dee mer mat deem ganze Secteur, wou enorm vill Fachwëssen a Kompetenz existéiert, zesummen ausgeschafft hunn. Mir hunn duerno e System instauréiert, wou all Crèche, all Maison relais hiert pedagogescht Konzept huet missen entwéckelen. Dat ass vun engem Service vum Staat kontrolléiert ginn. Et si Reegelen agefouert ginn, wéi mer sécherstellen, datt dat och am Alldag ëmgesat gëtt. Mir hunn Agente lassgeschéckt, déi d'Strukturen dobäi begleet hunn an, wann et muss sinn, se och emol eng Kéier kontrolléiere respektiv och Sanktiounsméiglechkeeten – an dovunner liest Der jo ëmmer nees an der Press oder Dir héiert dovunner – hu missen an d'Weeër leeden.

Mir hunn d'Éducation plurilingue agefouert, fir grad kommunikativ Kompetenze fréi ze fërderen, well mer wëssen, datt dat den A an den O och fir déi weider schoulesch Entwécklung vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg ass.

Mir hunn d'lescht Joer nach e groussen a wichtege Schrëtt gemaach, fir eng héichwäerteg Weiderbildung gratis zur Verfügung ze stelle fir sämtlecht Personal vu sämtleche Strukturen, egal ob et Gemengestrukturen, konventionéiert Strukturen oder privatrechtlech Strukture sinn, egal ob et Crèchen oder Maison-relaise sinn, well mer gären hätten, datt mer eng qualitativ gutt Entwécklung vun all den Agenten an deem dote Beräich kënne sécherstellen. Nun, ech denken, datt déi Entwécklung net wäert ophalen an net kann ophalen.

Awer hei ze soen, dës Regierung géif net fir d'Qualitéit an deene Strukturen do stoen! Kommt, mir kucken nach eng Kéier d'Chifferen: An deene leschten zwielef Joer, vun 2010 bis 2012 (veuillez lire: bis 2022), sinn d'Plazen an de Crèchen an an de Maisonrelaisen hei ëm e Facteur 2,3 an d'Luucht gaangen. D'Budgetsmoyenen – déi kënnt Der jo alleguerten noliesen an de Budgeten – hu sech ëm 5,5-mol vervillfacht an där Zäit, méi wéi dat Duebelt wéi d'Plazen an d'Luucht gaange sinn. Dat, denken ech, illustréiert och nach eng Kéier, datt mer dat Méiglechst gemaach hunn, fir all den Acteuren do, all den Träger kënnen d'Moyenen ze ginn, fir eng gutt Kannerbetreiung ze assuréieren.

Datt een iwwer munches nach muss schwätzen, ass kloer. An ech denken, déi, déi e bëssen éierlech mat sech waren de Mëtteg hei, hu gesot: „Jo, et kann een iwwert de Betreiungsschlëssel schwätzen, mir mussen awer kucken, wou d'Leit hierkommen, wéi mer dat dote maachen, wéi een dat an engem Horizont och gesäit iwwert déi nächst Joren, fir datt mer Leit ausgebilt kréien, déi déi Aufgab do och kënnen iwwerhuelen." An ech denken, datt och an enger nächster Legislaturperiod dat Theema weiderhi muss do sinn.

Ech stinn net hei a soen: „Et ass alles gutt", mee ech stinn hei a soen, datt déi, déi soen, et wär alles schlecht, a mengen Aen awer wierklech hei falschleien, datt hei probéiert gëtt, eng ideologesch Debatt ze féieren, datt hei probéiert gëtt, Leit, déi dat Normaalst vun der Welt doranner gesinn, datt se hir Kanner an déi Strukture ginn, eigentlech nach e schlecht Gewëssen dobäi ze maachen! An dat fannen ech jo eigentlech nach am schlëmmsten, well dat ass a mengen Ae souguer irresponsabel, well d'Wëssenschaft genau seet, datt et fir vill Kanner e positiven Effet huet!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, wäert ech Iech déi nächst Zäit nach mat ville Chifferen aus deem doten Domän a ville Fakten aus deem doten Domän ploen. Ob et eng Auswierkung op d'Qualitéit vun den Debaten zu deem Sujet hei huet, dat gesi mer da spéiderhin.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Educatiounsminister Claude Meisch. Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll fir d'éischt soen, den Här Minister sot, deejéinegen, deen dës Debatt ugefrot hätt ..., dat wäre reng „politesch motivéiert Duerstellung". Ech fannen, dat ass eng zimmlech Ënnerstellung!

An da kommen ech och bei déi éischt Fro: ob den Här Minister wierklech net wëll déi Hëllefriff, déi awer vun Educateure kommen, déi vun Eltere kommen, déi vu Petitionäre kommen – ech hu gesot, virun engem Joer, mengen ech, war déi Petitioun hei, do hätt sollen eng Commission jointe sinn, fir dat nach eng Kéier nozebeaarbechten; dat waren awer vill Ënnerschrëften, dat ware vill Leit, déi sech do Suerge gemaach hunn –, ob hien déi Hëllefriff, esou wéi ech en elo héieren hunn, wierklech net seriö hëlt a seet, déi wären och „politesch motivéiert"!

Da wëll ech och soen: Ideologesch ass d'CSV sécher net! Mir hu gesot, mir wëllen de Choix. An déijéineg, déi doheem oder iwwert d'Grousselteren hir Kanner betreien, sollen och eng Ënnerstëtzung kréien. An op där anerer Säit, fir déijéineg, déi d'Kanner an d'Betreiungsstrukture ginn, do musse mer derfir suergen, datt d'Qualitéit garantéiert gëtt. An do hu mer Virschléi gemaach gehat, op wat een do misst oppassen.

Mee wéi gesot, fir mech ass et awer wichteg, datt den Här Minister eis hei seet, ob hie wierklech déi Hëllefriff do net seriö hëlt, well hie seet, mir sollten einfach déi Lieserbréiwer net méi liesen an net eescht huelen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Hansen. Ech ginn d'Wuert direkt zréck un den Här Meisch.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech huele munches eescht, wat ech liesen, a wann ech dat eescht huelen, da féiert dat zum Beispill derzou, datt ech och Leit, déi Interviewe ginn hunn am Laf vum leschte Joer zu deem doten Domän, invitéiert hunn op eng Taass Kaffi a mer eis doriwwer ënnerhalen hunn. Ech huelen dat eescht a wëll erausfannen, ...

*(Interruption)*

... wat domadder gemengt ass. Ech huelen awer net all ..., also, net all Lieserbréifschreiwer, dee sech elo an de leschte Woche do beméit huet, kritt eng Invitatioun vu mir, well ech och net alles wëll eescht huelen. An ech denken, datt mer eis och net mat allem musse beschäftegen!

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Meisch. Da Parole après ministre fir den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Den Här Meisch huet gesot, bei der Kannerbetreiung wier net alles gutt – an do ginn ech dem Här Meisch ganz Recht. An ech wollt eng Fro stellen, ganz konkreet: Mir hunn iwwert déi Schlëssele geschwat, ënner zwee Joer een Erzéier fir sechs Kanner, vun zwee Joer un ass et een Erzéier fir aacht Kanner. Dat ass jo dann awer relativ vill, wa jo gesot gëtt vun der Wëssenschaft, dräi Kanner pro Erzéier wier gutt. Meng Fro ass am Fong ganz einfach: Wat wier dann d'Idealvirstellung an den Ae vum Här Minister fir dee Schlëssel? Wéi vill Kanner am Alter vun zwee Joer pro Erzéier?

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Keup. An d'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Meisch.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Här President, ech hunn op déi Fro do geäntwert, well ech gesot hunn, datt éischtens emol d'Realitéit net esou ass, wéi Dir et duerstellt, datt de Personalschlëssel sech aus aneren Elementer zesummesetzt. A wa mer déi kucken, da lande mer ganz enzwousch aneschters. Da si mer net méi bei een op sechs, mee da si mer nach ongeféier bei een op véier, fir an där Relatioun emol ze bleiwen.

Dann hunn ech och hei gesot, datt ech schonn denken, datt een doriwwer muss nodenken. Mee et gëtt do net eng Wonschvirstellung, et gëtt och dat, wat machbar ass. An ech hu gesot, datt een dat an engem Horizont muss gesinn. An ech denken, datt dat en Theema och an der nächster Legislaturperiod soll si fir ze kucken, wéi een eng Entwécklung an deem Secteur hikritt, fir datt een och um Niveau vum Personalschlëssel Schrauwe kann dréinen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen: Dat ass net dat Eenzegt, wat Qualitéit bréngt, de Personalschlëssel. Et ass villes ze maache mat Organisatiounsstruktur, et ass villes ze maache mat gudde Konzepter. De Personalschlëssel gehéiert dozou, mee dat eleng wäert och sécherlech net d'Garantie sinn, datt eng Crèche, datt eng Maison relais herno de Maximum vu positiver Entwécklung bei de Kanner kann eraushuelen.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 9. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'avenir du recrutement des détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental (Quereinsteiger)

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng zweet Aktualitéitsstonn iwwert d'Rekrutéiere vun de Quereinsteiger,

déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. An d'Wuert huet elo d'Spriecherin vun der LSAP-Fraktioun, d'Madamm Francine Closener.

***Exposé***

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si ganz frou, datt mer haut iwwert dat wichtegt Theema Formatioun vun eisen Enseignantë schwätzen. Et huet dräi Ufroe vun der LSAP gebraucht, bis dës Aktualitéitsstonn op den Ordre du jour vun der Chamber koum. A pénktlech, een Dag virun dësem Rendez-vous haut, huet de Minister gëschter all d'Detailer ginn zu deem neie „Bachelor en formation pédagogique". Ech si frou, datt eis Demanden esou en Effet haten an d'Kaz elo aus dem Sak ass.

Här President, d'Penurie vu Léierpersonal an der Grondschoul ass bekannt. Ausgerechent an deenen éischte Joren an der Schoul, déi esou decisiv, esou kruzial si fir d'Entwécklung vum Kand a fir seng schoulesch Karriär, ausgerechent an der Grondschoul feelt et u qualifizéierten Enseignanten.

Mir wëssen et scho laang duerch den John Hattie an anerer: Et ass weeder d'Method nach d'Gréisst vun de Klassen, mee den Enseignant, deen decisiv ass fir de Succès vum Schüler. An anere Wierder: Mam Léierpersonal steet a fält eisen Educatiounssystem. Mam Léierpersonal steet a fält d'Bildung an domat d'Zukunft vun de Kanner am Land. An duerfir ass d'Fro vun der Formatioun vun den Enseignanten extreem wichteg fir d'LSAP.

Fir d'Lächer an de Reie vum Léierpersonal ze stoppen, huet de Minister 2018 de Quereinsteigerprogramm agefouert. Op déi Manéier konnten d'Leit mat engem Bachelordiplom an den Enseignantsberuff eraklammen. Si hunn dernieft missen eng beruffsbegleedend Formatioun um IFEN maachen.

Fir dëst Schouljoer, also 2022/2023, goufen insgesamt 289 nei Enseignantë rekrutéiert, dovunner 115 Quereinsteiger. Dat sinn der vill. Et schéngt also, wéi wann deen „Turboparcours" fir d'Kandidatinnen a Kandidaten interessant wär.

Wat d'Qualitéit vum Unterrecht vun de Quereinsteiger ugeet, krut een déi lescht Joer ënnerschiddlech Echoen. Do ware ganz exzellent Leit derbäi an ech wëll och hei betounen, datt et der Schoul gutt deet, wann d'Schüler mat Leit a Kontakt kommen, déi Beruffserfarung baussent dem Educatiounssystem hunn. Et waren awer och Leit derbäi, déi definitiv net fir d'Schoulhale gemaach waren, an déi Leit sinn anscheinend jo och net bliwwen.

Mee esou oder esou: Mam Quereinsteigerprogramm ass jo souwisou elo Schluss. E war op fënnef Joer begrenzt a leeft dëst Joer aus. Mee de Besoin ass duerfir awer nach ëmmer gradesou grouss, also de Besoin um Terrain u qualifizéiertem Nowuess beim Léierpersonal. Nach ëmmer gëtt et net genuch Studente mat engem Bachelor an Educatiounswëssenschaften, déi alleguerten d'Viraussetzungen erfëllen, fir Enseignant am Fondamental ze ginn. Duerfir brauche mer also aner Léisungen, laangfristeg Léisungen.

An d'Léisung, déi de Ministère an d'Uni preconiséieren, gesäit esou aus: Parallell zum aktuelle Bachelor vu véier Joer, dem Bachelor en sciences de l'éducation, kënnt also elo deen neie Bachelor en formation pédagogique. Viraussetzung dofir ass, dass ee schonn en anere Bachelor huet, an zwar aus sougenannte „gëeegente" Beräicher, „domaines appropriés" – ech kommen herno nach dorobber zréck. An da mécht een nach ee Joer, also wärend zwee Semester, dee pedagogesche Bachelor op der Uni.

Zu deem aktuelle Bachelor, deem regulären, gëtt et natierlech frappant Ënnerscheeder. Éischtens: Leit mat deem neie Bachelor kënnen net am Cycle 1 ënnerriichten, awer soss sinn d'Debouchéë genee déi selwecht wéi fir dee reguläre Studiegang, also an der Grondschoul d'Cyclen 2, 3, 4, awer och an der Voie de préparation am Secondaire général, an et kann een och Kanner mat Besoins spécifiques enseignéieren. Just déi zukünfteg Enseignantë fir de Cycle 1, Precoce oder Spillschoul, musse weiderhin dee Bachelor an den Erzéiungswëssenschafte maachen, wat an eisen Aen och ganz richteg ass, well, wéi virdru scho gesot: Wat d'Kand méi jonk, wat d'Ausbildung an d'Qualifikatioun vum Enseignement méi wichteg fir seng Entwécklung.

Zweeten Ënnerscheed – an dat ass natierlech eng grouss Diskrepanz –, wat de sougenannten „temps de terrain" ugeet, wou de Student also um Terrain ass bei de Kanner an der Klass. Et ass jo do, wou sech fir ganz vill Leit ganz séier weist, ob se fir de Beruff gemaach sinn oder net. A Schoul hale kann nu wierklech net jiddereen. Am reguläre Bachelor en sciences de l'éducation sinn dat 30 Wochen um Terrain, an zwar a fënnef Cyclen. An där neier Formatioun sinn et grad emol sechs Wochen an zwee Cyclen, also fënnefmol manner Praxis. Dat ass net vill!

E weideren Ënnerscheed: Engem Student am neie Bachelor säi Stage d'insertion professionnelle dauert zwee Joer an e mécht och nach ongeféier 100 Formatiounsstonnen um IFEN am Ufank vu senger Karriär. E Student am reguläre Bachelor kritt duerfir eng Dispens a säi Stage dauert och just ee Joer.

Här President, loosst mech et ganz kloer soen: D'LSAP ass absolutt derfir, nei Weeër ze fannen, fir jonk Leit oder och manner Jonker nees fir de Beruff vum Enseignant ze interesséieren, fir de Secondaire, awer besonnesch eebe fir de Fondamental.

An dëse Bachelor ass sécherlech an deem Sënn eng Méiglechkeet. De Spektrum vu Leit, déi a Fro kommen, fir Enseignant kënnen ze ginn, gëtt vill méi breet, ouni datt se e Wee aschloen, deen hinnen e Bachelor gëtt mat engem limitéierten Débouché, eeben dee vum Enseignant an der Grondschoul.

Jonk Leit kënnen also no der Première Mathe, Sproochen, Sciencen, Konscht oder Sport studéieren, respektiv Pedagogie, Soziales, Psycho aus engem Domaine approprié, woubäi déi Definitioun e bësse flou ass an et natierlech och grouss Ënnerscheeder gëtt tëscht engem Student, deen zum Beispill an England Konscht studéiert an engem, deen an Däitschland Sport studéiert. Do sinn d'Viraussetzunge jo awer ënnerschiddlech, wa se op der Uni hire pedagogesche Bachelor dann ufänken. Et ass eng grouss Suerg vun eis, datt där Heterogenitéit do Rechnung gedroe gëtt. A mir hunn och e wéineg Bedenken, datt zwee Semester net duerginn, fir dat ze maachen.

Natierlech ass awer deen neie Bachelor aus der Vue vum Student immens interessant, well: Ee Joer Pedagogie, da kënne se Enseignant ginn. Wann hinnen dat net méi gefält, dann ass de Wee fräi, fir an en anere Beruff ze wiesselen, fir dee se jo da schonn hiren initiale Studiegang hunn. Dat kléngt gutt an déi Responsabel vum Ministère an Uni hunn, esouwäit ech weess, Plaz fir 240 Studente virgesinn, déi dee Wee elo bei der Rentrée kéinten aschloen, also scho wierklech bedeitend méi wéi bei deem reguläre BScE.

An do stellt sech jo dann d'Fro: Wat sinn d'Perspektive fir de Bachelor vun den Erzéiungswëssenschaften? Soll deen auslafe gelooss ginn? Oder à terme just nach fir d'Leit aus dem Cycle 1 bestoe bleiwen? Ginn d'Leit elo bewosst drainéiert vun deem Studiegang an deen neien?

Aner Fro: Et gëtt allgemeng an eisem Bildungssystem jo ganz vill virun engem sougenannten „nivellement vers le bas" gewarnt, an no der Pressekonferenz gëscht konnt een och op de soziale Medie liesen, dass géif gefaart ginn, déi Formatioun géif bradéiert ginn.

De Minister gesäit déi Gefor warscheinlech net. Hält hien et fir realistesch, datt d'Studenten an engem Joer wierklech déi selwecht Kompetenzen entwéckele wéi déi aner a véier Joer? Oder ass dat weidert Joer Stage eigentlech als Ausgläich dofir geduecht?

Da stellt sech och nach d'Fro vum Statut a vum Salaire. Gëtt et do Ënnerscheeder oder si se komplett gläichgestallt?

Et gëtt jo och en Examen-concours d'admission gemaach mat schrëftlechen Epreuven an de Sproochen, an der Mathé an an de Sciencen. Ginn d'mëndlech Kompetenzen net gefrot? Well grad am Fondamental ass dat jo wichteg beim Enseignéiere vun enger Sprooch, datt ee se och gutt schwätzt. Wéi gëtt och rezenten a wichtege Projete wéi der Alphabetiséierung op Franséisch Rechnung gedroen?

Wéi steet de Minister derzou, datt een e Bachelor kéint maachen an engem Fach a Relatioun mat der Schoul an duerno e Master an de Sciences de l'éducation oder eeben e Bachelor an de Sciences de l'éducation an dann eng Spezialisatioun als Master? Sou huet den SNE et jo am Summer zejoert gefuerdert. Onsympathesch ass eis dat net onbedéngt als Virschlag.

An et ass jo och esou, datt an der Belsch de Studiegang elo ännert an déi Studente mat engem Master 1 erauskommen. Wéi a wou kommen déi elo an eise System do eran? Brauche si de Bachelor pédagogique deemno net ze maachen? Dat ass mer nach net ganz kloer.

Här President, well d'Situatioun um Terrain net gutt ass an een de Beruff vum Enseignant méi attraktiv wëll maachen, kann ech ganz gutt verstoen, datt elo no enger Léisung gesicht gouf, déi séier applizéiert ka ginn. Allerdéngs ass d'LSAP der Meenung, datt een déi Entwécklung do och genee muss suivéieren an deemno wéi d'Formatioun muss adaptéieren.

D'LSAP stoung a steet derzou, datt Quereinsteiger eng Beräicherung fir d'Schüler an d'Schoule kënne sinn. Ënnerschiddlech Leit mat ënnerschiddlechem Background an akadeemesche Formatioune kënnen zu enger méi kompletter Bildung bäidroen. Mir sinn der Meenung, datt ee soll dervu profitéieren, fir déi nei Enseignanten dann och entspriechend hirem initiale Studiegang an och entspriechend hirer Sproochekompetenz anzesetzen.

Et ass jo a ville Gemenge schonn Usus, dass Unterrechtsstonne getosch ginn, well deen een Enseignant besser am Däitschen ass, deen anere besser an der Mathé. D'Gesetz vun 2009 gëtt eis jo déi Flexibilitéit do. A bei der Alphabetiséierung op Franséisch ass jo och een Enseignant fir Däitsch zoustänneg an deen anere fir d'Franséischt. Mir kéinten eis virstellen, an der Ausbildung Sproochefilièren anzeféieren an d'Leit herno dann och deementspriechend am Unterrecht anzesetzen. Doduerjer wier den Enseignantsberuff vill méi attraktiv fir Leit, déi vläicht exzellent Pedagoge géife ginn, mee duerch Defiziter an enger Sprooch keen Accès zu där regulärer Formatioun kréien. Esou ee Konzept wier ëmsou méi sënnvoll, wann d'Alphabetiséierung op Franséisch eng national Envergure géif kréien, wat ech mer och ganz gutt ka virstellen.

Här President, eng gutt Léierin oder e gudde Schoulmeeschter ass determinant fir déi schoulesch Karriär vun engem Kand. Mir brauche vill där gudder Enseignanten. Mir brauchen eng Formatioun, déi si optimal virbereet op de Beruff, déi awer och esou concipéiert

ass, datt se och op d'Besoine vun de Kanner passt. Wat mer net brauchen, ass en „nivellement vers le bas" vun där Formatioun. Dogéint misste mir eis wieren, wann et dann esou géif kommen. D'LSAP wier frou, wa se vum Minister Äntwerten op déi genannte Froe krit.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Closener.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. D'Gesetz vun 2018 iwwert d'Quereinsteiger – dat hate mer deemools gesot –, dat war u sech eng Pompjeesléisung no där katastrophaler a chaotescher Rentrée scolaire 2017/2018, wéi am September opgefall ass, datt net genuch Enseignanten do wären.

An ech widderhuele mech hei: Op de gudden Enseignant kënnt et un. An ech wëll der Madamm Closener nach Merci soe fir d'Ufroe vun dëser Aktualitéitsstonn. A si sot och: „Op de gudden Enseignant kënnt et un, an där brauche mer genuch."

An dofir hätte mer eis eng breet Diskussioun gewënscht am Virfeld vum Gesetzestext iwwert de Profill vum Enseignant an iwwert seng Ausbildung. Dat war eise Wonsch virum Gesetz vun 2018. Dat ass net gemaach ginn. A wat absolutt dramatesch ass: Et ass och elo net gemaach ginn tëschent 2018 an 2022. A gëschter krute mer, wéi gesot, an der Pressekonferenz dunn déi nei Ausbildung virgestallt. Also, wann ech d'Madamm Closener gewiescht wär, hätt ech mech vill méi opgereegt, mee ech verstinn awer, datt si dat vläicht an der Majoritéit net esou ka maachen.

Dës nei Ausbildung ass sécherlech besser wéi den éischte Quereinsteigermodell, well zumindest ee Joer pedagogesch Ausbildung erfuerdert gëtt. Mee et schéngt mer awer esou, wéi wann et erëm eng Kéier eng net ganz duerchduecht Decisioun wär, well déi weesentlech Froen, déi am Virfeld hätte missen diskutéiert ginn, sinn nach ëmmer net diskutéiert ginn: Wéi ee Profill muss den Enseignant hunn? Hale mer um absolutte Generalist fest? Fanne mer déi Generalisten nach? Fanne mer der genuch? Fanne mer genuch jonk Leit, déi nieft hire pedagogesche Kenntnisser, déi extreem wichteg sinn, och all hir Fächer beherrschen? Dat ass fir eis e Must!

Dorobber hunn d'Kanner, well et geet ëm hir Zukunft, e Recht. An dat muss duerch d'Ausbildung, egal wéi eng et elo ass, garantéiert ginn. An dat muss och bei all annoncéierter Ausbildung ofgekläert sinn. An ech wéisst u sech gären, ob dat ofgekläert ass. Ech si mer leider net esou sécher.

Fréier konnt een – an ech weess och elo keng Joren – u sech vum Prinzipp ausgoen, datt een, deen eng Première gemaach hat, u sech seng Fächer kannt huet. Dat ass haut leider net méi onbedéngt de Fall, well d'Opnametester vun der Uni weisen et: Et hunn extreem vill Kandidaten op d'mannst an engem vun den Haaptfächer Problemer. Ech krut gëschter nach e Message. Do krut ech gesot, datt vill Enseignanten net méi déi Sproochekenntnisser hätten, déi se missten hunn. Dat ass u sech dramatesch, fannen ech!

Dat ass zum Deel op eise Schoulsystem zréckzeféieren, wou mer duerch ënnerschiddlech Reformen och Schwächten zougelooss hunn, wou mer och vill verschidde Sektiounen hunn, och am Enseignement général. Dat ass och alles ok. Mee ech mengen, et muss ee kloer maachen, datt mer keng Enseignanten däerfen zouloossen, déi an engem Fach, dat se halen, net gutt sinn. Well dann ass den Unterrecht schlecht. D'Mëttelmooss geet hei fir den Enseignant net duer, well mir kéimen dann an e richtegen Däiwelskrees eran. Een, dee säi Fach net beherrscht, kann et net richteg ënnerriichten, also kënne mer eis dovunner net erwaarden, datt d'Kanner et herno kënnen.

An dofir denken ech, datt mer, wa mer bei dëser Diskussioun sinn, do och de Secondaire misste berücksichtegen. Et muss de Kandidate ganz einfach kloergemaach ginn, datt si déi néideg Fachkompetenze brauchen, zumindest wa mer um absolutte Generalist festhalen.

Et kéint awer och eventuell am Lycée schonn eng Méiglechkeet geschaaft ginn, fir déijéineg, déi gäre wéilten Enseignant ginn, spezifesch op déi Ausbildung virzebereeden, datt se do nach eng Kéier un hire Kompetenze schaffe respektiv se widderhuelen. Dat kéinte konkreet Virbereedungscoursë sinn op Première, Deuxième, oder e Walmodul. Esou eppes kéint ee sech zumindest iwwerleeën. Vläicht hätte mer dann och méi potenziell Kandidaten, well mir brauche méi potenziell Kandidaten. Ech mengen, hei si sech keng Gedanken driwwer gemaach ginn.

Wéi kann an a mat der Ausbildung eebe séchergestallt ginn, datt den Enseignant pedagogesch topp ass an datt e fachlech topp ass? Dat si fir eis déi kruzial Froen. A wa mer dat net fäerdegbréngen, da musse mer eis d'Fro vum Generalist stellen. Fir eis als CSV ass et kloer, datt mer kee Spezialist wëllen an der Grondschoul, well mir brauchen eng, zwou Bezuchspersounen, Haaptbezuchspersounen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Mee wa mer de Generalist net kënnen hunn, musse mer eis vläicht d'Fro stelle vum „Generalist minus", dee vläicht eng Schwächt huet, mee dann däerf en dat Fach net halen.

Den Här Minister huet dëst net gemaach. En huet elo ënnerschiddlech Weeër opgemaach, fir kënnen Enseignant ze ginn. D'Madamm Closener huet se alleguer erkläert. Eemol de klassesche Wee vum Enseignant iwwert dat Pedagogiestudium. Ech fäerten, datt deen ëmmer manner attraktiv gëtt. Mee och hei stelle sech d'Froen: Ass d'Ausbildung op der Uni.lu nach esou, wéi mer se brauchen? Ass dat analyséiert ginn?

An da kënnt elo nom ale Quereinsteiger deen neien. Ass deen ale Modell evaluéiert ginn? Wa jo, wat sinn do konkreet Konklusiounen? Ech weess, datt wierklech eng Partie vu Quereinsteiger richteg gutt sinn. Mee d'Fro ass: Ass d'Qualitéit garantéiert? Ass et och wierklech egal, wéi ee Bachelor een am Zesummenhang mat der Schoul gemaach huet, fir hei zougelooss ze ginn? Educateur, Geschicht, Geo, Science, Sport, et ass extreem vag gefaasst. Hätt dat net misse méi genau definéiert ginn? Firwat gëtt net méi Stage an der Ausbildung agebaut? D'Praxis ass och am Enseignement extreem wichteg.

Dir Dammen an Dir Hären, eppes, wat eis nach fundamental un dëser Virgeeënsweis stéiert, ass de Fait, datt de Minister wärend all deene Joren u sech net dru geschafft huet, d'Attraktivitéit vum Beruff ze verbesseren. Mir haten eng Interpellatioun mat ganz konkreete Virschléi. Mir haten u sech och eng Ëmfro um Terrain gemaach. Mee dëst ass leider net geschitt. Et hätt awer missen an eisen Aen eng Prioritéit sinn.

Et ass elo einfach erëm eng Kéier eng Parallellwelt och hei an der Ausbildung geschafe ginn, ouni déi weesentlech Froen ze stellen, an dat ass fir eis net dee richtege Wee!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och der Madamm Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Merci, Här President. A merci och der Madamm Closener, dass mer haut doriwwer debattéieren. A kaum engem anere Beruff kann ee mat där néideger Vertrauensbasis esou vill zu der positiver Entwécklung vun de Kanner a vun deene Jonke bäidroen.

Dee Constat, deen ech elo als Intro hei quasi maachen, deen hunn ech och als Schoulmeeschter selwer um Terrain gesinn, an dofir kann ech en och esou soen. An dee Constat ass natierlech op där enger Säit geneesou motivéierend, wéi en awer och op där anerer Säit erausfuerderend ass. Et huet een als Enseignant eng wichteg Roll um Wee vum Kand, jo, eng immens grouss Verantwortung fir d'Kand, awer och fir d'Gesellschaft.

Duerch déi Verantwortung vis-à-vis vum Kand, awer och vis-à-vis vun der Gesellschaft ass et wichteg, dass déi Leit, déi Schoul halen an an de Klassen intervenéieren, eng qualitativ gutt Ausbildung hunn a sech och op héijem Niveau ëmmer nees weider forméieren.

An ech mengen, do si mer voll am Sujet vun haut dran. Wat ass gefuerdert? Wou leien d'Erausfuerderungen haut am Klassesall? Wéi ee Profill gëtt gebraucht, fir d'Qualitéit vun der Formatioun am Klassesall op héijem Niveau ze assuréieren?

A vläicht eng Remark: Dass et, fir erfollegräich ze sinn, extreem staark op de Mënsch, op den Enseignant, deen d'Kanner viru sech huet am Klassesall, ukënnt, ass gewosst – den Hattie ass ugeschwat ginn, scho méi wéi eemol. An do huet all Enseignant zu Lëtzebuerg extreem vill Fräiraum, fir kreativ am Beruff dierfen ze schaffen.

Kloer schéngt och, dass de Besoin u Léierpersonal an den nächste Joren net ofhëlt, mee au contraire wäert héich bleiwen. Schonn eleng duerch de Wuesstum, mee genausou kloer awer och, fir déi ëmmer méi grouss Erausfuerderungen, déi um Terrain sinn, ze meeschteren. An do ass Lëtzebuerg bei Wäitem, bei Wäitem keen Eenzelfall. Quasi a ganz Europa ginn Enseignantë gesicht – änlech iwwregens wéi an anere Beruffer, wann ech zum Beispill nëmmen un den Debat virgëscht bei der Police denken.

Den Challenge besteet jo doran, gutt Leit ze fannen, motivéiert Leit, héich forméiert Leit, deelweis awer och spezialiséiert Leit, fir dass d'Kanner op hirem Wee perfekt begleet kënne ginn.

Interessant wär och vläicht, wann de Minister eis d'Zuel vun den Enseignanten an de leschte Jore kéint soe par rapport zu der Schülerzuel. Wou si mer do drun?

Den éischte Wee vum Rekrutement soll och weiderhin de klassesche Wee vum Bachelor en sciences de l'éducation sinn. Als DP begréisse mir, dass do d'Uni pro Joergang elo méi Studente wëll ausbilden, wéi dat bis elo de Fall war.

Do dernieft gëtt et dann de Quereinsteiger, e System iwwregens, deen net exklusiv hei am Land erfonnt ginn ass, mee et gëtt en a ville Länner. Dat si Leit mat interessante Profiller, déi eng Expertis aus hirem Studium oder och Beruffsliewe matbréngen a sech inhaltlech oft iwwerschneide mam Bachelor en sciences de l'éducation.

Iwwregens, an dat ass vläicht och net ze vergiessen: Virun deem Quereinsteiger, wéi en elo da besteet,

gouf et och Intervenanten nieft de klassesche Schoulmeeschteren a Léierinnen an de Klassen. Dat waren d'Chargés de cours. Dat ware Persoune mat enger Première a véier Woche Stage. Dofir kann ee beim bestoende Modell scho soen, dass et eng qualitativ Verbesserung gouf par rapport zum Modell vun de Chargés de cours.

Mee ech sinn awer absolutt d'accord, dass et de richtege Wee ass, nieft dem Kinnekswee vum Bachelor en formation de l'éducation (veuillez lire: Bachelor en sciences de l'éducation) elo och nach de Quereinsteigerprogramm qualitativ ze verbesseren an ze reforméieren, ëmmer aus der Vue: Wéi kréien ech déi bescht Profiller, déi néideg Besoine fir eis zukünfteg Generatiounen an de Klassesall fir d'Wuel vun eise Kanner?

D'Resultat vun där Verbesserung ass d'Schafe vun engem Bachelor en formation pédagogique. D'Iddi, engem Spezialist, dee schonn e Bachelorofschloss – an ech betounen: Ofschloss – huet an dee sech entscheet, Enseignant wëllen ze ginn, eng Perspektiv ze ginn, fir e Quereinstig an e Studiegang eran ze maachen, ass eng immens interessant Pist. Mir hunn et jo hei mat engem Paradigmewiessel ze dinn: net méi e Quereinstig an de Beruff, mee e Quereinstig an d'Studium.

Aus Siicht vun der DP geléngt et eis esou, d'Qualitéit vun de Profiller am grousse Boot vun der Éducation nationale, an dësem Fall vum Enseignement fondamental, weider ze stäerken. A wie profitéiert dovun? Eis Kanner!

Mir wäerten an Zukunft elo haaptsächlech Enseignantë mat dem klassesche Bachelor en sciences de l'éducation hunn an dernieft Enseignantë mat engem Bachelor en formation pédagogique. D'Qualitéit gëtt ganz sécherlech mat dëser Mesür assuréiert.

*(Interruption)*

Da wëll ech awer an der leschter Minutt, déi mer bleift, nach e Gedankegang féieren, an zwar zu eisem – ech nennen et elo mol – „Lëtzebuerger Modell" vum Bachelor a véier Joer. Ech ka mech nach genee erënneren, wéi virun 20 Joer d'ISERP-Ausbildung vun dräi Joer sollt reforméiert ginn. An eraus koum, zur allgemenger Zefriddenheet, e Bachelorofschloss, allerdéngs zum Erstaunen net an dräi, mee a véier Joer. Et war also kee Master vu fënnef Joer, mee awer och kee klassesche Bachelor vun dräi Joer. Et war e Kompromëss, deen den deemolegen Héichschoulminister Biltgen virgeleucht huet.

D'Zäite sinn anerer. D'Erausfuerderunge sinn iwwer 20 Joer gewuess. Ech denken, elo ass den Zäitpunkt komm an et sollt ee fir d'Zukunft kucken, dass dat véiert Joer Bachelorausbildung, wat mer hunn, méi zukunftsweisend valoriséiert ka ginn an dann och méi Leit motivéiert wären, e Masterofschloss ze maachen, fir d'Qualitéit weider ze erhéijen.

Firwat net probéieren, méi Leit mat Masterofschloss an den Enseignement fondamental ze kréien, fir d'Qualitéit ze zementéieren a kënnen Äntwerten op déi ënnerschiddlech Besoinen an deels héich spezialiséiert pedagogesche Froen ze ginn? E Master soll kee Must si fir den Enseignement fondamental, mee ech kéint mer virstellen, dass méi Leit mat Masterofschloss kéinten eng weider interessant Optioun sinn, fir d'Profiller vum Enseignant an eise Schoulgebaier weider ze diversifiéieren an ze verstäerken.

Als Konklusioun: D'Zil muss et ëmmer sinn, d'Qualitéit am Klassesall, awer och am grousse Boot vun der Education, an dësem Fall der Éducation fondamentale, weider héichzehalen, ëmmer ze kucken, wéi een zum Wuel vun eise jonke Generatioune Verbesserunge kann erreechen.

*(Interruption par la présidence)*

Ech hunn och dësem President seng Klack héieren, dofir halen ech elo op.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och dem Här Lamberty. An déi nächst Riednerin ass scho prett, d'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Am Fong geet et an dëser Heure d'actualité ëm d'Schoulqualitéit, ëm de fundamentale Problem vum Personalmangel an der Grondschoul, dee mer jo zanter Jore kennen, an et geet ëm d'Fro, ob de Modell vun de Quereinsteiger effektiv de richtege Wee ass, fir dee Problem vum Personalmangel definitiv ze léisen. Dofir och merci der Kolleegin Francine Closener fir d'Ufroe vun dëser Heure d'actualité.

Fir de wuessende Besoinen um Niveau vum Personal kuerzfristeg gerecht ze ginn, gouf jo schonn 2018 e méi oder manner ëmstriddene Quereinsteigermodell geschafen. Ech ka mech drun erënneren: E war méi oder manner ëmstridden, well d'Experten awer drop higewisen hunn, datt ee Joer pedagogesch-didaktesch Formatioun no engem Bachelor an engem Fach, wat mat der Schoul ze dinn huet, qualitativ net duergoe kéint, fir e Bachelorstudium vu véier Joer an de Sciences de l'éducation ze ersetzen.

An och ech wëll awer drop hiweisen, dass et vill engagéiert, motivéiert Leit um Terrain gëtt, déi mëttlerweil am Beruff sinn an déi och hir Erfarunge sammelen a sech Kompetenzen uneegnen, déi de Kanner zeguttkommen. Ech wëll dat guer net a Fro stellen.

Vu datt haut no fënnef Joer nach ëmmer net genuch Kandidaten iwwert de reguläre Bildungswee Enseignant ginn, huet den Här Minister, wéi virdrun och gesot, en neie Modell vu Quereinstig entwéckelt. An Zukunft kënne Bachelorinhaber eng eejäreg pedagogesch Formatioun drunhänken op der Uni, fir duerno Enseignant an de Cycles 2 bis 4 ze ginn. Et ass virdrun erkläert ginn.

Eis Suerg bei dëser neier Versioun, déi virgestallt ginn ass, ass déi, datt d'Attraktivitéit vum eigentleche Kinnekswee an de Beruff, nämlech nach ëmmer de Bachelor en sciences de l'éducation, riskéiert, op der Streck ze bleiwen oder zumindest devaloriséiert ze ginn, ganz einfach well d'Warscheinlechkeet grouss ass, datt jonk Mënsche sech net fir e Studiegang vu véier Joer an Erzéiungswëssenschafte wäerten entscheeden, wa se parallell dozou och d'Méiglechkeet hunn, no engem Bachelor an engem anere Fach ee Joer Erzéiungswëssenschafte souzesoen „am Schnelldurechgang" ze studéiere mat engem Joer Stage hannendrun an dann Enseignant am selwechte Statut kënnen ze gi wéi déi klassesch Enseignanten, mat Ausnam, wéi gesot, vum Cycle 1.

De sprangende Punkt ass hei deen, datt de reguläre Studiegang an de beruffleche Sens unique vum Schoulmeeschter oder der Léierin féiert, wärend de Studiegang vun deenen neie Quereinsteiger méi Optiounen am Laf vum Beruffsliewen opléisst, an zwar déi Optiounen, déi mat hirem initiale Bachelor ze dinn hunn. Dat mécht de Quereinstig nun emol méi attraktiv par rapport zum klassesche Wee.

Här President, well all Medail awer zwou Säiten huet, wëll ech dann awer ausdrécklech begréissen, datt de reguläre Studiegang an Zukunft méi Mëttele kritt, fir méi Kandidat/innen op der Uni zum Enseignant auszebilden an awer och fir d'Kandidatinnen an d'Kandidate besser ze begleeden, mam Zil, méiglech Schwächten en cours de route ze behiewen, fir datt manner Kandidate wéi an der Vergaangenheet ecartéiert ginn a fir datt den Taux d'échec op der Uni dann awer erofgeet. Dee war jo net ëmmer ganz kleng. Wéi gesot, mir begréissen déi zousätzlech Mëttel, déi zur Verfügung gestallt ginn.

Positiv fanne mer awer virun allem, datt den Enseignantsberuff en tant que tel opgewäert gëtt, an zwar doduerch, datt Spezialisatiounen an de Beräicher vun der Inklusioun an der Accessibilitéit, der Schoulgestioun an der Schoulentwécklung bei der Rentrée 2024/2025 agefouert wäerte ginn.

Relevant ass an deem Kontext fir eis, datt dës Studiegäng mat engem Master ofgeschloss ginn, also genee dat, wat mir och schonn an der Debatt iwwert d'Attraktivitéit vum Beruff vum Enseignant, déi vun der CSV ugefrot gi war, als Konditioun ugefouert hunn, fir datt méi jonk Mënsche sech fir dee Beruff entscheeden.

Emol onofhängeg vun der Qualitéit vun der Ausbildung, déi mat fënnef Joer Studium natierlech klëmmt, muss een och bedenken, datt et ville Jonken net just dréms geet, enger nobeler beruffflecher Vocatioun nozegoen a mam Schoulmeeschterberuff en Dramberuff ze ergräifen. Et geet deene Jonken haut och – a berechtegterweis – ëm d'Wäertschätzung vum Beruff, dee se am Liewe wëllen ausüben, an ëm d'Karriär, déi domat verbonnen ass. Dat ass nun emol eng Tatsaach.

Och am Kontext vum Personalmangel ass dee Punkt fir eis relevant, well wat e Beruff méi Wäertschätzung kritt, wat méi Jonker sech dofir entscheeden an nohalteg zur Reduzéierung vum Personalmangel bäidroen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Wann ee sech doriwwer eraus déi wuessend Erausfuerderungen ukuckt, déi an der Grondschoul ze meeschtere sinn, da muss ee sech definitiv froen, ob de Masterstudium sech an Zukunft op déi dräi genannte Beräicher soll limitéieren oder ob et net méi sënnvoll wär, Här Minister, den Enseignantsstudium prinzipiell un e Masterstudium ze bannen. Mir fannen déi Diskussioun interessant a se soll keen Tabu sinn.

Ech mengen domat e Masterstudium, deen der ganzer Bandbreet vun de wuessenden Erausfuerderungen an der Grondschoul géif Rechnung droen. Wéi grouss, an dat wësse mer alleguer, an zum Deel ganz belaaschtend dës Erausfuerderungen hautdesdaags sinn, gëtt ee spéitstens da gewuer, wann ee sech an d'Schoulen erabeweegt a wann ee sech e Bild kann driwwer maachen, wat se am Schoulalldag fir all eenzelnen Enseignant an net just fir verschidde Spezialiste bedeiten. Eppes steet jiddefalls fest: Se setze fir jiddwereee ganz héich Kompetenze viraus.

Här President, mat deenen dräi neie Masterstudiegäng ginn net nëmmen éischt Weiche geluecht, fir dës Erausfuerderunge besser ze meeschteren, dës Studiegäng kann een och als Point de départ ugesinn, fir e Masterstudium opzebauen, dee mëttel- a laangfristeg op Noutléisunge ka verzichten.

An dofir wär ech Iech dankbar, Här Minister, wann Der eis Är Positioun do géift duerleeën an, ob Der et dann awer géift sënnvoll fannen, de Master auszebauen, deen Der scho mat dräi Studiegäng aféiert.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. An och merci der Madamm Closener fir d'Ufro fir dës Debatt, déi jo elo awer virun e puer Deeg en anere Revirement krut. Mee bon.

Ech wëll allgemeng eng Kéier soen: Mir hunn – et ass jo am Fong dat, wourëms et geet – e Manktem hei am Land u Léierpersonal. Do gëtt et zwou Ursaachen. Déi éischt, dat ass eng éischter strukturell Ursaach. Dat ass dee Wuesstum, dee mer hei am Land hunn. Dat ass dat, wou de Statec virun dräi, véier Woche gesot huet ..., wat de Statec „eng Bevëlkerungsexplosioun" genannt huet, eng „Explosion démographique". An dat ass och de Grond, firwat mer a ville Beräicher hei am Land net méi nokommen an den Infrastrukturen, mee eeben och bei deene Leit, déi an deene Servicer vum Staat schaffen.

Mir haten de Mëtten d'Debatt driwwer, datt mer net méi genuch Zaldoten hunn, mir hate gëschter oder virgëschter iwwert d'Poliziste geschwat, wou mer der laang Zäit net méi genuch haten an am Moment net méi genuch hunn. An dat ass eeben och de Fall bei de Schoulmeeschteren an och bei de Proffen an de Lycéeën. Et feelt einfach u Leit, well mer dee Wuesstum, dee mer hunn, net meeschteren. Mee dee Problem kréie mer natierlech net vun haut op muer geléist. Dee misste mer awer eng Kéier ugoen.

Deen zweete Problem, deen ass dann e bësse méi hausgemaach. An dat ass einfach déi politesch Ursaach, géif ech et emol nennen, dat ass, wéi de Beruff evoluéiert huet. Mir hunn e Beruff, dat ass de Schoulmeeschter, d'Joffer, dat ass haut e Beruff, dee mat extreem vill administrativem Opwand verbonnen ass, deen ëmmer méi komplizéiert gëtt, wou och ëmmer méi gefuerdert gëtt vun deene Leit, déi do schaffen, a wou am Fong net méi esou déi zentral Roll ass wéi fréier, wou de Schoulmeeschter Schoul gehalen huet an e vläicht sech net fir alles huet misse rechtfertegen oder hei an do Reuniounen an esou weider matmaachen. Dat ass ee Problem.

Dann hu mer déi ganz vill Reformen, déi stattfonnt hunn. Dat ass e Fakt, dass an de leschte Joren immens vill Reforme waren, dass vill Leit sech och an deene ganze Schoulsystemer, et si jo verschiddener mëttlerweil, déi mer hunn – a wivill kommen der nach? –, net méi esou ganz zurechtfannen. Et vermësst een also eng gewësse Rou an deem Beräich.

An dann ass natierlech och d'Bild vum Enseignant, wat vläicht net méi dat ass, wat et eng Kéier war, a wou et gutt wier, wann een dee Beruff vläicht och am Kader vun de Campagnen iergendwéi géif an d'Vitrinn stellen, als eppes ganz Wichteges géif duerstellen. Do kéint een dat opwäerten. Ech mengen, dat wier ganz, ganz wichteg hei, fir Léierpersonal ze fannen.

D'Follgen eebe sinn net méi genuch Leit. Iwwregens, nach en anere Problem: Et sinn immens vill Schoulmeeschteren a Joffere mëttlerweil och detachéiert, déi Aufgabe maachen, wou se net méi direkt an der Schoul sinn. Och dat ass e Problem. A wivill sinn dat der am Ganzen, déi um SCRIPT oder ech weess net wou, an den Direktioune schaffen, déi am Fong eng gutt Aarbecht kéinten um Terrain maachen? Soit. Mir hunn der net méi genuch. D'Léisung ass dann elo Quereinsteiger. Bon.

Wat hei gesot ginn ass, ass richteg, dat ass an engem gewëssene Sënn net ganz gerecht. Mir hunn also zwou Méiglechkeeten, déi an e Beruff féieren. An déi eng, déi huet awer gewësse Virdeeler par rapport zu där anerer. Dat heescht, am Fong ass déi traditionell Ausbildung mam Bachelor en science de l'éducation, fréier den ISERP, am Fong hei benodeelegt, déi verléiert eventuell un Attraktivitéit, well bei deem anere Wee, do huet een och nach aner Méiglechkeeten nom Bachelor, déi ee kann aschloen, eng gewësse méi grouss Fräiheet. Bon.

Et ass eeben ..., d'Situatioun ass elo esou. D'Quereinsteiger sinn do an d'Quereinsteiger wäerten nach kommen a mir wäerten och an noer Zukunft net op déi kënne verzichten. Dat ass d'Realitéit.

Mir missten awer derfir suergen, dass mer méi diploméiert Personal kréien, dat eng richteg komplett Schoulmeeschterausbildung huet. Mir brauche gutt Schoulmeeschteren a Joffere mat enger exzellenter Ausbildung a mir brauchen och Schoulmeeschteren a Jofferen, déi déi dräi administrativ Sproochen hei am Land gutt kënnen, esou wéi et déi lescht 100 Joer de Fall war.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, eis Kanner sinn eis Zukunft. Dowéinst ass et wichteg, datt d'Lat bei der Qualitéit vun eisem Personal vum Fondamental extreem héich läit.

Wat d'Kanner méi jonk sinn, wat d'Personal muss besser forméiert an ausgebilt sinn. Formations continues sinn och immens wichteg, fir um aktuelle Stand ze sinn, wat wëssenschaftlech Erkenntnisser an awer och nei pedagogesch Outile sinn, fir d'Kanner an hirer Entwécklung weiderzebréngen.

Mee wat brauche mir nach an eisem Fondamental? Mir brauche genuch gutt ausgebiltent Personal, mee och déi passend Raimlechkeeten, fir alternativ pedagogesch Konzepter am Unterrecht kënnen unzewenden.

De Frontalunterrecht gehéiert ëmmer méi der Vergaangenheet un. Haut gëtt schonn a ville Schoulen a klenge Gruppen enseignéiert. Mir fuerdere scho méi laang, dass dat soll a Verbindung gesat si mat engem Enseignement an der multiprofessioneller Ekipp, wou dann och d'Enseignanten zesumme mat spezialiséierten Enseignantë kënne mat de Kanner a klenge Gruppe schaffen.

All Schoul ass jo gebieden, sech e Plan de développement scolaire ze ginn. D'Aféierung an d'Notze vun digitale Supporten am Fondamental ass och eng Fuerderung, déi de Ministère un d'Schoule stellt. Dofir ass et wichteg, datt d'Schoulen dat néidegt pedagogescht Material souwuel u Schoulbicher, Informatiksmaterial, awer och eng Enveloppe budgétaire fir Sortien, extra Aktivitéiten an aner Besoinen, fir e flotte Programm mat de Kanner zesummen opstellen ze kënnen, bereetgestallt kréien. An dat ass allze oft kompromettéiert um Niveau vun der Gemeng.

De Ministère misst um Terrain méi present sinn a méi intensiv mat de responsabele Gemengeservicer kënnen zesummeschaffen. Mir brauchen awer och e gutt strukturéierte pedagogeschen Encadrement. Dat sinn d'Ramebedingungen, déi stëmme mussen. Mee eng Schlësselfigur ass a bleift den Enseignant respektiv déi ganz Équipe pédagogique.

Här President, an dowéinst – ech widderhuele mech – brauche mir virun allem och genuch a gutt forméiert Leit, déi aus verschiddene Richtunge kommen. Dat sinn Enseignanten, Pedagogen, Educateuren, bref, gutt pluridisziplinär pedagogesch Ekippen op der Plaz.

D'Madamm Hansen huet an engem Zeitungsartikel am „Lëtzebuerger Wort" schonn 2021 geschriwwen: „Gute Lehrer braucht das Land". Um Terrain ginn eng Hellewull vun Enseignantë gesicht a gebraucht, déi awer nach net do sinn. D'Ursaachen dofir si villfälteg an historesch gewuess. Déi Debatt iwwert d'politesch Ursaache vun der Penurie un Enseignanten ass schonn hei gefouert ginn an d'Mesür vun de Quereinsteiger geet och dorobber zréck.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

2018/2019 si sougenannte Quereinsteiger mat Bachelordiplom an engem Fach, dat eppes mat Erzéiungswëssenschaften ze dinn huet, also ganz wäit a breet gefächert, agestallt ginn, fir den Educatiounssystem och nëmmen hallefweegs um Lafe kënnen ze halen.

D'Quereinsteiger hu missen eng intensiv Formatioun matmaachen, zäitgläich mat hirer Aarbecht an de Klassen. E puermol war rieds vun enger Evaluatioun, engem Tëschebilan vun de Quereinsteigermesüren; déi hunn d'Gewerkschafte gefuerdert an déi Lénk hu se och gefuerdert. An am Juli 2021 hu mir eng Motioun an deem Sënn deposéiert. Déi gouf awer ofgeleent.

Rien n'y fait. Wéi gutt sech d'Quereinsteiger an deem neie Beruff vum Enseignant agelieft hunn, wësse mer also net aus offizieller Quell, mee et kënnt ee jo u Leit, déi an deem Fall sinn, a Leit, déi Leit kennen, déi an deem Fall sinn. An do ginn d'Meenunge wäit auserneen.

D'Conclusioun ass generell ëmmer, dass et Leit gëtt, déi net gemaach sinn, fir Enseignant ze ginn, an dat, obwuel se d'Matière studéiert hunn. Aner Leit hätten ni domadder gerechent, jeemools eng Kéier dee Beruff ze maachen, an entpuppe sech als Quereinsteiger dann als wierklech gudden, kompetenten Enseignant. Esou oder esou ass et wichteg, dass d'Qualitéit an d'Exigenze vun der Formatioun vun den Enseignanten eropgesat ginn.

An deem Sënn ass déi rezent Demarche vum Educatiounsministère op der Uni.lu ze begréissen, och wann ee gären en Abléck an de Planungsprozess vun der neier Quereinsteigerformatioun kritt hätt, notamment well dës Formatioun, fir datt si hiren Zweck erfëlle kann, jo awer misst op eng Form vun Evaluatioun vum Dispositiv vun de Quereinsteiger vu virdrun opbauen, theoreetesch zumindest.

*(Interruption)*

Et ass wierklech ze begréissen, dass d'Plaze fir de Bachelor am Enseignement op 180 opgestockt gi sinn, wat wierklech e gudden Ufank ass. Op der Uni gëtt et awer och elo eeben déi zousätzlech Formatioun, wou et 240 Plaze gëtt fir déi sougenannte Quereinsteiger.

Dës Leit sollen ab der nächster Rentrée eng intensiv Unisformatioun vun engem Joer no hirem Bachelor a Vollzäit maachen, éier se dann op d'Kanner lassgelooss ginn. Dëst dréit sécherlech zur Qualitéit vum Enseignement bäi an och zu der Work-Life-Balance vun deene Leit. Virdru ware si direkt an de Schoule mat agebonnen, ganz oft an enger Klass, ouni richteg Formatioun. Si hunn nieft hiren Tâchë missen all déi Coursen, Rapporten, Virbereedungen halen a schreiwen, wat eng immens Belaaschtung war, wann ee schonn net vum Fach ass.

Mat dëser universitärer Formatioun vun engem Joer wäert dat jo dann net méi de Fall sinn. Mee do stellt sech awer en anere Problem. Leit, déi en cours d'emploi sinn an déi dës Formatioun am Kader vun enger Reconversation professionnelle géife maachen, misste bal ee Joer Congé ...

**Une voix** | Reconversion.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Reconversion, pardon.

... misste bal ee Joer Congé sans solde huelen. Dat heescht dann, wärend engem Joer ouni Pai an ouni ze cotiséieren, riskéiere si, an d'Prekaritéit ze falen.

Do kéint een, ech hunn et de Moien a menger Ried zum Statut vum Independant schonn ernimmt, iwwert de Wee vun enger Année sabbatique, wéi se an der Belsch schonn existéiert, goen. Sou kéinte Leit, déi sech op dës Aventure wéilten aloossen, wärend engem Joer weider e Revenu bezéien opgrond vun hirer Cotisatioun an der Sécurité sociale, fir sech op dëse Studium kënnen ze konzentréieren, an dat ouni finanziell an d'Laberenten ze kommen. Dëse Wee géif et erlaben, datt eventuell méi Leit dëse Schratt géife woen, well se da keng finanziell Aboussen hätten.

Här President, fir eis ass et och wichteg, datt een awer wéinstens e bëssen Erfarung mat Kanner matbréngt. Mir weisen dofir dorop hin, datt Stagen enorm wichteg sinn am pedagogesche Beräich. D'Theorie ass einfach, déi kann ee léieren, mee de Kontakt mat de Kanner um Terrain léiert ee just by doing.

Dat fält awer elo bei der Quereinsteigerformatioun op der Uni.lu zimmlech mince aus. Do gëtt et vill manner Stagë wéi beim konventionelle Wee, wat immens schued ass. An engem Joer kann ee schlecht alles léieren. Dofir däerfen d'Absolvente vum Quereinsteiger-Bachelor net am Zyklus 1 – Precoce a Spillschoul – enseignéieren.

Fir mat ganz klenge Kanner ze schaffen, bräicht een eng spezifesch Formatioun. Mir géifen eis wënschen, datt déi nei Formatioun op der Uni.lu no an no ugepasst géif ginn, fir dës Lacunnen eventuell ze behiewen. An en Zwëschebilan wär och fir eis an eisen Aen immens wichteg ze maachen, vläicht no engem oder zwee Joer, wéi mer dat och bei anere Saache maachen. Voilà.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt der LSAP Merci soen, datt se dës Heure d'actualité ugefrot hunn, och wa se e bësse vum Minister virgezu gouf, dee gëschter scho Saachen annoncéiert huet, déi och haut hätte kéinten annoncéiert ginn. Bref! D'Madamm Hansen huet dozou alles gesot.

2018 ass de Modell vum Quereinsteiger am Fondamental agefouert ginn. Fir eis Piraten sinn d'Quereinsteiger am Fondamental esou eng Aart noutwendegt Iwwel. Natierlech si mer eis der grousser Penurie u Personal bewosst a mir wëssen, datt ee qualifizéiert Personal net einfach esou aus dem Stee schléit.

Wat wieren also d'Alternativen? Nach méi Kanner an deels schonn ze grouss Klassen ze stiechen, kann et jiddefalls net sinn. Also muss ee méi Leit rekrutéieren. Jo, dat ass natierlech einfach gesot, mee net ëmmer einfach gemaach. D'Léisung vum Educatiounsministère bestoung doranner, datt och Leit mat engem Bachelorofschloss als Quereinsteiger kënne Schoul am Fondamental halen. Iwwert d'Jore sinn esou eng ganz Rei Leit an de Beruff komm a Verschiddener, héchstwarscheinlech e ganz groussen Deel vun hinnen, maachen hir Aarbecht bestëmmt gutt.

Den aktuelle Modell soll dann elo, dat wësse mer zanter gëschter, zu enger Formation universitaire accélérée iwwerschafft ginn. Dat géife mir Piraten ganz gäre begréissen, mee et geet hei ëm d'Ausbildung vun eise Kanner. An ech mengen, ganz vill vun eis heibanne si selwer Elteren. Als Eltere wëlle mer fir eis Kanner déi beschtméiglech schoulesch Ausbildung, an dat fänkt bei guddem Léierpersonal un. Besonnesch am Fondamental si vill verschidde Kompetenzen noutwendeg an och Kenntnisser aus Beräicher wéi der Pedagogik sinn hei enorm wichteg. Et ass eeben net e Studium x plus eng acceleréiert Formatioun. Well de Fondamental bilt déi wichtegst Basis fir dat spéidert Liewen.

Fir eis ass dësen neien Ausbildungswee awer net esou ganz de richtege Wee. Sécher, fir méi kuerzfristeg a Schoulen auszehëllefen, kënne Quereinsteiger duerchaus gutt sinn, awer net onbedéngt laangfristeg. An ech fäerten, datt hei eppes bestätegt gëtt, wat u sech ëmmer nëmmen eng Plooschter war. „Ce n'est que le provisoire qui dure", huet een e bëssen d'Gefill. Elo gëtt de Provisoire nach mat engem Fundament ausgestatt, mee en dauert awer un.

Et stelle sech awer och mat dëser Ännerung nach eng ganz Rëtsch Froen. Et handelt sech ëm eng kuerz Formatioun am Verglach mam traditionelle Bachelor en sciences de l'éducation. Geet dat duer, fir de Leit wierklech alleguer déi néideg Kompetenze bäizebréngen? Mir, a mir sinn net eleng, gleewen dat net onbedéngt, soss hätt de Bachelor en sciences de l'éducation keng aacht Semester. Dat war ëmmer eng grouss Diskussioun, firwat deen aacht Semester hätt, firwat dee sou besonnesch wär, firwat deen anescht wär. Ma et ass ëmmer gesot ginn: „Well et eebe méi Kompetenze sinn." An elo op eemol gëtt gesot: „Majo studéier iergendeppes op Bachelor an da gees de nach eng Kéier zwee Semester dohinner an da méchs de eebe Pedagogik no!" Dat ass iergendwou net kohärent.

Da stellt sech d'Fro no der Anciennetéit fir eis. Zwar sollen d'Leit mat dem traditionelle Bachelor en sciences de l'éducation bevirdeelegt ginn, soss gëtt et awer scheinbar keng grouss Ënnerscheeder. Mir waarden emol of, wéi dat sech elo entwéckelt.

Jo, déi nei Quereinsteiger dierfe just kee Cycle 1 ënnerriichten, mee dat ass an eisen Ae kee wierklechen Nodeel. Dat ass jo och dee Cycle, wou am Moment déi geréngste Penurie ass.

Fir eis verléiert domadder virun allem den traditionelle Wee dann e bëssen un Attraktivitéit. Firwat sech aacht Semester mat Pedagogie ustrengen, wann een et quasi och ka maachen, datt een en aneren, vläicht e méi einfachen, jee nodeem wat ee gutt kann, Bachelor ka maachen, fir dann am Schnellverfaren déi zwee Semester nozemaachen?

Interessant ass dann och, datt komescherweis am Bachelor just limitéiert Plazen ugebuede ginn oder goufen, mam Argument, et géif ze wéineg Dozentinnen an Dozenten op der Uni ginn. Elo hunn ech an enger Facebook-Äntwert vum Minister haut scho kënne liesen, datt 12 Millioune weider Dotatioun un d'Uni ginn. Mee ech mengen, datt bei den Dozentinnen an Dozenten deen nämmlechte Problem ass wéi bei den Enseignanteën an Enseignanten, nämlech datt een déi och net aus dem Stee schléit, soudatt ech mech froen, ob déi da wierklech matzäiten do sinn, fir wierklech deem neien Ustuerm gerecht ze ginn. Well et ka jo awer net sinn, datt dat selwecht Personal nach 240 Studentinnen a Studenten zousätzlech soll ausbilden.

An dann huet sech d'Fro gestallt, firwat net méi Plazen am Bachelor opgemaach goufen. Do wär ech och op eng Äntwert gespaant, wéi déi Zuelen zustane koumen iwwert d'Plazen am Bachelor en sciences de l'éducation an an deem neie Schnellbachelor.

Fir eis Piraten wär et dann och endlech un der Zäit, de Beruff vum Enseignant richteg opzewäerten. An den Educatiounsministère hätt dofir u sech zënter 2018 dach e bësse méi wéi genuch Zäit gehat. Geschitt ass awer guer a glat näischt.

De Beruff vum Enseignant gëtt vu ville Leit negativ gesinn. Ob zu Recht, dat loossen ech jiddwereen selwer beurteelen. Et ass ze vill administrativ Aarbecht, ze vill administrativ Hürden opgrond vun enger ze vill schwéierfälleger an deelweis onnéideger Bürokratie, ze vill Kanner mat Verhalensopfällegkeeten, wou d'Léierpersonal dacks am Ree stoe gelooss gëtt, bis endlech déi néideg Hëllef do ass. Géif een dës Problemer endlech richteg ugoen a méi Plazen am traditionelle Bachelor en sciences de l'éducation ubidden, kéint ech mir ganz gutt virstellen, datt sech dann och nees vill méi Leit fir de Beruff vum Enseignant géife begeeschteren.

Mee et schéngt jo méi einfach ze sinn, de gefroten Niveau erofzeschrauwen, an deelweis souguer, an dat weess ech aus perséinlecher Erfarung, zirkuléieren E-Mailen op der Uni u Leit, déi wëllen e Master en sciences de l'éducation maachen, déi dann explizitt vun der Uni ofgerode kréien, de Master ze maachen, se sollen dach wannechgelift mam Bachelor direkt schaffe goen, fir d'Penurie ze combléieren. Ech fannen, dat sinn dann awer E-Mailen, déi an engem Land wéi Lëtzebuerg net onbedéngt eng Plaz hunn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci datt mer dee passionante Sujet de Mëtten hei kënnen diskutéieren dank der Initiativ vum Francine Closener.

Ech muss soen, datt ech wéineg Afloss hat op den Datum vun där Pressekonferenz vu gëschter, well et war eng Pressekonferenz vun der Uni an déi wollt déi virum Open Day vum nächste Weekend maachen, fir dat doten erkläert ze hunn, an datt dann och méiglechst vill Leit dohinner kommen, fir sech et am Detail erklären ze loossen.

Ech hat nach manner Afloss op den Ordre du jour vum EU-Minister-Conseil vun den Educatiounsministeren dës Woch, well déi hu sech ganz explizitt an enger interessanter Debatt och mat dem Sujet vun der Penurie vun den Enseignanten do beschäftegt. An do war kloer, datt dat kee reng lëtzebuergesche Phenomeen ass, mee datt et en europawäite Phenomeen ass, an datt all Land probéiert, seng Léisungen ze fannen, wat d'Penurie vun den Enseignanten ubelaangt.

Dobäi kënnt nach eng Kéier am Lëtzebuerger Kontext, datt mer quasi eng generaliséiert Penurie hunn. Virdrun ass hei vu Police geschwat ginn, vun Arméi geschwat ginn, et kéint een d'Medezinnberuffer derbäihuelen, et kéint een d'Informatiker huelen, et kéint een d'Handwierker huelen. Et gëtt eigentlech bal keng Branche, wou et genuch oder ze vill Leit hei zu Lëtzebuerg gëtt. An dat ass jo och eppes, wat ee vläicht awer och bei esou Debatte wéi där heiter am Hannerkapp muss behalen, datt et net einfach esou geet, fir emol eng Kéier e puer Plazen op der Uni opzemaachen an dann ze soen: „Dann hu mer der genuch!"

Wa mer en Aarbechtsmarché hunn, wou mer 6.500 Leit am Joer hunn, déi an d'Pensioun ginn, wou mer zousätzlech nach eng Kéier netto 13.000 Aarbechtsplaze schafen an der Moyenne pro Joer a wou mer an de Schoulen – an ech kennen d'Chifferen – an engem Joergang 6000 Jonker hunn, déi do duerchginn, ënnen eraginn an uewen erausginn, da geet dat iergendzwousch net méi op. A jo, mir kënnen

net einfach dat maachen, wat an anere Beräicher geschitt, an d'Grenzregioun ze goen oder méi wäit ze goen, fir Enseignanten heihinner ze bréngen, dat geet net, well déi d'Sproochekompetenzen net hunn.

Stellt Iech emol eng Kéier vir, an de Spideeler misst esou rekrutéiert ginn, wéi dat an de Schoulen de Fall ass – da bräicht Der guer net dohinner ze goen, well et géif keen emol engem méi opspären, esou wär et dann!

Duerfir, mengen ech, solle mer awer och kucken, datt hei einfach Léisungen net ginn. Obwuel d'Penurie vun den Enseignanten europawäit en Theema ass, mer en extreem ugespaanten Aarbechtsmarché hunn, hu mer et fäerdegbruecht déi lescht Joren, der Croissance vun de Schülerzuele Rechnung ze droen: Mir hu vun 2016 bis 2022 eng Croissance bei de Schüler vun 11 % an der Grondschoul gehat a mir hunn och exakt eng Croissance vun 11 % bei den Enseignantë gehat.

Jo, et stëmmt: Do ass dee Programm, dee mer 2018 lancéiert hunn, vun de Quereinsteiger natierlech och mat derfir responsabel. Dat weist eis awer och nach eng Kéier, datt dat, wat och hei gesot ginn ass an dacks einfach emol esou behaapt ginn ass, den Enseignantsberuff wär net attraktiv, eigentlech net stëmmt!

Wa mer d'Gesamtzuel vun den Enseignanten am Fondamental ëm 11 % vun 2016 bis 2022 konnten eropsetzen, och mat Leit, déi deen dote Beruff vläicht net studéiert haten, mee awer vu baussen e wollten ausübe kommen a sech ëmschoule gelooss hunn, fir dat ze maachen, denken ech, weist dat och nach eng Kéier, datt e generell attraktiv ass, mee déi Attraktivitéit sech net just op Jonker limitéiert, déi no hirer Première direkt voller Begeeschterung soen: „Dat ass mäi Liewen, dat ass mäi Studium, an ech wëll dat dote maachen a soss näischt aneschters!" A vläicht kann een et och engem Jonken net verdenken, wann en deen dote Reflex huet.

Duerch dat, wat mer 2018 en place gesat hunn, hu mer dann awer net nëmme kënne kucken, datt mer genuch Enseignantë konnte rekrutéieren, fir eis Schoulen ze organiséieren, mir hunn och e qualitative Sprong gemaach, well déi Agenten, déi bis dohinner, soe mer mol, opgefëllt hunn, déi rekrutéiert goufe fir de kuerzfristegen Ersatz, mee awer an deene Jore virdrun, déi dat jo scho laang net méi just fir de kuerzfristegen Ersatz gemaach hunn, mee och Titulaire de classe waren, och ganz vill Fächer d'office assuréiert hunn, datt d'Zuel vun deenen, déi also mat enger Première – an, ech mengen, de Claude Lamberty huet et gesot – plus véier Woche Stage, plus d'Réserve de suppléants, nach méi laang Formatiounen, dat ass wouer, mee awer just op Basis vun hirer Première enseignéiert hunn an och quasi gläichwäerteg hir Klasse konnten eraussichen, datt de Prozentsaz vun deenen duerch de Quereinsteigerprogramm vun 12 % op haut 4 % erofgaangen ass.

Dat huet och derzou gefouert, datt et haut esou ass, datt mer bei 99,3 % vun de Klassen en Titulaire drop hunn, deen e Bachelorofschloss huet, de BScE oder eng Formatioun aus dem Ausland – et kommen der och ëmmer ganz vill vun do – oder eeben de Quereinsteiger, deen awer op Bachelorniveau jo rekrutéiert ginn ass an eeben net méi, wéi dat déi Jore virdru ganz normal war – an et huet quasi keen doriwwer diskutéiert –, datt et op Niveau vun der Première da geschitt ass. Also, mer hunn och mat deem dote Programm net nëmme quantitativ kënne Schoul organiséieren, mer hunn och e qualitative Sprong no vir gemaach!

Eng Angscht, déi 2018 jo bestanen huet, wéi mer hei iwwert de Quereinsteigerprogramm geschwat hunn, an déi zu Recht hei formuléiert ginn ass, datt deen neie Wee, fir e Bachelor ze maachen, da bei de Staat ze kommen, direkt eng fest Ustellung ze kréien, 270 Stonne Formatioun ze maachen, sech dem Concours ze stellen an dann och Enseignant ze sinn an d'Karriär ulafen ze loossen, datt dee Wee géif eigentlech d'Attraktivitéit vum BScE, vun dem reguläre Studium, ënnergruewen, déi Angscht huet sech eigentlech och net confirméiert. An dat ass gutt esou, well mer am Laf vun deem Zäitraum do, vun 2017 bis 2022, 52 % méi Studentinnen a Studenten am BScE op der Uni hunn, wéi dat virdrun de Fall war.

Et sinn Efforte gemaach ginn – an d'Josée Lorsché ass dorobber agaangen –, fir och Admission conditionnelle ze maachen, fir ze soen, et ass vläicht e Profill, wou nach op där enger Sprooch oder op där anerer Sprooch oder op gewësse Kompetenze muss geschafft ginn, mee dann huele mer eis déi véier Joer Zäit wärend dem BScE a mir schaffen dorunner, an dat huet derzou gefouert, datt mer méi Studente konnten op der Uni ophuelen an der lo mëttelerweil och amgaange sinn, méi erauszekommen.

An dat, mengen ech, ass de beschte Beweis derfir, datt et och trotz esou Quereinsteigerprogrammer net d'office esou ass, datt de reguläre Wee geschwächt gëtt! Nee, mir hunn et fäerdegbruecht, en op der Uni gläichzäiteg och nach ze stäerken, an et ass jo och dat, wat mer fir d'Zukunft wëlles hunn.

Vläicht nach eng interessant Remark: Mir soe jo dacks hei: „Et si Quereinsteiger, déi hunn iergendee Bachelor." Ganz vill, déi als Quereinsteiger agestallt goufen, haten e Bachelor en sciences de l'éducation a sinn net an d'Karriär vum Enseignant erakomm, well se d'Preliminairen net haten. Se hu sech mat deem Bachelor en sciences de l'éducation um Quereinsteigerprogramm bedeelegt – ech verroden Iech hei elo keng Geheimnisser, dat war ganz kloer esou viru Joren ugekënnegt –, fir dann an där Formatioun, déi se als Quereinsteiger gemaach hunn, net eng pedagogesch an didaktesch Formatioun ze kréie wéi déi aner Quereinsteiger, mee déi ganz intensiv op hire Sproochekompetenze geschafft hunn an doduerjer herno de Concours konnten och maachen an dee konnte bestoen an an déi Karriär konnten erakommen.

Dann, dee gréissten Deel ..., aus deem gréisste Pool, aus deem rekrutéiert ginn ass, wou mer eng Kommissioun haten am Ministère, déi all Dossier gekuckt huet, déi natierlech gekuckt huet, mat wat fir engem Bachelor do e Kandidat kënnt, déi awer natierlech och nach gekuckt huet, wat dee soss am Liewe gemaach huet ... Natierlech war et en Avantage, wann ee scho wärend Joren, wärend sengem Studium, als Chargé geschafft huet oder wann een no der Première als Chargé een, zwee Joer schaffe gaangen ass an dann e Bachelor gemaach huet, dann ass dat natierlech consideréiert ginn.

A vläicht ass och deen een oder deen aneren derbäi, deen wéinst deem Krittär och emol als Jurist mat engem Bachelor erakomm ass, well en einfach een, zwee Joer schonn als Chargé geschafft hat. An dat, denken ech, war och interessant, deenen e gewëssenen Avantage ze ginn, dann och opgrond vun engem Dossier kënnen déi Selektioun do ze maachen.

Mee natierlech ass dee gréisste Pool, soe mer emol, aus de Geeschteswëssenschaften, der Pedagogik, der Psychologie, der Soziologie, awer dann och dem Sport, der Konscht an natierlech awer och de Sproochen an der Mathematik gewiescht, wat eeben och Haaptfächer an der Grondschoul sinn.

Ech mengen, jiddereen ass mat mer d'accord – an déi meescht hunn et gesot –: Et gëtt ganz gutt Enseignanten, déi de reguläre Wee gaange sinn; et gëtt ganz gutt Quereinsteiger, esou wéi et virdrun och ganz gutt Chargé-de-coursë gouf, déi mat Première komm sinn an iwwer laang Joren an heiansdo Joerzéngten eng formidabel Aarbecht geleescht hunn. Jo, an et gëtt der och, och bei de Quereinsteiger – an et wär gelungen, wann et do net esou wär –, déi erausfannen, datt et näischt fir si war. 10 % vun de Quereinsteiger hunn dann och am Laf vun der Zäit erëm opgehalen, hu festgestallt: Ech wollt eppes Neies maachen, ech wollt mech an der Educatioun engagéieren, mee et war awer näischt fir mech. An ech denken, datt dat och eng Decisioun ass, déi richteg ass dee Moment, wann een dat esou konnt feststellen.

75 % allerdéngs sinn dee ganz normale Parcours weidergaangen, hu sech dem Concours gestallt, si fonctionariséiert ginn. An am Concours hu mer keng signifikativ Ënnerscheeder am Klassement kënne feststellen tëschent deenen, déi de BScE gemaach hunn – oder en anere Studium an engem anere Land – an deenen, déi de Quereinsteigerprogramm gemaach hunn. Ech mengen, dat ass och nach eng Kéier eng Indicatioun, wat d'Qualitéit vun deene Leit ubelaangt.

Ech hunn et virdru gesot: En Dënschteg war ech zu Bréissel am EU-Ministerrot, an et ass eng Erausfuerderung fir all Land, fir ze kucken, Jonker ze motivéieren, an den Enseignantsberuff ze goen. An, ech denken, dat, wat do diskutéiert gouf, vu Pisten, déi mer musse goen, als Gesellschaft eigentlech musse goen, dat ass och de Mëtten an der Debatt hei ugeklongen: d'Unerkennung vum Beruff, wat jo, mengen ech, dat Schwieregst ass. Well d'Unerkennung vum Beruff huet vläicht e klengen Deel, wou mir hei an der Chamber en Afloss drop hätten, nämlech Gesetzer ze stëmmen, wat de Verdéngscht ubelaangt. Mee d'Unerkennung vum Beruff an der Gesellschaft dobaussen ass näischt, wat ee per Gesetz kann dekretéieren, mee eppes, wat eng Gesellschaft eigentlech muss selwer spieren, wéi wichteg den Enseignant ass!

An ech soen ëmmer: Wa mer gären hätten, datt mir fir eis eege Kanner herno nach gutt Enseignanten an der Schoul hunn, da sollte mer eis wierklech iwwerleeën, wéi mer heiansdo iwwert den Enseignant an den Enseignantsberuff schwätzen an eis heiansdo emol selwer zréckhalen, well och dat féiert dozou, datt deen een oder deen aneren esou net wëll exposéiert sinn an esou net wëll mam Fanger op sech gewise kréien!

Et ass awer och e Sujet, datt mer den Enseignantë musse Perspektiven opmaachen, datt deen, deen als Enseignant 10 Joer, 15 Joer, 20 Joer mat voller Motivatioun virun der Klass enseignéiert, datt deen och eppes aneschters brauch. An dofir verstinn ech déi Polemik jo net, datt gesot ginn ass, se dierften net an de SCRIPT goen, se dierften net an eng Direktioun goen, se missten net ..., se kéinten net hëllefen, de ganze System mat Innovatioun ze fëllen an ze kucken, datt mer de System weider ..., déi kéinte sech net an der Initiatialausbildung an an der Weiderbildung vun den aneren Enseignanten engagéieren.

Ech soen: Dach, se mussen dat kënne maachen, well och dat Perspektive bitt, wann ee seng Erfarung, déi ee gesammelt huet, un anerer ka weidergi respektiv dem ganze System kann zur Verfügung stellen! An et ass heiansdo genau dat, wat och Leit brauchen no enger Rei vu Joren: och emol eng Kéier en Tapetenwechsel, an ze kucken, sech aneschters kënne fir dee ganze System a finalement och nach ëmmer fir d'Schülerinnen an d'Schüler ze engagéieren.

En anere Sujet ass de Well-Being vun den Enseignanten. Natierlech ass et permanent en enorm

erausfuerdernde Beruff. Et ass natierlech e Beruff, dee mat alle Komplexitéiten, wéi eis Gesellschaft haut fonctionéiert, direkt an hautno confrontéiert ass, dat geet net aneschters. D'Schoul ass en Deel vun der Gesellschaft, d'Spigelbild vun der Gesellschaft, an alles dat, wat mer do fannen, och vu Problematiken an Erausfuerderungen, dat hu mer an der Schoul. Et ass e Beruff, wou ee vu sech selwer ganz vill gëtt, mee natierlech awer och ganz vill kann zréckkréien, an ech mengen, jiddereen, deen dee Beruff do gewielt huet, dee weess dat an dee spiert dat och esou am Alldag.

Mir hunn awer fir de Well-Being vun den Enseignanten och eng spezialiséiert Divisioun am IFEN, am Institut de formation de l'éducation nationale, geschafen, fir genau och op deem dote Sujet ze schaffen an d'Enseignanten och doranner ze stäerken, hirer alldeeglecher Missioun kënne gerecht ze ginn.

An dann ass et d'Fro, ob mer derbäi bleiwen a mengen, et géif duergoen, eebe just an den Enseignantsberuff eranzekommen, wann een dat no der Première decidéiert mat 19, mat 20 Joer. A mer wëssen awer och: Den Enseignantsdiplom, dee féiert an den Enseignement an op net ganz vill aner Plazen hin, an do bleiwen der vläicht op der Streck, wa mer dat als eenzegen Zougangswee loossen.

D'Leit haut – laut der Statistik vun der OCDE – wiesselen an der Moyenne all néng Joer hir Aarbechtsplaz, a wa mer dat fir den Enseignant net erméiglechen an do och fir deen, deen emol eng Kéier wëll vu baussen an den Enseignement erakommen, keen Zougangswee hunn – wéi dee strukturéiert ass, doriwwer kann ee jo mol nach schwätzen, dat maache mer jo elo hei –, mee dat d'office ausschléissen, denken ech, da ginn dem Enseignement och ganz gutt Leit verluer. An dat ass awer och eppes, wou all aner Länner quasi dru schaffen, eeben och Programmer, fir als Quereinsteiger an de Beruf eranzekommen, an et als eng Stäerkt gesinn, eng Beräicherung gesi fir Schoulen an d'Qualitéit vun de Schoulen, wa Leit mat enger anerer Beruffserfarung oder engem anere Studium och kënnen do Responsabilitéit iwwerhuelen.

Bon, vläicht – well d'Zäit, Här President, ass amgaangen, mer liicht fortzelafen –, nach e puer Wuert dann zu deem, wat gëschter presentéiert ginn ass, mee dat allermeescht ass jo awer gesot ginn hei am Laf vun der Debatt.

Mir hunn eng Konventioun mat der Uni.lu gemaach. Jo, mir stellen zousätzlech nieft der initialer Dotatioun fir deen dote Programm, dee mer ofgemaach hunn am Beräich vun der Educatioun, 12 Millioune fir den aktuelle Véierjoresplang zur Verfügung, fir Rekrutementer ze maachen, fir den entspriechenden Departement an där Fakultéit kënnen auszebauen, Moyenen, déi just duerfir do sinn, déi d'Uni fir näischt aneschters kann huelen. Dat war e Punkt, dee mir extreem wichteg war an deene Verhandlungen.

En anere Punkt war extreem wichteg, datt d'Uni sech weider muss engagéieren, méi Jonker an de BScE eranzehuelen! An dat maache se: 180 ass den Engagement vun der Uni.lu, 180 Studentinnen a Studente pro Joergang am BScE.

An da wësse mer awer, datt dat och nach net géif duergoen. Mir hunn der nach ëmmer, déi aus dem Ausland kommen – an och dat, mengen ech, ass eng Beräicherung fir eis Schoul –, déi vun hei fortginn, Residenten, déi do studéieren an déi mat engem Diplom zréckkommen. Mee dat, wat bleift, bis zu 100 dann, kann awer och nach a muss dann eventuell duerch e Bachelor en formation pédagogique opgefëllt ginn, deen esou strukturéiert ass, wéi et virdrun hei beschriwwe gouf – ee Joer zousätzlech didaktesch a pedagogesch Formatioun plus eng Rei vu Stagen integréiert –, an dann natierlech awer och musse weisen, datt een dat drop huet, datt d'Uni dat och kann zertifiéieren. A gleeft mer, d'Uni.lu wäert kee Bachelor ausstellen, wann en net de Wäert vun engem Bachelor huet – do sinn ech fest dervunner iwwerzeegt! An dat ass och meng Missioun als Héichschoulminister, fir dat kënnen ze garantéieren.

An dann, en anere Punkt war mir wichteg, wa mer grad vu Perspektiven och schwätzen, déi mer dem Enseignant musse ginn, dann eeben och Masterprogrammer ze maachen, déi mer hei zu Lëtzebuerg ubidden – well ganz vill si ganz wäit queesch uechter Europa ënnerwee, fir e Master ze maachen –, déi mer hei ubidden, a Beräicher, déi eis Schoul brauch an der Inklusioun, e Master an der Schoulentwécklung, e Master an der Unterrechtsentwécklung, genau dat, wou mer an der Schoul musse weiderkommen, fir do och nach spezifesch Kompetenzen opzebauen iwwert déi nächst Joren.

An natierlech musse mer dee Programm, dee mer och scho viru Joren ugefaangen hunn, fir fir eenzel Aufgaben och Masterfonctiounen ze definéieren an der Schoul, ausbauen, sief et d'I-EBSen, datt mer musse kucken, wéi mer kontinuéierlech weiderkommen, sief et, datt mer musse kucken, wien e Master an der Schoulentwécklung huet, wat fir en Zougang dat da bitt ...

*(Interruption)*

An d'Direktiounen, natierlech, well dat steet scho quasi esou am Gesetz, mee awer och vläicht, fir aner Aufgaben ze iwwerhuelen, wat fir eng Aufgab dann ee mat engem Master an der Unterrechtsentwécklung iwwerhëlt. Mir hunn Enseignanten, déi haut den Enseignanten hëllefen, hiren Unterrecht och weiderzeentwéckelen, zum Beispill an Digitalmethoden eranzekommen, an déi Kompetenze wëlle mer och iwwert deen dote Wee an eis Schoule kréien.

An eng Saach, denken ech, erreeche mer och domadder, ...

**Une voix** | Jo!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... nämlech, datt dat véiert Joer, wat am BScE haut jo gefuerdert gëtt, endlech valoriséiert gëtt, well wann ech dee Master do ka maachen, dann huet dat véiert Joer jo endlech e Wäert, well dee Master, deen hei ugebuede gëtt, just ee Joer huet a 60 ECTS-Punkten huet. Da kommen ech op 300 ECTS-Punkte mat mengem Bachelor en science de l'éducation vun 240 an ech hunn d'Méiglechkeet, dann duerno och dat Joer, dat ëscht Joer quasi no mengen dräi Joer, richteg ze valoriséieren an dat kënnen ze maachen.

A fir mech war och wichteg, datt d'Uni sech an deenen dräi Masteren esou organiséiert, datt se och Studentinnen a Studenten en cours d'emploi kann eranhuelen, datt also och deen, deen elo schonn eng Rei vun Erfarungsjoren am Beruff huet mat engem BScE oder vläicht awer dann och herno iwwert den neie Programm, de Bachelor en formation pédagogique, dee jo och dann – 180 plus 60 an dann nach eng Kéier plus 60 – genuch ECTS-Punkten hätt, datt se dat en cours d'emploi kéinte maachen, fir vläicht wärend fënnef Joer 12 Punkten ze maachen an dat mat hirer normaler Beruffsaktivitéit kënnen ze assuréieren. Do gesinn ech och eng Stäerkung vum gesamte Corps enseignant dran an dat ass fir mech nach e ganz wichtege Punkt an dësem Ofkommes.

*(Interruption par la présidence)*

Här President, ech verstinn, datt lues a lues hanne geschellt gëtt. Ech hätt vläicht nach e puer Saachen ze soen, mee mir wäerte bestëmmt nach méi wéi eng Kéier op de Sujet zréckkommen.

Merci fir déi Debatt vun haut de Mëtteg.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Educatiounsminister Claude Meisch. Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

Domat si mer och um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 21., 22. an 23. Mäerz virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 18.59 heures.)*

# 39e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 62
   M. Fernand Etgen, Président
2. **Communications** p. 62
   M. Fernand Etgen, Président
3. **Ordre du jour** p. 63
   M. Fernand Etgen, Président
4. **8136 – Proposition de modification de l'annexe 2 du Règlement de la Chambre des Députés** p. 63
   Rapport de la Commission du Règlement : Mme Martine Hansen
   Discussion générale : M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement
   Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8136

5. **8146 – Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003** **p. 64**
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Guy Arendt
Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Mars Di Bartolomeo | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8146 et dispense du second vote constitutionnel

6. **Débat d'orientation au sujet de la participation citoyenne dans l'élaboration des politiques publiques** **p. 65**
Exposé : M. François Benoy (dépôt de la motion 1)
Débat : M. Gilles Roth | M. Frank Colabianchi (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup (intervention de M. Roy Reding) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement | M. Yves Cruchten
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Mars Di Bartolomeo)
Motion 1 : M. Gilles Roth | M. Fred Keup | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | M. François Benoy
Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Corinne Cahen et M. Claude Turmes, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen,** Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert oder vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

***Communications du Président – séance publique du 21 mars 2023***

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets de loi suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :*

*8170 – Projet de loi portant fixation des éléments et montants de la dotation allouée au Chef de l'État, à l'ancien Chef de l'État, au Grand-Duc Héritier, au Régent et au Lieutenant-Représentant et modifiant la loi modifiée du 24 mai 1922 ayant pour objet de réglementer à nouveau l'assiette à l'impôt sur le revenu et à l'impôt complémentaire des revenus et biens de la Maison grand-ducale de Luxembourg*

*Dépôt : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 07/03/2023*

*8171 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19*

*Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 13/03/2023*

*8172 – Projet de loi portant modification :*
*1° du Nouveau Code de procédure civile ;*
*2° de la loi modifiée du 18 février 1885 sur les pourvois et la procédure en cassation*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 13/03/2023*

*8173 – Projet de loi sur la responsabilité pénale des membres du Gouvernement et portant mise en œuvre de l'article 94 nouveau de la Constitution*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 13/03/2023*

*8174 – Projet de loi portant*
*1° transposition de la décision-cadre 2003/577/JAI du Conseil du 22 juillet 2003 relative à l'exécution dans l'Union européenne des décisions de gel de biens ou d'éléments de preuve ;*
*2° transposition de la décision-cadre 2006/783/JAI du Conseil du 6 octobre 2006 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de confiscation ;*
*3° modification du Code de procédure pénale ;*
*4° modification du Nouveau Code de procédure civile ;*
*5° modification de la loi du 22 juin 2022 portant sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 13/03/2023*

*8175 – Projet de loi introduisant un plafond sur les recettes excédentaires issues du marché des producteurs d'électricité*

*Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 15/03/2023*

*8176 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation*

*Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 17/03/2023*

*8177 – Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2014 relative aux produits phytopharmaceutiques*

*Dépôt : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 17/03/2023*

*8178 – Projet de loi relatif au financement de la contribution négative dans le cadre du mécanisme de compensation pour l'année 2023*

*Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 17/03/2023*

*8179 – Projet de loi portant modification de la loi du 21 mars 2006 sur les équipes communes d'enquête aux fins de transposition de la directive (UE) 2022/211 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2022 modifiant la décision-cadre 2002/465/JAI en ce qui concerne sa mise en conformité avec les règles de l'Union relatives à la protection des données à caractère personnel*

*Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 20/03/2023*

*3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :*

*7122 – Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2014 relative aux produits phytopharmaceutiques en transposant la directive 2009/128/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 instaurant un cadre d'action communautaire pour parvenir à une utilisation des pesticides compatible avec le développement durable, et en mettant en œuvre certaines dispositions du règlement (CE) n° 1107/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 concernant la mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et abrogeant les directives 79/117/CEE et 91/414/CEE du Conseil*

*Dépôt : M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs, le 09/03/2017*

*Retrait du rôle des affaires : 17/03/2023*

*4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

*2666 – Demande de pétition publique : Contravention simple pour excès de vitesse – Nouvelle réglementation en fonction de la vitesse retenue*

*Dépôt : M. Guy Schroeder, le 28/02/2023*

*2667 – Demande de pétition publique : Interdire aux propriétaires de ne pas autoriser la tenue d'animaux dans une location*

*Dépôt : Mme Candy Backes, le 28/02/2023*

*2668 – Demande de pétition publique : Travailleurs postés ou de nuit*

*Dépôt : M. Francesco Savino, le 01/03/2023*

*2669 – Demande de pétition publique : Zinssatz der Bank stark senken*

*Dépôt : M. Kevin Da Maia Ribeiro, le 01/03/2023*

*2670 – Demande de pétition publique : Base de données nationale – Formation sécurité dans le bâtiment*

*Dépôt : Mme Stéphanie Pezin, le 01/03/2023*

*2671 – Demande de pétition publique : Augmenter la valeur des tickets restaurants*

*Dépôt : M. Pawel Galanty, le 01/03/2023*

*2672 – Demande de pétition publique : Rénovation de la résidence principale : rehausser le seuil d'application de la TVA à 3 % / Increase the threshold relevant for the application of 3 % VAT rate in the frame of main residence renovation*

*Dépôt : Mme Marianne Moinel, le 01/03/2023*

*2673 – Demande de pétition publique : Avoir les métiers d'ambulancier et auxiliaire d'ambulance reconnus au Luxembourg*

*Dépôt : Mme Rosa Jesus Dos Santos, le 02/03/2023*

*2674 – Demande de pétition publique : Sécurité et tranquillité des habitants et visiteurs du quartier gare / Make Gare district a safer place either for the inhabitants and visitors*

*Dépôt : M. Stéphane Boixière, le 02/03/2023*

*2675 – Demande de pétition publique : Égalité entre psychosomatiques et dépendances*

*Dépôt : Mme Andréa Havenne, le 02/03/2023*

*2676 – Demande de pétition publique : Taux d'intérêt fixe à 1 % pour le crédit immobilier des primo-accédants*

*Dépôt : M. Roberto De Gori, le 02/03/2023*

*2677 – Demande de pétition publique : Compléter et détailler le droit à l'allaitement, afin de valoriser et de motiver les femmes à cette pratique tout en conciliant leur vie privée et professionnelle*

*Dépôt : Mme Stéphanie Braga, le 03/03/2023*

*2678 – Demande de pétition publique : Anfrage zu einer Mehrsprachigkeit und Übersetzung bei Dokumenten*

*Dépôt : Mme Myla Adèle Cristeta Diederich, le 03/03/2023*

*2679 – Demande de pétition publique : Reconnaissance de l'ancienneté de 10 ans pour tous les corps de métiers avec une augmentation du taux horaire*

*Dépôt : Mme Nathalie Munier, le 03/03/2023*

*2680 – Demande de pétition publique : Abolition du congé collectif*

*Dépôt : M. Alzerino Gil Figueiredo, le 03/03/2023*

*2681 – Demande de pétition publique : Interdiction de toute forme d'intelligence artificielle qui crée de l'art. Ce genre de pratique doit rester exclusivement humain, car il représente ce qu'on est / Interdire tout art créé par AI du genre : / Visuel / Audio / Cinématographique / L'AI au Luxembourg devrait être réglementée pour des secteurs où un malaise physique ou mental est promu par ex. : ouvrier/ bureaucratie, etc.*

*Dépôt : M. Francisco André Alberto Teixeira, le 04/03/2023*

*2682 – Demande de pétition publique : Pour l'introduction d'une amende graduelle dans le cadre de l'inobservation d'un signal de limitation de vitesse en agglomération constatée par un radar*

*Dépôt : M. Daniel Miltgen, le 04/03/2023*

*2683 – Demande de pétition publique : Fir d'Ofschafe vum Cumul vun de politesche Mandater. Een Deputéierte soll net méi och nach dierfe Buergermeeschter, Schäffen oder Conseiller sinn*

*Dépôt : M. Roger Jean Paul Braun, le 05/03/2023*

*2684 – Demande de pétition publique : Gurtflicht fir Schoulkanner a Schüler an de Schoulbussen – Verbuet vu Stoplazen an de Schoulbussen*

*Dépôt : M. Marc Maraglino, le 05/03/2023*

*2685 – Demande de pétition publique : Iwwerhuelverbuet fir sämtlech Gefierer op ëffentlecher Strooss, wann ee Bus sech op engem Arrêt befënnt*

*Dépôt : M. Serge Wealer, le 06/03/2023*

*2686 – Demande de pétition publique : Formation des employés publics et maintien du statut du fonctionnaire*

*Dépôt : M. Daniel Urbin, le 07/03/2023*

*2687 – Demande de pétition ordinaire : Routes de Neudorf*

*Dépôt : M. Olivier Mazzon, le 07/03/2023*

*2688 – Demande de pétition publique : Zwei Jahre CT und Steuervergünstigung für Fahrzeuge mit geringer jährlicher Kilometerlaufleistung*

*Dépôt : M. Lucas Kern, le 07/03/2023*

*2689 – Demande de pétition publique : Gel de l'indice salarial sur le coût des nouvelles constructions en cours et en futur sur la période 2023-2024*

*Dépôt : M. Jonathan Jacques, le 09/03/2023*

*2690 – Demande de pétition publique : Taxe à l'importation sur les produits alimentaires et boissons*

*Dépôt : M. Fábio André Da Silva Gonçalves, le 09/03/2023*

*2691 – Demande de pétition publique : Pour une réadaptation de l'index*

*Dépôt : M. Georges Bodet, le 09/03/2023*

*2692 – Demande de pétition publique : Non au gaspillage alimentaire : obliger les institutions servant des repas à redistribuer les restes à leurs employés et/ou aux associations sociales locales ou d'utiliser des frigos foodsharing*

*Dépôt : Mme Julie De Jesus, le 09/03/2023*

*2693 – Demande de pétition publique : Géint dat neit Coronagesetz (Masken iwwerall ewech an Isolatioun och): Et wier besser, d'Maskeflicht géif bei Dokteren, Klinicken an Altersheemer bleiwen a bei der Isolatioun, bis een 2 Deeg hannerteneen negativ ass*

*Dépôt : Mme Celine Schmit, le 10/03/2023*

*2694 – Demande de pétition publique : Interdire l'utilisation par l'Administration des ponts et chaussées de sel de voirie en raison de son impact négatif sur l'environnement et nos ressources en eau*

*Dépôt : M. Giuseppe Liotta, le 11/03/2023*

*2695 – Demande de pétition publique : Pouvoir vendre son bien, terrain, sa maison par billet tombola, imposable et réglementé par un notaire*

*Dépôt : M. Laurent Scholler, le 12/03/2023*

*2696 – Demande de pétition publique : Solution locative pour maisons et appartements*

*Dépôt : M. Gabriel Sousa, le 13/03/2023*

*2697 – Demande de pétition ordinaire : Cannabis Social Club*

*Dépôt : M. Xavier Thill, le 20/02/2023*

*2698 – Demande de pétition ordinaire : Pétition sur les loyers*

*Dépôt : M. Daniel Sturm, le 14/03/2023*

*2699 – Demande de pétition publique : Manner Wunnengsbau*

*Dépôt : Mme Nina Stembergar Bezjak, le 14/03/2023*

*2700 – Demande de pétition ordinaire : Pétition ordinaire visant à interdire de fumer dans les voitures en mouvement*

*Dépôt : M. Dominique Di Stefano, le 14/03/2023*

*2701 – Demande de pétition publique : Limiter l'utilisation du réseau social TikTok pour sauvegarder l'intégrité intellectuelle de nos enfants, et renforcer l'impact social, intellectuel et culturel de nos écoles. Il faut arrêter la « crétinisation » de nos jeunes*

*Dépôt : M. Jean-Luc Schlimm, le 14/03/2023*

*2702 – Demande de pétition publique : Anti-signer une pétition*

*Dépôt : M. Edgar De Faria, le 14/03/2023*

*2703 – Demande de pétition publique : Zwangsvermietung von freistehenden Wohnungen*

*Dépôt : M. René Hamel, le 15/03/2023*

*2704 – Demande de pétition publique : Versicherung gegen Mietausfall und Mietschäden*

*Dépôt : M. René Hamel, le 15/03/2023*

*2705 – Demande de pétition publique : Demande de personnalisation complète des plaques d'immatriculation*

*Dépôt : M. Ernad Agovic, le 15/03/2023*

*2706 – Demande de pétition publique : Erbsteuer – Doppelbesteuerungsabkommen Luxemburg/Deutschland*

*Dépôt : M. Robert Schroeder, le 15/03/2023*

*2707 – Demande de pétition publique : Ugepasste Personalschlëssel an der Crèche/Maison relais*

*Dépôt : Mme Jil Nilles, le 16/03/2023*

*2708 – Demande de pétition publique : Enfant malade ! 12 jours par an par parent et par enfant pour l'enfant malade*

*Dépôt : Mme Justyna Paulina Wieczorek, le 16/03/2023*

*2709 – Demande de pétition ordinaire : One Planet Living Development*

*Dépôt : M. Xavier Thill, le 16/03/2023*

*2710 – Demande de pétition publique : Interdiction de rouler en voiture sur les routes de campagne et routes principales*

*Dépôt : Mme Marie-Alix Dalle, le 16/03/2023*

*2711 – Demande de pétition publique : Arbeitszeitverkürzung für Busfahrer im privaten Bereich. Für mehr Sicherheit im öffentlichen Verkehr / Réduction des heures de travail des chauffeurs de bus dans le secteur privé. Pour plus de sécurité dans les transports publics / Reduction of working hours for bus drivers in the private sector. For more safety in public transport*

*Dépôt : M. Jean Michel Hollemans, le 17/03/2023*

*2712 – Demande de pétition publique : Arrêter les nuisances sonores avant 09h00 dans les zones résidentielles*

*Dépôt : M. Tommy Hardt, le 17/03/2023*

*2713 – Demande de pétition publique : Verbuet vum „Backup-Beeping"*

*Dépôt : M. Tommy Hardt, le 17/03/2023*

*2714 – Demande de pétition ordinaire : Demande d'attribution d'une aide financière supplémentaire pour les enfants atteints de maladies rares*

*Dépôt : M. Emil Muhovic, le 17/03/2023*

*2715 – Demande de pétition publique : Pétition pour l'interdiction du télétravail, pour raisons d'équité*

*Dépôt : M. Jorge Simoes, le 19/03/2023*

*2716 – Demande de pétition publique : Remboursement vun der CNS fir een Deel vum Präis vun de Korrektur-Glieser fir de Sonnebrëll / Remboursement de la CNS d'une partie du prix pour les verres correcteurs des lunettes de soleil*

*Dépôt : Mme Tania Pereira, le 20/03/2023*

*2717 – Demande de pétition publique : Verbesserung der Transportverbindungen im Norden des Landes*

*Dépôt : Mme Anastazja Dauphin, le 20/03/2023*

*N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité.*

*(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)*

## 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. 8136 – Proposition de modification de l'annexe 2 du Règlement de la Chambre des Députés

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8136 iwwert d'parlamentaresch Iwwerwaachung

vum Staatsgeheimdéngscht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeleucht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vum Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

***Rapport de la Commission du Règlement***

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure-rapportrice | Merci, Här President. D'Viraarbechten zu dëser Propositioun, fir d'Annex 2 vum Chambersreglement ze änneren, sinn an der SRE-Kontrollkommissioun gemaach ginn. Et handelt sech nämlech bei der Annex ëm dat internt Reglement vun der Geheimdéngschtkontrollkommissioun.

An dofir wëll ech fir d'éischt e grousse Merci soen un de Laurent Besch, deen eis do gehollef huet an der Geheimdéngschtkontrollkommissioun, an natierlech och un de Benoît Reiter, deen d'Aarbechten dann an der Reglementskommissioun weidergefouert huet.

De 17. Januar hunn ech hei den Depot gemaach. Den 2. Februar ass et fir d'éischt an d'Reglementskommissioun komm, wou ech als Rapporter genannt gi sinn. Den 20. Februar huet d'Reglementskommissioun driwwer diskutéiert. An de 14. Mäerz ass de Rapport ugeholl ginn.

Dës Upassung ass zum Deel noutwendeg ginn duerch d'Upassung vum Gesetz vun 2004 iwwert d'Reorganisatioun vum Geheimdéngscht. Et gëtt nach eemol ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen,** Président | Wannechgelift, e bësse méi ... Jo, Dir kënnt weiderfueren.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure-rapportrice | Merci, Här President. Et gëtt nach eemol verstäerkt d'Confidentialitéit vun den traitéierten Affären ervirgestrach. Et gëtt och kloer festgehalen, datt dëst nach nom Ophale vum Mandat an der Chamber weider gëllt. Da gëtt d'Sécherheet vun de klassifizéierten Donnéeën zousätzlech ofgeséchert, andeem datt e „bureau d'ordre auxiliaire" an der Parlamentsverwaltung geschaf gëtt mat der Missioun, derfir ze suergen, datt déi klassifizéiert Dokumenter an d'Archiv vun dësen Dokumenter de Reegelen no traitéiert ginn.

Dëse Büro besteet aus dräi Beamten: dem Sekretär vun der Geheimdéngschtkontrollkommissioun, engem Beamte B1 an engem Officier de sécurité, deen och mat dëser Propositioun geschaf gëtt.

Här President, dat sinn déi weesentlech Ännerungen. Fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport. An ech ginn natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools der Rapportrice Martine Hansen.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum.

***Discussion générale***

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Merci och der Madamm Hansen fir hir ausféierlech Erklärungen zu dësem Projet. An ech kann den Accord gi vun der DP-Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Baum. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech schléisse mech de Wierder vum Gilles Baum un. Ech soen och nach der Rapportrice villmools Merci, och Merci als Presidentin vun där Kommissioun fir eng gutt a kollegial Zesummenaarbecht, déi mer do hunn an där dach awer wichteger Kommissioun, déi heiansdo vergiess gëtt, mee déi huet hir voll Daseinsberechtegung. An ech mengen, fir déi gutt Zesummenaarbecht wollt ech hir nach eng Kéier Merci soen. A selbstverständlech ginn ech den Accord vun der LSAP zu dësem Projet.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. An da wier et un där honorabeler Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech schléisse mech de Mercie vum Gilles Baum a vum Yves Cruchten un an natierlech och e Merci un d'Martine Hansen fir déi wierklech gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, déi am mannste bekannt ass, mee awer net am mannste wichteg ass. Dofir och den Accord eisersäits.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Lorsché. An dann ass d'Wuert fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wéilt och ufänken an der Madamm Hansen villmools Merci soe fir dee Rapport. Ech wéilt vläicht zwou Bemierkungen uschléissen. Déi éischt ass, datt mer wuel hei eng reglementaresch Ännerung maachen, déi d'Kommissioun an hire Fonctionnement betrëfft. Dat ass eppes, wat mer begréissen. Mee doriwwer eraus musse mer vläicht un Ännerungen an de Kompetenze vum Geheimdéngscht denken. Mir hunn an deene leschte Joren ëmmer erëm festgestallt, datt de SREL vläicht net an alle Beräicher déi Kompetenzen huet, fir mat den Erausfuerderunge vun der Welt, wéi mer se am Abléck hunn, aleng eens ze ginn. An et ass dofir vläicht néideg, an dem Laf vun der nächster Legislaturperiod nach eng Kéier ze kucken, ob de SREL esou outilléiert ass an déi Kompetenzen huet, déi e brauch an dëser Welt.

Dat Zweet, wat ee muss vläicht eng Kéier kucken, mee dat ass chamberintern, dat ass d'Zesummesetzung vun der Geheimdéngschtkontrollkommissioun. Et ass am Abléck esou, datt just politesch ..., also Parteie mat méi wéi fënnef Deputéierten an der Chamber doranner vertruede sinn. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob dat esou richteg ass, well ech mengen, datt eigentlech all Partei misst d'Méiglechkeet hunn, och kënnen an der Geheimdéngschtkontrollkommissioun vertrueden ze sinn.

Dat gesot, gi mer elo mol natierlech den Accord fir dës reglementaresch Ännerung. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'parlamentaresch Kontrollfunktioun muss een eescht huelen, an dofir ass et och wichteg, datt mer an enger liberaler Demokratie dës Gewaltendeelung an domadder och d'Kontrollfunktioun stäerken. An dofir ginn d'Piraten och hiren Accord fir dëse Projet. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënne mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 8136. Den Text steet am Document parlementaire 8136[1].

***Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8136***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration.

Den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mme Tess Burton (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 5. 8146 – Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Mir kommen elo zum Projet de loi 8146, enger Ofännerung vum Walgesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeleucht. An d'Wuert huet elo de Rapporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle***

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 8146 ass net immens laang. Ech géif awer gäre kuerz op e puer Detailer agoen.

Mat dësem Text ännere mir d'Walgesetz vum 18. Februar 2003, fir een Element nach emol ze preziséieren.

Dat selwecht Walgesetz war net méi spéit wéi am Juli d'lescht Joer ugepasst ginn, dëst ënner anerem mat der Upassung vu verschiddenen Delaien an der bekannter Ännerung, dass d'Residenzklausel, also d'Bedingung, dass eng Persoun huet musse mindestens fënnef Joer am Land wunnen, fir kënne bei de Gemengewale matzemaachen, ofgeschaaft ginn ass. Deemools war och preziséiert ginn, dass ee muss eng „carte" oder en „titre de séjour" hunn, fir sech kënne bei de Wielerlëschten anzedroen oder fir sech bei de Wale mat opzesetzen.

Duerno huet sech awer effektiv erausgestallt, dass et och Persounen aus Drëttstaate gëtt, déi zwar legal hei am Land wunnen an awer déi erwënscht Carte de séjour oder den Titre de séjour net hunn.

An den Explikatiounen zu dem virleienden Text gëtt d'Beispill genannt vu Fonctionnairen zum Beispill vun

den europäeschen Institutiounen oder och Agente vun internationalen Organisatiounen, déi aus Drëttstaate kommen. Dës Leit hunn, wéi gesot, keng sougenannt Carte de séjour oder en Titre de séjour, mee si hunn eng sougenannt „carte de légitimation", fir eeben hei am Grand-Duché kënnen ze schaffen an ze liewen.

Den Text, wéi en de Juli d'lescht Joer ugeholl ginn ass, hëlt dëst Dokument awer net mat a Betracht. Konkreet heescht dat, dass dës Leit d'office vun enger Aschreiwung an de Wielerlëschten oder och enger Kandidatur ausgeschloss wieren.

Fir dëser Inegalitéit entgéintzewierken, proposéiert de Projet de loi, dee mer haut zum Vott stellen, och d'Carte de légitimation mat an déi Lëscht un Dokumenter eranzehuelen, déi et de Leit erlaabt, sech ze identifizéieren, och wa si aus Drëttstaate kommen, an domat den Text vum Juli 2022 ze completéieren an deene Leit et ze erlaben, un de Gemengewale mat deelzehuelen. Dëst zum méi techneschen Deel vum Text.

Wat d'Entrée en vigueur vum neie Gesetz ugeet, war am initiale Projet de loi ugeduecht, déi op den 12. Abrëll 2023 festzeleeën. De Staatsrot huet awer richtegerweis dorobber higewisen, dass ee sech, sollt dëse Projet scho virun dësem Datum gestëmmt ginn, mat dësem Delai selwer géif blockéieren. Effektiv: Wa mir beim Datum vum 12. Abrëll bliwwe wieren, hätten déi concernéiert Persounen nach bis dohinner waarde mussen, ier se sech hätte kënnen aschreiwen. Finalement wären hinnen nëmmen dräi Deeg bliwwen, fir sech dann tatsächlech anzeschreiwen.

Op den Avis vum Staatsrot – an do ware mir ons an der Kommissioun och eeneg – ass dës Dispositioun um Enn ewechgelooss ginn.

Dëst zum Text an den Dispositioune vum Projet de loi 8146. Weider Detailer fannt Dir, wéi gewinnt, am schrëftleche Rapport.

An ech soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | An ech soen dem Här Rapporter Guy Arendt Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Léon Gloden.

***Discussion générale***

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Här Rapporter fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dat hei ass eng gutt Saach an domadder ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Gloden. An da geet d'Wuert un den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. No deem exzellente Rapport vum Rapporter, dem Guy Arendt, bleift mir just, drop hinzeweisen, dass et net am Sënn vun dem Legislateur war, fir enger Rei vu Leit, déi laut Gesetz kéinten hiert Walrecht beusprochen, wéinst enger Terminologie vun engem Ausweisdokument d'Participatioun un der Wal ze verschléissen. Dofir hu mer dat geännert a mir maachen hinnen de Wee fräi, fir un de Lokalwalen – ech ënnersträichen: un de Lokalwalen – kënnen deelzehuelen.

An et war och net an eisem Sënn, fir deene Leit just nach dräi Deeg ze loossen, fir sech kënnen anzeschreiwen. Dofir si mer dem Conseil d'État dankbar, dass en eis dorop higewisen huet an dass dat elo direkt no der Entrée en vigueur vun dësem Gesetz ka geschéien.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Di Bartolomeo. An d'Wuert geet elo un den Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci och un de Rapporter. A wéi mäi Virriedner et sot, merci un de Staatsrot, all déi Leit, déi eis dorop opmierksam gemaach hunn. Et ass eng gutt Saach. Esou Saache komme vir. Et soll net ... Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Margue. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Och merci un den Här Rapporteur. Ech mengen, et ass wierklech alles gesot. Ech soen och besonnesch dem Här Mars Di Bartolomeo Merci, datt en ënnerstrach huet, datt et ëm d'Kommunalwale geet hei. An an deem Sënn si mir och dermat d'accord, datt jiddereen da ka matstëmmen. Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och dem Guy Arendt fir de gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir Piraten si fir méi Biergerbedeelegung an derfir, datt et de Leit, déi walberechtegt sinn, esou einfach wéi méiglech gemaach gëtt, fir och un de Walen deelzehuelen, a mer net administrativ Hürden opbauen, wou mer u sech keng brauchen. Dowéinst begréisse mer natierlech och dëse Projet a mir wäerten deen och matstëmmen.

Erlaabt mer awer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng kleng Remark ze maachen. De Mars Di Bartolomeo huet elo grad gesot, et wär eng Fro och vun Interpretatioun vum Walgesetz. An et ass am Moment och nach eng zweet Question parlementaire, déi de President och als urgente unerkannt huet, un d'Madamm Innenministesch amgaangen, an där et och ëm d'Interpretatioun, an zwar ëm eng relativ kokass Interpretatioun, vum Walgesetz geet, déi, wann ech an den Travaux parlementaires vun 2002 an 2003 richteg nogelies hunn, ni de Wonsch vum Legislateur war a wou mer elo e bësse mat enger kokasser Situatioun confrontéiert sinn, datt, wann een déi géif bis un d'Enn liesen, d'Praktiken, déi déi lescht 15, nee 21 Joer u sech méiglech waren, op eemol sollen duerch nei Interpretatiounen onméiglech gemaach ginn.

An ech hoffen, datt mer do wierklech Léisunge fannen, well wéi ech sot: Mir si fir Biergerbedeelegung, mir si fir Demokratie an da sollt een net duerch nei Interpretatiounen op eemol Participatiounen u Walen oder Presentatioune vu Lëschten neierdéngs méi schwéier maachen. Mee mir ginn eisen Accord fir dëse Projet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Staatsminister Xavier Bettel.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, fir d'éischt wëll ech och dem Rapporter Merci soen. An ech ginn dem Här Kartheiser net oft Recht, mee haut huet e Recht, andeem e gesot huet, dass schonn alles gesot ginn ass.

An dofir: Et ass wichteg, dass hei eppes, wat par inadvertance eragerutscht ass, wat net gutt war a wat Leit ausgeschloss hätt, hei nees verbessert gëtt. An ech soen Iech Merci, Här President, stellvertriedend fir Iech an de Staatsrot, dass mer dat esou séier nees konnte redresséieren. Merci, Här Arendt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci dem Premierminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8146. Den Text steet am Document parlementaire 8146[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8146 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 6. Débat d'orientation au sujet de la participation citoyenne dans l'élaboration des politiques publiques

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Biergerbedeelegung bei der Elaboratioun vu Politiques publiques. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Frank Colabianchi, d'Madamm Simone Asselborn-Bintz, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. An d'Wuert fir den Exposé vun der Orientéierungsdebatt huet elo den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Här Premierminister, Här Minister, Dir Dammen an Hären Deputéiert, Demokratie ass d'Herrschaft vum Vollek. Dat ass schonn d'Definitioun, déi aus dem Griichesche kënnt, an den Ursprong vun der Demokratie. A wa mer natierlech d'Ufäng vun der Demokratie mat deem vergläichen, wat mer haut hunn, da wësse mer,

dass se fundamental anescht ass an dass Demokratie eppes ass, wat a permanentem Wandel ass.

Zu Lëtzebuerg hu mer eng representativ Demokratie mat engem monokamerale Parlament, wat ännert der Form vun enger konstitutioneller Monarchie ass, déi awer och permanent am Wandel ass a sech upasst. An dat hu mer net zulescht gemaach oder maache mer mat der Verfassungsreform, déi dëst Joer wäert a Kraaft trieden.

An awer: Mir hu ronn 650.000 Persounen, déi mëttlerweil zu Lëtzebuerg wunnen, wouvunner knapps 48 % net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. An dobäi kommen nach eng Kéier eng 225.000 Frontalieren, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Bei de leschte Legislativwalen allerdéngs hate mer 260.000 Wieler, also manner wéi d'Hallschent vun onser Populatioun.

Wann ech elo kucken, wéi et a menger Gemeng ausgesäit, do hu mer 35.000 Wieler, an dat bei enger Awunnerzuel vun 116.000. Dat sinn elo d'Chiffere vun de leschte Gemengewalen, also manner wéi en Drëttel vun der Populatioun, déi bei de Wale matgemaach hunn.

Mir hunn also eng Minoritéit vun der Populatioun, déi iwwert hiert Walrecht participéiert. A mir hunn do natierlech an de leschte Jore vill Ustrengunge gemaach. Mir haten Diskussiounen zum Beispill drëm, fir d'Walrecht bei Nationalwale fir Netlëtzebuerger opzemaache respektiv fir d'Walrecht erofzesetzen op 16 Joer. An e wichtege Schratt, dee mer gemaach hunn, ass, dass mer d'Residenzklausel bei de Gemengewalen zejoert ofgeschaf hunn.

An awer: Wa mer kucken, wéi et am Moment ausgesäit: Den Taux d'inscription läit, wat d'Auslänner ugeet, bei 12,5 %. Dat heescht, mir hunn eng 32.000 Leit, déi ageschriwwe sinn, bei engem Total vun Netauslänner vun 257.000. A menger Gemeng, erëm eng Kéier fir de Verglach ze maachen: 8,1 % vun den Auslänner, déi ageschriwwe sinn, bei 71 % Netlëtzebuerger.

D'Leit kënne sech natierlech nach e Mount aschreiwen. An ech sinn och selwer vill ënnerwee an ech schwätzen d'Leit drop un an ech spieren och, an et ass, mengen ech, och de Constat vu ville vun Iech, dass deen Taux elo nach wäert eropgoen. An awer mengen ech, dass mer alleguerte wierklech gefuerdert sinn, fir hei nach en Effort ze maachen.

An et geet eebe grad – an dat ass warscheinlech och de Constat, deen Dir maacht – net duer, einfach e Stand ze maachen oder e Flyer ze maachen, mee mir musse wierklech als Politick e Schratt op d'Leit duermaachen, mat hinne schwätzen, hinnen erklären, dass et bei deene Gemengewalen, bei der Politick ëm ganz praktesch Saache geet aus dem Alldag vun de Leit: d'Organisatioun vun de Schoulen, de Maison-relaisen, ob ee sécher Vëlosweeër huet, ob ee verkéiersberouegt Zonen huet oder och Froen, wéi ambitiéis eng Gemeng ass, zum Beispill am Klimaschutz oder am Logement, oder eeben net.

D'Demokratie ass eeben e Prozess, dee sech ëmmer weiderentwéckelt. A wichteg ass, dass d'Demokratie ëmmer no un dem Vollek ass. An d'Vollek kann, wann d'Demokratie no beim Vollek soll sinn, net just um Waldag d'Bierger participéiere loossen, an dat och net an enger representativer Demokratie, a schonn nach manner an engem Fall wéi zu Lëtzebuerg, wou ech Iech elo beschriwwen hunn, dass just eng Minoritéit vun de Leit iwwert d'Wale representéiert sinn, national an an de grousse Gemengen och.

An hei kënnt dann déi participativ Demokratie an d'Spill, wou et eeben drëms geet, fir a méiglechst ville Beräicher méiglechst vill Acteuren, Bierger, d'Zivillgesellschaft anzebannen, an dat eeben net just um Waldag, mee an engem méiglechst permanente Prozess.

Mat méi Biergerbedeelegung kënne mer den demokrateschen Defizit, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, op nationalem an och op lokalem Niveau reduzéieren an ons Demokratie esou stäerken a besser Politick maachen.

An et ass ëmsou méi wichteg, well ons Gesellschaft an d'Erausfuerderungen, mat deene mer konfrontéiert sinn, ëmmer méi komplex ginn.

Biergerbedeelegung gëtt och zu Lëtzebuerg schonn op villen Niveaue gemaach, sief et op nationalem, sief et op lokalem Niveau. Et gëtt mëttlerweil och eng extra Plattform, d'Plateforme luxembourgeoise de la démocratie participative, déi an Zesummenaarbecht mat der Uni fonctionéiert an déi Biergerparticipatiounsprojeten do hir Expertis ubitt an och bei Pilotprojete mat konzipéiert, begleet an analyséiert.

A genau doriwwer soll et haut bei der Debatt goen, déi ech ugefrot hunn an déi mer haut hei am Parlament féieren. Wat fir eng Erfarunge mat Biergerbedeelegung hu mer hei zu Lëtzebuerg gemaach, national a lokal an de leschte Joren? Wat huet gutt geklappt? Wat huet vläicht manner gutt geklappt? Wat wëlle mer verbesseren? A wéi wëlle mer déi Modeller vun der participativer Demokratie an Zukunft zu Lëtzebuerg weider stäerken? Wat fir e Kader kënne mer gi fir eng méi systematesch Biergerbedeelegung?

Här President, Dir Dammen an Hären, firwat Biergerbedeelegung, wann et dach vill Forme vun enger méi formeller Participatioun gëtt: Walen, Referenden, Petitiounen, Engagementer a Parteien, Gewerkschaften an ONGen an deemnächst och mat där neier Verfassung en neit Instrument a Form vun enger Biergergesetzespropositioun?

Mee et ass eeben och de Constat, dass iwwert d'Walrecht vill Leit ausgeschloss sinn, d'Netlëtzebuerger an déi Leit ënner 18 hunn ech scho genannt, dass mer och konfrontéiert si mat engem Desinteresse vun der Politick, Politickverdrossenheet a Populismus an an de soziale Medie respektiv méi prezis déi kommerziell optiméiert Algorithme vun de Firmen hannert dëse Plattformen, wou déi gesellschaftlech Polarisatioun verstäerkt gëtt respektiv sech vill Leit ëmmer méi a sougenannte „Filterblosen" erëmfannen, an allgemeng de Constat, dass d'Politick och ëmmer méi u Vertraue verléiert.

Duerch méi Participatioun stäerke mer eeben déi representativ Demokratie op lokalem an och op nationalem Niveau. Mir bannen d'Leit besser an, respektiv mir schwätzen och déi un, déi soss komplett ausgeschloss sinn oder déi eeben net participéieren. Esou gi politesch Prozesser respektiv Meenungsbildunge méi verständlech an novollzéibar a mir stäerken d'ëffentlech Ënnerstëtzung an d'Legitimatioun vun Entscheedungen a gi géint Populismus a Politickverdrossenheet vir.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An doduerjer, dass d'Leit hir Erfarungen abréngen, ginn d'Projeten och einfach besser. Si ginn éischter akzeptéiert a kënnen dann och méi séier an ouni Konflikter respektiv mat manner Konflikter ëmgesat ginn.

Wichteg ass, nach eemol ze ënnersträichen, dass méi politesch Biergerbedeelegung complementaire zur representativer Demokratie ass a se stäerkt an net schwächt.

Méi participativ Demokratie däerf onst representatiivt Parlament och net dervun ofhalen, ons eegen Aufgaben a Funktiounsweisen ze iwwerdenken an ze verbesseren, sief et, wat onse Rôle ugeet, ons Aart a Weis fir ze schaffen, Transparenz hei am Haus, den Accès vun der Zivillgesellschaft an d'Chamber, de Stellewäert, dee mer an eiser legislativer Aarbecht de wichtegen Avise vun de Beruffskammere ginn, fir just e puer Beispiller ze nennen.

Méi Biergerbedeelegung soll weeder d'Parlament ersetzen oder et bevormunden, nach soss iergendwellech Acteure wéi ONGen, Gewerkschaften oder soss institutionaliséiert Organer wéi Beruffskummeren oder de Wirtschafts- a Sozialrot iwwerflësseg maachen oder schwächen. Si bréngt eeben eng zousätzlech an eng complementaire Vue mat an d'politesch Elaboratiouns- an Decisiounsprozesser.

Här President, Dir Dammen an Hären, Biergerbedeelegung fonctionéiert, wa se gutt ëmgesat gëtt. Dofir muss de Kader kloer definéiert sinn, mat enger Zilsetzung an engem Zäitplang, de Prozess muss transparent sinn, kloer an op Aenhéicht sinn a representativ sinn an e muss vun neutrale Profien organiséiert ginn, déi de Prozess begleeden.

A wéi een dat elo genau mécht, dofir gëtt et vill Methoden, vill Méiglechkeeten, wéi een d'Biergerbedeelegung mécht, soudass et net deen eenzege Modell gëtt, mee dass et vill Méiglechkeete gëtt.

Wichteg ass awer, dass déi Prinzippien agehale ginn an dass ee keng Alibiveranstaltunge mécht. Biergerbedeelegung ass net mat enger Informatiounspolitick ze vergläichen oder mat de berodende Kommissiounen oder dass ee just verschidde Meenungen anhëlt. Nee, Biergerbedeelegung heescht den Austausch ënnereneen, Diskussioun vu verschiddenen Aspekter a Positiounen.

Wichteg ass och, dass ee sech do u Grondprinzippien hält, well soss kann de Schoss no hanne lassgoen. Fir ee Beispill ze nennen, zum Beispill d'Convention citoyenne pour le climat: De President Macron hat versprach, alleguerten d'Proposen ëmzesetzen, wat en awer net gemaach huet, an huet domadder a Frankräich d'Vertraue vun de Bierger – oder vu ville Bierger – verspillt.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Koalitiounsaccord vun dëser Regierung gesäit vir, dass d'Participation citoyenne encouragéiert soll ginn, dass d'Gesellschaft méi breet agebonne soll ginn, fir géint den demokrateschen Defizit virzegoen, an dat souwuel op nationalem wéi och op lokalem Niveau.

A wa mer haut zréckkucken, da muss ech soen, dass d'Regierung d'Biergerbedeelegung zu Lëtzebuerg an dëser Legislaturperiod däitlech weiderbruecht huet, an dat op verschidden Aart a Weisen, bei verschiddene Prozesser a bei verschiddenen Theemen. Déi gréisst an déi ëmfaassendst Prozesser gouf et am Beräich vum Klimaschutz, der gréisster Erausfuerderung, mat där mir als Gesellschaft elo schonn, awer och an den nächste Jore konfrontéiert sinn an déi mir sécher nëmme wäerte meeschteren, wa mer déi breet Ëffentlechkeet abannen.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | En vue vun der Elaboratioun vum Landesplanungsprogramm, dem PDAT, an am Kader vun der Initiativ „Luxembourg in Transition" huet de Landesplanungsminister Claude Turmes 2021 de Biergerkommitee Lëtzebuerg 2050 zur Fro aberuff, wéi Lëtzebuerg säin Territoire kéint organiséieren, fir 2050 klimaneutral ze sinn.

De Biergerrot gouf vun TNS ILReS representativ aus 30 Biergerinnen a Bierger vu Lëtzebuerg an aus der Groussregioun zesummegesat, also mat Netlëtzebuerger an och Grenzgänger, béides Leit, déi kee Walrecht hunn an awer zum Wuel vum Land bäidroen.

Et goufe 25 Experte gehéiert, fir eng gemeinsam Wëssensbasis ze schafen an dann d'Positiounen ze formuléieren. Anstänneg Zäit krute se, fir hirer Missioun nozegoen. Et war gutt organiséiert a si goufe encadréiert, wat immens wichteg ass, wéi d'Memberen ons d'lescht Woch selwer an der Ëmweltkommissioun gesot hunn, wéi mir si onofhängeg vun deem heiten Debat an enger anerer Fro consultéiert hunn.

Eraus koumen 9 Prinzippie fir eng erfollegräich Politick, eng SWOT-Analys a 44 Recommandatiounen, wéi e klimaneutralen Territoire kéint ausgesinn. Do soe si, dass de Flächeverbrauch muss gebremst ginn, dass d'Stied musse verdicht ginn an dass d'Fragmentéierung vun der Gesellschaft gestoppt muss ginn. Alles dat si Konklusiounen, déi een och duerno am PDAT erëmfënnt. An dat ass net just meng Analys, mee dat hunn d'Leit aus dem Biergerkommitee selwer an hirem Avis zum PDAT gesot.

Dann de Klima-Biergerrot: Och si hu mir an der Ëmweltkommissioun getraff a mir haten och hei eng Debatt mat hinnen iwwer hir Propositiounen. Eng weider wichteg Initiativ, fir d'Gesellschaft konkreet bei klimapolitesche Froen anzebannen, huet de Premier eebe mat der Grënnung vun deem Klima-Biergerrot virun iwwer engem Joer gemaach.

Hei gouf e representativen Echantillon vun 100 Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen oder schaffen, erstallt an och hei gouf de Fonctionnement esou organiséiert, dass en enger klorer Methodologie entsprach huet a vun Experte begleet ginn ass.

Aacht Méint hate si Zäit, also aacht Méint ware fir de Prozess virgesinn, wou si 56 Virschléi fir eng verstäerkt Klimapolitick preparéiert hunn. An aus hire Fuerderunge geet kloer ervir, dass d'Bierger a Klimafroen duerchaus méi wäit gi wéi verschidde Parteien oder Politiker. A gradewéi de Biergerkommitee hunn d'Klimabierger ambitiéis Klimaschutzmesüre gefuerdert, an dat séier. Zum Beispill hu si eng däitlech Erhéijung vum $CO_2$-Präis gefuerdert oder eng méi ekologesch Landwirtschaft.

Wat de Prozess ugeet, sou schreiwen d'Klimabierger/innen an hirem Rapport, dass dee gutt fonctionéiert huet, a ginn awer och e puer Recommandatioune fir d'Zukunft mat op de Wee. D'Zäit war dann awer vläicht e bësse knapp, wat derzou gefouert huet, dass se net alleguerten d'Sujete bis an d'Déift konnten traitéieren, déi awer vläicht an hiren Aen hätte misse gemaach ginn. D'Bierger/inne selwer waren dann och net an d'Auschaffe vun der Methodologie agebonne respektiv an d'Froe vun der Gouvernance, wat awer eigentlech bei esou engem Prozess net onweesentlech ass. An dat si pertinent Froen, déi een och elo, mengen ech, muss consideréiere bei nächste Biergerbedeelegungsprozesser, déi een organiséiert.

Et gëtt awer och nach aner Beispiller. Ech wëll se elo net alleguerten ernimmen an ech sinn iwwerzeegt, dass och aner Kolleegen haut an der Debatt vläicht aner Prozesser nennen. Just e puer erausgeholl:

Am Kader vun der Elaboratioun vun dem Gesetzespak zum Offall goufe sechs Workshoppen am Viraus gemaach. Dat selwecht hate mer och bei anere Projeten, zum Beispill och wann ech d'RGTR-Reform vum Mobilitéitsministère huelen, wou vun Ufank un d'Biergerinnen an d'Bierger agebonne gi sinn als Clienten, als potenziell Clientë respektiv och d'Gemengen, wou uechtert d'Land iwwer 20 där ëffentlech Reuniounen a Consultatioune gemaach goufen.

D'Inneministesch huet am Kader vun der Reform vun der Gemeng a vun de Gemengegesetzer de Prozess lancéiert „Matenee fir eng modern Gemeng", wou si consultéiert huet.

Dann hu mer de Klimapakt, wou mer nieft der Participatioun iwwert d'Klimateam zousätzlech och am Kader vun dem Klimapakt méi grouss a méi ëffentlech „Assises Pacte Climat" agefouert hunn, déi d'Gemenge kënnen organiséieren, wou all Joer da Veranstaltunge gemaach ginn, wou et ëm d'Ëmsetzung vum Klimapakt geet a wou et drëms geet, nei Mesüren ze identifizéieren. Hei geet et wierklech drëm, d'Bierger eeben aktiv anzebannen an de Klimaschutz ze maachen, deen an hirer Gemeng gemaach gëtt, an do kréien d'Gemengen eng Hëllefsstellung vu CELL, also der Transitiounsbeweegung.

A fir just nach eng weider Initiativ ze nennen, déi fir mech perséinlech och ganz wichteg ass: Dat ass d'Jugendparlament, also eng Assemblée nationale vun de Jonken, déi 2016 och iwwert d'Gesetz geschafe ginn ass, déi och en Avis ëmmer schreiwen a Resolutiounen, déi mir an der Chamber jo kréien a wou mir och duerno driwwer diskutéieren, wat ech och eng ganz wichteg Initiativ fannen a wou ee jo och gesäit, dass eng ganz Rei Leit duerch deen dote Prozess duerno politesch méi aktiv ginn a sech bedeelegen, an op där anerer Säit, mir, mengen ech, och als Parlament de Bols ganz gutt fillen, wat de Jonke wichteg ass, fir dat dann an eis Politicke mat anzebannen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Wichteg ass eeben, dass ëmmer, wann ee Biergerbedeelegung mécht, een och dat eescht hëlt an dass een d'Propositioune vun de Leit afléisse léisst. A grad am Ëmweltberäich soen d'Bierger/innen ons jo och, dass se ambitiéis Politicke bräichten, wa mer gären nach hätten, dass ons Kanner am nächste Joerzéngt nach ëmmer e gutt Liewen hunn.

An duerfir wëll ech hei dann och dervunner profitéieren, fir vläicht d'Regierung ze froen, wéi et ausgesäit mat dem Aschaffe vun engersäits den Elementer vum Klima-Biergerrot respektiv och vun dem Biergerkommitee am Kader vun dem PNEC, wou jo och eng Refonte usteet.

Déi vill Initiativen, déi ech elo genannt hunn, sinn alleguerte luewenswäert, wann ee se eenzel kuckt – zesummen och! –, an trotzdeem, mengen ech, ass et wichteg, dass mer kucken, voilà, wat fir eng Erfarunge mer aus deene Biergerbedeelegungen do zéien an dorauser sammelen, fir eis dann ze iwwerleeën, wéi mer d'Biergerbedeelegung zu Lëtzebuerg weiderentwéckele kënnen a wéi mer dat institutionaliséiere kënnen a wéi e Lëtzebuerger Modell vu Biergerbedeelegung ausgesäit.

Gradewéi vill ONGen an och Gewerkschafte waren d'Membere vum Biergerkommitee och iwwerrascht, wéi zum Beispill och op eemol, wéi si voll an den Aarbechten dra waren, de Klima-Biergerrot entstanen ass, deen zwar eng aner – net grad déi selwecht – Finalitéit hat an awer eng änlech Froestellung hat. Also, ech mengen, och wa mer vill Initiativen hunn, ass et och wichteg, dass een déi verschidde Moyene genau evaluéiert a kuckt, wéi een an Zukunft wëll do dermadder ëmgoen.

An Här President, Dir Dammen an Hären, no deenen Erfarunge stellt sech fir mech d'Fro, wéi mer an den nächste Joren e strukturéierten Dialog mat de Biergerinnen a Bierger zu Lëtzebuerg weiderentwéckele wëllen. Opgrond vun der Situatioun an den Erfarungen, déi mer gemaach hunn, ass fir mech kloer, dass een eng Institutionaliséierung brauch an dass een och do d'Erfarungen an d'Wësse vun den Experte vum Terrain, awer och vun deene Leit, déi an deem Prozess bedeelegt waren, soll mat afléisse loossen.

Interessant ass do natierlech och de Bléck zum Beispill an d'Belsch, bei ons Noperen an der Belsch, déi e Biergerdialog 2019 agefouert hunn an der däitschsproochеger Gemeinschaft, deen dorop opbaut, dass et e Biergerrot gëtt an eng Biergerversammlung. De Biergerrot decidéiert do d'Sujete fir ze debattéieren, déi duerno vun der Biergerversammlung an engem intensive Prozess diskutéiert an opgeschafft ginn. D'Versammlung gëtt periodesch iwwert d'Lous zesummegesat, wärend de Rot aus Exmembere vun der Versammlung besteet a periodesch ëm jeeweils en Drëttel erneiert gëtt. D'Resultat si Recommandatiounen, déi duerno un d'Parlament ginn, wat duerno weiderhi fir d'Decisiounen zoustänneg ass an wat dann och decidéiert, wat et dovun iwwerhëlt a wat et dovunner net iwwerhëlt.

An ech hat scho bei menge Recommandatiounen, wéi ech Budgetsrapporter war fir d'Joer 2021, gesot, dass ech géif mengen, dass et wichteg wär, dass ee sech deen ostbelsche Modell géif genau ukucken, quitte dass een en net kéint eent zu eent iwwerhuelen, mee dass een e misst op d'Lëtzebuerger Situatioun upassen. Dofir brauche mer d'Expertis vu villen Acteuren um Terrain, Politologe vun der Uni, awer och Bierger, déi selwer wäertvoll Erfarungen am Kader vun dem Klimakommitee oder dem Klima-Biergerrot gesammelt hunn. E Biergerrot soll representativ zesummegesat sinn, e soll sech erneieren, méiglechst autonom sinn an no klore Krittäre fonctionéieren. Et gëtt awer och eng Rei institutionell Froen, déi nach ze kläre sinn, respektiv wou de Biergerrot ugesidelt wär. Ech perséinlech gesinn en éischter hei an der Chamber ugesidelt.

Déi meescht participativ Prozesser, déi mer bis elo zu Lëtzebuerg haten, hu ronderëm de Klimaschutz oder d'Nohaltegkeet gedréit an do goufen och wäertvoll Recommandatioune gemaach. Mee déi grouss a komplex Zukunftsfroen dréinen zum Beispill och ronderëm d'sozial Gerechtegkeet, sief an der Steier- oder an der Educatiounspolitick, an och do géif et den Debat beräichere respektiv weiderbréngen, wann d'Propositioune vun engem Biergerrot och géife mat afléissen, deen déi ganz Panoplie vu grousse Gesellschaftsfroe kéint ofdecken, an domadder de politeschen Debat beräicheren an och Lëtzebuerg weiderbrénge kéint.

Wann ech virdrun en e bësse manner gutt Beispill genannt hunn, wëll ech awer elo e gutt Beispill nennen: D'Parlament ass an Irland net weiderkomm, wéi et ëm d'Fro gaangen ass, wéi ee mat dem Schwangerschaftsofbroch ëmgeet, an dunn hu si och e Biergerkommitee mat 99 Leit agesat. An hei war wierklech am Parlament ..., d'Parteie hu sech wierklech zerstridden a konnte sech net eenegen, a wéi se de Biergerkommitee agesat hunn, do waren eng ganz Rei ..., et goufen Experte gehéiert, et goufe Betraffener gehéiert, et goufe soss Vertrieder gehéiert, déi hu sech eng Meenung gebilt a konnten duerno der Politick eng Propos maachen, déi schliisslech dunn och ëmgesat gouf.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, d'Gemenge sinn natierlech ganz no um Alldag vun de Biergerinnen a Bierger drun an dofir hu si och e ganz wichtege Rôle, wann et ëm d'Biergerbedeelegung geet. An de Gemenge gëtt et och haut scho wéi och op nationalem Niveau eng ganz Partie Initiative fir méi Biergerbedeelegung. An ech hat virdrun och schonn e puer Méiglechkeete genannt, zum Beispill de Klimapakt.

Et gëtt awer och eng ganz Rei aner Initiativen, déi mer an de Kapp kommen: d'Bierger zum Beispill, déi gefrot ginn am Virfeld vun der Elaboratioun vun engem PAG; d'Abanne vun den Awunner, wann et ëm Neigestaltunge geet, sief et vu Quartiersplazen, Verkéiersberouegungskonzepter, Parkraummanagement, Gestaltung vu Spillplazen a villes méi. Only the sky is the limit!

D'Ënnerscheeder tëscht de Gemenge sinn hei awer grouss. An ech wëll just ee Beispill eraushuelen, wat ech wierklech interessant fannen, dat ass dat vun der Gemeng Diddeleng, déi a Saache Biergerbedeelegung, mengen ech, mat dem Biergerrot, dem Biergerpanel an och dem participative Budget wierklech ganz flott Instrumenter en place gesat huet. An ech hat eigentlech virgesinn, dat net hei ze presentéieren, well ech dervun ausgaange sinn, de Buergermeeschter géif dat selwer hei maachen. Op alle Fall hu si e Biergerrot geschafen, wou 15 Diddelenger per Zoufallsprinzipp zesummegesicht gi sinn: d'Hallschent Männer, d'Hallschent Fraen, d'Hallschent Lëtzebuerger, d'Hallschent Netlëtzebuerger. Si kënne fräi Theemen eraussichen, déi se duerno formuléieren an an hirem Grupp validéieren an duerno dem Schäfferot weiderginn, deen dann ee Mount Zäit huet, fir drop ze reagéieren.

De Biergerpanel, wéi den Numm et scho seet, ass e Grupp vu Bierger, deen ëmmer erëm an engem Panel befrot gëtt, an doduerjer kritt een eebe Feedback zu verschiddene Froen, déi d'Gemenge concernéieren.

De Biergerbudget, och e ganz interessante Modell, deen et europawäit och gëtt: Hei ass 1 % vum Budget d'investissement, dee ganz konkreet de Bierger zur Verfügung gestallt gëtt, wou d'Bierger da kënnen online eng Rei Proposen eraginn, déi gi validéiert – Machbarkeet oder net – an duerno gëtt erëm en Onlineprozess gemaach, wou d'Leit da kënnen driwwer ofstëmmen.

A wann ech d'Reaktioun vum Buergermeeschter kucken, hunn ech et guer net esou schlecht erkläert!

*(Hilarité)*

Iwwert eng Konventioun mat der Uni ginn déi verschidden Initiativen och permanent begleet an evaluéiert respektiv et ginn nei Initiativen entwéckelt, wat ech wierklech eng gutt Approche fannen. An ech hoffen, dass ech selwer och eng Kéier a menger Gemeng d'Méiglechkeet hunn, fir esou flott Prozesser wéi dat doten op d'Been ze setzen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Gradewéi et och wichteg ass, dass mir den nationale Kader eebe besser erméigleche mat méi Biergerbedeelegung, musse mer dat eeben och op lokalem Niveau weider maachen. An hei gëllt et och, op déi vill besteeënd Erfarungen opzebauen, gradewéi och déi gutt Beispiller an Erfarungswäerter aus alle Gemengen aus dem Land, déi et dann – d'Klima, awer och bei anere Prozesser – gëtt respektiv an de berodende Kommissioune gëtt, fir déi do mat afléissen ze loossen.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An an deem Sënn hat ech d'Inneministesch och an enger parlamentarescher Fro – nämlech der parlamentarescher Fro 7120 – gefrot, wéi si da géif gedenken, de legale Kader fir d'Gemengen an deem Sënn unzepassen. A well d'Äntwert e bëssen onkonkreet war, wollt ech si eigentlech haut froen, wéi se dat genau gemengt huet.

Si huet nämlech gesot, si géif eng Redefinitioun maache vun enger Rei Instrumenter, déi et gëtt, wou et ëm d'Biergerbedeelegung geet, an, ech mengen, ech fannen dat eng gutt Approche, mee et géif mech natierlech interesséieren, wat d'Regierung do genau wëlles huet ze änneren, fir de Gemenge méi Moyenen ze ginn, fir méi Biergerbedeelegung ze maachen.

Da wollt ech elo, Här President, Iech eng Motioun iwwerreechen. Ech wollt just wëssen, wou déi drun ass ...

Wannechgelift!

***Motion 1***

*« relative à la participation citoyenne dans l'élaboration des politiques publiques »*

*La Chambre des Députés,*

*– vu l'accord de coalition 2018-2023 qui mentionne que la « participation citoyenne sera encouragée pour permettre la participation de toutes les composantes de notre société au projet national et pour renforcer la lutte contre le déficit démocratique », ainsi qu'un soutien à « la participation citoyenne au niveau communal » ;*

*– considérant qu'un État démocratique tire sa légitimité et force de l'engagement de ses citoyennes et citoyens et de leur participation aux processus de décision et de mise en œuvre des politiques publiques ;*

*– consciente de l'amplification de sentiments de désintérêt et de méfiance à l'égard de la vie politique ;*

*– soulignant que l'engagement civique dynamise la démocratie et contribue à faciliter le vivre-ensemble ;*

*– rappelant que la participation citoyenne permet aux citoyen.ne.s d'être mieux informé.e.s, de faire entendre leurs voix et d'influencer les décisions qui affectent leur vie quotidienne pour que les décisions et leur mise en œuvre correspondent mieux à la fois à leur besoins individuels et à l'intérêt général ;*

*– estimant essentiel de ne pas limiter la participation politique au seul choix des représentant.e.s élu.e.s nationaux et locaux, mais d'œuvrer activement à dynamiser et élargir la participation citoyenne aussi bien au niveau national que communal ;*

*– vu l'importance démographique des résident.e.s non luxembourgeois.e.s qui restent exclu.e.s du droit de vote aux élections législatives, mais possèdent le droit de vote aux élections communales, mais qu'au 28 février 2023 seuls 12,5 % des personnes concernées s'étaient effectivement enregistrées comme électeurs ;*

*– soulignant le succès ainsi que le caractère innovant et plus professionnalisé des récents processus de participation citoyenne initiés par le Gouvernement, tel que par exemple le « Biergerkommitee » de l'initiative « Luxembourg in Transition », le « Klima-Biergerrot », les workshops « Null Offall Lëtzebuerg », les ateliers « Matenee fir eng modern Gemeng », la réforme du RGTR, les outils de participation du « Klimapakt » ou encore du « Pakt vum Zesummeliewen », tout comme les initiatives du CELL et de nombreuses initiatives communales visant l'élaboration participative du PAG, d'un espace public ou de divers « masterplans », voire d'un budget citoyen communal y inclus la mise en place de la « Plateforme luxembourgeoise de la démocratie participative » en coopération avec l'Université du Luxembourg,*

*invite le Gouvernement à*

*– évaluer de manière détaillée les expériences de participation citoyenne des dernières années en collaboration avec la Chambre des Députés, l'Université de Luxembourg et les autres expert.e.s ayant développé, encadré ou étudié les processus participatifs tout comme les citoyenn.e.s ayant participé à ces expériences ;*

*– analyser de manière générale les outils et possibilités existants de la participation citoyenne dans l'élaboration des politiques publiques nationales et locales et proposer des pistes d'amélioration visant à renforcer et promouvoir la participation citoyenne ;*

*– étudier, en collaboration avec la Chambre des Députés, la faisabilité et les modalités d'une procédure institutionnalisée de participation citoyenne nationale, tel que par exemple un Conseil citoyen, qui puisse associer de manière systématique et continue les citoyens à l'élaboration de politiques publiques.*

*(s.) François Benoy, Simone Asselborn-Bintz, Gilles Baum, Myriam Cecchetti, Sven Clement.*

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Et ass eng Motioun, déi vun de Gréngen, vun der DP, vun der LSAP, vun de Lénken a vun de Piraten ënnerschriwwen ass, dat heescht, eng breet Ënnerstëtzung hei am Parlament huet, wat ech wierklech e ganz flotten an e ganz gudde Message fannen, well et wierklech drëm geet, eis Demokratie ze stäerken. Engersäits hale mer an där Motioun natierlech erëm fest, wat d'Wichtegkeet ass vu Biergerbedeelegung a firwat dass mer se maachen, dass se souwuel op nationalem wéi och op kommunalem Plang wichteg ass an dass och e professionellen Encadrement wichteg ass.

A mir invitéieren d'Regierung, fir eng detailléiert Analys ze maache vun den Experienze vu Biergerbedeelegung, déi et gouf an de leschte Joren, dat zesumme mat der Chamber ze maachen, mat der Uni a mat alleguerten den aneren Experten, déi matgemaach hunn, respektiv och mat de Bierger, déi un deene Prozesser bedeelegt waren – an ech denken do natierlech speziell un de Klima-Biergerrot an un de Biergerkommitee –, dass mer wierklech och analyséieren, wat fir Méiglechkeeten dass mer hunn, fir d'Participatioun, d'Participation citoyenne an eisen nationalen an och an eise lokale Politicken nach besser eranzekréien, a wéi mer dat nach kënne verbesseren, an da schliisslech analyséieren, wéi mer ..., dass d'Regierung zesumme mat der Chamber kuckt, wéi et méiglech wär, eng institutionaliséiert Prozedur an d'Weeër ze leede fir eng national Participation citoyenne, wéi zum Beispill e Conseil citoyen, an dass et hei och wichteg ass, dass mer d'Bierger mat abannen, fir deen en place ze setzen.

An an deem Sënn, Här President, Dir Dammen an Hären: Mir hunn zu Lëtzebuerg an de leschte Jore gutt Erfarunge gesammelt bei Biergerbedeelegungsprozesser, an et ass wichteg, dass mer déi elo ausbauen. D'Biergerbedeelegung ass eng grouss Chance, fir den demokrateschen Defizit ze iwwerwannen an eng méi staark Demokratie zu Lëtzebuerg ze ginn, fir d'Zesummeliewen ze favoriséieren, fir als Gesellschaft méi séier a besser op déi grouss Erausfuerderungen ze reagéieren.

An an der Motioun, déi ech grad deposéiert hunn, gi mir als Parlament eeben den Optrag, fir déi participativ Demokratie ze stäerken, souwuel national, mat zum Beispill engem permanente Biergerrot – oder engem Conseil citoyen, wann een dat franséischt Wuert léiwer huet –, gradewéi och op lokalem Niveau. Domadder stäerke mer d'Demokratie däitlech, an et wär wierklech wichteg – an et gesäit jo och duerno aus, wéi wa mer haut kéinten, an ech fannen dat e ganz gudde Moment – déi Motioun mat enger ganz grousser Majoritéit unhuelen, fir dass mer dat an den nächste Joren och hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen.

An deem Sënn soen ech Iech alleguerte villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Benoy.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun dëser Orientéierungsdebatt ass eigentlech: Wéi stitt Der zur Biergerbedeelegung an der Gestaltung vun der Politick?

An ech soen dem François Benoy eigentlech villmools Merci, dass en déi wichteg Orientéierungsdebatt haut

virbruecht huet, an ech soen och am Numm vun eiser Fraktioun, dass mer appreciéieren, dass de Staatsminister dëser Debatt bäiwunnt, well se an eisen Aen iwwergräifend ass a sech net nëmmen op den Theema Klima oder Ëmwelt bezitt.

Well d'Biergerbedeelegung, besonnesch an engem klenge Land, wou praktesch 50 % Netlëtzebuerger wunnen, wou mer eigentlech eng ganz divers Komposition vun eiser Populatioun hunn, dat dréit zum Räichtum vun engem Land bäi, mee d'Biergerbedeelegung, also d'Participatioun vun de Leit an dem Entscheedungsprozess, dat ass eng fundamental Fro.

Et ass och fir eis duerfir eigentlech eng Grondsazdebatt iwwert: Wat ass Demokratie? Wat ass se a Wierklechkeet? A wéi soll se och an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg haut sinn?

Et ass eng Fro, déi net just abstrakt ass, mee virun allem muss ee se konkreet am Geescht vun der Zäit kucken, bei eis zu Lëtzebuerg am Land, mee och virun allem – an de François Benoy huet dat ugeschnidden, wat mer ëmmer fréier gesot hunn –, an der Urzell vun der Demokratie, och virun allem an de Gemengen, an eiser Gesellschaft generell, där politescher, mee och virun allem där ziviller. An et kéint een et hei eigentlech mat enger legendärer Ausso soen, déi deemools de Willy Brandt gesot huet, wéi en ugetrueden ass am däitsche Bundestag als Bundeskanzler. Do sot en: „mehr Demokratie wagen".

An ech soen och ganz kloer, mir stinn als konservativ CSV ...

**Une voix** | Konservativ?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, an do sti mer derzou! Mee mir stinn oppen zu där Fro, well d'Participatioun vun de Bierger ass eppes, wou een net ka stoebleiwen. Eng Biergerbedeelegung, déi muss een ëmmer dem Geescht vun der Zäit upassen, a méi Demokratie woen, heescht an eisen Aen och duerfir ganz kloer, et muss een och méi Participatioun vun de Bierger erméiglechen.

Mee et heescht och fir eis ganz kloer als CSV, dass mir net all Trend nolafen. An d'Biergerbedeelegung fir d'CSV muss sech fir eis an engem verfassungsrechtleche Kader aschreiwen a si muss och eiser Staatsform, nämlech enger parlamentarescher Demokratie, entspriechen.

An eiser representativer Demokratie, do hu mer op nationalem Plang e Parlament, also d'Chamber, déi d'Decisiounen hält am Numm vum Vollek, an an eise Gemenge vertrieden d'Gemengeréit eis Bierger, an dee wichtegsten Akt vun enger parlamentarescher Demokratie, jo, dat sinn nun emol d'Walen an och e Resultat, wat et an eisen Aen ze respektéiere gëllt.

Eng modern Demokratie reduzéiert sech fir eis awer net just op e vereenzelte Rendez-vous, deen een all fënnef oder sechs Joer huet als Deputéierten oder Gemengeconseiller mat dem Bierger. Neen, eng modern Demokratie ass och e permanente Prozess vu Participatioun – zumindest muss an eisen Aen eng permanent Offer vun Nolauschteren an Abezéie bestoen.

A mir hunn och eng ganz Rei vun Instrumenter, déi deem entspriechen. Mir hunn e Referendum, dat gëtt et souwuel op nationalem wéi och op lokalem Plang, an et ass derwäert, dat Instrument ze notzen, op jidde Fall méi, wéi dat de Moment de Fall ass.

*(Interruption)*

Mee, ech mengen, de Problem ass deen, dass mer zu Lëtzebuerg eigentlech keng richteg Referendumskultur, sou wéi se zum Beispill an der Schwäiz ass, hunn. Well et gëtt bei Referenden – an dat hu mer an der rezenter oder méi laanger Vergaangenheet gesinn –, scho wuel op Froe geäntwert, mee et läit nach ëmmer meeschtens dann eppes Politesches méi derbäi.

An dem Referendum läit an eisen Aen awer vill méi Potenzial wéi eng punktuell Bedeelegung vun de Bierger. Et gëtt och zum Beispill dat Instrument vun de Petitiounen.

A si kenne besonnesch an dëser Zäit en extreem grousse Succès. D'Madamm Arendt huet mer gesot, dass eleng dës Woch anscheinend 50 Demandë fir Petitiounen – 50 Demandë fir Pétition-publiquen! – komm sinn. An déi Petitiounen, déi bréngen och reegelméisseg gesellschaftspolitesch Debaten an der Chamber op, déi vu Petitionären, also vu Bierger ab 15 Joer – och Netlëtzebuerger –, ausgeléist ginn. An dës Petitiounen, déi sinn an der Reegel – net an hirer ganzer Bandbreet – och e gudde Barometer, wéi de Bols vun de Leit dobaussen ass, well mir gesinn awer, dass eng Rei vu gesellschaftspolitesche Froe a reegelméissegen Ofstänn erëmkommen. Et sinn och déi, déi eng grouss Unzuel vun Ënnerschrëfte sichen.

An da musse mer awer och soen, dass mer ënnert dem Impuls vun engem vun den Eelste bei eis, nämlech dem Paul-Henri Meyers, an där Verfassung, déi mer elo gestëmmt hunn an déi am Juli zum Droe kënnt, déi sougenannten Initiative populaire agefouert hunn, eng Initiative populaire. Also, 25 Bierger (veuillez lire: 125 Bierger) kënnen ab Juli carrement eng Gesetzespropositioun abréngen, a wann 12.500 Wieler déi ënnerstëtzen, da muss d'Chamber an enger ëffentlecher Sitzung iwwert esou e Gesetzesvirschlag debattéieren an ofstëmmen.

D'Biergerbedeelegung, Dir Dammen an Dir Hären, déi dréckt sech awer och – dat soll een och net vergiessen – an eisen administrative Prozeduren aus, an dat zielt grad besonnesch an dem Ëmweltberäich, well do hu mer eng Aarhus-Konventioun, déi de Bierger éischtens méi Informatiounszougang erméiglecht an zweetens och carrement virgesäit als Instrument, als internationaalt Rechtsinstrument, de Bierger aktiv an den administrativen Decisiounsprozess matanzebannen.

An dat spigelt sech erëm an de Consultatiounen, déi virgesi sinn am Gesetz, zum Beispill bei engem PAG – an Dir wësst, dass Der d'Bierger fréi do musst abannen –, dat spigelt sech erëm an engem PAP, dat spigelt sech erëm an de Kommodoprozeduren, an der Ausweisung vun den Naturschutzzonen, wou d'Leit gefrot gi virdrun, an enger Ëmweltverträglechkeetsedüd, an de Plan-sectoriellen – kënnt Der Iech erënneren, dass do vill Participatioun erwënscht war, déi net ëmmer do war –, an de POSen, an dem Programm iwwert d'Landesplanung, dat ass dat lescht Beispill, wat mer kierzlech an der Chamber haten.

An d'Fro stellt sech hei an eisen Aen – ech soen dat och ganz kloer –, ob déi Dossieren, déi de Leit, also der Bandbreet vun de Bierger virgeluecht ginn, ob déi éierlech gesot, net ze komplex sinn an domat eng ganz Rei vu Bierger, déi sech net domadder einfach kënne familiariséieren, ofschrecken, fir bei där Participatioun, déi duerch d'Gesetz einfach virgesinn ass, matzemaachen.

Ech mengen, dat ass en Defizit. Ech wëll deen ausdrécklech an eisem Numm hei uschwätzen, well mir hu wuel en Debat, deen initiéiert ass fir de grousse Public, mee ech soe ganz éierlech ... A wa mer hei zu 60, déi jo ganz vill nach aner Funktiounen iwwerhuelen, wa mer do mat eis selwer éierlech sinn: also, Dokumenter vun Honnerten, oft méi Honnerte Säiten ze liesen, déi an engem ganz schwéieren, techneschen, ech géif net soen, technokratesche Language geschriwwe sinn, jo, da kapituléiert een einfach no enger 50, 60 Säiten an et kritt een, éierlech gesot, net d'Gesamtbild vun deem, wat gewollt ass a wat och an engem positive Kader oft gewollt ass, da kritt een dat net mat an et ass ëmsou méi schwéier, fir d'Bandbreet vun de Bierger do matanzebezéien, fir dass déi och hir Meenung iwwerdroen.

An d'Leit missten eigentlech an eisen Aen do niewent deenen techneschen Dokumenter en einfach verständleche Resümmee kréie mat de Kärpunkte vun deem, wat geplangt ass, eng kloer an informativ Informatioun, net technokratesch, einfach formuléiert a virun allem net ze voluminéis, well soss bleift – ech soen dat och ganz kloer – oft déi Participatioun, déi gewënscht ass, déi och, mengen ech, gutt gewënscht ass, an eisen Aen awer ze vill oft e Lippenbekenntnis, fir et dann emol esou auszedrécken.

An drëttens, d'Fro bleift eigentlech fir eis: Sollt een iwwert déi bestoend gesetzlech Instrumenter eraus weider Forme vu Participatioun hunn?

An als CSV soen ech och ganz kloer, mir stinn esou engem Plus u Participatioun niewent deem, wat an der representativer Demokratie ass, oppe géintiwwer. An et gëtt eng Rei vu Modeller am Ausland, déi fir eis och méi oder manner Succès hunn, mee déi een net einfach vu virera soll verwerfen. Ech wëll der zwee nennen: An den 90er-Joren, do huet sech a Frankräich, also engem Land, wat awer 60 a méi Milliounen Awunner huet, e Modell developpéiert vun engem Complément zu der representativer Demokratie, wou eng méi direkt Participatioun vun de Bierger virgesinn ass, an dat ass déi sougenannt „Commission nationale du débat public".

Et handelt sech hei, fir dat awer kuerz ze beschreiwen, ëm eng onofhängeg Autoritéit, déi soll sécherstellen, dass besonnesch a Saachen Ëmwelt d'Leit Informatiounen iwwer geplangte Projete kréien, an dat wäit am Virfeld vun enger eigentlecher Enquête publique. Dat kënne grouss Projete sinn, zum Beispill Stroossen, zum Beispill Autobunnen, zum Beispill Zuchlinnen oder Wandparken oder Deponien. An d'Leit – an do gesi mer de Plus an esou enger Prozedur – ginn oder mussen am Virfeld informéiert ginn iwwert de Firwat vun engem Projet. Iwwer de Firwat vun engem Projet, dat heescht also: Wat hunn ech méi, wann ech dee Projet hu par rapport zu enger Nullléisung, dat heescht, wann ech de Projet net maachen? An et heescht och, dass de Projet presentéiert gëtt, ier all déi technesch Detailer do sinn an och virun allem d'Finanzéierung vum Projet ka mat a Betruecht gezu ginn.

De Plus vun esou enger Prozedur ass deen, dass deen Débat public, deen am Virfeld vun enger Enquête geschitt, virun allem vun enger neutraler Autoritéit gefouert gëtt, déi och onofhängeg ass an déi och dann e Bericht iwwert déi Consultatioun mécht mat eegene Recommandatiounen.

Esou e Modell huet sécher Virdeeler, en huet och Nodeeler, mee en huet zum Beispill och net nëmmen Nodeeler fir den Auteur vun esou engem Projet, deen am Virfeld, wou en dat dohinner leet, eng oppen Diskussioun mat deene betraffene Bierger ka féieren.

An et ka souguer sou wäit féieren, mengen ech, dass déi eigentlech gesetzlech Enquête publique, déi hannendru kënnt, méi oppen, méi informativ a virun allem méi schnell kann iwwert d'Bün goen. An duerfir ass esou e Modell wéi dat do, dee jo seng Preuve an enger grousser Demokratie gemaach huet, fir eis en duerchaus préiwenswäerte Modell. Ech wëll och soen, dass d'Presidentin dovunner, eng fréier Ëmweltministesch ass, d'Madamm Jouanno, déi de Moment déi Autoritéit presidéiert.

Da gëtt et en zweete Modell – an de François Benoy huet deen ugeschwat –, dat ass deen, wat Eupen,

Sankt Vith, Malmedy …, dat ass dee vun dem sougenannte permanente Biergerrot an der däitschsproocheger Communautéit an der Belsch. Och do ginn niewent dem Parlament …, well och déi 60.000 oder 70.000 Eumaven, wéi mer se ëmmer nennen, déi hunn niewent hirem Parlament, niewent hirer Regierung och esou e permanente Biergerrot mat 50 Leit, déi duerch d'Lous – ech kommen herno nach dodrobber –, bestëmmt ginn. A si kënnen eethesch Sujeten oder méi laangfristeg Erausfuerderunge virbréngen.

Et ginn do Virschléi erschafft, an d'Parlament, entweeder an hire Kommissiounen oder an der Plenière, muss sech domadder befaassen. D'Originalitéit eigentlech vun deem System ass déi, dass niewent dem Parlament d'Bierger als solch en direkt Initiativrecht hunn, an dat ausserhalb vun dem Parlament.

Ech mengen, et sollt een och keng Scheiklappen hunn, fir esou e Modell am Detail ze analyséieren, well ech mengen och ganz éierlech, dass d'Zeeche vun der Zäit op méi Participatioun ganz einfach hindeiten.

De François Benoy huet eppes Richteges gesot, dat ass d'Geschicht vun eise Gemengen. Jo, do gëtt et eng ganz Rei vu positiven Erfarungen. En huet dat vun Diddeleng, de Panel vun Diddeleng, genannt. Et gëtt och aner Modellen, déi, mengen ech, a Gemengen, souguer onbewosst vu participativer Bedeelegung, virgefouert ginn, dat sinn d'Quartiersvisitten, wou d'Leit kënne matschaffen, et sinn Informatiounsversammlungen am Virfeld vu grousse Projeten, et si Workshoppen, déi gemaach ginn.

A mir haten de Moien an eiser Fraktioun, wou jo awer eng ganz Rei vu Gemengeverantwortlechen dra sinn, déi an den Exekutive vertruede sinn, wou se dat als duerchaus positiv Erfarung opgelëscht hunn, wou Projeten, en Amenagement vun enger Plaz, vun engem grousse Gebai, ugefouert goufen …, mee et ass awer – an ech menge wierklech, zu Recht – drop higewise ginn, dass et oft feelt un enger Struktur, un engem Kader, wéi mat professionelle Mediateuren esou en Debat zwëschent 50 an 80 Leit ka konstruktiv an och zielführend gemaach ginn.

An ech mengen, do wier …, an dat war och de Wonsch vun eise ville Gemengeverantwortlechen – ënner anerem dem President vum Syvicol, deen dat ausgedréckt huet, dem Ettelbrécker Buergermeeschter –, déi déi Iddi also ganz begréissen, mee dass ee vum Staat …, dat muss net e gesetzleche Kader sinn, mee vun dem Inneministère aus, ech soen, e bëssen e Kader schaaft, wéi déi Méiparticipatioun à l'initiative vun den eenzelne Bierger ka konstruktiv an zielführend gefouert ginn.

Ech soen awer grad esou kloer, dass bei eis an der Fraktioun de Moien och gesot gouf, niewent där direkter Participatioun vun de Bierger sollt een awer och net vergiessen, grad elo an dësen Zäiten un dat direkt Verantwortungsgefill vun de Bierger ze appelléieren, well all d'Bierger, och d'Netlëtzebuerger, hu mat ganz einfache Prozeduren …, an e Samschdeg war eng weider Epreuve, nämlech wou d'Leit sech konnten aschreiwen, dass et och net verbueden ass, déi direkt representativ Demokratie wouerzehuelen. An ech mengen, mir hunn …, ech schreiwen eis dat e bëssen als Meritt zou, dass den Accès zu der Lëtzebuerger Nationalitéit ënnert dem Impuls vun der CSV an der vergaangener Legislaturperiod vereinfacht gouf.

Mir hunn eis ni dergéint gestrieft – dat hu mer och ëmmer kloer gesot –, dass mir um Niveau vun de Gemenge wëllen, dass d'Lëtzebuerger, mee och d'Netlëtzebuerger, ob dat EU-Bierger sinn oder ob et Bierger aus Drëttstaate sinn …, déi hunn awer, muss ech ganz kloer soen, e relativ einfachen Zougang zu der direkter Demokratie an hirer eenzelner Gemeng.

Ech muss awer gradesou kloer soen, dass ech bedaueren … an et si jo eng Rei vu Buergermeeschteren heibannen, an déi hunn dann de WhatsApp-Grupp vun de Buergermeeschteren, do hu se dann eng Ëmfro gemaach, wivill Leit sech do dann iwwert de Samschden ageschriwwen hu vun Netlëtzebuerger. Mat Ausnam vun enger Gemeng – ech mengen, dat war Hesper, wou iwwer 300 Leit sech e Samschden ageschriwwen hunn –, muss ech soen, ass dat awer an deene meeschten, esou wéi ech dat suivéiert hunn, am eestellege Beräich, och esouguer a grousse Gemengen, gaangen.

*(Interruption)*

Et soll een net d'Leit bevormunden, a mir hunn och ganz kloer gesot, et invitéiert een d'Leit, mee et soll ee se net ze vill drécken, well et ass jo hire fräie Choix, ob se wëllen a Gemenge matmaachen oder net. Mee ech wëll awer gradesou kloer soen: D'Responsabilitéit vun dem eenzelne Bierger, wann en Netlëtzebuerger ass, fir sech anzeschreiwen an enger oppener Gesellschaft, queesch duerch d'ganzt Land, déi läit awer dann am Endeffekt och bei de Bierger – fir sech anzeschreiwen oder net anzeschreiwen.

Mir sinn eng grouss Vollekspartei, ech maachen och keen Heel draus. Mir hunn zwar vill méi Proporzgemengen, dat muss een och soen – bei 56 si mer de Moment –, an, ech mengen, ech kéint dat och soen, à moins dass elo déi aner soen: „Ma mir haten absolutt keng Problemer", also, mir haten 2023 méi Problemer wéi all déi Legislaturperiode virdrun, fir flächendeckend iwwert d'Land d'Lëschten um Niveau communal vun der CSV voll ze kréien – an ech mengen, dass dat bei anere Parteien net vill anescht war. Dat heescht also, dass och d'Verantwortungsgefill vun deem eenzele Bierger muss sinn: „Wann ech wëll matbestëmmen, dann hunn ech den Zougang, fir mech och anzeschreiwen an dann aktiv an der Politick matzewierken."

Duerfir wëll ech ofschléissend soen: Mir stinn niewent der direkter representativer Demokratie enger participativer Demokratie a Biergerbedeelegung sécherlech oppe géintiwwer, mee et gëtt fir eis duerfir eng Rei vu Grondorientéierungen.

An dat ass éischtens: De Plus u Biergerbedeelegung, dee muss fir eis strukturéiert sinn. D'Informatioun, well och dat zielt derzou, déi muss faktesch baséiert an equilibréiert sinn. D'Informatioun muss och fir d'Leit einfach verständlech sinn, si däerf net technokratesch an och virun allem net ze voluminéis sinn. De Plus u Biergerbedeelegung, dee muss fir eis transparent, neutral a virun allem no festgeluechte Reegelen oflafen, an zum Beispill ass en Zougang vun all Bierger a vun all Interessevertriedungen an den equilibréierte Gremie vun enger participativer Demokratie fir eis och do extreem wichteg.

Well net fir näischt gi se an der Belsch, wou se dee Biergerrot hunn …, do ginn net no Lobbyen d'Leit erausgesicht, mee et gëtt duerch d'Lous erausgesicht. A firwat duerch d'Lous? Mee dass een niewent deenen demokratesch gewielte Volleksvertrieder eng equilibréiert Vertriedung an deem Biergerrot huet, wou jiddwereen, egal wat seng sozioprofessionell Hierkonft ass, wat seng politesch Ausriichtung ass, wat seng Empfannunge sinn, jiddwereen do Zougang huet.

An da muss natierlech och virun allem eng Transparenz an den Aarbechtsprozesser do sinn, fir dass dee Gremium och seng Legitimitéit huet. A wann een esou Gremien huet, jo, da muss een och als Politick an als Gesellschaft dermat d'accord sinn, dass een deene Gremien eng administrativ, mee och virun allem eng finanziell Hëllefsstellung gëtt, fir dass se hire Fonctioune kënnen effektiv nogoen.

Duerfir soe mir ganz kloer: Déi participativ Demokratie ass fir eis e Complement, mee si ass keen Ersatz an der normaler Decisiounsfannung vun der Politick. D'participativ Demokratie soll och fir eis net dorop ausgeluecht sinn an och net – ech soen dat entre guillemets – „mëssbraucht" ginn, fir Decisioune vu gewielte Gremien am Nachhinein dann ëmmer wëllen a Fro ze stellen. Mee et soll een am Virfeld vun dem Entscheedungsfannen e méiglechst breeden, méiglechst informativen, en objektiven, transparenten a sachbezunnene Meenungsaustausch hunn.

Als Schlussfollgerung: „Méi Demokratie woen" bleift also fir eis toppaktuell! Et ass ni selbstverständlech an enger Demokratie, well eng Demokratie, dat weist och d'Vergaangenheet oder déi rezent Vergaangenheet iwwert d'Grenze vun eisem Land eraus, déi muss a ville Länner erstridde ginn. Dat brauche mer gottseidank zu Lëtzebuerg net, solle mer eis bewosst sinn. Mir sollen dat awer och net liichtsënneg op d'Spill sëtzen.

An ech mengen, besonnesch an engem Waljoer solle mer dat maachen: Mir sollen eis Demokratie héichhalen an eise Gemengen, an der Chamber a mir sollen och doriwwer eraus nei participativ Modellen net mat Scheiklappen ugoen. An duerfir wëlle mer, dass dat virun allem sachlech, transparent, neutral a strukturéiert geet.

Nach eng Kéier merci dem François Benoy an der Fraktioun vun deene Gréngen fir dësen Debat. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Frank Colabianchi. Här Colabianchi, Dir hutt d'Wuert.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, direkt emol vu menger Säit am Numm vun der DP-Fraktioun e grousse Merci un déi gréng, déi dësen Debat ugefrot hunn an e besonnesche Merci un den Här François Benoy.

„Permettre la participation de toutes les composantes de notre société au projet national", esou gëtt an der Ufro en Zitat aus dem Koalitiounsaccord ugefouert. Dësen Auszuch aus dem Koalitiounsaccord ass interessant a wichteg, an zwar direkt an zwou Hisiichten: Et geet rieds engersäits vun engem Projet national an et gëtt anersäits geschwat vun „toutes les composantes de notre société", wourop ech spéider zréckkomme wäert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Politick ass eppes, wat net laanscht de Bierger oder iwwert de Bierger ewech gemaach däerf ginn. Et heescht, no um Bierger a mam Bierger zesumme Politick ze maachen, eis Gesellschaft, eist Ëmfeld vun haut a vu muer ze gestalten. Dës Erkenntnis ass net nei an ass eppes, wat der DP – wat ons all heibannen – immens wichteg ass. Politick soll gemaach ginn no bei de Leit, fir d'Leit an zesumme mat de Leit!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | An et gëtt och schonn haut eng ganz Rëtsch vu Moyenen a Gremien, wou eng Participatioun vum Bierger méiglech ass – dat huet de Gilles Roth och elo just nach eng Kéier rappeléiert –, esou wéi dat och an der Demande fir den Debat geklongen ass, dëst méi oder manner formell, sief et Walen, Referenden, Petitiounen, Parteiesyndikater, ONGen et cetera oder och ënner anerer Form wéi zum Beispill dem Biergerforum oder dem Klima-Biergerrot.

Eent wëll ech awer hei emol ganz kloer an däitlech ënnersträichen: …

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | ... D'Biergerbedeelegung ass wichteg an dofir och d'Iwwerleeungen, d'Leit nach méi ze incitéieren, fir méi ee groussen Ureiz ze schafen, sech mat anzebréngen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Heiriwwer an och sécherlech iwwer eventuell weider an nei Weeër sollt een nodenken. Also: vun däser Säit e ganz klore Jo zur Biergerbedeelegung!

Par rapport zu engem nationale Biergerrot, soll ee sech awer iwwert de Rôle, d'Fonctionéieren, d'Aufgabegebitt, de Pouvoir vun esou enger zousätzlecher Institutioun eens ginn a sech net vum éischten Äifer dreiwe loossen.

Esou e Gremium, ob deen elo „nationale Biergerrot" oder anescht heescht, iwwerhaapt all Form vu partizipativem Exercice soll net just en eegene Selbstzweck sinn. Et soll e Mëttel sinn, dat finalement zu Resultater féiert, déi hëllefen, Problemer oder Schwieregkeete gemeinsam ze léisen. Dëst solle mir am A behalen, wat net heescht, dass een net kann no alternativen, neie Weeër sichen.

Et muss een awer och versichen erauszefannen, wéisou existent Methoden eventuell manner attraktiv sinn a potenziell manner genotzt ginn, a probéieren, dëst dann anescht an- oder auszebauen.

En neit Gremium oder en neie Kommitee, an egal wat fir enger Form, sollt net bei abstrakten Iddie bleiwen, mee soll konkreet op spezifesch Froen äntweren. Et soll eng reell Plus-value hunn a besonnesch och fir jiddwereen accessibel sinn. Et geet notamment ëm eng gutt Representativitéit, fir doduerch en demokrateschen Defizit ze vermeiden, well et däerf net sinn, datt Méiglechkeete vun enger Biergerbedeelegung nëmme bedéngt fir verschidde Leit zougänglech wären an aner Leit aus verschiddene Grënn ausgeschloss wären.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Et misst ..., nee: Et muss oppe si fir jiddereen!

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Nach eng Kéier, fir dass verschidden Aussoen net falsch interpretéiert ginn: Eng Biergerbedeelegung ass wichteg.

En ettlech Beispiller aus der Vergaangenheet hu scho bewisen, dass en Interessi beim Bierger do ass, sech matanzebréngen: „Luxembourg in Transition" an de Biergerkommitee Lëtzebuerg 2050; Workshoppen am Kader vun der Aktioun „Null Offall"; de Klima-Biergerrot, deem seng Resultater jo d'lescht Joer hei an der Chamber analyséiert a beschwat goufen a wou vill Iddien an en immens grousse Katalog u méiglechе Mesüren zesummekomm sinn.

Et gëtt och bei ganz ville Saachen oder Theeme Consultatiounen, sougenannt „Consultations publiques" – oft zwar ex post, also nodeems dass e Projet zu engem groussen Deel ausgeschafft ass –, wou de Bierger dann trotzdeem säin Input ka ginn a seng Iddien zum Deel mat afléisse kënnen. Esou Consultations publiques ginn och ëmmer méi oft schonns ganz fréi gemaach, fir de Bierger vun Ufank u matanzebannen. An ech kann do ee Beispill nennen: Virun net grad zwou Woche waren de Kolleeg Marc Spautz an ech zu Péiteng, méi genee gesot zu Rodange – ...

*(Interruption)*

... well do muss ee jo op d'Sensibilitéiten oppassen; „zu Rodange" betounen ech also nach eng Kéier –, bei der Aweiung vu Shared Space, wou mer vum Jean-Marie Halsdorf a vum Pierre Mellina invitéiert waren. Do ass och gezielt ginn, dass d'Bierger fréi matagebonne goufen. An ech kann do nëmme soen: Dat war och eng Kéier zu Bartreng de Fall, wou Shared Spaces ..., naja, deemools belächelt, haut vu villen anere Buergermeeschteren awer och realiséiert. Dat war bei eis och esou de Fall. D'Biergerbedeelegung ass also net onbedéngt eppes Neies. Also, ech schwätzen aus eegener Erfarung vun eppes, wat zwielef Joer hier ass.

**Une voix** | Den Cäsar.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Jo, och ...

*(Hilarité)*

Bei dëser Opzielung vu Méiglechkeeten, wéi d'Bierger sech kënnen abréngen, däerf ech awer kengesfalls d'Petitioune vergiessen, wou den neien iwwerschaften Internetsite www.petitiounen.lu de Leit dës Méiglechkeet vill méi einfach mécht, wéi dat fréier de Fall war.

An der Petitiounskommissioun mierke mir ganz gutt, dass iwwert d'Joren ëmmer méi Petitiounen erakommen. Ech kommen awer och net derlaanscht – an, ech mengen, dass ech hei fir eng ganz Rei Memberen aus der Petitiounskommissioun schwätzen – fir ze soen, datt eng Partie Bierger vun dësem Moyen abuséieren ...

*(Interruption)*

... respektiv carrement onseriö Petitiounen erareechen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Déi huele mer jo dann och net un.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Hei muss ee kloer an däitlech soen: Esou eppes schuet dësem dach wichtegen Instrument an ass der Demokratie keen Déngscht geleescht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Dofir huele mer se jo och net un.

*(Interruption)*

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Voilà! Ech si frou, dass d'Madamm Presidentin vun der Petitiounskommissioun sech gemellt huet.

Ech wollt och nach eppes Klenges hannendrusetzen an ech mengen, da si mer allen zwee zefridden: Ënnert dem Stréch ass et awer gutt, dass vill Leit sech dësem Moyen bedéngen, fir op reell Mëssstänn, Problemer oder Doleancen opmierksam ze maachen, et ëmmer méi oft zu engem ëffentlechen Debat kënnt an doduerch schonn esou munche Steen an d'Rulle bruecht ginn ass. D'Leit kréien am Echange mat den Deputéierten Äntwerten a gesinn och Resultater. Eng Petitioun kann also eppes bréngen an dofir huelen d'Bierger dëst Instrument och ëmmer méi wouer.

Och de Referendum huet an dëser Opzielung seng Plaz, genausou wéi déi nei virgesinn Dispositioun an der Verfaassung, déi de Gilles Roth virdru virgestallt huet, Konferenzen oder Table-ronden, wou iwwer e Sujet informéiert gëtt, debattéiert gëtt, wou duerch e liewegen Austausch de Pro an de Kontra zu engem Theema gekuckt gëtt an dann eventuell zesumme mat Experte Konklusioune gezu ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een iwwer Biergerbedeelegung schwätzt, ass virun allem een Zil, dat ee sech setze sollt. Et gëllt nämlech, Äntwerten op eng Rei Froen ze fannen. An ech kommen heimat nach emol op dat zréck, wat ech ufangs gesot hunn.

Wéi motivéiert een d'Mënschen dobausse matzemaachen? Wat hält eenzel Persounen am Moment dovun of, sech matanzebezéien? An ëmgedréint: Firwat wëlle sech anerer matabréngen oder méi matabréngen? Wat interesséiert d'Leit? An de Fall gesat: Wéi kann een hinnen et am beschten erméiglechen, dass si och Deel vum Austausch kënne sinn?

Äntwerten op dës Froe si sécherlech, dass net all Mënsch sech fir Politick interesséiert, esou wéi och net all Mënsch Freed u Kultur oder u Sport fënnt, dass Verschiddener och net wëssen, wéi se sech sollen oder kënnen abréngen, dass vill Leit sech net concernéiert spieren. Oft gëtt jo eréischt matgeschwat, wann eppes ee selwer betrëfft, wann et ëm déi eegen Hausdier geet.

Nun, méiglech Äntwerte gëtt et vill op dës Froen, an Ursaachen, firwat dat esou ass, sécherlech nach méi.

Oft – an dat huet den Här Benoy François och a senger Ufro zum Debat eng Kéier ugeschwat – gëtt dann och vun engem gewëssene Verdross bei de Leit dobausse geschwat, wat den Interessi un der Politick ugeet, enger Politickmiddegkeet, engem Gruef, deen tëschent der Politick an de Bierger existéiert.

Wann dat dann esou ass, maache mir et net besser, andeems mir nach ëmmer méi Gremie kreéieren. Wann dat dann esou ass! Well ech fannen déi Ausso dach e bëssen ze kategoresch a gesinn et méi nuancéiert.

Kuckt d'Unzuel vun den ONGen, Biergerinitiativen, Foren, Vereenegungen, déi sech fir dëst oder dat asetzen a staarkmaachen! An der Ufro selwer vum Här François Benoy ginn eng ganz Rei esou Initiativen ernimmt.

Kuckt déi Jonk! Si lancéieren eegenhänneg nei Mouvementer. Si soen hir Meenung a stinn zu hir, wéi fréier Generatioune sech dat net getraut hunn, a si bei villem déi dreiwent Kraaft. D'Participatioun ass bei hinnen eppes, wat schonn haut vu Jonkem un ufänkt a wat eis Jugend bäibruecht kritt, ënner anerem an der Schoul duerch d'Éducation à la citoyenneté, wou ons Schüler eis Prozesser an eis Gesellschaft méi no bruecht kréien.

Kuckt! All Dag gi momentan d'Lëschte fir d'Gemengewale publizéiert. Do si vill Jonker derbäi. Enn lescht Woch hunn ech en Interview vum CSJ-President matkritt, dee seet, dass d'CSV 75 Jonker op hire Lëschten huet an dass et d'Zil ass, 100 Jonker matzekréien. An engem anere politesche Lager, wat ech besser kennen, do kann ech Iech soen, dass dat Zil schonn erreecht ass. An esou een Engagement vu Jonken ass flott! Sécher, et kann ëmmer méi sinn, awer nach emol: Ech fannen net, dass ee vun enger allgemenger Politickverdrossenheet schwätze soll.

Dat selwecht trëfft och op d'Netlëtzebuerger zou an hir Bedeelegung um politesche Liewen. Kuckt engersäits hir Presenz op de Gemengewallëschten! Déi geet konstant an d'Luucht. Ech selwer kommen aus enger Gemeng, do ass eng hollännesch Buergermeeschtesch an do si Leit mat Originnen aus Italien, Portugal, Tunesien nieft de Lëtzebuerger um Dësch.

Kuckt och anerersäits, wat d'Aschreiwunge fir d'Walen ugeet: D'Gemengen – an dat ass och ugeschwat ginn elo éinescht – ënnerhuelen do villes, an ech wëll hei unhand vun dräi Zuele weisen, wéi et zu Bartreng – dat ass eeben dat, wat ech am beschte kennen – dëst Joer gelaf ass. An ech mengen net, dass dat vill anescht ass wéi an de Gemenge soss am Lëtzebuerger Land.

Journée nationale de l'inscription – haalt Iech un, ech hoffen, ech brauch mech elo net ze schumme fir mäin Duerf oder fir meng Gemeng –: siwen zousätzlech Inscriptiounen! Dat ass net déck, dat muss ee carrement esou soen. An ech wëll och direkt hannendru soen: Dat war déi Jore virdrun net besser!

Dann d'Soirée de bienvenue fir déi nei Bierger respektiv déi nei Wieler, eng Manifestatioun, déi jo a ganz ville Gemengen och organiséiert gëtt, mat Presenz da vun de Politiker, déi sech kënne virstellen, déi hir Iddi da kënnen duerleeën: 15 zousätzlech Inscriptiounen op de Walläschten. Also, ech soen dat elo riichteraus, dat ass net terribel, och wa mäi Kolleeg a Frënd André Bauler esou wénkt.

*(M. Frank Colabianchi lève le pouce.)*

Also, ech muss soen, dat ass keen exzellent Resultat.

**Une voix** | E mécht Autostopp.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Nei war dann ...

Ech huelen en herno mat, mee ech féieren en net bis heem an d'Éislek, dat ass mer ze wäit.

*(Hilarité)*

Nei war awer dann dëst Joer e Brunch fir déi Leit, dat heescht, fir nei Wieler respektiv nei Bierger, mat Theemeworkshops, zum Beispill, wat gutt, manner gutt vun hinnen an der Gemeng ageschat gëtt – dëst, an ech betounen dat, ouni Presenz vu Politiker! Resultat: 137 zousätzlech Aschreiwungen an engem Moien!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | War dat do elo de Brunch oder d'Tatsaach, dass et eng Manifestatioun ouni politesch Presenz war, woufir sech hei esou vill Leit agedroen hunn? Egal. Et war op alle Fall e Succès an dat ass dat, wat zielt.

Mat dëse puer Beispiller wëll ech drop erauskommen, datt, wat d'Bedeelegung vun de Leit, de Jonken, den Netlëtzebuerger ugeet, sécher Loft no uewen ass. Dat ass keng Diskussioun. A bei allem kann ee jo soen: „Et muss méi sinn!", oder: „Et muss besser sinn!" Dat kenne mer jo och hei am Haus, wann eng Propositioun gemaach gëtt. Awer eent wëll ech soen: Radikal vun enger Flemm mat der Politick ze schwätze fannen ech perséinlech iwwerspëtzt!

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Ee Gedanke wëll ech nach nodroen, wat d'Aschreiwunge vun eisen net lëtzebuergesche Matbierger op Walläschten ugeet. Wéi gesot, och hei zielt: Et kéint besser sinn. Dat kann ee, wéi gesot, bei allem soen. An ech wëll net falsch verstane ginn, ech wëll awer Follgendes ze bedenke ginn: Mir hunn hei am dach klenge Grand-Duché iwwert déi lescht Joren eng ganz grouss demografesch Entwécklung a mir hunn eng Diversitéit vun Nationalitéiten hei zu Lëtzebuerg wéi kaum an engem anere Land.

Déi Leit sinn aus verschiddenen Ursaachen hei. Déi Leit wëllen hiert Liewen hei nei opbauen, Fouss faassen, sech en neit Ëmfeld kreéieren, kucken, fir Frënn a Bekannter ze fannen, si sichen no Hobbyen. Do steet den Interêt un der Politick an d'Matmaachen an der Politick bei deenen allermannsten op éischter Plaz. Politick steet do hannen un, ob mir dat elo gutt fannen oder net.

Fir esou e Schrëtt a Richtung Politick ze maachen, dat brauch Zäit. Dofir mussen déi Leit emol e bësse Wuerzelen hei zu Lëtzebuerg schloen. Wat fréier Italieener, duerno Portugisen a méi rezent Mënschen aus Osteuropa waren, sinn haut Leit aus ganz villen anere Länner, oft mol net aus Europa. Déi éischt puer Natiounen, déi ech Iech opgezielt hunn, déi fannt Dir haut an der Zwëschenzäit an der Lëtzebuerger Politick erëm, op lokalem Niveau an och hei an der Chamber, a bal an alle Reien, wat jo super ass. An ech menge kaum, dass do ee vun hinnen oder hire Virfaren op Lëtzebuerg komm ass mat der fixer Iddi am Kapp, fir hei Politick vun Ufank un ze maachen. Dat huet sech aus dem Liewen hei eraus esou erginn.

Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass och vun eise Matmënschen, déi méi rezent elo op Lëtzebuerg komm sinn, der dee Schrëtt maache wäerten. Mir sollen hinnen op deem Wee dohinner hëllefen an eis awer bewosst sinn, dass dat alles Zäit brauch, trotz allen Initiativen an allem gudde Wëllen eisersäits.

Wéi huet de Gilles Roth éinescht gesot: „Demokratie ass e permanente Prozess." Ech géif derbäisetzen: sech abréngen an d'Politick, och dat brauch Zäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Konklusioun ass ganz kloer. Et ass e ganz klore Jo zur Biergerbedeelegung an dëst, och esou kloer, souwuel um nationale wéi och um Gemengenniveau; do, wou et sécher méi einfach ass, well ee méi no bei de Bierger ass, well de Bierger hei méi Interessi weist doduerch, dass et hei méi oft ëm säin Alldag a säin direkt Ëmfeld geet. Mir mussen do Méiglechkeete schafen, wou et Sënn mécht an déi besteeënd Gremien, Kommiteeën a Strukturen net aus den Ae verléieren, se eventuell perenniséieren, also strukturell matabannen anstatt nëmme punktuell.

A ganz wichteg: En autonoomt Fonctionéiere muss garantéiert sinn, fir eng Instrumentalisatioun auszeschléissen. Bei der Participation citoyenne, der Biergerbedeelegung, ass absolutt ze beuechten, dass all Mënsch d'Méiglechkeet huet, Deel ze si vun dësem Prozess. D'Representativitéit soll a muss ëmmer assuréiert sinn, sief dat um Niveau vum Geschlecht, vun der Nationalitéit, vum sozioekonomesche Status an esou weider. Wou, wéini, wien, wat a firwat froe mir d'Leit fir matzemaachen? Dëst sinn och pertinent Froen, well d'Motivatioun an d'Interesse si wichteg fir e qualitativ gudde Beitrag.

Mir als DP sinn eis der Wichtegkeet vun der Participation citoyenne op allen Niveauen, also national wéi kommunal, an de verschiddenste Forme bewosst a stinn derzou. Dofir fannt Dir och am Koalitiounsaccord esou oft dat Wuert „Participation citoyenne" erëm an net nëmme just um Niveau hei, mee op ganz aneren Niveauen, Gemeng, Benevolat, Educatioun, Kultur, erneierbar Energie, Europa- an Aussepolitick.

Trotz engem klore Jo zur Biergerbedeelegung – an ech kommen dann zu menger Konklusioun, well ech gesinn, d'Zäit leeft of, soss kréien ech e Rüffel hei – muss awer eent genausou kloer gesot ginn: Bei ville Saachen decidéiert d'Chamber, an dat soll och esou bleiwen. Mir liewen an enger Democratie parlementaire. D'Chamber ass vun der Bevëlkerung gewielt an deemno ass d'Parlament och Porte-parole vun der Bevëlkerung a setzt sech am Numm vum Bierger fir de Wielerwëllen an. Dat soll een net vergiessen, och bei dëser Diskussioun net.

A sollt et dann eng Politickverdrossenheet ginn, sollt dat net éischter doduerch kommen, datt villes vill ze laang dauert, als datt d'Bierger dobaussen d'Impressioun hunn, si kéinten net matschwätzen? Bis hei am Land eppes geschitt, dauert et oft vill ze laang. D'Prozeduren an den administrativen Hürdewee, fir Iddien, Pläng a Projeten hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen, sinn einfach ze laang. Dat féiert zu Frust a Verdrossenheet bei de Leit vis-à-vis der Politick.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Dëst national gesinn, awer och um kommunalen Niveau. Schwätzen, diskutéieren ass gutt, handelen, realiséieren ass besser. Politick heescht net nëmme Responsabilitéit hunn, awer och Decisiounen huelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Den Dialog, den Austausch, muss esou geschéien, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg net nach eng weider Hürd an eise Prozeduren operleeën.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären – ech hunn héieren, d'Zäit, ech sinn an zwee Sätz fäerdeg –, eng Gesellschaft kann een nëmmen zesumme gestalten. Dat ass iwwregens e fréiere Slogan vun der DP.

Eis Gesellschaft, all Gesellschaft, besteet aus villen Eenzelnen. Eng Gesellschaft, an där jiddereen eenzel fir sech eleng schafft an deet, ass keng Gesellschaft, déi virukënnt. Nëmmen zesumme si mir staark, nëmme wa mir mateneen a konstruktiv zesumme schaffen, nëmmen da kënne mir dat Potenzial, dat ganzt Potenzial aus eiser villfälteger Gesellschaft schëpfen, dat och an hir stécht. An op deem Wee ass d'Biergerbedeelegung, d'Participation citoyenne, e wichtegt Element.

*(Interruption par la présidence)*

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an dass Der e bësselche méi Gedold hat, well ech hunn 2 Minutte 36 iwwerzunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Pour une fois.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Colabianchi. Merci och fir d'Asiicht. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de leschte Samschden, den 18. Mäerz, war en nationalen Aschreiwungsdag fir Netlëtzebuerger an Netlëtzebuergerinnen, fir sech an d'Walläschten anzedroen. Ganz vill Gemengen hunn den Opruff vum Familljen- an Inneministère souwéi och vun dem Syvicol befollegt an hunn hir Diere vun de Gemenge grouss opgemaach.

Ech weess, dass verschidde Gemengen och deen Dag profitéiert hunn, fir hir Awunner deelhuelen ze loossen u verschiddene Manifestatiounen. Sou huet d'Gemeng Suessem, déi ech besonnesch gutt kennen, dee selwechten Dag och e Biergerdësch am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen organiséiert. An anere Gemenge waren änlech Organisatiounen – geliefte Participatioun also.

Déi Debatt, déi mer haut féieren, geet u sech vum Constat aus, dass mir zu Lëtzebuerg en Demokratiedefizit hunn a proposéiert, dësen Defizit duerch nei Forme vu Biergerbedeelegungen auszegläichen. Dobäi ass et wichteg, dass mer als Éischt eis emol bewosst maachen, wat mer eis ënner enger gutt fonctionéierender Demokratie virstellen a wat d'Ursaache vun deem dann eventuellen Defizit sinn.

Mir liewen an enger representativer Demokratie. En Defizit entsteet also, wann net all d'Deeler vun der Bevëlkerung korrekt representéiert si respektiv wann d'Interesse vun Deeler vun der Bevëlkerung net vun deene Gewielte berücksichtegt ginn. Den offensichtleche Mangel an deem Sënn ass zu Lëtzebuerg d'Tatsaach, dass ongeféier d'Hallschent vun der erwuessener Bevëlkerung vun den Nationalwalen ausgeschloss ass.

D'LSAP ass grondsätzlech fir d'Auslännerwalrecht, och fir d'Landeswalen. De Referendum vun 2015 huet awer gewisen, dass dat vun enger ganz grousser Majoritéit vun de Lëtzebuerger ofgeleent ginn ass an d'LSAP respektéiert natierlech och dat Resultat. Ech

komme méi spéit a menger Ried nach eemol méi ausféierlech op d'Participatioun vun auslännesche Matbierger un demokratesche Prozesser zréck.

Allerdéngs beschränkt sech den Debat vun haut net op deen Deel vum Problem. Grouss opgemaach gouf d'Walrecht vun den Auslänner jo um Gemengenniveau. Dat heescht awer nach laang net, dass jiddereen, dee wielen däerf goen, dat och mécht. Och bei deene Leit, déi eigentlech enger Walflicht ënnerleien, gëtt et ëmmer en Deel, deen net wiele geet. Si iwwerloossen also domat aneren ze decidéieren, wien an hirem Numm d'Decisiounen hëlt. Onkloer dobäi ass, ob d'Leit, déi net wiele ginn, generell d'Gefill hunn, dass d'Interessie vun der Politick genuch berécksichtegt ginn oder eeben net berécksichtegt ginn.

Fräi Walen eleng maachen also net ausschliisslech eng gutt fonctionéierend Demokratie aus.

Et gëtt zu Lëtzebuerg ganz vill Méiglechkeeten, fir sech politesch ze engagéieren a fir un den demokratesche Prozesser deelzehuelen. Eng dovunner ass natierlech den Engagement an enger Partei. Vill Leit wëlle sech awer vläicht net un eng Partei bannen. Dacks hu si een oder zwee Beräicher, wou et se ganz staark interesséiert, fir sech ze engagéieren, ouni onbedéngt zu all Sujet eng Meenung ze hunn oder ouni an enger bestëmmter politescher Partei Member ze ginn.

En zweete Schratt an der Participatioun ass deen, fir sech Gehéier ze verschafen. Normalerweis fänken d'Leit jo un, sech fir eppes ze engagéieren, wa se onzefridde sinn domadder, wéi eppes fonctionéiert oder wa si eppes wëllen änneren. Am einfachste geet dat u sech iwwert de Wee vun Interessensgemeinschafte wéi Gewerkschaften, Ëmweltorganisatiounen, Beruffsverbänn an och nach ville méi. Hei huet een dann d'Méiglechkeet, sech op de Sujet ze beschränken, deen engem wierklech um Häerz läit a gläichzäiteg eng qualitativ gutt Aarbecht ze maachen, déi op de Fong geet. An dat ass och gutt esou.

Eng gutt fonctionéierend Demokratie berout op engem enke Kontakt tëscht de politeschen Decideuren, déi dann awer gewielt sinn, an den Acteuren aus der Zivillgesellschaft. D'Politick huet esou e gudden Iwwerbléck iwwert d'Erwaardungen an d'Bedürfnisser vun deene verschiddene Gruppen an der Bevëlkerung a kann dann och Decisiounen huelen, déi engem fairen Equiliber tëscht dësen Interessien entspriechen.

Mir wëssen och, dass d'Basis vun all demokrateschem Prozess d'Transparenz an den Accès zur Informatioun sinn. Dat ass e Volet, wou et sécher nach Verbesserungsméiglechkeete gëtt. Dozou zielt zum Beispill d'Iwwersetzung a verschidde Sproochen, awer och d'Kommunikatioun vu komplexe Problemer an enger vereinfachter Sprooch. Ech denken do och un d'Liicht Sprooch.

Här President, wie sech aktiv an enger Vereenegung engagéiert, déi sech fir e bestëmmte Grupp oder fir e bestëmmt politescht Zil asetzt, muss awer och akzeptéieren, dass seng Interessien net déi eenzeg sinn, déi bei politeschen Decisiounen eng Roll spillen. Et kann net esou sinn, dass d'Politick schlechtgemaach gëtt, well se Fuerderunge vun engem Deel vun der Bevëlkerung net eent zu eent Rechnung dréit. Mir brauchen an der Ëffentlechkeet Verständnis derfir, dass et och tëscht politeschen Ziler, déi wierklech wichteg sinn, Interessenskonflikter gëtt an dass een dobäi net eesäiteg dem Uleies vun enger Säit kann nogoen.

Dëst Verständnis gëtt zum Beispill och gebraucht bei de Petitiounen, vun deene scho rieds gaangen ass. Nëmme well d'Politick eng Propos vu Petitiounen net unhëlt, ass dës Petitioun keen Echec. Wichteg a positiv bei dëser Form vu Biergerparticipatioun ass de Fait, dass d'Politick zumindest argumentéiere muss, firwat se bestëmmte Proposen net unhëlt, wat e bessert Verständnis vu politeschen Decisioune mat sech bréngt. E Risiko besteet awer natierlech dodran, dass d'Onzefriddenheet vun deene verstäerkt gëtt, deenen hir Fuerderungen dann net erfëllt ginn.

Dat selwecht gëllt och fir d'Initiative citoyenne, déi mat der neier Verfassung elo agefouert ginn ass. D'Bierger hu jo hei d'Méiglechkeet, hir Propositioune fir Gesetzestexter eranzeginn, wa si 12.500 Ënnerschrëften zesummekréien.

Wann ech do d'Bréck kann op d'Gemenge schloen, wëll ech och preziséieren, dass hei eis Inneministesch e Projet de loi wäert deposéieren, fir dëst Initiativrecht och an de Gemengen anzeféieren. Do kann een dann als Bierger och ganz positiv awierken. Amplaz nëmmen negativ op Problemer hinzeweisen, huet hei all Mënsch d'Recht, och positiv Initiativen unzestoussen, also och ganz participativ. Esou kréien d'Participatiounen um lokalen Niveau e Kader, an deem se juristesch gutt encadréiert sinn.

Dat gesot, Här President, gëtt et hei zu Lëtzebuerg jo schonn institutionaliséiert Forme vu politescher Participatioun, déi fir d'Politick och verbindlech sinn. Dat wären zum Beispill Referenden, obwuel dat en Instrument ass, wat jo hei bei eis zu Lëtzebuerg seele genotzt gëtt.

E ganz gutt Beispill ass awer och d'Tripartitt. Hei ginn Decisioune vun Netpolitiker getraff, déi e groussen Impakt hunn. Wichteg Viraussetzunge sinn awer hei erfëllt. Zum enge sinn d'Vertrieder vu Gewerkschaften a Patronat iwwer intern Walmechanismen demokratesch legitiméiert, soudass d'Fro vun der Representativitéit och hei gekläert ass. Géigesätzlech Interessie sinn an der Tripartitt vertrueden a jidderee ronderëm den Dësch ass bereet, Verantwortung fir dat Ganzt ze iwwerhuelen a Kompromësser anzegoen.

En anere Beräich, wou d'Biergerparticipatioun institutionell verankert ass, ass den Ëmweltschutz. D'Basis fir dës Prozeduren ass d'Aarhus-Konventioun, déi souwuel um EU-Niveau wéi am nationale Recht hiren Nidderschlag fonnt huet. Vill Informatiouns- a Consultatiounsprozeduren an de Beräicher Ëmweltschutz a Landesplanung si jo obligatoresch. Do gëtt et vläicht Leit, déi der Meenung sinn, dat wier keng Biergerbedeelegung, well den Avise vu de Bierger net muss Rechnung gedroe ginn. Mee dat ass awer net richteg. Hei gëllen déi selwecht Remarke wéi bei de Petitiounen. Informatioun a Consultatioun sinn eng Form vu Biergerbedeelegung, bei där gewielte Vertrieder ofschléissend dann d'Decisioun huelen an och d'Verantwortung droe mussen. Hei ass d'Haapterausfuerderung déi, an der Praxis derfir ze suergen, dass déi Informatiouns- a Consultatiounsprozeduren net nëmmen Alibiveranstaltunge sinn, bei deenen d'Bierger d'Gefill hunn, dass hir Meenung souwisou keen interesséiert. Bei den Ëmweltfroe kënnt dann och nach derbäi, dass d'ONGe jo e gesetzlech garantéiert Klorecht hunn, wann Decisioune geholl ginn, déi contraire zu deem iwwergeuerdenten Zil sinn.

Här President, ech kommen dann zu deene méi, soe mer, neie Forme vu Biergerparticipatioun.

Méi kleng Initiative gëtt et jo dacks an de Gemengen, wou d'Bierger virun allem de Choix tëscht verschiddenen Optiounen ugebuede kréien. Dat ass, mengen ech, eng ganz gutt Saach. An hei sollen och virun allem positiv Beispiller nach méi bekannt gemaach ginn. Bei dësen Decisiounen huele jo dacks och déi Leit deel, déi sech soss warscheinlech wéineg politesch engagéieren oder vläicht souguer kee Walrecht hunn. Dat ass also en echten Ausgläich zu engem Demokratiedefizit, deen ech virdrun ugeschwat hunn.

Verschidde Gemengen hei am Land sinn do da scho méi wäit wéi anerer. Ech nennen dann och Diddeleng, dat stécht besonnesch eraus. Als Pilotstad huet Diddeleng e Biergerrot, e Panel vu Bierger an e participative Budget.

De Biergerpanel besteet aus Bierger déi sech fräiwëlleg mellen. Hir Aufgab ass et, a reegelméissegen Ofstänn an engem Questionnaire op Iddie vum Schäfferot vun der Gemeng ze reagéieren.

De Biergerrot zu Diddeleng besteet aus 15 Leit, déi geloust gi sinn, woubäi d'Hallschent Fraen an och d'Hallschent Netlëtzebuerger sinn. An hiren Aarbechtssitzungen diskutéiere si mam Gemengerot iwwer Theemen, déi si beschäftegen. D'Gemeng decidéiert dann awer och herno, wéi si mat deenen eenzelnen Iddien ëmgeet. Dat heescht, déi gewielte Membere sinn dann nach ëmmer hannen déi, déi awer d'Decisiounen huelen an och dofir riichtstinn.

Beim participative Budget hunn d'Residentë vun der Stad Diddeleng d'Méiglechkeet, konkreet Projeten ze proposéieren an ze stëmme fir e Montant, deen 1 % vum Budget d'investissement entsprécht. Dat Ganzt huet natierlech och am Hibléck op d'politesch Bildung e ganz groussen Impakt, well d'Bierger gi motivéiert, sech mat Theemen auserneenzesetzen a gläichzäiteg gesi se och, wéi verschidde politesch Prozesser an hirer Gemeng fonctionéieren. E ganz gutt Beispill also, a vläicht kënnt dat jo an den nächste Walprogramme vun den nächste Gemengewalen och erëm. Wie weess.

Participativ Prozesser gëtt et och um Niveau vun de Ministèren. Dat ass och schonn de Mëtten ugeklongen. Dës Initiative maache Sënn, well se den Dialog tëscht dem nationalen an dem lokalen Niveau verbesseren. Beispill heifir war dann dee participative Prozess ronderëm d'Reform vum Gemengegesetz vun der Inneministesch Taina Bofferding „Matenee fir eng modern Gemeng". Am Virfeld vum Depot vum Gesetz huet si ganz vill Leit consultéiert, engersäits d'Gemengebeamten an d'Servicer, awer och d'Biergerinnen an d'Bierger.

Ech ernimmen och nach gären d'Workshoppe vum Ëmweltministère am Kontext vun der Null-Offall-Strategie.

E Beispill, dat dann eng ganz aner Envergure hat, war sécher de Klima-Biergerrot. Och dovunner ass de Mëtteg scho geschwat ginn. D'Fro vun der Representativitéit huet sech hei natierlech direkt gestallt. Trotz alle Beméiunge war kloer, dass nëmmen e klengen Deel vun de Bierger scho reng vum Zäitopwand hier d'Méiglechkeet hat, hei deelzehuelen. De Rapport ass op deem Punkt och ganz transparent. Trotz der grousser Aarbecht, déi geleescht gouf, ass bei ville Participanten en Androck bliwwen, si hätten net genuch Zäit gehat, all Theema am Detail ze analyséieren a sech iwwert d'Konklusiounen och eens ze ginn. Den Exercice war awer wichteg a gutt, mee en huet och d'Limitten dovunner opgewisen.

D'Biergergremie si keen Ersatz fir gewielte Mandatairen, déi sech, ënnerstëtzt vu groussen Administratiounen, ganz op d'Politick kënne konzentréieren. Nach ass a bleift et un der Politick, eng detailléiert Analys vun deenen Iddien ze maachen a just déi zréckzebehalen, déi tatsächlech ëmsetzbar an am allgemengen Interessi sinn.

Wann et awer drëms geet, d'Biergerparticipatioun ënnert der Form vun engem Biergerforum oder engem Biergerrot um nationale Plang allgemeng ze institutionaliséieren, stelle sech eng Partie Froen.

D'Haaptknackpunkte si bei der Representativitéit an der Legitimitéit. Et ass nun emol esou, dass net jiddereen an enger Situatioun ass, an där e genuch Zäit, finanziell Stabilitéit an och Motivatioun huet, fir an engem Biergerrot matzemaachen. Deementspriechend hunn ech d'Suerg, dass bestëmmte Gruppe vun eiser Populatioun, déi eventuell manner Akommes hunn, manner Zäit hunn an och vläicht méi en niddrege Bildungsniveau hunn, vläicht systematesch an esou engem Biergerforum ënnerrepresentéiert wieren. Sech an engem Biergerrot ze engagéieren, fuerdert, wéi scho gesot, net nëmmen Zäit, mee och Interessi um Sujet an och eng gewësse Wëssensbasis. Dat trëfft nun emol net op jiddwereen zou. Dat ass selbstverständlech an, wéi gesot, och op sozial an ekonomesch Ongläichheeten an eiser Gesellschaft zréckzeféieren. Dofir dréit och all sozial Mesür op Ëmweeër derzou bäi, dass méi Leit d'Méiglechkeet kréien, sech iwwert d'Moyenen, déi haut schonns do sinn, un der Gestaltung vun eiser Gesellschaft ze bedeelegen.

Allgemeng muss ee sech dann awer froen, wéi een Zil e Biergerrot erfälle soll. Geet et drëms, nei Iddien ze kréien an d'Bierger matbestëmmen ze loossen? Oder geet et drëms, ze informéieren an den Dialog ze verbesseren?

Et stellt sech och d'Fro, wat d'Plus-value fir déi ganz Gesellschaft ass, och déi Leit, déi net am Biergerrot vertratt sinn. Et schéngt evident, dass déijéineg, déi am Biergerrot sinn a gutt encadréiert ginn, vun engem besseren Accès zur Informatioun an Dialog mat der Politick profitéieren. Mee heescht dat, datt den Dialog an der Gesellschaft insgesamt méi rational a faktebaséiert gefouert gëtt an datt déi breet Populatioun sech méi gehéiert spiert?

Fir op déi Froen ze äntwerten, misste mer och e bëssen e Bléck – dat ass och schonn haut gesot ginn – an d'Ausland woen, wat neutral Evaluatioune vun esou institutionaliséierte Biergerréit erginn hunn.

Och hei am Land kënne mer unhand vun Evaluatioune kucken, wat déi Participatiounsméiglechkeeten, déi et scho gëtt, eis soen. Gëtt et och vläicht Problemer, déi ëmmer erëmkommen? Awéiwäit huelen d'Leit d'Offer vun der Biergerparticipatioun un? Ech mengen, dat alles si Saachen, déi ee muss am Kader vun dëser Debatt och nach weider herno nokucken an ënnersichen.

Dir Dammen an Dir Hären, loosst eis op lokalem Niveau Erfarunge sammelen, fir dass sech eng Kultur vun der Biergerbedeelegung entwéckele kann. Esou kënne mer mat externen an onofhängegen Evaluatioune weisen, dass eng Plus-value fir d'Gesellschaft do ass. An dann ass et och sënnvoll, um nationalen Niveau e Biergerrot anzeféieren. Dat kéint besonnesch interessant sinn, wann d'Populatioun, déi kee Walrecht huet, Netlëtzebuerger an och Jonker, och kéinten um Biergerrot deelhuelen.

Dofir ass et och sënnvoll, haut scho bei Kanner fréi unzefänken. Méi politesch Bildung an der Schoul géif de Jonken net nëmmen hëllefen, politesch Entscheedungen ze verstoen, mee ka se och motivéieren, sech selwer ze engagéieren an aktiv un der Gestaltung vun der Gesellschaft deelzehuelen.

Op dëser Plaz soen ech ganz gären dem Zentrum fir politesch Bildung Merci fir hir super Aarbecht. Ech sinn och frou, dass Jonker haut schonn d'Méiglechkeet hunn, a Kannerréit oder eeben am Jugendparlament deelzehuelen. Wa mer Participatioun an eiser Gesellschaft groussschreiwe wëllen, mussen déi Jonk agebonne ginn. Nëmmen esou kann eng Biergerbedeelegungskultur wuessen!

Här President, de gréissten Demokratiedefizit besteet awer nach wie vor bei der Bedeelegung vun den Netlëtzebuerger. Obschonns d'Participatioun vun den Netlëtzebuerger bei de Gemengewalen zënter der Aféierung vum europäesche Recht 1999 an d'Luucht gaangen ass, ass et kloer, dass nach vill Loft no uewen ass, a meng Virriedner hunn dat jo och schonn thematiséiert.

An hei spillt och d'Sprooch eng Roll. Et ass nun emol esou, datt de Gros vun de politeschen Diskussiounen hei am Land op Lëtzebuergesch gefouert gëtt. Net nëmmen hei an der Chamber, mee och an de Gemengen oder an de Kommissioune vun de Gemenge gëtt an éischter Linn Lëtzebuergesch geschwat. Wärend Chamber TV hei op Franséisch zougänglech ass, gëtt et an de Kommissioune vun de Gemengen awer normalerweis keng Iwwersetzungen. Dat ass eng Hürd fir d'Participatioun vu Leit, déi eis Sprooch net schwätzen.

Dofir muss bei Biergerconsultatioune speziell drop gekuckt ginn, mat Iwwersetzungen ze schaffen. Dat ass och e Grond, fir vläicht nach méi Sproochecoursen unzebidden, och an de Gemengen, well d'Bereetschaft, Lëtzebuergesch ze léieren, ass do. Ech hu mer dat soe gelooss. Et si ganz vill lëtzebuergesch Coursen awer leider scho ganz séier ausgebucht. Dofir musse mer do, mengen ech, nach e gudde Schub ginn, fir dass mer d'Leit nach méi zum Lëtzebuergeschschwätzen hikréien.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Eng aner Pist, bei där mer weider usetze mussen, fir dem Demokratiedefizit an dës Richtung entgéintzewierken, ass, d'allgemengt Zesummeliewen hei am Land ze verbesseren. Dofir ass de Pakt vum Zesummeliewe sënnvoll.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Zanter der Aféierung vum Pilotprojet hu jo schonns 31 Gemengen de Pakt ënnerschriwwen. Dat ass nach net alles, do ass och nach Loft no uewen, mee et ass jo eréischt d'lescht Joer ugaangen. De Pakt vum Zesummeliewe berout op Biergerparticipatioun a gëtt de Gemengen e Kader, fir d'Bierger no hirer Meenung ze froen an erauszefannen, wéi si sech d'Zesummeliewen tëscht alle Bierger an hire Gemenge virstellen.

A Workshoppe kënnen d'Bierger da matenеen Iddien diskutéieren an och konkreet Projeten entwéckelen. D'Gemeng kritt iwwert dëse Wee also nei Iddien a kann dann decidéieren, déi Virschléi, déi d'Zesummeliewe verbesseren, och ëmzesetzen. No engem Joer gëtt jo dann och e Bilan gezunn, fir ze kucken, wat de Pakt bewierkt huet a wéi weidergefuer ka ginn. An ech si ganz gespaant, wéi dat an eiser Gemeng wäert esou weidergoen, well mir sinn am Moment do amgaangen, drun ze schaffen.

An dësem Zesummenhang ass jo och de Projet de loi „Vivre-ensemble interculturel" um Instanzewee. Dee Gesetzesprojet gesäit jo vir, de Pakt vum Zesummeliewe weider auszeweiten, fir dass och zum Beispill Grenzgänger an der Gemeng, an där si schaffen, kënne participéieren. Si contribuéieren zu dëser Gesellschaft. Deementspriechend ass et och wichteg, hire Point de vue ze berücksichtegen, wann et ëm d'Gemeng geet, an där si duerch hir Aarbecht vill Zäit verbréngen.

D'Gemenge sinn no bei de Bierger an dacks déi éischt Ulafstell bei Problemer oder bei Froen. D'Biergerparticipatioun kann also besonnesch um Niveau vun de Gemenge Sënn maachen, wann de Bierger hir Meenung zu engem konkreete Projet sollicitéiert gëtt, bei der Gestaltung vu Spillplazen, bei neie Wunnquartieren, beim Ausschaffe vun engem Shared Space. Hei kréien déi Bierger, déi direkt betraff sinn, d'Wuert a kënnen hir Iddie mat abréngen. An dat ass och dee richtege Wee, wéi ech et och am Ufank gesot hunn. Wann een en Eegeninteressi huet, ass d'Participatioun méi einfach.

Här President, Dir mierkt, och mir als LSAP sinn natierlech ganz fir d'Biergerparticipatioun an ënnerstëtzen och dat, wat am Koalitiounsaccord ofgemaach ass. An ech mengen, d'Motioun herno ënnerstëtze mer selbstverständlech och.

Ofschléissend soen ech awer dem François Benoy Merci, dass mer haut iwwert dëse Sujet konnten diskutéieren, well et ass wichteg, dass d'Politick en oppent Ouer huet fir d'Bierger. A mir mussen eis reegelméisseg d'Fro stellen, wéi den Dialog tëscht der Politick an de Bierger nach ka verbessert ginn. D'Politiker an d'Politikerinne brauche Moyenen, fir de Bols ze fille bei de Leit. Et ass wichteg, einfach Weeër ze hunn, fir op Problemer opmierksam ze maachen, fir dass d'Politick kann Entscheedungen treffen, an dat am Sënn vun der LSAP, fir eng staark sozial Demokratie ze gestalten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. An och merci dem Här Benoy fir dës ganz interessant Debatt, an och merci all menge Virriedner, déi alleguerten hei ganz gutt Punkte virbruecht hunn.

Ech kommen einfach direkt zum Punkt: Hätt d'Regierung am Joer 2015, Dir erënnert Iech, dat war d'Joer vum Referendum, hätt d'Regierung deemools e sougenannte „Biergerrot" agesat, an hätt d'Regierung deem Biergerrot d'Missioun ginn, eng Positioun zum Auslännerwalrecht auszeschaffen an hätt d'Regierung dann, esou, wéi dat elo bei Biergerréit gemaach gëtt, de Biergerrot begleet an hinnen als Comité consultatif déi selwecht Acteuren dohigestallt, wéi se et elo zum Beispill gemaach huet beim Biergerrot „Luxembourg in Transition", hätt d'Regierung also am Joer 2015 dee sougenannte „Biergerrot" agesat an deem Biergerrot d'Missioun ginn, eng Positioun zum Auslännerwalrecht auszeschaffen, ma ech kann Iech soen, wéi d'Resultat gewiescht wier. Et wier e Jo dobäi erauskomm zum Auslännerwalrecht! E Jo wier dobäi erauskomm.

**Une voix** | Ech mengen net.

**M. Fred Keup** (ADR) | Well 2015 an och nach haut, loosse mer eis keng virmaachen, stoung dee grousse Deel vun den entscheedende Kräften hei am Land, ech soen elo mol den Establishment, fir de Jo. D'Regierung, déi fënnef Parteien DP, LSAP, Gréng, Lénk, Piratepartei, d'Journalisten an d'Medien, d'Gewerkschafte bal alleguer bis op eng, dat war d'CGFP, d'Patronatsvertriedungen, d'Wirtschaft, d'Leit aus der Kulturzeen, d'Kierch, e ganz groussen Deel vun der sougenannter „Zivillgesellschaft", besonnesch déi Netregierungsorganisatiounen, déi vun der Regierung bezuelt ginn.

Mengt Der, déi Leit, déi sech do fräiwëlleg gemellt hätten, fir iwwer en Aféiere vum Auslännerwalrecht an engem Biergerrot ze schwätzen, mengt Der, déi wieren éischter fir de Jo oder fir de Status quo gewiescht? Ech mengen, déi Leit, déi sech mellen, fir scho bei esou eppes matzemaachen, wa mer dervun ausginn, dass et fräiwëlleg ass, dat sinn ëmmer Leit, déi och eppes wëllen änneren.

A mengt Der, dass, wann dann dee Grupp zesummekomm wier, déi Persounen, déi do dra gewiescht wieren, de Courage gehat hätten, an där Stëmmung,

wou mir am Land deemools waren, wou de ganzen Establishment, wéi ech sot, an d'ganz Medie Propaganda fir de Jo gemaach hunn a Leit mat enger anerer Meenung diskreditéiert goufen, mengt Der, déi hätte sech getraut, sech an deem Biergerrot géint d'Auslännerwalrecht anzesetzen?

Léif Kolleegen, ech ka mer dat net virstellen. An dofir soen ech ganz kloer: Do wier e Jo erauskomm!

Elo wësst Der jo, wat tatsächlech geschitt ass. D'Regierung huet eppes Geniales deemools gemaach: Si huet e Referendum ofgehal!

*(Interruption)*

Nach emol Gratulatioun fir déi immens gutt Entscheedung. D'Bierger si gefrot ginn, d'Vollek konnt ofstëmmen. A wat koum eraus? Bal 80 % fir de Status quo, bal 80 % géint d'Auslännerwalrecht. D'ILReS hat iwwregens e Fifty-fifty virausgesot.

Wat ass dann elo méi Demokratie?

a) Dir setzt méi oder manner fräiwëlleg ausgewielte Leit zesummen an engem Grupp mat Consultanten a villen Diskussiounsronnen a ganz, ganz villen Experten, déi natierlech och en Afloss op d'Meenungsbildung do huelen – Klammer op, de Robert Goebbels huet dat „Die manipulierte Demokratie der ‚Experten'" genannt.

Oder b) Dir haalt e Referendum of, wou all d'Bierger kënnen ofstëmmen, fräi a geheim, anonym, wou de Bierger, an dat kënnt jo net vun näischt eeben, geheim, anonym a fräi säi Kräiz a senger Kabinn, ouni dass een e gesäit, maache kann. Dat ass jo extra esou gemaach, fir de Wieler ze schützen. Kee gesäit en. An de Bierger ka seng Meenung also, ouni Repercussiounen ze fäerten, ausdrécken, nom Motto „ee Bierger, eng Stëmm".

Dat ass an eisen Ae richteg Demokratie!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | An déi direkt Demokratie, fir déi mir als ADR antrieden, huet immens vill positiv Säiten.

Éischtens: Am Virfeld vun engem Referendum entsteet e Meenungsaustausch. Et gëtt debattéiert iwwer Inhalter. D'Mënsche schwätze mateneen iwwer politesch Inhalter, wat leider soss vill ze vill kuerz kënnt. Kuckt emol eng Kéier d'Situatioun och hei am Land. Mir sinn elo dëst Joer an engem Waljoer. Gëtt et vill politesch Debatten? Ech schwätzen net hei vun der Chamber. Do si mer eis eens, mee dat suivéiere jo net esou vill Leit. Gëtt et hei am Land wierklech vill politesch Debatten? Gëtt et Face-à-facen? Gëtt et Gruppen, wou zesumme geschwat gëtt? Gëtt et vill Table-ronden? Aktuell? Wéini war de leschte Face-à-face um Radio? Kënnt Der Iech dodrun erënneren? Mir hunn am Fong hei net vill Debatten. An duerch méi Referende kéint een am Fong eng vill méi grouss Debattekultur hei am Land erbäikréien.

Zweetens: D'Bierger interesséiere sech bei engem Referendum fir d'Politck, well se en direkt Matsproocherecht kréien.

*(Interruption)*

An do musse se natierlech och informéiert ginn. An dat ass eppes, wat haut och e bësse feelt. Mir haten et och gesi bei der Verfassung, wou eréischt spéit informéiert ginn ass.

Mir gesinn et och a ville Gemengen um lokalen Niveau, wou ganz oft d'Bierger net onbedéngt iwwer trotzdeem wichteg Decisiounen, déi si betreffen, informéiert ginn. Also, ech weess vun enger Partie Gemengen, wou op eemol e risegt Lotissement gemaach gëtt, an déi Leit, déi niewendru wunnen, déi kréien emol keen Ziedel an d'Boîte, dass dat geplangt ass. Am „Buet" steet dat iergendwou, mee d'Leit kréien dat net onbedéngt mat. Dat heescht, d'Leit mussen informéiert ginn.

Dann drëttens: E Referendum erhéicht d'Representativitéit, well grad déi, déi an der Politick oft ënnerrepresentéiert sinn, déi Gruppe ginn och hei gefrot an déi kënnen och hir Meenung ausdrécken, wou soss vläicht éischter d'sougenannt „elitär Minoritéit" kann decidéieren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Bei enger direkter Demokratie gëtt och de Lobbyismus schachmatt gesat.

Da fënneftens: Ee System vun der direkter Demokratie ass no beim Bierger – jo, dat ass no beim Bierger.

*(Interruption)*

Dat ass, wann een de Bierger freet an net iwwer säi Kapp ewech decidéiert.

*(Interruption)*

A sechstens: Dann akzeptéiert d'Vollek och d'Resultat vun engem Referendum, well et eeben och a sengen Ae legitiméiert ass an demokratesch.

A siwentens: An der Schwäiz huet sech dee Modell vun der direkter Demokratie duerch de Referendum scho laang bewäert. Si gi mat engem gudde Beispill vir. An dat wier och hei méiglech. A mir wëllen dee Modell hei wéi an der Schwäiz. D'ADR ass kloer fir méi direkt Demokratie, wou d'Bierger decidéieren, duerch de Referendum, an dat net nëmmen op Landesniveau, mee och um lokalen Niveau an de Gemengen. Loosst d'Bierger matbestëmmen! Loosst d'Leit mat decidéiere bei wichtege Projeten! Well oft ass et jo esou, wéi och beim Auslännerwalrecht, erënnert Iech dorun, ech soen elo ganz plakativ: Déi do uewen hu ganz oft eng ganz aner Siicht an eng ganz aner Meenung wéi déi grouss Mass vu Leit ënnen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Esou ass et!

**M. Fred Keup** (ADR) | Maacht méi Referenden! Mee ech hunn eeben d'Gefill och hei, et ass zwar e puermol ugeschwat ginn, an der Realitéit gëtt et awer bal ni gemaach. Ech kennen een, zwee Beispiller elo vu Gemengen, déi et gemaach hunn, mee eigentlech kéint dat jo all Gemeng méi oft maachen.

An et gëtt elo hei vum Biergerrot geschwat. Wéi gesot, dat ass dat, wou de Robert Goebbels richtegerweis gesot huet: „Die manipulierte Demokratie der ‚Experten'". Dat muss scho wierklech immens gutt organiséiert sinn, wéi och meng Virriedner gesot hunn, fir dass dat anstänneg klappt. Mee esou, wéi et elo war, huet een awer éischter d'Impressioun, dass et eng Mise en scène war an dass et en Element ass vun enger Pseudodemkokratie.

**M. Roy Reding** (ADR) | Ganz gutt!

**M. Fred Keup** (ADR) | Wéi gesot, richteg Demokratie geet iwwert de Referendum. Leider ass dat hei an der Politick net onbedéngt erwënscht. An dat hu mer jo gesi bei der neier Verfassung, wou dräi Regierungsparteien an d'CSV e Referendum versprach haten an hiert Versprieche gebrach hunn.

*(Interruption)*

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Wann Der wierklech gären Demokratie hätt, zesumme mat de Bierger, no um Bierger, da musst Der d'Bierger froen. An dat geet iwwert de Referendum. Dat wier demokratesch an dofir sti mir als ADR. Mir si fir wierklech Biergerbedeelegung. Mir si fir direkt Demokratie. Mir sinn derfir, fir all d'Bierger ze froen. A mir vertrauen de Bierger. Mir si fir de Referendum.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, ech zitéieren aus enger Publikatioun vun der Vereenegung „Mehr Demokratie" aus de Virschléi vum Mouvement écologique fir d'Legislaturperiod 2018–2023, well dëst nach ëmmer richteg ass.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Wannechgelift!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | „Soll eine Zivilgesellschaft offen, innovativ und kreativ gestaltet werden, müssen Machtverteilungen und staatliche Verantwortung neu organisiert sowie das Verhältnis von Bürger und Staat auf allen Ebenen neu bestimmt werden. Das Herzstück einer [...] Demokratie bilden dabei Verfahren der direkten Demokratie, die durch ihr Mehr an Legitimation und Partizipation einen Ausweg aus der Parteienkrise und Politikverdrossenheit aufzeigen können."

D'Biergerbedeelegung hu mir als déi Lénk scho ganz laang um Fändel stoen. Mir brauchen eng funktionéierend Demokratie, lieweg Debatten, eng Austauschkultur mat alle Bierger/innen, och deenen, déi net wielen däerfe goen, awer zu eisem Wuelstand bäidroen. Mir brauchen offen Diskussiounen, déi op Fakte berouen an net just Walen all fënnef Joer. Eis parlamentaresch Demokratie muss duerch breetméiglechst Biergerrechter ergänzt ginn, an dat geet just, wann een de Bierger/innen och d'Méiglechkeet gëtt a bitt, sech u politeschen Entscheedungsprozesser ze bedeelegen.

D'Politick muss d'Bierger/inne stäerken.

D'Politick muss kloer an däitlech de Message erausginn, datt se och wëllt, datt d'Bierger/inne sech bedeelegen, datt se hinnen nolauschtert, datt se se eescht hëlt.

D'Politick muss déi noutwendeg Strukturen, Materialien, Etüden zur Verfügung stellen.

D'Politick muss dem Knowhow vun de Bierger/inne vertraue respektiv se eescht huelen an och hir Decisioune matabannen.

D'Politick muss den Debaten e Suivi ginn.

Här President, am Moment hu mir hei zu Lëtzebuerg e krassen Demokratiedefizit doduerjer, datt bal méi Bierger/inne kee Walrecht hu wéi déi, déi et hunn. An dëst féiert op laang Dauer zu soziale Spannungen, déi mir net kënne gebrauchen. Et ass also am Sënn vun der Nohaltegkeet an der Zukunftsfäegkeet, datt mir all eis Bierger/innen agebonne kréien an déi demokratesch Prozesser.

Wéi scho virdru gesot, muss d'Politick de Kader setzen, fir datt esou eng biergerno Demokratie och geléngt. Si muss déi konkreet Instrumenter bereetstellen, si muss Moderatore stellen, si muss Säll zur Verfügung stellen, si muss de Bierger/inne Fräiraum mat engem Congé ginn – an ech kéint dës Lëscht nach weiderféieren.

Donieft ass et awer och onerlässlech, eis Parlamentarier hei opzewäerten. Leider – an dat gesi mir jo ëmmer nees bei den Ofstëmmungen – wäerte mir

eis heibanne selwer of, well d'Majoritéit just als verlängerten Aarm vun der Regierung fungéiert. Alles oder bal alles, wat vun der Oppositioun kënnt, gëtt ofgeschmettert, anstatt vu konstruktive Proposen ze profitéieren an déi an d'Politick vun der Majoritéit anzebannen. A soulaang dat heibannen esou leeft, ass et schwéier, de Bierger/innen dobaussen dee Stellewäert ze ginn, dee se missten hunn a kréien, fir sech aktiv un der Politick ze bedeelegen.

En plus misste mir emol ganz seriö och un de Cumul des mandats erugoen. En Job heibannen ass e Fulltimejob, dee kann een net nieft engem Buergermeeschter/Buergermeeschtesch, enger Etüd oder soss nach wat esou moi rien, toi rien niewebäi erleedegen! Déi Zäit ass net do, wann ee sech seriö wëll an d'Dossiere knéien.

En plus misst den Deputéierten nach vill méi Fachpersonal zur Säit stoen, esoudatt si net just ugewise sinn op d'Fonctionnairë vun deene verschiddene Ministèren. D'Cellule scientifique ass do dee richtege Wee, an ech sinn dervunner iwwerzeegt, datt déi nach vill méi ausgebaut muss ginn, fir datt si all deenen Demandë vun eisen Deputéierten zäitno nokomme kann.

Mee elo nees zréck zu eise Bierger/innen: Wat hu mir dann alles en place gesat, fir datt si sech kënnen implizéieren? Et geet domadder un, datt mir ganz fréi mussen ufänken, eise Bierger/innen d'Politick, de Meenungsaustausch, d'Informatiounsoutilen a -quelle méi no ze bréngen. Do mécht den Zentrum fir politesch Bildung eng enorm gutt Aarbecht, déi op alle Fall nach vill méi ausgebaut muss ginn. Am Moment sinn et bal ëmmer déi nämmlecht Enseignanten, déi sech un dësem Programm bedeelegen a mat hire jeeweilege Klassen och d'Parlament besiche kommen, an dat souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire.

Do géife mir eis wënschen, dass dës Formatiounen op all Klassen am Land ausgeweit kéinte ginn. Dëst kéint iwwert d'Enseignanten als Multiplikateure goen, déi an hire jeeweilege Klasse mat de Kanner dëst virliewe géifen. Si kéinte Klasseréit asetzen, fir den Alldag an der Klass demokratesch ze geréieren. Si kéinten dorauser Schoulréit wiele loossen, fir sech an der Schoul anzesetzen. Doriwwer eraus kéinte Kannergemengeréit gebilt ginn an de jeeweilege Gemengen. Et gëtt esou vill flott Modeller, déi een ëmsetze kann, fir politesch interesséiert Erwuessener auszebilden.

Här President, mir hunn e Jugendparlament, wat ganz flott fonctionéiert, wou ech mir awer och wënsche géif, datt mir méi wéi just eemol am Joer en Austausch hätten, deen ëmmer immens stresseg ass fir jiddwereen, well a ganz kuerzer Zäit hir wäertvoll Aarbecht do presentéiert gëtt. Do misst vill méi Zäit bleiwen, fir mat hinne kënnen ze diskutéieren. Déi Theeme missten op verschiddenen Deeg presentéiert ginn a si missten och an eis parlamentaresch Aarbecht afléisse gelooss ginn. Do misst nieft dëser Presentatioun duerch déi jonk Leit e vill besseren Austausch zwëschent hinnen an eis Deputéierte stattfannen.

Nieft dëser immens wichteger Aarbecht, fir an Zukunft méi politesch interesséiert Bierger/innen ze kréien, hu mir awer och Moyenen en place gesat fir eis Erwuessener. Do gëtt et de Moyen vun der Petitioun. Dëse Moyen gëtt jo och ganz vill genotzt vun eise Bierger/innen. Mee ass dat wierklech eng Biergerbedeelegung? Jein, soen ech dozou. Dës Petitioune maachen, datt emol iwwer e Sujet debattéiert gëtt. Dëse kënnt an d'Ëffentlechkeet, e gëtt sichtbar. Problemer, déi vläicht fir deen een oder anere keng sinn, aus wéi engem Grond och ëmmer, kënne mat dësem Outil emol an d'Liicht geréckelt ginn. Wa se et dann och nach iwwert de Seuil packen, da gëtt et en Hearing an der Chamber, deen ëffentlech ass.

An dann? Wat geschitt konkreet duerno? Ganz éierlech: Leider net ganz vill. Ganz oft verlafe sech déi Sujeten. Si ginn net méi ugepaakt, just heiansdo geet et weider. Dat ass net ganz positiv fir d'Petitionären, déi sech jo awer ganz vill Méi ginn.

Här President, donieft gëtt et de Moyen vu verschiddene Biergerréit, déi iwwer verschidde Ministèren aberuff goufen, wou iwwer TNS ILReS och versicht gouf, de Spektrum aus der Bevëlkerung ze representéieren, en plus och nach zum Deel d'Frontalieren, déi och zu eisem Wuesstum bäidroen. Dat war entre autres am Kader vu „Luxembourg in Transition" a beim Klima-Biergerrot de Fall.

Dës Biergerréit sinn e gudden Ufank, mee mir bedaueren, datt et sech awer iergendwéi ëm Eintagsfliegen handelt. Wann nämlech den Objet vun hirer Aarbecht fäerdeg ass, gi se nees opgeléist, wat awer frustrant ass. Och bedauere mir et hei, datt do keng Evaluatioun gemaach gouf. Dëst wär enorm wichteg fir d'Zukunft, an ech mengen, an der Motioun gëtt dat jo och gefrot.

Mir hunn aus hiren eegene Proposen erausléieren, datt et oft net esou fonctionéiert huet, wéi si et gewollt hätten. Si hätte sech oft nach méi an aner Experte gewënscht a si hu selwer gesot, datt si sech trotz den Demarchë vun der TNS ILReS all zu deenen éischter privilegéierte Bierger/inne gezielt hunn an datt do eng ganz Rëtsch Leit gefeelt hunn am Panel.

Dann ass och nach de Problem vun der Sproochebarriär opkomm. Wa Lëtzebuergesch verstoen e Krittär ass, da schléisst een d'office ganz vill Leit aus. Hei muss op Traducteuren zréckgegraff ginn. Dat geet bei eis net anescht mat eiser Villsproochegkeet.

Den Haaptmanko vun dëse Biergerréit ass awer, dass se keng verbindlech Decisiounen hannendrun hunn. Wat dermat geschitt, bleift eenzeg an eleng dem politesche Wëlle vun der Majoritéit an der Regierung iwwerlooss, wat fir eis eng ganz zentral Fro opwerft: Ass d'Demokratie doduerch gestäerkt, datt d'Leit sech bedeelege kënnen, oder net vläicht éischter doduerjer, dass dat, wat um Enn erauskënnt, och wierklech deem entsprécht, wat d'Leit wëllen? Schaaft sech d'Politick Legitimitéit aleng aus Prozeduren oder net och éischter aus de Resultater?

Fir eis ass d'Äntwert kloer: D'Biergerbedeelegung muss ausgebaut ginn an a Richtung vun enger reeller Matbestëmmung goen, wa mer d'Demokratie stäerke wëllen. Dat heescht elo net, datt déi verschidde Forme vu Biergerbedeelegung, op déi ech agaange sinn, net sënnvoll wieren – am Géigendeel! Mee se musse weidergeduecht ginn, well et ass just en Ufank.

Här President, ugefaange mol dobäi, dass se eng kloer gesetzlech Basis mussen hunn an domadder strukturell am Decisiounsprozess verankert ginn. Si kënnen net just punktuell am Optrag vun engem Ministère gemaach ginn. Andeem een dës Bedeelegungsprozesser gesetzlech verankert, kann och derfir gesuergt ginn, datt d'Resultater vun engem Biergerdialog och wierklech verschafft musse ginn a se net an engem Tirang landen. Natierlech gehéiert dozou, dass e Gremium muss agesat ginn, deen dës Form vu Biergerdialog steieren an och organiséiere kann, mam néidege Budget a Personal selbstverständlech. Och d'Kommunikatioun no bausse vu Resultater vun esou Biergerfore muss duerch dëse Gremium gemaach ginn, fir datt an Zukunft verhënnert gëtt, dass Ministèrë selwer d'Konklusioune vun de Bierger/innen der Press presentéieren.

Här President, ass esou eng Form vu Biergerbedeelung bis en place an huet Zäit, sech ze verankeren an der politescher Kultur, da muss se weiderentwéckelt ginn a Richtung vu méi direkter Matbestëmmung. Mir sinn eis bewosst, datt dat net op Knäppchendrock geet an dass mir zu Lëtzebuerg keng Gewunnechten an Erfarung hu mat esou Instrumenter, am Géigesaz zu der Schwäiz oder den US-amerikanesche Bundesstaaten. Dat muss sech no an no entwéckelen, fir datt e Bewosstsinn entsteet, dass d'Bierger/inne reegelméisseg zu politesche Froe solle Stellung huelen an och selwer eng politesch Entscheedung kënne bewierken.

Ech nennen hei dräi Instrumenter, déi mir als déi Lénk schonn thematiséiert hunn.

Éischtens: d'Initiative citoyenne, déi mir an der alternativer Verfassung virgesinn haten. Dobäi geet et drëm, dass e Biergerkommitee mat den néidegen Ënnerschrëften e Gesetzestext beim Parlament kann erwierke respektiv a leschter Instanz kann e Referendum kréien, wann d'Chamber der Demande vum Biergerkommitee net nokënnt. Dat ass also en direktdemokratescht Instrument, dat déi representativ Demokratie an der Chamber géif beräicheren, ouni se ze ersetze selbstverständlech.

Zweetens: An der Verfassungsdebatt hu mir och eis Preferenz fir e Preferendum thematiséiert. Anstatt vun de Leit e Jo oder en Nee ze froe wéi beim klassesche Referendum – well bal näischt ass schwaarz oder wäiss –, besteet d'Eegenheet vum Preferendum doran, de Leit Optiounen ze presentéieren, déi se no hirer Preferenz klasséieren. De Preferendum wier an eisen Ae grad gutt gëeegent, fir am Kontext vun engem seriöe Biergerdialog, bei deem meeschtendeels jo verschidde Proposen erschafft ginn, politesch Decisiounen ze konkretiséieren oder och ze vereinfachen.

Drëttens: Op lokalem Niveau mussen d'Biergerbedeelegung esouwéi déi direkt Matbestëmmung vill méi staark verankert ginn. Et mécht absolutt Sënn, och prioritär hei unzesetzen, well d'Leit sech hei am direktste betraff spieren, d'Gemeng och am Alldag vun den Awunner present ass an d'Leit sech och einfach op politesche Froen zesummeschléisse kënnen. D'Iddi vum participative Budget ass scho genannt ginn, mee donieft ënnerstëtze mir och d'Iddi vun der Schafung vu Biergerkommiteeën an de Quartiere respektiv an den Dierfer an enger Gemeng, déi per Lousverfare besat solle ginn, fir eng gewësse Representativitéit ze kréien. D'Gemenge selwer mussen dann decidéieren, wéi wäit d'Kompetenze vun dëse Kommiteeë kënne goen.

Op Gemengenniveau hale mir d'Organisatioun vu Referenden och fir ganz zilféierend. D'Biergerkommiteeë kéinten hei eng wichteg Roll spillen an der politescher Wëllensbildung am Kader vun engem Referendum an och fir déi néideg Ënnerschrëfte fir e Referendum ze kréien.

Här President, wéi Der aus eiser Ried hei erausléiert, gëtt et nach vill ze dinn a mir solle keng Zäit méi verléieren an dëse Wee zügeg begoen.

Merci fir d'Nolauschteren. A merci fir Är Toleranz, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement, dee scho prett ass. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt merci dem Josée Lorsché an dem François Benoy, déi jo zesummen dat ganz wichtegt Theema hei op den Ordre du jour bruecht hunn. An ech mengen, mir sinn eis heibannen alleguerten eens, datt méi Biergerbedeelegung net nëmme wënschenswäert ass, mee an enger Demokratie essentiel ass.

Biergerbedeelegung besteet fir eis Piraten net nëmmen doranner, datt mer vun de Leit hei zu Lëtzebuerg an d'Chamber, e Gemengerot oder an aner Gremie

gewielt ginn. Mir Piraten wëllen do vill méi wäit goen, an dat op nationalem wéi och op kommunalem Plang.

Fänke mer also bei de Gemengen un, sou wéi déi meescht vu menge Virriedner dat och an hirer Struktur gemaach hunn. Mir Piraten fuerderen, an dat ass net nei, datt d'Gemengerotsëtzungen an och kommunal Kommissiounssëtzungen ëffentlech sollte sinn. D'Sëtzunge solle per Livestream online ëffentlech sinn an déi dozougehéireg Dokumenter solle mindestens eng Woch virdrun integral online publizéiert ginn. Duerno sollen déi ganz Inhalter dann natierlech och op de Sitte vun de Gemenge fir jiddereen zougänglech ginn, well insgesamt missten u sech d'Gemenge vill méi Dokumenter automatesch publizéieren.

An ech erënneren ëmmer drun, datt mer eng „Loi sur une administration transparente" hunn, déi u sech eng Publicité par défaut virgesäit, an dach vill ze heefeg muss een Informatiounen hannendrulafen. Dat Ganzt soll an den dräi Amtssprooche stattfannen an och vu Persoune mat visuellen oder anere Beanträchtegunge kënne verstane ginn. Well Biergerinnen a Bierger hunn net nëmmen e Recht dorobber ze wëssen, wat an hirer Gemeng lass ass, si hunn och e Recht drop, déi Informatioun ze verstoen. Well mir kënnen net erwaarden, datt d'Leit sech aktiv abréngen, wa wichteg Informatioune fir si einfach net zougänglech sinn, net opzefanne sinn.

Da missten eiser Meenung no och méi – an dat gouf och vun deem engen oder anere schonn ugeschwat – Referenden op Gemengenniveau ofgehale ginn.

Ech sinn e bësse méi nuancéiert. Ech mengen net, datt een en Ënnerscheed zwëschent engem Referendum an engem Preferendum muss maachen, well Lëtzebuerg huet Erfarung domadder, bei Referenden och méi wéi jo oder nee ofzefroen. Et muss ee just un e Referendum virun 104 Joer denken.

E Gemengerot soll awer grad bei wichtegen Dossieren a Projeten net einfach eleng entscheeden, wéi sech d'Gemeng laangfristeg verännert, well dës Verännerunge betreffen och alleguerten d'Biergerinnen an d'Bierger.

Mir Piraten setzen eis dofir och fir participativ Budgeten an: E gewësse Prozentsaz vum Gemengebudget soll de Biergerinnen a Bierger zur Verfügung gestallt ginn, awer och lokal Betriber an Associatioune kënne matbestëmmen, wou dës Moyenen hifléissen. Esou kënnen d'Leit aus der Gemeng direkt an aktiv lokal Verännerunge bewierken.

An e weidere wichtege Punkt wier dann och e Biergerrot an d'Biergerversammlungen. D'Leit mussen endlech an der Politick matdiskutéiere kënnen. An och d'Biergerversammlunge sollen de Leit d'Méiglechkeet ginn, hire Gemengevertriederinnen a -vertrieder Froe stellen ze kënnen an Iddien, Problemer an Doleancen ze äusseren. Well net jiddereen ass Member vun enger Partei oder huet déi néideg Kontakter zu Leit aus dem Gemengerot, dem Schäfferot oder dann in fine dem Buergermeeschter.

Dëst sinn einfach Mesüren, déi grad op Gemengenniveau einfach an onkompliz éiert kéinten ëmgesat ginn, keng Loftschlässer, näischt, wat groussaarteg Gesetzesännerunge brauch, mee Saachen, déi u sech haut all Gemeng scho kéint maachen. An et gëtt Gemengen, déi et maachen. An ech applaudéieren explizitt all deene Gemengen, déi esou Mesüre wéi e participative Budget, reegelméisseg a strukturéiert Biergerversammlungen, jo, Biergerréit ëmsetzen. Mee et ass nach laang net all Gemeng, déi et mécht. An dofir ass et och wichteg, datt mir hei vläicht um nationale legislativen Niveau nach eng Kéier driwwer nodenken, wat ee vläicht nach zousätzlech an d'Gemengegesetz schreift. Mir musse vläicht iergendwann eng Kéier och national déi Verantwortung iwwerhuelen.

Méi Biergerbedeelegung ass och schéin a gutt, mee et gëtt zwee Punkten, déi an dësem Kontext dacks net thematiséiert ginn an déi awer ganz wichteg sinn. An dat betrëfft dann erëm den nationalen Niveau. An och hei gouf et an der Vergaangenheet schonn déi eng oder aner Initiativ, zum Beispill – an et gouf haut ëmmer erëm gesot – de Klima-Biergerrot. Dat war an eisen Aen eng gutt Saach. A mir hoffen, datt eng ganz Rei vun de Mesüren och ëmgesat ginn.

Éischtens ass awer net all Form vu Biergerbedeelegung, wéi zum Beispill e Biergerrot, fir all Kontext, Debatt oder Zil gëeegent. Anescht formuléiert: Et ass net all Method fir all Zweck gëeegent. Et muss ee sech am Viraus bei jiddwer Sujet erëm nei eng Rei Froe stellen: Wat soll d'Participatioun vum Bierger bréngen? Wat soll den Output vun deenen Diskussioune sinn? Wéi laang soll den Exercice daueren? A wéi eng Méiglechkeete sollen d'Participanten hunn? Vill Froen also, éier een dat richtegt Format auswiele kann.

E Biergerrot wäert déi national Biergerbedeelegung dann och net pauschal virubréngen, och wann de Biergerrot natierlech eng ganz gutt Saach ass. Dat ass och de Grond, firwat mer eng Proposition de loi deposéiert hunn, fir esou een no belschem Virbild anzeféieren, déi iwwregens vun der Regierung zumindest mat engem ganz negativen Avis kasséiert gouf.

Et muss eng transversal Prioritéit als Konzept ginn, Léisungen a Formater gëtt et u sech genuch. Et gëtt esou vill Formater, wéi et Experte gëtt, déi sech mat deem Theema auserneesetzen. Mee dat sollt net a priori scho festgeluecht sinn. Et soll net am Viraus, wa mer soen: „Mir wëlle Biergerbedeelegung", scho festgeluecht ginn: „Mir wëllen dat Format als Biergerbedeelegung." Well, wéi ech virdru sot, mir mussen eis d'Fro stellen: Wat soll et bréngen? Wat soll erauskommen? Wéi laang soll et daueren? Wat sollen d'Méiglechkeete vun de Participantë sinn? Stelle mer de Leit Personal zur Verfügung, fir se ze begleeden oder loosse mer se an engem loftleere Raum einfach e bëssen esou wurschtelen an der Hoffnung, datt mer domadder Simulatioun vu Biergerbedeelegung bedriwwen hunn?

Zweetens steet a fält all Exercice mat der Kompositioun vun deene Leit, déi sech grad fir en Zweck an engem bestëmmte Format bedeelegen. Eleng d'Offer vun enger Participatioun wäert net derzou féieren, datt sech op eemol vill Leit aschreiwen. Mir gesinn et jo bei de Gemengewalen: Just d'Offer „Dir kënnt Iech aschreiwen" féiert net automatesch op magesch Aart a Weis derzou, datt d'Leit eis d'Dieren arenne fir matzemaachen.

Oft ass et de Moment esou, datt een op Versammlungen, Spadséiergäng als Form vun der Bedeelegung oder och a Biergerréit oder Budgetsversammlungen oder PAG-Versammlungen déi selwecht Leit erëmtrëfft, déi een och op anere Plazen erëmtrëfft, déi sech op deenen anere Plazen engagéieren. Ech hunn heiansdo d'Gefill, et ass eng Zäitelitt: Leit, déi genuch Zäit hunn, fir sech anzebréngen, engersäits wéinst den Auerzäiten, wou et ass, anerersäits natierlech well et benevoll ass. An zweetens och, well een natierlech och muss sech mat deem Theema ausserhalb vun där Reunioun auserneesetzen. Et geet net duer, einfach nëmmen dohinzekommen an nozelauschteren. Heiansdo muss ee sech jo och preparéieren. An dat ka sech net jiddwereen erlaben, dee 40 Stonnen d'Woch schafft, nach d'Kannerbetreiung muss ënner en Hutt kréien an eventuell nach iergendwou am Benevolat soll aktiv sinn, wat mer jo och ënnerstëtzen.

**Une voix** | Da kommt, mir maachen Aarbechtszäitverkierzung.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir kéinten och vläicht déi Rendez-vousen op Auerzäite leeën, wou et méi Leit méiglech ass dohinnerzekommen. Et kann een driwwer nodenken, wéi een d'Leit och dann do entlount, wa se participéieren. Och dat, mengen ech, si Froen, hannert deene mer eis net däerfe verstoppen.

A wann ech d'Klimateame vun de Gemenge kucken, ass dat e bëssen esou eppes, ob Diddeleng oder Déifferdeng oder Walfer, et trëfft een u sech ëmmer déi nämmlecht Leit an deenen nämmlechte Gremien. Et si quasi ëmmer Leit, déi souwisou an der Gemeng schonn iergendwou aktiv sinn.

Dofir ass déi essentiel Fro, déi misst thematiséiert ginn: Wéi kréie mer Leit dozou motivéiert, sech ze bedeelegen?

Dat fonctionéiert iwwer kleng Initiativen, iwwer Kommunikatioun, jo, iwwer Kontakt mat de Leit. Laangfristeg Engagementer kënnen dann och haut nach eng Barriär fir Leit sinn, déi mat Aarbecht a Famill op der Sich no engem Equiliber an hirem Liewe sinn a vläicht net bereet sinn, elo direkt e laangfristegen Engagement ze maachen. Dat heescht, net nëmmen op kommunalem, mee um nationalen Niveau soll een de Leit als Éischt Loscht maachen, Loscht, sech ze bedeelegen, andeems een och méi kleng Initiativen ënnerstëtzt, net direkt laangfristeg Engagementer vun de Leit an der Participatioun verlaangt.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Biergerbedeelegung heescht, jidderengem eng Stëmm ginn, ville Schichten an Horizonter an net de selwechte Leit ëmmer erëm e Podium ginn, op deem se sech ëmmer méi kënnen opbauen.

Et dierf een net naiv dervunner ausgoen, datt reng d'Offer duergeet, fir d'Leit dervunner ze iwwerzeegen, matzemaachen. Nee, mir mussen d'Leit aktiv siche goen an hinne weisen, datt et net nëmme wichteg ass fir eis Demokratie, sech ze engagéieren, mee datt hir Efforten och zu konkreete Resultater féieren, a jo, datt se eppes verännere kënnen. Well all Participatioun ass fir d'Kaz a mir demotivéieren d'Leit, wann um Enn vun der ganzer Prozedur keng eenzeg Verännerung steet.

A jo, an de leschte Joren ass et zum Deel versäumt ginn, aus der Biergerbedeelegung déi néideg Prioritéit ze maachen. A fënnef Joer sinn zwee Biergerréit entstanen, déi selwer och vu Kritick un deene verschiddenste Saache begleet waren. Regional hu Gemengen eenzel Initiative gestart, deenen applaudéieren ech ganz haart, déi eng emol besser, a jo, dann déi aner, déi hu guer näischt gemaach. An do kann ech net emol einfach net applaudéieren, well dat ass och näischt maachen. U sech muss ee kloer mam Fanger drop weisen an dat benennen a soen: „Dir kënnt dat besser!"

Mir verlaangen hautdesdaags Biergerbedeelegung. Awer mir si wäit dovunner fort, datt et eng national Prioritéit wär, datt mer en nationale Plang hätten, wéi Biergerbedeelegung am 21. Joerhonnert kéint ausgesinn, wat elo gläich schonn zu engem Véierel eriwwer ass.

Dat gesot, soen ech Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Clement. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech géif et vun der Plaz hei aus maachen ...

*(Problème de sonorisation)*

Héiert Der mech?

**M. Fernand Etgen,** Président | Et héiert een de Mikro méi wéi Iech.

*(Hilarité)*

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dann huelen ech mengem Kolleeg säi Mikro. Ech wollt hei ... Ech maachen et ganz kuerz. Ech wollt soen, dass ... Ech hunn déi ganz Debatt elo hei gelauschtert an ech fannen, mir kënnen alleguerte ganz houfreg sinn, an engem Land ze liewen, wou an engem Parlament e ganzen Nomëtteg hei driwwer diskutéiert gëtt, wéi mer kënnen eis Demokratie stäerken, wéi mer d'Bierger kënne besser bedeelegen.

Mir hunn driwwer diskutéiert, wat mer alles hunn. Nei Iddie sinn op den Dësch komm, vun do, vun där Säit, vun dëser Säit, an ech fannen dat ganz luewenswäert. An ech soen dat ganz besonnesch, well wa mir haut driwwer diskutéieren, d'Demokratie ze stäerken, wärend mir elo an eis Verfassung d'Initiative citoyenne aschreiwen, wou d'Bierger kënnen eege Gesetzespropositioune maachen, mat deene sech d'Chamber da muss ausernanersetzen, gëtt et aner Länner an der Welt a leider och an der Europäescher Unioun, wou grad de Contraire geschitt, wou Gewerkschafte monddout gemaach ginn, wou d'Press un hirer Aarbecht gehënnert gëtt, wou d'Zivillgesellschaft stigmatiséiert gëtt an esou Stéck fir Stéck d'Demokratie futti gemaach gëtt.

An dat ass och an eisem eegenen Interessi, dass mir eis mussen derfir asetzen, besonnesch bei eise Partner an deene Gremien, wou mer sinn an der Europäescher Unioun oder anerwäerts, dass mer eis och do asetzen, fir d'Demokratie héichzehalen. Ech fannen, dat gehéiert och an de Kader vun dëser Debatt vun haut eran.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Cruchten.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Benoy Merci fir d'Initiativ, fir dësen Debat haut ze hunn, e Sujet, deen eis um Häerz läit.

An esou wéi den Här Cruchten elo just gesot huet, mengt een, dat wier en Acquis an dass dat iwwerall en Automatismus wär. Nee, méi Biergerbedeelegung, de Leit nozelauschteren, d'Leit matanzebannen, ass eppes, wat wichteg ass, mee och net iwwerall de Fall ass.

An ech wëll och just iwwert ..., wa mer vu Wäerter schwätzen: Mir sinn zesummen an enger Europäescher Unioun, wou et och wichteg ass, deen een oder deen aneren och nach reegelméisseg un déi europäesch Wäerter ze erënneren.

Et ass e Constat, Här President, an ech hunn dat bei jiddwerengem och nogelauschtert: Mir liewen an enger representativer Demokratie. Dat huet keen a Fro gestallt! Mir hu Chamberwalen, mir hu Gemengewalen, mir hu Wale fir d'Europaparlament, wou d'Vertrieder gewielt ginn, déi duerno dann och an den Assembléeën zesummesëtzen. An déi, déi gewielt ginn, déi kréien am Fong vum Wieler hiren Optrag, e Vertrauen, fir am Interêt vun der Allgemengheet ze schaffen an déi och ze representéieren a fir dass déi och politesch Decisiounen huelen. Et gëtt net eng Chamber gewielt, fir keng politesch Decisiounen ze huelen. Nee, et ginn Deputéierter gewielt, fir dann eeben och Decisioune ze huelen.

Dat ass awer net a contrario, dass et dann dem Wieler esou laang wéi breet ass, wat wärend fënnef Joer geschitt. Verschidde Leit mengen, de Rendez-vous mam Bierger ass elo, wann d'Wale sinn, an da wärend fënnef Joer: „on ne vous voit plus et on vous retrouvera pour les prochaines élections." Nee, de Wieler wëll wëssen, wat geschitt. De Wieler huet eng Meenung an déi Meenung verschwënnt net wärend fënnef Joer, andeem en da just wärend der Walcampagne deem engen oder deem anere Froe gestallt huet. A si erwaarde sech am Fong och vun der Politick, datt hir Meenung bei wichtege politeschen Decisiounen och nogelauschtert gëtt a gehéiert gëtt.

Ech sinn awer och ganz der Meenung, dass et heiansdo un der Politick ass, fir onpopulär Decisiounen ze huelen. Et kann net sinn, dass e Sondage oder einfach eng Momentopnam am Fong dat ass, wat dann eeben d'Motivatioun ass, fir an déi eng oder aner Richtung Politick ze maachen.

Ech erënnere just un 1979 hei: Eent vun den ..., wann een d'Nopere kuckt, eent vun den éischte Länner, wou d'Doudesstrof ofgeschaf ginn ass – vun der Politick. Ech sinn iwwerzeegt, dass, wann e Referendum gemaach gi wier oder d'Leit gefrot gi wieren, et net geschitt wier. 1957, wéi d'Europäesch Unioun komm ass, wa mer deemools d'Leit gefrot hätten: „Sidd Der averstanen, dass Däitschland a Frankräich zesummen un en Dësch kommen, fir e Friddensprojet auszeschaffen?", war den Haass nach esou grouss, dass mer do vläicht och net deen een oder deen aneren un den Dësch kritt hätten an eng Majoritéit fonnt hätten, déi gesot hätt: „Jo, mir maachen dat."

Ech sinn iwwerzeegt, bei deene Mesüren ... a gleeft mer et, Här President, mir hunn déi lescht Zäit ... Den État de crise muss eng Ausnam sinn. Well dat ass jo de Contraire vu Biergerbedeelegung, well et ass iwwerhaapt guer keng Bedeelegung, et ass de Pouvoir exécutif, deen aleng decidéiert! An ech sinn och ganz frou, dass dee ganz kuerz war. Mee dat muss ee wëssen, dass deen am Ausland ganz laang gedauert huet. A wann ech vu Biergerbedeelegung ... Ech sinn iwwerzeegt, wa mer d'Leit gefrot hätten: „Sidd Der averstanen, dass mer Mesüren huelen?", dass mer do och keng Zoustëmmung kritt hätte vun deem engen oder vun deem aneren. Mee et war eeben dee Moment, wou mer zesummen hu mussen Decisiounen huelen, fir Liewen ze retten. An do huet och d'Politick eng Verantwortung, eng Verantwortung an deem Moment an och duerno vis-à-vis vun engem Parlament, vis-à-vis vu senge Bierger, eeben déi Choixen och ze justifiéieren. Ech gesinn hei eise Rapporteur perpétuel vun de Gesetzer. Mee dat war wichteg.

An ech muss Iech och soen, dass eng OCDE-Etüd – an ech erfannen déi net – seet, dass eeben d'Abanne vun der Chamber an eis Mesüren, an eis Gestioun vun der Kris ee vun deene staarke Momenter war, doduerch dass och de Bierger se méi akzeptéiert huet a sech domadder identifizéiere konnt, wéi dat och am Ausland de Fall war. A fir eis ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Entschëllegt, Här Premierminister.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Entschëllegt. Dat hat dee groussen Expert vun der Uni Lëtzebuerg, ech mengen, Braum heescht en, net matkritt.

**M. Fernand Etgen,** Président | Här Mars Di Bartolomeo, hat Dir d'Wuert gefrot?

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Entschëllegt, Här President. Entschëllegt, Här President.

**M. Fernand Etgen,** Président | Ech hat dat net matkritt, datt Dir d'Wuert gefrot hat.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, entschëllegt, Här President. Ech maachen Äschen op de Kapp.

**M. Fernand Etgen,** Président | Et freet een d'Wuert an da kritt een et.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President, däerf ech just eng Bemierkung maachen, wann den Här Premierminister dermat d'accord ass?

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Also ech hunn ... All Deputéierten ass ëmmer fräi, d'Wuert ze ergräifen. Ech hunn ni e Problem, mee ech decidéieren hei net.

**M. Fernand Etgen,** Président | Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert gefrot gehat. Wann de Premierminister d'accord ass, däerft Der eppes soen.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Ech ..., d'Regierung pliéiert sech ëmmer virum éischte Pouvoir, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci. Merci, Här President, a merci, Här Premierminister. Dat, wat Dir gesot hutt, ass mat zwou Hänn ze ënnerschreiwen. An ech hoffen, dass och dee grousse Rechtsexpert vun der Uni Lëtzebuerg, den Här Dokter Professer Stefan Braum, dat zur Kenntnis hëlt, dass hei d'Parlament net geschwächt ginn ass, mee dass dat hei eng Geleeënheet war, dass d'Parlament seng Aarbecht déi ganzen Zäit op eng gutt Aart a Weis weidergemaach huet. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Dat ... a wann ech mer erlaben, just och dem Staatsrot an och Äre Beamten heibannen ..., also et ass eng Aarbecht geleescht ginn, déi wierklech impressionnant och ass.

Här President, et ass och eng Etüd vun der OCDE gemaach ginn, wou mer mierken, dass d'Leit och am Fong d'Bedierfnis hunn, sech och zu grousse politesche Sujeten ze äusseren. Et ass rezent och eng Etüd vun der OCDE iwwert d'Vertrauen an déi ëffentlech Acteure gemaach ginn. A Lëtzebuerg, muss ech Iech soen, schneit an deem Rapport och guer net esou schlecht of: Wärend zu Lëtzebuerg 55,9 %, also eng Majoritéit vun de Befroten, Vertrauen an d'Regierung hunn, läit d'OCDE-Moyenne bei 41,1 %, dat heescht ënnert der Majoritéit. Dat heescht, dass do awer schonn e gutt Resultat do ass.

Mee mir gesinn och, dass awer eng Rëtsch vu Mënsche sech méi Participatioun an Decisiounsprozesser wënschen.

Et ass e klore Lien tëschent Biergerbedeelegung a Vertrauen an d'Regierung. Wat d'Bierger manner am Fong consultéiert ginn, huet ee gemierkt an där Etüd och, ëmsou wéineger spiere se sech representéiert an och entspriechend kleng ass d'Vertrauen an d'Regierung, an d'Demokratie am Allgemengen. Dat heescht, dat beweist och nach eng Kéier, wéi wichteg den Debat vun haut ass. An dofir och all den Intervenantë merci.

Ech sinn elo net hei, fir Konklusiounen ze zéie vun deem engen oder vun deem aneren, mee et si vill Propositioune komm, wéi mer Saache kënne verbesseren. An ech sinn den éischten, dee souguer

Demandeur ass, dass mer och déi eng oder aner Pist sollen zesummen à tête reposée och kënnen diskutéieren. Et ass jo och eng Motioun do, wou mer och froen: „Kommt, mir kucken, wéi mer kënne weidermaachen."

Et ass net alles a Stee gemeesselt, well wann een e bësse lauschtert, spiert een awer och d'Sensibilitéit vun deem engen a vun deem aneren, wéi wäit ee ka goen. Déi eng soen: „Et kann ee weidergoen, mee awer net ze wäit goen." Déi aner soen: „Mir wëllen net weidergoen." Déi aner soen: „Mir wëlle weidergoen." Kommt, mir kucken zesummen, wéi mer kënnen op jidde Fall alles maachen, fir dass déi Politickverdrossenheet hei zu Lëtzebuerg net eng Realitéit gëtt an dass mer et fäerdegbréngen, dass awer nach eng grouss Majoritéit vun de Leit Vertrauen huet, och an Decisiounen, déi mer huelen.

An dat ass net nëmmen eppes fir d'Majoritéit, ech soen Iech dat, Här President. Eng Biergerbedeelegung ass net nëmmen eppes, wat wichteg ass fir eng Majoritéit. Et ass och fir eng Oppositioun wichteg. Et ass wichteg am Fong fir d'Institutioun vun der Politick – la démocratie, la chose commune. Dofir ass eng Biergerbedeelegung och esou wichteg.

A mir gesinn, wat et provozéiere kann, wann d'Leit op eng Kéier d'Gefill hunn, dass Decisioune geholl ginn, déi se éischtens net verstinn an déi am Fong vun hinnen och net gedeelt ginn.

Ech kéint hei, wann ech vu Biergerbedeelegung ... an ech wäert elo kuerz drop agoen. An ech soen och dem Claude Turmes an dem Corinne Cahen e grousse Merci, dass se och hei sinn, well et hätt kënnen all Minister hei, Här President, d'Wuert ergräifen.

D'Madamm Asselborn huet d'Madamm Cahen zitéiert, an eeben deen Accord, deen och fonnt ginn ass mat de Gemenge fir d'Integratioun, ass ee Beweis. Den Här Turmes war e Virreider vun eis, well dat war deen Éischten ... Ech hunn de Klima-Biergerrot, mee de Claude Turmes hat och scho virdrun esou Gremien. Mee all d'Ministeren ..., d'Madamm Bofferding huet esou eppes am Interieur gemaach, den ... an ech kéint een no deem aneren opzielen!

Duerfir stinn ech och haut hei, wéi den Här Roth gesot huet, als Premierminister, well et eebe stellvertriedend ass fir och déi meescht Ministeren, déi soss hei géifen d'Wuert ergräifen.

Mee Dir, Här President, stellvertriedend fir Är Chamber, hutt eng Biergerbedeelegung verstäerkt déi lescht Joren, déi et a ville Parlamenter net gëtt. Ech ginn elo net op d'Petitiounen an, ob se gutt oder net gutt sinn. Ech muss Iech just soen: Et deet dem Bierger gutt, dass e weess, dass en op d'mannst Gehéier fënnt. Et huet net all Petitioun eng Ënnerschrëft, an et ass net dofir, dass et eng schlecht Petitioun oder eng gutt Petitioun ass. Et deet gutt, dass de Bierger weess: „Ech hunn awer op d'mannst sensibiliséiert fir e Sujet, dee mir um Häerz läit!"

An et ass net, well en net déi Ënnerschrëfte kritt huet, dass e säi Kampf muss fir déi Iddi opginn, well et ass jo eng Iddi, et ass jo eppes, wat e sech wënscht. An dass Der Petitiounen hutt, déi da vun haut op muer Dausenden an Dausende vun Ënnerschrëfte kréien, dat ass och ganz oft gutt organiséiert, fir dass dat och klappt, mee dat ass eng lieweg Demokratie!

E Parlament, wou ee fäerdegbréngt, dass mat där neier Verfassung och d'Gesetzestexter kënne vu Bierger kommen, ech weess net, wivill Parlamenter, Här President, dat hunn!

**Une voix** | E puer.

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | Jo, awer net vill! An Europa, wann ech géif kucke bei 27, ech sinn iwwerzeegt, dass et keng Majoritéit ass, wou d'Bierger et kënne maachen. Dat heescht, mir sinn do awer och Virreider. A wann ech elo ..., an Dir musst verstoen: Ech luewen d'Chamber fir dat, wat Der gemaach hutt vun de Petitiounen, vun de Gesetzer, vun der Proposition de loi, och vun de Referendumen!

Mir haten eng ganz Prozedur. Ech ginn elo net méi op d'Geschicht an, wou awer och Deputéierte kënne froen, fir dass d'Leit kënne sech aschreiwe goen, fir dass en zweete Vote référendaire organiséiert gëtt bei engem Vote constitutionnel. Mir haten dat jo elo nach viru Kuerzem och hei. Dat heescht, et gëtt eng Rëtsch vu Méiglechkeeten, déi et hei zu Lëtzebuerg haut gëtt, déi et nach virun zéng Joer net gi sinn, an dat si wichteg Etappen, déi sech d'Chamber och ginn huet.

Mir hu bei eis an der Regierung, Här President, eng Rëtsch vu Consultations publiques, déi schonn duerch d'Texter virgesi sinn, dat si Reglementer wéi zum Beispill beim Ausweise vu Waasserschutzzonen, mee awer och bei Gemengereglementer zum Beispill, och bei Ofännerunge vum PAG.

Zanter 2021 ass enquetes.public.lu online, justement deen, deen ëffentlech Enquêten iwwert en zentraliséierte Site méi Visibilitéiten och gëtt an et de Bierger méi einfach mécht, sech esou un enger Enquête och ze bedeelegen. Also, mee a ville Fäll ..., dat si d'Conditions légales, mee et gëtt och vill Fäll, wou d'Ministèren iwwerhaapt guer keng Obligation-légallen hätten, fir et ze maachen.

An dat ass eeben: Et gëtt gemaach, och wa se de Besoin, d'Obligatioun net hunn, eebe fir ze kucken, wat d'Usprëch vun de concernéierte Bierger och sinn. A bei deene meeschte Ministèrë gesinn ech och, dass se awer d'Biergerbedeelegung net als Iwwel gesinn, fir e Projet éischter an d'Längt ze zéien, mee a munche Fäll souguer derzou bäidréit, dass d'Politick déi richteg Hiewele kann ëmleeën, andeems si méi geziilt op d'Realitéiten och, déi um Terrain sinn, ka reagéieren an eeben och agéieren.

Ech hunn Iech vun Drénkwaasserzone geschwat, et cetera. Ech kéint mat de Gemengen och déi Echangen hunn, déi mer mam Syvicol reegelméisseg hunn, well dat ass och en Deel vun indirekter Biergerbedeelegung, wann ech ka soen, dat sinn déi Liene mat deene Vertrieder, déi mer och hunn.

An, Här Eicher, Dir wäert gesinn, Dir wäert och elo en Telefon kréie vum Staatsministère, et ass e Sujet, dee mer nach um Häerz läit, deen ech nach gäre mat Iech och nach an den nächsten Deeg wéilt diskutéieren.

Den Ëmweltministère huet och Informatiounsversammlunge virum Unhuele vum Héichwaasserrisikomanagement an der Loftqualitéit an och dem Kaméidisplang organiséiert. An och wann déi gesetzlech Enquête-publiquen an deene meeschte Fäll drop limitéiert sinn, interesséiert Bierger opzeruffen a fir e schonn ausgeschaftene Projet och ze aviséieren, hunn eng sëlleg Ministèren decidéiert, d'Bierger eeben am Ufank vun engem Reformprozess direkt mat anzebannen.

Do gëtt et Online-Ëmfroen, do gëtt et representativ Ëmfroen, an den Transportministère huet zum Beispill 2017 22.000 Residenten – och 11.000 Frontalieren – gefrot, zum Beispill, wat d'Demandë si beim RGTR-Reseau. A vun deenen 300 Recommandatiounen, konnten der 200 an der Organisatioun vum RGTR-Reseau och zréckbehale ginn.

Ech kennen den Observatoire digital de la mobilité et cetera an et cetera.

Et gouf bei dem Gemengegesetz eng Ëmfro mat uschléissende Biergeratelieren organiséiert. A justement d'Madamm Bofferding ass och amgaangen, un engem Text ze schaffen, fir d'Biergerparticipatioun op lokalem Niveau och ze stäerken.

Den Ekonomiesministère huet bei „Luxembourg Stratégie" e Questionnaire, wou eng 600 Leit matgemaach hunn.

De Konsumenteschutz schafft un engem Sondage iwwert d'Iessgewunnechten, „Foodcouncil", sollt dat heeschen, do wäert d'Madamm Lenert dru schaffen, fir Bierger an och Experten, deen d'Politick bei der Ernärungspolitick vu muer wäert ënnerstëtzen.

De Ministère fir d'Digitalisatioun huet 2022 de Site zesumme-vereinfachen.lu lancéiert. Also, ech kéint weider, weider, weider drop agoen.

Da falen d'Consultatiounen iwwert d'Zesummeliewen, d'Biergerateliere bei der Null-Offall-Strategie, d'Kulturassisen, d'Consultatiounen an d'Reformen ëm Denkmalschutz, Congé culturel an ëffentleche Bibliothéiken. Dowéinster, ech hunn Iech gesot, d'ganz Regierung kéint hei bal sëtzen, mee ech hu keng Loscht elo, déi Opzielung nach eng hallef Stonn hei weider ze maachen.

Ee Sujet, dee mer awer ganz, ganz wichteg ass, mat zwou wichtegen Initiativen, déi och geholl gi sinn, fir eeben ..., wou d'Biergerbedeelegunge méi wäit gaange si wéi dat, wat mer bis elo och kannt hunn, wéi déi klassesch participativ Instrumenter. Dat ass eng Kéier de Biergerkommitee 2050 am Kader vun der Consultation „Luxembourg in Transition" an de Klima-Biergerrot am Kader och vum PNEC.

Ech wëll guer net op den Detail agoen, wéi dat fonctionéiert huet. Mee ech wéilt awer kuerz op d'Grondiddi hannert dëse Formater, op déi éischt Léieren och eeben agoen, déi mir fir d'Weiderentwécklung vun der participativer Demokratie hei am Land kënnen zéien.

Fir d'éischt ass et wichteg ervirzesträichen, dass d'Biergerkommiteeën, déi iwwert eng länger Period schaffen, esouwuel am In- wéi och am Ausland nach ganz rar geséit sinn. En neie Biergerkommitee ass elo ëmmer eng Zort Experiment, dat ass eeben de Constat, dat zwar wuel op d'Erfarung vu Formater am Ausland och opgebaut ass, awer net ëmmer d'nämmlecht ofleeft.

Et gëtt mëttlerweil e puer Prinzippien, vun deene mer wëssen, dass se onverzichtbar sinn, fir dass awer e Biergerkommitee och e Succès kann hunn. Zu esou Prinzippie gehéiert ënner anerem eng kloer Froestellung. Et kann een net an e Biergerforum goen, an deem ee keng kloer Froen huet respektiv kee kloren Optrag un de Bierger gëtt, an net ouni eng professionell an och eng onofhängeg Betreiung, eng neutral an och eng objektiv Formatioun vun de Bierger duerch Experten, an eng professionell-wëssenschaftlech begleeten Opschaffung och vun de Propositiounen.

De Ministère fir d'Landesplanung huet mat der Organisatioun vum Biergerkommitee 2050 wichteg Pionéieraarbecht och hei am Land geleescht, andeem si dëse Prinzipp fir d'éischte Kéier och hei am Land applizéiert hunn, fir representativ ausgewielte Biergerinnen a Bierger wärend engem Joer participativ och schaffen ze loossen.

An d'Erfarungen, déi hei konnte gesammelt ginn, hunn derbäi gehollef, dee bis elo gréisste Biergerkommitee zu Lëtzebuerg a Form vum Klima-Biergerrot och ze organiséieren. 100 Bierger/inne goufe jo duerfir duerno representativ fir d'Gesellschaft och ausgewielt.

A wann ee sech d'Resultater am Fong vun deenen zwee Biergerkommiteeën ukuckt, kann een nëmmen zur Konklusioun kommen, dass esou Initiativen am Fong den Opwand wäert sinn. Jo, et huet sech rentéiert! D'Quantitéit an d'Qualitéit vun de Propositioune si bemierkenswäert an eng Beräicherung fir de politeschen Decisiounsprozess. An ech muss Iech och matdeelen, dass mir ganz oft mengen, d'Leit wiere méi frileux wéi mir selwer; do kann ech Iech just soen: Ganz oft sinn d'Bierger prett, méi wäit ze goen, wéi mir als Politick et mengen!

**Une voix** | Richteg!

**M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État | An dat hu mer zweemol elo bei dëse Forme gehat, wou mer gemengt hunn, dat dote kéint een net maachen, mee wou d'Bierger selwer an enger grousser Majoritéit dat do och froen.

De Klima-Biergerrot huet zum Beispill 140 Mesüre proposéiert, an déi eenzel Mesüre si beim Ëmweltministère an Zesummenaarbecht mat de concernéierte Ministèren och nach an der Analys. Et gëtt genee gekuckt am Fong, wéi eng Mesüren an de spezifesche Kader vum PNEC kënnen integréiert ginn a wéi eng Mesüre vun aneren nationale Pläng kënnen och opgefaange ginn. An et ass fir eis ganz wichteg, dass een eeben déi technesch Dokumenter och huet, fir explizitt op Mesüren, déi op Vermeidung respektiv op Reduzéierung vun Zäregasemissiounen och ofzillen.

Mir stelle sécher, dass op all Propositioun eng Äntwert soll och kommen. Dat ass och eebe ganz wichteg bei der Biederbedeelegung. Dir kënnt net d'Leit eppes froen an duerno, wa se Froen hunn, keng Äntwert hunn. An et ass besser, et seet een Nee, wéi et seet een näischt. Et ass besser, et seet een Nee, well et si verschidde Saachen, déi juristesch net ginn oder déi vläicht net méiglech sinn oder déi um europäesch oder internationale Kader net méiglech sinn. Mee et huet kee Wäert, wann d'Bierger eng Fro stellen, ze soen: „Mir hu keng Anung!" oder „Dir kritt keng Äntwert!" Dann ass et besser, et seet een: „Nee, dat dote geet net, well ...", an dann hunn d'Bierger eng méi grouss Satisfaktioun, wéi wa se am Fong keng Äntwert kréien.

Fir eis muss déi Method och transparent sinn. Mir sinn déi Transparenz och deene Bierger, déi sech bedeelegt hunn, schëlleg, an andeems si och gesinn, dass d'Iddien och eppes produzéiert hunn, wäert dat och d'Biergerbedeelegung stäerken.

Mir wäerten elo weider d'Commentairen, d'Avisen an d'Consultations publiques nach eng Kéier consideréieren, ier mer am Summer dann eng nei Versioun vum PNEC och op Bréissel schécken.

Mee dat ass d'Resultat am Fong vun enger Biergerbedeelegung, mengen ech, déi och Erfolleg huet. Et ass net ëmmer alles esou gelaf, wéi se gemengt hunn, Dir gesitt jo och mat den Delaien, si ware sech och net ëmmer eens, an ech si frou, dass een och an engem Biergerrot ..., et wier jo schrecklech, wa jo nëmmen eng Zort vu Leit ...

An dofir ..., et ass jo geschwat gi vun Zéien oder vun Tirage. Et ass wichteg an enger Biergerbedeelegung, well dat, wat deen een oder aneren Orateur gesot huet, dass meeschtens an der Participatioun soss ëmmer déi selwecht awer gäre matmaachen, dat ass e Constat. Mee dat soll net heeschen, dass een et dofir net soll maachen! Mee et ass wichteg, dass een och d'Méiglechkeet gëtt, dass verschidde Profiller, eng Representativitéit vun enger Gesellschaft, och kënne matmaachen.

Et ass d'Fro gestallt ginn, wat déi Leit da kritt hunn. Déi Leit hu genau dat selwecht kritt wéi d'Deputéiert an der Chamber an enger Kommissioun. Mir hunn eis och d'selwecht orientéiert, et war eng Fro, déi hei gestallt ginn ass.

Ech hunn och nach just ... Déi Begleedung däerf keng politesch Begleedung sinn, dofir hu mer d'Uni och geholl, dofir hu mer Spezialiste geholl. Et dierf net politesch begleet sinn. D'Madamm Dieschbourg an ech selwer, mir ware just bei der Introductioun derbäi an do war et fäerdeg, an dann, wéi mer d'Konklusioune presentéiert kritt hunn.

Et ass net do, dass een als Politiker, als Buergermeeschter, als Premierminister, als Minister, esou als Watchdog, als Chien de faïence do niewendrusëtzt, fir ze kucken, wat d'Leit do maachen. Et muss een déi ... Déi hunn eng Dynamik, déi sech entwéckelt, an dat ass eeben d'Stäerkt vun enger Biergerbedeelegung, dass si selwer d'Gefill hunn: Et ass keen, dee mir elo op d'Fangere kuckt, ech kréien och keng Sanktioun fir Positiounen, déi ech hunn, an ech kann hei fräi matdiskutéieren.

Ech wëll dem Här Benoy och Merci soe fir déi Motioun, déi en deposéiert huet. Mir sinn eis eens: Dat sinn oppen Dieren. Ech mengen, dat heite sinn elo éischt Schrëtt, déi mer gemaach hunn. Ech si frou, wann d'Chamber och der Regierung seet: „Hei, maacht weider an deem dote Sënn, fir ze kucken, wéi een do nach ka méi maachen!" Mir si prett, fir déi Prozeduren och ze analyséieren an och op de Leescht ze huelen.

Mir wäerten d'Resultater vun dësen Analysen och gären hei an der Chamber mat Iech deelen, fir an enger zweeter Phas ze kucken, wéi eng Biergerbedeelegung ee méi kann institutionaliséieren, formaliséieren oder op jidde Fall wéi een nei Forme vu Biergerbedeelegungen och kann hunn.

Mir brauchen eng lieweg Demokratie, Här President. Eng Demokratie, déi just vun uewen erofkënnt, ass keng Demokratie. Eng Demokratie ass do, wou den Echange kënnt, vun uewen erof, vun ënnen erop, an een zesummen eeben deen Echange huet.

Mir gesinn, dass – an dat kléngt elo vläicht ganz blöd, et soll kee mech falsch verstoen – d'Bierger sech fir d'Institutiounen interesséieren. Ech ka mech erënneren, wann Dir eleng eng Porte ouverte hei hutt, wivill Dausenden an Dausende vu Leit einfach kucke kommen, well se gäre kucke kommen, wéi d'Demokratie fonctionéiert.

A wann Debate sinn ..., hei ass d'Tribün elo net stellvertriedend fir den Interêt vun der grousser Populatioun, mee de Fait ass, dass d'Leit d'Méiglechkeet hunn iwwert d'Tëlee ..., oder Gemengeréit, déi zum Beispill live iwwerdroe ginn, do ass eng Biergerbedeelegung schonn do, wou d'Leit et jo op jidde Fall scho kënne matkréien.

An do, wou duerno d'Leit awer de Kontakt sichen ... Ech war selwer Buergermeeschter an enger grousser Stad hei am Land. Ech kann Iech just soen, Här President, dass de Kontakt mam Bierger dat ass, wat d'Essenz vun engem Mandat local beräichert, deen Echange mam Bierger. E Politiker, dee just an enger Tour d'ivoire sëtzt, deen net de Kontakt mam Bierger sicht a just all fënnef Joer oder sechs Joer probéiert, eng Stëmm ze kréien, ass op där falscher Plaz!

Vergiesst ni, fir wien Der do sidd! De Wieler seet Iech Merci, dass Der en net vergiess hutt tëschent de Walen an en net nëmmen erëmerkennt virun de Walen!

Ech soen Iech Merci op jidde Fall fir deen Debat, dee mer hei haten, an déi grouss Volontéit, dass mer zesummen net vergiessen, firwat Politick do ass: net fir d'Politiker, mee fir hir Bierger!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

***Motion 1***

Fir dësen Debat ofzeschléissen, musse mer nach iwwert d'Motioun befannen, déi vum Här Benoy deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech soen dem Här Benoy Merci fir déi Motioun, déi en deposéiert huet, an d'CSV wäert se matstëmmen.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Roth. Kënne mer dës Motioun ...? Nee, den Här Keup wëllt nach d'Wuert ergräifen.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, merci, Här President. Jo, am Ufank gëtt geschriwwe vun deem berüümt-berüchtegte Kampfbegrëff „le déficit démocratique". An ech mengen, dat ass e Kampfbegrëff, dee benotzt gëtt an der Politick, fir, soen ech elo mol, e gewëssent Zil ze erreechen, wat d'Auslännerwalrecht ass. An dofir refuséiere mer am Fong dat Wuert vun „déficit démocratique", och aus deem Grond, well wa mer den Demokratieindex kucken, wou Lëtzebuerg do opgelëscht ass, da gesitt Der, dass Lëtzebuerg ganz, ganz vir bäi ass, dass mer am Fong eng gutt fonctionéierend Demokratie hunn, an duerfir sollte mer net vun Demokratiedefizit schwätzen!

Wann Der erlaabt, hei just e puer Zuelen ze gi vun eppes, wat elo vläicht net esou oft gesot gëtt, dat ass: Mir haten 2018 bei de Chamberwale ronn 320.000 Lëtzebuerger hei am Land wunnen, vun deene waren 259.887 walberechtegt, vun deenen hunn der 233.014 gewielt, dat sinn 89,7 %. Also: 10 % vun de Lëtzebuerger, déi hei am Land gewunnt hunn, sinn net wiele gaangen, obwuel se mussen. Natierlech sinn och eeler Leit derbäi, déi natierlech net d'Flicht hunn.

Wat awer elo interessant ass: Mir haten deemools ronn 100.000 Lëtzebuerger am Ausland wunnen. A vun deenen 100.000 hunn der 1.529 e Walziedel gefrot. Dat sinn also manner wéi 2 %. Och wann Der do déi Mannerjäreg mat ofrechent, wat ongeféier 20 % ausmécht, kommt Der also, wann Der elo all d'Lëtzebuerger kuckt, souwuel déi, déi zu Lëtzebuerg wunnen, wéi och déi, déi am Ausland wunnen, déi och Walrecht hu fir eis Chamber, op eng Walbedeelegung vun ongeféier 69 % an eng Abstentioun vun 31 % bei de Chamberwalen 2018.

Ech wollt dat awer eng Kéier hei och matdeelen, dass mer eng Kéier eis bewosst ginn, dass mir och hei bei eise Chamberwalen eng Abstentioun hu vun 31 %. A wa mer vun Demokratiedefizit schwätzen, wat net onbedéngt dat Wuert ass, wat väicht allgemeng sollt benotzt ginn, da kann ee sech emol einfach d'Fro stellen: Wat kann ee maachen, fir dass déi 31 %, déi net gewielt hu bei de leschte Chamberwalen, awer hätte kënne wielen, bei den nächste Chamberwalen da wielen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Keup. Dann huet den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Selbstverständlech gi mir den Accord zu där Motioun a wäerten déi matstëmmen. Ech wéilt awer just dem Här Keup äntweren, deen elo hei gesot huet, hie kéint net dermat d'accord sinn, dass do géif stoen, dat wär en „déficit démocratique". Also ech wéisst net, wéi een dat soss soll nennen, wann d'Hallschent vun der Populatioun hei zu Lëtzebuerg net kann u Chamberwalen deelhuelen.

Jo, ech weess, mir haten e Referendum doriwwer. Jo, ech weess, dass eng grouss Majoritéit vun de Wieler zu Lëtzebuerg decidéiert huet, dass mer net sollten op dee Wee goen. Mee da kommt, mir sinn awer esou éierlech a mir kënne weiderhi soen, dass dat nach ëmmer en demokrateschen Defizit ass a bleift!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Cruchten. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun och mat ënnerstëtzen. Mir hu se och mat ënnerschriwwen. Ech stellen einfach fest, datt déi Zuelen, déi elo genannt sinn, jo awer ganz kloer weisen, datt et en Demokratiedefizit gëtt.

**Une voix** | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | 31 % vun de Wielerinnen a Wieler, déi verfassungsméisseg d'Recht hunn, wielen ze goen, maachen dat net. Dat ass fir mech en Defizit, wann en Drëttel vun de Leit doheembleift. An domadder huet Lëtzebuerg e ganz héijen Taux ... glécklecherweis, well mer ... U sech verfälscht dat Ganzt jo e bëssen, well mer eng Walflicht hu fir d'Residenten a keng Walflicht fir d'Non-résidenten, soudatt dat Ganzt sech u sech e bësse verfälscht.

An anere Länner géife se dreeme vun 69 % Walbedeelegung, mee nichtsdestotrotz sollte mer eis awer net dodrobber ausrouen, datt mir déi éischt sinn an engem Ranking, wat d'Walbedeelegung ugeet, wa mer wëssen, wéi et zustane kënnt.

Mir sollten eis bewosst sinn, datt mer en Demokratiedefizit hunn. A mir hunn och en Demokratiedefizit, wann et drëm geet, d'Residenten ze impliéieren. Dat muss net onbedéngt iwwer e Walrecht fir d'Chamberwale goen, do gëtt et och ganz vill Nuancen zwëschent kee Walrecht hunn, bis hin zu eebe komplett aktiven a passive Walen. Ech mengen, datt et do derzwëschent ganz vill Zeenarie gëtt, wou mer nach nëmmen un der Surface gekraazt hunn.

An, ech denken, wa mer wéinstens déi Saachen, déi hei dra stinn, géife maachen ... An Dir wësst, ech hat eng Proposition de loi deposéiert, fir e Biergerrot anzeféieren, an ech si frou, datt mer hei elo nach eng Kéier e bëssen drop zréckkommen a soen: Da maache mer elo endlech eng Analys derfir. Ech hat u sech gehofft, mir hätten dat schonn ugetriggert gehat, mee heiansdo geet et besser, wann een et eng zweet oder eng drëtt Kéier seet, an dann iergendwa gëtt déi Iddi dann och meerheetsfäeg.

Ech si wierklech der Meenung, datt mer emol all déi Nuancen zwëschent guer kenger Bedeelegung an der Maximalfuerderung mussen eruéieren an déi och notzen, de Leit do nolauschteren, wou se sinn, an och zäitno nolauschteren – an net nëmmen all fënnef oder sechs Joer!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert nach un den Auteur vun der Motioun, den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Bon, eng Äntwert op déi Fro vum demokrateschen Defizit koum jo scho vun zwee vu menge Virriedner, wat ech total ënnerstëtzen. Ech wëll da just soen, dass am Debat vu mir, awer och vun enger Rei aneren Deputéierten, däitlech gemaach ginn ass, dass d'Stäerkung vun der participativer Demokratie och nach Äntwerte gëtt op ganz vill aner Erausfuerderungen, déi mer hunn, oder Froen, déi mer hunn, sief et och den Desinteresse, dee mer géintiwwer der Politick hunn, sief et Verdrossenheet, Populismus, d'Feelen ..., Problemer, wou d'Leit sech net méi erëmfannen a richteg informéiert sinn duerch d'sozial Medien, well se ëmmer an enger Bulle ënnerwee sinn, an dass mer duerch d'Participatioun justement dat alles stäerken a gläichzäiteg och doduerch, dass mer d'Leit abannen, kënnen zesumme mat de Leit Äntwerte fannen op grouss Erausfuerderunge vun der Zäit, déi mer hunn, déi einfach haut och vill méi komplex sinn, wéi se et nach viru Jore waren. Dat heescht, den Asaz fir eng méi participativ Demokratie an d'Stäerken esou vun eiser representativer Demokratie geet och vill méi wäit wéi just déi Fro vun dem demokrateschen Defizit.

Da wollt ech awer och jiddwerengem an der ganzer Chamber villmools Merci soe fir déi grouss Ënnerstëtzung, déi ganz grouss Ënnerstëtzung fir d'Motioun, déi ech deposéiert hunn. Ganz vill Fraktioune hunn ënnerschriwwen an och d'CSV als gréissten Oppositiounspartei, déi net ënnerschriwwen huet, ënnerstëtzt se awer schonn.

Dat ass no där Debatt haut e ganz staarke Message, dee mer hunn, wou mer soen, mir stäerken d'participativ Demokratie zu Lëtzebuerg, an, voilà, dat ass d'Stäerke vun der Demokratie allgemeng. Mir analyséieren déi Biergerbedeelegungsprozesser, déi mer hunn, a kucken eebe grad, wéi mer se formaliséieren an institutionaliséiere kënnen, an dat ass, mengen ech, e ganz, ganz wichtegt Signal fir d'Stäerke vun der Demokratie zu Lëtzebuerg.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci villmools, Här Benoy.

Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun kommen.

***Vote sur la motion 1***

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 55 Jo-Stëmme bei 6 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 55 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Elisabeth Margue (par M. Félix Eischen), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo) et Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.22 heures.)*

## Sommaire


| Objet | N° | Auteur | Page |
|---|---|---|---|
| Chaudières à pellets | 7424 | Martine Hansen | 82 |
| Particules fines | 7444 | Fred Keup, Fernand Kartheiser | 83 |
| Installations photovoltaïques | 7446 | Jean-Paul Schaaf | 84 |
| Médecins formés en algologie au Luxembourg | 7447 | Léon Gloden | 84 |
| Travaux de réfection du tunnel ferroviaire Schieburg | 7449 | André Bauler | 85 |
| Mobilier et biens culturels des églises désacralisées | 7450 | Fred Keup, Fernand Kartheiser | 85 |
| Pannes d'électricité dans le nord du pays | 7452 | Martine Hansen | 85 |
| Services de bus nocturne | 7455 | Carlo Weber, Cécile Hemmen | 86 |
| Central téléphonique 112 | 7459 | Sven Clement | 86 |
| Pénurie de médicaments | 7465 | Jeff Engelen | 86 |
| Radars fixes et mobiles | 7466 | Nancy Arendt épouse Kemp | 87 |
| Situation du trafic dans la région de Steinfort | 7467 | Jeff Engelen, Fred Keup | 87 |
| Centrale nucléaire de Tihange | 7468 | Martine Hansen | 87 |
| Paiement en espèces | 7470 | Marc Goergen | 88 |
| Nombre d'inscriptions et de détentions de brevets de maîtrise par catégorie de brevet et de métier | 7471 | Myriam Cecchetti | 88 |
| Projet d'un pont suspendu au-dessus du lac de barrage | 7473 | Francine Closener, Carlo Weber | 89 |
| Attractivité de la formation professionnelle | 7474 | Josée Lorsché, Djuna Bernard | 89 |
| Travail de jeunesse non formel | 7476 | Mars Di Bartolomeo | 90 |
| Arrêt n° 00176 du 23 décembre 2022 de la Cour constitutionnelle | 7477 | Léon Gloden | 90 |
| Plaque commémorative dans l'ancien bâtiment du Lycée technique agricole | 7478 | André Bauler | 91 |
| Étude sur l'impact de la 5G sur la santé du Service de recherche du Parlement européen | 7480 | Fernand Kartheiser | 91 |
| Bilan des radars | 7484 | Jeff Engelen, Fernand Kartheiser | 91 |
| Signature d'un nouvel accord avec l'entreprise informatique américaine Cisco | 7488 | Lydia Mutsch | 92 |
| Tiny houses | 7491 | Marc Lies | 92 |
| Déclaration sur l'honneur dans le cadre des aides pour chaudières à pellets | 7493 | Sven Clement | 93 |
| « Generative Pre-trained Transformer » | 7495 | Francine Closener | 93 |
| Coopération avec l'entreprise RWE | 7496 | Marc Goergen | 93 |
| Taux de réussite au permis de conduire | 7497 | Jeff Engelen | 94 |
| Plan d'action pour la mise en œuvre des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme 2020-2022 | 7498 | Stéphanie Empain, Charles Margue | 94 |
| Médicament anti-diabétique « Ozempic » | 7499 | André Bauler, Gilles Baum | 95 |
| TVA sur l'électricité | 7502 | Max Hengel, Paul Galles | 95 |
| Travail pénitentiaire au Centre pénitentiaire Uerschterhaff | 7503 | Pim Knaff | 96 |
| Déguerpissements | 7504 | Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo | 96 |
| Honoraires d'avocat | 7506 | Roy Reding | 96 |
| Protection des majeurs incapables | 7507 | Roy Reding | 97 |
| Enregistrement des demandeurs d'asile | 7508 | Nathalie Oberweis | 97 |
| Création de nouvelles pharmacies | 7509 | André Bauler | 97 |
| Procédure de classement d'un bâtiment | 7511 | Marc Goergen | 98 |
| Élection présidentielle congolaise 2023 | 7512 | Fernand Kartheiser | 98 |
| Statistiques dans le domaine agricole | 7515 | Martine Hansen | 99 |


**Chaudières à pellets** | Question **7424** (27/12/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

An der Chamberssëtzung vum 22. Dezember sot den Energieminister a senger Ried zu de Bäihëllefe fir Pelletheizungen, d'Firma LuxEnergie géif en Deel vun den Äschen, déi bei der Verbrennung vun de Pellets entstinn, un d'Baueren als Dünger weiderginn. Aus der Etude, déi d'Ëmweltverwaltung 2020 an Optrag ginn hat, geet ervir, datt d'Äschen aus der energeetescher Notzung vu Brennmaterial aus naturbeloossenem Holz nëmmen ënner bestëmmte Viraussetzunge sollen als Dünger genotzt ginn. Virun allem misste reegelméisseg Analyse gemaach ginn. D'Auteure vun der Etude hunn 2020 och drop higewisen, datt d'Verwäertung vun den Äschen als Dünger weeder op europäeschem nach op nationalem Plang juristesch gereegelt ass. An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Energieminister stellen:

1. Wéi vill Äschen aus der Verbrennung vu Pellets fale bei der Firma LuxEnergie pro Joer un?
– Wéi vill Äsche ginn als Dünger an der Landwirtschaft agesat?
– Wéi vill Äsche gi vun enger spezieller Offallfirma entsuergt?

2. Wéi vill Entreprisë verwäerten zu Lëtzebuerg insgesamt Äschen als Dünger?

3. Ënner wat fir Bedingunge ginn dës Äschen un d'Bauere geliwwert, ginn et Kontrakter?
– Wa jo, mussen d'Baueren eppes fir d'Äsche bezuelen, a wa jo, wéi vill?

4. Wéi vill Analyse vun den Äsche gi gemaach an a wat fir engem zäitlechen Intervall?

5. Wou ginn dës Analyse gemaach, wéi vill kaschten se a wie bezilt se?

6. Op wat fir Substanze ginn d'Äsche kontrolléiert?

7. Wéi héich sinn am Duerchschnëtt d'Närstoffwäerter vun den Äschen?

8. Wéi héich sinn d'Wäerter vun de problematesche Schwéiermetaller Kadmium a Chrom VI?

9. Ass den Asaz vun Äschen aus der energeetescher Notzung vu Brennmaterial aus naturbeloossenem Holz an der Landwirtschaft mëttlerweil zu Lëtzebuerg juristesch reglementéiert?

**Réponse** (07/03/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie

De Kontext vun der parlamentarescher Fro geet op d'Chamberplenière vum 22. Dezember 2022 zréck.

Den Energieminister ass am Debat iwwert d'Aféiere vun den Hëllefsmesurë fir d'Haushalter, déi Pellets notzen, drop ugeschwat ginn, wat mat den Äsche vun der LuxEnergie, déi bei der Pelletsverbrennung ufalen, geschitt.

Hien huet sech doropshi bei LuxEnergie informéiert, déi him matgedeelt huet, datt een Deel vun hiren Äschen op Felder ausbruecht gëtt an dat konform zur Legislatioun geschitt. Dës Informatiounen huet hien esou an der Plenière weiderginn.

Parallell huet den Energieminister dee fir Offall zoustännege Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung (MECDD) gefrot fir nozekucken, ob LuxEnergie an alle Punkte vum Offallgesetz en règle ass.

De MECDD huet dunn eng Analys gemaach a gewëss Onreegelméissegkeete festgestallt an de Parquet informéiert. De betraffene Betrib huet d'Ausbréngung op d'Felder gestoppt. D'Detailer zu de weideren Demarchë fanne sech an den Äntwerten op déi gestallte Froen

ad 1. Bei der Firma LuxEnergie sinn um Site Kierchbierg säit 2018 an der Moyenne 190 Tonnen Äsche pro Joer aus der Verbrennung vu Pellets ugefall.

– Op Nofro hi krut d'Ëmweltverwaltung d'Informatioun, dass säit 2018 an der Moyenne 81 Tonnen Äsche pro Joer, déi um Brennrouscht – net bei der Ofgasréngegung – bei der Firma LuxEnergie ugefall sinn, an der Landwirtschaft agesat goufen. Dës Praxis gouf awer entre-temps agestallt.

– D'Äsche vun der Firma LuxEnergie, déi net an der Landwirtschaft agesat goufen oder ginn, gi vun enger spezieller Offallfirma entsuergt. Säit 2018 sinn dat an der Moyenne 109 Tonnen Äsche pro Joer gewiescht.

ad 2. D'Ëmweltverwaltung ass am Januar 2023 engem Verdacht vun net gesetzeskonformer Offallgestioun/-transport/-valorisatioun vun esou Äschen aus der Holzpelletsverbrennung nogaangen. Nodeems sech déi Faite bestätegt hunn, sinn déi dräi implizéiert Acteuren – de Produzent vun den Offäll, een Transporteur an ee Bauer – opgefuerdert ginn, déi net autoriséiert Aktivitéiten direkt anzestellen. Eng Kopie vun dësen Dokumenter gouf un de Parquet adresséiert.

Aktuell ass keen anere Fall bekannt, wou Äschen an een Dünger gemëscht oder als Dünger verkaaft gi wieren. Zu Lëtzebuerg gëtt et och kee klassesche „Düngemëttelproduzent".

ad 3. Bei Äschen aus Verbrennungsprozesser vun der energeetescher Notzung vun Holz handelt et sech ëm een Offall nom Artikel 4 aus dem Offallgesetz („loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets").

Prinzipiell ass et esou, dass een eng Geneemegung nom Offallgesetz brauch, fir Offäll ze transportéieren, ze valoriséieren oder ze eliminéieren. An de Geneemegunge fir d'Valorisatioun an d'Eliminatioun ginn ë. a. „contrats d'acceptation" virgeschriwwen, an deenen d'Eegenschafte vun den Offäll definéiert ginn. Et kann een awer och fir een Offall de Statut „fin de statut du déchet" nom Artikel 7 vum Offallgesetz ufroen. Dëst bitt sech z. B. fir Offäll un, déi eng wéineg variabel Zesummestellung hunn. Wann dëst accordéiert gëtt, handelt et sech legal gesinn ëm ee Produit an et ënnerläit een deemno net méi der Autorisatiounsflicht nom Offallgesetz.

Ob a wéi vill fir Offäll oder esou Produite bezuelt gëtt, ass eng Saach tëscht deene jeeweilegen Acteuren a muss de staatlechen Instanzen net matgedeelt ginn.

ad 4. Dëst gëtt an den ugeschwatene Geneemegunge festgeluecht oder et gëtt am Kader vun der Unerkennung vum „fin de statut du déchet" festgeluecht, wéi enge Krittären d'Material muss entspriechen a wéi a wéi dacks dat kontrolléiert muss ginn.

ad 5. Esou Analyse musse vun agreéierte Laboratoirë gemaach ginn. D'Käschten dofir dréit an der Reegel den Offallproduzent. Et steet awer den implizéierten Acteure fräi, dee finanziellen Aspekt ënnert sech anescht ze reegelen.

ad 6. Wann Äschen an der Landwirtschaft als Dünger solle verwäert ginn, mussen se de Krittäre vum Reglement 2019/1009 vum Europäesche Parlament a vum Conseil iwwert d'Dünger entspriechen an op déi doranner genannte Wäerter ënnersicht ginn. Déi selwecht Krittäre gëlle fir déi ugeschwaten Dispositioune vum Offallgesetz. Bei enger aner Verwäertung gi ggf. aner Krittäre gekuckt.

ad 7. Aus enger Etude, déi d'Ëmweltverwaltung 2020 an Optrag ginn hat, sinn Äschen aus dem Brennkessel vu 5 verschiddene Pelletsanlagen aus Lëtzebuerg analyséiert ginn. Follgend Närstoffwäerter goufe bei dëser Campagne festgestallt:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 8. Am Kader vun der uewe genannter Etüd goufen an den Äsche fir de Kadmium 0,2 bis 21 mg/kg a fir de Chrom VI 4,5 bis 400 mg/kg festgestallt.

ad 9. Nieft de schonn erwäänten Dispositiounen aus dem Offallgesetz, spillt d'Reglement 2019/1009 vum Europäesche Parlament a vum Conseil iwwert d'Dünger vum 5. Juni 2019, dat d'Äschen aus der Holzverbrennung an d'Materialkategorie 13, „matières obtenues par oxydation thermique et leurs dérivés", aklasséiert. Deemno däerfen dës Äschen, ënnert der Konditioun, datt se hiren Offallstatut verléieren, als Dünger gebraucht ginn oder kënnen als Additif an en Dünger bäigemëscht ginn, dat Ganzt ënnert der Konditioun, datt d'Grenzwäerter agehale ginn, déi am Reglement präziséiert sinn.

**Particules fines** | Question **7444** (05/01/2023) de **M. Fred Keup** | **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An engem Artikel am „Tageblatt" („Die Zukunft durch Verbote gestalten", 3. Januar 2023) schreift de fréiere sozialistesche Minister Robert Goebbels ënnert anerem och iwwer Feinstëbs. Feinstëbs ass ëmmer am natierlechen Ëmfeld, gouf awer an Dieseldiskussioune vill als Argument géint de Verbrennungsmotor gebraucht. Tatsächlech bréngt d'Mobilitéit Feinstëbs haaptsächlech duerch d'Ofnotze vu Pneuen a Bremsplacketten. Grad dës zwee Elementer sinn awer bei Elektroautoe mat hirem héije Gewiicht besonnesch signifikant.

An dësem Kontext wéilte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu méi strenge Feinstëbsnormen op EU-Niveau, déi den Här Goebbels a sengem Artikel uschwätzt? Ass dat wëssenschaftlech vertriedbar? Sinn déi ëmstridde Moossmethoden a -standuerter gekläert? Ass zweiwelsfräi gekläert, wéi vill Feinstëbs natierlech a wéi vill mënschegemaacht ass? Kann d'Regierung d'Informatioune bestätegen, datt déi 72 Statiounen zu Lëtzebuerg keen Iwwerschreide vun den aktuellen Norme gemooss hunn?

2. Spillt d'Gewiicht vun den Elektroautoe beim Produzéiere vu Feinstëbs duerch Pneuen a Bremsplacketten eng entscheedend Roll?

3. Ass d'Pneuesteier eng satiresch Prophezeiung vum Här Goebbels oder gëtt et konkreet Projeten?

**Réponse** (07/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Den Impakt vum Feinstëbs op d'Gesondheet ass wëssenschaftlech beluecht an et ass och wäitleefeg akzeptéiert, dass de Feinstëbs (virun allem Partikele vun 2,5 µm) dee Faktor vun der Loftverschmotzung ass, deen de gréissten negativen Impakt op d'Gesondheet vum Mënsch huet.

Wat d'Partikele méi kleng sinn (2,5 µm a méi kleng), wat se méi déif an d'Longe kënnen antrieden an och esouguer an d'Blutt an dann am ganze Kierper verdeelt ginn. Dëst ass net de Fall fir Partikele vun 10 µm, déi just déi iewescht Otemweeër kënne besidelen. D'cheemesch Kompositioun spillt och eng wichteg Roll. De Feinstëbs ass e komplext Theema an déi Partikelen, déi beim Autofuere produzéiert ginn (Verbrennung, Bremsen, Kontakt vun de Pneue mat der Strooss), hu verschidde Gréissten an och cheemesch Kompositiounen.

Eng Expositioun kann en Effekt op d'kardiovaskulaire Gesondheet hunn an domat de Risiko, fir en Hiereschlag (AVC) oder en Häerzinfarkt ze kréien, erhéijen, awer och zu Kriibs féieren a chronesch respiratoresch Krankheete verursaachen oder verstäerken.

Richtwäerter vun der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO):

Am Joer 2021 huet d'WHO nei Richtwäerter erausbruecht fir d'Faktoren, déi d'Loftqualitéit beaflossen. Dës Richtwäerter si baséiert op enger systematescher Analys vu wëssenschaftleche Publikatiounen, déi den Impakt vun der Loftverschmotzung op d'Gesondheet beschreiwen. D'Anhale vun dëse Richtwäerter géingen et erlaben, d'Risikoen ze reduzéieren an d'Ge sondheet vun der Populatioun laangfristeg zu schützen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Fir kënnen d'Objektiver vum Green Deal an dem „Zero Pollution Action Plan" ze realiséieren, iwwerleet d'Europäesch Unioun elo, wéi d'Direktivë kënnen un d'Richtwäerter vun der WHO ugepasst ginn, fir d'Risikofaktore laangfristeg esou ze reduzéieren, dass d'Gesondheet vun der Populatioun geschützt ka ginn.

De Graphique hei ënnendrënner weist d'Evolutioun vu virzäitegen Doudesfäll, déi duerch Expositioun zu PM2.5 (Particulate Matter of 2.5 µm) Konzentratiounen ausgeléist ginn, déi iwwert de Richtwäerter vun der WHO leien (et handelt sech heibäi ëm Estimatiounen). Fir eng Reduktioun vu 55 % vu virzäitegen Doudesfäll par rapport zum Joer 2005 ze erreechen (Zil vum Zero Pollution Action Plan), musse weiderhi vill Efforte geleescht ginn, fir d'Emissioune vun de PM2.5 Partikele kontinuéierlech ze reduzéieren.

Ouni eng Adaptatioun vun den europäeschen Direktiven ass et der WHO no an den Analyse vun der europäescher Ëmweltagentur (EEA) onwarscheinlech, dass eng weider Reduktioun vun der Expositioun zum Feinstëbs kann erreecht ginn an domat e Gesondheetsschutz ka garantéiert ginn.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Wat „d'particules ultrafines" ugeet, ginn et nach keng Richtwäerter vun der WHO, well et nach net genuch wëssenschaftlech Etüde gëtt, déi den Impakt op d'Gesondheet konkreet analyséieren. D'WHO recommandéiert awer, dass een déi Partikelen och soll moossen a gëtt preliminär Valeuren un, déi een héijen oder nidderegen Niveau uweisen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Et gëtt vill verschidde Sourcen, déi Feinstëbs produzéieren, wéi den Diagramm hei ënnendrënner vun der EEA (European Environmental Agency) weist.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Den Diagramm weist, dass de Feinstëbs (PM2.5 a PM10) am Allgemengen an Europa haaptsächlech duerch d'Industrie an d'Wunnhaiser produzéiert gëtt. Den Trafic dréit méi e klengen Deel dozou bäi. Do gëtt et awer vu Land zu Land Ënnerscheeder.

Niewent dem mënschegemaachte Feinstëbs sinn déi natierlech Sourcë Bëschbränn, Vulkanausbréch, an zum Beispill Verwehunge vu Saharastëbs, deen Dausende vu Kilometer ka weider gedroe ginn.

Natierlech Feinstëbsproduktioun ass net negligeabel a ka vu Land zu Land verschidde sinn, esou wéi och déi mënschegemaachte Feinstëbsproduktioun. Fir de kumulativen Effekt ze verréngeren ass et wichteg, d'mënschegemaachte Feinstëbsproduktioun ze reguléieren an esou vill wéi méiglech ze reduzéieren.

Op EU-Niveau sollen ënnert anerem méi streng Feinstëbsnorme bei de Stroossegefierer duerch d'Euro 7 Norm ab 2025 agefouert ginn. De Virschlag befënnt sech am Moment an der europäescher Consultation

publique.[1] An dësem Virschlag sollen och d'Elektrogefierer mat abezu ginn, fir de Feinstëbs vum Pneuen- a Bremsofriff erofzedrécken, well dës mëttlerweil déi Haaptquelle vu Partikelemissioune bei Gefierer sinn (cf. Äntwert op d'Fro 2).

Zu Lëtzebuerg gëtt de Feinstëbs (PM10 an PM2.5) op 8 Miessstatiounen uechtert d'Land gemooss. Heifir ginn déi vun der EU-Loftqualitéitsdirektiv virgeschriwwe Miessmethoden applizéiert. Dëst geschitt ënnert anerem u sougenannten Traficstatiounen, wou de Feinstëbs haaptsächlech vum Brems- a Pneuenofriff hierstaamt.

Lëtzebuerg hält d'Grenzwäerter fir de Feinstëbs aus der EU-Loftqualitéitsdirektiv an. Hei gëtt keen Ënnerscheed zwëschent natierlechem a mënschegemaachtem Feinstëbs gemaach.

ad 2. Den Undeel vun den Ofriffemissioune vun Autoen un de gesamten nationale Feinstëbsemissioune war 2020 mat 9 % relativ niddereg. Déi technologesch Entwécklunge vun de leschte Joerzéngten hunn sech virdeelhaft op de Feinstëbsausstouss vun Autoe mat Verbrennungsmotor – besonnesch duerch d'Partikelfiltere bei Dieselautoen, an awer och Autoen, déi mat Bensinn bedriwwe ginn – ausgewierkt. Duerch dës Entwécklung entsteet aktuell de Gros vun de stroosseverkéiersbedéngte Partikelemissiounen duerch den Ofriff vu Pneuen a Bremsen, deen natierlech och bei Elektrogefierer stattfënnt. D'Bild 1 weist d'Entwécklung vun de gesamte PM10 Emissiounen (PM10 = Partikele mat engem Duerchmiesser <10 µm) am Lëtzebuerger Stroosseverkéier säit 1990 (gro Linn), an d'Feinstëbsemissiounen duerch Ofgasemissiounen (blo Linn) respektiv Pneuen- a Bremsofriff (orange Linn) vun Autoen. Wärend d'Ofgasemissioune vun den Autoen déi lescht 20 Joer – trotz der steigender Unzuel vu Gefierer – kontinuéierlech erofgaange sinn, hunn d'Ofriffemissiounen duerch Pneuen a Bremsen zougeholl a leie säit 2012 iwwer den Ofgasemissiounen.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Onofhängeg vun der Motorisatioun huelen d'Feinstëbsemissiounen duerch Pneuen- a Bremsofriff mam Gewiicht vum Gefier zou[2]. En Elektroauto ass an der Moyenne 300 kg méi schwéier wéi e Verbrenner mat änlechen Dimensiounen[3]. Dat zousätzlecht Gewiicht vun engem Elektroauto huet en direkten Afloss op d'Ofriffemissiounen. Allerdéngs gëtt de Bremsofriff bei Elektroautoen duerch dat regeneratiivt Bremse reduzéiert, sou datt een dovun ausgoe kann, datt an der Zomm Emissioune vu Brems- a Pneuenofriff bei Verbrenner- an Elektroauto identesch sinn. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3291 vum 11. Dezember 2020 am Detail erkläert, huet d'OECD 2020 an hirem Bericht[4] konstatéiert, dass d'PM10 Emissiounen duerch den Ofriff bei 100 % Elektroautoe 5–19 % méi niddereg si wéi bei Autoe mat Verbrennungsmotor. Bei de PM2.5 Ofriffemissioune sinn d'Ënnerscheeder méi kleng, woubäi an der Moyenne déi liicht 100 % Elektroautoen ënnert de Wäerter vun Autoe mat Verbrennungsmotore leien an déi méi schwéier Gefierer sech liicht driwwer usidelen. Ausserdeem ass ze erwaarden, dass souwuel Bremswéi Pneuenhiersteller sech an deenen nächste Joren intensiv mat dëser Thematik beschäftege wäerten an zukünfteg technologesch Entwécklungen eng Reduktioun vun Ofriffemissioune wäerte méiglech maachen.[5] Dëst wäert, wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 1 ernimmt, warscheinlech och duerch déi méi streng Euro 7 Norm bekräftegt ginn.

ad 3. Wéi uewen ernimmt, gëtt d'Thematik vun de Feinstëbsemissiounen am Transportsecteur grad am Kader vun der Propos fir déi nei Euro 7 Norm behandelt. Dësen Usaz, fir domadder d'Hiersteller vu Gefierer, Bremsen a Pneue fir den europäesche Marché an d'Verantwortung ze huelen, ass sécherlech dee sënnvollsten Usaz fir ze garantéieren, datt bei neie Gefierer d'Gesamtfeinstëbsemissioune weider erof wäerte goen.

**Installations photovoltaïques** | Question **7446** (05/01/2023) de **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

A senger Ried zur Lag vun der Natioun sot de Premierminister, „datt no enger Transitiounsphas op der ganzer Daachfläch vun all nei Konstruktioun eng Fotovoltaikanlag muss installéiert ginn". Hie sot och, datt de Staat d'Käschte vun der Anlag fir déi Leit géif iwwerhuelen, déi sech d'Installatioun net kënne leeschten. Wann d'Anlag iwwert d'Stroumproduktioun amortiséiert wier, kréich de Proprietär se geschenkt. An deem Kontext wollt ech follgend Froen un Här Premierminister an un den Här Energieminister stellen:

1. Wat ass mat „enger Transitiounsphas" gemengt?

2. Wéi gesäit d'Zäitschinn vun der Mesure aus, bis wéini soll se gräifen?

3. Wéi soll dës Mesure ganz konkreet fir d'Leit, déi nei bauen, ëmgesat ginn?

4. Wéi soll d'Mesure an de Bautereglementer vun de Gemenge gereegelt ginn?

5. Kréien d'Gemengen e Règlement-type, deen si alleguer an hire Bautereglementer verankere mussen, fir datt eng landeswäit eenheetlech Reglementatioun gëllt?

6. Wie soll kontrolléieren, ob effektiv op all neien Daach eng Fotovoltaikanlag installéiert gouf?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | **M. Xavier Bettel,** Premier Ministre, Ministre d'État

D'Regierung ass amgaang, d'Gesetzestexter auszeschaffen, déi néideg sinn, fir déi annoncéiert Fotovoltaikinitiativ ze realiséieren, an déi d'Äntwerten op d'Froe vum honorabelen Deputéierte liwweren, esoubal se fäerdeg sinn.

**Médecins formés en algologie au Luxembourg** | Question **7447** (05/01/2023) de **M. Léon Gloden** (CSV)

La nomenclature des actes et services des médecins de la CNS mentionne sous le code 77 une « consultation majorée du médecin formé en algologie et exerçant en unité hospitalière de diagnostic, de traitement et de soins médicaux prenant en charge des patients présentant un état de douleurs chroniques ».

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Qu'est-ce qu'on entend par le terme « formé en algologie » ?
– Qui définit le contenu de cette formation et de la reconnaissance au Luxembourg, sachant qu'il ne s'agit pas d'une spécialité médicale inscrite sur la liste officielle des spécialités médicales ?
– Quel est le contenu de cette formation ?
– Combien de médecins sont formés en algologie au Luxembourg ?

2) Qu'est-ce qu'on entend par le terme « unité hospitalière de diagnostic, de traitement et de soins médicaux prenant en charge des patients présentant un état de douleurs chroniques » ?
– Quels sont les critères pour la reconnaissance d'une telle unité hospitalière ?
– Dans quel établissement hospitalier ces unités sont-elles localisées ?

3) Est-ce que les ministres ne sont pas d'avis qu'il faudrait délocaliser la prise en charge des patients présentant un état de douleurs chroniques en favorisant la prise en charge dans des cabinets des médecins formés en algologie et en leur permettant d'appliquer le tarif en question en évitant ainsi des temps d'attente trop longs ?
– Si oui, quand est-ce qu'on pourra s'attendre à une libération du tarif en question pour tous les médecins formés en algologie ?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale

ad 1) Il s'agit de médecins ayant suivi une formation complémentaire centrée sur la prise en charge de la douleur.

– À ce jour, différentes universités proposent des formations en matière d'algologie. Cependant, au Luxembourg, l'algologie n'est en effet pas inscrite dans la liste des spécialités médicales reconnues au Grand-Duché de Luxembourg telle que retenue dans le règlement grand-ducal du 10 juillet 2011 fixant la liste des spécialités en médecine et médecine dentaire reconnues au Luxembourg. À ce jour, un médecin ne peut donc pas se prévaloir parmi ses titres d'être spécialiste en algologie.

– Le contenu des formations est variable en fonction des universités qui les dispensent, mais elles comprennent pour la plupart les éléments de base, à savoir les mécanismes de la douleur et les principes d'évaluation et de prise en charge.

– Actuellement, il n'existe pas de recensement des médecins ayant suivi une formation en algologie.

ad 2) L'unité hospitalière est, selon les dispositions de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, une unité de soins telle que définie à l'article 2(1)1, à savoir une « unité fonctionnelle soit d'hospitalisation soit médico-technique prenant en charge des patients, située dans une même enceinte architecturale et relevant d'une dotation et d'une gestion commune ».

– Les critères relatifs à une telle unité hospitalière sont précisés dans l'annexe 2 de la loi hospitalière modifiée du 8 mars 2018.

– Selon l'annexe 2 de la loi hospitalière modifiée du 8 mars 2018, ces unités hospitalières sont localisées dans les établissements hospitaliers. Les services hospitaliers d'oncologie, d'orthopédie et de rééducation fonctionnelle disposent d'un accès direct à ces unités ou d'une convention si l'établissement ayant une autorisation pour un de ces services hospitaliers ne dispose pas d'une telle unité.

[1] https://ec.europa.eu/info/law/better-regulation/have-your-say/initiatives/12313-Europaische-Normen-fur-Fahrzeugemissionen-Euro-7-fur-Pkw-leichte-Nutzfahrzeuge-Lastkraftwagen-und-Busse_de

[2] Farzan Oroumiyeh, Yifang Zhu, Brake and tire particles measured from on-road vehicles: Effects of vehicle mass and braking intensity, Atmospheric Environment: X, Volume 12, 2021, 100121, ISSN 2590-1621, https://doi.org/10.1016/j.aeaoa.2021.100121

[3] David C.S. Beddows, Roy M. Harrison, PM10 and PM2.5 emission factors for non-exhaust particles from road vehicles: Dependence upon vehicle mass and implications for battery electric vehicles, Atmospheric Environment, Volume 244, 2021, 117886, ISSN 1352-2310, https://doi.org/10.1016/j.atmosenv.2020.117886

[4] OECD, Non-exhaust Particulate Emissions from Road Transport, 2020, https://www.oecd.org/environment/non-exhaust-particulate-emissions-from-road-transport-4a4dc6ca-en.htm

[5] Mobilität ohne Feinstaub, Projekt ZEDU-1: https://www.dlr.de/content/de/artikel/news/2021/01/20210113_null-emissions-antrieb-mobilitaet-ohne-feinstaub.html

Selon les projets hospitaliers déposés en 2018, de telles unités sont présentes dans les quatre centres hospitaliers (CHL, HRS, CHdN et CHEM) ainsi qu'au Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation.

ad 3) Le réseau de compétences « douleur chronique » a été autorisé en date du 15 novembre 2022 et est en cours de transposition et vise à assurer une meilleure prise en charge en matière de douleur chronique au niveau du secteur hospitalier et du secteur extrahospitalier.

**Travaux de réfection du tunnel ferroviaire Schieburg** | Question **7449** (05/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

Nom Broch am Tunnel Schieburg tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz viru bal fënnef Méint ass vun den CFL matgedeelt ginn, datt déi infrastrukturell Aarbechten amgaang sinn an datt se net virun Abrëll ofgeschloss wäerte kënne ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte follgend Froe stellen:

– Wat fir Aarbechte konnte bis elo am Tunnel weidergedriwwe respektiv ofgeschloss ginn?

– Ass et eventuell zu Komplikatiounen oder onerwaarte Contraintë komm?

– Kann den ugekënnegten Timing agehale ginn oder besteet e Risiko, datt dës Aarbechte méi laang brauche wéi ugeduecht?

– Ass vusäite vun den CFL virgesinn, fir déi betraffen Usageren a Gemengen a reegelméissegen Ofstänn iwwer de Verlaf vun den Aarbechten ze informéieren?

**Réponse** (06/02/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Konzept fir d'Reouverture ass weiderhin dat, wat an der Pressekonferenz vum 15. November 2022 virgestallt ginn ass. Um Terrain si bis Enn Januar 2023 follgend Aarbechte realiséiert ginn:

– Nei Zoufaart op de Südkapp vum Tunnel;
– Ofschloss vun de Sondéierungsbuerungen an Investigatiounen;
– Stabilisatioun vum Gestengs, dat an den Tunnel gefall ass;
– Injektiounen hannert de Bou ronderëm de betraffene Beräich;
– Gespréicher mat de betraffene Proprietären an Ufro vun den néidegen Autorisatiounen;
– Ariichtung vun den Aarbechtsberäicher fir d'Injektiounsbuerungen iwwert dem Tunnel;
– Realisatioun vun den éischten Injektiounsbuerunge vu baussen a Richtung Tunnel.

Bis elo ass et ofgesi vun de mat Momenter déiwen Temperature bei der Exekutioun vun den envisagéierte Rehabilitatiounsmesuren nach net zu Komplikatiounen oder onerwaarte Schwieregkeete komm.

Den ugekënnegten Timing ka momentan agehale ginn. Vu dass et sech awer ëm komplex Aarbechten op ageengtem Raum handelt, muss een trotzdeem ëmmer mat Imprevue rechnen.

D'CFL envisagéieren, deemnächst dem Public en état d'avancement vun den Aarbechten ze kommunizéieren.

**Mobilier et biens culturels des églises désacralisées** | Question **7450** (06/01/2023) de **M. Fred Keup** | **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Wéi een an engem Artikel am „Quotidien" vum 24.11.22 noliese kann, gehéieren 344 vun de 490 Kierchegebaier hei am Land de Gemengen. Säit 2018, also säit der Trennung vu Kierch a Staat, goufen 21 Kierchen desakraliséiert an zum Deel fir aner Zwecker reamenagéiert.

An deem Zesummenhank hu mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung preziséieren, ob wäertvoll Kulturgidder, ewéi z. B. Statuen, aus deenen desakraliséierte Kierchen erausgeholl goufen? Wa jo, goufen déi an e Musée opgeholl oder un d'Äerzbistum iwwerginn? Gëtt et fir d'Versuerge vu reliéise Kulturgidder aus desakraliséierte Kierchen en Ofkommes tëschent weltlechen a reliéisen Autoritéiten oder ginn Ad-hoc-Léisunge gesicht?

2. Wéi vill Kierchen, déi säit 2018 desakraliséiert goufen, hunn nach keng nei Verwendung fonnt? Wat wäert mat dëse Kierche geschéien?

3. Wéi vill Kierchen, déi a Gemengenhand sinn, goufe säit 2018 verkaaft? Kann d'Regierung preziséieren, u ween dës Kierche verkaaft goufen?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur | **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture

Den Artikel 13 vum Gesetz vum 13. Februar 2018 iwwert d'Gestioun vun de Kierchegebaier erlaabt et dem Kierchefong, de Mobilier aus allen desakraliséierte Kierchen oder Kapellen ze halen, an definéiert och déi entspriechend Konditiounen.

Aus dësem Artikel geet ervir, datt all Mobilier, deen an de Kierche steet, dem Kierchefong gehéiert, mat Ausnam vum Mobilier, deen ënnert d'Dispositioune vun den Alineaen 3 a 4 vum Artikel 525 vum Code civil fält. D'Gestioun vum Mobilier läit deemno an der Verantwortung vum Kierchefong. Eng vun den Aufgaben, déi de Kierchefong sech an dësem Zesummenhang ginn huet, ass déi, en Inventaire vun all dem reliéise Mobilier aus de Kierchen a Kapellen an der Diözes unzeleeën.

Wann eng Kierch desakraliséiert gëtt, mécht de Kierchefong fir d'éischt eng Bestandsopnam vum Mobilier, dee sech an der Kierch befënnt, oder aktualiséiert den Inventaire. Am Fall, wou de Kierchefong e Mobilier aus enger desakraliséierter Kierch eraushëlt, gëtt dëse Mobilier an der Reegel an anere Kierchen ënnerbruecht, wa méiglech an der selwechter Gemeng oder innerhalb vun der Par. Objeten, déi net kënnen a Kierchen ënnerbruecht ginn, bréngt de Kierchefong op anere Plazen ënner. Et goufe keng Objeten un e Musée iwwerdroen. Och ass kee Mobilier aus den desakraliséierte Kierchen aus der Proprietéit vum Kierchefong un den Äerzbistum iwwergi ginn. Et gëtt keen Ofkommes tëscht der reliéiser an der weltlecher Autoritéit, wat d'Versuerge vu reliéise Kulturgidder aus desakraliséierte Kierchen ugeet.

De Musée national d'archéologie, d'histoire et d'art (MNAHA) huet zanter 2018 keng Objeten aus desakraliséierte Kierchen iwwerholl, weeder als Don oder Kaf, nach als Dépôt à long terme.

De Kulturminister ka Kulturgidder, déi an d'Lëscht vum Artikel 44(2) vum Patrimoinesgesetz vum 25. Februar 2022 falen, klasséieren. Heidrënner falen och vill Kulturgidder aus de Kierchen.

Fir klasséiert Kulturgidder aus de Kierche muss de Proprietär sech ëm d'Versuerge këmmeren (Artikel 50 aus dem Patrimoinesgesetz). De Kulturministère huet keen Depot oder soss Konventiounen, fir déi Kulturgidder ze iwwerhuelen an ze versuergen. Am Fall, wou d'Conservatioun vun engem geschützte Kulturgutt net garantéiert oder respektéiert gëtt, gesäit d'Patrimoinesgesetz verschidde Prozedure vir, fir e geschützte Kulturgutt ze schützen. Mir verweisen hei op d'Artikelen 58 bis 61 vum Gesetz, i. e. Mise en demeure, ordonner des mesures conservatoires utiles oder den Transfert provisoire de l'objet.

D'Regierung ass net an d'Desakralisatiounsprozedur vun de Kierchegebaier agebonnen a verfüügt just iwwert déi Informatiounen, déi d'Gemenge vu sech aus matdeelen. Et gi Gemengen, déi nach keng konkreet Projete mat hiren desakraliséierte Kierchen hunn, anerer notze se fir humanitär, kulturell oder touristesch Zwecker oder stelle se fir zivill Zeremonien zur Verfügung.

Der Regierung ass net bekannt, ob eng desakraliséiert Kierch verkaf ginn ass.

**Pannes d'électricité dans le nord du pays** | Question **7452** (09/01/2023) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

An de leschten 8 Deeg koum et am Norde vum Land zu gréissere Stroumausfäll. Net méi spéit wéi gëschter Owend waren insgesamt 5 Gemenge betraff. Sou war an Deeler vun der Gemeng Wëntger fir ongeféier 157 Minutte kee Stroum. Zu Wolz waren et 161 Minutten an zu Wal, Groussbus an Esch-Sauer huet et 31 Minutte gedauert, bis de Stroum erëm do war. An der Gemeng Esch-Sauer gouf et och schonns op Neijoerschdag eng Pann, déi eng knapps Stonn laang gedauert huet.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Här Minister fir Energie stellen:

1. Wat waren d'Ursaache fir déi gréisser Stroumpannen am Norde vum Land vum 1. respektiv 8. Januar 2023?

2. Wat gëtt ënnerholl, fir de Risiko vun esou grousse Stroumpannen ze minimiséieren?

**Réponse** (17/01/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie

ad 1. Op Nofro huet d'Creos matgedeelt, dass et sonndes, den 1. Januar géint 8.50 Auer zu engem automatesche Feelerausléiser am Posten Nacher koum. Hei waren 21 Lokalitéite mat insgesamt 2.020 Uschlëss wärend 57 Minutten ouni Stroum. D'Equippe vun der Creos hunn nach den Dag selwer déi ganz Fräileitung kontrolléiert, konnten awer kee Feeler un engem Equipement feststellen, soudass d'Ursaach domat onbekannt bleift.

Sonndes, den 8. Januar huet géint 17.50 Auer am Poste Rulljen den Depart Wolz op e Feeler hin ausgeléist. Betraff vun dësem Ausfall, deen op en defekte Kabel zu Wolz tëscht der Primärschoul an der Brasserie zeréckzeféieren ass, waren 32 Lokalitéiten an insgesamt 4.520 Uschlëss. 70 % vun de Leit haten no 26 Minutten nees Stroum an 81 % no 1,5 Stonnen. No 3 Stonne war d'Netz erëm zu 100 % retabléiert.

Generell si sou gréisser Stroumpannen op Mëttelspannungsniveau éischter seelen, 2022 hat d'Creos insgesamt 59 Ënnerbriechungen um Mëttelspannungsniveau. Dovu waren 19 Beschiedegunge vun Drëtter (Déier oder Mënsch), 9 sougenannt „conditions atmosphériques" Ursaachen a 34-mol war e Materialschued als Ursaach ze nennen.

Generell sief ausserdeem bemierkt, dass Lëtzebuerg ënnert deene Länner an Europa mat der beschter Versuergungsqualitéit ass, esou wéi an engem Rapport vun 2022 vum Council of European Energy Regulators (CEER) an dem Energy Community Regulatory Board (ECRB)[6] constatéiert.

[6] Council of European Energy Regulators (CEER) and Energy Community Regulatory Board (ECRB): 7th Benchmarking Report on the Quality of Electricity and Gas Supply

ad 2. Fir de Risiko vu Stroumpannen ze minimiséieren, ënnerhëlt d'Creos déi follgend Moossnamen:

1. Sensibiliséierung vun Drëtter, déi ronderëm d'Infrastrukture vun der Creos schaffen.
2. Réckbau vun de Mëttelspannungsfräileitungen an d'Ersetzen duerch ënnerierdesch Kabelstrecken. Ongeféier 75 % vum Mëttelspannungsnetz an 83 % vum komplette Stroumnetz sinn haut schonn ënnerierdesch, wat och um europäeschen Niveau eng iwwerduerchschnëttlech Performance ass[7].
3. Konsequent Investitiounen an d'Erneiere vun eeleren Equipementer (Leitungen a Stroumposten), fir d'Materialdefekter ze minimiséieren.
4. En effizienten an zäitnoen Depannage duerch d'Equippen um Terrain an am Dispatching.

**Services de bus nocturne** | Question **7455** (09/01/2023) de **M. Carlo Weber** | **Mme Cécile Hemmen** (LSAP)

Fir d'Mobilitéit an d'Sécherheet vun de Bierger och am Nuetsliewen ze garantéieren, si Servicer wéi de Late Night Bus oder privat Déngschtleeschtungen, wéi den Night Rider vu grousser Wichtegkeet. Et ass esou, datt de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten e Subsid u Gemengen oder Associatiounen, déi sou eng Offer organiséieren, ausbezilt. Allerdéngs geet aus dem Aktivitéitsbericht vun der Police ervir, datt am Joer 2021 ëm 80 % vun insgesamt 1.630 Permise wéinst Alkohol agezu goufen. Dëst ënnerstäicht, datt e groussen Handlungsbedarf an deem Beräich besteet.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

– Wéi vill „grave Accidenter" hunn am Joer 2021 an 2022 tëschent Mëtternuecht a 5.00 Auer moies stattfonnt? Wéi vill vun dësen Accidenter stoungen a Verbindung mat Alkohol?

– Wéi ass déi demographesch Zesummesetzung vun de Chauffeuren, deenen hire Permis agezu gouf?

– A wéi enge Gemengen existéiert d'Offer vum Late Night Bus, Night Rider oder änlech Servicer? Wéi eng Gemenge bidde kee sou e Service un?

– Wéi héich ass de järleche Subsid vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte fir déi uewe genannte Servicer pro Gemeng a pro betraffen Associatioun? Wéi ass dëse Subsid zesummegesat? Bedenkt den Här Minister, de Montant vun dësem Subsid eropzesetzen, fir méi Gemengen ze encouragéieren, dëse Service unzebidden?

– Ginn et Statistiken iwwert d'Unzuel u Passagéier pro Regioun iwwert déi lescht 5 Joer, déi vun dësem Service profitéiert hunn?

**Réponse** (06/03/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

An de Joren 2020 an 2021 stelle sech d'Zuele vun den Accidenter insgesamt an den Accidenter ënnert Alkoholafloss, déi tëschent Mëtternuecht a 5.00 Auer moies passéiert sinn, wéi follegt duer:

*(tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

D'Zuele vum Joer 2022 leien nach net vir, dofir goufen hei d'Zuele vun de Joren 2020 an 2021 geholl.

Déi 2 follgend Tableauen erlabe Réckschlëss op déi demographesch Zesummesetzung, sief d'Gemeng vum Wunnsëtz vu Chaufferen, bei deenen de Führerschäin a Verbindung mat Alkohol agezu gouf, fir déi lescht 2 Joer. All Taux iwwert 1 % ass zeréckbehale ginn.

*(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Stand haut existéiert a 50 Gemengen eng Offer un Night-Busser. Insgesamt ginn et 38 Night-Busser déi en offizielle Fuerplang hunn. Déi Fuerpläng, déi meng Servicer vun de Gemenge geschéckt kréien, fënnt den Notzer vum ëffentlechen Transport um Site:

https://www.mobiliteit.lu/fr/horaires-et-lignes/night-bus

Gläichzäiteg sinn dës Faarten am Moteur de recherche vun der Mobilitéitsapp integréiert, esou dass den Notzer seng Faarten am Viraus plange kann.

E Groussdeel vun der bestoender Offer konzentréiert sech op Retouren aus der Stad Lëtzebuerg an déi jeeweileg Gemeng, déi den Night-Bus finanzéiert, mat Bäihëllef vu Subsiden aus dem Budget vum Transportdepartement. Et sief ugemierkt, dass och aner Uertschaften oder Gemengen, déi um Wee leien, vun dëser Offer profitéieren. Des Weidere ginn et och Busser, déi innerhalb vun enger Regioun zirkuléieren, wéi zum Beispill den NightHop, deen an der Nordstad déi verschidden Uertschafte matenee verbënnt.

Zousätzlech bitt den TICE op sengen Haaptlinnen de Weekend Faarten an der Nuecht un, déi am offizielle Fuerplang erëmzefanne sinn.

Nieft den Night-Busser existéiert och nach eng Offer vun der Late Night Bus Atert, Mëllerdall, Nordspëtzt, Nordstad ASBL, déi virun allem de ländleche Raum zu punktuellen Evenementer ufiert. D'Fuerpläng souwéi weider Informatiounen zu der bestoender Offer sinn op follgendem Site ze fannen:

http://latenightbus.lu

D'Verwaltung vum ëffentlechen Transport verfüügt iwwert e Kreditt, fir den ëffentlechen Nuetstransport ze subventionéieren. Fir den Exercice 2022 setzen sech d'Montante follgendermoossen zesummen:

– e Forfait vu 1.500 € pro Gemeng;
– 1,50 € pro Awunner vun der Gemeng, déi eng Demande mécht.

– Budget, dee fir den Exercice 2022 gestëmmt gouf: 1.100.000 €.
– Projet fir de Budget 2023: 1.121.000 €.

Statistiken iwwert d'Unzuel u Passagéier pro Regioun leien net vir.

**Central téléphonique 112** | Question **7459** (10/01/2023) de **M. Sven Clement** (Piraten)

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4938 vu September 2021 hat ech d'Madamm Ministesch fir Interieur op verschidde potentiell Dysfonctionementer um 112 higewisen. Laut der Äntwert op d'Fro 6982, Froen 1 an 2, huet d'Madamm Ministesch nëmmen d'Informatioun vun 2 Agente beim CGDIS, déi den 112 verlooss hunn, an eng Persoun, déi geplangt huet, de Service ze verloossen. Dëst ass mengen Informatiounen no net richteg. Et wiere mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten an eng Persoun, déi den Depart annoncéiert hätt.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 7189 huet d'Ministesch gesot:

„Wann den Deputéierte schreift, datt et sengen Informatiounen no ‚mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten', wieren, da muss ech den Deputéierten driwwer forméieren, datt seng Informatiounen net richteg sinn. Et ass also den Deputéierten, net d'Inneministesch, dee falsch forméiert ass."

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 7238 zum selwechten Theema sot d'Madamm Ministesch:

„[…] datt ech als Inneministesch net zoustänneg fir déi intern Personalgestioun vum CGDIS sinn. Dofir kann ech net op Froe ronderëm d'Personalgestioun vum CGDIS äntweren."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Weess d'Madamm Ministesch, wéi vill Leit den 112 d'lescht Joer verlooss hunn oder net?

2. Wéi erkläert sech d'Madamm Ministesch hir ënnerschiddlech Äntwerten op déi selwecht Fro?

3. Wat ass déi korrekt Äntwert op d'Fro, wéi vill Persounen den 112 2022 verlooss hunn an aus wat fir enge Grënn?

**Réponse** (08/02/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

Wéi den honorabelen Deputéierte selwer a senger Fro feststellt, krut hie jeeweils eng Äntwert op d'parlamentaresch Froen N° 4938, N° 6982, N° 7189 an N° 7238. Ech hunn deenen Äntwerten näischt bäizefügen.

**Pénurie de médicaments** | Question **7465** (11/01/2023) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

An engem rezenten Interview („Ist die Lage kritisch, ist es zu spät" „Télécran", 4.1.2023) sot de President vum Syndicat des pharmaciens luxembourgeois, op dës Fro hin: „Wie sieht es mit speziellen Medikamenten aus, auf die Patienten angewiesen sind? Etwa im Bereich der Krebsbehandlung. Gibt es auch dort Engpässe? President Syndicat des pharmaciens: Ja, was jedoch in erster Linie an den festgelegten Quoten liegt, also wie viele Einheiten eines bestimmten Medikaments an welches Land gehen dürfen. Da allerdings etwa in Deutschland solche Medikamente noch einmal ein Stück teurer verkauft werden, was für die Hersteller und Zwischenhändler mehr Profit bedeutet, wird ein Teil der Menge, die für ein anderes Land gedacht ist, nach Deutschland weiterverkauft. Dieses Ungleichgewicht gibt es bereits seit Jahren. Hier muss auf EU-Ebene etwas passieren, da können wir als einzelnes Land wenig tun."

An deem Kontext hunn ech follgend Fro un d'Regierung:

– Wat mécht d'Regierung op europäeschem Niveau, fir d'Versuergung vun dëse Medikamenter ze garantéieren?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

Betreffend Medikamenter, déi eng Autorisation de mise sur le marché fir de Lëtzebuerger Marché hunn, ass et un den Titulairen dofir ze suergen, dass eng konstant Disponibilitéit vun de Medikamenter fir d'Besoine vun der Bevëlkerung ofzedecken, assuréiert ass.

D'Fixatioun vun de Präisser ënnerläit den eenzelne Memberstaaten, sou datt et méiglech ass, datt et vu Memberstaat zu Memberstaat Präisdifferenze bei verschiddene Medikamenter gëtt. Dëst kann zu parallelle Ventë bannent der Europäescher Unioun féieren an ënnert anerem en Afloss op de Marché vu klenge Länner hunn, virun allem am Fall wou et en Enkpass fir e bestëmmtent Medikament gëtt.

[7] Creos rapport annuel 2021

D'Gesondheetsdirektioun ass sech bewosst, datt och um lëtzebuergesche Marché fir bestëmmte Medikamenter d'Disponibilitéit ënnert dem Seuil vun der Demande läit. D'Ursaachen heifir sinn oft ënnerschiddlech an hänke meeschtens vu méi Facteuren of (mir verweisen an deem Sënn op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen 6635 an 6574).

Am Kader vum europäesche Reglement 2022/123 (règlement (UE) 2022/123 du Parlement européen et du Conseil du 25 janvier 2022 relatif à un rôle renforcé de l'Agence européenne des médicaments dans la préparation aux crises et la gestion de celles-ci en ce qui concerne les médicaments et les dispositifs médicaux) ass säit Januar 2022 eng sougenannte Structure de gouvernance opgestallt ginn, déi eng schnell Reaktioun am Fall vun esou engem Evenement erméiglecht, fir den Impakt op den Approvisionnement vun de Medikamenter sou kleng wéi méiglech ze halen. Bei dëser Structure de gouvernance schafft och Lëtzebuerg aktiv mat (mir verweisen an deem Sënn op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froe 6635, 6574 a 7096).

**Radars fixes et mobiles** | Question **7466** (12/01/2023) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Wéi aus engem RTL-Artikel vum 10. Januar ervirgeet, sinn am Joer 2022 zu Lëtzebuerg iwwer 300.000 Automobiliste geblëtzt ginn, well se ze séier gefuer sinn. 215.000-mol goufen dobäi Automobiliste vu fixe Radare geblëtzt, well se liicht ze séier waren, oder duerch rout gefuer sinn. Dës Vitessdepassementer si mat engem Avertissement taxé bestrooft ginn. Aus dem Artikel geet och ervir, dass 90.000 Vitessdepassementer vu mobille Radare registréiert gi sinn.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

1. Wéi loossen sech d'Verstéiss géint Vitesslimitatiounen, déi vu mobillen a fixe Radaren am Joer 2022 gemooss gi sinn, jee no Gravitéit vun der Infraktioun, opschlësselen? A wéi jee no Montant vum Avertissement taxé?

2. Wéi vill Avertissements taxés, bedéngt duerch mobill a fix Radaren, sinn am Joer 2022 net bezuelt ginn? – Wéi eng Konsequenzen huet d'Netbezuele vun esou engem Avertissement taxé?

3. Wéi héich waren d'Betribs- an d'Entretienskäschte vun de mobillen a fixe Radaren am Joer 2022? Op wéi eng Probleemer ass een dobäi gestouss?

**Réponse** (27/02/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Verstéiss géint Vitesslimitatiounen, déi vu mobillen a fixe Radaren am Joer 2022 gemooss gi sinn, loossen sech momentan nëmmen op Basis vun de Radarstatistiken opschlësselen.

An der Annex sinn d'Detailer vun der Police hire Radarstatistiken ze fannen.

ad 2. Betreffend d'Avertissements taxés (AT) vun engem Montant vun 49 Euro, sinn zum Zäitpunkt, wou dës parlamentaresch Fro gestallt gouf, 21 % nach net bezuelt ginn. Vun den AT vun engem Montant vun 145 Euro, sinn 29 % nach net bezuelt ginn. Delaie sinn nach net ofgelaf, esou datt déi Zuel nach ännere kann.

Wann den AT vun 49 Euro net bezuelt gëtt, gëtt e Rappell duerch een ageschriwwene Bréif iwwert den duebele Montant erausgeschéckt. Wann deen och net bezuelt gëtt, kann de Parquet eng pauschal Geldbouss zum selwechte Montant ausstellen. Dës Geldbouss kann dann och vum Loun vum Contrevenant ofgehale ginn.

Bei engem AT vun 145 Euro mat Verloscht vun 2 Punkten op dem Fürerschäin, gëtt ee Procès-verbal erstallt an un de Parquet geschéckt.

ad 3. D'Betribskäschte vun den Equipementer um Terrain (am Joer 2022: 24 fix Radaren, 1 Rout-Luucht-Radar, 5 mobill Radaren, 2 Chantiersradaren an 2 Tronçonradaren) a vun der Software fir d'Auswäertung belafen sech op:

1. Abonnement a Kommunikatiounskäschten: 170.000 Euro
2. Preventiv Maintenance-Aarbechten (Ersetze vun Ampullen, Filteren etc.) a Reparaturen (Schued a Vandalismus) vun de Radaren: 432.500 Euro
3. Preventiv Maintenance-Aarbechten a Reparature vun den Applikatioune fir d'Auswäertung vun den Infraktiounen: 800.000 Euro

D'Gesamtkäschte géingen sech deemno op een Total vun 1.402.500 Euro belafen (an dësem Montant si keng Personalkäschten an och keng Dréckerei- esouwéi Expeditiounskäschten vun den Avertissementer enthalen).

Bis op de Vandalismus vum Radar zu Lëpschent, ass een am Joer 2022 op keng speziell Problemer gestouss. D'Ersetze vun dësem Radar huet insgesamt 127.000 Euro kascht, déi och ewell ënnert dem Punkt b) opgefouert sinn.

*(Annexes à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

**Situation du trafic dans la région de Steinfort** | Question **7467** (12/01/2023) de **M. Jeff Engelen** | **M. Fred Keup** (ADR)

Wéi op ville Plazen am Land huet sech och an der Gemeng Stengefort d'Verkéierssituatioun an de leschte Joren zougespëtzt. Op der Areler Autobunn an op der Areler Strooss ass oft am Dag Stau, wat dozou féiert, dass och d'Niewestroossen als Schläichweeër benotzt ginn an esou mat engem enorme Verkéiersopkommes konfrontéiert sinn. Grad esou stellt sech d'Fro vum Verkéier bei der Zuchbarrière zu Klengbetten, wou grad moies an owes laang Waardezäiten op d'Autofuerer waarden.

An deem Kontext géife mir gär e puer Froen un d'Regierung riichten:

1. Wéi gesäit d'Regierung d'Entwécklung vun der Verkéierssituatioun am Raum Stengefort?

2. Gëtt et vusäite vun der Regierung Iddien, respektiv Projeten, fir d'Verkéiersproblemer am Raum Stengefort unzegoen an ze verbesseren?

3. Wéi steet d'Regierung zu enger eventueller Ëmgeeungsstrooss oder engem Ausbau op 2 x 3 Spuere vun der Areler Autobunn?

4. Wéi eng Zukunft gesäit d'Regierung aktuell fir d'Zuchbarrière zu Klengbetten?

5. Am Joer 2017 hat de Minister ugekënnegt, d'Schinnen op der Streck Klengbetten–Stengefort ofzebauen. Dëst ass allerdéngs bis haut net geschitt. Gesäit d'Regierung eventuell awer eng Méiglechkeet, dës Streck ze retten an erëm opzemaache fir den Zuchverkéier?

**Réponse** (06/03/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. an 2. Virop verweisen ech op de Plan national de mobilité PNM2035, deen ech am Joer 2022 virgestallt hunn an dee beschreift, wéi d'Mobilitéit an Zukunft muss organiséiert ginn, fir dem natierleche Wuesstem an der domadder verbonnener Steigerung vun den alldeegleche Verkéiersbeweegunge Rechnung ze droen.

D'Organisatioun vun der Mobilitéit am Raum Stengefort gëtt am PNM2035 ënnert dem Korridor A6/CFL50, deen Arel mat der Stad Lëtzebuerg verbënnt, erkläert.

An dësem spezifesche Korridor ass zum Beispill geplangt, eng dediéiert Fuerbunn op der A6 fir d'Bussen an de Covoiturage virzegesinn.

Donieft schafft d'Stroossebauverwaltung un engem Projet, fir d'Uertsduerchfaart vu Stengefort ze optimiséieren an d'Bussen am Rondel Wandhaff ze prioriséieren (woubäi d'Machbarkeet ewell duerch meng Servicer duergeluecht gouf). An dëser Machbarkeetetude gouf virgeschloen, de Rondel Wandhaff duerch eng Kräizung mat Luuchtenanlag, déi d'Busse prioriséiert, ze ersetzen. Allgemeng ass an dëser Etude virgesinn, de Verkéier méi flësseg fir d'Bussen ze maachen, andeems verschidde Kräizunge mat roude Luuchten equipéiert ginn.

ad 3. D'Stroossebauverwaltung hat an deene leschte Joren eng Verbindungsstrooss zu Stengefort tëschent dem CR106 an der Nationalstrooss N6 studéiert. Dës Etude gëtt awer net weidergefouert, well de Projet vun der Verbindungsstrooss net mat den Objektiver vum PNM2035 vereenbar ass. Donieft ass awer och ze betounen, datt östlech laanscht Stengefort am Plan directeur sectoriel paysages (PSP) eng Coupure verte virgesinn ass, esou datt eng Ëmgeeungsstrooss hei och nëmme ganz schwéier ëmsetzbar wier. Op der Areler Autobunn A6 gëtt d'Pannespuer esou ausgebaut, dass se a spezielle Fäll och als Spuer ka genotzt ginn.

ad 4. Déi national Eisebunnsgesellschaft CFL huet d'Machbarkeet studéiert, fir d'Zuchbarriär PN85 zu Klengbetten zouzemaachen. Aus dëser Etude huet sech erwisen, datt d'Zuchbarriär just mat Hëllef vun enger Ëmgeeungsstrooss ka suppriméiert ginn. D'Etude gouf uschléissend der Stroossebauverwaltung präsentéiert.

Aktuell leeft dann och ee gemeinsame Projet tëscht der CFL an der Stroossebauverwaltung, fir d'Barriär PN85 zu Klengbetten zouzemaache mëttels enger Iwwerféierung vun de Schinnen östlech vun der Gare. Ee Virprojet, deen dës Iddie reflektéiert, gëtt am Moment ausgeschafft.

ad 5. Well déi al Zuchstreck Klengbetten–Stengefort net méi fir den Zuchtrafic gebraucht gëtt, ass virgesinn, op der Plattform vum Gleis eng Vëlospist ze amenagéieren.

Fir de fréiere Verlaf vun der Sekundärbunn Prince Henri, änlech ewéi dëst schonns nërdlech vu Stengefort bis op Rammerech de Fall ass, fir de Vëlo kënnen ze notzen, ass aktuell eng Etude am Lafen, fir eng nei national Vëlospist um Tronçon tëschent Stengefort an Hoen/Klengbetten ze analyséieren.

Well de Beräich vum fréiere Schinnenënnerbau awer vun engem ökologesche Standpunkt hir een héchst sensibele Beräich ass, lafe parallell dozou och Ëmweltetuden.

**Centrale nucléaire de Tihange** | Question **7468** (12/01/2023) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Wéi een déi lescht Deeg aus der Press konnt gewuer ginn, huet déi belsch Regierung, zesumme mam Stroumproduzent Engie decidéiert, d'Lafzäit vun deenen zwee Reakteren Tihange 3 an Doel 4 ëm

weider 10 Joer ze verlängeren. Lo sollen déi zwee Reaktere renovéiert ginn an am November 2026 rëm un d'Netz goen. Domadder klëmmt d'Belsch net, wéi ursprénglech geplangt, 2025 aus der Atomenergie eraus. Mat dëser Moossnam soll d'Stroumsécherheet, op d'mannst zu engem gewëssen Deel, an der Belsch garantéiert bleiwen.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Gouf d'Regierung am Virfeld vun dëser Decisioun consultéiert?

2. Wann nee, gesäit d'Regierung vir, déi belsch Autoritéiten ze kontaktéieren?

3. Ass d'Regierung iwwert den aktuellen Zoustand vun de Reakteren an noutwenneg Reparaturen informéiert ginn? U wéi eng Konditiounen ass d'Verlängerung vun deenen 10 Joer gebonnen, bzw. huet d'Regierung méi Informatiounen, firwat de Stroumproduzent Engie, zesumme mat de belschen Autoritéiten, seng Meenung bzgl. der Machbarkeet vun der Verlängerung geännert huet? Huet Lëtzebuerg hei eventuell e Matsproochrecht zum Beispill via grenziwwerschreidend Consultatiounen?

**Réponse** (28/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie | **M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Am Kader vun der 8. Reunioun vun der Commission belgo-luxembourgeoise de sûreté nucléaire et de radioprotection, déi de 4. Mee 2022 stattfonnt huet, hunn déi belsch Autoritéiten d'Méiglechkeet vun enger Verlängerung vun der Lafzäit fir d'Reakteren Doel 4 an Tihange 3 ugeschwat.

Déi belsch Regierung hat zwee Reaktere vum Netz geholl (Tihange 2 an Doel 3) an Enn 2021 decidéiert, d'Méiglechkeet vun enger Verlängerung vun deenen aneren 2 Reakteren ze studéieren, an d'Agence fédérale de contrôle nucléaire (AFCN) mandatéiert, sech zu den techneschen Aspekter an der Sécherheet vun enger Verlängerung vun der Lafzäit ze positionéieren. Den 28. November 2021 hat d'AFCN eng Note heiriwwer erausginn (https://afcn.fgov.be/fr/documents/position-de-lafcn-sur-le-projet-lto-pour-doel-4-et-tihange-3).

ad 2. Den 19. Mäerz 2022 hunn d'Ëmweltministesch an den Energieminister hir belsch Homologen ugeschriwwen, fir hinnen hir Suergen iwwert dës Entwécklung matzedeelen a si dorop hinzeweisen, datt d'Lafzäitverlängerung vun de Reakteren ënnert den Espoo-Vertrag iwwert grenziwwerschreidend Consultatioune bei Ëmweltimpaktetüde fält. An dësem Kader hu si hire belschen Homologen déi rezent Entwécklungen an der belscher an europäescher Rechtsspriechung [Cour de justice de l'Union européenne (C-411/17, 29 juillet 2019); Cour constitutionnelle belge (Arrêt n° 34/2020, 5 mars 2020)] rappeléiert.

ad 3. D'Konditioune fir eng sécher Verlängerung vun der Lafzäit vun de Reakteren Doel 4 an Tihange 3 gi vun der AFCN ë. a. an hirer Note vum 28. November 2021 duergeluecht.

De 4. Mee 2022, am Kader vun der Sëtzung vun der uewe genannter Kommissioun, hunn d'belsch Autoritéiten driwwer informéiert, datt am Fall vun enger Verlängerung vun de Reakteren Doel 4 an Tihange 3 d'Gesetz iwwert d'Erausklammen aus der Nuklearenergie misst geännert ginn a confirméiert, datt an deem Kader eng Impaktstudie an eng grenziwwerschreidend Consultatioun wäerte stattfannen.

De Prozess vun enger Verlängerung dauert relativ laang, well e mat Sécherheetsanalysen an Norüstungsaarbechte verbonnen ass. D'Lëtzebuerger Regierung ënnersträicht, datt et hir wichteg ass, datt dës sécherheetstechnesch Analyse mat der néideger Grëndlechkeet an ouni Zäitdrock kënnen duerchgefouert ginn.

Doriwwer eraus ass et déi etabléiert Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung, datt all d'Reaktere vun Doel an Tihange esou séier wéi méiglech sollten zougemaach ginn.

**Paiement en espèces** | Question **7470** (13/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Bei der physescher Ulafstell vu guichet.lu kënne Biergerinnen a Bierger verschidden Demarchen a Presenz erleedegen, zum Beispill fir eng Carte d'identité oder de Führerschäin ze wiesselen oder soss eng Informatioun am Bäisinn vun enger Kontaktpersoun ze erhalen. Am Fall, wou een d'Carte d'identité wiesselt, soll et net méiglech sinn, fir dës Demarche mat Boergeld ze bezuelen. Enger Etüd vum Luxembourg's Fintech Innovation Hub aus dem November 2021 no ass d'Bezuele mat Boergeld nach ëmmer déi drëttbeléiftste Bezuelmethod zu Lëtzebuerg.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Digitalisatioun, administrativ Reform, Aussenugeleeënheeten an Europa a Justiz dës Fro stellen:

– Stëmmt et, dass een net mat Boergeld um Guichet an der Stad bezuele kann?
Falls jo, firwat gëtt dës Bezuelmethod net ugebueden a wéi kënnt een de Persounen entgéint, déi keng Bankkaart hunn?

**Réponse** (08/02/2023) de **M. Marc Hansen,** Ministre délégué à la Digitalisation, Ministre délégué à la Réforme administrative

De Guichet.lu Accueil bitt, grad esou wéi d'Gemengen, de Bierger d'Méiglechkeet, hir lëtzebuergesch Carte d'identité unzefroen a sichen ze kommen. Doriwwer eraus hunn och lëtzebuergesch Netresidenten d'Méiglechkeet, dës Demarche beim Guichet.lu Accueil ze maachen.

Fir d'Ausstelle vun der Carte d'identité gëtt eng Tax verlaangt, déi ee ka per Virement bezuelen. De Virement muss am Viraus gemaach ginn, éier een d'Carte d'identité am Guichet.lu Accueil ufreet.

Et ass och méiglech, d'Tax mat der Bankkaart oder mam Smartphone ze bezuelen, entweeder am Viraus online iwwert MyGuichet.lu oder sur place, de Moment wou d'Carte d'identité ugefrot gëtt. Leit, déi Boergeld virzéien, hunn do derniewent d'Méiglechkeet, am Viraus e Versement bei hirer Bank ze maachen.

Am Fall wou een d'Tax am Viraus bezilt, muss een eng Preuve de paiement mat an de Guichet.lu Accueil bréngen, fir d'Carte d'identité unzefroen.

**Nombre d'inscriptions et de détentions de brevets de maîtrise par catégorie de brevet et de métier** | Question **7471** (13/01/2023) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Dans une publication parue dans les réseaux sociaux de la Chambre des Métiers datant du 15/12/2022 on pouvait lire que les inscriptions pour l'année 2021 pour l'obtention du brevet de maîtrise en « Génie technique du bâtiment » avaient augmenté de 10 %.

1) Combien de métiers tombent sous le nouveau brevet en « Génie technique du bâtiment » ?

2) Avant la réforme de ce brevet, quel était le nombre d'inscriptions au brevet « Génie technique du bâtiment » par catégorie de métier concernée au cours de ces 10 dernières années ? Combien de candidats pour chaque catégorie de métier concernée ont finalement obtenu leur brevet ?

3) Combien de métiers sont concernés par le brevet « Alimentation » ?

4) Avant la réforme de ce brevet, quel était le nombre d'inscriptions au brevet « Alimentation » par catégorie de métiers concernée au cours de ces 10 dernières années ?

Combien de candidats pour chaque catégorie de métier concernée ont finalement obtenu leur brevet ?

5) Combien de métiers tombent sous le nouveau brevet « Domaine de la toiture » ?

6) Avant la réforme de ce brevet, quel était le nombre d'inscriptions au brevet « Domaine de la toiture » par catégorie de métiers concernée au cours de ces 10 dernières années ? Combien de candidats pour chaque catégorie de métier concernée ont finalement obtenu leur brevet ?

7) Au cours des dix dernières années, combien de Quereinsteiger, c'est-à-dire des personnes disposant d'un diplôme de bachelor ou master, se sont inscrits en brevet de maîtrise et l'ont obtenu ? Veuillez préciser le nombre de Quereinsteiger disposant d'un brevet de maîtrise par catégorie de brevet et de métier concernée.

Dans la même publication mentionnée plus haut, il est également question d'une augmentation de 2 % des contrats d'apprentissage en 2022 par rapport à 2021.

8) Monsieur le Ministre peut-il élaborer un tableau indiquant le nombre d'inscriptions pour chaque catégorie de métier à la rentrée 2022 ?

9) Combien d'élèves par catégorie de métier ont dû interrompre leur formation deux mois après avoir dépassé la date butoir du 30/11/2022 faute d'avoir trouvé un poste d'apprentissage ?

10) Monsieur le Ministre peut-il élaborer un tableau indiquant le nombre d'élèves par filière professionnelle (5e PR, 5e AD, 5e G, 4e G, 4e C, 3e G, 3e C, 2e G, 2e C, 1re G, 1re C) ainsi que pour chaque filière le nombre d'élèves s'étant orientés vers un CCP, DAP, diplôme technicien ?

**Réponse** (06/03/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) La formation menant au brevet de maîtrise en « Génie technique du bâtiment » regroupe les métiers de l'électricien, de l'installateur chauffage-sanitaire et de l'électronicien en communication et en informatique.

ad 2) Le nombre d'inscriptions et de diplômés au brevet de maîtrise en « Génie technique du bâtiment » pour la période de 2013 à 2022 se présente comme suit :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 3) La formation menant au brevet de maîtrise en « Alimentation » regroupe les métiers du boulanger-pâtissier, du pâtissier-chocolatier-confiseur-glacier, du boucher-charcutier et du traiteur.

ad 4) Le nombre d'inscriptions et de diplômés au brevet de maîtrise en « Alimentation » pour la période de 2013 à 2022 se présente comme suit :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 5) La formation menant au brevet de maîtrise en « Toiture » regroupe les métiers du couvreur, du ferblantier-zingueur et du charpentier.

ad 6) Le nombre d'inscriptions et de diplômés au brevet de maîtrise en « Toiture » pour la période de 2013 à 2022 se présente comme suit :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 7) Le tableau des inscriptions relatif aux personnes titulaires d'un diplôme de bachelor ou de master ainsi que des diplômés pour la période de 2016 à 2023 se présente comme suit :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Il est cependant à noter que, selon la Chambre des Métiers, la notion de « Quereinsteiger » regroupe en général aussi des personnes détentrices d'un bac, d'un diplôme de technicien, d'un BTS, etc. Ces personnes ne sont pas reprises dans le tableau ci-dessus.

ad 8) Le tableau reprenant le nombre d'inscriptions (1re année) par métier relevant de la Chambre des Métiers au 15/12/2022 se présente comme suit :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 9) Le tableau ci-dessous reprend l'ensemble des interruptions de formations relevant de la Chambre des Métiers au courant du mois de décembre 2022. Ces chiffres sont à interpréter avec précaution étant donné qu'outre l'absence de conclusion d'un contrat d'apprentissage dans le délai imparti, l'interruption peut également résulter de la résiliation du contrat d'apprentissage ou encore d'un arrêt formation dû à une autre raison.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 10) Le tableau suivant représente le nombre d'inscriptions relevant de la Chambre des Métiers aux classes de la formation professionnelle (CCP, DAP, DT) au 15/12/2022 réparties suivant leurs classes de provenance (à la fin de l'année scolaire 2021-2022) :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

**Projet d'un pont suspendu au-dessus du lac de barrage** | Question **7473** (16/01/2023) de **Mme Francine Closener** | **M. Carlo Weber** (LSAP)

Am Naturpark Öewersauer ass eng Hängebréck iwwert dem Stauséi geplangt. Dës Bréck géif d'Mobilitéit erliichteren an esou zu enger méi nohalteger Beweegung an der Regioun bäidroen. Nieft der Opwäertung vum Naturentdeckungszentrum Buerfelt, wier dës Hängebréck eng Attraktioun fir Wander- an Naturtouristen a géif sech sécherlech positiv op den Tourismus am Land auswierken. D'Gemeng Bauschelt huet allerdéngs net déi finanziell Ressourcen, fir de Bau vun der Bréck eleng ze droen an ass dowéinst op Hëllefen ugewisen. Bis elo war et méiglech, dass de Staat d'touristesch Projete vun de Gemengen, déi net genuch finanziell Mëttelen hunn, bis zu 70 % mat finanzéiere konnt. Den 11. „Plan quinquennal" (Gesetzesprojet 8050) stellt awer déi nei Bedéngung, dass d'touristesch Projete vun nationalem Interessi musse sinn, wann d'Subventioune méi héich wéi 50 % solle sinn.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister fir Tourismus dës Froe stellen:

– Ass déi geplangten Hängebréck dem Här Minister no e Projet vun nationalem Interessi?

– Wann net, wéi eng Krittäre misst déi geplangte Bréck erfëllen?

**Réponse** (09/02/2023) de **M. Lex Delles,** Ministre du Tourisme

D'Decisioun, ob en touristesche Projet vun nationalem Interessi ass, an domadder zu méi wéi maximal 50 % vun der Generaldirektioun fir Tourismus ka finanzéiert ginn, ass – wéi am leschte Gesetz iwwer de Programme quinquennal vum Tourismus an awer och am neie Projet de loi iwwer den 11. Programme quinquennal virgesinn – eng Appreciatioun an Decisioun vum Regierungsrot.

Fir dass dëst ka geschéien, muss de Porteur de projet, an dësem Fall z. B. d'Gemeng Bauschelt, eng Demande bei der Generaldirektioun vum Tourismus stellen.

D'Gemeng Bauschelt huet de Projet schonns am Ministère virgestallt, allerdéngs huet si am 10. Programme quinquennal der Generaldirektioun fir Tourismus keng schrëftlech Demande fir eng allgemeng Finanzéierungshëllef oder fir d'Unerkennung vum nationalen Interessi fir de Projet vun der Hängebréck am Naturpark Öewersauer agereecht. Eng Demande fir den 11. Programme quinquennal kann agereecht ginn, soubal de Projet de loi 8050 iwwer dëse Programm, deen den 20.7.2022 deposéiert ginn ass, an der Chamber votéiert ass.

Ouni der Decisioun wëlle virzegräifen, sinn ech der Meenung, dass dëse Projet vun enger Hängebréck eng grouss touristesch Plus-value huet net nëmme fir d'Stauséigebitt, mee och fir d'Regioun an d'ganzt Land.

Erlaabt mir awer nach, Iech dorobber opmierksam ze maachen, dass et am Gesetzesprojet 8050 och virgesinn ass, dass an Zukunft Naturparken en Infrastrukturprojet am Plan quinquennal kënnen areechen – wat an der Vergaangenheet net explizitt de Fall war. Doriwwer eraus ass am Gesetzesprojet effektiv net méi virgesinn, dass eng Gemeng opgrond vu feelende finanzielle Ressourcë kann eng Exceptioun vun der Reegel vu maximal 50 % Aide kréien. Dës Dispositioun ass erausgeholl ginn, well et ganz schwéier fir de Regierungsrot ze appreciéieren ass, wéini eng Gemeng déi néideg finanziell Ressourcen huet a wéini net. Dës Dispositioun ass effektiv och keng eenzeg Kéier an deene leschten 10 Joer ugewannt ginn.

**Attractivité de la formation professionnelle** | Question **7474** (16/01/2023) de **Mme Josée Lorsché** | **Mme Djuna Bernard** (déi gréng)

Selon des estimations de la Chambre des Métiers, le Luxembourg manque d'environ 1.700 artisan-e-s qualifié-e-s pour l'année à venir.[8] Cette situation est d'autant plus préoccupante qu'elle risque de freiner la transition énergétique, voire d'empêcher la réorientation de notre économie vers des secteurs prometteurs du développement durable.

L'un des problèmes fondamentaux est que l'apprentissage et l'artisanat souffrent d'une mauvaise image persistante. Ainsi, selon un rapport du LISER, l'« [...] apprentissage est souvent perçu par les jeunes et leur entourage comme un choix par défaut, un non-choix [...] »[9]. De même, il ressort clairement des études sur le décrochage scolaire que ce sont les élèves des classes de la formation professionnelle qui arrêtent le plus souvent leur parcours scolaire avant de décrocher un diplôme. Comme le note une étude du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, une corrélation entre le risque de décrochage et le choix de la voie de formation respectivement de la direction d'études est fort probable.[10]

De manière générale, le problème de l'« orientation par l'échec » souvent constaté pèse lourd sur l'image de la formation professionnelle et, partant, sur les perspectives d'avenir de notre économie toute entière. Afin de contrecarrer un phénomène qui risque de produire ses effets à l'instar d'une prophétie autoréalisatrice, il est indispensable de pouvoir cerner de plus près les motivations des jeunes déjà inscrit-e-s en formation professionnelle.

Dans ce contexte, nous aimerions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Comment le nombre d'élèves inscrit-e-s en formation professionnelle a-t-il évolué au cours des 15 dernières années par rapport au nombre total d'élèves dans notre système éducatif ?

2) Des sondages ou enquêtes de satisfaction ont-ils déjà été effectués dans la formation professionnelle initiale afin de connaitre les motivations des élèves de poursuivre leurs formations respectives ?

3) De même, Monsieur le Ministre est-il au courant d'études sur les motivations des jeunes ayant opté en faveur de la formation professionnelle et des différentes filières qui la constituent ?

4) Au sujet des deux questions précédentes, dans la négative, Monsieur le Ministre compte-t-il lancer ou commander de tels sondages ou études portant sur les motivations des jeunes ?

5) Quelles autres mesures Monsieur le Ministre compte-t-il mettre en œuvre afin de mieux cerner, voire contrecarrer le phénomène de l'« orientation par l'échec » et d'augmenter l'attractivité de la formation professionnelle ?

6) La question d'une éventuelle revalorisation des diplômes de la formation professionnelle a récemment fait l'objet de positionnements opposés de la part de différents syndicats et associations du domaine éducatif. Quelle est la position de Monsieur le Ministre au sujet d'une telle revalorisation ?

**Réponse** (16/03/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Tout d'abord, il s'agit de réfuter l'idée d'un soi-disant lien de causalité entre la pénurie d'artisans qualifiés et une prétendue image écornée de l'apprentissage et de l'artisanat. L'apprentissage ne peut être tenu pour responsable « de freiner la transition énergétique ». S'il est vrai que nombre d'employeurs font face à une pénurie de main-d'œuvre, qualifiée ou non, cela concerne une large partie de secteurs économiques du pays, tels que la santé, l'éducation, la sécurité intérieure, le domaine de l'IT, tout comme l'artisanat. Que cette pénurie ait comme principale cause le manque d'intérêt des jeunes pour les formations dans les secteurs mentionnés ne correspond certainement pas à la réalité. L'économie luxembourgeoise est aujourd'hui confrontée à un problème démographique majeur (qui concerne d'ailleurs la majorité des pays européens) couplé à un emploi intérieur en pleine croissance. Le nombre de postes disponibles auprès de l'ADEM en moyenne sur l'année passée s'élevait à environ 10.500 personnes. Sachant que la génération des babyboomers part progressivement en retraite (soit plus de 9.000 personnes en 2021) et que la recherche de personnes qualifiées en Grande Région s'avère de plus en plus difficile, l'Éducation

8 https://delano.lu/article/around-1700-artisans-missing-f

9 https://liser.elsevierpure.com/ws/portalfiles/portal/33176588/Rapport_SNJ.pdf, p. 30

10 https://men.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/statistiques-etudes/statistiques-globales/2021-05-jeunes-decrocheurs.pdf, pp. 16-17

nationale, avec ses environ 4.400 diplômés chaque année, ne peut à elle seule combler les besoins du marché du travail.

Après ces constats plus généraux, il s'agit également d'analyser l'évolution des chiffres de la formation professionnelle.

Il est vrai que le taux d'élèves en formation professionnelle ramené au total des élèves de l'enseignement secondaire a baissé légèrement au cours des 14 dernières années (de 22,6 % en 2009-2010 à 19,3 % en 2021-2022).

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Cette variation doit pourtant être considérée avec prudence : la réforme de la formation professionnelle de 2008 a permis à chaque jeune en formation professionnelle d'avancer dans sa formation, malgré un certain nombre de modules non réussis. Cela lui a permis d'arriver en dernière année de formation, mais non de décrocher son diplôme, ce qui avait pour conséquence une augmentation artificielle des jeunes en formation et un risque de décrochage accru. Ce n'est que la réforme de 2016 qui a instauré des critères de promotion plus adaptés et équitables et exigeant du jeune de terminer sa formation en un laps de temps raisonnable. C'est cette réforme qui explique en partie la baisse des personnes en formation professionnelle à partir de 2017-2018, du fait qu'elle a permis aux jeunes « bloqués » dans leur formation, de la terminer avec succès, voire d'être orienté vers une voie plus adaptée.

Aussi, si on s'intéresse plus en détail aux variations de jeunes en formation professionnelle on peut constater que :

– le nombre de personnes suivant une formation professionnelle reste plus ou moins stable avec des variations autour de 10 % selon l'année considérée (cf. remarque réforme 2016 ci-dessus), à l'exception des formations de technicien ;

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu)*

– le nombre de jeunes choisissant une formation sous contrat d'apprentissage est en croissance continue et ceci vaut également pour les métiers tombant sous la compétence de la Chambre des Métiers, soit les métiers de l'artisanat ;

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu)*.

Les chambres professionnelles ont réalisé une étude, en collaboration avec l'Université du Luxembourg, sur les motivations des patrons et des élèves à s'engager dans la voie d'un apprentissage. Cette étude souligne l'importance que les employeurs et les jeunes accordent à la formation professionnelle en alternance, ce qui explique les chiffres présentés ci-dessus.

Qualifier la formation professionnelle de voie de l'« orientation par l'échec » est une affirmation qui ne reflète en rien la réalité. S'il est vrai qu'un certain nombre d'élèves n'ont pas obtenu les résultats scolaires leur permettant de suivre un parcours plus académique, il est cependant faux de considérer que leur choix pour une voie plus manuelle est le fruit d'un échec.

Aujourd'hui, comme dans le passé, l'économie luxembourgeoise a besoin de personnel dans tous les domaines. Les perspectives des jeunes dans les secteurs de l'industrie ou de l'artisanat par exemple sont excellentes et les conditions de travail ne peuvent être comparées à celles d'il y une cinquantaine d'années.

Ensemble avec les chambres professionnelles, le Service de la formation professionnelle œuvre dans le sens d'une promotion positive et attrayante pour les jeunes. Ainsi, un portail unique a été créé par les partenaires de la formation professionnelle afin d'harmoniser les informations autour de la formation professionnelle (Berufsausbildung.lu).

Suite au succès de l'édition de 2022, la YEP Schoulfoire sera organisée en avril cette année, entre autres, autour de neuf mondes thématiques permettant aux jeunes d'apprendre à connaître tous les métiers et professions des différents ordres d'enseignement afin de pouvoir réaliser un choix en connaissance de cause.

De même, la possibilité offerte aux personnes ayant terminé leur formation d'accéder à une formation de niveau supérieur est une des priorités actuelles du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) et du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche (MESR).

La formation professionnelle permettant déjà actuellement d'accéder par paliers à une formation d'un niveau supérieur (Stufenmodell : CCP ; DAP ; DT), le MESR propose de discuter le modèle de formations professionnelles supérieures en alternance.

Concernant une éventuelle revalorisation des diplômes de la formation professionnelle, Mesdames les Députées ne sont pas sans savoir qu'une telle revalorisation a déjà été décidée au sein de la fonction publique où une prime spéciale sera accordée aux détenteurs d'un brevet de maîtrise ou d'un BTS.

Assimiler le brevet de maîtrise au niveau EQF6 comme le revendiquent certains, reviendrait à le considérer comme un bachelor. Ce niveau se caractérise par un degré de complexité, d'abstraction et de compétences (surtout académiques) élevé. Un brevet de maîtrise au niveau EQF6 ne serait envisageable qu'en adaptant la formation des maîtres tant au niveau des heures de formation qu'au niveau de la complexité des contenus enseignés. Par ricochet, cela signifierait que moins de personnes réussiraient les examens et donc moins de salariés hautement qualifiés seraient disponibles sur le marché du travail.

Améliorer l'image de la formation professionnelle et de l'artisanat passe par bien plus qu'une augmentation du niveau de qualification : un changement de la perception des métiers de l'artisanat auprès du grand public permettrait certainement d'attirer encore davantage de jeunes dans la voie de la formation professionnelle. Mais cet objectif ne sera pas atteint tant qu'on qualifiera les jeunes qui empruntent cette voie comme issus de l'orientation par l'échec.

**Travail de jeunesse non formel** | Question **7476** (17/01/2023) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

En ces temps de crises multiples, le travail social joue un rôle primordial et plus particulièrement, le travail de jeunesse non formel. Il est essentiel pour assurer la cohésion sociale et constitue, dans les centres de jeunesse et les zones rurales, un apport important pour l'éducation à la citoyenneté, le bien-être des jeunes et l'inclusion.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes au Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Quelle importance le Gouvernement accorde-t-il au travail de jeunesse non formel en 2023 ?

2) Quels moyens sont alloués au travail de jeunesse non formel pour l'année 2023 ?

3) Quels moyens sont prévus dans une perspective pluriannuelle au travail de jeunesse non formel ?

**Réponse** (06/03/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) Dans les années passées, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'enfance et de la jeunesse (MENJE) a investi continuellement dans le secteur de la jeunesse non formel au Luxembourg que ce soit au niveau des infrastructures ou au niveau du financement de personnel d'encadrement. Ensemble avec les communes, le MENJE n'envisage pas de réduire ces engagements en 2023, au contraire. Le Gouvernement accorde une grande importance au travail de jeunesse non formel et collabore de manière intensive avec les acteurs du terrain pour pouvoir garantir une politique cohérente de jeunesse.

ad 2) Pour l'année 2023, pas moins que 27,25 ETP ont été accordés au secteur du travail de jeunesse non formel. Depuis la création des services pour jeunes, le nombre de postes alloués annuellement se situait autour de 10 ETP. Les dernières années, le secteur du travail de jeunesse non formel a fait preuve d'engagement envers les jeunes entre 12 et 30 ans. Augmentant par conséquence le nombre de postes alloués au secteur de manière significative souligne ainsi l'importance que le Gouvernement accorde à ce secteur.

ad 3) Les moyens alloués dans une perspective pluriannuelle dépendent des projets qui émergeront du secteur ou qui seront élaborés ensemble avec le secteur du travail de jeunesse non formel pour répondre aux besoins des jeunes qui bénéficient du travail de jeunesse non formel. En tout cas, le Gouvernement ne prévoit pas de réduire les moyens alloués, mais continuera à investir dans ce secteur pour pouvoir offrir aux jeunes des services de qualité.

**Arrêt n° 00176 du 23 décembre 2022 de la Cour constitutionnelle** | Question **7477** (17/01/2023) de **M. Léon Gloden** (CSV)

Par un arrêt n° 00176 du 23 décembre 2022, la Cour constitutionnelle a déclaré l'article 1762-6, paragraphe 4, du Code civil, tel qu'introduit par la loi du 3 février 2018 portant sur le bail commercial, contraire à l'article 11, paragraphe 6, alinéa 1, de la Constitution relatif à la liberté du commerce et de l'industrie.

En effet, il a été retenu qu'en disposant que « sauf en cas de sous-location où des investissements spécifiques à l'activité du sous-locataire ont été effectués par le preneur, les loyers payés au preneur par le sous-locataire ne pourront être supérieurs aux loyers payés par le preneur au bail », l'article 1762-6, paragraphe 4, du Code civil restreint la liberté des parties liées par un contrat de sous-location de fixer librement le prix du bail à un montant supérieur à celui convenu dans le cadre du bail principal.

Le plafond du prix du contrat de sous-location imposé par l'article dont question constitue une restriction disproportionnée qui est contraire au principe de la liberté du commerce et de l'industrie prévu par l'article 11, paragraphe 6, alinéa 1, de la Constitution.

Faisant suite à cet arrêt de la Cour constitutionnelle, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

– Comment Monsieur le Ministre entend-il prendre en compte cet arrêt ?

– Dans quel délai est-ce que Monsieur le Ministre entend réagir ?

**Réponse** (16/02/2023) de **M. Lex Delles,** Ministre des Classes moyennes

J'ai pris acte de l'arrêt de la Cour constitutionnelle n° 19 du 13 janvier 2023 déclarant l'article 1762-6, paragraphe 4, du Code civil contraire à l'article 11,

paragraphe 6, alinéa 1 de la Constitution et j'ai chargé mes services d'étudier les options de mise en conformité possibles. Je souhaite attendre les résultats de cette analyse avant de me prononcer sur les mesures législatives à prendre.

**Plaque commémorative dans l'ancien bâtiment du Lycée technique agricole** | Question **7478** (17/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

Nodeems d'Akerbauschoul op Gilsdref geplënnert ass, sollen déi fréier Gebaier zu Ettelbréck renovéiert ginn. Am Haaptgebai ass zanter engem Dräivéierelsjoerhonnert eng Gedenkplack ubruecht, déi un déi 29 gefalle Schüler aus dem Zweete Weltkrich erënnert.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte follgend Froe stellen:

1. Ass et virgesinn, fir dës Gedenktafel ze erhalen a si am Kader vum Gebai, dat spéider an d'Hänn vum Lycée technique Ettelbréck iwwergoe wäert, als wäertvolle Patrimoine ze klasséieren?

2. Vu datt et wuel séier schwéier wäert ginn, fir dës Plack ouni Schued aus dem Gemaier erauszetrennen, ass et virgesinn, fir eng änlech Plack am neie Gebai vun der Akerbauschoul zu Gilsdref opzehänken, fir datt esou d'Erënnerung un déi wärend dem Krich gestuerwe Jongen net verluer geet a weider eng passend Plaz fir Gedenkzeremonië bestoe bleift?

**Réponse** (28/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture | **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Dat bestoend Gebai ass als Monument national klasséiert an d'Gedenktafel deemno och, als Immeuble par destination. An deem Sënn ass virgesinn, d'Gedenkplack am Kader vun der Reaffektatioun vum Gebai un de Lycée technique Ettelbréck ze erhalen.

ad 2. Dëst war beim Bau vun der neier Akerbauschoul zu Gilsdref net virgesinn; et ass awer am Beräich vum Accueil oder am Bausseberäich méiglech, eng commemorativ Tafel opzestellen oder ze fixéieren.

**Étude sur l'impact de la 5G sur la santé du Service de recherche du Parlement européen** | Question **7480** (18/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

De Service fir déi wëssenschaftlech Recherche vum Europaparlament (EPRS) huet am Juli 2021 eng Etüd iwwert de Gesondheetsimpakt vu 5G presentéiert, déi elo eréischt hire Wee an déi sozial Medie fonnt huet. Et ass eng Auswäertung vun iwwer 9.000 wëssenschaftleche Studien zu dësem Theema. Behandelt ginn deen aktuelle Frequenzberäich fir mobill Telefonie (3G, 4G a 5G) an – separat – dee vill méi héichfrequente Beräich, deen an Zukunft soll bei 5G agesat ginn, fir deen et nach keng Daten oder Studie gëtt, déi adequat sinn. Am Frequenzberäich, deen haut vun der mobiller Telefonie genotzt gëtt, beleeë Studien um Mënsch begrenzt (Limited Evidence), datt dës Strale Kriibs erreege kënnen, esou wéi d'Fruchtbarkeet vun der Fra an d'Entwécklung vum Kand am Mammebauch beaflosse kënnen. D'Studie beleeë genuch (Sufficient Evidence), datt d'Fruchtbarkeet vum Mann erofgesat gëtt. Studien um Déier si méi eendeiteg: Hei ass och de Beweis vun der Kriibserregung méi däitlech.

An deem Kontext wéilt ech dës Froen un den Här Kommunikatiounsminister, d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Bausseminister riichten:

1. Huet dës Meta-Etüd Konsequenzen op d'5G-Strategie vun der Regierung? Wa jo, wéi eng?

2. Ass d'Regierung bereet, fir sech an der EU fir méi streng Normen anzesetzen?

3. Ass d'Regierung bereet, fir d'Solutiounen ze ënnerstëtzen, déi méi op fix Glasfasernetzer setzen?

4. Ass d'Regierung bereet, fir wëssenschaftlech Fuerschung ze ënnerstëtzen, déi de Gesondheetsrisiko vun den héije 5G-Frequenzen zum Objet huet?

**Réponse** (06/03/2023) de **M. Xavier Bettel,** Ministre des Communications et des Médias | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | **Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Wuel vun de Bierger ass ee wichtege Pilier vun der 5G-Strategie. Dofir applizéiert Lëtzebuerg weiderhin de „principe de précautioun", dee beim Deploiement vu mobille Kommunikatiounsreseauen derfir suergt, dass d'Expositioun esou niddereg wéi méiglech gehale gëtt. Fir den Deploiement vun der 5G-Technologie gëllen dofir genee ewéi bei de Generatioune virdru weiderhi virsiichteg Grenzwäerter. Déi an der Strategie ernimmten transparent Informatioun fir d'Bierger gëtt weidergefouert, notamment an der Kommunikatioun iwwert déi verschidde Pilotprojeten, an där och d'Grenzwäerter thematiséiert ginn.

Der Regierung ass déi genannte Meta-Etüd bekannt. Am Kader vun der Kommodoslegislatioun gëtt an den individuelle Betribsgeneemegunge fir all eenzel Mobilfunkantenn de „principe de précaution" applizéiert. Dëst féiert zu niddrege Wäerter fir dat globaalt elektrescht Feld, dat vun deenen Antennen ausgeet. Bis ewell goufen iwwer 700 Miessunge vum elektresche Feld hei zu Lëtzebuerg gemaach. Et ass also deemno genee dokumentéiert, datt 100 % vun de Miesswäerter ënnert 1 % vun dem europäesche Referenzwäert leien an dass 80 % vun all de Miessungen, déi bis ewell gemaach gi sinn, een elektrescht Feld vu souguer manner wéi 1 V/m opgewisen hunn. Dëst ass also däitlech ënnert dem europäesche Referenzwäert vu 36 V/m bei der Frequenz vu 700 MHz a vun 61 V/m bei der Frequenz vun 3,6 GHz. Déi am Kader vum „principe de précaution" getraffe Mesuren droen de Recommandatioune vun der Meta-Etüd haut scho Rechnung, deemno ass eng Adaptatioun vun der haiteger Approche am Moment net virgesinn.

Am Beräich vun der perséinlecher Präventioun réit de Gesondheetsministère weiderhin zu engem responsabelen Ëmgang mat „Wireless"-Technologien, fir d'Expositioun vum Bierger vis-à-vis vun elektromagnéitescher Stralung esou geréng wéi méiglech ze halen. Zousätzlech Berodungsaktiounen, fir de Bierger zu dësem Theema ze informéieren an ze sensibiliséieren, ginn dozou ausgeschafft.

ad 2. Déi europäesch „Recommandation du Conseil du 12 juillet 1999 relative à la limitation de l'exposition du public aux champs électromagnétiques de 0 Hz à 300 GHz" (1999/519/EU) gëtt maximal Wäerter un, fir de Schutz vun der Populatioun vis-à-vis vun elektresche Felder ze garantéieren. Déi Referenzwäerter ginn a Funktioun vun der Frequenz gerechent. Bei der 5G-Frequenz vu 700 MHz ass e Referenzwäert vu 36 V/m applikabel a bei der 5G-Frequenz vun 3,6 GHz gëllt e Referenzwäert vun 61 V/m.

Sollt op europäeschem Plang a wëssenschaftlechen Diskussiounen iwwert nei, méi niddreg Grenzwäerter debattéiert ginn, ka Lëtzebuerg seng Experienzen am Kader vun der Uwendung vum „principe de précaution" mat afléisse loossen.

ad 3. Am Kader vun der Strategie „ultra-haut débit" vun der Regierung[11] gëtt genee dat schonn zënter Jore promouvéiert. Nom Motto „Une connectivité performante pour tous" soll all Bierger iwwer en Uschloss verfügen, mat deem och zukünfteg digital Applikatioune problemlos iwwert fix Netzer genotzt kënne ginn, dëst duerch den Ausbau vum Glasfaser- a Koaxnetz, duerch déi ee grousse Volume vun Donnéeë kann iwwerdroe ginn.

Fir d'Expositioun am Sënn vum „principe de précaution" esou niddereg wéi méiglech ze halen, réit de Gesondheetsministère prinzipiell zur Notzung vu kabelgebonnenem Internet, iwwerall do wou et technesch méiglech an ëmsetzbar ass.

ad 4. D'Fuerschung an deem Beräich kann ee graff an zwou grouss Kategorien ënnerdeelen. Déi éischt Kategorie dréint sech ëm d'Fuerschung iwwert de potentiellen Impakt op Mënsch an Natur. Esou Etüde si komplex an opwändeg, a ginn am internationale Kontext bedriwwen. D'Regierung ass dëse Fuerschunge géigeniwwer ganz oppen agestallt. Déi zweet Kategorie vu Fuerschungen dréint ëm d'Kontroll vum Anhale vun de besteeënde Grenzwäerter. Hei huet d'Regierung zwee Projete vum LIST a vun der Uni.lu ënnerstëtzt, déi Miessungen am aktuell hei zu Lëtzebuerg deploiéierte Frequenzberäich bedreiwen. Déi aktuell Resultater weisen, dass d'Grenzwäerter och am 5G agehale ginn. Selbstverständlech ass d'Regierung oppe fir all Fuerschungsprojet, deen och déi méi héich 5G-Frequenzen zum Objet huet.

[11] « Stratégie nationale pour les réseaux de communications électroniques à ultra-haut-débit » – https://gd.lu/30sNkP

**Bilan des radars** | Question **7484** (19/01/2023) de **M. Jeff Engelen** | **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

D'Press wousst den 9. Januar ze schreiwen, wéi vill Protokoller duerch d'Radarkontrollen hei am Land 2022 etabléiert goufen. 230.000-mol sinn Autofuerer zur Staatskeess gebiede ginn, also ronn 630-mol all Dag. 15.000-mol waren 145 Euro ze bezuelen, de Rescht waren Avertissement-taxéë vun 49 Euro, also eng Recette vun 12 Milliounen a 710.000 Euro. An et sollen nach weider Radaren opgestallt ginn, mat deelweis erweiderte Funktiounen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi e Konzept huet d'Regierung, wat Radaren ugeet? Wéi ginn d'Standuerter vun de Radaren ausgesicht? Wat ass der Regierung no eng maximal Zuel vu Radare fir eis Stroossen? Wéi vill sollen der an deenen nächste Joren nach opgeriicht ginn?

2. Kann ee vu gegléckter Präventioun schwätzen, wann d'Zuel vun de Protokoller vun 49 Euro an engem Joer ëm 40 Prozent wiisst, déi vun den 149-Euro-Avertissementer ëm 300 Prozent?

3. Wat déi 215.000 manner schlëmm Verstéiss ugeet, bei wéi ville vun deene goufe manner ewéi 5 Kilometer iwwert der erlaabter Vitess zeréckbehalen?

4. Wéi vill Accidenter gouf et duerch stënterlecht Ofbremse virun engem Radar? Konnt d'Zuel vun Accidenter op Plazen, wou et a rezenter Vergaangenheet zu déidlechen Accidenter komm ass, duerch d'Opstelle vun engem Radar verréngert ginn?

**Réponse** (07/03/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox,** Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Déi automatesch Radare gi generell op Plazen opgestallt, déi sech an der Vergaangenheet als besonnesch geféierlech erausgestallt hunn, a wou et schwéier Accidenter gouf (Accidentologie a praktizéiert Vitess). Dës Plaze ginn deemno op Basis vun der Onfallfuerschung (Unzuel a Gravitéit vun den Accidenter) an der praktizéierter Vitess op dem Streckendeel mat héijer Unzuel vun Onfäll evaluéiert an am Kader vun

den Aarbechte vum Aarbechtsgrupp „Audits de sécurité“ proposéiert. Donieft gi Radaren op Sitten installéiert, wou Onfäll duerch ze héich Geschwindegkeet besonnesch schwéier Konsequenzen hätten, wéi zum Beispill an Autobunnstunnellen (Streckeradaren). Als Pilotprojet gouf deemools d'Nationalstrooss N11 bei Gonnereng ausgewielt, fir d'Technik vun de Streckeradare kënnen ze testen.

Wéi schonns ugekënnegt, wäerten dëst Joer nach 2 fix Radaren installéiert ginn (een am Bäreldenger Bierg an een zu Séll). D'Streckeradaren an den Tunnellen op der Autobunn A7, déi sech momentan nach an der Testphas befannen, wäerten deemnächst och schaarf gestallt ginn. Zousätzlech Radare si momentan nach net geplangt.

D'Stroossennetz an d'Accidentologie ginn awer stänneg iwwerpréift fir ze evaluéieren, ob a wou eventuell nach weider Radaren installéiert ginn. Deemno ass net vun enger maximaler Unzuel vu Radaren auszegoen.

ad 2. Wéi richteg vun den Hären Deputéierte festgestallt, ass ee prozentuale Wuesstem vun den Avertissement-taxéen (AT) ze verzeechnen. Reng statistesch betruecht ass awer bei enger wuessender Unzuel vu Radaren och vun enger méi héijer Zuel vun ATen auszegoen. An dësem Fall ass dëst virun allem duerch den neie Streckeradar am Tunnel Markusbierg op der Saarverbindung A13 ze erklären. Dëse Radar huet mat Ofstand am meeschten Avertissement-taxéë virzeweisen.

Allgemeng muss ech hei awer betounen, datt d'Zil vun engem Radar definitiv net ass, esou vill wéi méiglech Avertissement-taxéen auszestellen. D'Radaren hunn deemno eng präventiv Funktioun, andeems d'Chauffere sensibiliséiert ginn, déi maximal erlaabte Geschwindegkeet ze respektéieren an dëst zu hirer eegener an der allgemenger Sécherheet am Stroosseverkéier. D'Präventioun läit also doranner, den alldeegleche Verkéier op spezifesche Punkten op déi maximal erlaabte Geschwindegkeet hinzeweisen a bei engem Netanhale vun dëser Geschwindegkeet och, wann néideg, ze sanktionéieren.

ad 3. Fir d'éischt ass ze bemierken, dass d'Zifferen, op déi den honorabelen Deputéierten sech baséiert, net mat deenen Zuelen iwwerteneestëmmen, déi der Police zur Verfügung stinn.

D'Statistike vun der Police weisen en Total vun 297.503 manner schlëmme Verstéiss un, heibäi handelt et sech ëm ATe vun 49 Euro. De gefroten Detail vun dëse manner schlëmme Verstéiss ass an dësem Tableau nozeliesen:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

ad 4. Statistiken, ob a wéi vill Accidenter duerch Ofbremse bei engem Radar geschitt sinn, ginn net erhuewen. Wéi aus de Statistiken heidrënner ze enthuelen ass, sinn déi déidlech Accidenter bei praktesch all de Sitte vu Radaren erofgaangen, respektiv et gouf guer keng méi. Och bei den Accidenter mat Verletzten ass eng insgesamt positiv Tendenz festzestellen.

*(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

**Signature d'un nouvel accord avec l'entreprise informatique américaine Cisco** | Question **7488** (19/01/2023) de **Mme Lydia Mutsch** (LSAP)

Comme relayé dans la presse, lors du Forum économique mondial à Davos, le Luxembourg a signé un « Memorandum of Understanding » avec l'entreprise informatique américaine Cisco en vue d'accélérer la numérisation du Luxembourg. Il s'agit du deuxième accord de ce type avec la même société, le premier ayant été signé il y a 5 ans.

Dans ce cadre, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Digitalisation :

– Quel est le bilan du premier « Memorandum of Understanding » ? Quels sont les avantages concrets qui en sont issus pour les citoyens ? Quels éléments n'ont pas donné les retours escomptés ?

– Dans quelle mesure les administrations publiques ont-elles pu profiter de ce premier accord ?

– Quelles sont les attentes face à ce nouveau Memorandum of Understanding ?

– Quels sont les acteurs luxembourgeois impliqués ?

– Un des axes de cet accord est la cybersécurité. Dans quelle mesure cet accord contribue-t-il à la sécurisation d'infrastructures critiques, telles que des hôpitaux par exemple ?

– Un autre axe concerne l'enseignement. Quelles mesures concrètes sont prévues en la matière ?

– Quel est le coût pour le Luxembourg de ces deux accords ?

**Réponse** (07/02/2023) de **M. Xavier Bettel,** Ministre des Communications et des Médias, Ministre de la Digitalisation

Le bilan du premier accord conclu avec Cisco en 2018 (appelé « Country Digital Acceleration Program », ci-après CDA) est un bilan positif qui est en continuité avec les éléments fournis dans la réponse à la question parlementaire n° 2733.

Ainsi, le premier CDA a résulté en des coopérations concrètes avec des acteurs du monde de la recherche et de l'enseignement.

Cisco a par exemple soutenu le projet de recherche COLLAB21[12] dans lequel la recherche en méthodes pédagogiques, c'est à dire des techniques d'apprentissage de modules en ligne, a pu être améliorée. Le CDA a également facilité une offre de formation continue dans le cadre de la Cisco NetAcademy, avec le soutien du centre de compétence de l'Université (2.100 étudiants certifiés jusqu'en 2022). Dans ce sens, et c'est l'intention pour la deuxième version du MoU, l'administration publique a pu ajouter à son mix de formations un acteur privé qui contribue au knowledge transfer dans un secteur en pénurie constante de talent.

Les autres volets de ce premier CDA ont contribué à réaliser des projets de cybersécurité avec un opérateur de télécommunication ainsi qu'avec l'administration publique respectivement. Finalement, une étude de faisabilité économique a pu être réalisée pour un projet de high-performance computing.

Enclenchée par la signature récente d'un nouveau Memorandum of Understanding (MoU), la deuxième période de collaboration avec Cisco pourrait être dédiée au digital skills, à la soutenabilité et efficience énergétique ainsi qu'à la cybersécurité. Ce choix reflète entre autres les priorités du Gouvernement en tant que catalyseur d'opportunités dans l'offre de formations réellement en manque sur le marché et pouvant représenter un facteur de compétitivité internationale. Le Gouvernement répond ainsi aux besoins de profils TIC. Cependant, ce MoU n'est qu'une déclaration d'intention de continuer de collaborer : un CDA correspondant n'est pas encore conclu.

Le volet cybersécurité n'implique pas un accès sur des données étatiques quelconques – il s'agit plutôt d'évaluer différents problèmes concrets qui nécessitent des études de faisabilité ou encore des solutions plus complexes.

Il n'y a pas à proprement parler un coût pour le Luxembourg puisque les MoU en question n'ont pas d'implications financières – le Luxembourg ne s'oblige pas à acquérir des services ou des produits de l'entreprise en question.

12 https://wwwfr.uni.lu/universite/actualites/diaporama/ameliorer_les_experiences_collaboratives_grace_a_l_innovation_digitale

**Tiny houses** | Question **7491** (19/01/2023) de **M. Marc Lies** (CSV)

Een Deel vun der Léisung vun der Wunnengsnout an den domadder verbonnene Präisser kënnen déi sougenannten Tiny Houses sinn, eng alternativ Wunnform, fir déi sech ëmmer méi Leit interesséieren. Leider ass déi aktuell Gemengegesetzgeebung net ganz un de Modell vun Tiny Houses ugepasst. Laut rezenten Informatiounen um Radio vun engem héije Regierungsbeamten aus dem Wunnengsbauministère wier den Inneministère amgaangen, un engem Règlement-type ze schaffen, deen et de Gemenge géif erméiglechen, dësen Typ vu Wunneng op hirem Territoire ze geneemegen. Dës Informatioun konnt een och schonns d'lescht Joer an engem Artikel an der Lëtzebuerger Dagespress liesen: „,Die Teilbebauungspläne (PAP) der Gemeinden (...) sind oft so ausgelegt, dass Tiny Houses aufgrund ihrer (geringen) Dimensionen nicht genehmigungsfähig sind', antwortet das Ministerium. Allerdings scheint auch dort ein Umdenken einzusetzen. Das Ministerium prüfe derzeit die Möglichkeit, ,Vorschläge (in Form eines ,règlement-type') zu erarbeiten und den Gemeinden zu unterbreiten, (...) sodass diese Wohntypologie auch generell in Wohngebieten genehmigungsfähig wäre', heißt es in der Antwort.“

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

– Kann d'Madamm Minister Detailer ginn, wéi dëse Règlement-type fir Gemenge soll ausgesinn?

– Wéini ass mat dësem Règlement-type ze rechnen?

– Kann engem potenziellen Tiny-House-Keefer doduerch schnell weidergeholl ginn?

– Huet dëse Règlement-type een Impakt op PAGen an de Gemengen?

– Wa jo, wéi géif dat rechtlech ëmgesat ginn?

**Réponse** (06/02/2023) de **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

Den zoustännege Service vum Inneministère (Direction de l'aménagement communal et du développement urbain) ass amgaangen, dräi Règlements-type auszeschaffen, mam Zil, fir Tiny Houses an Zukunft ze erlaben. Dëst ass jeeweils e spezifesche Règlement-type fir den allgemenge Bebauungsplang (Plan d'aménagement général PAG), fir den Deelbebauungsplang „quartier existant“ (Plan d'aménagement particulier PAP quartier existant) a fir d'Bautereglement (Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites).

Déi fäerdeg Règlements-type ginn de Gemengen zur Verfügung gestallt an déngen als Virlag, déi si an hir urbanistesch Reegelwierker integréiere kënnen. Soubal d'Gemengen dann nei Bestëmmungen ausgeschafft hunn, kënnen Tiny Houses och an deene Wunnzone geneemegt ginn, wou se haut duerch méi restriktiv Bestëmmungen ausgeschloss sinn.

**Déclaration sur l'honneur dans le cadre des aides pour chaudières à pellets** | Question **7493** (19/01/2023) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Am Kader vun der Tripartitt goufe finanziell Bäihëllefe fir Leit mat enger Pelletheizung gestëmmt, fir dësen Haushalter en vue vun den enorme Präissteigerungen ënnert d'Äerm ze gräifen. Dës Hëllefe ginn direkt um Präis vum Fournisseur verrechent. Fir dass de Fournisseur vun de Pellets dës Hëllefe kritt, muss de Client e Formular, eng Déclaration sur l'honneur, ausfëllen. Op dësem Formular sinn d'Angab vun enger ganz Rei vun Informatiounen obligatoresch. Dozou gehéiert och d'Sozialversécherungsnummer vum Client.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Fro stellen:

– Firwat ass et op der Déclaration sur l'honneur obligatoresch, nieft dem Numm an der Adress, och d'Sozialversécherungsnummer unzeginn, obwuel dës fir eng richteg Zoudeelung a Verrechnung vun den Aiden net zwéngend noutwenneg ass?

**Réponse** (08/02/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie

D'Zil vun der Déclaration sur l'honneur ass et, wéi am Artikel 2 Paragraf 1 an Artikel 6 Paragraf 1 vum Gesetz vum 23. Dezember 2022 iwwert d'staatlech Contributioun bei de Pellets virgesinn, sécherzestellen, dass d'Subventiounen nëmme fir Gebaier mat mindestens enger Wunnunitéit gëllen.

Fir dass de Fournisseur net muss bei all Gebai sécherstellen, ob dëst de Fall ass, gouf sech fir d'Déclaration sur l'honneur entscheet, wou d'Responsabilitéit am Fall vun enger falscher Deklaratioun beim Endverbraucher läit. Och fir de Staatsrot ass dat eng Approche, déi konform ass. Fir an dësem Kontext eng eendeiteg Identifikatioun ze erméiglechen, a gegeebenefalls déi richteg Persoun ze viséiere bei enger méiglecher Kontroll, ass déi national Matricule noutwenneg.

Dës ass och am Kontext vun anere staatlechen Hëllefsregimmer eng gängeg Praxis, beispillsweis an de Formulairen, fir Aiden am Kader vum Klimabonus Wunnen ze kréien.

**« Generative Pre-trained Transformer »** | Question **7495** (20/01/2023) de **Mme Francine Closener** (LSAP)

Am November zejoert huet déi amerikanesch Softwarefirma « OpenAI » en Chatbot lancéiert, dee Generative Pre-trained Transformer, kuerz ChatGPT, genannt gëtt. Dësen ChatGPT baséiert op enger kënschtlecher Intelligenz vum Modell GPT-3.5, schafft mat Donnéeën um Stand vun 2021, a verfaasst Äntwerten, déi wierken, wéi wann e Mënsch se geschriwwen hätt. Déi kënschtlech Intelligenz ass kapabel, strukturéiert Texter wéi Bréiwer, Aufsätz oder Hausaarbechten zu sëllegen Theemen ze produzéieren. D'Informatiounen an den Texter sollen allerdéngs net ëmmer ganz richteg sinn.

Vu datt dëst Instrument fräi zougänglech ass, kënnen och Schüler a Studenten den ChatGPT benotzen, fir Froestellunge vun Hausaufgaben oder Hausaarbechten ze schreiwen, ouni selwer eng eegen akademesch Leeschtung ze vollbréngen.

An dësem Zesummenhang stellen ech gär follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend souwéi fir Héichschoul:

– Wéi gëtt d'Benotze vum ChatGPT fir Leeschtungen, déi an d'Bewäertunge vu Schüler a Studenten afléissen, bewäert? Ginn Hausaarbechten, déi aus Äntwerte vum ChatGPT bestinn, als Plagiat consideréiert?

– Wéi sollen, dem Minister senger Meenung no, d'Enseignanten am Enseignement fondamental, am Enseignement secondaire respektiv op der Universitéit mat dëser Situatioun ëmgoen? Huet de Minister Informatiounen iwwert dëst Instrument a Recommandatioune fir den Ëmgang domat un d'Léierpersonal adresséiert? Wa jo, wéi sinn dës Recommandatiounen?

– Gesäit de Minister Handlungsbedarf, fir Schüler zum Ëmgang mam ChatGPT, kënschtlecher Intelligenz allgemeng, souwéi Falschinformatiounen ze sensibiliséieren?

**Réponse** (14/02/2023) de **M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

De Programm ChatGPT ass zanter knapp zwee Méint disponibel an déi éischt Uwendunge weisen effektiv, datt et sech hei ëm eng Technologie handelt, déi eis a ville gesellschaftleche Beräicher wäert betreffen a Verännerunge wäert mat sech bréngen, wéi an de leschte Jore vläicht just de Smartphone oder d'sozial Medie mat sech bruecht hunn.

Schonns haut kann ee mat deem Programm ganz vill Texter, Bréiwer, Aufgaben asw. schreiwe loossen an dat mat zum Deel ganz erstaunlechen a beandrockende Resultater, wouduerch all Secteure vun der Ekonomie an der Gesellschaft, an dann awer selbstverständlech och d'Schoul, sech mussen iwwerleeën, wéi se domat ëmginn. An dobäi ass dës Technologie nach jonk a gëtt duerch de weltwäiten Hype, deen aktuell ronderëm de Lancement entstanen ass, nach mat Milliarden neien Donnéeë gefiddert, wat zu enger konstanter Verbesserung vun der Software wäert féieren.

Wéi all Technologien, déi de Mënsch sech zu eege gemaach huet, weist och dës Technologie Chancen a Risiken op: ChatGPT kann, wéi och schonns méi einfach gestréckten Chatbots, sécherlech genotzt ginn, fir Léierprozesser ze verbesseren, fir Jonker dozou ze kréien, kritesch mat Texter ëmzegoen, besser ze verstoen, wéi een Texter an Informatioune strukturéiere kann; donieft awer och, fir aschätzen ze léieren, wat d'Plus-value vum Mënsch am Schreifprozess ass. Dann ass et awer och kloer, datt Chatbots wéi ChatGPT net alles richteg maachen; wéi all Artificial Intelligence (AI) ënnerläit och ChatGPT de Virurteeler, déi duerch biaiséiert Datebanken entstinn.

D'Schoul huet den Optrag, déi Jonk staark fir dës Welt ze maachen, an där den technologesche Fortschrëtt net wäert opzehale sinn, eng Welt, an där mer net méi sécher sinn, ob Texter, déi eis begéinen, vu Mënschen oder Bots geschriwwe goufen. Dësen Optrag wäert an dediéierte Coursë wouergeholl ginn, wéi am Cours Digital Sciences, wou eng Achs sech op d'AI fokusséiert, awer och transversal an allen anere Fächer, sief et an de Sproochecoursen, an der VieSo, an der Philo, an der Mathé, an der Ekonomie oder an der Konscht. Ausserdeem ginn d'Schülerinnen an d'Schüler och duerch d'Interventioune vu BEE SECURE am Enseignement fondamental a secondaire sensibiliséiert.

D'Fro, wéi d'Benotze vum ChatGPT fir Leeschtungen, déi an d'Evaluatioune vu Schüler a Studenten afléissen, bewäert soll ginn, kann also net pauschal beäntwert ginn: Chatbots sinn en Theema am Unterrecht, si kënnen als didaktescht Mëttel agesat ginn, awer leider och genotzt gi fir ze fuddelen.

Richteg ass, datt ChatGPT eng nei Erausfuerderung duerstellt, wat d'Kontroll vun der Eegeleeschtung betrëfft. Aktuell gëtt et scho Programmer, sougenannten AI Content Detectors, déi an Zukunft nach méi performant wäerte ginn. Et sief hei ënnerstrach, datt haut scho Plagiatsoftware op den Universitéiten agesat ginn.

An Examens- a Prüfungssituatioune muss weiderhin drop opgepasst ginn, datt sech Apprenantë keng Avantagen duerch net erlaabten Hëllefsmëttel verschafen, sou wéi fréier de Knäipziedel oder d'Buch ënnert der Bänk, haut de Smartphone, d'Smartwatch mam Deepl a mam ChatGPT. Am Ausland gëtt et haut scho Schoulen, déi vun de Schüler oder Studenten eng sougenannten Éierlechkeetserklärung verlaangen, aus där ervirgeet, datt hir Aarbechten net mat Hëllef vun engem Chatbot entstane sinn. Sécherlech ass dat keng Garantie, datt net vläicht awer deen een oder aneren op d'Hëllef vun engem Chatbot zeréckgräift.

Wat den Ëmgang mat dëser neier Software an der Schoul ugeet, sou sti mir nach am Ufank vun engem Léierprozess. Et ass sécherlech fir d'éischt emol wichteg, datt d'Enseignanten dëst Instrument kennen a seng Potenzialer a Risike verstinn. Nieft den evidente Risiken, wat d'Bewäertung ugeet, gëtt et duerchaus positiv Méiglechkeeten, Bots am Unterrecht anzesetzen, an dat gëtt a ville Formatioune ronderëm d'Digitaliséierung och vermëttelt, an an der Literatur wéi och an de Medie fanne sech vill Beispiller, wéi dat geet. Datt dës nei Technologie d'Gespréichstheema Nummer 1 an de Formatiounen, op de Konferenzen an an de Coursen op der Uni ass, dierft also keen iwwerraschen.

D'Universitéit Lëtzebuerg ass amgaang, hir intern Prozeduren ofzeänneren, andeems se d'Benotzung vun all Inhalt, dee vun engem Chatbot erstallt oder geännert gouf, ouni datt dat ernimmt oder als Quell zitéiert gëtt, bei d'Definitioun vum Bedruch bäisetzt. Zousätzlech preparéiert d'Universitéit en Informatiounsdokument fir d'Enseignanten a Studenten iwwert déi akzeptabel Notzung vun Chatbots beim Léieren an am Enseignement. D'Universitéit wäert ausserdeem, zesumme mat der Studentendelegatioun, eng Sensibilisatiounscampagne bei de Studenten iwwer d'Chatbots lancéieren.

An der Februarausgab vun der eduMedia-Newsletter vum SCRIPT (ronn 3.000 Abonnenten aus der Educatioun) wäert et en Artikel iwwert ChatGPT ginn, deen och iwwert www.edumedia.lu wäert disponibel sinn.

**Coopération avec l'entreprise RWE** | Question **7496** (20/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

De Moment gëtt an de Medie vill iwwert Lützerath geschwat. Den Energiekonzern RWE baut schonn zënter Joren direkt nieft Lützerath Kuel of. Fir d'Kapazitéite vum Kuelenofbau ze erweideren, soll d'Uertschaft zu Lützerath elo ewechgerappt ginn. D'Leit goufen dowéinst mëttlerweil alleguer ëmgesidelt. Well den Ofbau vu Kuel als klimaschiedlech gëllt, hate Klimaaktivisten d'Duerf besat, fir op dës Aart a Weis ze probéieren, de Projet ze stoppen.

RWE ass net nëmmen an Däitschland am Secteur vun der Energie aktiv, mee och hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Energie a Wirtschaft dës Froe stellen:

1. A wéi enge Projeten zur Hierstellung vun Energie schafft de Lëtzebuerger Staat mat RWE zesummen?

2. Sëtzt de Lëtzebuerger Staat zesumme mat der RWE a Verwaltungsréit vu Gesellschaften? Wa jo, a wéi enge Gesellschaften ass dat de Fall an zënter wéini?

**Réponse** (08/02/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie

D'RWE ass nieft dem Lëtzebuerger Staat een Haaptaktionär an der Société électrique de l'Our SA (SEO). RWE Generation SE huet grad ewéi de Lëtzebuerger Staat 40,43 % vun den Aktië vun der SEO. Dat heescht, datt an der SEO, mee och an den Duechtergesellschafte vun der SEO, de Lëtzebuerger Staat direkt oder indirekt mat RWE zesummeschafft.

Dës Kooperatioun betrëfft d'Pompelspäicherkraaftwierk zu Veianen, dat eng extreem wichteg Energiespäicherroll am däitsch-lëtzebuergesche Stroummarché an domadder der Integratioun vun den erneierbaren Energien an den europäesche Stroummarché spillt, mee och verschidde Lafwaasserkraaftwierker a Wandparken, déi iwwer d'SOLER, eng Duechtergesellschaft vun der SEO an der Enovos, realiséiert a bedriwwe ginn, also Projeten, déi d'nohalteg Energietransitioun virubréngen.

Dofir sëtzt de Lëtzebuerger Staat och zesumme mat der RWE an dem Verwaltungsrot vun der SEO an den Duechtergesellschafte vun der SEO. Ze präziséieren ass, dass d'SEO op engem Staatsvertrag mam Bundesland Rheinland-Pfalz baséiert. An der järlecher Aktionärsversammlung vum 8. Mee 1953 ass fir d'éischte Kéier een RWE-Vertrieder an de Verwaltungsrot vun der SEO gewielt ginn.

**Taux de réussite au permis de conduire** | Question **7497** (20/01/2023) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Wéi rezent a verschiddene Presseartikelen ze liese war, ass de Prozentsaz u Leit, déi duerch de Fürerschäinsexame falen, an de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen. Als Ursaache ginn notamment en allgemenge Réckgang vun de motoresche Fäegkeete bei jonke Leit an déi ze niddreg Zuel un obligatoresche Fuerstonne genannt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuele vu Leit, déi den Exame fir de Fürerschäin eng oder puer Kéieren hu misse widderhuelen, wärend de Joren 2013 bis 2022 entwéckelt hunn? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, ob a wéi wäit d'Krittäre vum Exame wärend dësem Zäitraum geännert an/oder verschäerft goufen?

2. Kann den Här Minister elaboréieren, wéi hien d'Ausso vun de Farleerer bewäert, datt déi motoresch Fäegkeete vun de Fuerschüler allgemeng ofhuelen? Kann den Här Minister matdeelen, ob zu dësem Phenomeen schonn eng allgemeng Ursaachenanalys virgeholl ginn ass oder nach amgaangen ass, a preziséieren, wéi wäit dobäi och mat de pedagogeschen Institutiounen zesummegeschafft gëtt? Kann den Här Minister gegeebenefalls elaboréieren, ewéi eng Erkenntnesser zeréckbehale goufen?

3. D'Entwécklung zu Lëtzebuerg stellt keen isoléiert Phenomeen duer, mee gouf och schonn an Däitschland festgestallt. Hei gëtt ënner anerem en Zesummenhang mat dem Opkommes vum Handy an engem Réckgang vun der Konzentratioun vu jonke Leit ugeholl. Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdru matdeelen, ob dës Feststellung och fir Lëtzebuerg berécksiichtegt gëtt?

4. Duerch d'Covidsituatioun bestoung an de Fuerstonne wärend de Joren 2020–2021 zum Deel och 2022 eng gesetzlech Maskeflicht. Ass virgesinn, fir d'Auswierkunge vun deem doduerch verursaachte Sauerstoffmangel op d'Konzentratioun vun de Farschüler spezifesch ze ënnersichen?

5. Zousätzlech Fuerstonne bedeiten natierlech och eng zousätzlech finanziell Belaaschtung. Kann den Här Minister sech virstellen, zukünfteg de reduzéierten TVAs-Saz vun dräi Prozent och op d'praktesch Fuerstonnen ze applizéieren? Falls net, firwat net?

**Réponse** (17/02/2023) de **M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mam Taux de réussite am Kader vum Fürerschäinsexamen.

Den Taux de réussite stellt sech säit 2013 wéi follgendermoossen duer:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Et sief an dësem Zesummenhang dorops higewisen, dass d'Krittäre vum Examen a vun der Ausbildung an deem Zäitraum net geännert hunn.

D'Krittären an déi verschidde Matièren, déi am Kader vun der Fürerschäinsausbildung mussen enseignéiert a vun de Kandidate musse geléiert ginn, komme gréisstendeels aus der europäescher Direktiv iwwert de Fürerschäin. D'Zil vun der Ausbildung ass et deemno och, dem Kandidat alles bäizebréngen, wat ee brauch, fir e Gefier sécher op der Strooss beweegen ze kënnen. Déi motoresch Fäegkeete gehéieren deemno och dozou a mussen och wärend de Farstonne vun de Kandidate geléiert ginn. Beim Exame muss da gepréift ginn, ob e Kandidat dat néidegt Wëssen an déi néideg Fäegkeeten huet, fir kënnen e Fürerschäin ze kréien. Eng Analys an deem Zesummenhang ass net geplangt an och net néideg.

Wat den Handy um Steier ugeet, esou ass d'Benotze vum Handy wärend dem Fuere generell verbueden, wat natierlech och fir d'Fürerschäinsausbildung gëllt. Dësen huet also op d'Resultater vun den Exame keng Auswierkung.

Et ass net geplangt, eng Analys zu den Exame wärend der Pandemie ze maachen.

Et ass och net geplangt, de superreduzéierten Taux vun 3 % TVA bei de Farstonnen anzeféieren. Déi rezent Ännerunge bei der TVA sinn d'Resultater vum Tripartittsaccord. De Fürerschäin war net Deel vun dëse Verhandlungen.

**Plan d'action pour la mise en œuvre des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme 2020-2022** | Question **7498** (23/01/2023) de **Mme Stéphanie Empain** | **M. Charles Margue** (déi gréng)

Le Plan d'action national du Luxembourg pour la mise en œuvre des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme 2020-2022 est arrivé à échéance fin 2022. Dans ce contexte, une évaluation du plan d'action s'impose.

Nous voulons donc poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Le plan d'action susmentionné étant arrivé à échéance, une évaluation approfondie a-t-elle été menée ou est-elle prévue ?

2) Monsieur le Ministre peut-il renseigner combien de mesures parmi celles prévues dans le plan d'action ont été mises en œuvre, tant en nombre absolu qu'en termes relatifs par rapport au nombre total de mesures ? Quelles sont selon Monsieur le Ministre les mesures phares du plan d'action qui ont été mises en œuvre ?

3) Monsieur le Ministre peut-il fournir des indicateurs précis témoignant de l'impact du plan d'action sur la situation des droits humains ?

4) Dans quelle mesure le plan d'action a-t-il réussi à mettre en œuvre les principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme ? Monsieur le Ministre peut-il fournir des données précises y relatives ? Quels sont les domaines où selon Monsieur le Ministre un travail supplémentaire s'avère nécessaire ?

5) Monsieur le Ministre envisage-t-il d'actualiser le plan d'action pour une nouvelle période afin d'achever les travaux entamés et d'assurer la continuité du plan d'action actuel ? Dans l'affirmative, endéans quel délai envisage-t-il de présenter ce plan actualisé ? Dans la négative, quelles en sont les raisons et comment Monsieur le Ministre envisage-t-il de garantir la mise en œuvre continue des principes directeurs précités ?

**Réponse** (23/02/2023) de **M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Oui, une évaluation approfondie est prévue.

ad 2) Le Plan d'action national du Luxembourg pour la mise en œuvre des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme 2020-2022 (le « PAN 2 ») prévoit vingt actions concrètes dont l'objectif général consiste à renforcer la protection et la promotion des droits humains dans le contexte des politiques, de la gouvernance et des activités économiques des entreprises.

La mise en œuvre des actions concrètes du PAN 2 s'est poursuivie activement ces deux dernières années. Des progrès importants ont ainsi pu être faits sur de nombreuses actions concrètes telles que l'organisation de formations sur le sujet « Entreprises et droits de l'homme » à destination des entreprises, des professionnels du monde juridique et du grand public, la ratification du Protocole (P 29) de 2014 à la Convention contre le travail forcé de l'OIT, le renforcement des liens entre le groupe de travail et le point de contact national pour la mise en œuvre des principes directeurs de l'OCDE à l'intention des entreprises multinationales, l'engagement en faveur d'un devoir de diligence au niveau européen ainsi que le renforcement des critères relatifs aux droits humains dans les labels de qualité existants.

Les mesures phares du PAN 2 qui ont été mises en œuvre sont notamment le lancement du Pacte national « Entreprises et droits de l'homme » et l'étude menée sur la possibilité de légiférer sur un devoir de vigilance.

Le Pacte national « Entreprises et droits de l'homme » est un engagement volontaire qui s'adresse aux dirigeants d'entreprises souhaitant mettre en œuvre les principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme. L'adoption et la mise en œuvre du Pacte national sur le respect des droits de l'homme dans les activités des entreprises permet de formaliser le partenariat et l'engagement conjoint entre l'État et les entreprises d'être à la hauteur des obligations et responsabilités qui leur incombent en vertu des principes directeurs des Nations Unies. Le Pacte national « Entreprises et droits de l'homme » a été officiellement lancé en juillet 2021. En juillet 2022, les représentants de 50 entreprises luxembourgeoises ont signé le Pacte national « Entreprises et droits de l'homme » lors d'une cérémonie de signature qui s'est tenue au Ministère des Affaires étrangères et européennes. Depuis lors, une dizaine d'entreprises supplémentaires ont adhéré au pacte. Des présentations du pacte auprès d'autres entreprises se poursuivent.

Quant à l'étude de Dr Başak Bağlayan, intitulée « A study on potential human rights due diligence legislation in Luxembourg », celle-ci a examiné les possibilités d'une nouvelle législation sur le devoir de vigilance pour les entreprises domiciliées au Luxembourg, dans le but de garantir le respect des droits de l'homme et de l'environnement tout au long de leur chaîne de valeur. L'étude a été remise au Ministère des Affaires étrangères et européennes en date du 14 avril 2021.

Un rapport de l'état d'avancement de la mise en œuvre du PAN 2 relatant de manière plus détaillée les travaux du Groupe de travail « Entreprises et droits de l'homme » et de ses membres pour la mise en œuvre du PAN 2 au cours des années 2021-2022 est en cours de rédaction et sera présenté au Conseil de Gouvernement.

ad 3) Comme indiqué ci-avant, il convient d'abord de noter qu'une soixantaine d'entreprises ont déjà adhéré au Pacte national « Entreprises et droits de l'homme » (voir question 2).

Ont également eu lieu de nombreuses formations en matière d'entreprises et de droits humains organisées par différents membres du Groupe de travail national « Entreprises et droits de l'homme » tel que l'Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises (INDR), la Chambre de Commerce, IMS Luxembourg, ou encore en collaboration avec la Conférence du jeune barreau de Luxembourg. À titre d'exemple, on peut noter que 123 personnes ont suivi les formations de l'INDR organisées au sujet des entreprises et des droits humains entre 2021 et 2022.

À noter également que 280 entreprises ont reçu le label « ESR – Entreprise responsable » de l'INDR et se doivent ainsi d'adresser la thématique des droits humains.

ad 4) Les deux plans d'action nationaux du Luxembourg font suite à l'engagement qu'ont pris les États membres de l'UE d'élaborer et d'adopter des plans d'action nationaux visant à mettre en œuvre les principes directeurs des Nations Unies ou à intégrer ces principes dans leurs stratégies nationales en matière de responsabilité sociale des entreprises.

Si des progrès importants ont pu être faits sur de nombreuses actions concrètes du PAN 2, il existe encore quelques domaines dans lesquels des efforts supplémentaires s'avèrent nécessaires. Parmi ces actions se trouvent notamment la mise en place de projets pilotes sur la diligence raisonnable dans les entreprises à participation majoritaire de l'État, l'augmentation de la prise en compte des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme par les pouvoirs adjudicateurs dans le cadre de la passation de marchés publics, ainsi que l'établissement d'une cartographie des voies de recours judiciaires et non judiciaires, publiques et privées en cas de violations de droits humains.

ad 5) Plutôt que de faire un nouveau plan d'action, il est prévu de régulièrement informer le Conseil de Gouvernement de l'état d'avancement de la mise en œuvre du PAN 2 et d'indiquer sur quelles actions il convient de poursuivre les travaux.

**Médicament anti-diabétique « Ozempic »** | Question **7499** (23/01/2023) de **M. André Bauler** | **M. Gilles Baum** (DP)

Et ass eis gesot ginn, datt ee d'Medikament mam Numm „Ozempic", dat géint Diabetes vum Typ 2 agesat gëtt, och geholl gëtt, fir iwwergewiichtege Leit ze hëllefen ofzehuelen. Am éischte Fall gëtt et ganz rembourséiert, am zweete Fall ass et net gratis. Well dat Medikament och beim Gewiichtsverloscht hëllefe kann, ass et a munche Länner esou gefrot, datt et zu Enkpäss kënnt. An Australien ass et z. B. bis Mäerz 2023 net méi ze kréien.

Aus deem Grond wollte mer der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Sozialminister follgend Froe stellen:

1. Wéi vill verschidde Medikamenter ginn hei am Land géint Diabetes verschriwwen an a wat fir enger Zuel?

2. A wat fir engem Mooss ginn déi Medikamenter oder dat spezifescht Medikament géint Iwwergewiicht agesat?

3. Kann dës alternativ Notzung dozou féieren, datt et zu Lëtzebuerg Enkpäss an der primärer Notzung gëtt?

Verschidde Länner, dorënner d'Belsch, recommandéieren hiren d'Dokteren an Apdikter, d'Medikament „Ozempic" just nach bei Diabetes erauszeginn, fir eventuell Enkpäss ze vermeiden.

4. Sinn d'Ministeren der Meenung, datt een dës Recommandatioun och zu Lëtzebuerg sollt un d'Dokteren an d'Apdikter weiderginn? Wann net, aus wéi enge Grënn?

**Réponse** (01/03/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. Et gëtt verschidde Klasse vu Medikamenter, fir Diabetes ze behandelen an all Klass beinhalt vill verschidde Produkter. Esou gëtt et an der Klass ATC A10A (Insuline et analogue) 11 aktiv Substanzen um Lëtzebuerger Marché, déi 40 Referenzen entspriechen.

An der Klass A10B (aner Medikamenter, déi de Bluttzocker reduzéieren ausser dem Insulin), gëtt et 29 aktiv Substanzen, déi 113 Referenzen entspriechen.

Am Joer 2022 goufen zu Lëtzebuerg 47 verschidde Wierkstoffer (ATC Niveau 5) géint Diabetes an den Apdikte verkaf a vun der CNS rembourséiert. Dëst entspriecht 53 verschiddene Verkafsnimm vun Diabetesmedikamenter (Numm vum Medikament wéi zum Beispill „Ozempic"), déi et an insgesamt 174 verschiddene Packungsgréisst an Darreichungsformen (Injektiounen, Pëllen etc.) um lëtzebuergesche Marché gëtt.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

Am Joer 2022 hu 7.290 Persounen, déi bei der lëtzebuergescher Krankeversécherung versécher sinn, vun engem Remboursement vun Insuliner an Analoger profitéiert. Dës Medikamenter gi virun allem bei Diabetes Typ 1 benotzt. Wat Medikamenter fir d'Glycemie erofzesetzen ugeet, also Medikamenter, déi bei Diabetes Typ 2 zum Asaz kommen, sou hunn 41.176 Persounen Antidiabetika vun déser Zort kaf.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 2. All Medikament, dat zu Lëtzebuerg op de Marché kënnt, huet e sougenannte „résumé des caractéristiques du produit" (RCP), wou dra steet, fir wat fir eng therapeutesch Indikatiounen d'Medikament ka geholl ginn. D'Krankeversécherung bezilt och nëmmen, wann den Dokter genau an dësen Indikatioune verschriwwen huet. Beim Ozempic ass hei déi eenzeg Indikatioun den Traitement zum Diabetes. Vu dass den Ozempic enger Prise en charge conditionnelle ënnerläit (cf. Lëscht N° 6, Positioun 34, wéi am Artikel 106 vun de Statute vun der CNS virgesinn), muss den Dokter op der Ordonnance de Verwendungszweck uginn, esou dass d'Käschte vum Ozempic just da vun der Krankeversécherung iwwerholl ginn, wann déi uewe genannte Konditiounen erfëllt sinn. Et gëtt keng fiabel Donnéeën iwwert déi Medikamenter, déi verkaf ginn, ouni dass d'Krankeversécherung d'Käschten iwwerhëlt.

Verschidde Medikamenter, déi bei der Behandlung vun Diabetes agesat ginn, ënner anerem déi sougenannten „agonistes des récepteurs du GLP-1", schéngen effektiv och eng Wierkung op Gewiichtsverloscht ze hunn. Allerdéngs sinn nëmme vereenzelt Medikamenter effektiv géint Iwwergewiicht indiquéiert. Wann en Dokter awer esou Medikamenter fir aner Zwecker géif verschreiwen ewéi fir déi eng Erlabnis (Autorisation de mise sur le marché) virläit, wär dat eng sougenannten „off-label"-Notzung, déi enger spezifescher Prozedur ënnerläit. Dee Moment gëtt all Eenzelfall op Basis vun enger Demande vum Dokter analyséiert.

ad 3. D'Gesondheetsdirektioun huet effektiv festgestallt, dass d'Demande vun Ozempic a leschter Zäit an d'Luucht gaangen ass, warscheinlech bedéngt duerch déi sougenannten „off-label"-Ordonnancen, an datt dëst zu verschiddene Liwwerenkpäss uechter Europa gefouert huet.

ad 4. Den 18. Oktober 2022 huet d'Gesondheetsdirektioun eng Circulaire un all Dokteren an Apdikter erausgi fir ze rappeléieren, datt den Ozempic prioritär am Fall vun Diabetes verschriwwe soll ginn, fir datt d'Traitement fir Leit, déi Diabetes Typ 2 hunn, séchergestallt ass.

Dës Situatioun gëtt an enker Zesummenaarbecht mat der CNS observéiert.

D'EMA, an Zesummenaarbecht mat de Memberstaten, suivéiert aktuell och dësen Dossier op EU-Niveau, fir d'Konsequenze vun eventuellen Enkpäss sou gutt wéi méiglech ze geréieren.

**TVA sur l'électricité** | Question **7502** (24/01/2023) de **M. Max Hengel** | **M. Paul Galles** (CSV)

Am Kader vum „Solidaritéitspak 2.0" huet d'Regierung decidéiert, den normalen, mëttleren a reduzéierten TVA-Taux ëm jeeweils ee Prozentpunkt erofzesetzen. Dës Ännerunge sinn den 1. Januar 2023 a Kraaft getrueden a gëlle bis den 31. Dezember 2023. Esou gëllen haut den normalen TVA-Taux vu 16 %, de mëttleren Taux vun 13 % an de reduzéierten Taux vu 7 %.

Den neie reduzéierten Taux vu 7 % gëtt ënnert anerem och op de Stroumrechnungen applizéiert. Laut eisen Informatiounen huet de gréisste Lëtzebuerger Stroumfournisseur dës Baisse vun der TVA um Niveau vun den Akkonten net u seng Clientë weiderginn, am Géigendeel, d'Akkonte sinn HTVA an deem Mooss no uewen ugepasst ginn, dass de Client TTC déi selwecht Zomm muss iwwerweise wéi virun der Ofsenkung vum reduzéierten TVA-Taux ëm ee Prozentpunkt.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un den Här Energieminister stellen:

– Kann den Här Minister dës Informatioun bestätegen?

– Denkt den Här Minister driwwer no, beim Stroumfournisseur ze intervenéieren, fir dass d'Ofsenke vun der TVA och wierklech beim Client ukënnt?

**Réponse** (08/02/2023) de **M. Claude Turmes,** Ministre de l'Énergie

Am ugeschwate Beispill vun den honorabelen Deputéierte geet et ëm Akkontrechnungen, déi wuel mam korrekten TVA-Taux vu 7 % verrechent gi sinn, mä wou déi Gesamtzomm vum Akkont awer net geännert huet.

Der Regierung ass et beim Ofsenke vun der TVA doröms gaangen, datt d'Haushalter an döser Krisenzäit direkt eng reell Erliichterung bei hiren Depensë spieren.

Enovos huet op Nofro vum Ministère matgedeelt, dass Clientë betraff sinn, deenen hire Plan de paiement 2022 festgeluecht ginn ass. Beim Festleeë vum Plan de paiement gëtt ënner anerem de Verbrauch vun de vergaangenen 12 Méint, de Präis vun der Energie inklusiv seng viraussiichtlech Entwécklung, staatlech Aiden an esou weider mat a Betruecht geholl. De Montant, dee bei där Berechnung ervirkënnt, an an deem d'TVA mat agerechent ass, gëtt da fir déi nächst 12 Méint konstant gehalen. Dat heescht, d'Praxis ass: Wann d'TVA ännert – no uewen oder no ënnen – bleift de verrechente Montant konstant, mä de Montant ouni TVA ännert.

Déi Berechnung ass final awer net zum Nodeel vum Client, well beim Opstelle vu sengem järlechen Dekont gëtt de Verbrauch mat där TVA verrechent, déi zum Zäitpunkt vum Verbrauch en vigueur wär. Dat heescht, dass de Verbrauch, dee bis Enn 2022 stattfonnt huet, mat 8 % TVA verrechent gëtt an de Verbrauch vum Januar 2023 u mat 7 % TVA. Sollt de Client par rapport zu sengem Plan de paiement eppes ze vill oder net genuch bezuelt hunn, gläicht den Dekont dat aus, andeems de Client dann eppes zréckbezuelt kritt oder eppes nobezuele muss.

D'Enovos huet no der Réckfro vum Ministère awer hir Praxis geännert: Ab Februar 2022 wäerten och d'Akkonten, déi op engem Plan de paiement vun 2022 baséieren, 1 % méi niddereg sinn – inklusiv der TVA vu 7 %, fir datt de Konsument déi Reduktioun direkt spiert. Bei de Plans de paiement, déi ab Januar 2023 opgestallt ginn, besteet déi uewe beschriwwe Problematik souwisou net méi.

Et ass also séchergestallt, datt d'Ofsenke vun der TVA bei de Clienten ukënnt.

**Travail pénitentiaire au Centre pénitentiaire Uerschterhaff** | Question **7503** (24/01/2023) de **M. Pim Knaff** (DP)

Le « Centre pénitentiaire Uerschterhaff » (« CPU ») a été inauguré le 30 novembre 2022. Depuis son ouverture, les nouveaux détenus préventifs y sont placés. En outre, un transfert des détenus préventifs du « Centre pénitentiaire de Luxembourg » (« CPL ») vers le CPU est effectué par étapes.

Lors d'une interview dans le contexte de l'inauguration du CPU, le directeur de la prison avait confirmé que les détenus de l'Uerschterhaff n'ont pas la possibilité de travailler. Contrairement aux détenus condamnés du CPL, les prévenus du CPU se retrouveraient face à « une grosse inconnue » concernant leur potentielle condamnation et donc la durée de leur séjour en prison. Nonobstant, le directeur a également avoué qu'une détention provisoire peut durer entre quelques jours et plusieurs années. Parallèlement, plusieurs associations luxembourgeoises critiquent un isolement accru des prisonniers qui participerait, selon leur argumentaire, au cercle vicieux dont seraient victimes les détenus, et qui les pousserait systématiquement à la récidive.

En France, la réforme du travail pénitentiaire a instauré le Contrat d'emploi pénitentiaire (« CPE »). Selon la justice française, le travail en détention dans des conditions adaptées favorise une réinsertion professionnelle et, par conséquent, aide à prévenir la récidive.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

– Sachant que la nouvelle prison s'inscrit dans la réforme pénitentiaire mettant l'accent sur le détenu et sa réinsertion sociale, quels critères justifient une inégalité de traitement entre les détenus préventifs du CPU et les détenus condamnés du CPL ?

– Est-ce que Madame la Ministre envisage une adaptation du travail pénitentiaire au CPU ?

– Dans la négative, quels sont les arguments qui s'y opposent ?

**Réponse** (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

Si l'objectif principal de la réforme pénitentiaire de 2018 est effectivement de favoriser sur tous les plans la réinsertion sociale des détenus, toujours est-il qu'il faut voir le système pénitentiaire dans son entièreté et que chacun des trois centres pénitentiaires du Luxembourg contribue, à son niveau, et en fonction de sa destination et son mode de fonctionnement, à la réalisation globale de cet objectif.

Le CPU, conscient de l'importance de disposer des opportunités de travail pour les prévenus, a créé un service « Travail » en engageant une personne à plein temps en charge de la recherche et de la création de postes de travail pour les prévenus.

Actuellement, il y a douze prévenus qui travaillent à la cuisine centrale. Dans un avenir proche et dans la mesure du possible, il est envisagé d'augmenter ce nombre à quatorze personnes. Douze autres postes, consistant en des travaux de nettoyage et en d'autres travaux nécessaires au bon fonctionnement des services, ont été créés. Avec l'ouverture progressive de deux autres sections de détention, douze postes supplémentaires pourront être créés. En date du 6 février 2023, 23 prévenus occupaient un poste de travail. 27 prévenus sur 161 détenus se trouvaient sur une liste d'attente, dont 12 prévenus ne seront pas éligibles en raison de leur parcours disciplinaire. Enfin, à partir du moment où les quatre sections de détention seront en service, le CPU disposera de 36 salles polyvalentes dans lesquelles différentes occupations seront proposées aux prévenus, telles que par exemple la production de détergents de lessive ou autres produits ménagers pour le CPU.

Il est entendu que toutes ces tâches et occupations sont prestées par les prévenus contre rémunération.

**Déguerpissements** | Question **7504** (25/01/2023) de **M. Yves Cruchten** | **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

L'entrée en vigueur de la loi du 23 décembre 2022 portant suspension temporaire des déguerpissements en matière de baux d'habitation a introduit un mécanisme social et protecteur des locataires, ces derniers représentant la partie faible dans la relation entre propriétaires et locataires. Cette suspension, qui vaut jusqu'au 31 mars 2023, ne se fait cependant pas automatiquement. Les locataires concernés qui n'ont pas trouvé de solution de relogement, peuvent, par simple requête, demander au juge une suspension d'une décision de déguerpissement les concernant.

Dans ce contexte, nous souhaitons poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

1) Combien de décisions de déguerpissement ont été exécutées depuis l'entrée en vigueur de ladite loi ?

2) Combien de locataires ont effectivement demandé à ce jour la suspension d'une décision de déguerpissement ?

3) Comment les personnes concernées sont-elles informées de la possibilité leur accordée de demander une suspension ? Est-ce que cette disposition est renseignée, par exemple, sur le courrier leur notifiant la date du déguerpissement ?

4) Est-ce que le Gouvernement entend légiférer pour étendre ce mécanisme aux périodes hivernales en général ?

**Réponse** (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

ad 1) Selon les chiffres fournis par la Chambre des Huissiers de justice, 16 expulsions ont été exécutées depuis l'entrée en vigueur de ladite loi, le 1er janvier 2023.

ad 2)

| | |
|---|---|
| Justice de paix Luxembourg | 8* |
| Justice de paix Esch-sur-Alzette | 6 |
| Justice de paix Diekirch | 2 |

*dont 2 à titre subsidiaire par rapport à une demande en sursis

ad 3) La date effective du déguerpissement est fixée et signifiée par les huissiers de justice. En pratique, les huissiers de justice, par des interventions répétées de leur part auprès des personnes condamnées à déguerpir, les dirigent vers qui de droit afin d'obtenir de l'aide concernant la situation dans laquelle elles se trouvent.

ad 4) La loi du 23 décembre 2022 a été introduite pour tenir compte d'une situation économique bien particulière et son impact sera analysé une fois qu'elle aura cessé de produire ses effets, le 31 mars 2023.

**Honoraires d'avocat** | Question **7506** (25/01/2023) de **M. Roy Reding** (ADR)

Den Europäesche Geriichtshaff huet an enger Pressematdeelung vum 12. Januar 2023 betreffend d'Urteel vum EuGH an der Affär C-395/21 matgedeelt, datt d'Affekoten an Zukunft hire Clienten en Devis ausstelle mussen, well hir Rechnunge soss net kloer a verständlech genuch fir de Konsument kéinte sinn. An der Pressematdeelung heescht et:

« La Cour constate qu'une clause d'un contrat de prestation de services juridiques fixant le prix selon le principe du tarif horaire, en l'absence d'informations préalablement communiquées au consommateur lui permettant de prendre sa décision avec prudence et en toute connaissance des conséquences économiques qu'entraîne la conclusion de ce contrat, ne répond pas à l'exigence de rédaction claire et compréhensible au sens de droit de l'Union. »

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Kann d'Madamm Minister Informatiounen dozou ginn, wéi dëst Urteel vum Europäesche Geriichtshaff zu Lëtzebuerg ëmgesat wäert ginn?

2. Verfüügt d'Madamm Minister iwwer Informatiounen doriwwer, wéi de Barreau zu däser Decisioun steet?

3. Gëtt et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir e Sträitwäert ze fixéieren, deen d'Affekotekäschte kloer regléiert? Wann nee, wéi eng Argumenter schwätze géint dës Iddi?

4. Gëtt dru geduecht, fir hei am Land eng Tabell vun den Alimenter festzesetzen? Wann nee, wéi eng Argumenter schwätze géint esou eng Mesure?

**Réponse** (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

ad 1. an 2. Wat d'Froen 1 an 2 ugeet, huet den Europäesche Geriichtshaff festgehalen, datt an der Relatioun tëscht engem Affekot an engem Konsument en Accord, deen nëmmen den applikabele Stonnentariff fir d'Servicer vum Affekot ugëtt, net den Ufuerderunge vum Artikel 4 Paragraph 2 vun der modifiéierter europäescher Direktiv 93/13 entsprécht, well de Konsument am Viraus muss, opgrond vu prezise Krittären, déi wirtschaftlech Konsequenze bewäerte kënnen, déi fir hien am Kader vun der Ausübung vum Mandat duerch den Affekot wäerten entstoen.

Den Europäesche Geriichtshaff huet och festgehalen (Punkt 41 vum Urteel), datt wéinst der Natur vun de Servicer, déi vun den Affekote geliwwert ginn, et dacks schwéier bis onméiglech ass fir virauszesoen, wéi vill Zäit wäert néideg sinn, fir de gefroten Déngscht ze liwwere respektiv op wéi vill sech d'Gesamtkäschte fir de Client wäerte belafen.

Den Europäesche Geriichtshaff huet e puer Pisten opgezeechent, déi d'Konformitéit mat der Transparenzfuerderung erméiglechen, déi vum europäesche Recht virgesinn ass.

Sou huet den Europäesche Geriichtshaff drop higewisen, datt d'Informatiounen zum Stonnentariff vum Affekot kënnen ergänzt ginn, entweeder duerch eng Schätzung vun der abseebarer Unzuel u Stonnen, déi den Affekot wäert musse schaffen, oder duerch eng Indikatioun vun enger Mindestzuel vun Aarbecht, déi den Affekot erwaart mussen ze maachen, oder duerch eng Verflichtung vum Affekot, mat raisonnabelen Intervalle Rechnungen oder periodesch Relevéen ze schécken, déi d'Zuel vun de geschaffte Stonnen uginn.

Dës Ufuerderunge si schonn am Règlement intérieur de l'Ordre des avocats vum Barreau Lëtzebuerg (nodréiglech „R.I.O.") am Artikel 2.4.5 virgesinn, andeems ënner anerem vum Affekot verlaangt gëtt, datt e sengem Mandant am éischte Gespréich matdeelt, wéi eng Method hie wäert benotzen, fir seng Fraisen a Käschten ze berechnen.

Déi selwecht Bestëmmung vum R.I.O. gesäit och vir, datt den Affekot seng Clienten iwwer all Ännerung vun der Berechnungsmethod informéiert muss halen, an datt hien de Clienten all nëtzlech Informatioun betreffend d'Uwendung an der Praxis vun der Berechnungsmethod muss ginn.

Et ass also a priori keng legislativ Interventioun néideg, fir dësem Urteel gerecht ze ginn.

ad 3. Et gëtt aktuell keng Iwwerleeungen, fir en obligatoreschen Tariff fir d'Affekoten anzeféieren, deen um Sträitwäert baséiert.

Souwuel den Artikel 38 vum Gesetz iwwert de Beruff vum Affekot wéi den Artikel 2.4.5. R.I.O. forcéieren aktuell den Affekot, wann e säi Stonnentariff fixéiert, net nëmmen de Sträitwäert, mee och de Schwieregkeetsgrad vum Dossier, d'Resultat, d'finanziell Situatioun vum Client, d'Erfarung vum mandatéierten Affekot a säi Ruff ze berücksichtegen.

ad 4. Betreffend d'Ënnerhaltszuelungen tëscht fréiere „conjoints" ass net geplangt, esou e Barème virzegesinn. De Familljeriichter kuckt, fir d'Alimenter ze fixéieren, déi konkreet Ëmstänn vun all Famill a ka soumat all Situatioun individuell Rechnung droen.

**Protection des majeurs incapables** | Question **7507** (25/01/2023) de **M. Roy Reding** (ADR)

Am aktuelle Koalitiounsprogramm vun der Regierung heescht et am Zesummenhang mat der „Protection des majeurs incapables":

« La législation nationale sera adaptée en vue de la mettre en conformité avec les standards définis par la Convention de l'ONU relative aux droits de la protection des personnes handicapées. Il sera procédé à une refonte complète du droit national de la protection des majeurs avec pour finalité le renforcement de l'autonomie des personnes sous le coup d'une mesure de protection. La Convention de La Haye du 13 janvier 2000 sur la protection internationale des adultes sera ratifiée. Les personnes et institutions qui assument la responsabilité d'être tuteurs verront leurs activités mieux définies sur le plan juridique, institutionnel et matériel. »

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, e „registre de tutelle" anzeféieren, deen et enger Persoun erlaabt, soulaang se nach bei klorem Verstand ass, ze soen, wee si sech als Tuteur wënscht fir de Fall, wou si ënner Tutelle gestallt géif ginn?

2. Wéi eng Mesuren huet d'Regierung säit 2018 ënnerholl, fir déi am zitéierten Extrait formuléiert Verspriechen ëmzesetzen?

3. Firwat huet Lëtzebuerg déi am Extrait zitéiert Haager Konventioun vum 13.1.2000 nach net ratifizéiert (Quell: https://www.hcch.net/fr/instruments/conventions/statustable/?cid=71)? Ass dru geduecht, dat nach, wéi am Koalitiounsprogramm virgesinn, virun den nächste Chamberwalen ze maachen?

**Réponse** (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

ad 1. De Projet de loi N° 8133, deen den 11. Januar 2023 an der Justizkommissioun virgestallt gouf, proposéiert mam „mandat de protection future" en neit Instrument anzeféieren, wat et de Bierger erlaabt, am Viraus d'Protektioun vun hirer Persoun an hirem Besëtz ze organiséieren. Konkreet kann de Mandant ënnert anerem designéieren, wien Tuteur ka ginn a wie vun der Tutellescharge ausgeschloss ass.

Et ass virgesinn, dass d'„mandats de protection future" obligatoresch ageschriwwe musse ginn an engem zentrale Regëster um Répertoire civil. D'Aféierung vun engem zousätzleche „registre de tutuelle" erschéngt ënnert dësen Ëmstänn net nëtzlech.

ad 2. D'Regierung huet sech engagéiert, d'Konventioun vun der UNO iwwert d'Rechter vu behënnerte Persounen (CRDPH) duerch de Plan d'action national 2019-2024 ëmzesetzen.

Dësen Aktiounsplang ass vum Regierungsrot den 20. Dezember 2019 ugeholl ginn a gesäit 29 Prioritéiten, 55 Objektiver a 97 Aktioune vir, déi déi concernéiert Ministèren ëmsetze sollen. An dësem Kader huet de Justizministère konkreet Aktiounen opgelëscht fir d'Ëmsetzung vum Artikel 12 vun der CRDPH. D'Unzuel vun den Tutellesriichter ass erhéicht an e Projet de loi betreffend d'Aféierung vum „mandat de protection future" ass de 4. Januar 2023 deposéiert ginn. Déi aner Elementer aus dem Plan d'action national ginn an engem Avant-projet de loi ëmgesat, deen den Ament vum Justizministère ausgeschafft gëtt.

ad 3. Et ass envisagéiert, d'Konventioun vun Den Haag iwwert den internationale Schutz vun Erwuessenen ze ratifizéieren, wa béid Projets de loi vum Legislateur ugeholl gi sinn.

**Enregistrement des demandeurs d'asile** | Question **7508** (25/01/2023) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

En réponse à la question parlementaire n° 2613 du 31 juillet 2020 de l'honorable Député David Wagner, Monsieur le Ministre avait fourni des chiffres concernant les personnes qui se sont présentées au foyer d'accueil pour primo-arrivants et les personnes qui ont effectivement introduit une demande de protection internationale auprès de la Direction de l'immigration. Ainsi en 2018, 3.428 personnes s'étaient présentées au primo-accueil et 2.206 personnes avaient introduit une demande. En 2019, ce rapport était de 3.351 contre 2.047 et en 2020 (état : 30 juin 2020), ce rapport avait été de 788 contre 443.

Afin d'apprécier l'évolution dans cette thématique, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Pouvez-vous me donner le nombre de personnes qui se sont présentées au foyer d'accueil pour primo-arrivants et le nombre de personnes qui ont effectivement introduit une demande de protection internationale auprès de la Direction de l'immigration pour les années 2020, 2021 et 2022 ?

En réponse à la question parlementaire n° 3098 du 5 novembre 2020 de l'honorable Député David Wagner, Monsieur le Ministre avait expliqué qu'en 2018, 8 examens médicaux en vue de déterminer l'âge d'un(e) ressortissant(e) d'un pays tiers ont été réalisés sur demande de la Direction de l'immigration, comparé à 25 en 2019 et 5 en 2020 (état : début novembre). Le nombre de jeunes qui suite à un tel examen ont été enregistrés comme majeurs étaient de 7 en 2018, de 23 en 2019 et de 5 en 2020.

2) Pouvez-vous me donner le nombre de ressortissant(e)s d'un pays tiers qui ont été soumis(es) à un examen pour la détermination d'âge, ainsi que le nombre de personnes qui ont subséquemment été enregistrées comme majeures pour les années 2020, 2021 et 2022 ?

**Réponse** (24/02/2023) de **M. Jean Asselborn,** Ministre de l'Immigration et de l'Asile

ad 1) Il est renvoyé à la présentation du 21 février 2023 devant la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, ainsi qu'aux bilans des années en question disponibles sur le site du Ministère des Affaires étrangères et européennes.

ad 2) Nombre d'expertises médicales réalisées afin de déterminer l'âge d'un demandeur de protection internationale en 2020, 2021 et 2022 :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).*

Il convient de préciser que le fait qu'une personne est considérée comme mineure après l'expertise médicale ne signifie pas que l'expertise médicale a nécessairement établi la minorité de la personne. Une personne est en principe considérée comme mineure dès que l'expertise médicale conclut que la minorité ne peut pas être totalement exclue, même si elle conclut également que l'âge réel est estimé au-delà de 18 ans.

**Création de nouvelles pharmacies** | Question **7509** (25/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

En juin 2022, le Conseil de la concurrence a publié une enquête au sein du secteur pharmaceutique. Le conseil indique dans son rapport que le Luxembourg a l'un des ratios les plus faibles parmi les pays de l'OCDE quant au nombre de pharmacies par rapport à la population. Afin de pallier au moins les lacunes géographiques, le conseil propose quelques communes et localités avec un certain potentiel d'implantation.

À ce sujet, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

– Comment le Ministère de la Santé se positionne-t-il par rapport à la proposition du Conseil de la concurrence de créer des pharmacies dans les communes de Beckerich, Tandel et Weiswampach ?

– Le ministère a-t-il déjà engagé des pourparlers avec les édiles communaux concernés sur l'opportunité de mettre en place une officine sur leur territoire ?

– Outre la localisation géographique et les distances à parcourir par les clients, quels sont les critères décisifs qui motivent la création d'une pharmacie ?

**Réponse** (07/02/2023) de **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

Une analyse de la situation des concessions de pharmacies au Luxembourg sur base du rapport du Conseil de la concurrence est actuellement en cours auprès du Ministère de la Santé et de nouveaux critères pour l'attribution de concessions de pharmacies est en cours d'élaboration. Dans ce sens, une réunion à courte échéance est prévue avec le Syndicat des pharmaciens (SPL) afin de leur présenter les critères que le Ministère de la Santé souhaite mettre en place. Une saisine du Collège médical est également prévue afin que celui-ci se positionne sur les critères que le ministère souhaite mettre en place.

Des contacts ont effectivement eu lieu avec la commune de Tandel sur base d'une initiative du Collège échevinal qui a présenté un concept de centre médical à approche pluridisciplinaire qui prévoit effectivement aussi l'implantation d'une pharmacie. Jusqu'à ce jour, les autres communes citées par l'honorable Député n'ont pas encore été contactées étant donné que les critères définitifs ne sont pas encore arrêtés.

Le Ministère de la Santé souhaite élaborer des critères pour l'attribution des concessions de pharmacies sur base notamment de considérations sociodémographiques (nombre d'habitants par commune, proximité par rapport à des zones d'activité, accessibilité, etc.) et souhaite favoriser une approche pluridisciplinaire visant à renforcer les soins primaires. À cette fin, le Ministère de la Santé privilégie des concepts réunissant idéalement sur un même site des médecins, des professionnels de santé des pharmaciens et éventuellement un laboratoire d'analyses médicales.

**Procédure de classement d'un bâtiment** | Question **7511** (26/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

De 25. Februar 2022 ass dat neit Denkmalschutzgesetz a Kraaft getrueden. Nom Artikel 18 vum Gesetz kann all Interesséierten an all Organisatioun eng Demande de classement fir ee Gebai un de Minister schécken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Kultur dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eng Kéier rappeléieren, wat déi eenzel Schrëtt an der Klassementsprozedur vun engem Gebai sinn, nodeems eng Demande agereecht gouf?
Kann d'Ministesch erklären, wat fir eng Organer bei all Schrëtt vun dëser Prozedur intervenéieren a wéi eng Aufgaben hinne bei all Schrëtt zoukommen?

2. Wien decidéiert iwwert d'Suite vun enger Demande de classement an op Basis vu wat fir enge Krittäre gëtt dës Decisioun geholl? Aneschters gefrot: Wien decidéiert, ob ee Gebai eng Klassementsprozedur duerchleeft oder net?

3. An engem „Wort"-Artikel vum 5. Januar 2023 huet den Direkter vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) erkläert, dass d'Experte vum INPA, déi de Kulturminister beroden, op Basis vu legale Krittären an a wëssenschaftlecher Onofhängegkeet schaffen.
– Op wéi enger wëssenschaftlecher Methodologie baséiert sech den Expertegrupp vum INPA fir seng Analysen? Sinn dës Krittäre schrëftlech anzwousch festgehalen? Falls jo, wou?

4. A wéi enge Fäll (no wéi enge Krittären) ginn d'Experte vum INPA op d'Plaz kucken, wéi et am Artikel 131(2) vum Denkmalschutzgesetz virgesinn ass?
Wat fir eng Instrumenter benotzen d'Experte vum INPA bei dëse Visitten an no wat fir enger Methodologie gi se vir, fir d'Gebai ze analyséieren?

5. Wat fir eng Roll kënnt der Commission pour le patrimoine culturel (COPAC) an der Prozedur vun engem Klassement zegutt?
Wat geschitt am Fall vun engem Desaccord tëscht der COPAC an den Experte vum INPA?

6. A wéi enge Fäll ginn extern Experten zu der Klassementsprozedur zougezunn?
Sinn d'Resultater vun dësen Expertise fir d'Ëffentlechkeet zougänglech?
Wa jo, iwwert wéi eng Weeër?
Wann nee, aus wéi enge Grënn wëll een dës Dokumenter net ëffentlech maachen?

7. Wéi vill Deeg brauch eng Klassementsprozedur am Duerchschnëtt (vum Areeche vun enger Demande bis zur Decisioun vum Minister)?
Wéi ginn d'Demandeuren iwwert de Verlaf an Ausgang vun der Decisioun informéiert?

**Réponse** (01/03/2023) de **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Culture

Virop wëll ech den honorabelen Deputéierten, esouwéi all interesséiert Bierger, op de Guide pratique iwwert dat neit Denkmalschutzgesetz opmierksam maachen. Dëse Guide, deen 2022 parallell zum Vott vum Gesetz vum Kulturministère publizéiert an a véier Informatiounsversammlungen uechtert d'Land presentéiert gouf, visualiséiert op eng accessibel Manéier déi verschidde Schrëtt, Prozeduren an Delaien, déi beim Denkmalschutz an d'Spill kommen. De Guide kann op www.patrimoineculturel.public.lu telechargéiert ginn.

Da sief ze präziséieren, dass et den Artikel 130 ass, an net den Artikel 18, deen et ville Persounen erlaabt, eng Demande op e Klassement fir ee Gebai ze stellen, dat an deene Gemengen, wou de wëssenschaftlechen Inventaire vum Institut national pour le patrimoine culturel – INPA an déi doraus erfollegt Protektiounen nach net ofgeschloss sinn.

Wann eng Demande de classement erakënnt, maachen d'Experte vum INPA Recherchen a schreiwen en Argumentaire, dat nodeems se idealerweis d'Gebai konnte vu banne gesinn. Fir dass dat ka geschéien, ginn d'Proprietären ugeschriwwen a kréien esou matgedeelt, datt e Protektiounsdossier opgemaach gouf. Dann ass et um Minister ze decidéieren, ob eng Intention de classement op Basis vum Artikel 131(3) erausgi gëtt oder net.

Wa soll geschützt ginn, ass et fir d'éischt d'Annonce vun enger Intention de classement, déi vum Minister un de Proprietär vum Gebai geriicht gëtt, mat den Argumenter fir d'Protektioun. Op déi Annonce kann de Proprietär reagéieren. Duerno ass et dann um Minister, fir d'Intention de classement ze verschécken. Mat der Intentioun trieden d'Effete vum Klassement a Kraaft. Och déi concernéiert Gemeng kritt dës Intentioun a kann hiren Avis dozou ofginn.

D'Experte vum INPA ginn ëmmer op d'Plaz kucken. Wann de concernéierte Proprietär zoustëmmt fir eng Visitt vu bannen, ginn d'Experten an d'Gebai eran. Bei esou enger Visitt gëtt dat ganzt Gebai analyséiert, vu bausse wéi vu bannen, op all Niveau an an all Raum. Wann de Proprietär zoustëmmt, gi Fotoe fir d'Dokumentatioun gemaach.

D'Experte vum INPA evaluéieren d'Gebai opgrond vun enger konscht- an architekturhistorescher Methodologie (Baustilkunde), opgrond vun hirer Erfarung a virun allem änner Beréckssiichtegung vun de Krittären, déi am Artikel 23 vum Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwert de Patrimoine culturel opgeléscht sinn.

Am Fall wou d'Kompetenz vun unerkannten Experten op engem Spezialgebitt eng sënnvoll Ergänzung duerstellt, oder opgrond vun Onkloerheeten, déi eng méi déifgrënneg Analys erfuerderen, ginn extern Expertisen zougezunn. D'Resultater vun esou Expertise befannen sech am administrativen Dossier a falen ënnert den RGPD. Dës Analyse kënnen zum Beispill Baufuerschungen oder dendrochronologesch Etudë sinn.

Generell gi wéineg extern Experte bei der Klassementsprozedur zougezunn. Dëst ass éischter de Fall bei konkreete geplangten Aarbechten, wou am Virfeld eng genau Bauanalys néideg ass. Dës Analyse gi meeschtens vun de Proprietäre respektiv vum Bauhär an Optrag ginn, sou dass de Proprietär/Bauhär och d'Rechter op dës Dokumenter huet. Bei staatleche Gebaier kënnen d'Analysen op Demande vu baussen ëffentlech gemaach ginn.

D'Commission pour le patrimoine culturel (COPAC) beréit de Kulturminister allgemeng zu de Mesuren, déi am Denkmalschutzgesetz virgesi sinn. Méi spezifesch an der Klassementsprozedur gëtt d'COPAC en Avis zu deene Gebaier, wou eng Demande de classement virläit. Op Basis vun den Avise vum INPA an der COPAC hëlt de Kulturminister eng Decisioun. Falls Divergenzen tëscht dem INPA an der COPAC bestinn, tranchéiert de Minister.

D'Dauer vun enger Klassementsprozedur ka staark variéieren. Eng Schutzprozedur dauert tëschent 6 a 24 Méint. Wa bis eng Intention de classement erausgeschéckt gëtt, muss d'Klassementsprozedur no 9 Méint spéitstens ofgeschloss sinn.

Den Artikel 132 gesäit vir, dass den Arrêté de classement un den Demandeur verschéckt gëtt. Ausserdeem ass um Internetsite vum INPA eng Lëscht mat all de geschützte Gebaier ze fannen, déi reegelméisseg aktualiséiert gëtt.

**Élection présidentielle congolaise 2023** | Question **7512** (26/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Den 20. Dezember 2023 stinn an der Demokratescher Republick Kongo, déi op enger Krisestaate-Lëscht vum International Rescue Committee u 4. Plaz steet, Presidentschafts-, Legislativ-, Provënz- a Gemengewalen um Programm, dat am Kontext vun enger dramatescher Sécherheetskris am Oste vum Land. Zu de Milizen, déi maassgeeblech un déser Kris bedeelegt sinn, gehéiert och d'M23, déi fir eent vun de schlëmmste Massaker an der kongolesescher Geschicht verantwortlech gemaach gëtt. D'Walkommissioun vun der DRK steet virun der Aufgab, alle potenzielle Walberechtegten d'Participatioun un dësen historesche Walen ze erméiglechen. D'Gefor besteet awer, datt ganz Bevëlkerungsgruppen, déi an deene vun M23 kontrolléierte Gebidder liewen, vun der Wal ausgeschloss bleiwen.

An deem Zesummenhank hunn ech follgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi eng Efforten ënnerhëlt den Här Minister op europäeschem an internationalem Niveau, fir drop hinzewierken, datt sech aner Staaten, déi Europäesch Unioun an aner international Organisatioune méi fir d'Situatioun am Kongo interesséieren, datt

PRIORITAIRE
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256

No stamp required
Ne pas affranchir

RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
ENVOI-RÉPONSE 1001256
L - 3208 BETTEMBOURG

déi politesch Situatioun an der DRK am Waljoer 2023 sech net nach weider zouspëtzt an datt et um ganze Gebitt vun dësem zentralafrikanesche Land zu fairen a friddleche Wale kënnt?

2. Lëtzebuerg ass säit dem 1. Januar 2022 a bis Enn 2024 Member vum UN-Mënscherechtsrot. Wäert den Här Minister derfir antrieden, datt Walbeobachter an d'DRK geschéckt ginn, fir laangfristeg d'Rechtsstaatlechkeet vum Walprozess a vun de Walen ze iwwerpréiwen?

3. D'DRK beschëllegt Ruanda, d'M23-Miliz aktiv ze ënnerstëtzen. Wéi beurteelt den Här Minister d'Roll vu Ruanda am Krisegebitt? Wéi eng Konsequenzen huet déi Situatioun op d'Relatioune mat deene verschiddenen zentralafrikanesche Staaten?

**Réponse** (23/02/2023) de **M. Jean Asselborn,** Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. De Conseil des Affaires étrangères de l'Union européenne suivéiert reegelméisseg d'Situatiounen an Afrika, dorënner och déi am Kongo. Fir d'Land selwer an och d'Regioun huet d'Europäesch Unioun (EU) rezent eng Strategie, déi sougenannt „Stratégie des Grands Lacs", ausgeschafft. Mat dëser Strategie verfollegt d'EU hir Haaptprioritéit, de Fridden, Demokratie an nohalteg Entwécklung an der Regioun ze férderen. Op internationalem Niveau ass d'politesch Situatioun am Kongo virun allem eng Fro vu „Sécherheet", a gëtt als solch prioritär um Niveau vum UN-Sécherheetsrot zu New York suivéiert.

ad 2. Weeder Lëtzebuerg, d'EU, nach den UN-Mënscherechtsrot kënne Walbeobachter an de Kongo schécken. D'Walbeobachter ginn normalerweis vum Staat selwer agelueden. Walbeobachter kënnen also net vun ons Europäer imposéiert ginn. Am Kontext vun de Walen an der DRK kéint et sinn, dass éischter „lokal" Observateure gesicht ginn; et wier och méiglech, dass d'Afrikanesch Unioun oder eventuell d'International Organisatioun vun der Francophonie eng Walobservatiounsmissioun géif virgesinn. Bei der Organisatioun vun de Wale kéint eventuell och der UNO hir Stabilisatiounsmissioun (MONUSCO) hëllefen. Déi genannten Optiounen si momentan weeder confirméiert, nach aktéiert.

ad 3. D'Sécherheetssituatioun an dem Gebitt ass effektiv eng komplex: Iwwer 100 bewaffnet Gruppe si laut UNO an der DRK aktiv. Am Kontext vun de rezenten Aktivitéite vun der M23-Miliz an der DRK, ënnerstëtzt Lëtzebuerg voll a ganz de Pressecommuniqué vum UN-Sécherheetsrot vum 22. November 2022, deen, ënner anerem, d'Attacke vun der M23-Miliz am Nordkivu an hir Avancéeë Richtung Goma an an anere Géigende staark verurteelt an opfuerdert, datt all weider Avancéeë vun der Miliz direkt gestoppt ginn an datt se sech aus alle besate Gebidder zeréckzitt.

**Statistiques dans le domaine agricole** | Question **7515** (26/01/2023) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Laut den Zuele vum Statec gouf et am Joer 2021 1.869 landwirtschaftlech Betriber zu Lëtzebuerg. Am selwechte Joer louch d'Gesamtzuel vun de landwirtschaftlechen Aarbechtskräfte pro Joer bei 3.521 (UTA). D'Zuel vun de Ranner louch bei 189.543.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wéi vill Betriber insgesamt beschäftege manner wéi 2 theoreetesch UTA?
– Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun manner wéi 2 theoreetesch UTA?

2. Wéi vill Betriber beschäftegen insgesamt tëschent 2 a 5 theoreetesch UTA?
– Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun tëschent 2 a 5 theoreetesch UTA?

3. Wéi vill Betriber beschäftegen insgesamt méi wéi 5 theoreetesch UTA?
– Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun méi wéi 5 theoreetesch UTA?

4. Wéi vill Groussvéieenheete gouf et insgesamt am Joer 2023?
– Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheete pro Hektar?
– Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheete pro Betrib?
– Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber ënner 2 theoreetesch UTA?
– Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber tëschent 2 a 5 theoreetesch UTA?
– Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber iwwer 5 theoreetesch UTA?

**Réponse** (01/03/2023) de **M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Zu Lëtzebuerg hunn 1.122 Betriber manner wéi 2 theoreetesch UTA an 1.409 Betriber manner wéi 2 theoreetesch UTA an der Déiereproduktioun.

ad 2. Et gëtt 516 Betriber, déi insgesamt tëschent 2 a 5 theoreetesch UTA hunn, an 363 Betriber, déi tëschent 2 a 5 theoreetesch UTA reng an der Déiereproduktioun hunn.

ad 3. Et gëtt 204 Betriber am Land, déi méi grouss si wéi 5 theoreetesch UTA, a 70 Betriber, déi eng Déiereproduktion vun iwwert 5 theoreetesch UTA managen.

ad 4. D'Moyenne vun de Groussvéieenheete läit hei zu Lëtzebuerg bei 1,17 UGB pro ha, wann een d'Fläch, déi vun de Lëtzebuerger Baueren am Ausland bewirtschaft gëtt, matrechent, sinn et 1,08 UGB pro ha.

Bei Betriber bis 2 theoreetesch UTA sinn et 0,82 respektiv 0,77 UGB/ha.

Bei de Betriber vun 2 bis 5 theoreetesch UTA sinn et 1,29 respektiv 1,21 UGB/ha a bei de Betriber iwwert 5 theoreetesch UTA sinn et 1,56 respektiv 1,35 UGB/ha.

All dës Zuele bezéien sech op d'Joer 2022.

# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

**Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis**

– per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt
– iwwert eisen Internetsite www.chd.lu
– iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

**Ech abonéiere mech:**

◯ fir déi gedréckte Versioun* ◯ fir déi elektronesch Versioun op follgend E-Mails-Adress: ______________

**Ech desabonéiere mech:**

◯ vun der gedréckter Versioun* ◯ vun der elektronescher Versioun op follgend E-Mails-Adress: ______________

*Déi follgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: ______________ Virnumm: ______________

Societéit/Administratioun: ______________

Adress: ______________ Boîte postale: ______________

Code postal: ______________ Uertschaft: ______________ Land: ______________

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donneeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.
Fir méi Informatioune kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu |

PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/799